Dem Paul Helminger säi politesche Parcours ass atypesch. Hien ass net vun der Kommunalpolitik an d'Landespolitik gaangen, mee et war ëmgedréit. Hien ass vun der nationaler Politik an déi Stater Märei komm. Während sengem Mandat als Députéierten huet den DP-Politiker sech an der Gemengepolitik engagéiert an ass 1987 direkt an de Gemengerot gewielt ginn, duerno Schäfte ginn an 1999 Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg. Hie war während zwielef Joer een exzellente Gemengepapp mat Leif a Séil a war ganz beléift. Hie war ee Kommunalpolitiker vun enger neier Generatioun an huet duerch seng Wäitsicht vill innovéiert.

2012 huet de Paul Helminger sech definitiv aus der Politik zrëckgezunn. Hien ass duerno awer nach an der Wirtschaft aktiv bliwwen, mat Responsabilitéiten un der Spëtzt vun ënner anerem der Luxair an der Cargolux.

Frëndlechkeet, Kompetenz, Wäitsicht a Weltoffenheet sinn déi Wierder, déi een an deenen éischte Reaktiounen dobaussen no sengem Doud héieren a gelies huet. De Paul Helminger huet ëmmer frëndlech gelaacht an hat och all Grond dofir. Well alles, wat hien ugepakt huet, ass positiv weitergaangen. Vill Leit hunn op hien eropgekuckt. Hien hat eng ganz pragmatesch Manéier, fir un Dossierer erunzegoen an doduerch och konkret Léisungen ze fannen. Hie war fir vill Leit ee Vorbild, och iwwert d'DP eraus. D'Zesummeschaff mam Paul Helminger bleift eis all a gudder Erënnerung.

Mam Paul Helminger verléiert d'DP ee vun hire groussen, ee vun hire brillantste Käpp, mee och e Kolleg, dee sech vu jeehier fir seng liberal Iddien a seng Iwwerzeugungen agesat huet a wäit iwwert d'Parteigrenze respektéiert a beléift war. De Paul Helminger huet souwuel seng Partei wéi och d'Land an d'Stad Lëtzebuerg geprägt. Privat war de Paul Helminger och e Familljemensch an en interessante Gesprächspartner, deen och gär a Gesellschaft war. Hie war begehrt um Tennis, fir d'éischt selwer als Spiller, duerno als President vun der Lëtzebuerger Tennisfederatioun. Der Famill vum Paul Helminger gëllt eist oprichteg Bäileed. Mir wäerten dee Versterwenen a beschter Erënnerung behalen. Ech bieden lech opzestoen, fir dem Paul Helminger eng lescht Eier ze erweisen.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen lech Merci.

Ech géif dann d'Wuert un de Premier a Staatsminister Xavier Bettel ginn.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, haut hunn ech déi schwéier Tache als Regierungschef, engem fréiere Regierungsmember Äddi ze soen. De Paul gehéiert zu deene Leit, wou ee gemengt huet, d'Zäit wier stoe bliwwen. En huet ëmmer d'selwecht ausgesinn. Et huet ee gemengt: De Paul, dee bleift éiweg esou, wéi en ass. De Paul ass net méi do!

Ech hat d'Chance, 1999 fir d'éischt am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg zesumme mat em ze schaffen an duerno 2005 och am Schafferot. Ech kennen de Paul als e Mënsch, deen d'Vergangenheet, d'Geschicht gären hat, de Present, mee fir dee virun allem d'Zukunft ëmmer e Projet war, virun allem och d'Zukunft mat senger Famill. An ech weess, Karin, léif Kanner, wéi schwéier et ass. Well esou wéi ech de Paul kennen, hat en esou vill geplangt, fir nach mat lech ze maachen.

D'Zukunft wor eppes, wat de Paul direkt beschriwwen huet: zukunftsorientéiert, Visiounen hunn. D'Stad haut gesäit aneschtens aus wéi virum Mandat vum Paul Helminger - d'Cloche d'Or, Ban de Gasperich, Hamilius; Projeten, wou een ee gesinn huet, dee keng Politik gemaach huet, fir populär ze sinn, mee fir effikass ze sinn. En hat keng Angscht, fir op d'Gare ze goe viru 500 Leit, déi rose waren, a mat hinnen eng Diskussioun ze féieren. De Paul war een, deen d'Technologë gären hat, deen d'Zukunft - wann ech vun Zukunft schwätzen -, och d'Technologien ëmmer bei sech hat. Ech ka mech erënneren, de BlackBerry, e war mat deem - pardon, Karin - mee bal och bestuet. En huet op deem Handy geklumpert. Wéi mir nach mat engem Fanger geklumpert hunn, war de Paul scho mat all de Fangeren amgaangen ze äntwerten, ze organiséieren, seng Agendaen ..., an deemools wousste mir nach net, wat et wier.

Ech weess, dass en HOTCITY ..., dass de Paul dee war, dee vun all deem, wat deemools nach an de Kannerschong war, gesot huet: „Mir müssen do zesummeschaffen! Mir müssen am Fong d'Jalons setzen, d'Schinn setzen, fir dass mer och den Zuch op där richteger Plaz ukënn.“

Mee och d'Famill war em ganz wichteg, d'Momenter mat der Famill, an ech ka mech erënneren, wéi oft e mer vu Wissant geschwat huet a gesot huet: „O, do ass do eppes net gaangen an hei net gaangen“, an et wor seng Passioun, einfach zesumme mat lech Zäit ze verbréngen. An e wor och ganz houfreg iwwert dat, wat Der alleguerten eenzel gemaach hutt.

En hat seng Stad gären, en huet fir seng Stad geléift. En huet an all Quartier, vun deem enge bis deen aneren, vum Aarbechter bis den Direkter ..., en hat seng Gemeng immens gären. En hat seng Gemeng gären, mee et war awer och en iwwerzeegten Europäer. Et war deen, dee fir Europa plädéiert huet, mee et war och deen, deen iwwert d'Grenze vu senger Stad gekuckt huet, wéi ee kéint mat den Nopere méi staark sinn - Tonicités, QuattroPole, wou en d'Gemengen zesummesat huet, fir ze kucke weiderzekommen. An et wor hien, wou ech d'Chance hat, an enger Majoritéit eng Kéier mat der CSV ze sinn an duerno enger Majoritéit mat deene Gréngen ze sinn, a mer awer ëmmer gekuckt hunn, wéi mer d'Stad och kéinte weiderbréngen.

Ech muss lech soen, dass ech e laange Wee mam Paul gemaach hunn, vun 1999 bis 2011. An ech géif haut net virun lech stoen als Staatsminister, wann de Paul mer 2011 net d'Chance ginn hätt, Buergermeeschter vun där Stad ze ginn. Ech wäert dat och ni vergiessen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci dem Premier a Staatsminister.

5. Dépôt d'une motion par M. David Wagner

Ier mer elo zum Projet de loi 7802 kommen, géif ech nach dem Här David Wagner d'Wuert ginn, fir den Depot vun enger Motioun. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

■ **M. David Wagner** (déi Lénk), *auteur*.- Merci, Här President. Ier ech zu menger Motioun kommen, wollt ech awer och nach ganz kuerz dem Paul Helminger ..., deen ech ni am Gemengerot erlieft hunn, mee deen ech awer als Stater Bierger iwwer zéng Joer laang erlieft hunn an deen - dat ass dat mannst, wat ee ka soen - d'Stad geprägt huet. An dat huet een och gemierkt, dat war eng beweegten Zäit. An och senger Famill, senger Frënn a senger Parteifrënn wëlle mer natierlech vun eiser Säit och eist Gedenke schenken.

Här President, hei ass eng Motioun, déi mer als déi Lénk wëllen deposéieren, haut, wou mer och iwwert déi 15. Oplag, mengen ech, vum Covidgesetz wäerten diskutéieren. Et ass eng Motioun, déi och mam Covid ze dinn huet.

De Kampf géint de Covid ass keng reng national, europäesch oder regional Affär. Et ass e Kampf, deen déi ganz Mënschheet muss zesumme féieren. De Covid, dee kennt keng Grenzen, e ka sech verännern an e kann ëmmer méi fest aschloen.

Dat passéiert elo och grad leider an Indien, engem Land, dat aleng méi Awunner huet wéi d'USA an d'Europäesch Unioun zesummen. Et gëtt vill Ursachen, mee eng vun den Ursachen ass, datt Indien nëmmen zum Beispill all zéngt Dosis vun AstraZeneca kritt, déi et versprach krut.

Dës Woch gouf och leider akteiert, datt de COVAX-System en Echec ass. Dat ass eng katastrophal Norricht, déi leider net zum Optimismus leet. Dofir ass et jo och kee Wonner, datt ongeféier eng 120 Länner weltwäit, ugeféiert vun Indien a vu Südafrika, also déi ganz grouss Majoritéit vun der Mënschheet, sech dofir asetzen, d'Lizenzen op Impfstoffen an och op all anerem Material, wat wichteg ass am Kampf géint de Covid, wéi zum Beispill Beootmungsmaterial oder och Testmaterial temporär opzehiewen. Dat ass eng Mesure, déi laut dem internationale Recht och iwwer Verträge vun der Propriété intellectuelle méiglech ass an déi och an der Welthandelsorganisatioun zurzäit debattéiert gëtt.

Dës Méiglechkeet gëtt a Wierklechkeet vu bal jidderengem ënnerstëtzt, dem Direkter vun der Weltgesundheitsorganisatioun, de Médecins sans frontières, ganz villen Nobelpräisträger a souguer dem ehemolege franséische President François Hollande oder dem ehemolege brittesche Premier Gordon Brown.

Et kéint ee bal mengen, datt jidderengem dofir wier. Mee leider verspäre sech e puer Länner, eng Minoritéit vu Länner u sech, dergéint. A leider sinn dat d'USA an d'Europäesch Unioun, also räich Länner. Ouni de Blocage vun den USA a vun der Europäescher Unioun géif de Kampf géint de Covid op der Welt eendeiteg besser virgoen. D'Liewe vun enger Onzuel vu Mënsche géif gerett ginn an de sozialen,

demokrateschen an ekonomesche Schued, deen d'Mesure provoziert, staark reduzéiert ginn.

Ech hat, Här President, den 2. März dem Jean Asselborn d'Fro gestallt, ob Lëtzebuerg op EU-Niveau och derfir kéint anrieden, fir dës Mesure ze ënnerstëtzen. Als Äntwert krut ech d'Positioun vun der Europäescher Unioun, awer net déi vu Lëtzebuerg. Mee op jiddwer Fall war et natierlech déi Positioun, wou d'Europäesch Unioun sech hanner fadescheinegen Argumenter verstoppt, déi och scho längstens innerhalb vu Positiounspabeiere vun der Welthandelsorganisatioun, wou dat elo beschwat gëtt, widdeluecht goufen. D'EU behaupt zum Beispill, et misst een op d'Fräiwëllegkeet setzen an drop waarden, datt déi Konzern, déi Brevet hunn, vum selwen op déi Iddi kéimen, fir se aussetzen. Dat ass bis elo net geschitt an dat wäert och nimools geschéien.

Ech krut och geäntwert, dat wier jo net de Problem. De Problem wieren d'Produktionscapacitéiten. Mee dat ass och e falscht Argument. Et gëtt Länner, déi elo schonn iwwer gewësse Produktionscapacitéite verfügen, mee si kënnen se weinst de Breiten net benotzen. Wiere se fräi, kéinte se se benotzen a si kéinte se och fir aner Länner matproduzéieren. An aner Länner, déi nach net iwwer gewësse Produktionscapacitéite verfügen, kéinte se dann och esou opbauen.

De Problem läit also primär net bei der Produktionscapacitéit, mee beim Recht ze produzéieren, wat d'Lizenzen zurzäit verbidden. An da kënn nach dat lescht Argument: Déi Konzern kéinte jo net fir näischt produzéieren. An entgéint deem, wat der vill mengen, sinn et jo net déi Konzern, déi d'Investier gemaach hunn, fir d'Technologien ze entwéckelen, mee d'effentlech Hand. Ech zitieren och do aus engem Communiqué vun AstraZeneca, wou se hir eege Leit oder Aktionäre berouegen: « Les dépenses engagées pour développer le vaccin devraient être compensées par le financement offert par des gouvernements et des organisations internationales ». Méi konkret och nach: Pfizer/BioNTech krute 546 Milliounen Dollar effentlech Gelder plus 6 Milliarden US-Dollar fir Beschafungskontrakter.

An anere Wieder: Et sinn d'Steierzueler, déi fir d'Entwécklung vun den Impfstoffen an aner technesch Material opkomm sinn. Wie mécht d'Gewënner? Majo déi dräi grouss Konzern, déi mer kennen. A wéi et nach gëscht an engem Artikel vun der brittescher Zeitung „The Guardian“ geheescht huet, hunn déi grouss Konzern elo 26 Milliarden Dividenden ausgeschott - 26 Milliarden Dividenden ausgeschott! - fir eng Leeschtung, déi sech zurzäit, dat wësse mir och hei zu Lëtzebuerg, net weise léisst.

Mir hu bezuelt, si beräichere sech a verweigere ville Länner déi Technologie fir de Covid ze bekämpfen. Mir kënnen net éiweg nokucken. Dofir ruffe mer mat där Motioun d'Lëtzebuerger Regierung op, éischstens déi Propos vun deenen 120 Länner fir déi temporär Befreiung vun de Lizenzen ze ënnerstëtzen a sech och innerhalb vun der Europäescher Unioun derfir staark ze maachen.

Ech mengen, mir kéinten do en Zeeche setzen. A mir kéinte vläicht souguer eppes an d'Rulle bréngen um europäeschen Niveau an, mengen ech, och virun der Mënschheet a virun der Geschicht propper dostoen.

Ech soen lech Merci.

Motion

La Chambre des Députés,

considérant

- que le 11 mars 2020, l'Organisation mondiale de la santé (OMS) a déclaré que la maladie liée au coronavirus 2019 (Covid-19) était une pandémie mondiale ;

- qu'une réponse efficace à la pandémie de Covid-19 exige un accès rapide à des produits médicaux abordables, y compris des kits de diagnostic, des masques médicaux, d'autres équipements de protection individuelle et des ventilateurs, ainsi qu'à des vaccins et des médicaments pour la prévention et le traitement de patients dans une situation d'extrême nécessité ;

- que l'expansion rapide de la fabrication à l'échelle mondiale est une solution cruciale évidente pour faire en sorte que les produits médicaux soient disponibles en temps utile et soient abordables pour tous les pays dans le besoin ;

- qu'au niveau international, la lutte contre la pandémie exige un important effort de solidarité mondiale et un partage mondial sans entrave de technologies et de savoir-faire ;

- que l'Inde et l'Afrique du Sud ont introduit le 2 octobre 2020 une proposition à l'Organisation mondiale du commerce (OMC) qui produirait l'effet que les obligations de ses membres découlant de certaines dispositions de l'Accord sur les aspects des droits de propriété intellectuelle qui touchent au commerce (APDIC) fassent l'objet d'une dérogation temporaire en ce qui concerne la prévention, l'endiguement ou le traitement de la Covid-19 ;

- que la demande de l'Inde et de l'Afrique du Sud est entre-temps soutenue par une très large majorité des États du monde, alors qu'une minorité d'États, dont les pays membres de l'Union européenne, s'y oppose ;

- que 13 mois après le début de la pandémie, les approches basées sur des licences volontaires préconisées par certains pays se sont révélées insuffisantes à l'échelle mondiale pour permettre un approvisionnement suffisant et rapide en ce qui concerne les produits en faveur de la prévention, de l'endiguement ou du traitement de la Covid-19 ;

- que les flexibilités prévues par l'accord de l'APDIC n'ont jamais été conçues pour faire face à une crise sanitaire de cette ampleur, sans compter que de nombreux pays ne disposent pas des capacités institutionnelles nécessaires pour utiliser ces flexibilités ;

- que notamment les licences obligatoires, délivrées pays par pays, au cas par cas et produit par produit, sont inadéquates de par la lourdeur de leurs procédures à faire face à la crise mondiale actuelle ;

- que l'initiative COVAX est certes utile et importante, mais malheureusement insuffisante, étant donné qu'en date du 21 avril 2021 seulement 40,2 millions de vaccins ont pu être distribués à travers l'initiative COVAX pour une population cible estimée à 4 milliards de personnes ;

- que les gouvernements et les organismes de financement public du monde entier ont investi des sommes colossales en argent public pour soutenir la recherche-développement sur la Covid-19, en particulier en ce qui concerne les médicaments et les vaccins, et qu'au vu de la gravité de la crise mondiale, ces produits devraient être considérés comme un bien public mondial ;

- que la proposition de dérogation décrite ci-dessus représente une solution mondiale rapide, ouverte et automatique, qui permettrait une collaboration ininterrompue pour ce qui est de développer et d'intensifier la production et la fourniture des produits, et qui apporterait une réponse collective au défi mondial auquel tous les pays sont confrontés,

invite le Gouvernement

- à soutenir la proposition de dérogation temporaire introduite le 2 octobre 2020 par l'Inde et l'Afrique du Sud à l'Organisation mondiale du commerce ;

- à entreprendre, au sein de l'Union européenne, toutes les initiatives possibles susceptibles d'entraîner le soutien de l'Union européenne à la proposition de dérogation temporaire introduite le 2 octobre 2020 par l'Inde et l'Afrique du Sud à l'Organisation mondiale du commerce.

(s.) David Wagner, Marc Baum.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 7802, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Afféierung ...

■ **Une voix**.- Här President.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Wolter freet d'Wuert. Fir?

6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Michel Wolter

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- Fir en Depot ze maache vun enger Proposition de loi, Här President.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President, ech soen lech Merci. Ech wollt den Depot maache vun enger Proposition de loi. Och déi steet am Zesummenhang mam Virus Covid-19 a mat virun allem domat, wéi mer an der Aart a Weis, fir en ze bekämpfen, mat vulnerabele Leit an den Alters- an Handicapéiertestrukturen ëmginn.

Dir Dammen an Dir Hären, nach ëmmer stelle sech och dräi Wochen no der Diskussioun vum 1. Abrëll eng Rei Froen, wat an deene leschte Méint an den Altersstrukturen hei zu Lëtzebuerg viru sech gaangen ass. An deem Sënn begrëisse mir als CSV et ausdrécklech, dass an der zoustänneger Chamberskommissioun elo e Rapport spécial an Optrag ginn ass, fir Äntwerten ze fannen - néideg Äntwerten, déi och vun de Famille gefrot ginn - op all déi Froen, déi an där Debatt gestallt si ginn.

Mir hunn eng Rei vu Punkte kritiséiert virun dräi Wochen. Ech géif nëmmen ee wëllen eraushuelen „pour les besoins de ma proposition de loi“, dat ass, dass mer der Meinung sinn, dass eng falsch Prioriséierung vum Cordon sanitaire an den Altersstrukturen virgeholl ginn ass an dass och keng Zukunftsperspektiven do virgestallt goufen.

D'Press huet sech där Saach an engem breede Mooss ugeholl an et huet ee gesinn, dass an deene leschten Deeg e puer zaghaft Ännerungen dann och virgeholl gi sinn. Zum Beispill zielt de Logement en-





cadré dann elo zu den Altersstrukturen, wat virdu während Méint net de Fall war. D'Leit, déi net zum Fleegepersonal gehéieren an den Altersstrukturen, déi kénne sech elo impfe loossen. Et ass och schwéier, dat aneschters ze maachen an engem Moment, wou een 30- bis 54-Järege d'Méiglechkeet gëtt, fir dat ze maachen. An et ass eng Ordonnance geholl ginn, déi en negativen Test préalable fir Leit konditionéiert, déi op Besuch bei hir Famill wëlle goen.

Déi puer zaghaft Mesuren entsprechen awer net deem, wat mir der Meenung sinn, wat misst geschéien. De Sven Clement huet den 1. Abrëll eng Proposition de loi déposiert iwwer en Evaluations-system, wou entre-temps och den Avis vum Staatsrot virläit. An ech wollt haut eng aner Proposition de loi déposiere mam Zil, fir e maximale Schutz fir vulnerabel Matbirger an eng Strategie dovunner ze entweckelen.

Ech gehéieren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, net zu deenen, déi der Meenung sinn, dass mer eis relativ séier net méi brauche mat deem Virus ausmeranzesetzen, au contraire! Ech si fest dervun iwwerzeugt, dass et Mutatione wäerte ginn, dass dee Virus sech wäert weiderschaffen an dass dat Weiderschaffe wäert derzou féieren, dass nei Impfungen, nei Cordone mussen a wäerte geschafe ginn, wa mer un tant soit peu an eng „normal“ Situation - normal ënner Guillemeten -, wéi mer se fréier kannt hunn, nees zréck wëlle kommen.

Mir müssen also, Dir Dammen an Dir Hären, léieren, mam Virus ze liewen. Déi technesch Viraussetzungen, déi sinn elo ginn. An eigentlech misst een elo eng breet Debatt driwwer féieren, wéi een sech elo opgrond vun de rezenten Entwécklungen an dem relativen Impfschutz, esou nennen ech en emol, deen an deenen nächste Méint wäert kommen, op déi nächst Wochen, Méint a Jore wëllt preparéieren. Mir müssen erauskommen aus engem Kader, wou dat just e puer Leit sinn, déi dat debattéieren, hin zu enger gesellschaftspolitischer Debatt.

Prioritär bleift fir eis awer, dass déi vulnerabel Leit geschützt musse ginn. Mir wëllen also méi wäit goen, daitlech méi wäit, wéi d'Regierung dat haut mécht. Mir wëllen, dass jiddwereen, dee mat Leit a Kontakt kënn, esou wéi se an der Ordonnance vum 12. Abrëll definéiert gi sinn, den Noweis vun engem negativen Test brénge muss, ouni deen en net an de Kontakt mat deene betraffene Leit kéint trieden. Dës Obligatioun ass net nëmmen, also an eisen Aen, fir d'Famille vun de Bewunner vun den Altersstrukturen, mee fir jiddwereen, deen a Kontakt mat vulnerabele Leit trëtt.

Mir leenen eis dobäi un e Gesetz aus Baden-Württemberg un, wat dës Obligatioun fir Leit, déi a Strukture schaffen, op dräimol d'Woch festleet, a fir Leit, déi bei Leit heemginn, op zweemol d'Woch fixéiert. Dës Obligatioun ënnerleien net Leit, déi geimpft sinn respektiv noweise kënnen, dass se Anticorpen hunn. D'Resultater sinn dem Patron op simple demande virzeleeën.

An enger kohärenter Demarche hu mir eis an dës Proposition de loi net un den Univers hospitalier erugewot. Mir entzéien eis awer net enger Diskussioun, fir déi Dispositiounen hei auszedeeen op den Univers hospitalier. Mir verweigeren eis och net enger méi breeder Diskussioun, wa Verbesserungen zu dësem Text proposéiert géife ginn. Mir wëllen duerch dës Proposition de loi e Steen an d'Rulle bréngen. Mir müssen ewechkomme vun enger zaghafter Politik hin zu enger Politik, déi et mat sech bréngt, dass mer déi vulnerabelst Leit an eiser Gesellschaft schützen. A wa mer déi vulnerabelst Leit an eiser Gesellschaft wëlle schützen, dann ass et och dofir, dass déi aner Leit an der Gesellschaft iergendwann eng kéier nees d'Méiglechkeet musse kréien, ënner normale Konditiounen kënnen ze liewen an ze schaffen.

An deem Sënn, Här President, géif ech lech gären déi Proposition de loi hei hannerleeën. Merci.

**7808 - Proposition de loi relative à la stratégie de dépistage du virus Covid-19 dans les structures pour personnes vulnérables et dans les réseaux d'aides et de soins**

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wolter.

## 7. 7802 - Projet de loi modifiant :

**1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;**

**2° la loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments**

Da komme mer elo zum Projet de loi 7802, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Afféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an en Abonnement fir Rapporteur fir d'Covidgesetz huet den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

## Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt ee Wuert, wou ech, mengen ech, dat erëmginn, wat d'Kolleegen heibannen denken a spieren: Léift Paulette, mir si frou, dass de erëm an en pleine forme bei eis bass an d'Steier vun Kampf géint de Virus erëm iwwerholl huert. An déi Solidaritéit, déi der entgéintkomm ass an deene leschte Wochen, déi hues de méi wéi verdéngt! Merci!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Applaudissements)

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci awer och dem Romain Schneider, deen agesprongen ass an deen, wéi vun him gewinnt, gutt Aarbecht geleescht huet.

Här President, de Projet de loi 7802, deen ech fir d'Gesondheets-, Sports- a Kulturkommissioun vir-droe wäert, knëppt u säi Virgänger un a wot weider kleng, awer rasonabel Schrëtt a Richtung e bëssi méi Normalitéit, an dat an de Beräicher Sport a Kultur.

Haaptzil vum Projet ass awer d'Verlängerung vun dem Arsenal vu Moosnamen, déi mer eis am Kampf géint de Virus ginn hunn. An dass dat noutwendeg ass, gesi mer, wa mer iwwer eis eege Grenzen eriwwekucken, wou dat eent Land an nächster Zukunft d'Noutbrems wäert zéien an en anert d'Noutbrems scho gezunn huet.

D'Éffnung vun den Terrassen, déi virun dräi Woche méiglech gouf, ass allgemeng gutt ugeholl ginn an d'Reegele goufe wäitgeend agehalten an dat ass och gutt esou, well fir Halligalli ass d'Zäit nach laang net komm. Dofir gëtt et kee Grond!

A genee dofir verlängere mer mat dësem Gesetz - an dat bis de 15. Mee - déi aktuell Restriktiounen. Am private Beräich: maximal zwou Persounen aus deem selwechte Stot, déi op Besuch därefe kommen, de Couvre-feu vun eelef Auer bis sechs Auer mat deene bekannten Exceptiounen, Kultur, Sport a Commerce bleiwen op mat deene selwechte Limitatiounen a Sécherheetsmoosnamen, d'Interdiction fir Alkohol op der Voie publique bleift bestoe mat där eenzeger Ausnam, wann et beim lessen op den Terrasse geschitt. Dann, d'Limitatioun vun de Rassemblementer gëllt virun: véier bis zéng Persoun mat Mask an Distanz vun zwee Meter, bei eelef bis honnert Mask, Distanz vun zwee Meter plus Sëtzplazen. Ech wollt dat just nach eng kéier an Erënnung bréngen.

Dat sinn also déi Moosnamen, déi weiderhi gëllen, well d'Situatioun weider komplex an duerchwuess bleift mat héijen, mee awer op där anerer Säit relativ stabilen Infektiounszuelen. Déi Lawin, déi op anere Plaze gerullt ass, konnte mer bis elo evitéieren, mee mer sinn nach op dënnem Äis. An dofir müssen déi Schrëtt, déi mer maachen a Richtung méi Fräiheeten, gutt iwwerluecht sinn. Well Dir wësst, wat Goen-op-dënnem-Äis ka bedeuten!

Mir hu manner Neiinfektiounen a manner schwéier Krankheetsverleef bei den eeleren a méi vulnerabele Persounen, zu engem groussen Deel, well d'Impfung awer elo gräift, mee mir hunn awer méi Infektiounen, méi Hospitalisatiounen a méi schwéier Krankheetsverleef bei méi jonke Leit. Derbäi kënn d'Ongewëssheet am Zesammenhang mat de Variante vum Virus. Nieft deene scho bekannten - der brittescher, der südafrikanescher an der brasilianescher Variant - tauchen uechter d'Welt ëmmer nei Varianten op, vun deenen och net gewosst ass, wéi ustiechend a virulent se sinn a virun allem, awéiwäit d'Impfstoffe och Protektioun oder voll Protektioun géint déi Variante ginn. Dofir also: „Vorsicht ist die Mutter der Porzellankiste“ bleift och elo nach wie vor ubruecht!

Elo zum Projet selwer: De Projet de loi definéiert fir unzefänken dat, wat mer virun dräi Wochen opge-maach hunn - d'Terrassen - méi kloer. Et gëtt also definéiert, wat ënner „Terrassen“ ze verstoen ass. Bei eis doheem wësse mer, wat eng „Terrass“ ass, mee dobauss gëtt et eng ganz Rei vu Variante vu sougenannten „Terrassen“ an do muss een awer e Minimum un Definitioun kréien, fir den Duerchbléck ze behalen an och fir deenen, déi dervu betrafft sinn - de Clienten, awer och deenen, déi Terrassen opmaachen -, eng gewësse Sécherheet ze ginn, wou ëmmer nach eng gewëssen Appreciatioun bleift, well déi honnertprozenteg Definitioun wäerte mer net fannen.

Mee wichtig ass, dass an Zukunft als „Terrass“ gëllt: en Espace, deen zu dräi Säiten op ass, wou d'Loftzirkulatioun fräi ka geschéien. No deenen Diskussiounen, déi mer och am Zesammenhang mam Avis vum Conseil d'État haten: Bannenhäff, wa se net esou kleng si wéi eng Telefonskabinn, fir dat emol esou bildlech ze soen. Och do sinn „Terrasse“ méiglech. An den Erklärungen, déi am Exposé des motifs vum Projet de loi sinn, ass och festgehalten, dass minimal Protektiounen, soufern se d'Loftzirkulatioun net beanträchtegen, méiglech sinn.

An Zweifelsfäll ass et sécher kee Mumpitz, wann een nofreet, ier ee sech an déi Fraisen, déi dat awer

bedéngt, erastierzt. Do gëtt et e puer Adressen, ënner anerem d'Inspection sanitaire. Mir waren och an der Kommissioun der Meenung, dass et wichtig ass, dass déi Leit, déi herno mussen um Terrain intervenéieren, fir géint flagrant Verstéiss virzegoen, optimal gebriecht sinn, fir genee ze wëssen, wéini et e Grenzfall ass a wou ee mat Fangerspëtzegefill ka virgoen.

Bon, ech hu gesot, dass de Staatsrot net esou detail-léiert an d'Erklärunge wollt eragoen. Ech mengen, et mécht der Kaz awer kee Bockel, dass mer e bësse méi erklären. Dat gëtt de Leit, déi et ze applizéieren hunn, och e bësse méi Sécherheet.

D'Installatiounen sinn eng Saach. Ech mengen, d'Verhale vun de Clienten an och d'Reaktiounen vun deenen, déi d'Terrasse bedreiwen, op d'Verhale vun de Clienten ass awer och ee wichtegt Element. Et kann net sinn, dass op deenen Terrassen, wou et awer eng Reegelung gëtt - eng kloer Reegelung -, op eemol erëm Drauwe vu Leit optauchen, wou een iwwert deen anere fält.

Also do, wannechgelift - wannechgelift! - fir déi Responsabel fir d'Terrassen, awer och fir d'Clienten, déi sech freeën iwwert déi dote Fräiheet: Déi dote Fräiheet verdéngt ee sech mat Responsabilitéit fir sech, awer och fir déi aner, also e wichtegt Element awer, fir déi dote Restriktiounen ze befollegen! Wann een duerch d'Géigend geet, da gesäit een, wat ech mengen!

Dann eng Neierung, déi elo net de Grand public betrëfft, mee déi awer wichtig ass, dat ass, dass an de Structures d'hébergement - do, wou Leit sech ophalen oder gefleet ginn, do, wou Leit wunnen an deene bekannte Strukturen, dat ass am Altersberäich, mee dat kann och am Beräich vum Handicap sinn, dat kann awer och am Beräich vun anere Strukture sinn - Depote vun deene wichtigsten urgente Medikamenter kënnen ageriicht ginn.

Am Beräich vum Sport an den Activités de culture physique - Fitness, Danzen, Yoga - gëtt déi Grenz, dee Plaffong vu maximal zéng Persounen, déi därefe gläichzäitig zesumme Sport maachen, opgehuewen an déi minimal Surface pro Persoun vu 15 Meterkaree - an et waren der och, jee no deem wéi vill Leit do waren, méi - erfogsat op zéng Meterkaree pro Persoun.

Ab dem nächste Méindeg gëllen also fir de Sport follgend Reegelen: Sport kann een eleng oder zu zwee praktizéieren ouni Distanz an ouni Mask. Ab dräi Persounen, déi zesummen oder zäitgläich Sport maachen, muss zu all Moment eng Distanz vun zwee Meter tëscht den eenzelne Persounen agehale ginn. Pro Persoun muss eng Mindestsurface vun zéng Meterkaree zur Verfügung stoen.

Och beim Sport si Rassemblementer vun iwwer 100 Leit verbueden. Net matgezielt sinn dobäi déi professionell Sportler an hir Betreier. Dat gëtt och dës kéier nach eemol prezisiéiert.

Am Kloertext a well dat och e Sujet an der Kommissioun a bei de Sportsfederatiounen ass: Kompetitiounen sinn erlaabt a kënnen ënner follgende Konditiounen stattfannen: Ab dräi Persounen muss zu all Moment d'Distanz vun zwee Meter agehale ginn. Et brauch een eng minimal Surface vun zéng Meterkaree pro Persoun. All d'Sportler an och hir Betreier müssen en negativen Test, sief dat e Schnelltest oder sief dat e PCR-Test, virweisen.

Och bis elo waren an der Theorie, an do si mer e bëssen an d'Schwanke komm, fir dat emol esou auszedrücken... Och bis elo ware Kompetitiounen zwar theoretesch méiglech, mee mat deenen Oplagen, déi bestanen hunn, war et awer kaum eng Optioun, well d'Limit bei zéng louch. Dat wär e bësse méi problematesch gewiescht.

Ben, wann een elo kuckt, wat fir eng Kompetitiounen méiglech ginn - ech huelen d'Beispill vun der Leichtathletik -, sinn ouni Weideres Werfermeetings méiglech, ouni Weideres si Sprongmeetings erlaabt, sief dat Wäitsprong, sief dat Héichsprong, well dat si jo eigentlech bal Individualsportarten, well se do net zu aacht ulafen an an d'Luucht sprangen oder wäit sprangen. Dat ass also méiglech. Et licht engem an, dass zum Beispill en 800-Meter-Laf net dran ass, well et kann ee sech jo net virstellen, dass do ëmmer müssen déi zwee Meter agehale ginn. Jo, wéi kéint een dat maachen? Also: Et gëtt och Erliichterunge bei de Kompetitiounen doduerch, dass déi Grenz vun zéng fält.

Dann, wichtig ze prezisiéieren: Occasionell oder accessoire Restauratiounsaktivitéite ronderëm de Sport sinn, wéi och am Allgemengen, laut Gesetz net méiglech. Méiglech ass et awer, wann zum Beispill bei engem Sportsterrain e Café ass, deen eng Terrasse huet, deen awer ëmmer funktionéiert, dass dat och als Terrasse funktionéiert. Dat ass och prezisiéiert ginn.

Bon, beim Sport gëtt et déi bekannt Ausnamen, déi Der alleguer kennt.

Erliichterunge gëtt et och beim Schoulschwammen, wat méi wäit opgeet.

Zu Ouverture kënn et da bei Musek, bei Gesang, wou d'Restriktiounen manner contraignant sinn.

Elong oder zu zwee ass Musizéieren ouni Restriktionen méiglech. Ab dräi bis zéng Persounen muss permanent eng Distanz vun zwee Meter agehale ginn. An d'Museker mussen während der Museksaktivitéit sëtzen, wann dëst an engem Etablissement stattfënn, wat dofir adaptéiert ass. Dat ass relativ wäit op, mee et muss adaptéiert sinn.

Am ursprüngeleche Projet war virgesinn, dass bei deenen zéng Leit véier Leit missten eng Mask droen. Mir hu gemengt, dass dat awer iwwert d'Zil geschoss wär. A mir hunn dofir derfir plädéiert, zesumme mat der Regierung, dass déi Leit zwar, wa se net méi musizéieren an deem Grupp vun zéng, da sollen d'Mask andoen an, wa se dann erëm zu zéng musizéieren, dass déi Obligatioun vun deene véier Maskendréier ewechfält.

Chorallen därefen, wéi bis elo, och weiderhi prouwen. Wann et der méi si wéi zéng, dann, selbstverständlich, fält dat ënner déi allgemeng Reegele vu Sëtzen, Mask, Distanz.

Dann, Här President, wann Der mer nach annerhal-lef Minutt gitt, d'Prozedur. Depot vum Projet: de 16.04., virun enger Woch also. Éischt Reunion vum der Kommissioun: den 20.04. D'Amendementen, déi zesumme vu Kommissiounen a Regierungsmembere ausgeschafft goufen: den 20.04. Den Avis vum Conseil d'État: den 21. De Rapport: gëschter. An et wäert lech net wonneren, dass ech op déi exzellent Zesummenaarbecht an deene verschiddene Kommissiounen insistéieren.

Ech mengen, mir kënnen och houfreg sinn op eis Ekippen an der Chambersadministratioun, an de Ministären; dës kéier dräi Ministären, wou d'Ministären och alleguer hei sinn, deenen ech och ee ganz grouse Merci soen, mat hiren Ekippen, fir deen oppene Geescht, mat deem mer un déi Diskussiounen hei erugaange sinn. Selbstverständlich geet dee Merci och un all d'Membere vun der Kommissioun.

E klenge Bemoll muss ech awer lassginn. Dës Rapport ass och erëm nëmme mat 31 zu 29 Stëmmen ugeholl ginn. Ma Dir wësst, dass dat kengem Rapporteur eng grouss Freed mécht. Mee dat Resultat, wéll ech awer hei soen, täuscht driwwer ewech, dass mer eis eens sinn, dass et richtig war, d'Chamber voll a ganz an de Krisenmanagement matanzebeziehen, d'Projeten ze adaptéieren, ze prezisiéieren an och zum Deel ze verbessern.

Iwwer laang Strecken ass et an deene Kommissiounen net zu enger Ausenansetzung Majoritéit géint Opposition - an ëmgedrëit - komm, mee mateneen, fir dat Bescht doraus ze maachen. An eens bleiwe mer eis alleguer, och wann et Nuancë gëtt, iwwert de Wéi, dass et eist gemeinsaamt Zil ass, fir eis Leit esou gutt wéi méiglech ze schützen an déi Schrëtt ze woen, fir no an no Stéckercher Fräiheet erënzekréien.

Dir kënn lech virstellen, dass kee sech ..., oder bal jiddwereen, insbesondere awer ech, well ech ëmmer hei virun lech stinn, sech méi géif doriwwer freeën, wa mer nom 15. Mee déi Schrëtt e bësse méi grouss kéinte maachen oder souguer, wa mer bei der Leichtathletik sinn, en Dräisprong kéinte woen.

An deem Sënn: villmools merci alleguer deenen, déi ugepaakt hunn. An dem President merci fir seng Gedold mat mir. Här President: merci!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo.

Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Fir d'alleréischte soen ech och, datt mer extreem frou sinn, datt d'Madamm Minister erëm hei ass an datt se erëm a Form ass. Da sinn ech awer och frou - elo ass en net heibannen -, datt de Claude Wiseler och erëm a Form ass. Also, ech sti jo hei elo just als Ersatz, well de Claude ass dann elo e gutt Beispill oder vläicht kee gutt Beispill vu Covid. Déi Krankheet ass net ze ënnerschätzen! A well e wirklech am Ufank vun der Woch nach net a Form war, hunn ech en do ersat.

An natierlech e grouse Merci un de Rapporteur, deen dat wéi ëmmer exzellent gemaach huet. Ech wëll ëm soen: Och wann ech net dacks hei stinn, fir zu deem Gesetz ze schwätzen, esou wär ech awer frou, wa mer net méi missten driwwer schwätzen. Ech denken, jiddwereen.

Ier ech zum Gesetz kommen, wëll ech ewer nach eng kéier kuerz op d'Situatioun agoen. D'Zuele sinn u sech nach ëmmer héich. Si bleiwen héich. D'Klärnageresultater ginn esou lues erëm eng kéier licht an d'Luucht; wat e bësse beonrougend ass. D'Unzel vun de beluechten Intensivbetter geet och licht an d'Luucht, wat natierlech kee gutt Zeechen ass.

Ben, den Inzidenzwäert ass liicht erfogaangen, awer just vun 202 op 201. Dat ass net onbedéngt nennenswäert. Den R-Wäert ass och liicht gefall. A Gott sei Dank ass d'Unzel vun den Doudege pro





Woch och liicht gefall. Mee et sinn der natierlech nach ëmmer ze vill - mat ville Schicksaler verbonnenen.

Op där anerer Säit komme mer mat den Impfunge lues a lues weider. Ben, eiser Meenung no ze lues, net zefriddestellend! Ech mengen, am Rapport steet, dat wär zefriddestellend. Do hu mer net direkt déi selwecht Meenung. 165.000 Impfunge si gemaach ginn, an dat a 16 Wochen. Do soen ech: Dat ass net onbedéngt e Formel-1-Tempo!

Här President, de Michel Wolter huet et scho gesot: De Virus, dee wäert nach eng Zäitche present sinn. Et komme Mutatiounen. Duerfir soen ech, ech hunn dat schonn e puermol gesot, musse mer wierklech alleguerten d'Moyenen asetzen, fir eist Liewen esou sécher wéi méiglech ze maachen, awer och gläichzäitig, fir eist Liewen net komplett ze lämen.

Dank der Impfung, dank den Tester, och de Schnelltester, muss d'Regierung de Leit Perspektiven opweisen. Dat ass vun eiser Säit keng nei Fuerderung. Mir haten eng Interpellatioun gefrot. Déi hate mer esou net geneemegt kritt. Dunn hate mer eng Aktualitéitsstonn derzou gefrot fir eng Exitstrategie. De Claude Wiseler huet dat u sech nach an all Ried gesot. Mee d'Regierung weist awer leider Gottes keng Perspektiven op, kee Wee fir aus dëser Kris eraus, kee Wee fir erëm zrëck an d'Normalitéit, fir d'Leit a fir d'Betribler.

An da wëll ech ewer och soen: D'Leit heiheim verdénge wierklech e grouss Luef; zumindest déi meescht vun hinnen, well si hunn elo scho méi wéi ee Joer laang wierklech ganz disziplinéiert gelieft, op d'Zänn gebass a wierklech och op viles verzichten. D'Leit halen och duer, mee d'Leit brauchen awer iergendwéi Perspektiven! An ech soen et nach eng kéier: Hei ass d'Regierung an der Flicht, fir all Moyeen ze notzen, fir dës Perspektiven opzeweisen, fir, wéi gesot, d'Liewen esou sécher wéi méiglech ze maachen, mee fir de Leit awer d'Liewen och erëm esou séier wéi méiglech zrëckzeginn.

An dann, muss ech awer soen: D'Leit brauche kee Premier, dee sech wëllt mediewierksam op TikTok mat Corona an Zeen setzen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ech hunn dat net gesi gehat. Ech war heem bei meng Elteren, du sot mäi Papp - 85 Joer -: „Hues de scho gesinn, wat de Premier do op TikTok gemaach huet?“ Dunn hunn ech gesot: „Ech hu bis elo éreischt eemol a mengem Liewen TikTok gekuckt, dat war, well ech en Hond kaaft hunn a well déi Zichterin mer e Film iwwer TikTok do gewisen hat.“ Dunn hunn ech mer dat ugekuckt.

An ech fanne wierklech, et ass awer scho bal eng Frechheet! Et gëtt natierlech do vun de Reegele geschwat, dogéint hunn ech nach näischt. Da kënnt op eemol esou eng Stëmm: „Was? Was? Ich hör ...“ An dann héiert een oder et gesäit een e Premier, dee laacht. Also, ech fannen definitiv: Covid-19 ass ze vill seriö, fir doriwwer ze tiktoken, zumindest als Premier. Als Komiker kann een dat vläicht nach, mee als Premier passt dat sech sécherlech net!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Da kommen ech bei d'Gesetz u sech. Hei steet net vill dran. Fir eis ass et och kloer: Mir kënnen mat deenen Zuelen, esou wéi mer se elo hunn, net einfach esou alles opmaachen. Et ginn elo zwou Upassung gemaach, déi mer déi leschte kéier schonns gefrot haten.

Dat eent ass d'Definitioun: Wat ass eng „Terrass“? Ben, do hu mer déi leschte kéier gesot kritt, dat wär superfetatoire, do géifen et jo Terrassereglemter ginn. Abee, d'Regierung huet elo erkannt, datt dat net superfetatoire war, net iwwerflësseg war, an huet d'Gesetz ugepasst.

Ech ka just soen: D'Cafetieren an d'Restaureateure wäere frou gewiescht, vun Ufank u Kloerheet hei ze hunn. Et ass jo schéin, de Leit emol eng kéier esou ee Liichtbléck ze ginn, mee ech mengen, da kann een d'Leit awer och net hannert d'Liicht féieren! Hei hunn elo ganz vill Restaurateuren, Cafetieren investéiert, wat am Prinzip elo onnëtz ass, just, well d'Regierung u sech kee kloert Gesetz ofstëmme gelooss huet!

D'Chambre des Salariés weist an hirem Avis och dorop hin. Si soe ganz kloer, datt ganz vill Betribler heideruech finanziellen, awer och moralesche Schued erlidden hunn. Stellt lech just déi Betribler vir! Deene geet et richteg schlecht! Déi hu sech drop gefreet, d'Terrassen opzemaachen. Si hunn Allméiglech gemaach, fir esou vill wéi méiglech - natierlech esou vill wéi méiglech! - Clientë kënnen ze zerwéieren. An elo musse se erëm viles réckgäנגeg maachen, just well eeben hei dat Gesetz déi leschte kéier net kloer war.

Si fuerdere souguer, datt d'Regierung soll deene Betribler déi finanziell Ausgaben zrëckerstall. Ech fannen esou eng Fuerderung u sech verständlech. An och elo ass et nach net onbedéngt kloer, wat eng „Terrass“ ass, zum Beispill am Bannenhaff, zum Beispill: Als wat gëtt eng „Heck“ ugesinn?, an esou weider.

Déi zweet Upassung, déi kënnt, dat ass den Depot vun de Medikamenter, deen elo soll méiglech sinn an den Altersheimer, an de Maison-de-soinen. Ma ech mengen, de Claude Wiseler huet dat déi leschte kéier hei op der Tribün gefrot gehat. An da si mer natierlech mat där doter Upassung averstanen.

Da kommen e puer zousätzlech Ouverturen. Do wëll ech awer och erëm eng kéier soen: Gott sei Dank hu mer an der Kommissioun awer e puer Saachen ugepasst, well soss hätte bei de Museker - ech mengen den Här Di Bartolomeo war kuerz drop agaangen, en hat awer net grad déi ganz Wourecht gesot -, wa se zu dräi gewiescht wäeren, der missen op d'mannst véier eng Mask unhunn. Also, méiglech wär dat definitiv net gewiescht! Beim Sport hätte se sech misse, soubal se zu méi wéi zéng gewiescht wäeren, sëtzen. Och dat wär net méiglech gewiescht. Wéi gesot: Gott sei Dank hu mer an der Kommissioun konstruktiv geschafft an déi Saache sinn erausgeholl ginn.

Allgemeng zu dësen Ouverturë soen ech: Mir hu keng Problemer domadder, mee et ass keng Logik erkennbar a virun allem sinn nach ëmmer keng Perspektiven erkennbar. Et ass näischt geplangt. Et ass u sech, esou wéi et elo do ass, Gepiddels!

Firwat elo grad dës Ouverturen? Firwat net anerer? Déi Fro bleift am Raum stoen, u sech vum Ufank vu Covid un. Et ass ëmmer eng Lotterie, wat kënnt. Et ass u sech eng Virwëtzttut bei all Gesetz, wat kënnt.

Bei de Sportsaktivitéite gëtt also elo esou munches ... Bon, e puer Lockerunge gi gemaach. Déi Beschränkung vun zéng Leit gëtt opgehuewen. Dat ass och gutt. Elo kënnen d'Netkadersportler, well déi si fir eis genausou wichteg wéi d'Kadersportler, och e bësse méi Méiglechkeete kréien. Souguer kéinte se Kompetitiounen maachen. Verschiedener kënnen och Kompetitiounen maachen, mee si mussen nach ëmmer zwee Meter Ofstand anhalen. Do ass dann awer viles och net méiglech.

An, wéi gesot, wéi oniwwersichtlech d'Bestëmmunge sinn, dat huet sech gewisen, wéi souguer de Minister op eemol duerjernee war, wat dann elo erlaabt ass a wat net. An ech mengen, do ware jo och falsch Circulären erausgaangen un d'Federationen.

Ben, mir begrëssen dës Ouverturen, well mer wierklech iwwerzeegt sinn, datt de Sport, virun allem och a Covidzäiten, extrem wichteg ass, mee et stelle sech vill Froen: Op wéi engen Erkenntnisser baséiert sech dës Decisioun? Firwat gëtt keen Ënnerscheid gemaach tëschent dobaussen an dobannen? Firwat ass nach ëmmer dee groussen Ënnerscheid tëschent dem Elitesport, wou een am Prinzip alles kann, deem normale Sport, wou ee relativ vill Restriktionen huet, an op där anerer Säit dem Schoulsport an dem pericolaire Sport, wou een och erëm eng kéier zimmlech alles ka maachen?

Wësst Der, ech spillen elo kee Fussball, mee wann ech Fussball géif spillen, da misst et dach egal sinn, ob ech an der Nationalekipp géif spillen oder an der Nationaldivisioun géif spillen, wou ech jo kéint Matcher spillen, ob ech an der drëtter Divisioun géif spillen, wou ech dann erëm eng kéier net kéint spillen, oder ob ech bei d'LASEP ginn - do kann ech erëm eng kéier spillen.

Wéi gesot, dem Virus ass dat zimmlech egal! Et geet hei ganz einfach drëm, fir e séchert Konzept ze erstellen. A wann ech dat séchert Konzept hunn, da muss dat jiddwerengem déi selwecht Chancé ginn an ech muss de Leit, de Betribler, de Jugendleche Perspektiven opweisen: Wat ass hei geplangt? Firwat geschitt dat net?

Wësst Der, ob e Kaderleefer un enger Kompetitioun deelhält oder en Netkaderleefer, ech mengen, och dat ass dem Virus egal. D'Madamm Empain ass jo Presidentin vun der Liichtathletik an d'Madamm Lorsché ass och als Leeferin gelaf. Wa si zwee elo nach ëmmer, loosse mer soen, am Kader wäeren a si géifen un enger Course deel huelen, dann däreft si dat maachen. Si géifen en Test maachen a si kéinte lafen.

Wann ech als normale Mënsch elo géif un esou enger Course deel huelen, dann däreft ech dat och maachen. Ech misst och en Test maachen, mee ech misst ëmmer zwee Meter Ofstand halen. Dat heescht, dat geet jo net! Mir wär et zwar warscheinlech och nach egal, ech iwwerhuele keen, mee déi hannendru wäere warscheinlech zimmlech genervt!

Ech weess awer net, wou do d'Logik ass. Ech erkennen déi Logik beim beschte Wëllen net! Dofir nach eng kéier d'Fro: Ass eng konkret Evaluatioun gemaach gi vun de sanitäre Konzepter bei de Kadersportler? Wann déi net gemaach ginn ass, dann ass dat net ze verstoen. A wa se gemaach ginn ass, da missten déi Konzepter jo och op den normale Sportler iwwerdrobar sinn.

Wéi gesot: De Virus mécht keen Ënnerscheid tëschent de Sportler. E mécht och keen Ënnerscheid tëschent Kompetitioun oder Netkompetitioun. Fir de Virus ass et ënner anerem wichteg, datt kee Covid-positive matmécht. Dofir missten iwwerall Schnelltester agesat ginn.

Et ass zum Beispill och net verständlech - zumindest ech verstinn et net, ech kréien et jo vläicht erkläert -: E Concert kënnen d'Leit lauschtere goen, mat Ofstand, Mask, am Sëtzen. Firwat gëllt dat dann net beim Sport dobaussen? Do wär et jo och méiglech! Wéinst menger kann een och nach Schnelltester maachen! Wann een een e Fussball-match kucke geet an et géif ee sëtzen, zwee Meter Ofstand, Mask, Schnelltest, da misst dat dach genausou sécher sinn! Och do: Ech verstinn einfach déi Logik net hannendrun! Mee vläicht kréien ech se jo erkläert.

Dem Här Kersch wëll ech just soen, datt et keng Entschëllegung ass, elo emol ze waarden, wat d'Schnelltester an de Schoule bréngen. Well do war déi Testphas virun der Ouschtervakanz, an d'Ouschtervakanz ass eriwuer. Dofir, déi entscheidend Fro ass erëm emol: Firwat gëtt et keng konkret Strategie fir den Asaz vu Schnelltester och beim Sport?

De Premier sot virun dräi bis véier Wochen, d'Regierung wär schonns vill méi wäit wéi dat, wat mir gefrot hunn, an déi ganz Majoritéit huet eis Motioun dofir net ugeholl. Also, ech mengen, si si vläicht vill méi wäit, mee si si vill méi wäit hannendran. Well ech erkennen definitiv do näischt!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Da kommen ech bei d'Kultur - déi musikalesch Aktivitéiten. Och hei kommen e puer Oplackerungen. Bis zu zéng Leit, mat Ofstand, kann een elo Musek maachen dobannen an engem spezifesche Raum. Do waren nach eng Partie Froen op. Am Sëtzen dobannen oder eeben dobaussen - do muss een net sëtzen.

Ben, wéi gesot, déi véier mat enger Mask hu mer gestrach. Dat ass gutt. Mir begrëssen och, datt an dësem Beräich Ouverturë kommen. Mee och hei stelle sech awer eng Partie Froen. Firwat muss elo op eemol kee méi eng Mask unhunn? Ech weess et net!

Et ass virun allem awer och hei extrem bedauerlech, datt net méi gezielt mat de Schnelltester geschafft gëtt. Ech hu gëschter e längert Gespréich mat engem Dirigent vun engem Museksveräin geféiert - net vun engem professionellen, mee et gëtt och där anerer an och déi aner si wichteg. Hie sot zu mir: „Vill Museksveräiner risquéiere wierklech lues, mee sécher motivéiert Memberen ze verléieren.“ Wann Der ëmmer nëmmen an enger klenger Grupp kënnt üben, wann Der näischt virun Aen hutt, keng Perspektiv - an déi hu keng Perspektiv! -, fir emol eng kéier vläicht ee Concert ze maachen, dobaussen, zu méi, da verléiere se d'Motivatioun! Virun allem bei deene Jugendlechen ass dat ze erkennen.

Dat ass bal esou, ech weess et net, wéi wann een e Marathon géif lafen respektiv et géif een trainéieren an et géif ee sech ploen an et wéisst een, datt een ni e Marathon kéint lafen. Also, mäi Charakter wär da warscheinlech net esou, datt ech dat da géif duerchzéien. Da bräicht een zumindest ee ganz staarke Charakter! Wéi gesot, hei verléiere vill Jugendlecher, vill motivéiert Memberen eeben hir Motivatioun. An dat ass schlecht!

Firwat mussen d'Leit do sëtzen, nnet stoen? Ech denken, dem Virus ass d'Positioun egal. D'Distanz wäert sécher dat sinn, wat entscheidend ass. Firwat zéng, net 12, net 14? Mir hunn et net erkläert kritt!

Firwat maacht Der net en zousätzlechen Ënnerscheid, ausser dem Sëtzen, tëschent bannen a baussen? Firwat si keng konkret Schlussfolgerungen aus de sanitäre Konzepter vun de professionelle Museksveräiner gezu ginn? Mir haten dat schonn eng kéier gefrot.

Firwat net mat Schnelltester fueren, och hei? Wéi gesot, da missten natierlech erëm eng kéier Schnelltester do sinn an et misst eng Logistik do sinn, fir déi Schnelltester ze erfaassen. Ech wéisst wierklech gär, wou do Är Strategie drun ass, well d'Madamm Minister sot, dat hei wär elo en Testballon. Ech hoffe wierklech, datt net all Covidgesetz einfach emol en Testballon ass!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass vill aneres nach onkloer. Ech ginn lech awer elo just ee Beispill, well elo grad - hei gesäit een zwar net eraus - dobaussen d'Wieder relativ gutt ass a well vill Leit spadséiere ginn. An da froen ech lech: Wat ass Spadséieren? Ass et e Rassemblement oder ass et Sport?

Wann ech nämlech zu fënnf spadséiere ginn an et wär Sport, da kéint ech spadséiere goe mat zwee Meter Ofstand. Wann ech awer zu fënnf spadséiere ginn an et ass net Sport - an, ech mengen, et ass net Sport -, da muss ech zwee Meter Ofstand halen an eng Mask unhunn. Ass dat logesch? Ech mengen net!

Wann ech zu eelef spadséiere ginn, da kann ech net méi spadséiere goen, well da muss ech e Stull mat huelen. Da geet et nämlech net méi duer. Da muss ech d'Mask unhunn, zwee Meter Ofstand halen an ech muss sëtzen. Wann ech awer zu eelef lafe ginn, da gesäit et schonn erëm anescht aus. Da brauch ech just zwee Meter Ofstand.

Also, et deet mer leed, ech verstinn déi Logik net! An ech weess net, ob een, dee spadséiert, méi ustiechend ass wéi een, dee leeft. Also, wannech gelift: Kohärenz an dësem Gesetz wär eppes, wat absolutt noutwendeg ass!

An da sinn ech déi lescht Woch ugeschwat ginn: „Wat sinn iwwerhaupt d'Bestëmmungen, wann d'Regierung op Visite geet?“ Ech krut nämlech e puer Fotoe geschéckt an ech hu mer déi Fotoen ugekuckt. A wéi ech mir déi Fotoen ugekuckt hunn, dann hunn ech mer geduecht: „Ben, et gëtt jo keng extra Reegele fir d'Regierung. Dat wäert jo e Rassemblement sinn.“ E Rassemblement - méi véier - ass: zwee Meter Ofstand a Mask.

Ech hunn awer Fotoe gesinn, do war definitiv zwar d'Mask derbäi, do war awer keen Ofstand. Da verstinn ech wierklech d'Leit, déi soen: „Mir wësse jo net méi, wat mer solle maachen! Wann d'Regierung et esou mécht, firwat musse mir et anescht maachen?“

(**Interruption**)

Ech wëll elo net soen, datt déi Visitten net sécher waren, mee wann dat bei der Regierung sécher ass, da misst et och bei deenen normale Mënsche sécher sinn!

Ech wëll ...

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ... d'Supermarchéen zoumaachen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, mee Här Premier, da musst Der mer erklären: Wat ass dat do? Ass dat do da kee Rassemblement? Da kann ech jo och spadséiere goen! Wann Dir sot: „Soss muss ech de Cactus zoumaachen“, also, dat ass fir mech keng Erklärung!

Här President, mat dësem Gesetz ginn also e puer noutwendeg Upassung gemaach, déi déi leschte kéier verpasst gi waren. De Sport an d'Musek gi plazeweis méi opgemaach, awer ouni Erklärung, ouni Konzept, ouni Logik, ouni Perspektiven. A genau dës Perspektiven, déi laangfristeg Strategien, déi feelen eis! De Claude Wiseler ass nach bei all Gesetz drop agaangen a leider muss ech et och nach ëmmer maachen, well et ass nach ëmmer keng do!

Ech fänken u bei den Altersheimer a bei de Fleegeheimer: 50 % vun de Coronadoudege kommen aus de Strukturen. An, wéi gesot, et wär wierklech interessant och ze wëssen, wéi d'Positioun vun der Regierung wär zu der Proposition de loi vun de Piraten.

Ech widderhuele mech hei nach eemol: Et ass extrem traureg - ech muss wierklech soen, traureg -, datt d'Majoritéit d'Motioun, eisen Opruff no enger nationaler Strategie, fir déi eeler a fir déi vulnerabel Leit ze schützen, ouni si gläichzäitig anzespären, déi mer d'lescht Joer am Oktober hei deposéiert hunn, datt se do dergéint gestëmmt hunn!

De Professor Dokter Muller huet de leschte Samschdeg nach an engem Artikel geschriww gehat, datt d'Fuerderungen no Schnelltester, no Temperaturmiessungen am Agang, no FFP2-Masken einfach fadescheineg ofgeleent gi sinn. Dir Dammen an Hären, dat ass net verantwortungsvoll!

(**Coups de cloche de la présidence**)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Lies, Madamm Adehm, vläicht e bësse méi roueg.

(**Interruption**)

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Den Här Wolter ass schonn op d'Analys agaangen, wou mer frou sinn a wou mer begrëssen, datt se elo endlech kënnt. A mir wäere wierklech ...

(**Interruption**)

... frou, wa mer déi Resultater séier kéinte kréien a wann aus dëser Analys déi néideg Schlussfolgerunge géife gezu ginn, och fir d'Zukunft vun de Strukturen méi sécher ze maachen, ouni d'Leit anzespären.

Och d'Impfstrategie an den Altersheimer ass net optimal verlaft. Ben, d'Madamm Minister huet elo eng kéier geholl, well et war e Feeler, datt dat externt Personal net geimpft ginn ass. Ben, d'Kéier ass elo geholl ginn, ze spéit an eisen Aen. De Marc Spautz an ech, mir haten den 2. Februar schonn eng Question parlementaire derzou gestallt. Mee wéi gesot, besser spéit wéi ni.

Fir eis ass et kloer: Fir déi vulnerabel Leit ze schützen, ass et wichteg, datt just ech nennen et elo mol einfach „sécher“ Leit bei deene vulnerabele Leit schaffen. An an deem Sënn huet de Michel Wolter jo d'Proposition de loi hei deposéiert. Mir fuerdere keng Impfflicht, mee mir fuerderen eng Noweislicht, eng Noweislicht, datt een entweder geimpft ass, en negativen Test huet oder Anticorpsen huet. Dat wär dat, wat mer brauchen, fir eng Sécherheet an dëse Strukturen ze kréien an eeben och an de Klinicken.

Ech kommen dann zweetens bei d'Impfstrategie am Allgemengen an hei musse mer einfach virukommen. Et soll keen Impfstoff ewechgehäit ginn, sot de Premier. Domadder sinn ech komplett averstanen. Mee et sinn awer vill Onsécherheete bei de





Leit an hei brauche mer eng kloer an eng transparent Kommunikatioun. Déi ass extreem wichteg an dofir begréissen ech och, datt - ech weess net méi genau, weini, virun zwee, dräi Deeg - eng Pressekonferenz war, wou heiriwwer kommunizéiert ginn ass. Mir wären natierlech och gären als Chamber informéiert ginn, mee mir hunn d'Pressekonferenz dann esou gelauschtert.

Dës Regierung setzt elo, am Géigendeel zu villen anere Länner, voll op AstraZeneca. D'Veronsécherung bei de Leit ass grouss, well et eeben net kloer ass, well eeben op där enger Säit de Conseil supérieur des maladies infectieuses seet: „Wannechgeleit net ënner 50!“, d'Regierung mécht en Appell fir déi ënner 54. An dofir soen ech et nach eng kéier: Et ass extreem wichteg, hei kloer ze kommunizéieren! An et wär awer fir eis wichteg an och fir d'Leit dobaussen, déi konkret Strategie ze wësse vun der Regierung. Wëllt d'Regierung zum Beispill elo, vu datt verschidde Länner en net wëllen, dësen Impfstoff, es esou vill wéi méiglech kafen, fir datt mer sou séier wéi méiglech virukommen? Oder waart d'Regierung vläicht, ier se dat decidéiert, vläicht opzekafen an Dänemark, ech weess et net, oder d'EU huet es jo zousätzlech bestallt, dee se och elo net wëllt, wéi den Erfolleg ass vun dësem Opruff? Also mir hätten hei wierklech gären Transparenz!

An et stelle sech nach aner Froen. An allkéiers wa sech Froe stellen a wann ee keng kloer Äntwert kritt, da gëtt et erëm eng kéier, wéi gesot, eng Veronsécherung. Zum Beispill: Ass et virdeelhaft, als zweet Dosis bei AstraZeneca vläicht en aneren Impfstoff ze huelen, sougenannte Mëschimpfungen, fir datt se méi sécher ginn, fir e besseren Impfschutz? Sollen d'Leit, déi covidpositiv sinn oder waren, sech impfe loossen? Do kréien d'Leit ënnerschiedlech Aussoen. Et wär wichteg, hei kloer Aussoen ze maachen.

An dann eng Iddi, déi ech am Ausland gesinn hunn: Schwanger Frae solle sech net impfe loossen. Dat ass och richtig a wichteg esou. Ech hunn awer am Ausland op Plaze gesinn, datt do e Cordon sanitaire ronderëm déi schwanger Frae gemaach gëtt, fir déi eeben och als vulnerabel Persounen ofzesécheren. Wär dat net eppes, wat een eventuell och hei kéint undenken?

Är Reieffolleg: Ech weess elo net méi genau, wéi déi lescht Upassunge sinn, ech mengen, do sinn d'Prisonéier derbäikomm, d'Personal bei de Prisonéier. Do stelle sech am Moment jo nach aner Froen: Wéi ass et zum Beispill bei der Police, déi awer och direkt um Terrain ass an net onbedéngt ëmmer déi néideg Schutzmesuren huet, oder och bei den Enseignanten, den Educateuren? Wéi ass déi konkret Positioun?

Wéi gesot, et sinn nach vill Froen. A mir brauchen hei bei der Impfstategie eng kloer an transparent Kommunikatioun.

Da kommen ech bei deem drëtte Punkt: d'Schnelltester. Dat ass a mengen Aen en absolutt Trauerspill! Fënnf Milliounen sinn der bestallt - fënnf Milliounen!-, mir hu 630.000 Awunner. Mir froen als CSV zwee Tester d'Woch fir all Mënsch, ma da kéime mer ganz genau véier Wochen an dat geet net duer! Dat geet beim beschte Wëllen net duer!

Här President, ech wëll der Regierung hei wierklech ganz kloer soen, datt si et verpasst huet, fir matzäit genuch Schnelltester ze bestellen a fir domadder eis Gesellschaft, eis Aktivitéite besser ofzesécheren, eis Gesellschaft besser ze schützen a fir parallell derzou ee méi séchere Wee zréck an d'Normalitéit opzewiesen. Eng Strategie, et doet mer leed, ass net erkennbar. Ech hunn no eiser Aktualitéitsstonn, no dem Vott vum leschte Gesetz, wou mer d'Motioun nach eng kéier hei abruucht hunn, wou mer erkläert kritt hunn, datt d'Regierung eeben hir Strategie scho prett hätt, déi wär scho vill méi wäit wéi mir, probéiert, véier Question-urgenten ze stellen, fir endlech Kloeherheit ze kréien. D'Urgence ass dräimol refuséiert ginn. Här Chamberspräsident, ech verstinn dat wierklech net an ech fannen et och net akzeptabel!

D'Regierung seet, hir Strategie wär prett. Mee da misst se et jo och fäerdegbréngen ze äntwerten. D'Regierung muss handeln! Et geet drëm, déi gesellschaftlech Aktivitéite méi sécher ze maachen. Dat ass urgent! Et geet drëm, de Bierger erëm lues a lues hir Fräiheeten zréckzeginn. Och dat ass urgent!

Wéi gesot, leider Gottes krute mer do d'Äntwerten nach net. An dofir wëll ech och wierklech gäre wëssen: Wivill Schnelltester wëllt Der de Leit zur Verfügung stellen? Ech krut eng Äntwert op een Deel vun der Strategie, krut ech erkläert. An do steet dran, an der Äntwert, Selbsttester kéinten elo déi klassesch Schnelltester ersetzen. Ben, datt ass fir mech keng Strategie. Da steet nach dran, dat géif dann elo méi einfach ginn, fir dat an de Klinicken, Dokteschpraxisen, Altersheimer an esou virun-ze maachen. Dat ass och nach keng Strategie, datt ass eng Ausso. An da solle se elo méi an den Altersheimer agesat ginn, och an de Schoulen, okay. An da steet an der Äntwert, am Sport an an der Kultur wäer se schonns limitéiert am Asaz - och dat ass keng Strategie - an d'Regierung géif d'Benotze vun de Schnell-

Selbsttester encouragéieren - och dat ass keng Strategie, et doet mer leed, kee schlëssegt Konzept!

Also: Wivill Schnelltester, Selbsttester stellt d'Regierung de Leit zur Verfügung? Mir fuerderen der zwee pro Woch. Wou kënnen d'Leit dës Schnelltester an Zukunft maachen, wa si e Certificat brauchen? Apdikten? Dat geet, mengen ech, net duer. Wou ass d'Logistik? Ass déi Logistik schonn do? Hei ass wäertvoll Zäit verluer gaangen. Wéi ginn d'Resultater erfaasst? Wéi vill Tester stellt d'Regierung der Strukture fir eeler Leit zur Verfügung? Well d'Madamm Cahen huet annoncéiert, dat géif elo lafen. „Dat géif elo lafen“ ass gutt, et hätt awer och scho kënnen éischter lafen.

Schnelltester an de Schoulen: No der Testphas kritt elo all Schüler an all Enseignant een Test pro Woch zur Verfügung gestallt. All Expert seet, et missten der mindestens zwee sinn. Et ass wichteg, wierklech wichteg, elo all Moyenen ze notzen, fir d'Schoule sécher ze maachen. Dir wësst, d'Schüler, déi Jugendlech, déi ginn zum Schluss geimpft. Also musse mer alles drusetzen, datt mer do elo u sech eng Sécherheet erabréngen. An dofir widderhuelen ech hei meng Fuerderung, datt mer och an de Schoulen zwee Tester pro Woch asetzen, fir d'Enseignanten, fir d'Educateuren, fir déi Jugendlech.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la pandémie COVID-19 domine toujours notre vie quotidienne et que les douze derniers mois, avec les énormes restrictions sur nos libertés quotidiennes et notre vie sociale, ont eu et ont toujours un impact considérable sur différents secteurs économiques ainsi que sur le bien-être mental de notre population ;*

*- constatant que les experts sont d'avis que pour l'instant le seul moyen qui permettrait d'envisager des assouplissements progressifs serait une stratégie combinant aussi bien les vaccinations, les tests (PCR, tests rapides et tests à faire soi-même) ainsi que l'observation des règles sanitaires ;*

*- constatant que les enfants et adolescents seront les derniers à être vaccinés mais risquent d'être exposés au virus dans les écoles et lycées ;*

*- constatant que les tests rapides sont utilisés dans les écoles de manière systématique depuis cette semaine,*

*invite le Gouvernement*

*- à mettre à disposition 2 tests rapides par semaine à toutes les personnes présentes dans les infrastructures scolaires et d'accueil (enfants et personnel d'éducation et d'accueil) sur le territoire du Grand-Duché afin de garantir la meilleure protection possible.*

*(s.) Martine Hansen, Jean-Marie Halsdorf, Françoise Hetto-Gaasch, Marc Spautz, Claude Wiseler.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- D'Regierung muss also endlech eng kloer an transparent Strategie fir den Asaz vu Schnelltester op den Dësch leeën, fir éischstens d'besteend Öffnung méi sécher ze maachen, zum Beispill d'Schoul, a fir zweetens de Bierger erëm méi vun hirem Liewen zréckzeginn. Mir wäerten elo sécherlech dës kéier net nach eng Motioun abréngen, si ass schonn zweemol ofgeleent ginn. Dat ass traureg. Hei ass wäertvoll Zäit verluer gaangen!

Da kommen ech bei dee véierte Punkt: Green Pass. Och do hu mer schonn eng kéier driwwer geschwat. Am März huet d'Europäesch Kommissioun de Green Pass annoncéiert - „safe and free movement“. Hei geet et drëm, datt d'Leit, déi geimpft sinn, déi en negatiiv Testresultat hunn respektiv déi Anticorpsen hunn, dës kënnen op eng digital Aart a Weis erfaasst kréien an nowiesen, eeben eng digital Aart a Weis, déi wa méiglech fälschungssécher ass.

Frankräich huet seng Tracingapp schonn entsprechend ugepasst, fir dës Daten ze erfaassen. Däitschland ass och dobäi. An ech hunn iergendwéi d'Gefill, wéi wa mir hei absolutt net virbereet wären. Mir hunn dat gefrot gehat an eiser Aktualitéitsstonn viru méi wéi engem Mount. Et kann nämlech net sinn, wann eenzel Länner hir Reesbestëmmungen oder och soss Fräiheeten un esou e Green Pass bannen, datt mer dann hei zu Lëtzebuerg net prett sinn, datt eis Bierger dann en Nodeel hätten! An der Kommissioun hu mer gefrot, do krute mer gesot, d'Regierung géif um Droit de libre circulation festhalen. Majo, ech wëll dat och, mee ech ka mer awer elo nach näischt dovunner kafen.

Dofir, an deem Sënn deposéieren ech och hei eng Motioun, wou mer d'Regierung opfuerderen, en technischen Dispositif en place ze setzen, fir datt mer déi, soubal de Green Pass prett ass, hei zu Lëtzebuerg kënnen ëmsetzen, fir datt mer eng national Certificatioun en place setzen, déi als Basis fir dee grénge Pass kéint gëllen, sou änlech wéi a Frankräich oder wéi an Däitschland, an dat natierlech ënner Berécksiichtigung vum Dateschutz.

#### Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*- sachant que la Commission européenne a annoncé, il y a trois semaines, son projet de « passeport vert » qui attesterait que son titulaire soit a été vacciné contre le Covid-19, soit a passé un test PCR négatif, soit est immunisé suite à une infection ;*

*- considérant que dans le cadre de la pandémie du Covid-19 plusieurs pays européens sont en train d'élaborer un « pass sanitaire » prévoyant un dispositif de certification des tests et de la vaccination pour les voyageurs ;*

*- constatant que via un code QR le gouvernement français va expérimenter, pendant un mois, une certification des tests et de la vaccination contre le Covid pour les voyageurs à destination de la Corse, l'outre-mer et les autres pays membres de l'Union européenne ;*

*- constatant que cette nouvelle fonctionnalité de certification vient d'être ajoutée à l'application française de traçage des malades du Covid-19, qui permettra de stocker les résultats des tests et à terme une attestation certifiée de vaccination ;*

*- constatant que le gouvernement allemand entend instaurer un système similaire à l'aide de leur application mobile de traçage ;*

*- estimant que pour le stockage de données tellement sensibles la protection de ces données doit être primordiale,*

*invite le Gouvernement*

*- à mettre en place dans les meilleurs délais tous les dispositifs techniques nécessaires afin que les résidents du Grand-Duché puissent adhérer à un tel passeport vert européen dès qu'il sera disponible ;*

*- dans un même ordre d'idées, à mettre en place immédiatement un dispositif de certification national qui puisse par après servir de base pour le passeport vert européen ;*

*- à œuvrer à tous les niveaux pour garantir au mieux la protection de ces données sensibles.*

*(s.) Martine Hansen, Jean-Marie Halsdorf, Françoise Hetto-Gaasch, Marc Spautz, Claude Wiseler.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech maache vläicht hei just eng kleng Kammer op: Ech hunn héieren, wann ee sech impfe geet - ech sinn nach net geruff ginn, ech hoffen, datt ech da geschwënn eng kéier geruff ginn -, datt een dat do mol net direkt kann a säin Impfpass androe loossen, datt een einfach e Certificat kritt. Do kritt een da gesot, et misst ee bei den Dokter goen. Ech verstinn dat och net, well wann een da bei den Dokter geet, muss een erëm eng kéier eng Ordonnance bezuelen. Och dat fannen ech net ganz sënnvoll.

Fënneftens: d'Ausgangsspär. Ass déi nach gerechtfertegt? Et ass eng vun deene schwéiersten Aschränkungen, déi kënne gemaach ginn. Déi kënnt u sech aus Krichszäiten. Et kann engem scho bal Angscht maachen, datt dat schonns normal ass. Si mécht an eisen Aen - an och dat huet de Claude Wiseler a leschter Zäit ëmmer erëm widderholl - am Moment kee Sënn. D'Terrassen dierfe just bis sechs Auer opmaachen, et dierf keen Alkohol dobaussen op der Place publique gedronk ginn, firwat elo nach do déi Ausgangsspär? Et muss een hei wierklech d'Necessitéit an d'Proportionalitéit kontrolléieren.

Da kommen ech bei e sechste Punkt, deem nach net esou dacks ugeschwat ginn ass, deem awer extreem wichteg ass a mengen Aen an an eisen Aen, datt ass d'Preparatioun, d'Adaptatioun vun eiselem Gesondheetssystem. Op dës Problematik hu mer scho méi dacks higewisen, et ass awer elo erëm eng kéier däitlech ginn, datt néideg Upassung während där ganzer Zäit net gemaach gi sinn. Och d'Chambre des Salariés weist an hirem Avis hei explizitt drop hin. An der Press hu mer nämlech gelies, datt a leschter Zäit Covidpatienten hu misen an d'Ausland transportéiert ginn. Also mir maache jo ëmmer déck Reklam, wa mir ee Patient aus dem Ausland heihinnerhuelen. An ech hunn net gewosst, datt mir der och géifen an d'Ausland transportéieren, well mer net genuch Häerz-Longe-Maschinen hunn. Ass dat no engem Joer Covid nach normal?

Da wëll ech awer och nach emol op d'Preventioun an op eventuell Laangzäitfolge vun dëser Covidkris zréckkommen an do op de „Kloertext“ vu virun enger Woch. D'Doktere si sech eens, ass do gesot ginn, datt duerch Corona manner Leit mat Kriibs, der Doudesursaach Nummer eent zu Lëtzebuerg, diagnostizéiert goufen - 10 % manner Diagnosen - an datt de Patient, zum Deel och aus Angscht vum Virus, ze laang gewaart huet, bis e sech medezinnesch Hëllef gesicht huet. Dat ass schlecht! Dat ass extreem schlecht! Do sinn awer Froen, déi sech hätte misse gestallt ginn: Wat kënne mer maachen, fir d'Klinicke méi sécher ze maachen, fir de Leit d'Angscht ze huelen? Mir hu separat Covidstrukturen ugeschwat gehat. Et ass einfach ni doriwwer disku-

tiert ginn an et gëtt et och nach ëmmer net! A mir hunn de Virus awer nach an de Virus wäert nach bleiwen, also muss déi Diskussioun do geféiert ginn!

An ech kann och u sech aus eegener Erfahrung soen, datt et net onbedéngt d'Angscht ass, déi een do nach ofbremst, fir dohinner ze goen. Ech hunn am September e Brëif kritt, fir an eng Mammographie ze goen. Ech hunn am September probéiert, e Rendez-vous ze kréien. Du krut ech gesot, dat wär eréischt d'nächst Joer méiglech a si hätten nach net de Kalenner vum nächste Joer. Ech hunn net verstanen, wéi dat soll goen, op jidde Fall krut ech do kee Rendez-vous. Du krut ech ee fir de März an du krut ech erëm telefonéiert; ech hunn elo ee fir Enn Abrëll. Ech fannen, datt ass extreem schlecht! D'Preventivmedezinn ass extreem wichteg a mir mussen all Moyen drusetzen, fir datt mer eis Klinicken, eise Gesondheetssystem um Lefe behalen.

Et ginn och zum Deel erëm eng kéier Operatione verréckelt, och do krut ech a leschter Zäit erëm eng kéier Telefonsurff. Also déi Preparatiounen, fir eise Gesondheetssystem, och wa mer e Virus hunn, parallel kënne virulafen ze loossen, déi hätte scho misse gemaach ginn, mee déi mussen dann elo virugeféiert ginn.

Zum Schluss, Här President: Dëst Gesetz passt zwou Saachen un, déi mam leschte Gesetz, wéi gesot, verpasst gi sinn. Mat dësem Gesetz ginn e puer Ouverturë beim Sport a bei der Musek gemaach, mee weiderhin ouni Konzept, ouni Kohärenz a virun allem gëtt et nach ëmmer keng Perspektive fir d'Leit a fir d'Betrieb. Et gëtt kee Wee opgewisen, fir aus der Kris erauszekommen. De Premier seet zwar, d'Impfe géif et erlaben, a kleng Schrëtt ze lackeren. Mee da weist eis déi Schrëtt! Weist de Leit déi Schrëtt! An net all dräi Wochen eng Virwëtzttut!

Mir brauche wierklech eng previsibel, novollzéibar an transparent Politik, an dat ass dëst Gesetz definitiv net. An dofir wäerte mir als CSV géint dëst Gesetz stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci, fir d'Wuert, Här President. Ufanga der Woch hu mer d'Zuel vun 3 Milliounen Affer weltwäit iwwerschratt, wann een den Zuele vun der Johns-Hopkins-Universität vu Baltimore gleewe kann Wann d'Zuele vun den Doudesfäll an den USA an och an der Europäescher Unioun net méi esou rasant klamme wéi nach viru Wochen a Méint, sou ass d'Situatioun a Mëttel- an a Südamerika alles anescht wéi ënner Kontroll. Brasilien huet bal 400.000 Affer, Mexiko iwwer 200.000 an och an Asie klammen d'Zuele rasant, ganz besonnesch an Indien. An den afrikanesche Kontinent ass och net vum Virus verschoont, virop virun allem d'Land Südafrika. An deene genannte Länner dierft awer, mengen ech, d'Donkelziffer, opgrond vu feelenden Infrastrukturen an och opgrond vun anere medezinnesche Méiglechkeeten, weesentlech méi héich leien.

Ech menge kënnen ze soen, dass mer als Weltgemeinschaft nach laang net um Enn vun dëser Pandemie ukomm sinn. Wann een d'Situatioun hei am Land analyséiert, kuckt, gesäit een e puer kleng Liichtblécker, awer och fir mech e ganz grouse Grond nach ëmmer zur Suerg: Eisen Taux d'incidence huet sech erëm ëm déi 200 agependelt, wëssend awer och, dass mer déi lescht zwou Woche manner getest hu wéi virdrun. Den Taux de positivité dréit ronderëm 2 %, bei Tester op Ordonnance läit e bei 5 %, an dat scho laang Méint. Als positiv dierf ee bewäerten, dass de Reproduktiounstaux déi lescht Woche konstant ënner eent louch, déi lescht Woch bei 0,9.

An de Spideeler gëtt et eng ganz, ganz liicht Entspannung. Bei de Soins normaux, do si mer vun 111 erof op 84. Leider klëmmt awer konstant de Besoin un Intensivbetter, an dat besonnesch bei méi jonke Matbierger. Dat mécht mer Suergen a weist, dass dëse Virus net nëmmen - an dat wësse mer schonn eng länger Zäit - eis eeler Matbierger betraff huet, mee elo och massiv déi berufflech aktiv Populatioun. Duerch d'Impfungen hält de Risiko an der Alterskategorie vun den eelere Matbierger staark of.

De 7. Abrëll hu mer e ganz klengen an e ganz virsiichtge Schrëtt no vir gemaach. Et war e Schrëtt, deem awer, mengen ech, vu grousser Bedeitung war. Mir hunn hei am Land nees d'Terrasse vun de Caféen a Restaurants opgemaach. An obwuel d'Wieder sech net vun der beschter Säit gewisen huet, huet et awer vill Leit net dovunner ofgehalen, sech direkt eng Plaz ze reservéieren an nees e Gieschen drénken ze goen oder e Maufel iessen ze goen. An dobäi ass et, mengen ech, net primär ëm d'Giesche gaangen oder ëm de Maufel, mee vill méi ëm dat klengt Stéck Normalitéit an ëm d'Gewëssheet, dass et lues a lues an déi richtig Richtung geet.

Natierlech hu vill Leit gehofft, dass dës Woch nach weider Ouverturë géife kommen an d'Ausgangsspär zum Beispill kéint opgehewe ginn. Déi aktuell Zuele sinn, fir esou eng Decisioun, am Moment lei-





der net gutt genuch: Vill Leit leien op den Intensivstationen, vill Leit musse beotemt ginn an och bei deene Jonke kënt et zu ëmmer méi schwéiere Krankheitsverleef. Wann e Patient bis op der Intensivstation ass, da bleibt en am Duerchschnitt zwou bis dräi Wochen do. D'Better sinn also eng relativ laang Zäit beluecht a wann d'Infektionen nees ze séier klammen an ze vill Leit mat Komplikationen optauchen, da kann et also erëm zu enger Iwwerlaaschtung vun eise Soins intensifs kommen.

Sou laang sech d'Situation op den Intensivstationen also net eendeitig verbessert, musse mir mat klengen a virsiichtge Schrëtt weiderkommen. D'Ausgangsspar a just zwee Leit doheim op Besuch am Stot bleiwen also bis op Weideres bestoen.

Mir müssen nämlech bedenken, dass och d'Virusvarianten de Verlaf vun der Pandemie beaflossen. Déi brittesch Variant mécht mëttlerweil iwwer 80 % vun den Neiinfektionen hei am Land aus a si ass och bedeitend méi ustiechend. Och déi brasilianesch Variant gouf detektiert. Ob dës Souche sech och séier wäert verbreed, ass am Moment nach reng Spekulation. Mee dës Ongewëssheet ass ee Grond méi, fir d'Aschränkungen nëmmen a klunge Schrëtt opzehiewen.

Wa mer d'Situation awer betruechten, steet Lëtzebuerg e gutt Stéck besser do wéi sou munch aner Länner. An Däitschland ginn d'Mesuren nämlech elo erëm vum Inzidenzwäert ofhängeg gemaach. Déi sougenannten Noutbrems, déi gräift, wann den Inzidenzwäert op iwwer 100 pro 100.000 Awunner klëmmt - de Méindeg louch den Inzidenzwäert an Däitschland bei 165. Kultur, Sport a Gastronomie hunn an Däitschland scho ganz, ganz laang hir Dieren zou.

Bis de 15. Mee ginn also déi aktuell Mesurë bäibehalen. An et freet mech awer ze gesinn, dass d'Regierung Ouverturen am Beräich vum Sport a vun der Musek ausgeschafft huet. Well och d'Veräinslieden - an et ass virdu schonn ugeklongen - huet massiv ënnert dëser Kris gelidden. Mee déi nei Reegelen, fir elo kënnen zu bis zu zéng Persounen, ënner Oplagen, sengem Hobby nozegoen, ass awer ganz wichteg. Och dat ass e wichteg Schrëtt zréck an d'Normalitéit, deen och der physescher a mentaler Gesondheet vun de Leit a virun allem deene Jonken zeguttkënn.

Ech wëll hei net méi an den Detail goen, well den Här Rapport, den Här Mars Di Bartolomeo, huet dat virdu gemaach an ech soen him och nach eng Kéier Merci fir seng exzellent Aarbecht.

Nach ëmmer hu mer dës Kris net ganz iwwerstanen, mee mat Hëllef vun de sanitäre Reegelen, de Schnelltester an den Impfungen léiere mer awer lues a lues, mam Virus ze lieden. Ab dëser Woch hunn d'Schüler, d'Enseignanten an d'Educateuren d'Méiglechkeet kritt, sech eemol pro Woch mat engem Schnelltest ze testen. Esou garantéiere mir eise Kanner de Presenzunterrecht an déi sozial Kontakter ënner méiglechst séchere Konditiounen.

D'Demokratesch Partei begréisst och d'Decision vun der Regierung, dass d'Leit tëschent 30 a 54 sech op fräiwëlleger Basis fir eng Impfung mam AstraZeneca aschreiw kënnen. Den Uklang an d'Beereitschaft, fir sech impfen ze loosse, waren, mengen ech, an den éischten zwee Deeg risegrouss. Wann ech richtig informéiert sinn, ass d'Hallschent vun deenen opene Plazen ugegriffen ginn.

Et ass, wéi de Premier gesot huet: Mir hunn den Impfstoff an en elo net ze benotzen, dat wär eng ongenotzte Chance, och well Liwwerunge vun aneren Impfstoffen op sech waarde loosse. An och wann de Moment eng gewësse Veronsécherung iwwert den AstraZeneca besteet, well et zu vereenzelte Fäll vun Thrombose koom, ass dës Option vun der fräiwëlleger Registréierung trotzdem eng gutt Alternativ.

De weidere Verlaf vun der Pandemie ass ongewëss. Virun allem déi vill Varianten, déi ëmmer nees detektiert ginn, stellen e Risiko duer. Eis Infektionszuele sinn zwar net niddreg, awer relativ stabil, och wann de LIST an de Kläranlagen d'lescht Woch erëm eng ganz, ganz kleng Trendwend no uewe festgestallt huet.

D'Normalitéit huele mer eis, alleguerten zesummen, mat klunge Schréck zréck. Lëtzebuerg beweist, dass et funktionéiere kann: Oppe Kinoen, Theateren an Terrasse si maachbar, soulaang mer eis un déi sanitär Mesuren halen. Wéi et weidergeet, läit u jiddwer Eenzelne vun eis.

Ech ginn den Accord vun der DP-Fraktion zu dësem Gesetz a soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gilles Baum. An da wier et um honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Härren, merci un de Rapport, fir deen x-te Rapport hei zu dësem Gesetz an och zu deene villen aneren. Hien huet wirklech eng grouss Experience an deem Domän hei gesammelt. Ech sinn awer sécher, en hätt och

gären drop verzicht, fir dat heite fir d'16. Kéier ze presentéieren.

201 Neiinfektionen op 100.000 Awunner an der leschter Woch, 202 Neiinfektionen op 100.000 Awunner déi Woch virun, 247 virun der Ouschtervakanz. Jo, dat si leider nach ëmmer ze vill Neiinfektionen! Mir musse weider dru schaffen, déi Zuel erofzekréien. Mir musse weider streng bleiwen a sanitär Moossnamen oprechterhalen. Mee d'Tendenz stëmmt awer, well mir gi lues a lues erof an hunn, bis elo mol, keng exponentiell Evolution vun den Ustiechungen, trotz klengen Erliichterungen, déi mer maache konnten an déi mer haut och nach eng Kéier wëlle maachen. Mir kënnen duerfir lues a lues, ënner strenge Reegelen, de Wee zréck an d'Normalitéit virugeen an dësem Gesetz, virun allem, wat de gesellschaftlechen, kulturellen a sportlechen Deel vum Liewen ugeet.

Déi lescht Wocheréckblécker a Saache Covid-19 sinn éischter gutt, müssen awer relativéiert ginn, well duerch d'Ouschtervakanz manner Tester gemaach goufen. Och déi lescht Analyse vum Ofwaasser an de Kläranlagen am Kader vun der Coronastep-Etüd deiten drop hin, dass dës Accalmie, „die Ruhe vor dem Sturm“, warscheinlech effektiv duerch d'Verändere bedängt war. D'Indicateure loosse drop schléissen, dass mer elo nees op den Niveau vu virun der Vakanz zréckkommen. Mir müssen d'Evolution gutt am A behalen, fir dass mer keng exponentiell Entwécklung kréien, eeben duerch dës Vakanz.

Suerge maachen eis och déi verschidde Varianten - déi brasilianesch, déi südafrikanesch, déi indesche -, wou et gutt ka sinn, Etüde lafen nach, dass verschidden Impfungen guer net méi richtig wirken, wou sech trotz Impfung Varianten ausbreeden an d'Epidemiologen Alarm schloen, dass mer déi, wa se sech ausbreeden, net méi richtig an de Grëff kréien. An ech si fir eemol mat dem éischte Riedner vun der CSV op dësem haitegen Dag d'accord: Mir wäerte mat dësem Virus nach laang befaasst sinn a mir musse mat em lieden.

Suerge maachen eis och déi ëmmer méi jonk Leit op der Intensivstation an an de Spideeler. Deen Trend ass net gutt. An och wa mer vill Leit duerch d'Impfung virun engem fatale Verlaf vun der Krankheit ausersetzen. An déi vill Reportagen an Temoignagen iwwert d'Folge vun der Infektion, déi een ëmmer erëm gesäit - et gëtt och vill vum Long-Covid geschwat -, soll een op alle Fall net ënnerschätzen an déi maachen eis och wirklech Suerge.

An duerfir ass et wichteg, dass mer net lichtfankeg mat den Infektionen ëmginn an ëmmer erëm drop hiweisen, dass et sech ëm eng ganz eescht ze huelend Krankheit handelt, wou mer nach vill Inconnuen hunn a wou mer nach laang net alles wëssen, an dass et iwwerhaapt net egal ass, wann ee sech domadder ustécht, wann een da seet: „Ben, ech si jonk, mir ass et egal, wann ech et kréien.“ Déi, déi et haten, an déi vill Experienze, déi ee ka liesen, déi weise genau de Géigendeel!

An dach kann een eiser Situation zu Lëtzebuerg och positiv Säiten ofgesinn. Eis Infektionszuele si wuel héich a bleiwen et leider och, mee si bleiwe weider stabil. Och am Verglach mat eisen Nopeschlänner - wann een deen da wëllt maachen, dee Verglach - leie mer nach ëmmer gutt, souguer wann een net berecksiichtegt, dass mir wäit méi teste wéi aner Länner: siwemol méi wéi Däitschland, véiermol méi wéi d'Belsch an dräimol méi wéi Frankräich. Et sinn awer och elo Länner an Europa, déi eis iwwerholl hunn am Testen. Dänemark, wann ech mech net ieren, ass op deem Wee, wou se elo och erkannt hunn, dass dat awer eppes bréngt.

A fir et emol nach eng Kéier ze preziséieren: Dat wäit méi Testen, dat bezitt sech net nëmmen op den LST, mee och dorobber, dass et hei zu Lëtzebuerg selbstverständlech ass, dass ee bei deem klengste Verdacht praktesch direkt an onkomplizéiert Zougang zu engem Test huet. Dat ass ganz sécher an deene meeschten aneren europäesche Länner, an och an eisen Nopeschlänner, net ëmmer de Fall. An duerfir kann een eis Inzidenzzuelen, objektiverweis, och net eent zu eent mat den Nopeschlänner vergläichen.

Eis weiderhi stabil Zuele weisen op alle Fall, dass eis Strategie, fir ëmmer nees d'Situation opgrond vu ville verschiddenen Indicateuren ze evaluéieren an opgrond vun deenen Indicateuren déi nächst kleng Schrëtt ze plangen, fir esou also lues a lues kleng a virsiichteg Ouverturen ze maachen an allkéiers ofzemaachen an ze kucken, wéi sech dat dann op eis Zuelen auswierkt, dass dës Strategie d'Strooss hält.

Mir hunn hei am Haus ëmmer erëm Fuerderungen héieren, och elo nach viru Kuerzem, fir e Plang, fir eng Strategie, e kloer Scheema, kloer Schwellenwäerter a wat weini geschitt, opgeet an zougeet, zu wéi engem Dag, zu wéi enger Auerzäit quasi. Effektiv hate munch aner Länner probéiert, esou no engem kloren a festgeluechte Plang virzegoen. Haut, no méi wéi engem Joer Pandemie, gesi mer, dass d'Situation zu all Moment änneren kann, dass en Inzidenz-

wäert oder en R-Wäert net duerginn, fir d'Situation anzuschätzen a fir déi richtig Decisiounen a Mesuren ze huelen.

An enger richteger Aschtzung, do spille vill verschidden Elementen eran: Niewent Inzidenz - an R-Wäert sinn natierlech d'Situation an de Spideeler wichteg, de Profill vun de Persounen, déi sech ustiechen, mee och soss nei Erkenntnisser iwwert d'Evolution vun der sanitärer Situation, iwwert d'Entwécklung vun der Pandemie, iwwert de Virus a seng Mutanten, iwwert d'Impfstoffen, hir Disponibilitéit, hir Wierksamkeet an nach ganz vill aneres, an och de Fait, wéi d'Leit an d'Verändere fueren, zum Beispill.

Dës Constat, deen och ëmmer méi Länner gemaach hunn, déi sech e fest definéierte Plang wollt ginn, dee se awer net anhalen konnten - an ech si frou, dass mir dat hei net gemaach hunn, obwuel et hei ëmmer erëm an ëmmer erëm gebietsmillenenaarteg gefuerdert gëtt, ouni selwer awer genau ze soen, op wat ee sech soll beruffen -, wäert och eng vun deene Schwierigkeeten vun engem neie Pandemiegesetz duerstellen: Wéi kréie mer kloer Krittäre festgeluecht, ouni eis awer déi absolutt néideg Flexibilitéit ze huelen, déi mer a sou enger spezifischer Situation brauchen? Wéi bleiwe mer bei enger konstant wieselnder Situation handlungsfäeg? Dat wäert e ganz schwierigen Exercice ginn, wa mer op deenen elo getrëppelte Weeër wëlle weidergoen, wa mer eis net wëlle weider aner Strategien, aner Méiglechkeeten ginn, fir da Gesetzter op Pabeier ze bréngen.

Déi virsiichteg Ouverturen, déi mer virun dräi Wochen decidéiert hunn - d'Terrassen zum Beispill -, déi hu keng nei Flambee provoziert. Déi Ouverturen, déi si gutt ukomm am Secteur, och wann ee muss mat ugezunnener Handbrems fueren. Si ass gutt fir d'Population, si ass fir eis all gutt, well mer erëm gewësse convivial Momenter kënnen hunn, trotz strengen Oploen a Limitatiounen. An ech wëll hei nach eng Kéier den Opdruff maachen, sech och un déi Reegelen ze halen, fir ze verhënnern, dass mer müssen zréckrudden. A bis elo hunn d'Leit dat och ganz gutt dobauss gemaach an ech wëll hinnen och dofir nach eng Kéier felicitéieren.

Elo kënnen mer weider kleng Ouverturë maachen am Sport an an der Kultur. An och dat ass positiv fir d'Gesellschaft, dat ass positiv fir d'Moral vun de Leit, fir déi mental, psychesch a physesch Gesondheet vun de Mënschen. Et ass och gutt, dass déi Reegelung an der Kultur vun zéng Leit, déi Musek maachen, mat véier Leit mat enger Mask un erausgeholl ginn ass. Dat wär wirklech schwéier ëmsetzbar gewiescht. Och wann d'Iddi hannendrun eng ganz louabel war, ass et awer gutt, dass dat elo geännert gouf. Dat mécht d'Veräinslieden erëm zum Deel méiglech. An d'Veräinslieden ass en enorm wichtige Bestanddeel vun eiser Gesellschaft. Déi Valeuren, déi een an engem Veräin léiert, déi Frëndschaften, déi si fir vill Leit op d'mannst grad esou wichteg wéi dat, wat se an der Schoul emol eng Kéier geléiert hunn.

A mir maache lues a lues erëm op. A mat lues a lues ass och kloer gesot, dass een net alles ka mateneen erëm opmaachen an dass ee sech Prioritéiten gesat huet. A wann ee sech d'Prioritéit gesat huet, dass et gewësse Méiglechkeeten am Sport erëm gëtt, da kritt een, wéi ech hei virdu vun der Riednerin vun der CSV, gesot: „Dat ass onverständlech! Dat ass net kohärent!“ Ech hunn emol eng Kéier déi Wieder alleguer opgeschriwwen, déi d'Madamm Hansen gesot huet: Et wär guer näischt geschitt, et wär Gepiddels, et wär keng Logik, et wär keng Strategie, et wär viles onkloer, et wär keng Kohärenz, et wär net virbereet. Et wär also ganz, ganz schlëmm, wat hei zu Lëtzebuerg geschitt, wann een dat doten alles fir wouer hält.

Bon, ech si wirklech fest iwwerzeegt, dass d'CSV hei absolutt falsch läit, wéi a sou villem, wat se an der leschter Zäit gemaach huet, an dass et ganz richtig ass, wat d'Regierung hei gemaach huet, dass se Prioritéiten gesat huet an dass se gesot huet: „Jo, an der Schoul an am Schoulsport, dat sinn zoue Gruppen. Do kann ee Sport maachen, well do kloer definéiert ass, wien do zesummen ass“, an dass een dofir net, wann een dat op där enger Säit opgemaach huet, iwwerall kann opmaachen an dee ganze Sport erëm méiglech mécht. Oder wëllt d'CSV dat? Ass et dat, wat d'CSV wëllt, dass et iwwerall erëm ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - D'LASEP ass, mengen ech, eppes anescht wéi de Schoulsport.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... méiglech ass, Sport ze maachen, an all de Veräiner erëm alles, alles opzemaachen? Ass et dat, wat d'CSV wëllt?

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dir hätt sollen nolauschtere virun!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - O, ech hu ganz gutt nogelauschert, Madamm Hansen. Ech hu ganz, ganz gutt nogelauschert! An Dir hutt, wéi alt erëm eng Kéier, wéi esou oft, 100.000 Froe gestallt, mee null, awer och null Äntwerte ginn! Dir gitt einfach keng Äntwerten. Dir stellt alles a Fro, mee Dir gitt keng Äntwerten!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mir hunn awer schonn zumindest zwou konkret Motiounen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dir hutt och, Dir hutt och hei, ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Da stëmmt déi!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... wéi d'Impfstrategie virgestallt gouf, Madamm Hansen, wéi hei iwwert de Cordon sanitaire geschwat ginn ass, deen d'Regierung ageféiert huet bei de Spideeler ..., do hunn ech keen héieren, dee gesot huet: „Ma mir hätten och gäre Cordon-sanitaires an de Fleegeheimer an an den Altersheimer.“ Dat hutt Der net gesot! Elo, am Nachhinein, sot Dir: ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mir hunn nach de Februar, ...

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... „O, mir hätten och do missen e Cordon sanitaire maachen!“

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... den 2. Februar, eng Question parlementaire dozou gestallt.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Ma dat ass einfach!

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.** - Heiansdo ass d'CSV duerno méi schlau.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Hannenno weess jiddwereen alles besser, Madamm Hansen.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.** - Net ëmmer, awer heiansdo!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Esou ass et ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... einfach, herno ze soen: „Mir hätten et besser gemaach a mir hätten et besser gewosst.“ Nee, esou ass et awer net an der Realitéit. Esou ass et awer net an der Realitéit, Madamm Hansen a léif CSV! An Dir gesitt dat jo och, Dir hutt jo och international Kontakter an Är Schwësterpartei an Däitschland oder och aner Schwësterparteien, déi fuere jo och elo net ee Kurs, wou se ni müssen zréckrudden, soss géift Der dat jo hei net kënnen esou soen. An hei zu Lëtzebuerg hu mer bis elo lues a lues opgemaach. A mir hunn et bis elo evitéiert, fir müssen zréckrudden. Also war déi Strategie, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass, guer net esou schlecht. Et ass kee Gepiddels! Et ass keen Zickzackkurs! Mir fueren eise Kurs. Mir fueren eisen eegene Wee, fir d'Situation hei zu Lëtzebuerg anzuschätzen an d'Mesuren ze huelen, a klengen novollzéibare Schrëtt, déi allkéiers evaluéiert ginn. A mir hale gläichzäiteg och e Bléck op d'Entwécklung an deenen anere Länner, souwuel wat déi sanitär Situation an d'Entwécklung vun de Mutanten ugeet wéi och a Bezuch op d'Mesuren, déi an anere Länner geholl ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Et geet virun a Richtung vu méi Fräiheeten, mee et geet noutgedronge lues virun. Mir müssen, wéi gesot, ëmmer nees kucken, wéi sech d'Situation entwéckelt. Am Moment musse mir speziell d'Situation an de Spideeler am A behalen, an dat virun allem, wat d'Leit ënner 60 Joer ugeet, déi ëmmer méi betraff si vu méi schwéiere Krankheitsverleef, ech hunn et virdu gesot. Dat mécht eis Suerge!

D'Zuel an den Undeel vun de Covidpatienten an de Spideeler an op den Intensivstationen geet erop, den Altersduerchschnitt geet erof an dat ass net gutt. Dës Entwécklung musse mer, wéi gesot, viru suivéieren an am Noutfall och dorobber reagéieren. A mir müssen och kucken, wat den Afloss an d'Verbredung vun deenen neie Mutanten ugeet, vun deenen nach laang net alles gewosst ass.

A positiv stëmmt eis awer déi gutt Progressioun bei den Impfungen. Jo, eng Woch maache mer der 6.000 den Dag an déi aner Woch maache mer der manner. Dat kënn vir. Mee am Allgemengen hu mer eis gutt rattrapéiert par rapport zum EU-Duerchschnitt. Och do leie mer relativ gutt. A mir hunn et hei mat den Impfungen awer faerdegruecht, schwéier Krankheitsverleef, Hospitalisatiounen an Hospitalisatiounen op der Intensivstation bei eelernen a méi vulnerabele Leit erofzekréien. A lues a lues komme mer jo och ëmmer méi wäit mat den Impfungen. A lues a lues kënnen mer eis dann och Gedanken maachen, wéi mer op déi dote Situation wäerte weider reagéieren.

An ech sinn nach eng Kéier iwwerrascht, dass elo vun der CSV hei gesot gëtt: „Jo, dee Cordon sanitaire, deen hätte mer och misse maachen. A mir hätten elo gäre quasi eng Impfflicht“ - wann ech dat awer richtig deiten, eng Impfflicht am Fleegeberäich-Secteur. Gëllt dann déi Impfflicht do och fir d'Schoul? Mussen dann elo d'Kanner och virweisen, dass se en negativen Test hunn, wa se an d'Schoul kommen, well soss dierfe se net méi an d'Schoul kommen? Mussen dann och d'Schoulmeeschteren en Impfpass hunn, wa se an d'Schoul ginn, ...

*(Brouhaha)*

... soss dierfe se keng Schoul méi halen? Oder wéi wäit ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dir musst mir net grad hei all d'Wieder am Mond verdréien.





■ **M. Georges Engel (LSAP).**- ... wëllt Der dat da féieren? An deem enge Beräich, do hätt Der et gären, an deem anere Beräich hätt Der et net gären. A wat maacht Der dann, wa kee Personal méi do ass, fir d'Leit ze soignéieren? Wat maacht Der dann, wann eng ganz Rei op hiert Recht pochen ze soen: „Mir wëllen net geimpft ginn“?

*(Coups de cloche de la présidence)*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Engel, d'Madamm Hansen wëllt Iech eng Fro stellen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Oder hätt Der gären, dass eng Impfflicht kënnt?

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Fait personnel. Ech wëll mer einfach net d'Wierder am Mond verdréie loossen.

Ech hunn net vun enger Impfflicht, weeder bei den Enseignanten nach bei de Kanner, geschwat. Well d'Kanner kënnen jo nach net geimpft ginn. Ech hu gesot: „D'Kanner kënnen net geimpft ginn, déi Jugendlech kënnen nach net esou séier geimpft ginn, also mussen mer d'Schoul esou sécher wéi méiglech maachen.“ An all Expert seet et, an ech mengen, souguer och den Här Lauterbach, an ech mengen, dee steet Iech jo e bësse méi no, seet: „mindestens zweemol d'Woch.“ An dat ass dat, wat mer gefrot hunn. Mir hu vu soss näischt geschwat.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo. Mee Dir frot d'Impfflicht bei deem engen, ...

*(Brouhaha)*

... an der logescher Konsequenz misst se jo dann och éierens anescht, ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ma well dat vulnerabel Leit sinn!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- ... misst se jo och op där anerer Säit sinn.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- An der Klinik an an den Altersheimer si vulnerabel Leit.

■ **M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre.**- Dat heescht also, Dir hätt net gären déi nämmelecht Bedéngungen an de Schoulen? Do ass et also anscheinend net esou wichteg wéi an engem anere Beräich?

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Also, dem Här Kersch wëll ech soen: An der Schoul sinn net onbedéngt vulnerabel Leit!

■ **Une voix.**- Voilà!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- An de Klinicke si vulnerabel Leit, an den Altersheimer si vulnerabel Leit an do brauche mer en dichte Cordon sanitaire, e Cordon sanitaire, dee keng Seibecken ass, mee en dichte Cordon sanitaire. An duerfir hu mer déi Proposition de loi gemaach.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Ech wëll just soen, ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- An de Schoule wëlle mer gär sou sécher wéi méiglech sinn. A mir fuerdere Schnelltester.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- ... ech wëll just soen ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Engel, den Här Roth wëllt och nach eng Fro stellen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Natierlech kann den Här Roth mir och eng Fro stellen.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Ganz éierlech, Här Engel, mee mat allem Respekt, ech fannen et awer éierlech gesot net normal, dass Leit, déi an engem Fleegeersesau schaffen, net geimpft sinn a covidpositiv ...

*(Brouhaha)*

... bei Leit ginn, déi se solle betreien, wat an der Reegel - well soss hutt Der jo keng Fleegeversécherung zegutt - vulnerabel Leit sinn. Ech fannen dat net normal! An ech fannen, dass de Principe de précaution dat do net sollt erlaben.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Roth. An elo kritt den Här Engel d'Wuert zrëck.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Dee selwechte Principe de précaution misst jo dann och fir d'Schoule gëllen.

*(Brouhaha)*

A majo.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Nee. Mee et ass awer en Ënnerscheid. Do sinn ...

*(Brouhaha)*

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Gutt.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo, jo, jo.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Ech wëll just soen ...

*(Brouhaha)*

Ech wëll just soen: Wa virdrun d'CSV vu „guer näischt“, „Gepiddels“, „keng Logik“, „keng Strategie“, „villes onkloer“ a „keng Kohärenz“ geschwat huet, dann, mengen ech, hu se vu sech selwer geschwat.

■ **Une voix** - A!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Wann alles esou geet, wéi mer dat hei de Moment geplangt hunn an iwwerluecht an ugeduecht hunn, da wäerte mer an deenen nächste Wochen a Méint gutt an ëmmer méi bei den Impfungen virukommen an esou och ëmmer méi Fräiheete kréien, déi Fräiheeten, op déi mer alleguerte gammsen an déi mer alleguerte gären hätten.

A wa mer alleguerten zesummen, a virun allem hei op menger rietser Säit, an ech wëll net den Här Marc Baum nach eng Kéier an dee Strudel hei materanzéien, mee wa mer alleguer zesummen och an eiser Kommunikatioun e bësse méi positiv wären, mengen ech, géife mer och an der Meenung dobaussen als Politiker vill besser dostoen. Ech ginn heimat den Accord vun der LSAP.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Georges Engel. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Wann ech hei esou op meng riets Säit kucken, hunn ech d'Gefill, datt den Här Engel d'CSV verscheucht huet.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Et waren der virdru schonn e puer net do.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Et sinn der awer nach e puer heibannen an dat fret mech ganz besonnesch.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Si sinn zu fënnef.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Si sinn zu fënnef. Ëmmerhin!

*(Brouhaha)*

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Den Här Lies geet den Appell maachen. A, lo si se zu sechs ...

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- A wéi mä Virriedner virdru gesot huet: Jo, et ass richtig, am Nachhinein ass een ëmmer méi schlau. A virun allem d'CSV. Ech hunn elo mat engem Reim ugefaangen, fir et e bësse poeetesche ze maachen.

*(Brouhaha)*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deemem Projet de loi fänke mer am Fong do un, wou mer mam leschte Projet de loi opgehale hunn, an zwar bei virsiichtege Schrëtt a Richtung Normalitéit.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- D'Schrëtt sinn nach ëmmer kleng. An d'Ausrichtung vum Projet de loi ass restriktiv, ganz kloer. Entscheedend ass fir eis awer, datt mir eis kontinuéierlech an eng richtig Richtung, an eng positiv Richtung beweegen a keng Sprangpressessioun mat dräi Schrëtt no vir an zwee no hanne veranstellen, esou wéi aner Länner mat hirem Hickhack tëscht Op- an Zoumaachen.

D'Strategie vun eiser Regierung besteet notament doran, op grouss Spréng ze verzichten an esou ze verhënneren, datt onvirsichteg Lackerungen no kuerzer Zäit nees réckgängeg mussen gemaach ginn.

Mat den Impfungen, Dir Dammen an Dir Hären, ass Lëtzebuerg mëttlerweil gutt ënnerwee. An ech wëlt och emol e positiivt Wuert un all déi Leit riichten, déi an den Impfbetere schaffen ...

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Merci.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- ... an eng ganz gutt Aarbecht leeschten. Ech muss soen, déi Impfbetere fonctionéieren à la perfection!

■ **Une voix.**- Ganz richtig!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Op der leschter Ligne droite vun der Immuniséierung duerch Impfung si mer allerdéngs nach net ukomm. An donieft wësse mer och mëttlerweil, datt de Virus ëmmer op en Neits fir béis Iwwerraschungen suert, net zulescht bei deene Jonken, wou en ëmmer méi oft zu schwéiere Krankheetsverleef féiert, vun all de Varianten, déi en esou mat sech bréngt, emol ofgesinn.

*(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)*

Et gëtt also gutt Grënn, fir virsiichteg ze bleiwen. An als Gréng ënnerstëtze mer dës Virsiicht vun der Regierung, awer och net just aus sanitäre Grënn. Mir ënnerstëtze se och aus psychologesche Grënn. Eng Politik, déi souzesoen nom „Zuckerbrot-und-Peitsche“-Prinzip fonctionéiert, ass eiser Gesellschaft nämlech och psychologesche net zouzemudden. A mir sinn och der Meenung, datt eng Method wéi dës d'Mënschen infantiliséiert. Am Fong ass e stänneg Hin an Hier tëscht Opmaachen an Zoumaachen näischt anescht wéi dat, wat d'Kanner beim Kleeschen a beim Houseker erliewen, nämlech Belounung a Strof am selwechte System. Op laang Dauer féiert esou eng Hin-an-Hier-Method zu Onverständnis bei de Mënschen a gëtt mat der Zäit kontraproduktiv, well kee weess, wou en drun ass. An da gehäit een d'Reegele fréier oder spéider iwwer Bord.

Zu Lëtzebuerg, an dat weisen d'Sondagen, ass d'Akzeptanz vun de Reegelen nach ëmmer grouss, quitte datt ee sech awer munchmol muss froen, wivill Stéit sech effektiv un d'Zweeërreegel halen am Privatberäich. Et ass verständlech a mënschlech, datt sech net ëmmer dru gehale gëtt, mee et ass onverantwortlech an eigentlech entsprécht et jo awer och net dem Gesetz.

Egal wéi woen ech haut awer ze behaupten, datt d'Kontinuitéit vun de Moossnamen, déi mer mat de leschte Covidgesetz - et sinn der schonn eng Rei - erreicht hunn, eis haut vu Virdeel ass. Dat gesäit ee ganz genee un den Infektiounszuelen an um Infektioungsgeschéien, wou ech e bëssen d'Vergläicher gekuckt hunn um internationalen Niveau. An do muss ee wierklech soen, datt mer als Lëtzebuerg dach awer besser dosti wéi vill aner Länner. Dat léisst d'Hoffnung op méi Fräiheeten natierlech wuessen. Ech wëll domat awer net soen, datt een all déi Zuele soll verharmlosen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Moossnamen, déi mir dann haut mat deemem Projet de loi decidéieren, huet de Rapporteur Mars Di Bartolomeo gutt erkläert virdrun. An dofir him eng weider Kéier e grouss Merci, och wann en elo kuerz bis eraus ass. Si sinn an e puer Sätz resuméiert.

*(Interruption)*

A, en ass op der rietser Säit.

■ **M. André Bauler (DP).**- En ass matzen ënner eis.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Awer net ze wäit.

*(Interruption)*

Ech hat en net erkannt. En huet eng Mask un. An en ass e bëssen, ...

*(Interruption)*

... en ass net op senger Plaz. Mee ech hunn en entdeckt.

Ech waarden dann, bis Är Gespräicher fäerdeg sinn, an da fueren ech virun.

■ **M. André Bauler (DP).**- Loosst Iech net ophalen.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- D'Reegelen, déi den Här Rapporteur erkläert huet, sinn an e puer Sätz resuméiert. Fir eng ganz Rei Mënsche bedeite se awer ganz vill, ugefaange bei deene ville Membere vun de Musek- a Gesangsveräiner, déi gréisstendeels an der UGD regruppéiert sinn an déi eng laang Geschicht hunn, déi Veräiner. Si geet am Fong zrëck op d'Joer 1863.

Am Ganze sinn et, laut dem Stand vu virgëschter - ech hunn nogefrot - genee 12.911 Memberen, déi op 281 Veräiner an der UGD verdeelt sinn an déi e groussen Deel vun hiren Aktivitéite scho virun engem Joer praktesch un den Nol hu missen hängen, natierlech aus sanitären Ursaachen.

Datt d'Reegelen, trotz dem Konsens, deen d'Regierung mat der UGD ausageschloen hat, um Terrain ze gréisserer Onzeffriddenheet, Demotivation an Enttäuschung geféiert hunn, ass mënschlech a verständlech. An ech denken och hei un e Blommuseker vun der LSAP, dee sech och schonn dozou geäussert huet.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dobäi muss ee jo wëssen, datt dës Amateurmusikveräiner net just eng kulturell Vocation hunn an e wichtige Piller vun kulturelle Liewen zu Lëtzebuerg duerstellen, si suergen och fir sozialen Zesummenhalt, bestëmmt och zu Suessem bei Iech.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- A si droe massiv zum gesellschaftleche Liewen an de Gemenge bäi, an dat generatiounsiwwergräifend.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Richtig.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Mat deemem Projet de loi kënnen d'Fanfaren, d'Harmonien, d'Brassbands, d'Bigbands a wéi se all heeschen, also all d'Blösemembelen, ënner méi realistesch an adäquate Bedéngunge prouwen a Concerte spillen, quitte datt gewëssen Aschränkungen, déi schonn erkläert gi sinn, sech natierlech nach ëmmer opdrängen.

Ech kommen dann zum Sport. En zweete grouss Secteur, dee vun deemem Projet de loi profitéiert, ass eebe grad dee vum Sport, mee och vun den Aktivitéiten, déi ënnert de classeschen, vläicht liicht verelzte Begrëff vu „culture physique“ falen. Hautdesdaags schwätze mer éischer vu Fitnesscenteren, Danzschoulen, Yogazenteren an esou weider. Och hei féiert de Projet de loi zu engem Fortschrëtt an deem Sënn, datt nees ënner méi attraktive Bedéngungen trainéiert, gedantz a sech beweegt ka ginn, ouni datt de Schutz virum Virus ze kuerz kënnt. Dovu profitéieren net nëmmen d'Veräiner an déi aktiv Sportler, mee och d'Danzschoulen an d'Fitnesscenteren, déi ënnert den aktuelle Konditiounen zum Deel riskéiert hunn, carrement an d'Faillite ze falen.

Dobäi kënnt dann och, an do kommen ech bei d'Kompetitiounen, datt bis zu 100 Leit fir all

Leeschungsklass an Alterskategorie nees erlaabt ginn, wann zwee Meter Distanz zueneen agehale ginn. An et ass souguer méiglech, Här Rapporteur, datt een 100-Meter-Courssen, 200-Meter-Courssen a 400-Meter-Courssen ka lafen, am Fall wou zwee Couloiren zwëschent den Athleten ausgelosst ginn. An dat ass wierklech e ganz grouss Fortschrëtt, op alle Fall fir déi Sportaart, vun där Dir geschwat hutt, nämlech d'Lichtathletik.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- An 110-Meter-Hürden.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Geet och. Dës Lackerung féiert zu enger grousser Erliichterung, awer net nëmmen an där doter Federatioun, mee a ville Sportfederatiounen, wou ee muss wëssen, datt de Sportsektor e Secteur ass, an deem Dausende vu Kanner, Jugendlechen an Erwuessenen aktiv sinn. Vill vun hinnen erliewen de Veräi wéi eng zweet Famill, mat ville Frënn a Besuchspersonen. Donieft bitt de federéierte Sport natierlech och d'Chance, sech op eng fair Manéier ënnereneen ze moossen, Teamgeescht, Frëndschaft a Fairplay ze entwéckelen, wichteg Wäerter an eiser Gesellschaft, ouni Héichleeschunge mussen ze erbréngen. Kréien d'Sportler dës Chance während laanger Zäit net, gëtt d'Motivatioun fir ze trainéieren natierlech ëmmer méi kleng oder se geet carrement verluer, mam Resultat, datt kierperlech aktiv Mënschen zu Beweegungsmuffele ginn, mat alle gesondheetlechen a mentale Problemer, déi doraus entstinn.

An deem Sënn ënnerstëtze mir och, datt d'Schulschwammen nees fir ganz Klassen am Baseng méiglech gëtt, wat elo net méi méiglech war. Ënnert dem Stréch féiert dës op den éischte Bléck kleng Lackerung derzou, datt vill Klassen iwwerhaapt nees schwamme ginn amplat op eng Alternativ mussen auszewäichen, déi net onbedéngt aus Beweegung besteet an déi de Kanner d'Freed un der Beweegung jo dann och net ka vermëttelen.

Net manner wichteg ass déi gesellschaftlech, sozial an integrativ Fonctioun vum Sport a vun de Sportveräiner. An dowéinst ass et no laangen Zäite vu Kontaktaarmut onëmgängelech, de Maximum vum Méiglechen erauszuschloen. An ech sinn iwwerzeugt, datt dat mat deemem Projet de loi gemaach gëtt, mat der néideger Virsiicht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer vun de Veräiner schwätzen, déi jo haut am Mëttelpunkt stinn, féiert awer och kee Wee derlaanscht, fir e puer Wierder iwwert de Benevolat als wichtegt Standbeen zum Veräinsliewen ze verléieren.

Eigentlech huet d'Pandemie eis de gesellschaftleche Wäert vum Benevolat méi wéi jee bewosst gemaach. Et huet sech ausgestallt, datt en eng wichteg Stütz vum Staat ass, wann de Staat iwwerfuerdert ass, well wie war deen Éischten, deen isoléiert vulnerabel Mënschen am Ufank vun der Pandemie mat lesswuere versuergt huet? A wie war deen Éischten, dee Maske gebitt huet? Dat war net de Staat, dat waren d'Scouten an eng ganz Rei Benevoller aus anere Veräiner a souguer Privatpersonen, déi zousätzlech zu hirem normale Berufsalltag ganz kreativ gi sinn an Initiativen op d'Bee gestallt hunn, fir vulnerabele Mënschen ze hëllefen.

Doriwwer eraus leeschte vill Benevoller och eng wäertvoll Aarbecht um Niveau vun der nonformaler Bildung, vun der Erzéiung, déi sech net op professionell Strukturen wéi zum Beispill de Service d'éducation et d'accueil an anerer därefter limitéieren. Domat stellen ech déi Aarbecht net a Fro. Ech denken awer, datt déi informell Erzéiungs- a Sozialaarbecht, déi Honnerte vu Benevoller hei zu Lëtzebuerg am Alldag leeschten, eng wichteg Ergänzung zum professionelle Secteur duerstellen an déi Unerkennung muss kréien, déi se verdéngt, och a virun allem an der Pandemie.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Politik beschäftegt sech scho méi laang mam Benevolat an dat net eréischt zanter dem Ausbruch vun der Pandemie. Ech schwätze vun der dréngend néideger Ënnerstëtzung de Benevollen, déi am Koalitiounsaccord festgehalen ass. An ech denken, et ass esou lues de Moment, dovun ze schwätzen.

An deem Kapitel steet, datt de fräien an net remuneréierten Engagement vu Persounen d'Häerz vum sozio-associative Secteur duerstellt an eng wichteg Roll an eiser Gesellschaft spillt. Leider huet d'Entwécklung awer scho virun der Pandemie gewisen, datt de Benevolat a villen Organisatiounen réckleeft ass. Dat huet seng Grënn. De Benevolat huet mat ville Problemer ze kämpfen, och well d'Beruffsliewen ëmmer méi belasschtend gëtt zum groussen Deel.

Duerfir huet d'Koalitioun sech drop géeneeg, eng Strategie ze entwéckelen, fir de Benevolat méi gezielt ze fërderen an ze ënnerstëtzen, dëst an Zesummenaarbecht mat der Agence du bénévolat an am Dialog mat de Veräiner. Eis Suerg ass allerdéngs déi, datt d'Agence du bénévolat mat just 2,5 Tachen ausgestatt ass a mat deem Optrag dach awer virun enger grousser Erausforderung wäert stoen. An ech denken och un de Conseil supérieur du bénévolat, dee laut mengen Informatiounen net





méi fonctionéiert oder net méi esou, wéi e soll, wat natierlech och bedenklech ass. Mee vläicht liwwert grad d'Pandemie den Declic, fir dese Gremium nees ze reaktivéieren, wuel wëssend, datt d'Pandemie d'Problemer vum Benevolat nach verstärkt huet.

Vill Benevoller hunn den Uschloss un hire Veräin an der Pandemie verluer a riskéieren, de Wee zréck net méi ze fannen. Eng vun den Ursaachen ass déi, datt des Persounen sech selwer oder anerer wollte schützen an net méi un deenen Aktivitéiten deelgeholl hunn, déi eigentlech nach am direkte Kontakt méiglech waren. En anere Grond ass deen, datt d'Benevoller digital ënnerversuert sinn an de Kontakt zu hiren Associatiounen och doduerch verluer hunn, emol ofgesinn dovun, datt och net all Veräin digital iwwerbegaabt ass.

Am sougenannten digitalen Zäitalter ass et duerfir eiser Meenung no wichteg, där Entwécklung mat gezielten Offeren an d'Aen ze kucken, esou wéi dat och an anere Länner um Niveau vum Benevolat gemaach gëtt. An an der Lescht sinn eng ganz Rei Artikelen doriwwer ze liesen.

Elo, wou de Radius vun den Aktivitéiten nees ufänkt, virun allem ënner fräiem Himmel, méi grouss ze ginn, ass et awer och un der Zäit, alles drunzesetzen, fir den Terrain nees mat Liewen ze fëllen an opzepassen, datt d'Kanner an déi Jonk den Associatiounen net verluer ginn. An do kommen ech eebe grad bei d'Schnell- a bei d'Selbsttester, wou mer mengen, datt et schonn domat ufänkt, datt déi zimmlech einfach duerchféierbar Schnelltester oder, besser gesot, Selbsttester net just an de Schoule sollen agesat ginn, fir de Presenzunterrecht berechtigterweis ofzesécheren. Schnelltester a Selbsttester sollten an alle relevante Lieuen, op alle relevante Plazen agesat ginn, wou d'Mënsche sech zesummefannen, ugefaange beispillsweis bei de Scoutsampe fir d'Kanner a Jonker, an de Jugendhaiser bis hin zu de Seniorevereenegungen, dem Club Senior, a villen anere méi.

Aus deem Grond begrëisse mir et ganz kloer, datt d'Regierung Milliounen, wierklech Milliounen vu Schnell- a Selbsttester bestallt huet, fir se an de relevante Secteuren anzusetzen. Den Detail vun der Verdeelung ass nach net bekannt, mee ech ginn der-vun aus, datt de Premierminister oder d'Madamm Gesondheitsminister herno e puer Wieder wäerten doriwwer verléieren. Ëmmerhi kënnen sou Tester wéi des verhënneren, datt wichteg edukativ, gesellschaftlech, kulturell a sportlech Aktivitéite verbuede ginn an datt ganz Secteuren müssen zougemaach ginn. A si sinn och e wichtegen Hiewel, fir de Wee an d'Fräiheet eigentlech ze beschleunegen.

Meng Gedanke sinn elo scho beim nächste Projet de loi, op dee vill Leit souzesoe gedëlleg-ongedëlleg waarden an der Hoffnung, datt mer an der Kontinuitéit zu de Fräiheete fannen, virun allem wat d'Fräiheeten am Bausseberäich ugeet, vu datt et jo ëmmer méi kloer gëtt, datt d'Ustiechungsgefor dobaussen extreem niddreg ass a laut de leschten Erkenntnisser bei just engem Prozent läit. Dat ass wierklech net vill.

Am Hibleck op d'Zukunft, Dir Dammen an Dir Hären, wéilt ech ofschléissend awer nach en anere Punkt uschwätzen, deen zäitlech vill méi wäit reecht - iwwert déi nächst Joren eraus - wéi dese Projet de loi an deen nächsten. Et handelt sech ëm de sougenannte Long-Covid, deen och scho vum Georges Engel ernimmt ginn ass, deen zu Lëtzebuerg awer nach net weider thematiséiert ginn ass.

Am Ausland steet dese Phänomeen schonn am Mëttelpunkt vu villen Diskussiounen. Mir sinn eis awer bewosst: Ee Joer geet net duer, fir deifgräifend Etüden ze maachen an Datebanken unzuleeën. Dat ass evident. Dowéinst hu mer och iwwer ee Joer nom Ufank vun der Pandemie warscheinlech nach keen Iwwerbléck, wiwvill oder wéi eng Mënschen zu Lëtzebuerg un de Spéit- a Laangzäitfolle vum Virus leiden.

Um internationalen Niveau konnt allerdéngs scho beluecht ginn, datt déi laangwiereg Konsequenze vun enger Infektioun sech an Erschëpfungszoustänn weisen oder carrement an der sougenannter Fatigue, déi och Erschëpfungssyndrom genannt gëtt. D'Konsequenze weisen sech awer och a Symptomen wéi Kappwéi, Konzentratiounsstéierungen, Kuerzootomegkeet an neurologesch Stéierungen, déi sech meeschtens cumuléieren, änlech wéi bei Patienten, déi e Schlag erlidden hunn.

D'Weltgesundheitsorganisatioun schätzt, datt all zéngte Covidkranken, virun allem Fraen, vu Laangzäitfolle beträff wäert sinn an datt et sech heibäi virun allem ëm jonk Mënschen handelt, déi e liichte Krankheitsverlaf haten. D'WHO huet sech dann och zum Zil gesat, sech konsequent op d'Spéit- an d'Laangzäitfolle vum Covid ze konzentrieren. An dat ass eng gutt Saach. Zu deem Zweck wëllt d'Organisatioun e Konzept ausschaffen, dat de Long-Covid systematesch erfaasst.

Ech kommen awer dann zu Lëtzebuerg. Wat Lëtzebuerg betrëfft, stellt sech zum engen natierlech d'Fro, ob mir net awer misste systematesch ufänken, en eegene Regëster op d'Been ze stellen, fir déi néi-

deg Donnéeën ze erfassen elo mat der Zäit an eis e Bild ze maachen iwwert des Entwécklung an eisem Land. Zum anere stellt sech d'Fro, vu wéi enger therapeutescher Prise en charge déi Betreffen an Zukunft kënnen profitéieren, wuel wëssend, datt och schwach Patienten un änleche Symptomen leiden an nach keen Nosuergezentrum zur Verfügung hunn, net nëmmen, wat hir kierperlech Symptomen ugeet, mee och déi mental Problemer, déi mat esou schleefende Krankheeten a Symptomen verbonne sinn an Zukunft.

A schlussendlech stellt sech och d'Fro, wéi en Impakt d'Effete vum Long-Covid op d'Sécurité sociale wäerten hunn an ob net och wéi an anere Länner schonn iwwer eng entsprechend Nomenclature misst nogeduecht ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech si mir bewosst, datt d'Theema vum Long-Covid net Objet vun deem Projet de loi ass. Ech wollt se awer onbedéngt opwerfen, des Thematik, eebe grad, well et mëttlerweil a ville Länner zur Sprooch kënn. Lëtzebuerg dierf den Zuch net verpassen a mir sinn och iwwerzeegt an hoffen, datt sech op deem Gebitt wäert eppes doen, sief et op der Uni Lëtzebuerg, sief et an de Centres de recherche oder am LIH, déi jo alleguer awer gutt opgestallt sinn, fir sech där wichtiger Aufgab an enger éischer Etapp unzehuelen, a jo generell och gutt mam Santéministère zesummeschaffen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, leider, dat muss een ëmmer erëm feststellen, ass d'Pandemie permanent mat neien Erausforderunge verbonnen. Wa mir awer solidaresch a konsequent domat ëmginn an dat an Ugrëff huelen, wat mer müssen, da wäerte mer déi Erausforderungen och meeschteren. An och dovun sinn ech iwwerzeegt.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen deenen, déi heibanne waren, Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*. - Villmools merci, Madamm Lorsché. An als nächsten agedroene Riedner ass et um Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen** (ADR). - Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir si frou, och erëm eis Gesondheitsministesch an eise Reien ze hunn, wat mer dann och häerzlechst begrëissen.

Eemol méi huet den Här Mars Di Bartolomeo ons mat vill Begeeschterung duerch den Text vun deem neie Covidgesetz gefouert, duerfir soe mer him en häerzleche Merci. Awer d'Koalitioun an d'ADR bleiwen a ville Punkten enger fundamental anerer Meenung. Vun Ufank un an der Kris huet d'ADR sech géint all Aschränkung vun de verfassungsméisseg garantéierte Grondrechter ausgeschwat. An och haut soe mer nees kloer an däitlech: Mir wëllen, datt déi individuell Rechter vun der Beweegungsfreiheet a vum Schutz vum Privatliwene nees voll retabliert ginn.

Et muss Schluss si mat der Ausgangsspar a Schluss och mat den Aschnëtter an d'Privatliwene vun de Leit. Mir hunn als ADR eng Opfaassung vun eiser Gesellschaft, déi vun der Fräiheet vum Einzelnen ausgeet an net vun der Allmuecht vun engem Staat. Fir eis dréit de Bierger eng Eegeverantwortung a ka wichteg Decisiounen fir sech selwer huelen, ouni Gängelung duerch d'Regierung. A well mer an eiser Haltung konsequent sinn, verlaange mer op en Neits dee volle Retablisement vun de Grondrechter.

Fir eis Fuerderung e bëssen ze ënnermauern an ze dokumentéieren, wëll ech lech hei, Madamm Presidentin, eng éischt Motioun iwwerreechen.

### Motion 3

*D'Chamber vun den Deputéierten:*

*stellt fest:*

- datt zënter iwwer engem Joer eng Rei vu gravéierende Restriktiounen a verschidde verfassungsméisseg geschützte Grondrechter a Fräiheeten iwwer e reglementareschen oder legislative Wee am Kader vun der Covidkris imposéiert goufen, dorënner d'Versammlungsfreiheet, d'Handelsfreiheet, d'Bewegungsfreiheet an de Schutz vum Privatliwene;

- datt d'Begrënnung, d'Legitimitéit, d'Proportionalitéit an d'Effektivitéit vun de Moossnamen ëmstridde sinn,

ass iwwerzeegt:

- datt an engem demokratesche Rechtsstaat Restriktiounen vu Grondrechter müssen eng absolutt Ausnam sinn an datt esou Restriktiounen esou séier wéi méiglech nees müssen integral opgehuewe ginn;

- datt eng Weiderféierung vun deenen aktuelle Restriktiounen vun de Grondrechter, wann iwwerhaupt, sech all Dag manner justifiéiere léisst, ënner anerem och duerch d'Progrës an der Impfcampagne,

fuerdert d'Regierung op:

- spéitstens bei der nächster Ofännerung vum Covidgesetz an hirem Projet de loi all Restriktiounen

vun de Grondrechter, besonnesch och d'Ausgangsspar, an all Agrëffer an d'Privatliwene vun de Leit opzehiewen.

(s.) Jeff Engelen.

Mir wëllen och, datt d'Handelsfreiheet, d'Liberté de commerce, fir jidderee voll retabliert gëtt. Wann dat och scho bei ville Geschäfte de Fall ass, da bleift den Horeca-Secteur nach ëmmer heivun ausgeschloss a kann net normal funktionéieren. Mir bleiwen als ADR bei eiser Fuerderung, datt den Horeca-Secteur nees muss kënnen ganz opmaachen, selbstverständlech am Respekt vun deene virgeschriwwene Sécherheitsmoossnamen. An deem Sënn wëll ech lech dann och, Madamm Presidentin, eng zweet Motioun hei iwwerreechen.

### Motion 4

*D'Chamber vun den Deputéierten:*

*stellt fest, datt:*

- den Horeca-Secteur nach ëmmer net ouni Aschränkungen am Respekt vun de perséinleche Schutzmoossname funktionéieren dierf;

- all Beweis vun engem méi héijen Ustiechungsrisiko hei am Verglach mat anere Commercen, déi schaffen dierfen, feelt;

- d'Fonctionéiere vum Secteur, grad wann d'Wieder den Openthalt am Fräien agreabel mécht, positiv Auswirkungen op de Gemittszoustand huet,

ass sech bewosst, datt:

- vill Betriber déi ouni hir Schold a vun der Regierung verursaachte Manner-Recetten net méi laang wirtschaflech verkraafte kënnen;

- vill Betriber investéiert hunn, fir esou gutt wéi méiglech ënnert de Restriktiounen kënnen ze schaffen, och zum Beispill duerch d'Opstelle vu Wiederchutz op den Terrassen,

fuerdert d'Regierung op, am Fall, wou d'onageschränkt Opmaache vun den Hoteller, Restaurants a Cafëen net decidéiert gëtt:

- d'Autorisatioun fir Terrasse vu 6 Auer mueres bis 10 Auer owes ze decidéieren;

- den Entreprises ouni Aschränkung ze erlaben, hire Clienten op den Terrasse Wiederschutz ze bidden, och a Form vun Zelter.

(s.) Jeff Engelen.

Net nëmmen, Madamm Presidentin, hënnert des Regierung leider mat der Ënnerstützung vun der CSV den Horeca-Secteur um Opmaachen, nee, si geet och nach hin a gëtt verschiddenen Terrassen eng nei Definitioun a mécht domadder de Geck mat all deene Patronen, déi extra investéiert hunn, fir hir Clienten nees kënnen ze zerwéieren. Mir kënnen deen Duerjerneen net novollzéien.

Déi dote Gedanken hätt d'Regierung sech och scho kënnen virun engem Mount maachen. Mir verlaangen an hätten et och gäre gesinn, wann d'Terrasse weinstens owes bis zéng Auer hätte kënnen opmaachen. Ech mengen, et gëtt jo elo bessert Wieder, an ech mengen, et deet der Kaz kee Bockel an d'Leit sinn och erëm fir eelef Auer, wann d'Spärstonn ass, doheem.

Madamm Presidentin, mir begrëissen, datt e puer kleng Erliichterungen an deem Gesetz stinn, speziell am Beräich vum Sport an der Kultur. Awer eis geet dat deels net wäit genuch. Et bleift eis e Rätsel, firwat kee Publikum am Sport dierf sinn. De Risiko, fir sech an engem Stadion unzestiechen, ass ganz sécher net méi grouss wéi an engem Kino oder an engem Theater.

Mir verlaangen, datt och eis Sportler an deem Sënn kënnen op hir Supporter zielen. An an deem Sënn iwwerreechen ech lech dann déi drëtt Motioun.

### Motion 5

*D'Chamber vun den Deputéierten:*

*stellt fest, datt:*

- wëssenschaftlech Etüde wéi aus engem Mond vun enger Verschlechterung vun der geeschteger Gesondheet vun der Bevëlkerung als Konsequenz vun de Covidrestriktiounen schwätzen;

- d'Gesellegkeet, och am Kader vu sportleche Manifestatiounen, e wichtige Bäitrag fir des Gesondheet ass;

- d'Regierung net bewisen huet, datt den Ustiechungsrisiko bei enger Sportveranstaltung am Fräie méi grouss ass wéi de Risiko fir de Publikum, sech am Theater, am Concert oder am Kino unzestiechen;

- d'Publikumszuele bei esou Sportveranstaltungen hei am Land net esou grouss sinn, datt ee si misst begrenzen, fir e Mindestofstand tëscht de Leit kënnen am Stadion ze garantéieren,

fuerdert d'Regierung op:

- fir all Sportarten, déi am Fräie praktizéiert ginn, an alle Kategorien nees Publikum zouzeloossen, an zwar ouni Restriktiounen.

(s.) Jeff Engelen.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*. - Merci.

(*Interruption par M. Claude Haagen*)

■ **M. Jeff Engelen** (ADR). - Madamm Presidentin, mat hire Fuerderungen ass d'ADR ëmmer manner isoléiert. Am Ufank vun der Kris war meng Partei nach ganz eleng mat hirer Positioun fir de Respekt vun de Grondrechter, mee am Laf vun der Zäit sinn och aner Parteien lues a lues op eis Linn komm an doriwwer eraus och aner Organisatiounen. Doriwwer freeë mer eis.

Héich interessant ass an deem Kontext net nëmmen d'Diskussioun iwwert d'Fräiheet, mee och iwwert déi Krittikären, déi als Argumenter beméit ginn, fir eis Fräiheeten anzeschränken. E gutt Beispill ass déi kontrovers Debatt iwwert déi sougenannten Inzidenzwäerter. Mir haten als ADR méi wéi eemol iwwer Sënn an Onsënn vun deem terribel deiere Large-Scale-Testing geschwat a mir haten och eis Iwwerleeungen zu der Aussokraaft an der Interpretatioun vun de PCR-Tester hei méi wéi eemol virbruecht. Mir bleiwe bei eiser Fuerderung, datt d'Cour des comptes soll e Spezialrapport zu deem Thema schreiwen.

Madamm Presidentin, virun e puer Deeg hate mer an deem Haus eng animéiert Debatt iwwert d'Situatioun an de CIPAen. An deem Kontext hu mer viru Kuerzem och déi interessant Observatiounen vun der nationaler Mënschrechtskommissioun notéiert. Sou wéi d'ADR kritiséiert si d'Situatioun an den Alters- a Fleegeheimer. Vill eeler Leit ware massiv vun der Isolatioun betraff an déi hat e katastrophalen Effekt op hir Psych, soudatt vill vun deene betraffene Leit sech souguer d'Liewe wollten huelen.

Och d'ADR gëtt net midd ze betounen, datt d'Regierung hei endlech misst méi aktiv ginn, nodeems datt déi zoustänneg Ministesch versot huet. Vun der Mënschrechtskommissioun gëtt et dann och vill Kritik, datt des Mënsche vun hire Relatiounen einfach ofgeschnidde goufen, agespaart an datt hiert Besuchsrecht massiv ageschränkt gouf.

Mir sinn elo gespaant op den Experterapport a verlaangen, datt dee seng Aarbecht op eng wierklech onofhängeg Manéier ka maachen. Mir als ADR fannen och déi Iddi ganz interessant, fir an Zukunft enger externer Instanz d'Iwwerwaachung vun der Mënschrechtssituatioun an den Haiser fir eeler Leit unzevertrauen. Dat kéint iwwert den Ombudsman gereegelt ginn, deen duerfir misst déi néideg Kompetenze kréien an dat néidegt Personal. De Conseil supérieur des personnes âgées hat och schonn esou Iddien entwéckelt.

Madamm Presidentin, mir gesinn och mat vill Freed, datt och am Ausland vill iwwert d'Grondrechter an der Covidkris diskutéiert gëtt. Ëmmer méi Gerichte urteeler verdeedegen d'Grondrechter vun de Leit géint déi dacks ze vill restriktiv Politik vun de Regierungen. Mir haten Urteeler an deem Sënn aus Portugal, der Schwäiz, der Belsch, e puer däitsche Bundeslänner a mir si gespaant, wéi en aktuell lafende Prozess virum Bundesverfassungsgericht ausgeet.

Wéi hei zu Lëtzebuerg d'ADR et scho laang festgestallt hat, gëtt elo an Däitschland doriwwer verhandelt, ob d'Kontaktbeschränkungen an der Famill grad ewéi och d'Ausgangsspar géint d'Grondrechter vun de Bierger géife verstoussen an domadder net verfassungskonform wäeren. Zemools de Couvre-feu ass eng drakonesch Moossnam, déi an der Bekämpfung vun der Pandemie kaum eppes bréngt a méi e massiven disproportionéierten Agrëff duerstellt.

Madamm Presidentin, d'ADR begrëisst, datt d'Impfcampagne virugeet, déi fir eis natierlech muss op enger 100%eg fräiwëlleger Basis berouen. Mir begrëissen och, datt d'Regierung elo méi Transparenz an der Thematik vun den Niewewirkungen weist. Mir fuerderen d'Regierung op, eis komplett ze informéieren, zu wat fir engen Zorten Niewewirkungen an Doudesfall et bei deene jeeweilegen Impfstoffen kënn. Wann d'Leit solle Vertraue kréien, dat geet dat nëmmen iwwert de Wee vun enger Eierlecheet.

Madamm Presidentin, mir stellen eis och Froen iwwert d'Schnelltester an de Schoulen. D'Kanner sollen des Tester jo selwer ënnert der Observatioun vum Léierpersonal virhuelen. Des Tester schéngen offiziellen Donnéeën no däitlech manner fiabel ze si wéi d'PCR-Tester. Falsch Testresultater kënnen awer, besonnesch an engem schoulesche Kontext, ganz problematesch Konsequenzen hunn.

A wann een d'Packungsbeilag vun dese Schnelltester duerchliest, da stéisst een op folgenden Hiwäis: „Die Testergebnisse dieses Produkts sollten vom Arzt zusammen mit anderen klinischen Informationen umfassend beurteilt werden und sollten nicht als einziges Kriterium angewandt werden.“ Weider ass nach ze liesen: „Tragen Sie bitte beim Testen Schutzkleidung, klinische Maske, Handschuhe und Schutzbrille.“ Hei misst d'Regierung nach e realistesch Konzept entwéckelen, wéi esou Tester iwwerhaupt kënnen sënnavoll an zouverlässeg agesat ginn.





Madamm Presidentin, och wann an dësem Gesetz e puer Erliichterunge stinn, déi mer och ausdrécklech begrëissen, ass et awer dann esou, datt eenzel Grondfräiheeten, déi an der Verfassung verankert sinn, nach ëmmer ageschränkt ginn. An opgrond vun dëser Basis stëmmt d'ADR dëst Gesetz net mat.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Engelen. An als nächsten agedroene Riedner ass et um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Madamm Presidentin. Als Alleréisch wéilt ech dann och soen, datt och mir als Lénk frou driwwer sinn, datt d'Madamm Gesondheetsministesch nees hei ass. Mir haten an hir, och wa mer net ëmmer enger Meenung waren, awer bis elo ëmmer e ganz sträitbaart an intelligent Géigeniwwer. An ech si gradesou frou och, datt de Claude Wiseler erëm op de Been ass, well fir hie géllt op jidde Fall dat selwecht.

Mir sinn elo bei der x-ter, jee no Zielaart a -weis der 12., 14., 15. oder 16., Ofännerung vum Covidgesetz.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

A fir dat anzeschätzen, muss ee wéi ëmmer ufänke mat der Bewäertung vun der aktueller Situatioun. D'Neiinfektiounen si relativ stabil iwwert déi lescht Wochen a Méint. An och am Large-Scale-Testing gesi mer, datt d'Prevalenz an der Populatioun och relativ stabil ass ënner 1 %, wat gutt ass, wat e wichtege Indice ass, fir datt ee kann aschätzen, datt d'Propagatioun vum Virus aktuell op jidde Fall am Grëff ass.

Méi besuergniserreegend ass awer d'Situatioun an de Spideeler, déi een definitiv als ugespaant ka betruechten, op jidde Fall dee Volet, wat d'intensivmedizinesch Betreierung ugeet, a virun allem och, well den Undeel vun deene Leit, déi méi jonk sinn oder déi manner eeler sinn, konsequent an d'Luucht geet.

D'Varianten, d'Mutatiounen mussen mer och weiderhin am A behalen an d'Impfe geet virun, méi lues, wéi mer eis warscheinlech alleguer wënschen, mee et geet awer weiderhi virun. 20 % vun der Populatioun, dat heescht bal jiddwer Fënneften, hunn entre-temps eng éischt Impfung kritt, 7 % vun der Populatioun si ganz geimpft.

Duerfir hu mer et elo hei mat engem Gesetz ze dinn, dat am grouse Ganze keng groussaarteg Neiierung mat sech bréngt, mee d'Weiderféiere vun deem Bestoende mat lichten Adaptatiounen. Op där enger Säit hu mer liicht Lockerungen am Sport an am Kulturberäich, Lockerungen am Sport, wou et och an der Vergaangenheet ëmmer erëm zu Mëssverständnissen oder falschen Interpretatiounen komm ass: Wéi kënnen ënner wéi enge Konditiounen Kompetitiounen ënner wéi enge Leit stattfannen? An och elo hu mer am Beräich vun de Museken ënner bestëmmten Oplagen eng Erliichterung.

A mir sinn och prinzipiell averstane mat deenen zwou bescheidenen Ouverturen. Mir hunn awer e bëssen e Problem mat deem ganze Werdegang. Net nëmmen, datt zënter dem Depot, dee virun enger Woch geschitt ass, dräi weider Amendementer vun der Regierung afgloss sinn, mee et ass d'Beispill vun den Terrassen, dat fir eis symptomatesch ass, wéi effektiv legistesche hei virgaange gëtt. An dat huet leider Gottes traureg Kohärenz.

Virun dräi Wochen also sinn d'Terrassen opgemaach ginn an elo, dräi Wochen drop, maache mer Ännerungen am Gesetz, andeem mer dann definéieren, wat eng Terrass ass. Ech mengen, datt dat awer eng onméiglech Situatioun ass fir jiddwereen, souwuel fir déi Leit, déi direkt beträff sinn, also fir d'Exploitanten, d'Restaurateuren, Bistrotiere wéi awer och fir déi Leit, déi déi Reeegele kontrolléieren sollen, dat heescht, och fir d'Police, déi a Situatiounen kommen, wou se sech ganz vill Froe stellen an och net richteg wëssen, wéi se virgoe sollen.

An dat, wat mech dobäi awer fochst, ass, datt ech mech bei där Fro vun den Terrassen op jidde Fall erënnere kann, datt mer schonn am Juni d'lescht Joer eepesch Diskussiounen iwwert d'Definitiounen hate vun enger Terrass, also viru knapp zéng Méint! Mir hu stonnelaang, gefillt stonnelaang, a Kommis-siounen doriwwer diskutéiert. An dann, zéng Méint drop, gëtt e Gesetz presentéiert, bei deem dann erëm dräi Wochen drop genau op deem dote Punkt, dee mer scho virun zéng Méint undiskutéiert haten, weider gefréckelt gëtt. An et ass dee legisteschen Hickhack, deen een awer lues a lues midd mécht a wou een d'Gefill kritt, datt d'Regierung op deem dote legistesche Plang ëmmer weider aus der Héft schéisst.

An duerfir proposéiere mir zënter Juni d'lescht Joer, wéi mer déi éischt grouss Debatt haten, wou et ëm Ouverturë gaangen ass, datt alleguer d'Optiounen, déi mer hunn, souwuel, fir Saache méi opzemaachen, weider opzemaachen, wéi awer och am Fall, dee jo kee wënscht an deen awer age-tratt ass am leschten Hierscht, wou d'Infektiounen an d'Luucht ginn an d'Spidolsbesetzung erëm méi grouss gëtt, och wa mer müssen zoumaachen, all

déi Optiounen, datt déi op den Dësch kommen an datt mer déi kënnen an der Kommissioun diskutéieren, datt mer dat kënnen zesumme mam Staatsrot maachen, zesumme mat den Aweise vun de Beruffskummeren, vun der CNPD, vun der Mënscherechtskommissioun et cetera, et cetera, zumindest datt, wann d'Regierung zesumme mat der Chamber dann op de Wee geet, fir eng bestëmmten Optioun ze huelen, se legistesche virdrun ofgekläert ass, duerchdiskutéiert ass a verschidde Froe sech net méi stelle müssen.

Well eng Praxis, an do huet de Rapporteur Mars Di Bartolomeo Recht: Och wann e Groussdeel vun der oder déi gesamt Oppositioun déi lescht Kéieren d'Gesetz net matgestëmmt hunn, mir hunn awer an der Kommissioun matgeschafft, fir souguer déi Saachen, wou mer net domadder averstane sinn, awer besser oder méi kloer ze maachen. An ech mengen, datt dat och de Wee misst sinn!

D'Madamm Lorsché huet dovunner geschwat, datt jiddwereen op deen nächste Projet de loi gammst, wou dann hoffentlech nei Ouverturen dra sinn. Och dat géif elo schonn erëm bedeuten, wann dat dann esou wier, datt mer déi Optiounen awer zumindest um Dësch missten hunn. Domat hätt d'Regierung sech net verbindlech ausgeschwat, datt se déi Optiounen och géif zéien. Mee zumindest hätte mer déi verschidde Varianten um Dësch leien a kéinte se diskutéieren a mir kéinten, mengen ech, ganz villen Onkloerheeten am Virfeld aus de Féiss goen.

Well ech mengen, dorëms muss et awer goen, nämlech, dat ass den allgemengen Interessi, datt Reegelen, déi instauréiert ginn - ob ee se elo opportun oder net opportun fënn, dat ass nach eng politesch Diskussioun - zumindest kloer sinn. Wann ee vu Leit verlaangt, datt se sech u Reegelen halen, da müssen déi Reegelen och kloer sinn.

Här President, wann ech virdu gesot hunn, datt et gréisstendeels d'Weiderféierung vun aktuelle Bestëmmungen ass, da muss ech natierlech och soen, datt mer mat deem Mix vu Bestëmmungen, wéi en am Moment besteet, eis Schwieeregkeeten hunn, firwat mer och an der Vergaangenheet ëmmer géint dëst Gesetz gestëmmt hunn. Och dëst ännert sech net fundamental.

Ech komme just op ee Punkt zréck, well e mer wichtig ass, dat ass d'Fro vum Couvre-feu, e Couvre-feu, deen elo geschwënn en halleft Joer - en halleft Joer! - existéiert, deen extreem liberticide ass. En ass extreem liberticide, well een net méi zu enger bestëmmter Auerzäit ka virun d'Dier goen, ouni ze riskéieren, ugehalen ze ginn a protokolléiert ze ginn. Dat ass eng wierklech extreem wäitgoend Aschränkung vun der perséinlecher Fräiheet. An nach ëmmer ass d'Effikassitéit dovunner net bewisen a scho guer net d'Mouture luxembourgeoise!

An et kann ee sech froen, Här Premierminister, firwat se net bewisen ass, firwat et keng national Etüde ginn iwwert de Couvre-feu oder firwat net an internationalen Etüden déi lëtzebuergesch Mouture matgekuckt gëtt, mat deene Fallzuelen, déi mer zu Lëtzebuerg haten. Zumindest dat hätt een awer misse virgesinn! A wann ee weess, datt mer entre-temps en halleft Joer Couvre-feu hunn, mengen ech, wier dat ubruecht gewiescht. Well déi Selbstverständlechkeet, mat där déi Mesuren hei entre-temps einfach esou weidergeféiert ginn, ouni datt se gerechtfertegt ginn, ouni sech emol d'Méi ze maachen, se wierklech ze justifiéieren no hirer Effikassitéit an hirer Onauswäichlechkeet, well dat ass jo en Element vu Proportionalitéit, dat mécht mer éierlech gesot awer Suergen.

Ech mengen, et misst ëmgekiert sinn. Et muss allkéiers déi fundamental Aschränkung vun der Grondfräiheet argumentéiert a gerechtfertegt ginn. Béides ass bis elo net geschitt an et geschitt och dës Kéier net. An ech ginn net op all déi Diskussiounen an, déi et a ganz villen europäesche Länner iwwert de Couvre-feu gëtt, wat seng rechtsstaatlech Proportionalitéit ugeet, vun engem Avis vum däitsche wëssenschaftlechen Déngscht vum Bundestag iwwer Reegelingen an Holland respektiv an der Belsch. Nach a ganz villen anere Länner stelle sech déi dote Froen.

Dir wësst, an ech widerhuelen et net, déi Varianten ..., dat, wat mir proposéiert hunn, wéi een hätt misse virgoen, mat klaren a verbindleche Reegelen a mat Sensibiliséierung a Preventiounsmoossnamen an do natierlech och mat deene Partner, déi wierklech virbäi hätte misse sinn, nämlech d'Gemengen, déi nach ëmmer déi zweet Gei an der ganzer Pandemiebekämpfung spillen. A grad si missten am Beräich Sensibiliséierung a Preventioun déi alleréisch Gei spillen!

Ech ginn awer och, an domat halen ech bal op, op een Aspekt an, wou ech awer och éierlech gesot e bësse schockéiert war - d'Martine Hansen huet et virdrun ugeschwat -, wéi ech dat op RTL gelies hunn, duerno an den Zeiunge gelies hunn, an ech zitieren: „Et kënnt ëmmer méi dacks vir, datt Patienten, déi zu Lëtzebuerg wéinst Covid-19 hospitaliséiert sinn, an d'Ausland an e Spidol müssen.“ Dat stoung op RTL, dat selwecht stoung och am „Tageblatt“. An do stellen ech mer dann awer Froen.

Wa mir hei awer domadder ugi wéi eng Tut plakeg Mécken, well mer ee Patient aus dem Grand Est an eise Spideeler ophuelen, stellen ech dann awer d'Fro: Opgrond vu wat mussen da Residenten, déi zu Lëtzebuerg hospitaliséiert ginn, an d'Ausland gefuer ginn, well et anscheinend u Material, un Härzlongemaschine géif feelen? Wann dat esou ass, da fannen ech dat relativ skandaléis, datt et och e Joer duerno nach ëmmer esou ass, datt mer zu Lëtzebuerg e Materialproblem hunn. Datt mer e Personalproblem hunn, dat wësse mer scho laang, mee datt mer e Materialproblem hunn, dat wier awer nei an dat géif mer awer och weesentlech ze denke ginn.

(**Interruption**)

Eng allerlescht Remark, an domadder halen ech op, dat ass, wat d'Impfen ugeet: Et kann ee just hoffen, datt et ganz séier virugeet an datt ganz grouss Dealer vun der Populatioun an notament déi Gefäerdetst kënne geimpft ginn a sech och impfe loos-sen.

(**Interruption par la présidence**)

Déi Pandemie kréie mer awer eréischt dann an de Grëff, wa weltwäit déi Capacitéiten zur Verfügung stinn. Well och wann zu Lëtzebuerg, an Europa jiddweree geimpft wier, an an Indien, an Afrika oder a Südamerika geet de Virus weider, entwéckelt e Mutanten, da war alles dat, wat mer bis elo gemaach hunn, fir näischt! Duerfir mussen mer d'Produktionscapacitéite weesentlech an d'Luucht setzen, multiplizéieren. An duerfir mussen mer Patenter ophiewen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Marc Baum. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och ech si frou, datt d'Madamm Lenert erëm do ass, datt se eng verdéngte Paus awer hat. Et wär schéi gewiescht, wann et net zwangsméisseg dozou komm wär, mee wann een déi hätt kënne fräiwëlleg huelen. Ech mengen, dat hu mer eis alleguer gewéinscht.

Merci och dem Rapporteur fir déi x-te Variant vun engem Rapport iwwer e Covidgesetz. Ech fänken elo net un opzezielen, wéi oft mer schonn hei stoungen. Et fänkt esou lues un, wierklech zur Gewunnecht ze ginn. An deem Joer oder an deem wéineg méi wéi ee Joer, wou mer déi Pandemie elo hei hunn, huet Lëtzebuerg Stand gëschter Owend 790 Persounen verluer, déi sech mam Covid infizéiert haten - 790 Leit!

Mir héieren oft, datt Lëtzebuerg sech glécklech schätze kéint, bis elo gutt duerch dës Pandemie erduerchkomm ze sinn. An dach hate mer esou vill Doudeger ze verzechnen, wéi wann an engem Joer 10 Lëtzeburger Probellerfligeren erofgefall wären, oder, fir déi, déi léiwer de Bus huelen, 15 Reesbussen esou schwéier accidentéiert gewiescht wären, datt keen iwwerlieft hätt; 10 Fligeren oder 15 Bussen!

Ech erënnere mech nach, wéi d'Fokker 50 erofgefall ass, wéi grouss den Opschrei war, wéi grouss d'Trauer war, wéi grouss d'Emotiounen do waren. Haut si mer bei 10 Fligeren an engem Joer, 15 Reesbussen an engem Joer! Ech fannen, dat meritiéiert en Debat, e méi breeden Debat wéi nëmmen „mir verlängeren e Gesetz“. Wat d'Pandemie méi laang nämlech unhält, wat mer méi riskéieren, vis-à-vis vun dëse Statistiken ofzestompen.

A jo, wann een d'Unzuel u Persounen, déi hiert Liewe wéinst dem Virus verluer hunn, mat der Unzuel u deene vergläicht, déi de Virus erfollegräich bekämpft hunn, an och heibannen ass jo deen een oder aneren, deen en hat an e glécklecherweis iwwerlieft huet - an do dann och nach eng weider gutt Besserung un de Claude Wiseler, dee jo dat rezentst Affer war -, kann ech just soen: Et ass awer katastrophal, datt bal 800 Mënschen net ze rette waren! A wann dat u Materialmangel louch oder läit, da mussen mer dergéint eppes ënnerrhuelen!

Datt et trotz dëser schrecklecher Tatsaach ëmmer nach Leit dobauss gëtt, déi mengen, datt de Covid nëmmen en Hirnospinst ass, ass eng aner Katastroph. De Covid-19-Virus mat all sengen aktuell zirkuléierende Varianten ass geféierlech! A wa mer net wëllen, datt mer zu engem gewëssen Zäitpunkt kranke Mënsche keng Hëllef méi ubidde kënnen, well ze vill Persounen gläichzäiteg an d'Spidol müssen a keng Besserung méi fräi sinn, da brauchen mer Mesuren, fir d'Infektiounen niddreg ze halen.

Impfen ass eng vun dëse Mesuren. An dofir sinn ech och frou, datt mer et zesummen tatsächlech iergendwann e Mëtwoch den Owend fäerdegbruecht haten, souwuel de Marc Goergen wéi och ech, eis op d'Lëscht anzeschreiwen, fir eis fräiwëlleg mam AstraZeneca impfen ze loos-sen. Ech hoffen, jiddwereen heibannen, deen zu där Alters-tranche gehéiert, wat jo awer e gudden Deel ass, huet et änlech gemaach.

D'Fro, déi sech awer hei stellt, ass déi, ob déi aner Mesuren, déi mer aktuell hunn an déi d'Regierung

an d'Majoritéitspartei mam virleienden Text verlängere wëllen, wierklech déi richteg sinn.

Mir hunn hei e Gesetz, bei deem d'Auteuren der Meenung sinn, datt d'Situatioun engersäits gutt genuch ass, fir zu zéng Persounen aus zéng Stéit an engem zouene Raum zesummen Trompett ze spillen, mee net gutt genuch, fir datt dräi Leit bei eng aner Famill heemginn. Et ass gutt genuch, fir zu méi wéi zéng Leit zesumme Sport ze maachen, wann een zwee Meter Distanz hält, mee net gutt genuch, fir d'Ausgangsspär ofzeschaffen.

Do stellt ee sech awer Froen. Ech zumindest kann dat net novollzéien, well wéi déi rezent Debatten an Däitschland weisen, ass eng Ausgangsspär en Agrëff an d'Grondrechter, deen nëmmen an absoluten Ausnamsituatiounen, an deenen et keng - an ech betounen: keng! - aner Optioun gëtt, envisagéiert dierft ginn. Awéifern d'Ausgangsspär, esou wéi se an dësem Text ëmmer nach festgehalten ass, dozou bäidroen soll, Infektiounen ze senken, konnt d'Regierung bis zum haitegen Dag nach ëmmer net konkret erklären. An de Kolleeg Marc Baum ass am Detail drop agaangen.

Wat bréngt d'Ausgangsspär un zousätzlech Schutz, wann et scho Restriktiounen ginn, déi festleeën, wéi vill Persounen sech wou a wéi dierfen treffen? D'Ausgangsspär kann d'Leit guer net méi schützen wéi déi konkret Mesuren, déi d'Kontakter limitéieren a Geste-barrière festsetzen.

Dat Eenzeg, datt d'Ausgangsspär besser ka wéi all déi aner konkret Mesuren aus dësem Gesetz, ass et, Kontrollen zouzeloossen. Amplaz datt d'Police owes un d'Dier schelle kënnt, fir ze kucken, wéi vill Invitéen dobanne sinn, gëtt d'Police an d'Strooss gestallt, fir ze kucken, datt iwwerhaupt keen Invité méi owes an d'Haus erakënnt.

(**Interruption**)

Domat ass dës Ausgangsspär näischt anescht wéi eng Policemesure. Well d'Leit et méi gewinnt sinn, d'Police op der Strooss ze gesinn, wéi virun hirer Dier, ass eng Ausgangsspär de Bierger méi einfach ze verkafe wéi eng Policekontroll doheem. Mee eigentlech ass et genee dat selwecht: Et geet ëm Kontroll.

Mir hunn an dësem Gesetz kloer Reegelen, déi d'Kontakter limitéieren an dofir wichteg sinn, fir d'Ausbreedung vun dësem Virus anzedämmen. Mee d'Ausgangsspär ass keng dovunner! D'Ausgangsspär ass just eng Measure, déi et der Regierung erlaabt, d'Biergerinnen an d'Bierger duerch d'Police kontrolléieren ze loos-sen. De Virus kennt keng Auerzäiten, dem Virus ass et egal, ëm wéi eng Auerzäit d'Leit sech net un aner Mesuren halen. Et geet drëms, sech un déi aner Mesuren am Gesetz ze halen! D'Ausgangsspär erlaabt et just méi einfach, déi ze kontrolléieren. Et ass eng Kontrollmesure a keng Andämmungsmesure.

Mir Piraten bleiwen dofir derbäi, datt dat heiten, déi Ausgangsspär, engem schwéiere Verstouss géint d'Grondrechter entsprécht an datt de Kritter vun der Proportionalitéit hei net ginn ass a scho guer net vum Hannergrond, datt mam haitege Gesetz sollen aner weider Lackerunge gemaach ginn. Dat soll net heeschen, datt mer gewësse Lackerungen net à la base begrëissen, mee et geet ëm d'Reiefolleg. Un éischter Stell muss nämlech ëmmer de Respekt vun de Grondrechter stoen.

Dat gesot wëll ech awer och nach ganz kuerz op déi konkret Lackerungen agoen, déi hei proposéiert ginn.

Déi nei Dispositiounen, déi d'Reegele fir de Sport méi iwwersiichtlech an eenheetlech maachen, onofhängeg dovun, ob zwou, dräi oder fënnef Persounen gemeinsam Sport maachen, sinn definitiv begrëssenswäert. Si vereinfache ganz einfach den Alldag.

Mir freeën eis och doriwwer, datt bei der Disposition iwwert d'gemeinsamt Musizéieren entscheet gouf, datt déi komesch Reegel, déi awer e bëssen eng Nieigkeet gewiescht wär, datt véier vun zéng Leit missten eng Mask unhunn, während déi aner sechs keng missten unhunn, fale gelooss gouf. Ech mengen, dat vereinfacht d'Verstoe vum Gesetz.

Wat an der Kommissiounssëtzung och schonns erreecht konnt ginn a wat eis Piraten och ganz frou mécht, ass, datt, wéi mer an eiser Motioun, déi an d'Kommissioun verwise gouf, jo gefuerdert haten, elo och nach e System kënnt, fir déi Rescht bleiwend Impfdosen u Fräiwëlleger ze verdeelen, amplaz datt do e bësse fräihänneg agéiert gëtt. Mir si schlisslech hei net an enger Situatioun, an där mer eis et leeschte kéinten, och nëmmen eng eenzeg Dosis ze verschwenden!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum Ofschloss wéilt ech dann awer nach op déi vulnerabel Persounen aus de Wunnstrukture fir eeler Leit ze schwätze kommen. Ech bedauern, datt eis Proposition de loi fir d'Protocoles sanitaires an den Altersheemer a Logements encadrés nach net an der Kommissioun behandelt konnt ginn, datt nach net konnt e Rapporteur genannt ginn, datt se nach net weider... konnt ginn, well ...





■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Um Ordre du jour vun där nächster Sëtzung!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci. Ech wollt grad dorobber kommen. Mee et ass awer e bësse schued, datt de Staatsrot hei méi séier konnt schaffe wéi d'Chamber.

(*Hilarité*)

Politik muss hir Responsabilitéite vis-à-vis vum Drëtten Alter huelen. An dat soen ech och un d'Adress vun der Regierung, déi dréngend d'Reglement iwwert d'Medikamentendepote muss fäerdeg ausschaffen, fir datt et esou och am Gesetz kann applizéiert ginn. Well d'Gesetz ass schéin a gutt, mir brauchen awer och de Règlement d'exécution, soss geschitt nämlech guer näischt. Ech mengen, datt mer eis hei alleguerten eens sinn, datt een esou Saachen op wichtege Punkten net schleefe kann an därer loosson.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat allem, wat ech gesot hunn, wäert Der verstoen, datt mir Piraten dëse Projet haut net matstëmmen. Ech sot et schonns: De Schutz vun de Grondrechter muss ëmmer un éischter Plaz stoen. An e Gesetz, wat géint dëse Grondsatz verstéisst, dierft an eisen Ae keng Majoritéit fannen. Soulaang et hei an dësem Gesetz eng Ausgangsspar wäert ginn, wäerte mir eisen Accord net kënnen ginn. Dat hält eis awer net dovunner of, um Rescht vum Gesetz matzuschaffen a konstruktiv Proposen ze maachen. Heiansdo gi se akzeptéiert, wat mer ganz begreissen, heiansdo net. Dat ass Demokratie.

Ech mengen, et ass nach kee Gesetz esou aus der Kommissioun erausgaangen, wéi et erakoum. An de Mars Di Bartolomeo huet virduen eppes gesot, wat mech awer e bëssen interpelléiert huet, wéi e gesot huet: „Et ass schued, dass mer déi Gesetzter hei ëmmer 31 zu 29 ofstëmmen.“ Ech fannen et och schued a wann Der bei der nächster Interventioun zwou Stëmme méi wëllt hunn, da schaaft d'Ausgangsspar of an definéiert nei Reegele fir d'Zesummekommen doheim. Da kënt Der op eise Support zielen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Gitt mer dat schréfftlech!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

**Prises de position du Gouvernement**

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Merci, Här President. Erlaabt mer, lech fir d'éischt och meng Freed hei virzëbréngen, dass d'Madamm Lenert nees en forme ass an ech och d'ganz Woch scho mat hir ganz vill geschafft hunn. Ech muss lech soen, dass ech mech doriwwer ganz vill freeën. A selbstverständlech wëll ech och direkt dem Här Di Bartolomeo Merci soe fir säin - ech soen „x-ten“, da sinn ech sécher, dass ech net falschleien - Rapport iwwert d'Covidtexter.

Här President, wann een elo den Text kuckt, déi eng soen, „jo, et si kleng Ännerungen“, „et si grouss Ännerungen“. Um Text sinn et vläicht kleng Ännerungen. Ech kann lech just soen: Fir déi Leit, déi et concernéiert, déi Leit, déi Sport maachen, fir d'Leit, déi Prouwe brauche bei der UGDA, bei der Musek, sinn dat heite Riseschrëtt, fir d'Danzen, fir de Yoga, fir d'Communautéit, fir d'Veräinslieden, fir nees e gewëssen Deel Normalitéit ze kréien! Fir si an och fir d'Exploitanté vum deenen Zenteren ass et och ganz, ganz wichteg, well mat deene Restriktiounen hu se selbstverständlech och ganz, ganz vill Leit verluer. Dat muss ee just wëssen.

Erlaabt mer awer, ech kommen net derlaanscht, e Resümmee ze maachen. D'Madamm Hansen huet eis haut fir d'CSV ..., ech hu wéineg konkreet Proposen héieren, mee virun allem de Resümmee vun engem Joer. An et ass dat, wat mech stéiert, well je me propose de rebondir op dat, wat den Här Di Bartolomeo gesot huet an elo just den Här Clement vun den 31 zu 29. Ech hunn déi lescht zwielef Méint bal ëmmer als Refrain héieren: „Et ass ze spéit“, „et ass ze fréi“, „et ass ze spéit“, „et ass ze fréi“, „et ass ze vill“, „et ass net genuch“, dat net bei verschiddene Sujeten, mee souguer heiansdo an där selwechter Partei beim selwechte Sujet!

Ech huele Chrëschttag: Fir deen een huet ee missen opmaachen, fir deen aneren huet ee missen zoumaachen. D'Altersheemer hu missen opmaachen, well een d'Leit net sollt aspären, fir anerer hu se missen zoumaachen. Mee konkreet Propositionen hunn ech vermësst déi lescht Méint! Vill Kritik hu mer eis missen unhéieren, ganz vill Kritik!

(*Interruption*)

A wann ech hei elo vum Här Clement gesot kréien: „Wann Der gären zwou Stëmme méi hätt, da sollt Der de Couver-feu eraushuelen“, dat war och den Argumentaire vum Här Wiseler déi lescht Méint, fir ëmmer géint de Covidtext ze stëmmen. D'Etüd vun

der Oxford University seet, dass de Couver-feu méi bréngt wéi d'Schoul zouzemaachen! Här President, ech hu léiwer 31 zu 29 an d'Schoulen, déi op sinn, wéi e Couver-feu wëllen onbedéngt mussen ewechzehuelen an de Risk ze hunn, dass d'Schoulen zouginn! Dat dote seet eng Etüd, dass et méi effikass ass.

Duerfir, Här President, insistéieren ech op deem Punkt. Vlächcht ass déi Majoritéit knapp mat 31 an ech hätt léiwer, mir hätten et fäerdegbruecht, 60 Stëmmen ze kréien, well elo ass dee Moment, wou d'Leit dobaussen och gären hätten, dass mer zesummenhalen, dass mer keng Politique politicienne maachen! Mee ech mengen, deen Zuch ass verpasst gi vu ganz ville Parteien. Amplatz sachlech ze probéieren, de Leit dobaussen ze weisen, dass mer zesummenhalen, fir aus där Kris ze kommen, hu verschidde Leit probéiert, hei e politesche Benefiss ze maachen, an ech fannen dat schued!

■ **Une voix**.- Bravo!

■ **Une autre voix**.- Wat seet dann den Här Juncker?

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, wa mer vun der Ouverture vun den Terrasse schwätzen, dat war déi gréissten Zoustëmmung, déi mer bis elo haten nom État de crise - 58 vu 60. Jo, et war och an där Logik, déi mer depuis le début hunn, vun Equilibre tëschent Restriktiounen a Fräiheeten, wou mer nees nächst Schrëtt kënnen maachen.

Kuckt eng Kéier dobaussen! D'Leit hunn et gebraucht. D'Leit, den Exploitant hunn et gebraucht. Mir hunn lech erkläert, et wier eng „bouffée d'air“, eng „bouffée d'oxygène“ fir d'Leit, an d'Leit hunn et gebraucht, mee och deen, dee geschafft huet. A selbstverständlech, d'Meteo, den éischten Dag war net déi beschte Meteo. Mir si fir villes responsabel, mee wannechgelift, gitt eis net och nach d'Responsabilitéit fir d'Meteo! Mee mir hu gesinn, dass d'Leit et gebraucht hunn. An depuis le début probéiere mer justement, deen Equilibre ze fannen. A wann e Couver-feu do ass, ass et vlächcht, well mer aner ... Hei zu Lëtzebuerg gëtt et och e Couver-feu, mee zu Lëtzebuerg ass d'Kultur zum Beispill op, zu Lëtzebuerg ass de Sport op, zu Lëtzebuerg ass de Commerce op, zu Lëtzebuerg sinn d'Schoulen op! Zu Lëtzebuerg kann een ee besiche goen! Et kann een zu zwee bei ee goen, wou a verschiddene Länner d'Bulle méi kleng ass.

Jo, mir kënnen, mir hunn déi Rechter, dat kënnen ze maachen, wou an anere Länner déi Rechter net do sinn. An dat ass eeben deen Equilibre, wou ee vlächcht op dat eent e bësse verzicht, fir aner Saachen awer kënnen opzemaachen, well een net just dat eent sollt kucken, mee dat Gesamtbild och hei muss analyséieren.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, et si bal 100 Froe gestallt ginn. Also duerfir, mir hunn nëmmen 20 Minuten. Duerfir hunn ech schonn der Madamm Tanson an dem Här Vizepremier Kersch gesot, si bräichten net ze intervenéieren, well mir hätten net genuch Zäit. Mee ech hunn lech virdu gesot, wéi wichteg et ass. An duerfir wëll ech och de Ministère Merci soen da fir hir Presenz, fir dee Schrëtt, dee mer gemaach hunn.

Zum CSMI: Den AstraZeneca, Här President, mir hunn en Avis vum CSMI kritt. Hei gëtt gesot: „Et ass net ganz kloer.“ Mir hunn en Avis vun der EMA kritt a mir hunn en Avis vum CSMI kritt. An haut ass eng Question parlementaire urgente vum honorabelen Här Spautz och beäntwert ginn, wou mer ganz genau erklären, wéi de Prozedere ass. An et wier irresponsabel gewiescht, Här President, e Vaccin, vun deem bewise gëtt, dass en awer eng Protektioun vis-à-vis vum Covid bréngt, einfach an der Déifkilltru fir déi nächst Wochen a Méint vlächcht kënnen ze halen. A mir hunn an dësem Moment tëschent 24.000 a 25.000 Leit, déi sech schonn ageschriwwen hunn, fir volontaire mam AstraZeneca och geimpft ze ginn. An dat weist selbstverständlech och, dass d'Beerechtschaft vun de Lëtzeburger, fir geimpft ze ginn, och eng grouss ass.

Beim Johnson & Johnson wëll ech lech soen, dass och d'EMA seet: „kee Problem!“, mee mir wëssen, dass den CSMI sech autosaiséiert huet. Dofir, mir hätten haut kënnen Invitatiounen verschécke fir den Johnson, mir wëllen awer léiwer waarde bis muer oder iwwermuer oder bis e Méinden, wa mer den Avis vum CSMI hunn. Well wann deen déi selwecht Restriktiounen huet, kann ech haut, Här President, net ausschléissen, dass mer d'nächst Woch mussen d'Decisioun huelen, dass den Johnson och an déi File vum Volontariat kënt. Dat kann een haut net ausschléissen! Mee elo och en aneren Impfstoff an de Frigidaire wëllen ze stellen, mengen ech, wier och irresponsabel.

An da gëtt gesot: „Ass mat Dänemark geschwat ginn?“. Dänemark huet kommuniquéiert, dass se en am Moment géifen halen, well se eng Situatioun hätten, déi hinnen et géif erméiglechen, dass se en net géiffe benotzen, mee si géifen en awer halen. Mee mir hunn iwwert den Ausseministère an iwwert d'Santé Kontakt opgeholl mat den Interlocuteurs, fir

ze soen, wann iergendeen seng Vaccinen net méi kéint oder net méi wëilt, dass mir op jidde Fall interesséiert wieren, fir se ze huelen, ze kafen, ze tauschen, dat heescht elo ze kréien, fir duerno eng Kéier kënnen zrëckzeginn.

Iwwert d'Schnelltester: Mir hunn och iwwer 14 Millioune Schnelltester bestallt. De But vun eis ass, dass mer och eng large Distributioun maachen. Et si schonn 150.000 Schnelltester - Autoschnelltester, déi, déi ee selwer mécht -, déi och schonn iwwerall an de Grande-surface verkaaft ginn, déi si säit e puer Wochen och an de grouse Supermarchésketten ze fannen. Do gesäit een, dass och d'Bierger se schonn an hire Quotidien geholl hunn, mee d'Regierung ass, wéi gesot, mat där Commande vun iwwer 14 Milliounen Tester och amgaangen, ganz genau ze kucken, wéi ee mat der Aarbecht soll kucken, wéi ee mat verschiddene Projete ka kucken. A mir sollen dat och esou breet wéi méiglech an de Grand public kënnen kréien.

Här President, ech wollt direkt ophalen, elo hunn ech d'Hallschent vun der Zäit ..., mee ech wollt just nach ee Punkt maachen, well deen ass vu kengem hei erwänt ginn: D'lescht Woch ass och en SOS komm aus der Psychiatrie, dass d'Psychiatrie iwwerlaascht ass. Et gëtt aner Ursachen, och vlächcht net genuch Plazen, vlächcht net genuch Dokteren. Mee deen Appell solle mer net vergiessen.

A wéi mer mat der Madamm Lenert d'Spideeler besiche gaange si virun e puer Méint, stoung ech hei an dunn hunn ech lech gesot, dass en Equilibre tëscht Restriktiounen a Libertéiten dee richteg Wee ass. De Mënsch brauch och Fräiheeten. De Mënsch brauch Sécherheet, mee de Mënsch brauch och Fräiheeten. An dat ass dee Wee, dee mer déi lescht Méint gemaach hunn. A mir mussen alles weiderféieren, fir dass d'Psychiatrie net och op eng Kéier ... oder d'Konsequenzen à moyen terme méi laang daueren, wéi de Virus eis iwwerhaupt duerno och hei concernéiert.

Ech weess, mat de Varianten, « on n'est pas sorti de l'auberge ». Et gëtt jo souguer vun enger drëtter Impfung geschwat. Ech wëll elo net hei Panik maachen, mee et ass alles méiglech, dass mer nach Enn des Joers nei Informatiounen kréien, wou - bon, d'Varianten ... - mir mussen e Rappel oder e Booster maachen. Mee mir sollen einfach net ënnerschätzen, wéi eng psychologesch, psychiatresch, mental Repercussiounen eng Kris och huet. Do-éinst, déi Leit, déi gemengt hunn depuis le départ, et soll een eng Cloche iwwert d'Land maachen an et soll een de Leit iwwerhaupt keng Fräiheete ginn a mir wieren, an ech zitieren, „irresponsabel“, et wier vill ze fréi, et wier geféierlech, wéi dës Regierung schafft ... Ech mengen, mir hu bis elo probéiert, den Equilibre tëschent deem engen an deem aneren ze fannen.

Et ass keen einfache Wee, mee ech hätt léiwer gehat, mir hätten deen zesumme gemaach wéi allkéiers 31 zu 29. Et ass net dat schéinste Bild vun enger Chamber, Här President, fir net zesummen - zesummen! - hei ze weisen an deene schwéiersten Zäiten, déi ech an deene leschten aacht Joer och hat, dass een zesummenhält, wann d'Land et brauch.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Premierminister a Staatsminister Xavier Bettel. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Gesondheetsministesch, d'Madamm Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Merci, Här President. Ech si frou, erëm hei ze sinn an effektiv kee vun deene ville Momenter verpasst ze hu bis elo am Endeffekt. E grouse Merci och un de Rapportier fir deen ausféierleche Rapport.

Wat maache mer hei - ech kucken, mech kuerzfaassen -, ma mir spillen op Zäit. Et ass ganz kloer, d'Situatioun ass wuel stabil, dat ass positiv. Am Verglach mam Ausland sti mer relativ gutt do. Ech wier och frou, wa mer vun den Doudege schwätzen, wat en tragesche Kontext ass, wann ee sech géif op d'Surmortalitéit referéieren. Dat wier e bësselche manner populistesch an et géif d'Leit vlächcht net esou opdréien, wéi wann ee just mat deene blanken Zuele spillt.

Wat bedeit „Spillen op Zäit“? Et bedeit, eppes an d'Längt ze zéien. Mir sinn an engem kritesche Moment an dëser Pandemie, wou mer ganz vill Progrès gesinn iwwert d'Impfen. Mir si keng Formel 1, dat mag sinn. Dat wäerte mer awer eréischt richteg gesinn, wa mer ganz doduerch sinn. Mir huele ganz gutt op am Moment. An ech hunn och net d'Wonnerrezept héieren, wéi mer wirklech kéinten acceleréieren zu dësem Zäitpunkt, vu dass mer ofhängeg si vun de Liwwerungen.

Allerdéngs ass dat Positiivt, dass mer e ganz genauen Effet gesi vun den Impfungen. Et gëtt gesot, d'Leit wëssen net: Wat ass den Impakt, wat geschitt? Et gesäit ee ganz gutt, wann een eis Rapporte kuckt all Woch, dass sech dat um Niveau vun

den Neinfektiounen bemierkbar mécht. Mir gesinn, dass eeler Leit sech vill manner infizéieren. Et ass e Réckgang, et ass bal d'Hallschent nach vun der Inzidenz bei den iwwer 75-Järege. An där Kategorie just drënner hu mer e Minus vu 17 %, wou sech Leit nëmmen op eng Woch decaléiert manner ustiechen. Dat ass e ganz positiven Trend. Dat soll eis optimistesches stëmmen. Dat soll eis dat berüümt Licht um Enn vum Tunnel virun Aen halen. Mir sinn amgaangen ze impfen an dat wäert de Schlëssel sinn, fir lues a lues hei erauszekommen.

„Spillen op Zäit“, dat bedeit, eppes ze sécheren, wat mer hunn: Mir hunn eng gewësse Stabilitéit. Mir haten d'Chance, an där drëtter Well hei net esou krass getraff ze ginn, wéi aner Länner dat hu misse matmaachen. Dat heescht, mir hunn eng gewësse Stabilitéit an déi wëlle mer eis sécheren, déi wëlle mer halen duerch dat Spill op Zäit. Dat ass eng kloer Taktik an dat ass och eng Strategie, well mir wëllen net hin- an hierfuere. Duerfir si mer am Moment ganz virsiichteg, fir net iwwerstierzt elo opgrond vun enger relativer Stabilitéit hei am Land e Schrëtt ze vill ze huelen an erëm nach eng Kéier mussen zwee Schrëtt zrëckzegoen.

„Spillen op Zäit“, dat heescht also, net ze wëssen, wou ee wëllt higoen. Dat ass eppes, wat ee ganz bewosst mécht a ganz kloer mécht op eng gewëssen Zäit mat engem gewëssenem Zil. Eis Strategie bleift nach wie vor déi selwecht: Mir hu ganz fréi drop gesat, den ausféierleche Monitoring en place ze setzen, net mat engem Indicateur ze schaffen, mee mat villen Indicateuren, an dann eebe Schrëtt fir Schrëtt ze kucken, wat méiglech ass, ëmmer en Fonctioun vun den neisten Erkenntnisser, déi mer hunn, vun den Erfahrungen, déi mer gemaach hunn. An dat bedeit, dass mer eebe flexibel sinn an zäitno kucken, dat Beschte aus der Situatioun erauszéien, wat mer kënnen erauszéien.

Mir hu vun Ufank un, et ass gesot ginn, Dir frot et scho säit Méint, effektiv kee feste Plang an de Stee gemeesselt - wat geschitt, wann ...? -, well ganz vill Inconnuen ëmmer erëm ..., et gëtt een ëmmer erëm iwwerrascht mat neie Varianten, mat neien Effeten. An da muss ee sech upassen. Mir hunn dat ganz bewosst net gemaach. Ganz fréi hu mer als Land déi Optioun geholl. Et ass komplizéiert ze erklären, wann ee mat verschiddenen Indicateure schafft, ouni genau Inzidenz. Ech muss awer soen, ech sinn haut berouegt ze gesinn oder frou ze gesinn, dass vill Länner elo och op dee Wee ginn. Vill Länner hunn et probéiert mat engem Plang, ech kennen der net vill, déi nach dobäi sinn. Dir hutt mer virun enger Zäit hei gesot: „Kuckt emol Irland, déi hunn e klore Plang, et ass einfach fir d'Leit ze verstoen!“

Ben, ech stellen d'Fro, kann ee vun lech mir erklären: Wéi wier et dann elo an Irland? Wa mer d'Krittären hätte vum Plang vun Irland, wat wier dann elo hei mat eiser Inzidenz hei am Land? Wann dat esou einfach ass, wier et jo och einfach, dat ze veranschaulichen. Et ass awer net esou einfach!

Ech hu gekuckt gehat an der Press virun e puer Deeg: An Irland ass grouss Onrou, d'Onzeffridenheet ass op hirem Pic ukomm säit Ufank vun der Kris. De Plang kann net agehale ginn. Et si keng kloer Zuele méi, déi do stinn. Et gëtt geschwat vun eventuellen Oplockerungen, vun engem Monitoring, dee muss gemaach ginn iwwer all Chessmove, wou se soen ... Dat heescht, si kommen op déi Strategie, déi mir scho laang en place hunn, déi mir scho beim éischten Deconfinement haten.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- All eenzelne Schachzuch, all eenzelnen Chessmove muss gemonitort gi mat engem Ensembl vum Indicateuren. Genau dohinner kënt och Irland elo zrëck. D'Leit verstinn et net, si haten un dee Plang gegleeft, mee si krute Sand an d'Ae gestreet. An et ass dat, wat ech lech ëmmer gesot hunn: Mir maachen dat net, mir gaukeln de Leit näischt vir, eng Kloerheet, déi mer ganz einfach net hunn, eng Gewëssheet, déi mer net hunn.

Dann Italien: Ech krut de Moie gesot, an der Lombardie huet de Plang, dee se haten, elo mëttlerweil scho 17-mol geännert. Ass dat d'Léisung? Ech weess net, ob dat d'Léisung ass. D'Leit gleewe jo net méi drun.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- An dann an der Schwäiz, hunn ech och nogekuckt: An der Schwäiz hu se ganz délibérément drop renoncéiert, sech op een Indicateur festzeleeën, dat steet klipp a kloer an hirer Strategie. Och si soen, dass ee muss dem Kontext Rechnung droen, dass ee muss flexibel sinn an dass ee muss der Dynamik Rechnung droen. Wann ee seet, „der Dynamik Rechnung droen“, dann heescht dat, dass eng selwecht Zuel jee no Kontext eppes anescht seet. Si mer grad amgaangen eropzegoen, si mer stabil oder si mer amgaangen erfrozegoen? Dofir kucke mer jo den R-Facteur, den Taux de positivité a vill aner Saachen eebe parallel - dat heescht Monitoring mat enger gewësser Navigation à vue. Dat ass och de Schwäizer hir Erkenntnis mëttlerweil.





Dann an Däitschland: Däitschland ass vill zitëiert ginn. Ganz oft huet den Här Wiseler mech drop verweisen - „dat ass jo sou e klore Plang“, hei an do. D'RKI, hunn ech gelies, hiert Dokument „Control-COVID“ vum März elo, do schreiwen se och: Eng automatesch Koppelung un een Indicateur ass net dat, wat duergeet. Dat steet ganz kloer do dran. Et steet och do, dass keng „belastbare Evidenz für scharfe Grenzwerte“ virläit, Stand haut.

Duerfir, wann Der frod no wëssenschaftlecher Basis: Ben, dat gëtt et einfach zu dësem Zäitpunkt net. Et gëtt keng belaaschtbar Beweiser, dass eng gewësse Mesure gräift oder net. Et schafft ee mat Päck, mat Ensembelen an et muss een hoffen, dass dat Ganzt gräift. Mee mir hunn nach net déi Erkenntnisser, déi ee sech vläicht géif wënschen. Keen huet se virleien.

Da Frankräich: Och Frankräich huet e „conseil scientifique Covid-19“. Deen huet elo am März och fir eng Strategie plädéiert, dat nenne si „précoce“. Wat ass dat, déi „stratégie précoce“, fir déi do plädéiert gëtt? Ma genau dat, wat mir säit Laangem en place hunn: alt erëm en Ensembl vun Indicateuren, net een. An, dat ass vläicht berouegend, mir wousste vun Ufank un, dass et net einfach ass ze erklären - ben, si schreiwen dat. Si schreiwen, dass den dote Choix oder déi dote Strategie « difficile à faire comprendre » ass an och « à faire accepter », well se „contre-intuitive“ ass. Jo, et ass net esou einfach ze erklären, wéi wann ee seet: „200 ass d'Ziel, 50 ass d'Ziel an da kënnt dat, dat, dat.“ Et ass méi komplizéiert, et ass awer méi fair an et ass méi richtig.

De Virus, dee wierkt global. Et gëtt vill um Einzelne geschwat. Den Einzelnen huet nëmmen en Impakt, well en en Deel vum Ganzen ass. D'Proximitéit, dat ass de gréisste Frënd vum Virus. An et deet mer leed, et ass dem Virus ganz sécher net egal, ob de Weekend 1.500 Leit Fussball spillen oder just 300. Dat mécht e ganz groussen Ënnerscheed, well all Proximitéit ass e Risiko. Et kann ee se esou gutt ofdecken a schützen wéi ee wëllt, et bleift ëmmer e Reschrisiko.

A wa mer an enger kritescher Situatioun si wéi am Moment nach, da gëtt et keen anere Wee wéi alt eeben déi Proximitéit iergendwou ze drosselen quantitativ do, wou ee kann. An och dat ass Sënn an Zweck vun engem Couvre-feu, well wa mer dobanne sinn, hu mer par définition halt einfach keng Interaktiounen méi. Et ass net den Einzelnen, den do vläicht e Problem hätt, oder ech mengen, effektiv, den Einzelnen, den owes spadséiere geet, ass keng Gefor. Mee den Effet, dee mer sichen, ass e globalen Effet, fir ab enger gewësser Auerzäit halt einfach eng Quantitéit un Interaktiounen iergendwou evitéiert ze kréien. An deem Sënn huet dat Ganzt schonn eng Logik.

Ech wollt nach kuerz agoen op e puer Froen, déi opgeworf gi sinn. Dat ass jo dat, firwat mer hei un d'Pult kommen als Regierung. „Mëschimpfung?“, ass gefrot ginn. Ech géif drop verweisen, dass dat am Moment nach net recommandéiert ass. Och no schwangere Fraen ass gefrot ginn. Dir wësst, eisen CSMI, dat ass e Gremium, den des Chamber age-sat huet, dat ass iwwert d'Gesetz virgesi mat enger bestëmmter Besetzung. Déi Leit äusseren sech hei ganz oft am Kader vun där Kris. Si hunn en Avis gi ronderëm schwanger Fraen.

Mir als Regierung halen eis dorunner. Ech gesinn dat och esou, dass dat dat ass, wat vun eis erwaart ass vun der Chamber, soss wier dat jo net esou am Gesetz virgesinn, dass mer dee Gremium hätte mat där Besetzung, den en huet. Dat ass eise Conseil scientifique, wéi et der och parallel am Ausland gëtt. An do hale mer eis un dat, wat d'Experten nun eeben emol virginn zu deenen eenzelnen Theeme mat allen Evolutiounen, déi kommen. Déi Leit suivéieren dat jo och. Mir hunn eis eegen Experten, déi och déi auslännesch Avise suivéieren. A si autosaiséiere sech jo och ganz oft, wéi Der wësst, dat ass alles effentlech.

Dann zu de Schnelltester: Do ass et net richtig, dass de Pilotprojet of... Mir haten e Pilotprojet virun der Ouschtervakanz, jo, an den huet eis erlaabt, elo an déi nächst Etapp ze goen, wou mer ufänke mat eemol d'Woch. Mee d'Zil ass selbstverständlech, iwwert déi nächst Wochen eropzufueren. Mir fänken u mat engem, mir wäerten och zwee Tester d'Woch lues a lues maachen an der Schoul. Dat ass esou geplangt. Ech hat schonn d'Geleeënheet, dat och ze erklären. A mir wäerten och da kënne vergläichen, ob mer mat engem d'Woch d'selwecht Resultater hu wéi zweemol d'Woch. Dat ass alles geplangt.

Schnelltester hu mer. Ech hat nogekuckt, ech hunn et entre-temps zwielfmol erkläert: Eis Strategie ass vun Oktober un. Ech ginn net méi an den Detail an, mee mir hunn am Oktober effektiv eng hallef Millioun Roche-Schnelltester kaf gehat. Ech hat héieren iwwert déi lescht Wochen, dass gesot ginn ass, dat wiere keng, dat wiere guer keng Schnelltester. Ben, Roche-Schnelltester, dat sinn déi bescht Schnelltester gewiescht, déi am Oktober um Maart waren. Dat si séier wuel Schnelltester an déi hate mer am Asaz zu engem groussen Deel mat enger Strategie, déi Der kennt. Wéi gesot, ech hu se

schonn zwielfmol erkläert, deels hei, deels an der Chamberskommissioun.

Do doniewent hu mer natierlech ganz vill Bestellungen lafen. Och do hutt Der schonn heiansdo en Tëschbilan gefrot. Ben, ech kann lech soen: Stand de Moien hu mer iwwer eng 14 Milliounen an der Bestellung. Et war zu kengem Zäitpunkt e Problem, fir déi ze kréien. Dat hunn ech lech och erkläert gehat op Nofro. Mir sinn hei net an enger Situatioun, wou ee mat engem Produkt ze dinn hätt, wat een net kritt. Asoufren kafe mer selbstverständlech an. Mir halen am An, wat Neies kënnt, a schaffen och drun, dat an enger nächster Phas, wa mer déi Stabilitéit hei kënnen halen, wierklech massiv an den Asaz ze kréien. Dat ass Sënn an Zweck vun deene Projeten, déi elo lafen, déi mer auswäerten.

Mir suivéieren och ganz genau, wat déi éischt wëssenschaftlech Erkenntnisser si ronderëm Pilotprojeten, déi an Däitschland zum Deel gelaf si mat Tagespass. Do sinn éischt Etüden, déi elo public gi sinn déi lescht Deeg. Dat sinn alles Saachen, déi mer genauestens kucken, fir dann och do erëm eng Kéier fir eis dat Bescht draus ze maachen an dann hoffentlech ganz geschwë kënnen an eng nächst Etapp iwwerzegoen.

#### (Intervention de la présidence)

Dir hutt d'Fro och opgeworf: „Wéi ass et mam Reporting? Wou gëtt dat gemellt bei engem Schnelltest?“ Ech géif lech invitéieren, d'Santé mécht säit Méint e weekly Report - dat ass online, gëtt der Press virgestallt -, do hutt Der eng Rubrik dran, extra eng separat Rubrik, wou déi positiv Resultater vun de Schnelltester och drastinn. Dat kann ee ganz kloer also liesen, wann een dat am Detail wëllt wëssen.

Da géif ech gären op d'Spideeler agoen. Dir hutt gesot, et wier keen drop agaangen, et wier keng Diskussioun gewiescht fir separat Strukturen. Och doriwwer hate mer oft hei rieds. Natierlech hu mer doriwwer diskutéiert. Ech hat lech gesot: Mir si Visite maache gaangen an Däitschland.

#### (Intervention de la présidence)

Mir hunn dat mat eise Spideeler duerchdiskutiert mat eisen Experten, a mir sinn allegueren zur Konklusioun komm, dass eise System eis u sech méi iwwerzeegt. Mir hunn och hei e Rapport gemaach an der Plenië, souguer hei an der Chamberskommissioun hu mer doriwwer geschwat. Et ass also net esou, wéi et hei duergestallt gëtt, dass dat zu kengem Moment opgegraff ginn ass, dass do kee sech Gedanke gemaach hätt, a scho guer net, dass mer lech net au courant gehat haten, quitta dass ee weess, dass et an engem Joer vill Informatiounen sinn an dass ee vläicht Verschiddenes net verhält.

Mir sinn an enger Phas 3 an de Spideeler. Duerfir ass et och net erstaunlech, dass Der déi eng oder aner Norichte kritt vu Saachen, déi ausgesat ginn. Eist Zil ass, an enger Phas 2 ze bleiwen. Am Moment si mer net do, mir sinn an der Phas 3.

Dann, Patienten an d'Ausland, gutt. Wat war do als Fro komm? Ech hat eng Kéier vum Här Wiseler gesot kritt: „negativ Propaganda“. Hei war et elo: „ugi wéi eng Tut plague Mécken“. Ech weess net, wéi déi dat maachen. Ech kann lech just soen, dass mer hei vu verschiddene Saache schwätzen. Wourëms geet et? Déi Leit, déi an d'Ausland ginn, dat huet näischt domadder ze dinn, dass mer keng Respirateuren hunn, dat ass keng Beootmungsmaschinn. Dat, wouvu mir hei schwätzen, ass en ECMO, dat ass eng kënschtlech Long, eng kënschtlech Häerzlongemaschinn, déi am INCCI ... Där hu mer der eng véier Stéck am Asaz, mir kënnen dat op sechs eropfueren, e ganz héijen techneschen Equipement, wou mer als Land ganz gutt gestallt sinn a wou mer mat der Groussregioun zesummeschaffen, scho säit Laangem. Dat ass u sech an der Häerzchirurgie, wou dat agesat gëtt.

Wann elo e Covidpatient eng Longefibros mécht, da kënnt en och un esou en Apparat. A mir hunn d'Chance, där ze hunn. Mir hunn der souguer dräi déi ganzen Zäit reservéiert just fir Covidpatienten. Et kënnt awer vir, dass mer effektiv saturéiert sinn, da ginn d'Leit an d'Ausland. Dat ass vice versa, huet awer strictement näischt mat Covidmaterial ze dinn, mat Respirateuren - ech huelen un, dass Der dorop Allusioun gemaach hutt.

An ech mengen, esou en ECMO, dat keeft een net einfach esou vun haut op muer. Do si mer wierklech an enger Planification hospitalière. An ech hu mer elo soe gelooss vu menge Leit, dass mer am Verglach do gutt dostinn als Lëtzebuerg mat deenen Equipementer, déi mer hunn. Ech weess op alle Fall, wou ech elo kierzlech d'Visitt am INCC hat, dass dat mat ganz grousssem Stolz och esou presentéiert ginn ass. Mee, wéi gesot, dat ass eng kënschtlech Long, ...

#### (Intervention de la présidence)

... ça n'a rien à voir mat engem Respirateur, wéi d'Leit en op der Intensivstatioun am Covidsecteur hunn, wou se drun hanken. Dat sinn zwou ganz verschidde Saachen.

Voilà, dann ofschléissend: E Geheimrezept hu mir och elo nach net. Mir kucken, esou schnell wei-

derzekommen, wéi et geet, mam Impfen. Den Impakt gesi mer. Et geet drëms, auszehalen an e bëssen duerzehalen. Et huet e Grond, optimisteschesinn. Mat e bësselche Chance packe mer de Bierg des Kéier ouni ze vill Kollateralschued.

Ech si fir mäin Deel jiddefalls optimisteschesinn an ech hoffen, dass mer bei eise nächste Rendez-vous an der Capacitéit sinn, wierklech gréisser Schrëtt ze huele mat engem groussen Asaz vu Schnelltester. Dat gouf ni a Fro gestallt, zu kengem Zäitpunkt. Op déi sëllege Froen, déi do scho gestallt gi sinn, hu mer ëmmer d'Schnelltester als complémentaire zu de PCR-Tester duergestallt a mir hunn och do eng ganz Rei Iddien, wéi een dat da vill méi flächendeckend an den Ëmlaf kréie kann, wëssend, dass déi éischt Erkenntnisser, déi éischt Evaluatiounen och do elo eréischt virleien. An och do gëllt et, sech net falsch Illusiounen ze maachen. Et ass net, well op eemol Schnelltester do sinn, dass mer de Covid lasssinn. Dat ass en Trugschluss.

Voilà, ech géif lech Merci soen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Gesondheetsministesch. An dann direkt Parole après ministre fir d'Madamm Martine Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Jo, merci, Här President. Ech hunn u sech just zwou Froen. D'Madamm Minister huet gesot, bei deene schwangere Fraen, do wär en Avis do. Dat, wat ech gefrot hunn, war jo, ob et net sennvoll wär, e Cordon sanitaire ronderëm déi schwanger Fraen ze maachen, well déi jo net geimpft ginn. An ech weess net, wat do den Avis ass. Duerfir ass meng Fro: Wat ass do den Avis?

An déi zweet Fro, dat war u sech: Ech hu gefrot, wéi eng Logistik ..., wéi ee kann d'Schnelltester erfaassen. Ech wollt awer net déi positiv Schnelltester hunn, well wann ech jo eng Fräiheet domadder gäre wëll beweisen, da misst ech jo deen negative kënnen erfaassen. An ech mengen, souwäit wéi ech weess, ass do nach keng Logistik do, wéi een e Schnelltest, e Selbsttest, kéint erfaassen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci. An ech ginn d'Wuert direkt zrëck un d'Regierung. Den Här Marc Baum vläicht nach fir d'éischt.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, merci, Här President. Ech wollt awer elo zwou Remarque maachen, Saachen, déi mer awer esou lues ufänken e bëssen op d'Strëmp ze goen.

Dat Éischt ass déi Saga, déi elo hei fir d'x-te Kéier gemaach gëtt, datt d'Regierung keng Zäit hätt fir ze schwätzen. Also, et ass esou, datt an der Presidentekonferenz e Regierungsvertreieder sëtzt. A wann d'Regierung mat véier Ministeren untriede wëllt, dann, mengen ech, kéint een dem Regierungsvertreieder soen, datt en dat wannechgelift an der Presidentekonferenz umierkt, an da maache mer e Riedemodell, dee jiddwerengem gerecht gëtt an natierlech och der Regierung gerecht gëtt.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Ech mengen, datt dat awer wichteg ass ze soen. An an déi selwecht Richtung ... A wat mech wierklech rose mécht, ass wierklech dee leschte Saz, den de Premierminister gesot huet, wou et drëms gaangen ass, datt dat Gesetz hei mat 31 zu 29 Stëmmen ofgestëmmt gëtt. Dat ass eng demagogesch Remark iwwert d'parlamentaresch Demokratie! Et gëtt hei verschidde Parteien an déi hu verschidden Usiichten, déi lech eventuell passen oder net passen. Dat ass esou, dat ass an enger Demokratie esou! Awer doraus ze schléissen, datt déi, déi dat hei net matstëmmen, net um Wuel vum Land interesséiert wieren, dat ass demagogesch!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Just fir Informatioun datt Dir Är Riedezäit ëm 25 % iwwerschritt hat.

#### (Brouhaha)

Elo ginn ech dann d'Wuert un d'Madamm Gesondheetsministesch.

■ **Une voix.**- Jo, et ass awer esou!

■ **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- D'Regierung huet fënnf Minutten ze laang ..., wäit iwwer fënnf Minutten!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Bon, Här President, ech hunn elo ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Madamm Gesondheetsministesch huet d'Wuert!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Ech muss mech formell entschëllegen. Et war mer net bewosst, dass ech esou vill iwwerzunn hunn. Allerdéngs hunn ech probéiert, op mengem Ziedel, tant soit peu, op déi Froen anzegoen, déi mer gestallt gi sinn; ech hu se nach net all beäntwert. Dat deet mer leed, wann ech dann iwwerzunn hunn. Ech wäert mer d'nächste Kéier d'Auer vir op d'Pult leeën, da wäert dat net méi virkommen.

Zu der Fro vun der Madamm Hansen: Den CSMI ass elo an eiser Impfstrategie. Do hate mer jo eng Rei

Avisen, do ass de Cordon sanitaire ronderëm Schwangerer net zrëckbehale ginn. Mir hunn e rezenten Avis fir d'Vaccinatioun vu Schwangeren. Ech kann lech deen awer och elo net auswenneg zitëieren, dat steet alles online.

An en Enregistrement vun de Schnelltester - Dir sot ëmmer an engem Otemzuch „Selbsttest“ a „Schnelltest“ -: Déi formell Schnelltester si séier wuel enregistriert. Do ass och eng Verflichtung, do hu mer eis jo eng Basis ginn am Gesetz, dass dat muss rapportéiert ginn. An dat ass obligatoresch, fir de Reporting ze maachen. Dat fléisst an. Bei Selbsttester ass dat eng aner Saach an deene kann een natierlech och net déi selwecht Valeur ginn, dat gëtt et och d'ailleurs néierens am Ausland zu dësem Zäitpunkt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Gesondheetsministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschlossen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7802. Den Text steet am Document parlementaire 7802<sup>10</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7802 et dis-pense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### (Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 31 Jo-Stëmmen an 29 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Emile Eicher), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 8. 7808 - Proposition de loi relative à la stratégie de dépistage du virus Covid-19 dans les structures pour personnes vulnérables et dans les réseaux d'aides et de soins

#### Déclaration de recevabilité

D'Presidentekonferenz huet sech den 23. Abrëll fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7808 iwwert d'Teststrategie an den Alters- a Fleegeheimer, déi haut de Mëtteg vum Här Michel Wolter deponéiert gouf. Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un, fir d'Proposition de loi 7808 als recevabel ze erklären?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 9. 7802 - Projet de loi modifiant :

1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° la loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments (suite)

#### Motions

Da kéime mer zu deene Motiounen, déi zum Projet de loi 7802 deposéiert gi sinn.

#### Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vun der CSV-Fraktioun deposéiert ginn ass a wou et ëm zwee





gratis Tester geet fir an de Schoulen. Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Baum.

■ **Une voix.** - A!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Merci, Här President. Wéi Der wësst, ass dës Woch ugefaange ginn, dass se sech alleguerten, souwuel d'Kanner, d'Studenten, d'Léierpersonal, d'Educateuren an de Strukturen, selwer konnten testen. Ech hunn dat doheim bei menge Kanner och matkritt. Dat huet och ganz gutt fonctionéiert. Dat ass awer net de Punkt hei vun der Motioun.

D'lescht Woch en Donneschdeg hate mer op Initiativ vun de Kollege vun der LSAP eng Chamberskommission eebe grad, fir d'Teststrategie an de Schoulen erkläert ze kréien. Et ass jo elo esou, dass mer eemol an der Woch eist Personal an och eis Kanner teste kënnen. Do ass eis gesot ginn, dass mer effektiv 120.000 Tester d'Woch hätten an dass och garantéiert wär, dass mer bis d'grouss Vakanz souwuel d'Kanner wéi och d'Léierpersonal eemol d'Woch kéinten testen.

Ech stellen elo d'Fro heibannen: Ausser Éisträich hunn ech elo nach vu kengem Land héieren, wat esou konsequent eng Teststrategie an de Schoule weiderféiert. D'Situatioun vun den Infektiounen an de Schoule war virun der Vakanz stabill mat enger lichter Tendenz no ënnen. Duerfir géif ech soen: Kommt, mir ginn där Saach elo mol eng Chance. Mir hunn elo en Dispositif do stoen, fir dat eemol d'Woch ze maachen. Kommt, mir ginn där Saach elo mol eng Chance! A wann ech mech richtig erënneren ..., ech hunn awer nach kee PV vun där Sëtzung, mee déi Leit, déi an där Sëtzung waren, kënnen sech vläicht drun erënneren, dass den Här Minister gesot hat, wann et néideg wär, wann et sech géif als néideg erweisen, dass een da kéint deen Dispositif eropschrauwen, fir zweemol d'Woch ze testen.

Duerfir, wéi gesot: Ech géif da soen, kommt, mir ginn där Saach emol eng Chance, an duerfir proposéieren ech, déi heite Motioun net unzehuelen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Baum. Ech gesi keng weider Wuertmeldung méi. Da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### (Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 24 Jo-Stëmmen, 34 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 31 voix contre, 27 voix pour et 2 abstentions.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Emile Eicher), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.*

#### Motion 2

Da komme mer zur Motioun Nummer 2, déi vun der CSV-Fraktioun deposéiert gouf a wou et ëm de Passeport vert européen geet. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen?

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Hei!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Sven Clement.

#### (Hilarité)

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Ech setzen op där falscher Säit. Merci, Här President. Ech muss soen, datt et mer ganz sympathesch ass, wat d'CSV fuerdert, datt d'Lëtzebuurger solle kënnen adheréieren.

Ech hunn awer eng Rëtsch technesch Froen a vläicht kann d'Regierung eis do als Éischt opklären, well no mengem Kenntnisstand soll dee Passeport vert souwuel PCR-Tester wéi Impfresultater ofdecken - elo weess ech, datt ee bei engem Impfresultat, wann ee voll duergheimpft ass, jo e QR-Code kritt vum GouvCheck, fir dat ze testen -, ob dat kompatibel ass herno, ob dat einfach kompatibel ass, mee virun allem, wéi mer et mat de PCR-Tester maachen, well mäi Kenntnisstand ass, datt och reegelméisseg am Ausland Diskussiounen driwwer ugefaangen hunn, datt et och gefälschten oder manipuléiert PCR-Testresultater gëtt, engersäits, fir Quarantänen ze ëmgoen, anersäits, fir kënnen ze reesen, obwuel ee keen Test gemaach huet. Deementspreechend, éier ech esou eng Motioun wéi déi heite ka stëmmen, déi ech prinzipiell sympathesch fannen, weilt ech awer gäre wëssen, wéi dat virun allem och bei de PCR-Tester soll ausgesinn.

Well fir eis ass et ganz kloer: Esou e grénge Pass kann nëmme fonctionéieren, wann en net diskriminéiert zwëschent Geimpften an Netgeimpften an och d'Méiglechkeet gëtt, mat engem negativen Test déi nimmlech Méiglechkeeten ze hu wéi eng geimpfte Persoun, wat d'EU jo virgesäit. Mee Stand haut hunn ech nach kee PCR-Test zu Lëtzebuerg gesinn, kee Resultat, wou e QR-Code drop ass, deen een dann och kann attestéiere loosse. An duerfir: Ass dat ugeduecht? Ass dat méiglech? Wéi wäit sinn do d'Preparative vun der Regierung? Dat muss ech wëssen, ier ech heiriwwer kann ofstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. Dann hat den Här Jeff Engelen d'Wuert gefrot.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Mir wäerten eis bei dëser Motioun enthalten. Mir hunn nämlech do eng Partie Froen, déi nach opstinn. Doriwwer hu mer och deelweis QPe gemaach an et stinn e puer Froen op, zum Beispill iwwert d'Durée vum Schutz vun den Impfungen - wéi laang soll d'Gültigkeet vum Pass sinn? - den Dateschutz, de Schutz vun de Perséinlechkeetsrechter, e Prezedenzfall fir aner Krankheeten. Doriwwer hu mer QPe gestallt.

An opgrond vun deene Froen: Mir wëllen déi Äntwerten ofwaarden, ier mer hei eng Meinung hunn. A mir wëllen eis duerfir hei enthalten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. Da freet den Här Premierminister d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, ech weess, d'Madamm Hansen héiert dat net gären, mee nach eng Kéier huet d'Regierung net gewaart, bis d'CSV eis eng Motioun deposéiert huet, fir un deem doten Dossier ze schaffen.

Déi éischt Saach ass: Mir gehéieren zu deenen, ech mengen, et sinn der aacht, Länner am Projet pilote, deen d'Kommission am Moment mécht eeben iwwert dee „Grénge Certificat“. An duerfir géif ech och just d'CSV drun erënneren, dass se sollt mat hire Wieder oppassen, well si schwätzen alkéiers vu „Pass“. Et gëtt och extra vun der Kommission insistéiert, dass et net e „grénge Pass“ ass, well e „Pass“ heescht, dass ee Saachen dierf ... - also ausser, si hätten eng aner Positioun wéi eis a si wëilten déi hei demarquéieren.

Mir sinn der Meinung, dass de „Grénge Certificat“ soll eng Alternativ sinn zu engem PCR-Test oder och zu anere Méiglechkeeten. Et soll een d'Leit net obligéieren, e „Grénge Certificat“ ze hunn. Et ginn aner Méiglechkeeten och, wou een zum Beispill en Test huet an e Pabeier huet. Et soll een ophalen, engem d'Gefill ze ginn, dass een e Pass huet ...; mam Pass dierf een, a soss ass een e „sans-papiers“ an et huet ee keng Rechter - éischt Saach! Dowéinst, iwwert de Wording, deen hei benotzt gëtt, duerfir e „Grénge Certificat“.

Mir schaffen, wéi ech elo just gesot hunn, un deem Projet. Ech hat net méi spéit wéi virgëschter de franséische Staatssekretär, dee fir d'Digitalisatioun zoustänneg ass, well ech zitéieren och hei Frankräich, de Cédric O, mat deem ech en Echange hat, dee mech gefrot huet, ob mir bereet wieren, fir mat hinnen elo an eng Teststrategie och iwwert de QR-Code kënnen ze schaffen.

Ech hunn dunn, well mer e gudde Kontakt hunn och mam Kommissär Breton, gefrot, ob dat mat an deem Programm wier, wou déi Testphas ass vun deenen aacht Länner, déi se hunn, oder net. Den Här Breton gesäit, ech schwätzen hei zwar als aus dem Nähkästchen, mee den Här Breton gesäit den Här O och e Méindeg. An e Méindeg den Owend hunn ech och en Telefongespräch mam Här Breton, fir ze kucken, wéi eng Initiativen hei wierklech och nach eppes bréngen oder näischt bréngen.

Mir sinn der Meinung, dass et wichteg ass, dass mer en europäesche System fannen. Esou wéi den Här Clement scho gesot huet, hu mer haut schonn de QR-GouvCheck-Prinzip, dee mer hunn. Et gëtt en anere QR-Code. Et soll een net mengen, dass et dee selwechte QR-Code gëtt. Et gëtt en neie fir deen europäeschen, well deen och aner Donnéeë freet a well deen heiten och muss duerg ganz Europa

goen. Et wier schrecklech, wa 27 Länner elo och hiren eegene System géife maachen, deen duerno net kompatibel wier mat deenen anere Länner. Dat ass och eeben d'Iddi vun der Koordination um Niveau vun der Kommission.

Déi Motioun ass vläicht gutt gemengt, Här President, mee si ass superfetatoire, falsch, wann ee vu „passeport“ schwätzt, an, wéi gesot, entsprécht net der Realitéit. Duerfir géif ech wierklech d'Chamber invitéieren, se net ze stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Premierminister, fir déi Prezisiounen. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Ech hu just eng Fro, well entweeder hunn ech de Premier elo falsch verstanen oder ech sinn an engem anere Film. Dofir stellen ech d'Fro nach eng Kéier. En huet elo grad gesot: de „Grénge Certificat“ als Alternativ zu engem PCR-Test. Mäi Versteesdemech vum „Grénge Certificat“ war, datt en d'Donnéeë vu PCR-Tester an den Impfstatus, an/oder den Impfstatus, géif ofdecken. Dat heescht, an dat ass, mengen ech, och dat, wat d'CSV fuerdert am Invite zwee: « dans un même ordre d'idées, à mettre en place immédiatement un dispositif de certification national qui puisse par après servir de base pour le passeport » - bon, „certificat“ - « vert européen. »

D'Fro, déi ech mer stellen, éier ech heiriwwer kann ofstëmmen, well soss musse mer eis enthalten, ass wierklech d'Fro: Sidd Der gewéilt, an eng Richtung ze goen, fir déi PCR-Tester, déi am Moment iwwerall sinn, déi vun den onofhängege Laboen emettéiert ginn, mat engem Certificat, mat engem Dispositif de certification national auszustatten? Well ech mengen, dat ass déi kruzial Fro, wouriwwer mer haut einfach iergendwou awer Sécherheet brauchen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dann hat den Auteur vun der Motioun och nach d'Wuert gefrot, d'Madamm Hansen.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Mee just fir ze preziséieren, Här President, wann Der erlaabt, well just fir ze preziséieren, wat den Här Clement elo just gemengt huet: An deem „Green Certificate“, net „Passport“, an deem „Green Certificate“ soll d'Impfung dra sinn, et soll den Test dra sinn, de PCR-Test, an och een, deen ...

An dat ass eng Diskussioun awer, wou ech lech muss soen, wou haut nach ëmmer keng Garantie do ass, dass een, dee fréier positiv war, awer ... Dowéinst, et muss ee wierklech oppassen! De PCR-Test ass am Fong hautdesdaags déi bescht Garantie, fir ze wëssen, ob ee Porteur vum Virus ass oder net, well souguer ee Geimpften ... Dat wësst Der och, ech wëll elo net hei Panik maachen, mee een, dee krank war, mir wëssen net, wéi laang seng Anticorpsen halen, een, dee geimpft ass, mir wëssen net, ob en awer net nach kann ... An haut ass eng nei Etüd erauskomm, wou gesot gëtt, dass en awer nach Leit kann ustiechen. A mir hunn et selwer ... Et ass an engem amerikaneschen Altersheim, wou et geschitt ass. Dir braucht net esou wäit ze goen, Dir kënnt hei an de Park goen, wou mer am Altersheim an der Pescatore déi selwecht Situatioun gehat hunn.

Dowéinst, mir si virsiichteg! Mir schaffen drun. Mir gehéieren zu deenen aacht Länner, déi hei un deem Projet och matschaffen. Dora sollen déi dräi Saache sinn.

Dat, wat ech mengen, ass: Hei gëtt gesot, et hätt een e QR-Code um Handy. Mir promovéieren dat do, mee de QR-Code soll einfach ausgeschafft ginn, dass een en och kann op Pabeier hunn an dass een deen och kann eebe presentéiere bei deene verschiddene Méiglechkeeten. Nee, ech soen, et gëtt ganz vill vu QR-Code op Handy geschwat. Ech gesinn, Dir rëselt de Kapp, wann ech hei vu QR-Code schwätzen. Et soll e QR-Code sinn, deen och ka „version papier“ sinn. Dat ass fir eis och wichteg, well et huet och net jiddwereen en Handy. Dat sollt een och net vergiessen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, d'Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, merci, Här President. Ech hunn alles nogelauschtert, wat den Här Premier eis gesot huet, an dat beweist mer u sech, datt eis Motioun net superfetatoire ass, well et ass nach keen Outil do, wou mer PCR-Tester kënnen erfassen, wou mer kënnen gläichzäiteg - gläichzäiteg! - d'Anticorpsen erfassen. Dat heescht, mir hunn deen Outil nach net prett.

Also, mir fuerderen d'Regierung op a mir änneren de „passeport vert“ an e „certificat vert“, fir datt déi Konfusioun u sech verschwénnt, a mir bleiwe bei eiser Motioun.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Hansen. Dann huet nach den Här Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools merci, Här President, an och merci all menge Virriedner an dem Här Premierminister fir seng

Erklärungen. Et gëtt en englescht Sprachwuert, dat heescht: “the road to hell is paved with good intentions” - „De Wee an d'Häll, deen ass gemaach mat gudde Virsätz“. An et ass e bësse vläicht och dat, wat eis hei kann erwaarden nämlech mat der Digitaliséierung an där Manéier, wéi d'Leit eigentlech nach Zougrieff op hir eegen Date kënnen hunn.

Den Här Premierminister seet hei, de QR-Code an esou weider, dat ass alles schéin a gutt, an et gëtt och eng relativ grouss Proportioun vun der Bevëlkerung, déi domadder kann eens ginn. Et gëtt awer och e groussen Deel vun eiser Populatioun, deen domadder net eens gëtt an dee sech dann d'Fro stellt: Wat ass dat eigentlech hei, wat ofgelies gëtt? Wat steet vun Daten dodran? Et ass jo esou, datt elo privat Fluchgesellschaften och Appen entwéckelen, och op Basis vu Coden oder anere Saachen, wou dann herno d'Leit u sech konfrontéiert gi mat elektronischen Datenträger vu verschiddene Manéieren, wou se eigentlech net méi kënnen erausliesen an net méi verstinn, wéi eng Informatiounen iwwert si do ofgelies oder kommunikéiert ginn.

Ech mengen, mat allem Respekt fir déi Efforten, déi gemaach ginn, fir d'Reesen an der Europäescher Unioun ze erlichten, an ech mengen, dat ass jo eng vun den Haaptintentiounen, déi hannert där Iddi vun deem „Grénge Certificat“ ass, muss et awer esou sinn, datt mer net op engem anere Gebitt, nämlech dem Schutz vun der Privatsphär vun de Leit an och engem gewëssene Schutz virun enger Iwwerdigitaliséierung, vläicht op e Wee ginn, deen eis och an der perséinlecher Fräiheet kéint aschränken, vläicht nach op eng méi dramatesch Manéier.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier zrëck un d'Regierung.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Just, Här President, fir ze preziséieren: Also, hei gëtt gesot, mir sollen en Dispositif maachen. En Dispositif national gëtt et schonn als Vaccinationscertificat. D'Leit kënnen deen op de GouvCheck-QR-Code ... an e kann a tout moment och op seng Echtheit kontrolléiert ginn, wat wichteg ass.

An all Client, all Vaccinéierte kritt e Certificat als PDF a kann och op MyGuichet ..., Client en och siche goen. Dat heescht, dat ass schonn do! Ech probéieren ze erklären: „C'est moutarde après dîner“, wat se hei froen.

#### (Interruptions)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. Dann nach eng Kéier den Här Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Pardon, ech widderhuele mech. Ech hunn déi ganzen Zäit hei gesot: Jo, den Impfcertificat gëtt et um Pabeier, digital. Dat gëtt guer net contestéiert. Ech mengen, datt op dëser Säit vum Sall jiddweree sech bewosst ass, datt et deen Impfcertificat um Pabeier gëtt. Dee Moment, wou een am Impfzenter war fir déi zweete Kéier, kritt een deen Impfcertificat um Pabeier mat engem QR-Code vu GouvCheck drop. All déi Donnéeë stinn um Pabeier.

Si sinn, fir op dem Här Kartheiser seng Interventioun ze äntwerten, liesbar. Also mir sollten och hei ophalen, de Leit Angscht ze maachen, an deem QR-Code wier iergendeppes verstoppt, well dee QR-Code op eisem Impfcertificat zu Lëtzebuerg seet näischt anescht aus wéi: En ass authentesch. Dat ass eng mathematesch Prozedur, fir dat ze attestéieren. Ech ginn net an den Detail.

Meng Fro ass: Plangt d'Regierung eppes Änlechens fir d'PCR-Tester?

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Jo.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci. Jo. Ech hu just op déi Äntwert gewaart. Merci, Madamm Lenert.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Jo! Mir plangen dat selwecht. Dat Eenzezt, wat ass, et ass en Ënnerscheid tëschent enger Impfung an engem PCR-Test, well mat engem PCR-Test hutt Der eng Garantie fir eng Durée limitée, dass Der bis elo net positiv waart. Bei enger Impfung hutt Der awer eng Durée, déi net fir zwee oder dräi Deeg ass. Deen Ënnerscheid muss een dann och maachen, well de QR-Code muss genau dat dote preziséieren. Et kann net eng Garantie sinn, well ech e PCR-Test maache gelooss hu virun engem Mount, dass ech an engem Mount nach ëmmer negativ sinn. Ech wëll just dorun och nach eng Kéier erënneren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech mengen, elo misst bal alles kloer sinn a mir kënnen zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen.

#### Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### (Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 23 Jo-Stëmmen, 34 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ofgeleent.





Résultat définitif après redressement : la motion 2 est rejetée par 23 voix pour, 33 voix contre et 4 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Emile Eicher), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

### Motions 3, 4 et 5

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3, déi vun der ADR-Sensibilitéit ofgi ginn ass a wou et drëms geet, datt bei den zukünftige Covidprojeten all Restriktionen, wat d'Grondrechter ubelaangt, sollen opgehuewe ginn.

Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun froen? Den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Merci, Här President. Ech erlabe mer - elo ass meng Mask mer futti gaangen!-, direkt zu deenen nächsten zwou Motiounen och matzeschwätzen, da brauch ech nëmmen eemol heihinnerzekommen. Zu der Motioun 3 ass et esou, dass mer eis bis elo ëmmer dru gehalen hunn, dass mer dräi Woche laang eng Analys maache vun deene Mesuren, déi mer geholl hunn. Ech wëll net ausschléissen, dass et zu enger Oplockerung kënnit vun den Agrëffer am Privatlieden an och zu engem Ophiewe vun der Ausgangsspar. Dat muss ee gesi bei dem nächste Gesetz. Mee et ass haut op alle Fall ze fréi, fir dat ze decidéieren. An duerfir géif ech proposéieren, déi Motioun Nummer 3 net ze stëmmen.

D'Motioun Nummer 4, do geet et drëm, d'Terrasse vu 6.00 Auer moies bis 22.00 Auer owes opzemaachen: Mir hunn elo grad virun enger hallwer Stonn e Gesetz gestëmmt, wou mer dat net wëlle maachen. Natierlech wäerte mer dës Motioun duerfir och hei net matstëmmen.

An d'Motioun Nummer 5 fir bei Sportarten, déi am Fräie praktizéiert ginn, nees Publikum zouzeloosen, an zwar ouni Restriktionen: Déi Motioun, déi war schonn eng Kéier hei an och dunnt hate mer eis dergéint ausgeschwat. Mir hu virdu während den Diskussiounen zum Gesetzesprojet gesot, dass mer lues a lues géifen opmaachen. Och hei maache mer eng Analys an dräi Wochen an net elo. An duerfir géife mer och proposéieren, déi Motioun hei net ze stëmmen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Jo, merci, Här President. Ech kucken dann och déi dräi an engem Pak duerch. Bei der Motioun Nummer 3, wou gefrot gëtt, fir all Restriktionen vun de Grondrechter u sech opzehiewen a virun allem all Agrëffer an d'Privatliewe vun de Leit opzehiewen, do kënnen mer net averstane sinn. Ech mengen, et kann net sinn, datt se doheem awer kënnen Party mat 100, 200 Leit feieren. Dat geet net am Moment. Also soe mer bei där Motioun Nee.

Bei der Motioun 4 hu mer änlech Problemer - d'Terrassen och a Form vun Zelter. En Zelt ass awer eppes Zouenes, da géif ech jo do eppes Zouenes erlaben, wat ech soss net erlaben. Also och do hu mer e Problem a soen Nee.

A mir hu bei der Motioun 5, wéi gesot, och absolutt keng Restriktionen beim Nokucke vum Sport. Dat geet och net. Also kënnen mer déi och net stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hansen. Da ginn ech d'Wuert un den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Ech ginn dann och iwwert déi dräi Motiounen an engem Rëtsch. Bei der Motioun Nummer 3 hunn ech och den änleche Problem wéi d'Madamm Hansen. Hei gëtt vun „all“ de Restriktionen vun de Grondrechter an „all“ den Agrëffer geschwat. Ech

fannen esou absolutistesche Fuerderungen ëmmer ganz geféierlech, well ech hu virdrun a menger Ried hei kloer duergeluecht, firwat bestëmmte Restriktionen definitiv sënnvoll sinn.

Ech hunn awer och duergeluecht, datt mer net mat der aktueller Form vun deene Restriktionen averstane sinn. An dat ass wichteg, deen Ennerscheid ze maachen. Et kann ee schonn eng nuancéiert Positioun zu deene Restriktionen hunn, ouni direkt wëllen hei alles ofzeschaffen, wat am Moment gemaach gëtt. Dat ass de Volet Nummer 1.

Dann, an der Motioun Nummer 4: Bon, iwwert d'Öffnungszäiten, dat wär mer à la base nach sympathesch, well ech och gäre géif méi spéit nach op der Terrass e Patt drénken. Ech mengen, do si mer eis allegueren eens.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Wa mer eis fläissen, da packe mer et nach.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Jo, Dir hutt nach eng hallef Stonn, awer nëmmen zu zwee um Dësch, wannechgelift!

D'Terrassen och a Form vun Zelter: Ech mengen, mir hate laang Diskussiounen an der Kommissioun, wou et ëm déi Fro gaangen ass, firwat mer d'Terrassen op hunn an net bannen op sinn. Wa mer elo de Leit erëm soen: „Ma Dir kënnit en Zelt maachen“ ... En Zelt ka komplett zou sinn. Ass et en Hartmann-Zelt? Ass et en Zelt, dat awer nach Lächer huet? Bref, fir mech ass dat doten, och wann ech et ganz sympathesch fannen, do wëllen erëm méi op ze maachen ..., dat dote geet ze wäit!

An dann d'Motioun Nummer 5: Éischtens emol fannen ech et ganz schued, datt den Auteur vun der Motioun hei der Meenung ass, datt d'Publikumszuele bei eise Sportsveranstaltungen hei am Land net esou grouss sinn, datt ee se misst begrenzen. Mir hunn hei eng Reegel, datt ee maximal zu 100 dierf zesummekommen, Rasseblementer mat Places assises. Dat heescht, den Auteur ass der Meenung, datt eise Sport hei zu Lëtzebuerg manner wéi 100 Leit unzitt, oder en ass der Meenung, datt just fir de Sport méi wéi 100 Leit dierften zesummekommen. Ech fannen, dat wär eng Ongläichbehandlung. Ech si Sportler, ech maache gäre Sport, mee trotzdem fannen ech, datt mer eis do mussen alignéieren op allen anere Moossnamen.

An dann, pardon, dat Wuert, „an zwar ouni Restriktionen“ ... „Ouni Restriktionen“, soll dat heeschen ...? Mir maachen d'Buvetten zou. Mir maachen d'Buvetten zou, well mer eebe grad do nach Restriktionen hunn. An da soe mer, a, grad dobaussen - a mir wëssen, datt et grad dobausse schwéier ass ze kontrolléieren -, do dierfe se dann zesummekommen ouni Restriktionen, keng zwanz Meter, keng Place assise, a se dierfen nach dobäi Alkohol konsuméieren. Ma ech weess dann awer schonn, wou déi nächst Clustere sinn! Dofir wäerte mer och do dergéint stëmmen.

### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. An da geet d'Wuert un den Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum** (déi *Lénk*).- Jo, merci, Här President. Ech schloen an déi selwecht Kerb wéi meng zwee Virriedner. Zur Motioun 3 wësst Der jo, datt mir fervent derfir sinn, datt de Couvre-feu opgehuewe gëtt.

### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Mee awer, wann Dir schreift, datt all Agrëffer an d'Privatliewe vun de Leit missten opgehuewe ginn, stelle sech awer d'Froen: Wou fänkt dat un a wou hält dat op? Ass de Port du masque en Agrëff an d'Privatliewen? Wëllt een dat dann ophiewen? Ech mengen, datt dat net sënnvoll an net zilféierend ass.

Dat selwecht gëllt fir déi véiert Motioun, wou, Dir wësst, et mir och ganz sympathesch kéint sinn, datt ee méi laang op enger Terrass sëtz, mee awer net an Zelter. Dat schéngt mer och evident ze sinn.

An dann, wéi gesot, datt Sportarten ouni Restriktionen kënnen Publikum ophuelen: Mee dat wier da beim Sport wirklech déi eenzeg coronafräi Zon, déi et apparemmant géif ginn. Dat mécht, mengen ech, kee Sënn. Mir sollen dat hei net matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Marc Baum. An dann ass de Mikro fir den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, ech wunnere mech, fir unzefänken: D'Regierung schéngt de Sall wëllen ze verloossen, wa mer iwwer Motiounen schwätzen, déi un d'Regierung adresséiert sinn! Dat schéngt mer e bëssen aussergewéinlech ze sinn.

### (Interruption par M. Xavier Bettel)

Mee jiddweree mécht seng Aarbecht eebe wéi e mengt, datt e se gutt mécht, gelldiert, Här Staatsminister?

### (Brouhaha général, huées et coups de cloche de la présidence)

Ech wëll hei éischtens emol de Virriedner Merci soen, déi sech hei iwwert d'ADR-Motiounen ausge-

looss hunn. Dat war nämlech eng ganz interessant Diskussioun. An ech soen, wat dat Frappantst war un dëser Diskussioun, dat ass déi offensichtlech Gewinnung vu politesche Parteien un en Ausnamezustand, deen net soll sinn.

Kuckt, mir fuerdere jo hei an där éischter Motioun, déi hei diskutéiert gëtt, datt d'Grondfräiheeten, wéi se an der Verfassung sinn, wéi se geschützt sinn, wat eigentlech d'Essenz vun eiser demokratescher Gesellschaft ausmécht, solle reetabliert ginn no praktesch engem Joer Ausnamezustand.

An da kënnit eng Partei ... Ech versti jo nach, datt d'Regierungskoalitioun sech do refuséiert, well se eeben do an enger Logik ass, déi eng gewëssen Disziplin verlaangt, dat kann ech nach verstoen - wat hir Taktik ugeet, net wat de Fong ugeet. Mee da kommen och d'Oppositionsparteien heihinner an eng no där anerer, nodeem se awer an hire Riede vun de Grondrechter geschwat hunn, a refuséieren dat hei.

Am frappantste fir mech war d'Interventioun vum Verrieder vun de Piraten. Dee kënnit heihinner an e seet, esou enger „absolutistescher Fuerderung“ kéint hien net zoustëmmen. Déi „absolutistesche Fuerderung“ besteet doranner, datt mer eis Rechter wëlle reetablieren. „Absolutistesche“ ass d'Aschränkung vun de Rechter! Wéi kann et sinn, datt eis Politik hei sech anscheinend dru gewinnt an dat och nach gutt fënnit, datt Rechter ageschränkt ginn?

Wësst Der, et gëtt och eng Saach, an dat ass eppes, wat bei der CSV-Interventioun erakënnit, dat ass: Wéi ee Mënschebild hu mer? Wéi e Vertrauen hu mer an eis Bierger? Wa mir soen, mir wëllen, datt déi Aschränkungen am Privatlieden opgehuewe ginn, wéi d'Verfassung et virgesäit - d'Protection de la vie privée -, steet d'Verriederin vun der CSV op a seet: „Mir wëllen net, datt Partye gefeiert gi mat 100 oder 200 Leit doheem.“

Mee de Grondprinzip vun der Gesellschaft ass d'Vertrauen an d'Eegeverantwortung vum Bierger, an d'Souveränitéit vum Bierger! An et ass d'Regierung, déi muss ... Duerch d'Garantié vun de Grondrechter ass et esou, datt d'Regierung soll an der Gidd gehale ginn, fir datt deen Eenzelne ka seng Fräiheet behalen! Musse mir dann hei jiddwereen drun erënneren, datt dat de Prinzip ass vun eiser Gesellschaft, datt déi Grondrechter an der Verfassung stinn, fir deen Eenzelne virun der Willkür vun der Regierung ze schützen, fir d'Privatsphär ze schützen? Déi Rechter, déi sinn net Rechter, déi d'Regierung eis schenkt. Dat si Rechter, déi d'Leit hunn an déi d'Regierung eis net dierf ewechhuelen!

Ech ka mech nëmme wonneren iwwert déi Gewinnung un Absolutismus, déi hei am Land schéngt ze sinn. Mir als ADR, mir stinn zu de Grondrechter. An déi Fuerderungen, déi mir hei erhiewen, dat ass einfach dat, wat d'Basis vun eiser Gesellschaft ausmécht.

Zu där zweeter Motioun ass eigentlech elo net vill ze soen. Mir sinn eeben och do der Meenung, datt d'Liberté de commerce muss reetabliert ginn an datt den Horeca-Secteur genuch gelidden huet.

Mee ech wëll nach eng drëtt Bemierkung maachen an dat ass déi iwwert de Sport. Wësst Der, wann een an engem Theater ass oder an engem Kino, dann ass een an engem zouene Raum. A mir freeën eis, datt eng gewëssen Aktivitéit vun der Kultur an deem Land awer erëm méiglech ass. Dat ass eng ganz gutt Saach. Mee hei schwätze mer iwwert de Sport am Fräien! A wéi kann do dann de Risiko, fir sech unzestiechen, op eemol méi grouss si wéi an engem zouene Sall? Och déi Interventiounen, déi hei gemaach gi sinn, sinn einfach net logesch.

Ech kann lech soen: Et gëtt hei vill Geleeënheeten an der Politik, wou ech extreem houfreg op d'ADR sinn. An haut sinn ech et nees, well mir déi eenzeg Partei heibanne sinn, déi deen onbedéngte Jo seet zum Fundament vun eiser Gesellschaft, zum Fundament vun der Fräiheet, zum Schutz vun eise Rechter, dem Schutz vun de Rechter vun de Mënschen, och géint iwwer enger Regierung, déi einfach ze wäit geet!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert zrëck un den Här Sven Clement weinst Fait personnel.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Et ass eng interessant Interventioun. Ech hunn eng ganz konkret Fro un den Här Kartheiser - an dann huet en och e Fait personnel zegutt -: Ass an Ären Aen, Här Kartheiser, d'Maskepflicht eng Restriktion? An zweetens: Ass an Ären Aen d'Maskepflicht en Agrëff an Äre Grondrechter?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, ...

### (Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... et gëtt vläicht e puer Basiskonzepter, déi een hei vun Zäit zu Zäit sollt erklären. Dat eent ass: Wat ass de private Raum? An dat anert ass, wat den effentleche Raum ugeet.

De Staat, d'Regierung huet eng Aufgab an eng Pflicht, an dat ass, fir d'Sécherheet am effentleche Raum ze garantéieren. Wann de Staat oder d'Regierung mat iwwerzeegenden Argumenter kann erklären, datt am effentleche Raum - zum Beispill, fir de Schutz vun de Leit ze garantéieren; Salubritéit, Santé an esou weider - op Staat- oder Gemengeniveau musse Moossname geholl ginn, dann ass de Staat a sengem Recht, dat ze maachen.

Wat awer bei mir doheem geshitt, dat ass d'Protection de la vie privée, e verfassungsméisseg garantierte Prinzip. An do huet de Staat prinzipiell näischt verluer! Et ass de Schutz vun der Privatsphär, de Verfassungsprinzip.

Dat heescht, wann den Här Clement mech hei freet - Dir hutt mech genannt, Här Clement, ech nennen lech och -: „Ass dat en Agrëff an d'Privatsphär?“ Da soen ech deem Här Clement: wou? A vu wat?

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- „An Äre Grondrechter“, hunn ech gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ass dat am effentleche Raum? Da soen ech: Jo, déi effentlech Instanze kënnen e Recht an en Interessi hunn, fir do Aschränkungen ze decidéieren.

Ass et awer, wéi et am Abléck ass, am private Raum doheem, dann ass et kloer: Nee, dat Recht, do Aschränkungen ze hunn, dat ass net richtig!

Eng Mask ass natierlech eng Aschränkung vun der perséinlecher Fräiheet, awer si ka justifiéiert sinn, wa se proportionéiert ass an esou weider. Do gëtt et jo genuch Krittären, déi Moossnamen am effentleche Raum kënnen justifiéieren.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- An awer wëllt Der se heimadder ofschaffen! An awer wëllt Der se ofschaffen!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Awer mir schwätzen hei vum Retablisement vun de Grondrechter vun der Protection de la sphère privée.

### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

An de Staat geet hei hin a seet: „Dir kënnit bei lech doheem zwou Persounen empfänken.“ Dat geet ze wäit! Mir hu jo hei säit Méint diskutéiert, datt et net emol logesch ass, datt déi eng kënnen zu zwee oder zu dräi optrieden an esou weider. Ech ginn net méi op déi Beispiller an, déi hei ëmmer an der Lescht gesot goufen.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Well Der net op d'Fro äntwert!

### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här Clement, hutt dach weinstens déi Héiflechkeet nozelauschten!

### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Bon, hutt Dir d'Héiflechkeet, op d'Fro ze äntweren, da lauschten ech lech och no!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Kartheiser huet nach d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President. Gutt! Also, wéi gesot, fir dat ze resuméieren ... Ech mengen, mir hunn déi Diskussioun hei schonn dacks geféiert.

Mee et ass wichteg, datt mer ee Message haut hei ganz kloer maachen, ee Message, an ech hoffen, datt e wirklech bei de Leit ukënnit, dat ass, datt se e Recht hunn, sech ze froen, ob de Staat nach net ze wäit geet, fir an hir Privatsphär anzegräifen. Eis Äntwert ass einfach dorobber: jo!

Et kann net sinn - et kann net sinn! -, datt mer elo iwwer e Joer de facto an engem Ausnamezustand lieden, fir d'éischt an engem État de crise, da vu Gesetz zu Gesetz automatesch Aschränkungen an d'Privatsphär asw. weider toleréieren oder hei stëmmen, an datt et net méi e grouse Protest an der Lëtzebuurger Politik gëtt wéi dee vun enger Partei, dat ass dee vun der ADR! An ech hunn lech jo elo gesot, wéi houfreg ech dorobber sinn.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- An 30 Schwurbler op der Strooss!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir mussen iwwerpräwen, ob eis Mentalitéit no engem Joer Ausnamezustand net schonn esou gelidden huet, datt mer dee Fräiheitsreflex, deen eis awer wirklech am Blut läit, schonn ze wäit no hanne stellen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. Ech mengen, mir kënnen elo zum Vott vun deenen dräi Motiounen kommen.

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 3.

### Vote sur la motion 3

D'Ofstëmme fänkt un.





► **Plusieurs voix.** - Dräimol nee!  
(*Hilarité*)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(*Appel nominal pour votes par procuration*)

Domadder ass dës Motioun bei 4 Jo-Stëmmen, 53 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun - ech mengen, do huet ee sech geiert; jo, genau - ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 56 voix contre et 4 voix pour.*

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Emile Eicher), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da komme mer zum Vott vun der Motioun Nummer 4.

**Vote sur la motion 4**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(*Appel nominal pour votes par procuration*)

Domadder ass dës Motioun bei 4 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Emile Eicher), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da kéime mer zum Vott vun der Motioun Nummer 5.

**Vote sur la motion 5**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(*Appel nominal pour votes par procuration*)

Domadder ass dës Motioun och bei 4 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Emile Eicher), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole

Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

## 10. Motion de M. David Wagner relative au soutien de la proposition de dérogation temporaire introduite par l'Inde et l'Afrique du Sud à l'Organisation mondiale du commerce en matière de propriété intellectuelle

(*Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 672 de ce compte rendu*)

Da kéime mer nach zur Motioun, déi am Ufank vun der Sitzung vun der Sensibilité politique déi Lénk deposéiert ginn ass, wou et ëm eng Dérogation temporaire geet. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

### Discussion générale

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Jo, merci, Här President. Ganz kuerz. Fir d'alleréisch geif ech gär de Kollege vun déi Lénk Merci soe fir déi Motioun, well et ass e wichtege Sujet an et betrëfft eis all. Et geet eis och alleguerten zu Häerz, well eigentlech: Ëm wat geet et do? Et geet drëms: Wéi stelle mer sécher, dass iwwerall an der Welt genuch Impfstoffer, séier Impfstoffer zur Verfügung gestallt ginn?

Ech wëilt awer just rappeléieren, dass quasi eng identesch Motioun vum Kolleg Sven Clement vun de Piraten schonn deposéiert gouf hei. A wéi den Här Clement se deposéiert huet, huet en och direkt gesot - an ech war och do mat em averstanen -: „Déi Fro ass e bësse méi komplex wéi just iwwert d'Brevet ze schwätzen.“ An do hate mer ofgemaach, mir géifen an der aussepolitischer Kommissioun doriwwer schwätzen. Ech wëll och soen, dass dat gemaach gouf. Dat hu mer Mëtt Mäerz gemaach.

Mir hunn do als Konklusioun gezunn, dass mer géife probéieren, eng gemeinsam Motioun ze maachen, déi e bësse méi breet ass, wéi just eleng iwwert d'Brevet ze schwätzen. Dofir hunn ech och d'Wuert elo hei ergraff, well ech de Leit wollt soen: De Rapport, de Procès-verbal vun där Sitzung ass gëschter online gaangen op eisem Portal. Dir kënnt lech deen ukucken. Ech wäert an deenen

nächsten zwee, dräi Deeg deenen eenzelne Sensibilitäten eng Propos vun enger neier Motioun maachen.

Da géif ech proposéieren, an, ech mengen, den David Wagner war virdrun emol domat d'accord, wéi ech mat em geschwat hunn, dass mer d'nächst Woch an enger vun deene Sitzungen dann nach eng Kéier géifen drop zrëckkommen an dann déi zwou Motioun beieneenhuelen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Très bien, Här Cruchten! Ech ginn nach eng Kéier d'Wuert zrëck un den Auteur, ob hie mat där doter Proposition d'accord ass.

► **M. David Wagner (déi Lénk), auteur.** - Jo, jo. Ech mengen, mir kënnen domadder d'accord sinn, ...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. David Wagner (déi Lénk), auteur.** - ... datt déi Motioun diskutéiert gëtt.

(*Hilarité*)

Ech wollt just pour info soen, well et kann ee soen, datt et eng komplizéiert Affär ass; si ass och komplex, komplizéiert net onbedéngt: D'Motioun vun de Piraten hat sech u sech beschränkt op d'obligatoreschen Lizenzen.

Mir haten déi och ënnerstëtzt, also dat ass kee Problem, mee et ass eppes anescht a warscheinlech och vläicht net esou effikass. Mee doriwwer kann een diskutéieren. Dat heescht, et ass schonn eng aner Saach. Mee mir menge schonn, datt een iwwert déi Motioun misst diskutéieren. Mir wieren trotzdeem frou, wann et iergendwéi zu engem positive Resultat kéint kommen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner.

**Vote sur le renvoi de la motion en commission**

Wie mat där Proposition d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass dat esou decidéiert. Da waarde mer op eng Motion commune.

(*La motion est renvoyée à la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile.*)

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm.

Déi nächst Sitzung si fir de 27., 28. an 29. Abrëll virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(*La séance publique est levée à 17.43 heures.*)



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

### 3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

### 4. Heure de questions au Gouvernement

**Question n° 206 du 27 avril 2021 de M. Marc Spautz relative à la prise en charge de coûts supplémentaires liés à la rénovation de bâtiments publics, respectivement scolaires en cours de classification comme patrimoine national, adressée à Mme la Ministre de la Culture et à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

- M. Marc Spautz - Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture

**Question n° 208 du 27 avril 2021 de M. André Bauler relative à l'intervention de kinésithérapeutes et d'infirmières et d'infirmiers retraités dans la campagne de vaccination, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

- M. André Bauler - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 208 du 27 avril 2021 de M. Sven Clement relative à la participation des jeunes au système démocratique, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

- M. Sven Clement - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Question n° 209 du 26 avril 2021 de M. Dan Biancalana relative à l'avenir de l'usine LIBERTY Steel à Dudelange, adressée à M. le Ministre de l'Économie**

- M. Dan Biancalana - M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

**Question n° 210 du 27 avril 2021 de M. Léon Gloden relative à l'irresponsabilité pénale d'une personne atteinte d'un trouble psychique ou neuropsychique, adressée à Mme la Ministre de la Justice**

- M. Léon Gloden - Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

**Question n° 211 du 27 avril 2021 de Mme Stéphanie Empain relative au bilan du Plan d'action national 2017-2020 pour la gestion des risques à long terme dus à l'exposition au radon, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

- Mme Stéphanie Empain - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

**Question n° 212 du 27 avril 2021 de Mme Octavie Modert relative aux projets de trains de nuit en Europe, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

- Mme Octavie Modert - M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 213 du 26 avril 2021 de M. Gusty Graas relative à la destruction chimique des chenilles processionnaires du chêne, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

- M. Gusty Graas - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

**Question n° 214 du 27 avril 2021 de M. Serge Wilmes relative à l'effet de la gratuité des transports publics sur le nombre d'utilisateurs depuis son introduction, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

- M. Serge Wilmes - M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

**Question n° 215 du 27 avril 2021 de M. Claude Lamberty relative au bilan des aides à la digitalisation « Fit 4 Digital Packages », adressée à M. le Ministre des Classes moyennes**

- M. Claude Lamberty - M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes

### 5. Désignation d'un membre de la commission de suivi de la convention portant sur la prestation du service public luxembourgeois en matière de télévision

- M. Fernand Etgen, Président - M. Fernand Kartheiser - Mme Josée Lorsché - M. Fernand Etgen, Président

- Vote secret sur la candidature unique (interventions de M. Fernand Kartheiser)

- La séance publique est suspendue de 16.00 à 16.05 heures.

### 6. Présentation par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, et par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, du programme de stabilité et de croissance (PSC), du programme national de réforme (PNR) et du plan pour la reprise et la résilience (PRR)

- Présentation du programme de stabilité et de croissance (PSC) et du plan pour la reprise et la résilience (PRR) : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (intervention de M. André Bauler)

- Présentation du programme national de réforme (PNR) : M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

### 7. Changements de composition de commissions parlementaires

- M. Fernand Etgen, Président

### 8. Changement de composition du Bureau

- M. Fernand Etgen, Président

### 9. 7638 - Projet de loi portant :

1. transposition :

a) de la directive (UE) 2019/878 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 modifiant la directive 2013/36/UE en ce qui concerne les entités exemptées, les compagnies financières holding, les compagnies financières holding mixtes, la rémunération, les mesures et pouvoirs de surveillance et les mesures de conservation des fonds propres ; et

b) de la directive (UE) 2019/879 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 modifiant la directive 2014/59/UE en ce qui concerne la capacité d'absorption des pertes et de recapitalisation des établissements de crédit et des entreprises d'investissement et la directive 98/26/CE ;

2. mise en œuvre du règlement (UE) 2019/876 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 modifiant le règlement (UE) n° 575/2013 en ce qui concerne le ratio de levier, le ratio de financement stable net, les exigences en matière de fonds propres et d'engagements éligibles, le risque de crédit de contrepartie, le risque de marché, les expositions sur contreparties centrales, les expositions sur organismes de placement collectif, les grands risques et les exigences de déclaration et de publication, et le règlement (UE) n° 648/2012 ; et

3. modification :

a) de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

b) de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ;

c) de la loi modifiée du 24 mars 1989 sur la Banque et Caisse d'Épargne de l'État, Luxembourg ;

d) de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;





**e) de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme ; f) de la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement, à l'activité d'établissement de monnaie électronique et au caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et les systèmes de règlement des opérations sur titres ; et g) de la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances**

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Guy Arendt  
- Discussion générale : M. Laurent Mosar (intervention de M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance) - M. Claude Haagen - Mme Josée Lorsché (intervention de Mme Octavie Modert) - M. Roy Reding - M. Sven Clement (intervention de M. André Bauler)  
- Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (intervention de M. André Bauler) - M. Laurent Mosar (parole après ministre) (intervention de M. Roy Reding) - Mme Josée

Lorsché (parole pour fait personnel) - M. le Ministre Pierre Gramegna  
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

**10. Changement de la composition du Bureau (suite)**

- M. Fernand Etgen, Président

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Pierre Gramegna, M. Claude Meisch, Mme Carole Dieschbourg, Mme Paulette Lenert, Mme Sam Tanson, M. Lex Delles et M. Franz Fayot, Ministres.**

**(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)**

**1. Ouverture de la séance publique**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **Une voix.**- Nee, Här President.

**2. Communications**

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen: ...

■ **Une voix.**- Schl!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projeten a vun de Propositions de loi, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

**Communications du Président - séance publique du 27 avril 2021**

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

**7809** - *Projet de loi portant modification*

1° de la loi modifiée du 19 mai 2003 modifiant :

1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'État ;

4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État ;

5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois ;

6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut se faire changer d'administration ; et portant création d'un Commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire ;

2° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ; et

3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois

Dépôt : M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique, le 23.04.2021

**7810** - *Projet de loi portant introduction d'un nouvel article 7quater dans la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne*

Dépôt : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, le 26.04.2021

3) La proposition de loi suivante a été déposée à l'Administration parlementaire :

**7808** - *Proposition de loi relative à la stratégie de dépistage du virus Covid-19 dans les structures pour personnes vulnérables et dans les réseaux d'aides et de soins et portant modification de la loi du 17 juillet 2020*

Dépôt : M. Michel Wolter, Député, le 23.04.2021

4) La demande de pétition suivante a été déposée :

**1865** - *Demande de pétition publique* : LU: 2 Deeg Aarbechtsdispens pro Mount fir Fraen, déi hir Deeg

kréien. FR : 2 jours de dispense de travail par mois pour les femmes qui ont leurs menstruations.

Dépôt : Ornella Romito, le 23.04.2021

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

**3. Ordre du jour**

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

**4. Heure de questions au Gouvernement**

Haut de Mëtteg féiert d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 86 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntworten.

- **Question n° 206 du 27 avril 2021 de M. Marc Spautz relative à la prise en charge de coûts supplémentaires liés à la rénovation de bâtiments publics, respectivement scolaires en cours de classification comme patrimoine national, adressée à Mme la Ministre de la Culture et à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

Als Éischt hu mer d'Fro Nummer 206 vum Här Marc Spautz un d'Kulturministesch an un de Minister fir Education iwwert d'Prise en charge vun den Zousazkäschte vun de Renovatiounsjaarbechte vun ëffentleche Gebaier, déi als kulturellt lerve solle kënnen klassifizéiert ginn. Ech mengen, domadder huet awer den Unterrechtsminister näischt ze dinn. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Merci, Här President. Meng Fro geet do drëm - an ech mengen, d'Madamm Minister kennt den Dossier, den Här Minister kennt e sécherlech och -: Et si Gemengen, ëmmer méi Gemengen amgaang, Schoulgebaier ëmzebauen, ze vergréisseren, an da leien d'Projeten um Dësch, sinn och vun der Education scho begutacht ginn als positiv, an op eemol kënn dann d'Demande, fir ee Gebai ze klasséieren, de Sites et Monuments gëtt ageschalt, an da komme Surplusen eraus an deem Budget.

An dofir ass meng Fro: Wéi gedenkt d'Regierung, dorun erunzegoen? Ass dat de Kulturministère, deen dat iwwerhëlt? Ass et den Educationministère, deen de Surplus iwwerhëlt? Oder bleift et bei de Gemengen? Do dærf een och déi generell Fro stellen. Fréier - et ass nach net allze laang hier -, mee do hunn d'Gemengen nach eppes ze soe gehat an de Schoulen: D'Léierpersonal, d'Nominatioun vum Léierpersonal. Dat ass alles verschwonn.

Mee d'Gemenge sinn nach ëmmer zoustänneg fir d'Schoulgebaier. An dofir kann ee sech d'Fro stellen, ob et do net och un der Zäit wier, dass alleguerten déi Fraise vun de Schoulgebaier net méi bei de Gemenge wieren, mee dass den Educationministère dat géif maachen - zesumme mat engem anere Ministère, wou de Minister haut zoufälleg och heibannen ass, awer an enger anerer Qualitéit, wann ech d'Question-parlementairé gelies hunn, den Här Bausch -, dass de Staat d'Schoulgebaier all géif iwwerhuelen. Da wier déi Diskussioun vun de Fraisen an den Zousazfraise vun de Gemengen, wann ee Gebai klasséiert gëtt, och aus der Welt geschaf. Dat war elo eng Ajoute zu menger Fro, dat war vläicht eng kleng Boutade, mee et soll een dat awer och iwwerleeën. Well da géife vill Gemengebudgete besser ausgesinn, wann déi Diskussioun eriwuer wier.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz. Madamm Kulturministesch, Madamm Sam Tanson, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture.**- Merci, Här Deputéierten, fir Är Fro. Ech erlabe mer, Abstraktioun vun där Boutade ze maachen a wäert da ganz eleng just op d'Fro äntworten, well se ënnert den Zoustännegkeetsberäich vum Kulturministère fällt an net vum Educationministère, dee mat de Klassementer an och de Fraisen, déi domat verbonne sinn, näischt ze dinn huet.

Mir hunn en Denkmalschutzgesetz, un deem mer amgaange sinn ze schaffen, en neit Denkmal-

schutzgesetz. Mee dat aktuell, genau wéi och dat zukünftegt, gesäit natierlech Dispositione vir, wat am Kader vun engem Klassement geschitt a wat de Proprietär vun engem klasséierte Gebai ka vun Demandë maachen u Sites et Monuments, déi dann hëllef bei der Instandsetzung vun deem Gebai - natierlech just déi Elementer, déi och mat der Protektioun en tant que tel ze dinn hunn. Wann Der elopes maacht, wat näischt domadder ze dinn huet, fällt dat natierlech net ënnert dat hei Reglement.

Ech hunn lech d'Reglement matbruecht. Et ass dat vum 19. Dezember 2014, wou dat och an deem zukünftegen Text esou wäert integréiert sinn. An do ass virgesinn, dass déi Gebaier - souwuel déi, déi kommunal wéi och déi, déi national geschützt sinn - kënnen subventionéiert gi vu Sites et monuments. Do kënnen bis zu 25 % vun de Fraise subventionéiert ginn, wann et e kommunal geschützt Gebai ass. Bis zu 50 % vun de Fraise kënnen matiwwerholl ginn, wann et en national geschützt Gebai ass, sief et Monument national oder Inventaire, esou wéi mer dat haut nach kennen, wat awer an Zukunft jo wäert aneschtens sinn. An et ka souguer iwwer 50 % subventionéiert ginn, wann dann d'Commission des sites et monuments dozou e positiven Avis ofgëtt. Ech hunn dat och schonn dem Schëfflenger Buergermeeschter erkläert.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Kulturministesch.

- **Question n° 207 du 26 avril 2021 de M. André Bauler relative à l'intervention de kinésithérapeutes et d'infirmières et d'infirmiers retraités dans la campagne de vaccination, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

Déi nächst Fro wier un d'Madamm Gesondheetsministesch gericht. Déi ass awer net hei. Dann iwwersprange mer déi Fro.

(Interruption)

O si ass do, pardon, entschëllegt, entschëllegt!

(Brouhaha)

Mir kommen dann zur Fro Nummer 207 vum Här André Bauler un d'Madamm Gesondheetsministesch iwwert den Asaz vu pensionéierte Kinéen a Krankfleeger an der Impfcampagne. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Ech wollt dann effektiv eng Fro stellen un d'Madamm Gesondheetsminister, well mer aus seriöer Quell zu Ouere komm ass, dass pensionéiert Infirmiëren an Infirmiër bis ewell net gefrot goufen, fir an der Impfcampagne matzeschaffen. Dogéint soll awer op Kinéen zrëckgegraff ginn, déi sech bereeterkläert hu fir ze hëllefen an déi eng extra Ausbildung kritt hunn, fir Sprëtzen ze maachen, soudatt si och am Impfdéngscht kënnen sinn.

An deem Kontext wollt ech der Madamm Gesondheetsminister follgend Froe stellen: Éischtens: Weess si doriwwer Bescheed? Wa jo, firwat gëtt net zousätzlech op pensionéiert Infirmiëren an Infirmiëren zrëckgegraff, zemoools, wann déi nach iwwer eng sougenannt Autorisation d'exercer verfügen?

Zweetens wollt ech d'Madamm Ministesch froen, ob et stëmmt, datt d'Impfe bei de Kinéen anescht bezuelt gëtt wéi bei den Infirmiëren an den Infirmiëren. Wann deem esou wier, wat wier do d'Ursaach?

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bauler. D'Madamm Gesondheetsministesch huet d'Wuert. Madamm Paulette Lenert, wannech gelift.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Merci, Här President. Ech hat effektiv net meng gewinnte Plaz wéi soss. Jo, Dir hutt d'Fro gestallt zu de pensionéierten Infirmiëren an Infirmiëren. Do ass et esou, dass béid am Asaz sinn. Ech kann dat och perséinlech confirméieren, well ech zoufälleg och deen een oder deen anere Pensionéierten aus där Berufsspart kennen, deen am Asaz ass. Dat muss also eng Informatioun sinn, déi net komplett ass, déi do virlooch.

Wat d'Formatiounen ugeet, ass et esou, dass souwuel d'Infirmiëre wéi och d'Kinéen eng speziell Formatioun kréien, ier se an den Impfzentrum ginn, fir eeben déi Akten do ze maachen, déi ufalen. D'Formatioun ass fir béid Gruppen.

Zu der Differenz an der Remuneration: Dat ass effektiv gutt, wann een dozou kann Erklärunge ginn. Dat ass op den éischte Bléck vläicht net onbedéngt

esou verständlech, mee bei den Infirmiëre sinn déi meescht als Salaré bei eis aktiv, dat heescht, déi sinn an engem CDD mam Staat an hunn natierlech eng Remuneration, déi do dem normale Barème fir den Infirmier entsprécht, während d'Kinéen, déi mer am Asaz hunn, haaptsächlech fräischaffend Kiné sinn. An déi Remuneration, déi ass iwwert de Wee vun enger Convention gereegelt mat der representativer Associatioun vun de Kinéen, dat ass d'ALK. Déi ass ënnerschriwwen ginn an do ass en Tariff verhandelt ginn - dat ass en Tariff vun 115 Euro d'Stonn, deen do festgehal gouf. Dat gëtt déi néideg Flexibilitéit, fir dass ee Fräischaffenden eeben och ka stonneweis oder hallef Deeg oder wéi och ëmmer am Centre de vaccination aktiv sinn. An dat ass eeben, wéi gesot, net elo ee festen Aarbechtskontrakt, wéi mer en hei an der Regel mat Infirmiëren hunn. Dat ass eng aner Relation de travail.

Mir müssen och soen: Firwat huele mer ganz vill Kinéen hei mat eran, nieft den Infirmiëren? Ma well mer sécherlech net genuch Infirmiëre wäerten hunn, zemoools, wa mer bis dee sechsten Impfzentrum opmaachen an der Luxexpo. Do brauche mer wierklech Mann a Maus.

An ech hat och gefrot, fir genau Zuelen ze kréien, wivill Leit, also wivill Pensionéierter am Asaz wären am Verglach zu deenen aneren. Ech hunn déi awer net kënnen kréien. Mir hunn dat net esou opgeléicht. Déi sinn all ageschriwwen an der Réserve sanitaire. Mee wéi gesot, et si sécherlech och Pensionéierter am Asaz, an ech kennen der och selwer souguer perséinlech. Dofir kann ech wierklech hei en âme et conscience soen, dass déi Informatioun net ganz komplett ass, wéi Dir sot. Voilà.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Gesondheetsministesch.

- **Question n° 208 du 27 avril 2021 de M. Sven Clement relative à la participation des jeunes au système démocratique, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

Mir kommen elo zur Fro Nummer 208 vum Här Sven Clement un den Här Minister fir Education, Kanner a Jugend iwwert d'Participation vu Jugendlecher um demokratesche Prozess. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Jo. Merci, Här President. Et ass esou, datt ee jo alles soll maachen, fir datt ee Kanner a Jugendlechen eeben net d'Gefill gëtt, datt se an den demokrateschen Institutione kee Gehéier fannen. Et soll een hinnen, tout au contraire, Weeër opweisen, wéi se Gehéier kënnen fannen. Et soll een hinne Participatiounsméiglechkeeten opweisen, fir hinnen esou d'Gefill ze ginn, Här a Meeschter iwwer hir eegen Zukunft ze sinn.

Fir bei Kanner a Jugendlecher also eebe grad dat Gefill vun der Politikverdrossenheet guer net eréischt opkommen ze loossen, gëtt am Ausland, ënner anerem an Däitschland, reegelméisseg déi grouss Shell Jugendstudie gemaach, wou eebe grad erhuewe gëtt, wéi d'Kanner an d'Jugendlecher - an do och den Ënnerscheid vun deenen ënner 15-järegen an den iwwer 15-järegen - sech an der Gesellschaft erëmfannen.

Well d'Vertrauen an d'Demokratie als Staatsform an d'Iwwerzeegung, an enger Demokratie als Einzelnen Afloss op säin eegent Liewen, mee och op d'Gesellschaft am Ganzen huelen ze kënnen, fousen - an dat ass, mengen ech, kloer - op d'Wëssen iwwert d'Institutionen an déi reell Participatiounsméiglechkeeten, déi all Einzelne vun eis huet. Fir antidemokrateschen a rietspopulistesch a leider och ëmmer méi heefeg rietsextreme Gruppéierungen net weider Waasser op d'Millen ze ginn, ass et wichteg, datt mer de Jonken net d'Gefill ginn, datt se net gehéiert ginn, datt se eebe wëssen, wou se participéiere kënnen, wéi se participéiere kënnen.

An deem Kontext dann och d'Froen: Huet d'Regierung esou änlech Studie wéi d'Shell Jugendstudie, déi ech ugeschwat hunn, oder Ëmfro-Resultater virleien, déi duerleeën, wéi sech d'Demokratieakzeptanz an/oder d'Vertrauen an d'demokratesch Struktur bei Kanner a Jugendlechen an de leschte Joren zu Lëtzebuerg entwéckelt hunn? A gouf et Initiativen oder Mesuren an deene leschte fënnel Joer, déi bei Kanner a Jugendlechen, also ënner 15 Joer an iwwer 15 Joer, ugebuede goufen, fir hinnen eng Plattform ze bidden, fir esou kënnen d'Demokratieakzeptanz héichzehalen?

Merci.





■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. De Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ee grousser Merci un de Sven Clement fir déi interessant Fro, well ech denken, datt et fir Participatioun an Demokratie wichteg ass, dat virzeliewen, deene Jonken an de Kanner awer och d'Méiglechkeet ze ginn, et selwer ze erliewen.

An dat gëllt natierlech och an deene groussen institutionelle Strukture wéi der Schoul, der Kannerbetreuung. Dat gëllt, denken ech, awer och doheim, am Veräin. Am Alldag vun de Kanner ass dat wichteg, well eier mer de Schratt maachen, fir ze erklären, wéi eis Institutionne funktionéieren, wéi mer um kommunale Plang, um nationale Plang, um internationale Plang probéieren, mateneen eens ze ginn, Konflikter ze reegelen, ass et vläicht wichteg, datt een am Alldag et och selwer erfier an natierlech och de Wäert vum Engagement, de Wäert vun der Participatioun och selwer spiert, an datt een net nëmmen d'Gefill huet, mee och ganz konkreet Resultater gesäit, datt den eegenen Engagement och zu eppes ka féieren, gläichzäitig awer och erfier, datt déi eege Meenung net ëmmer déi eenzeg ass, an datt et drëms geet, sech eebe mat aneren och do an der Konkurrenz dann ausenannerzesetzen an ze kucken, zesumme Meenungen a Positiounen ze fannen, déi vläicht breet gedroe ginn, an heiansdo och emol ze akzeptéieren, datt eng aner Decisioun derbäi erauskënnt. An dat ass en Optrag, denken ech, deen d'Schoulen haut hunn an dee mer och an der nonformaler Bildung ganz, ganz groussschreiwen.

Dir frot ganz konkreet, ob mer Etüden hunn. Dir hutt d'Shell Jugendstudie zitëiert. Mer hunn eng, déi d'Shell Jugendstudie eigentlech als Virbild huet an déi awer hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass vun der uni.lu am Optrag vum Ministère de l'Éducation nationale de l'Enfance et de la Jeunesse: Dat ass de Youth Survey, wou de Volet Participatioun ganz besonnesch groussgeschriwwé gëtt, wou gekuckt gëtt, wou a wéi déi Jonk an der Gesellschaft kënnen participéieren.

Mir hunn awer och de Jugendbericht - dee leschten zum Beispill 2015 -, deen och staark um Thema Participatioun geschafft huet an do ganz vill interessant Donnéeën an Iwwerleeunge produzéiert huet. Also och hei an der Chamber: Wie sech fir deen dote Sujet méi wëllt interesséieren an dat méi dacks wëllt zur Diskussioun stellen, dee fënnst sécherlech do nach eng ganz Rei vun interessanten Informatiounen.

2022 kënnt awer och e Rapport eraus iwwert d'Situatioun vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg. Do geet et ëm d'Wuelbefannen. A beim Wuelbefannen ass een Element jo och: Awéiwäit fillen ech mech eescht geholl? Awéiwäit kann ech participéieren? Awéiwäit kann ech meng eege Situatioun och duerch mäin eegenen Engagement verbesseren? An do wäerte mer sécherlech och déi doten Thematik erëmfannen.

Mir probéieren am Bildungs-, Kanner- a Jugendministère ëmmer nees, ganz kloerzemaachen, datt déi Meenung vun de Kanner an deene Jonken eis wichteg ass. Fänke mer u mat Prozesser wéi Bildung am Dialog, wou ech net nëmme mat de Representante vun den Erwuesenen, vun den Elteren a vun den Enseignanten an den Educateuren zesummekommen, mee wou ech och ëmmer nees mat Schülervertreieder zesummekommen, heiansdo och mat Schüler, mat Jonken, déi do och ganz flott a ganz aktiv participéieren. An ech denken, datt dat wichteg ass, net nëmme vun der Symbolik hier, mee awer och, fir en Abléck an d'Gedankewelt an an d'Perceptioun vun deene Jonken ze kréien.

Mir hunn awer eng ganz Rei vun Initiativen, déi souwuel fir Kanner wéi och fir Jonker gëllen, déi dacks um kommunale Plang, um lokale Plang, och emol a Lycéeën, awer och an de Strukture vun der nonformaler Bildung, geschafte goufen. An ech kéint lech elo eng ganz Lëscht opzielen, se wär sécherlech net komplett an duerfir zécken ech e bëssen. Ech kann lech se awer gärden duerno nach ginn, fir wierklech awer ze dokumentéieren, wéi breet dee Sujet do present ass a ganz konkreeten Initiativen.

Et gëtt ganz vill Schoulen, wou Klasserëit sinn, och schonn an der Grondschoul. An der nonformaler Bildung, och an de Maison-relais, gëtt d'Participatioun als ee vun den Ziler och vun der pedagogescher Aarbecht groussgeschriwwen, fir do natierlech deene Jonken erëm eng Kéier net nëmmen d'Gefill ze ginn, mee se wierklech kënnen participéieren ze dinn.

Mir hunn och do ganz dacks mat der Zesummenaarbecht an Hëllef vum Zentrum fir politesch Bildung eng ganz Rei vu pedagogesch ausgerichteten Dokumentatiounen erschafft, déi mer un allegueren déi Institutionen, un d'Schoulen, un d'Bildungsstrukture ginn. Ech denken do zum Beispill un d'Publikatiounsrei „mateneen“ vum ZpB, wou et ëm

d'Praxisheft „Demokratiepädagogische Schulentwicklung“ geet. Do gëtt et eng Editioun, déi heescht: „Vers une école démocratique“, et gëtt eng: „Le conseil de coopération“, et gëtt eng: „Participation en classe“, an esou weider, wou wierklech probéiert gëtt, d'Participatioun an d'Engagement vun deene Jonken ze féieren. A virun allem riichten déi Publikatiounen sech jo un déi Erwuesenen, well déi natierlech mussen e Kader schafen, wou Participatioun ganz konkreet méiglech ass.

Am Nonformalen ass et virun allem de Service national de la jeunesse, deen déi doten Thematik a seng pedagogeschen Handreichungen och ëmmer nees opgräift an ëmmer nees dättelech mécht, datt dat och eng vun den Haaptzilsetzungen vun der pedagogescher Aarbecht an de Betreungsstrukturen ass.

Also, fir nach eng Kéier resuméiert ze äntwerten: Mir sinn eis der Bedeitung vun der Participatioun vun de Kanner an deene Jonke wierklech bewosst. A mer mussen natierlech och ëmmer erëm kucken, datt dat seng Plaz fënnst, well ech mengen, dat ass kee politesche Problem, mee dat ass ee Problem vun eis Erwuesenen, datt mer heiansdo d'Gefill hunn, et awer vill besser ze wësse wéi déi Jonk. A mir mussen eis ëmmer erëm selwer zréckhuelen - och déi professionell Acteuren an der pedagogescher Aarbecht -, fir der Participatioun vun deene Jonken an den Institutionen hir Plaz kënnen ze loosse.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch.

- **Question n° 209 du 26 avril 2021 de M. Dan Biancalana relative à l'avenir de l'usine LIBERTY Steel à Dudelange, adressée à M. le Ministre de l'Économie**

Mir kommen elo zur Fro Nummer 209 vum Här Dan Biancalana un de Wirtschaftsminister iwwert d'Zukunft vu LIBERTY Steel zu Diddeleng. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Merci, Här President. Zënter enger Rei Woche gëtt an der nationaler an internationaler Press, an de Medien d'Situatioun vu LIBERTY Steel vill kommentéiert an iwwert d'Zukunft vun deem Industriesite vu LIBERTY Steel zu Diddeleng mat hiren 250 Salariée vill spékuléiert.

Et ass wichteg, schéngt et mer, dass mer iwwerall am Land eng wirtschaftlech an industriell Aktivitéit mat Substanz oprechterhale kënnen.

Viru gutt dräi Joer hat ech - zesumme mam deemolege Wirtschaftsminister - an diverse Courrieren, Bréiwer un d'EU-Kommissioun meng Bedenken iwwert de virgezunnen, gezwongene Verkauf vum Wierk vun ArcelorMittal geäussert. Effektiv ass et jo esou gewiescht, dass ArcelorMittal huet missen zwee Sitten, dorënner deen zu Diddeleng, verkafen, fir den italieenesche Stolproduzent ILVA S.p.A. dierfen opzekafen, fir esou dann eng Position dominante ze verhënneren.

Haut riskéiere mer, ënnert dëser Decisioun am Numm vun der Libre concurrence am europäesche Bannemaart ze leiden. Dobäi ass d'Demande no Stol an der leschter Zäit duerch d'Reprise an den USA an a China eigentlech erëm um Klammen.

Dofir follgend Froen un de Wirtschaftsminister: Wou ass den Dossier vu LIBERTY Steel haut drun? Wéi kéint den Approvisionnement duerch ArcelorMittal gehuween a weider gewärleescht ginn, fir dass weider därer zu Diddeleng produzéiert ginn? Gëtt et vu Regierungssäit scho konkreet Pisten, wéi de Site vu LIBERTY Steel zu Diddeleng kann erhalen ginn? A wat ass schlussendlech d'Marge de manœuvre vum Wirtschaftsministère, vun der Regierung, fir an deem Dossier zugonschte vum Erhalt vun den Aarbechtsplaze kënnen ze intervenéieren?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Biancalana. Den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot huet d'Wuert.

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Merci dem Dan Biancalana fir déi Fro. Ech deele ganz kloer d'Besuegnis vum Député-maire vun Diddeleng iwwert d'Zukunft vun der fréierer Galvalange mat sengen iwwer 200 Salariéen.

Aus menger Siicht ass d'Situatioun am Wierk zu Diddeleng seriö an ugespaant, esou wéi ech et och schonn de leschten Donneschdeg an der Chamberskommissioun enger Partie Deputéierten hanner zouenen Diere soe konnt.

Zanterhier sinn nees véier Deeg vergaang, an et ass eng Situatioun, déi quasi am Dagesrhythmus evoluéiert. Déi lescht Deeg sinn déi intensiv Beméiunge vun der Regierung, a speziell vum Wirtschaftsministère, weidergaangen. All dës Efforten, déi mer maachen, baséieren op dräi grouss Prioritéiten, op déi ech kuerz wëll agoen.

Éischtens sollen natierlech déi Leit, déi do schaffen, kuerzfristeg hir Paie weider ausbezuelt kréien. Zweetens solle kuerz- bis mëttelfristeg d'Aktivitéite vum

Site zu Diddeleng erhalen bleiwen, och wann d'Wierk den Ament net voll ausgelascht ass. Drëtens soll laangfristeg eng Léisung fonnt ginn, fir datt dat Wierk a seng Mataarbechter e feste Bestanddeel vun der Lëtzebuerger Stolindustrie bleiwen, well d'Wierk ass gutt, et ass fiabel an et ass och rentabel.

Zanter ugangs Mäerz gi mer als Regierung dësen Dossier mat enger duebeler Approche un. Éischtens intervenéiere mer um Niveau vu GFG Alliance, dee via Liberty House de Propriétaire vum Site zu Diddeleng ass. Dir wësst, dass d'GFG Alliance an de Sanjeev Gupta Problemer hu wéinst der Faillite vu Greensill, wat jo deen eenzege Financier war vun deem Grupp.

Mir wëssen allegueren, wéi komplizéiert schonn eng reng Lëtzebuergesch Faillite ass. Mee hei muss ee gesinn, dass déi heite Situatioun, déi vu Greensill, nach international Ramifikatiounen derbäihuet, an de Stolssektor eran, awer och an déi ganz global Finanzindustrie eran. Déi Leit vun lech, déi déi international Press liesen a besonnesch d'Finanzpress, wëssen, dass do all gudd Broutdag op d'mannst een Artikel iwwer Greensill an iwwert de Gupta dra-stinn. Dat erkläert, firwat den Dossier esou komplex ass a bis ewell och zimmlech onduerchsichteg ass, bis an d'Wierk Diddeleng eran.

Duerch déi direkt an intensiv Kontakter mat GFG wësse mer, datt de Sanjeev Gupta bis haut gewëllt ass, datt all déi Fabriken, déi zu sengem Grupp gehéieren, weider funktionéieren an och an deem Grupp do drableiwen.

Trotz der Faillite vu Greensill ass de Sanjeev Gupta rechtlech gesinn haut nach ëmmer de Propriétaire vun deene verschidene Sitten an deemno och nach ëmmer vum Wierk vun Diddeleng. Dofir ass dem Här Gupta säi Management och haut nach ëmmer deen éischten an natierlechen Usprichpartner fir eis am Wirtschaftsministère, wann et ëm d'Zukunft vum Wierk zu Diddeleng geet.

Deen aneren Niveau, op deem mer als Wirtschaftsministère zanter Wochen intervenéieren, spillt sech um Niveau vun de Sitten Diddeleng a Léck of, déi am Binôme funktionéieren a wou ee vun deem aneren operationell ofhängeg ass. Dofir si mer och a Kontakt mat der wallounescher Regierung respektiv mat der Direktioun vum Wierk zu Léck. Bei all eisen Interventiounen an Aktiounen schaffe mer an enker Concertatioun mat de Gewerkschaften zesummen, déi um Terrain sinn, déi nach bal ee bessert Gefill hu fir d'Situatioun sur place. Bei der Rettungsaktioun fir de Site zu Diddeleng huet de Sozialdialog fir eis alleréischst Prioritéit.

Trotz der Komplexitéit vum Dossier, trotz de Repercussioune vun all deem an x verschidene Länner, bleift et bei der Volontéit vun der Regierung, fir d'Salariéen an de Site vun Diddeleng ze erhalen, am Interêt vu Lëtzebuerg als Industriestanduert. Mir hëllef en hei, wou mer kënnen, a mir intervenéiere mat deenen Instrumenter, déi Sënn maachen. A mir schaffe ganz kloer op dat doten Zil hin.

De Finanzminister an ech hunn och, fir déi Aarbecht ze maachen, d'SNCI beoptraagt, fir déi komplex Situatioun fir d'éischt emol am Detail ze analyséieren a fir den Dossier mat eis au jour le jour ze suivéieren. Als staatlech Investitiounsbank huet d'SNCI och den Optrag vun der Regierung kritt, fir méiglech Pisten, déi mer identifizéiert hunn, op hir Machbarkeet hin ze iwwerpräiwen, fir dat Wierk weider funktionéieren ze doen. Dir wësst, dass d'SNCI hei déi néideg Expertis, Erfahrung an och d'Instrumenter huet, fir als verlängerten Aarm vun der Regierung um Terrain aktiv ze ginn.

Ech verstinn natierlech, dass jiddwereen ongedéleg ass hei am Plenum, an ech verstinn, dass jiddwereen hei gär esou séier wéi méiglech eng Léisung hätt. Mee ech soen lech, dass mer hei nach net esou wäit sinn, dass dat am Géigendeel nach wäert Deeg an och warscheinlech Wochen daueren, bis d'Parametere all esou konkretiséiert sinn, dass mer hei en connaissance de cause eng Decisioun kënnen huelen.

Wat mer sécher net wäerte maachen, dat ass, hei eppes iwwert de Knéi brieche. Hei wäerte mer gegebenefalls musse Steiersuen engagéieren. An dofir muss et ganz kloer sinn, dass, egal wat mer maachen, dat Kapp a Fouss huet, dass hei en industrielle Plang virläit, dee Sënn mécht, an dass mer hei en connaissance de cause eng Decisioun huelen.

**(Intervention de la présidence)**

Ech kommen zum Schluss, Här President. Just nach ee Wuert zum europäesche Volet, well den Dan Biancalana deen ugeschwat huet.

Et ass ganz kloer, dass hei och d'Europäesch Kommissioun eng Roll ze spillen huet an deem Dossier. Dir wësst, dass Diddeleng deemools verkaaft ginn ass wéinst där Transaktioun mat ILVA S.p.A.. Dat ass an eisen Aen - an dat huet mäi Virgänger och schonn e puermol gesot - op eng dépasséiert europäesch Konkurrenzpolitik zréckzeféieren, e Contrôle des concentrations, deen net méi adaptéiert ass. Wa mer vun europäeschen industrielle Champions schwätzen, da musse mer ganz kloer eppes dorunner änneren. An ech wäert dat och dem Thierry

Breton soen, wann en deemnächst op Lëtzebuerg wäert kommen.

Voilà. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

- **Question n° 210 du 27 avril 2021 de M. Léon Gloden relative à l'irresponsabilité pénale d'une personne atteinte d'un trouble psychique ou neuropsychique, adressée à Mme la Ministre de la Justice**

Mir kommen elo zur Fro Nummer 210 vum Här Léon Gloden un d'Justizministesch iwwert d'penal Irresponsabilitéit vun enger Persoun mat psycheschen oder neuropsychiatresche Stéierungen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Déi lescht Deeg war eng hefteg Polemik a Frankräich wéinst dem Mord un enger jiddescher Matbiergerin, dem Sarah Halimi, ausgebrach. Wat ass geschitt? D'Sarah Halimi ass ëmbruecht gi vun engem Mäerder, deen ënner ganz grousssem Afloss vun Droge stoung.

D'franséisch Cour de cassation huet de 14. Abrëll en Urteel geschwat, wou zréckbehale ginn ass, datt et en antisemitischen Akt war, mee opgrond vu sengem ganz staarken Drogenafloss ass en als onzurechnungsfäeg erkläert ginn, also net penal condemnéiert ginn.

Et ware grouss Demonstratiounen a Frankräich an et huet eng Debatt am franséische Parlament stattfonnt, wouropshin och de franséische Justizminister gesot huet, datt se d'Legislatioun géifen iwwerschaffen.

Jo, mir hunn eng änlech Legislatioun wéi d'Fransousen. Och mir hunn en Artikel am Code pénal, dee seet: „Wann een net zurechnungsfäeg ass, au moment de l'acte, da kann een net condemnéiert ginn, kann een net penal haftbar gemaach ginn.“

Elo ass et awer esou, dass, wann ech selwer à l'origine vun där Onzurechnungsfäegkeet sinn - a wann een déi Jurisprudenz liest an der Affär Sarah Halimi, stellt sech eraus, datt dee Mäerder all Dag op d'mannst 15 Joente Cannabis an Droge gefëmmt huet -, do sinn ech perséinlech der Meenung, datt een do eppes muss änneren.

Duerfir meng Froen un d'Madamm Ministesch: Denkt d'Madamm Ministesch, datt esou eng änlech Jurisprudenz opgrond vun der Lëtzebuerger Legislatioun hei zu Lëtzebuerg géif geschwat ginn? Ech fäerten, d'Äntwert ass Jo.

Wa jo, ass d'Madamm Ministesch bereet, sech a Kontakt ze setze mat dem franséische Justizminister a säi Projet ze kucken, fir dann och esou e Changement hei zu Lëtzebuerg an dem Code pénal anzeféieren?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Gloden. D'Madamm Justizministesch Sam Tanson huet d'Wuert.

■ **Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.**- Jo, merci, Här Gloden, fir déi Fro. Et ass effektiv en Thema, wat am Moment a Frankräich ganz hëtzeg diskutéiert gëtt, wat och absolutt verstëndlech ass.

E Mord ass eppes, wat fir déi betraffe Famill dramatesch ass. An en antisemitische Mord ass net just fir eng Famill dramatesch, mee fir eng ganz Communautéit. Vun dohier ass déi Emotioun, déi do ronderëm ass, absolutt ze verstoen.

Virop bemierkt: Ech sinn ni der Meenung, dass een an der Urgence soll legiferéieren an och net op Fait-diverse baséiert soll legiferéieren, mee dass ee soll mat der néideger Distanz Fakten analyséieren an och d'Rechtsspriechung kucken an och d'Urteiler kucken an d'Dispositiounen an de Codé kucken an dann en fonction dovunner eng Evaluatioun vun eppes maachen.

„Wéi ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg?“, hutt Der mech an der schrëfftlecher Versioun gefrot. Elo hutt Der lech e bëssen anescht ersäit. Dir hutt gesot: „Ass dat doten och zu Lëtzebuerg méiglech?“ Also, ech kann net eng zukünftég Décision de justice kommentéieren. Ech kann lech just soen, wat, Stand haut, meeschtens an esou Fäll wéi deem doten decidéiert gëtt.

Ech hunn zum Beispill eng Decisioun matbruecht. Dat ass d'Decisioun 15/19 Cour d'appel, wou da gesot gëtt: « La diminution des mécanismes de contrôle, suite à la consommation excessive d'alcool, est dès lors le résultat d'une faute dans le chef de A, excluant de ce fait l'application de l'article 71-1 du Code pénal. Donc, même si, à jeun, il n'avait jamais eu l'intention de commettre une infraction quelconque qu'il commettra par après en état ivresse, il devait connaître, quitte à ce que sa réaction démesurée a été certes favorisée par l'effet désinhibiteur de l'alcool, parfaitement les conséquences auxquelles il risquait de s'exposer en s'enivrant. »

Dat heescht, et ass eng geleeft Jurisprudenz fir ze soen, dass e Feeler gemaach ginn ass, wann een





esou exzessiv Droge konsumméiert, dass een herno eng Dot beheet.

Ech wollt just eng Klammer maachen. Ech wëll elo net hei Jurisprudenze kommentéieren, a scho guer keng auslännesch. Et ass e bëssen aneschtens an de Faiten, wéi dat, wat Der elo gesot hutt, deen Dossier, wou déi Decisioun vun der franséischer Cour de cassation koum. Deen Täter hat Psychosen, déi ausgeléist goufen duerch säi Cannabiskonsum. Do gëtt et och ganz vill Literatur driwwer. Mee op alle Fall, et ass net just de Konsum en tant que tel, mee et ass och de Fait ... de Konsum iwwer eng laang Dauer, deen dat dote kann ausgeléist hunn; awer net onbedéngt muss.

Elo zur Fro: Wéi geet een domadder ëm? Mir haten déi Diskussioun och schonn hei zu Lëtzebuerg. Déi aktuell Dispositioun aus eisem Code pénal geet zréck op e Gesetz vun 2000, wat 1998 vum deemo-lege Justizminister Luc Frieden deposéiert gouf. Do kann een noliessen am Exposé des motifs, dass sech d'Fro gestallt gouf: Wéi gi mer domadder ëm, wann déi Infraktiounen ënnert dem Empire vun der Ivresse begaange goufen?

Hei schreiwen d'Auteurs vum Text: « Afin de clarifier la situation de l'ivresse volontaire, il a été initialement envisagé [...] de retenir expressément le principe de la responsabilité pénale d'une personne dont le discernement était altéré au moment des faits ou qui avait perdu le contrôle de ses actes par suite de consommation de boissons alcooliques, de stupéfiants ou de substances médicamenteuses ou autres pouvant entraîner une altération du discernement. Ce principe n'a [cependant] pas été retenu et il a été jugé plus approprié de laisser au juge le soin de juger de cas en cas s'il y a lieu de considérer le prévenu comme étant pénalement responsable ou non. »

Dat heescht, viru knapp 20 Joer ass decidéiert ginn, déi Fro net an engem Text ze beäntweren; wat ech och kann novollzéien dans la mesure, wou den Discernement eigentlech den Élément essentiel an och e Fundament ass vun eisem modernen Droit pénal. Ech wäert natierlech awer ganz opmierksam suivéieren, wéi déi Diskussioun elo a Frankräich weidergeet. Ech wëll och drop opmierksam maachen, dass e Rapport gefrot gouf vun de franséischen aktuellen a virege Justizministere. Dee Rapport kënnt zur Konkusioun, dass den Text net soll geännert ginn.

Ech kucken elo natierlech, wat d'Fransouse wäerte maachen. En fonction dovunner maache mir dann eng Evaluatioun vun der Situatioun, ob esou eppes hei néideg ass oder net. Mee op alle Fall, et ass näischt, wat een „d'une main tremblante“ elo hei sollt modifizéieren.

Merci awer fir Är Fro.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson.

- **Question n° 211 du 27 avril 2021 de Mme Stéphanie Empain relative au bilan du Plan d'action national 2017-2020 pour la gestion des risques à long terme dus à l'exposition au radon, adressée à Mme la Ministre de la Santé**

Mir kommen elo zur Fro Nummer 211 vun der Madamm Stéphanie Empain un d'Gesondheitsministesch iwwert de Bilan vum nationalen Aktiounsplang 2017-2020 iwwert d'Risiko vum Radon. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, gëschter war den Tschernobyl-Gedenktag. Domadder stoungen, wéi all Joer, déi radioaktiv Gefore vun der Atomenergie erëm am mediale Fokus.

Mir sollten awer net vergiessen, datt et och natierlech Radioaktivitéit gëtt an datt och dës ënner Ëmstänn zu Gesondheitsimpakter féiere kann - esou zum Beispill de Radon. De Radon ass e radioaktiven Edelgas, deen an der Natur virkënnt an aus dem Zerfall vun natierlechen Uran-Elementer entsteet.

Jee no Geologie ass d'Konzentratioun vum Radon awer ganz variabel, also net iwwerall d'selwecht héich. An Däitschland geet d'Strahlenschutzbehörde dervun aus, datt de Radon fir ongeféier 5 % vun de Longekriibsfäll an der Bevëlkerung responsabel ass. An och zu Lëtzebuerg kann een op der Websäit vun der Santé noliessen, datt de Radon eng Roll bei 5 % bis 10 % vun de Longekriibsfäll kéint spillen.

D'Gefor vum Radon entsteet bei der Kombinatioun vun der passender Geologie mat schlecht belëfte Gebailechkeeten. Zu Lëtzebuerg betrëfft dat prioritär d'Géigende mat Schiferbuedem, also haaptsächlech d'Éislek. An déi fënnel Kantonen aus dem Norden - also Clief, Dikrech, Réiden, Veianen a Wolz - sinn 2019 par règlement grand-ducal als Radonzon agestuift ginn, well hei schätzungsweis 5 % vun de Gebailechkeeten iwwert dem Referenzseuil leien.

An dësem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Minister stellen:

Deen éischte Plan d'action radon ass 2020 ausgelaf. Gëtt do nach e Bilan gezunn oder ass do e Bilan gezu ginn?

Déi zweet Fro wär, wéi wäit d'Preparative fir d'Opstelle vum nächste Radonplang sinn, deen dat neit Radioprotektiounsgesetz vun 2019 virgesäit?

Déi drëtt Fro wier: Vu dass et laut deem neie Gesetz elo och eng Obligatioun gëtt fir Radonmiessunge fir d'Employeuren fir d'Aarbechtsplazen an de betrafene Gebidder, genee wéi och fir Schoulen, Maisons-relais, Crèches, Internater an eng Rëtsch aner Gebailechkeeten, wou e Public sech länger kann ophalen, wéi gesäit et also do mam Ëmsetze vun dëse Miessungen aus am Éislek respektiv am Norde vum Land? Goufen déi betreffen Employeuren an aner Entitéite scho vum Ministère iwwert dës Obligatiounen informéiert? Wéi vill Gebailechkeete sinn hei an där Regioun beträff respektiv wéi vill Miessunge missten hei an deenen nächste Jore gemaach ginn? An ass heizou eventuell och eng Informatiounscampagne geplangt?

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Empain. D'Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert huet d'Wuert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Merci, Här President. Eis Divisioun vun der Radioprotection ass effektiv ee vun deene Services, déi extreem intensiv agebonne waren an der Gestiou vun der Kris, an dat vun der éischter Stonn un. Si gehéieren zu deene Leit, déi net nëmme siwen Deeg op siwen, mee déi Zäit och ganz oft an der Nuecht ënnerwee waren an der Cellule logistique. Dofir hu mer mat deem heiten Dossier e liichte Retard, awer zum Gléck just e liichten, soudatt ech lech eng ganz Rei Äntwerte ka ginn.

D'Fro vum Radon ass eng ganz wichteg Fro, well d'Expositioun ronn een Drëttel ausmécht vun alle Stralensexpositiounen hei am Land, dat nieft engem aneren Drëttel, wat déi sougenannt natierlech Strale sinn, an dann nach eng Kéier en Drëttel fir medezinesch Expositiounen.

Wat ass Radon? Dat ass effektiv een natierlech radioaktive Gas, deen aus dem Buedem an d'Haiser gelaangt, dee mer dann anootmen, wat dann och eventuell mat engem Risiko fir Longekriibs verbonnen ass.

Eis Divisioun - dat heescht, déi Leit, déi dorobber schaffen -, déi mécht hir Miessungen, wéi Der vläicht wësst, iwwert d'Wanterméint. Net am Summer, well do d'Radonkonzentratioun an der Reegel méi niddreg ass. Aus deem Grund probéiere mer och all Joer, eréischt um Enn vum Summer mat der Sensibilisatioun unzefänken, fir da wierklech fir de Wanter preparéiert ze sinn. Deemno preparéiere mer och d'Presentatioun eeben am Kontext vun enger Campagne fir dësen Hierscht.

Dat heescht, deen éischten Aktiounsplang ass souwäit ofgeschloss, de Bilan läit vir. Ech muss soen, mir haten et nach net caséiert kritt, dass ech e gesinn hunn. Mee de Plang ass effektiv, dat da mat där dësjäreger Campagne ze verbannen, déi am Hierscht wäert kommen.

Ech krut gesot, déi meescht Saachen/Aktiounen, déi virgesi sinn, wäeren ëmgesat a géifen och zum groussen Deel weidergefouert ginn. Deen neie Radonplang, dee fir 2021-2028, ass och an der Fortsetzung ugeduecht a wäert och deementspriedend erweidert ginn ëm Mesurë ronderëm d'Aarbechtsplazen, déi effektiv ganz wichteg sinn.

Zu den Aarbechtsplazen am Norde vum Land, wou da bis 2028 och weider Miessunge mussen duerchgefouert ginn, kann ech elo scho Follgendes soen: Fënnel privat Laboratoire goufen nieft dem Laboratoire aus der Radioprotektioun selwer, dee bei eis ass, elo autoriséiert, fir dës Miessungen ze maachen.

Mir hunn och elo den Dépliant an e Guide publizéiert fir d'Betriber, wou ganz genau erkläert gëtt, wéi gemooss muss ginn a wéi och d'Resultater ze interpretéiere sinn a wéi ee muss virgoen, wann d'Resultater dann erhéicht si par rapport zu deem, wat normal ass. Do sinn am Norden 3.300 Betriber concernéiert. Ech hu mech ee Moment gefrot, ob dat en Tippfeeler ass, mee mir schéngen der effektiv esou vill ze hunn.

Weider Detailer zu den Aarbechtsplaze gëtt et dann am nämmlechte Kontext. Mir wäerten dat verbanen: Wa mer de Bilan maache vum éischten, da wäerte mer och den nächsten, den zweete Radonplang presentéieren, mat deenen néidegen Detailer dann.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert.

- **Question n° 212 du 27 avril 2021 de Mme Octavie Modert relative aux projets de trains de nuit en Europe, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

Déi nächst Fro, d'Fro Nummer 212, ass vun der Madamm Octavie Modert un de Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten. Do geet et iwwert de Projet vun den Nuetszich an Europa. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- « Notre objectif est de relier Barcelone à Berlin en passant par Bruxelles », esou huet dëser Deeg ee belschen Entrepreneur gesot, deen als ee vun zwee beim Bedreiwer vum belschen Eisebunnsreseau eng Demande d'exploitation agereecht huet fir e Sillon, fir vum Fréijoer d'nächst Joer un Nuetszich fueren ze loosse.

Déi eng Linn soll vu Bréissel iwwer Léck op Berlin lafen, an déi aner vu Bréissel a Richtung Südfrankräich bis op Perpignan. Mee si fueren net iwwer Lëtzebuerg. Spéiderhi soll et souguer nach vu Perpignan weidergoe bis op Barcelona. Duerfir schwätzt dann deen Entrepreneur och vun enger „Croisière mam Zuch“, falls de Projet Realitéit géif ginn. Esou géifen dann d'Passagéier owes zu Berlin an den Zuch eraklammen, den Dag duerno géife se zu Bréissel verbréngen an owes den Nuetszuch huelen, fir weiderzufueren op Barcelona.

Wann een dann elo de Green Deal vun der EU-Kommissioun bedenkt, wann een d'Gedanken oder Pläng am Ausland bedenkt - se sinn och schonn hei am Land thematiséiert gi vu Regierungsmemberen -, fir Kuerzstreckefflich mam Fliger ofzeschaffen, a virum Hannergrond vun der laanger Traditioun vun Nuetszich iwwer Lëtzebuerg op Ventimiglia, esou wär meng Fro, Här Minister, wéi d'Strategie géif ausgesinn a puncto Nuetszich a Verbindungen an d'Ausland.

Et geet jo drëm, datt Lëtzebuerg als eng vun dräi Europahaaptstied net lénks leie gelooss gëtt an datt mer net herno eng Exklav wäeren op der internationaler Eisebunnspassagéierstreckekaart. An duerfir: Am Detail, Här Minister, hutt Dir vun deem Projet do gewosst oder war eng Méiglechkeet fir ze kucken, wéi dann den Tracé iwwer Lëtzebuerg als eng EU-Haaptstad géif kënnen weiderverlafen?

Wéi ass am Allgemengen d'Zesummenaarbecht vun der Lëtzebuerger Regierung mat den Nopeschlänner am Kontext vun transnationalen Eisebunns-linnen organiséiert? Wat plangt d'Regierung fir ze verhénnern, datt Lëtzebuerg eeben op esou zukünftigen transeuropäeschen Eisebunnslinne lénks leie gelooss géif ginn? A wéi wëllt d'Regierung sech fir déi laang Traditioun vun Nuetszich vun oder iwwer Lëtzebuerg, déi mer hunn, asetzen, fir déi och erëm opliewen ze loosse?

Mir hunn deemools mat Beetebuerg e Pôle d'échange am Fret gemaach an den 2000er Joren hei zu Lëtzebuerg, fir datt de Frachtttransport mam Zuch net laansch, mee duerch Lëtzebuerg fiert. An ech denken, et wär eng lwwerleeung wäert, wann een an den 2020er Joren iwwer esou ee Pôle am Beräich Voyageur/Passagéier nodenke géif, fir d'Attraktivitéit a besonnesch d'Accessibilitéit vu Lëtzebuerg ze verbesseren.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Modert. Den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbecht, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Merci, Här President, an och merci der Madamm Modert fir déi sécherlech interessanten Froen, déi de Moment ganz vill europäesch diskutéiert ginn, d'autant plus, wou mer jo an Europa eng grouss Diskussioun driwwer hunn, de Fluchverkéier op méi kuerzen Distanzen ze reduzéieren - dat heescht, de Fluchverkéier éischter eeben ze gesinn als e wichtige Verkéiersträger iwwert den Atlantik ewech op laange Strecken, an op innereuropäesche Strecken éischter natierlech den Zuch ze notzen.

Dat setzt natierlech virus, datt den Zuchreseau an Europa och deementspriedend an der Qualitéit an an der Offer muss esou sinn, datt een éischstens net éiweg laang brauch, well soss hëlt sécherlech keen dat, an zweetens géife mer dat dann net als Ersatz kënnen ubidde géint de Fliger, well, ech mengen, et wär net ganz korrekt par rapport zu eise Matbierger an Europa, fir hinnen ze soen: „Amplaz vun Fliger, wou s de vläicht an zwou Stonnen do bass oder an enger Stonn, brauchs de elo zéng bis 15 Stonne mam Zuch.“ Dat kann net sinn.

An dat Zweet ass dann natierlech d'Qualitéit, dat ass ganz kloer. Dat heescht, wann ech nuets fueren, muss ech uerdentlech Zich hunn, wou ech Schlofwee hunn, déi och eng gewësse Qualitéit hunn.

Et ass awer esou: Fir d'Nuetszich huet d'Situatioun sech e bësse geännert par rapport zu deem, wéi et vläicht fréier war. Wann Der lech emol drun erënnert, mir hate jo eng Zäit Nuetszich a Richtung Italien. Mir haten der och a Richtung Südfrankräich. Wat et déi Zäit net ginn ass, wat et haut awer gëtt, dat sinn natierlech d'TGVen. Duerfir muss een natierlech un alleréischter Stell kucken, datt ee Strecken eraussicht, wou ech net a Konkurrenz si mat engem TGV, well soss gëtt et net vill Sënn, soss huelen d'Leit natierlech éischter den TGV, well deen, duerch déi héich Vitesse natierlech, vill mainer laang Zäit brauch. Et muss een och soen: Och

am TGV, wann Der méi spéit owes fuert, dat ass awer bequiem, wéi een do ka sëtzen. Dat heescht, do ass kloer den Trend dozou.

Dat heescht, wann ech elo vu Lëtzebuerg aus kucken, Richtung Frankräich: Mir hunn entre-temps gutt Verbindungen op Paräis. Vu Paräis aus kënnt een natierlech och gutt weider. Mir hu souguer gutt Verbindungen a Südfrankräich, iwwer Stroossbuerg, mam TGV. Déi wäerte sécherlech och nach ausgebaut ginn.

Wann ech da gesinn, wéi d'Situatioun ass a Richtung Däitschland, do verkomplizéiert se sech de Moment fir Lëtzebuerg, well mer natierlech nach ëmmer net déi allerbeschten Ubannungen hunn un déi eenzel Knuetpunkten, wou dann zum Beispill Nuetszich fort-fueren. Dat ass dann éischter Richtung Norde gesinn. Wann ech elo op Köln deen Eck kucken, oder am Süden, do wär et dann éischter Saarbrücken-München, deen Deel.

Dat heescht, do muss mer, mengen ech, virun allem derfir suergen, datt mer d'Verbindungen op de Knuetpunkte vill verbessert kréien. Dat läit natierlech net un eis, dat läit méi un der däitscher Säit. Do hu mer awer vill Gespréicher. Ech mengen och, datt mer do iergendwann eng Kéier wäerte weiderkommen, soudatt sech fir eis een Akt sécherlech gutt ubitt - an dat ass eeben och deen zweete Punkt, deen ee muss berücksichtegen -, dat ass: Et muss een en Nuetszuch ubidde vun enger grousser Agglomeratioun duerch grouss Agglomeratiounen op een anere Punkt, wou och vill Potenzial ass.

Et huet kee Wäert, datt mer en Nuetszuch ubidden an eng Regioun, wou mer wëssen, datt d'Leit weeder touristesch nach soss hifueren. Dat heescht, am beschten ass et natierlech zwësche groussen Hauptstied oder Regiounen, wou touristesch vill Potenzial ass. Dat heescht, wann ech elo fir Lëtzebuerg kucken - an Dir hutt et och ugeschwat -, ass sécherlech Bréissel, Lëtzebuerg, Richtung Schwäiz an Italien interessant, wou mir muss kucken, datt mer ugebomme ginn.

Ech hunn och selwer eng Initiativ geholl am Kader, wéi Däitschland d'Presidence hat an der Europäescher Union viru sechs Méint. Do war jo, duerch den däitsche Minister, déi ganz Diskussioun ronderëm den TEE 2.0 (ndlr: TransEuropExpress 2.0) opgeworf ginn, dat heescht: Wéi verbannen ech d'europäesch Hauptstied erëm mateneen?

Do hat ech och e Bréif geschriwwen un d'däitsch Pre-sidence an och un d'Kommissioun, wou ech gesot hunn, et wär vläicht noutwendeg oder sënnvoll, datt mer Eurocap-Rail - de Projet, dee bestanen huet; dat war eeben deen tëschent Bréissel, Lëtzebuerg, Stroossbuerg an der Schwäiz -, erëm géifen ophuelen an deem dote Sënn. Dat ass och op positive Buedem gefall, well meng Iddi ass du matiwwerholl ginn an deen ofschléissenden Text vun engem Conseil informel an der däitscher Pre-sidence.

Natierlech ass bei eis de Schwaachpunkt am Moment elo d'Streck Bréissel-Lëtzebuerg. Ech hu mat mengem neie belschen Homolog, mam Georges Gilkint, och e Bréif un d'Europäesch Kommissioun geschriwwen, well am Kader vum Green New Deal solle jo vill Suen investéiert ginn an d'europäesch Schinnennetz, de Schinnerreseau, soudatt mer gesot hunn: „Hei, lauschtet emol, da gëtt et awer eng Streck, déi sech absolutt eegent, dat ass Bréissel-Lëtzebuerg, zwou europäesch Hauptstied!“, datt do déi Streck endlech uerdentlech gëtt an datt dat virgezu gëtt. Well de Moment ass, laut dem belsche Plang, den Zäitpunkt, den Horizont 2030! Dat ass verréckt, wann ee bedenkt, wéi laang dat schonn ... wivill Ministere viru mir sech schonn do hu mussen ploen! Duerfir hu mer och elo déi Initiativ geholl.

Deen neie Minister ass och bereet, elo zesumme mat mer ze kucken, datt mer deen Zäitpunkt kënnen ganz staark virzéien. Et geet natierlech do haaptsächlech ëm de Finanzement, well bis elo ass déi belsch Streck Bréissel-Lëtzebuerg ëmmer erëm gescheitert um Finanzement, fir datt et méi séier géif goen. Ech sinn awer gudder Dëng, datt mer elo méi séier wäerte weiderkommen.

Ech hunn elo nach virum Summer eng Entrevue mam belsche Minister fir ze kucken, wéi mer eis do strateegesch opstellen. A wann déi Streck natierlech bis endlech géif uerdentlech ekipéiert ginn a fir eng uerdentlech Vitesse commerciale ausgestatt ginn, dann hätte mer net nëmmen e Grondstee geluecht, fir Bréissel-Lëtzebuerg ze verbesseren, wou mer alleguer opootmen, mee och natierlech fir d'Nuetszich, déi vu Bréissel iwwer Lëtzebuerg dann a Richtung Italie géife fueren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Mobilitéitsminister François Bausch.

- **Question n° 213 du 26 avril 2021 de M. Gusty Graas relative à la destruction chimique des chenilles processionnaires du chêne, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**

Mir kommen dann un d'Fro Nummer 213 vum Här Gusty Graas un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt,





Klima an nohalteg Entwécklung iwwert d'Vernichtung vu Prozessionsraupen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).**- Merci, Här President. Effektiv hu mer an deene leschte Joren eng massiv Verbreedung vum Eichenprozessionsspinner - e ganz komplizéiert Wuert, ech sinn elo frou, dass ech et eenegermooesse richteg erauskritt hunn -, deen awer mat ganz ville Problemer verbonnen ass, aus deem ganz einfach Grond, well et sech hei ëm eng Raup handelt, déi da sougenannt „Brennhoer“ huet. A wann een a Kontakt mat där Raup kënn, da kann dat awer negativ Konsequenzen hunn, bis zu schwéierer Otemnout, och Ausschlag. Dat sinn net nëmmen negativ Konsequenze fir de Mënsch, mee och souguer fir Hausdéieren. Et gëtt duerfir och gewarnt bei Hënn, Kazen, Päerd, Kéi an esou weider.

Jiddefalls ass et esou: Schonn op ville Plazen am Land - an ech mengen, d'Gemengevertrieder hei wëssen dat och - hu musse Parkanlage gespaart ginn, Deeler vu Bëscher hu souguer musse gespaart gi weinst där ganz grousser Problematik.

Den 20. Abrëll ass elo en neien nationale Plang, kann ee soen, virgestallt ginn, wou dann eng ganz Rei Moossnamen opgelëscht sinn. Ech muss och soen, ech hunn dee Plang elo duerchgekuckt, deen ass ganz detailléiert, wierklech gutt gemaach; dat muss ech hei ënnersträichen. Do ass souguer ënner anerem virgesinn, dass am schlimmste Fall och kënne cheemesch Produiten agesat ginn. Dat dierfen awer nëmme Biozidprodukter sinn.

Du koud awer allerdéngs dräi Deeg méi spët och e Communiqué vun natur&ëmwelt a vun der Gesellschaft „Ouni Pestiziden“. Déi weise sech awer iwwerrascht, dass och kënne Chemikalien agesat ginn. Eng Rei Gemengen hätten dat scho gemaach, och op Urode vu Fierschteren, vu Vertrieder vum Ëmweltministère.

Ech wollt duerfir an där ganzer Problematik e puer Froen un d'Madamm Ministesch stellen.

Insgesamt, wéi ass dee ganze Problem de Moment hei zu Lëtzebuerg anzestufen? Ass ze fäerten, dass déi Plo nach méi grouss gëtt? Mir wësse jo och, dass et eng Konsequenz ass vun der Klimaverännerung.

Eng zweet Fro geet dann natierlech elo a Richtung vum Notze vu cheemesche Mëttelen, déi kënnen agesat ginn. Et steet am Rapport: „Wann déi mënschlech Gesondheet direkt a Gefor ass“. D'Fro ass: Wéini ass déi dann a Gefor?

An dann: Wou ginn déi cheemesch Mëttelen agesat? Nëmmen u Beem, déi direkt befall sinn, oder och nach an engem gréisseren anere Rayon? Sinn och do Kollateralschied ze erwaarden? An hunn och schonn éischt Asätz Resultater gewisen?

Da wëll ech awer och drop hiweisen, dass et jo haut awer och mechanesch an dann och thermesch Moyene gëtt, fir dee Fleau do, esou kann een dat jo roueg soen, ze bekämpfen - inwiefern dass déi duergi respektiv net duerginn, vläicht, soudatt een awer muss op Chemie zrëckgräifen.

An dann ass nach eng lescht Fro och déi: Wat heescht dat do elo fir den Eechebestand insgesamt hei zu Lëtzebuerg, an éischter Linn natierlech Eechebestänn an de Bëscher, mee virun allem awer och am urbane Raum respektiv an de Parkanlagen? Heescht dat elo, dass mer do an Zukunft keng Eeche méi uplanze sollen? Wat natierlech ganz schued wär - ech mengen, et ass e schéinen, majestätesche Bam, dee Joerhonnerte kann al ginn. Mee bréngt dat do mat sech, dass mer, wéi gesot, och do an Zukunft leider musse manner Eechen uplanzen?

Ech soen lech Merci, Madamm Minister, fir Är Äntwerten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Graas. D'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg, huet d'Wuert.

■ **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Jo. Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, ech mengen, dass dat doten eng ganz wichteg Fro ass, op déi mer all Joer quasi erëm zrëckkommen. Duerfir sinn ech och frou, dass dee Plang elo zesumme mat ganz villen Acteuren - mat der Santé, awer eeben och mat Bâtiments publics, Ponts et chaussées a mat de Verwaltung vum der Ëmwelt an och vum Naturschutz - konnt ausgeschafft ginn. Dee Plang ass do, en ass publizéiert. Dee seet eigentlech ganz genau, wéi mer kënnen agéieren, wa mer deen Eichenprozessionsspinner ...

An dann zum Här Graas a senger éischter Fro: Jo, dee gëtt begënschtet duerch d'Klimakris, déi mer hunn. Dat heescht, mir hunn et vermehrt, dass mer en hei zu Lëtzebuerg fannen. A wa mer dee fannen, da musse mer eis Reegele ginn, wéi mer dermat ëmginn.

Déi éischt Optioun ass ëmmer, dass ee kuckt, dee ganze Problem mechanesch an ouni Asaz vu Bioziden ze léisen. Dofir gëtt et och Krittären.

Deen éischte Krittär ass: Wou sinn déi Beem, déi da vum Eichenprozessionsspinner befall sinn? Sinn et eenzelner? Sinn et der an engem Grupp?

An dann: Wou sinn déi? Ass et do, wou ee vill Mënschen huet, wou ee vill Déieren huet, wou am Alldag Leit passéieren? Da kann een natierlech d'Gefor och abschätzen an da muss een deementspreechend reagéieren.

Am Normalfall gëtt eebe geroden, déi mechanesch esou ofzesaugen oder d'Plazen ze spären. Et huet een awer Plazen - an Dir hat schonn eng genannt -, zum Beispill zu Beetebuerg am Märchepark oder awer och ganz rezent zu Mondorf bei där Statioun, wou eebe sollten d'Leit geimpft ginn, wou een esou ee Befall huet, wou Urgence ass, wou ee muss schnell handeln.

An dat sinn déi Krittären, déi mer dee Moment applizéieren, fir dat eenzeg zougeloossent Biozid. Dat ass e Biozid, e Preparat, deen iwwert d'Ëmweltverwaltung zougelooss ass, an dësem Fall e Wirkstoff mat engem Buedembakterium. Dat heescht, et ass een, deen och soss am Beräich vum Bio kéint zougelooss ginn, mee bei de Biozide maache mer déi Kategoriséierung manner.

Duerfir ass ee Wirkstoff zougelooss, an dee kann och nëmmen - an dat ass ganz wichteg - vun Experten, also net fir den Ottonormalgebrauch, mee wierklech vun Experten a ganz cibléiert op deene Plazen ugewant ginn, wou et extreem wichteg ass a wou keen anere Moyer do ass. Well et ass awer ëmmer nach ganz wichteg, dass mer herno net Mënschen an hir Déieren hunn, déi dann dee Moment hei beträff wäeren an déi géife riskéieren, verletzt ze ginn.

Da wëll ech lech och ganz kuerz soen: Am ganze Land hate mer bis ewell sechs esou Ufroen. Et ass kloer, dass esou e Preparat och en Effekt op aner Päiperlekszorten huet; och wann et relativ selektiv ass. Duerfir verstinn ech och op där anerer Säit d'Kritik.

Mir musse ganz genee oppassen, dass dat doten Ausname sinn an dass mer am Generellen do, wou et méiglech ass, aner Alternativen ze hunn, dass mer déi do applizéieren. Ech mengen, an de Bëscher ass et kee Problem, och emol en Deel vun enger Streck net ze notzen. Wa mer awer hei bei enger Schoul sinn oder an engem Park oder no do, wou d'Leit elo higinn, fir sech impfen ze loosse, ech mengen, da justifiéiert dass op alle Fall déi doten Aktioun, wou an der Reegel och d'Gemenge gefrot hunn, op dee Wee ze goen.

Dann, mengen ech, ass et fir d'Zukunft duerchaus ... Esou, wéi mer am gesamte Bësch kucken, wou wéi ee Standuert fir wéi eng Beem gutt ass, wäerte mer och dat dote musse mat an eis Gedanken huelen, wa mer d'Konzeptioun vun öffentliche Plaze maachen. Dat heescht jo net, dass mer keng Eeche méi planzen, mee vläicht ass eebe grad den Emplacement an engem Park op Plazen, déi manner frequentéiert sinn, eppes, wat een an Zukunft muss a Betruecht zéien.

Domat soen ech lech Merci fir dës Fro.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci der Madamm Ministesch Carole Dieschbourg.

- **Question n° 214 du 27 avril 2021 de M. Serge Wilmes relative à l'effet de la gratuité des transports publics sur le nombre d'utilisateurs depuis son introduction, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**

Déi nächst Fro, d'Fro Nummer 214, kënn mat Serge Wilmes un de Minister fir Mobilitéit an öffentliche Aarbechten iwwert d'Wierkunge vum gratis öffentliche Transport op d'Unzuel vun de Passagéier säit senger Aféierung. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Serge Wilmes (CSV).**- Merci, Här President. Den 23. Abrëll huet de Statec e „Regards“ erausbruecht. Hei huet en Donnée verschafft aus enger Ëmfro iwwert d'Forces de travail vum 2020. Et ass och e Volet gewiescht iwwert d'Moyens de transport, iwwert d'Transportmëttelen, a besonnesch iwwert de Wee vun doheim bis op d'Aarbecht. Do sinn e puer Erkenntnisser derbäi erauskomm.

Déi éischt ass, dass déi Medanzäit, déi esou en Trajet brauch vun doheim bis op d'Aarbecht, am éischten Trimester 2020 25 Minutte war; am zweeten Trimester ass se op 15 Minutten erofgaangen; am drëtten Trimester si mer op 20 Minutten eropgaangen.

Déi zweet Konklusioun war: sechs Residente vun zéng - ben, et geet hei nëmmen ëm d'Residenten, net ëm d'Frontalieren - huelen all Dag hiren Auto oder hire Moto, fir op d'Aarbecht ze fueren; zwou Persounen vun zéng huelen den öffentliche Transport; dräi Persounen vun zéng ginn ze Fouss; an dann, déi duuss Mobilitéit, wéi Vëlo, E-Scooter, ass relativ kleng. Et muss ee soen, hei ware méi Méiglechkeete fir unzeginn, well soss geet d'Rechnung net op, op zéng gerechent, dat heescht, et ware méi Méiglechkeeten, déi ee konnt uginn, wéi ee sech eebe beweegt.

Dann ass eeben eng aner Konklusioun, dass d'Pandemie elo net u sech wierklech derzou bäigedroen huet, dass d'Gewunnechte groussaarteg op d'Kopp gehäit gi sinn. Vläicht ass den öffentliche Transport dat zweet Trimester e bësse manner benotzt ginn, an och bis elo.

Natierlech muss ee soen, et ass eréischt ee Joer, dass et den öffentliche gratis Transport gëtt. Dat heescht, et ass do jo nach net ganz vill Zäit vergaangen, fir grouss Konklusiounen ze zéien. Mee op jidde Fall: Iwwert dat Joer gesinn, mat deem spezielle Joer natierlech vun der Pandemie, seet elo hei déi Ëmfro vum Statec, dass d'Introductioun vun der Gratuitéit am öffentlichen Transport elo net onbedéngt derzou gefouert huet, dass méi Leit den öffentlichen Transport géifen huelen; op jidde Fall net am zweeten, drëtten Trimester vum Joer 2020.

An déi véiert Konklusioun ass u sech, dass 50 % vun de Leit, déi op d'Aarbecht ginn, eeben - wéi gesot, déi dat all Dag benotzen - de Moto an den Auto benotzen. Déi maachen den Trajet an 20 Minutten. Dann déi Leit, déi mam Vëlo fueren, mam E-Bike, och an 20 Minutten. An déi, déi ze Fouss ginn oder mam öffentlichen Transport, a 25 Minutten.

Meng Froe wäeren u sech un lech:

Wat sot Der zu deenen dote Resultater? Dir hutt bestëmmt jo och selwer Zuelen, kënn Der eis déi nennen? Passen déi iwwereneen oder si se vläicht grondverschidden?

A wat sinn u sech elo à court terme déi nächst Etappe vun der Regierung, och vun Är Mobilitéitsstrategie, fir déi Gewunnechten da lues a lues unzepasse respektiv ze änneren?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Serge Wilmes. De Minister fir Mobilitéit an öffentliche Aarbechten, den Här François Bausch, huet d'Wuert.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Merci dem Här Wilmes fir déi Froen. Dat si Froen, mat deene mer eis an deenen nächste Méint bis Enn des Joers, a virun allem Enn des Joers, intensiv beschäftege wäerten, well mir schaffe jo de Moment a mengem Ministère um Plan national de mobilité 2035, wéi mer dee genannt hunn.

Firwat „2035“? Mee well mer jo am MoDu (ndlr: Stratégie globale pour une mobilité durable) gesot hunn: Mir wëllen eng Verkéiersstrategie zu Lëtzebuerg entwéckelen, fir dass mer endlech an de Modus kommen, dass mer de Problemer net méi hannendrunafen, mee dass mer se anticipéiert kréien. Dat heescht, dass mer net méi mat de Schantercher de Verkéiersproblemer nolafen, mee dass mer kucken: Wéi entwéckelt Lëtzebuerg sech? Wou sinn d'Perspektiven? Wou gëtt gewunnt? Wou gëtt geschafft? Wivill Awunner wäerte mer hunn am Joer 2035? Wivill Frontaliere riskéieren nach bäizekommen?

En Fonctioun dovunner decidéiere mer schonn haut - also, loosse mer soen dëst oder d'nächst Joer - zesummen: Wat muss alles geschéie bis 2035, fir dass mer definitiv aus där defensiver Situatioun, an där mer elo schonn awer zu Lëtzebuerg e puer Joerzénge, géif ech soen, sinn, erauskommen?

Well, viles, wat mer elo investéieren, dat ass am Fong en Ophuele vun, ech wëll net soe Versäumnisse, mee vu Saachen, déi awer hätten, mengen ech, misse vill méi fréi geschéien. Mee dat ass awer elo keng Schuldzuweisung, et ass einfach eng Feststellung.

Duerfir, déi Zuelen, déi ee beim Statec konnt liesen, muss een natierlech och ëmmer an de Kontext sette vu Lëtzebuerg, wéi mer eis entwéckelen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg, an ech wëll dat nach eng kéier rappelléieren, déi héchste Croissance vun Awunner an der ganzer Europäescher Unioun. Kuckt lech emol eng Käier d'Grafiken un, déi kënn Der och beim Statec nokucken, wéi eis Wuesstumsrat ass vun den Awunner par rapport zum Rescht vun Europa! Mir si jenseits vum ganze Rescht vun Europa!

Dat nämmlecht gëllt fir d'Aarbechtsplazen. Mir hunn e Wuesstum vun Aarbechtsplazen, deen a kengem Verhältnis ass zum Rescht vun Europa. An donc, wann een déi Zuele kuckt, déi Der elo selwer zitéiert hutt, déi natierlech richteg sinn, da muss een déi an dee Kontext setzen. Da muss ee sech soen: Jo, gutt, wann dat doten esou ass, an dat fënnst statt zu engem Zäitpunkt, wou jo erëm eng kéier d'Croissance esou vill méi héich war, da sinn déi Zuele guer net esou schlecht, wéi dat vläicht duergestallt gëtt.

Ech wëll och iwwregens soen: Dee Verglach „20 Minutte mam Auto - 25 Minutte mam öffentlichen Transport“, och deen ass relativ, well dat ass jo éischstens eng Moyenne, déi gemooss ass, mee, zweetens, ech soen ëmmer: Wann ech fënnf Minutte méi laang brauch mam öffentlichen Transport oder ze Fouss oder mam Vëlo, wéi wann ech mam Auto fueren, da maachen ech ee gutt Geschäft.

Well éischstens ass et vill méi bëlle, wann ech dat maachen. Zweetens ass et a puncto Liewensqualität vill méi ee grouss Gewënn, well déi Zäit, wou deen aneren am Auto hannert dem Steier sëtz, kann ech gemittelt op mengem iPad d'Zeitung liesen. Ech kann iergendepes maachen, op dat ech Loscht hunn, wat ech grad wëll maachen.

Dat heescht, ech hu Méiglechkeete vun enger Qualität, déi ech eleng am Auto, wann ech hannert dem

Steier sëtzen, guer net hunn. Also, wann den Ënnerschied an der Moyenne - entre guillemets - „nëmme“ fënnf Minutte si fir en Trajet, da muss ech soen, dann ass dat éischter eng Bonnot, wéi dat Ganzt schonn organiséiert ass. Obschonn, do si mer eis eens, ganz sécher: Et ass nach net esou optimal, wéi ech et gären hätt a wéi d'Regierung et gären hätt. Duerfir investéiere mer jo och ganz vill.

Et ass natierlech ganz schwéier, d'Joer 2020 als Referenz ze huelen, well et war jo keen einfacht Joer, et war jo e besonnescht Joer: Mir haten eng Pandemie, mir hunn e Lockdown gehat, e ganz haarden am Fréijoer, dee koud en plus nach just, nodeem mer zum Beispill de gratis öffentliche Transport agefouert haten. Ech ginn lech awer och nach e puer Zuelen dozou, déi sinn awer net oninteressant.

An da muss een natierlech soen: Iwwert d'Joer ewech gesinn, ass et extreem schwéier, iwwerhaupt e Verglach ze maachen. Duerfir mengen ech, dass een, realistesch gesinn, eréischt kann e Joer huelen, wa mer erëm eng kéier wierklech e ganz Joer an engem normale Joer sinn. Ech hoffe jo oder mir hoffe jo alleguer, dass dat warscheinlech dann 2022 wäert de Fall sinn. An dann Enn 2022, mengen ech, kënne mer wierklech ee ganz seriöse Bilan zéien, wou mer wierklech stinn.

Ech wëll lech awer soen, just un e puer Zuelen, dass mer awer an engem positiven Trend sinn. Mir haten, wéi mer de gratis öffentliche Transport agefouert hunn, dat war jo dann den 1. März ... Mir ware virdru bei Utilisatiounen mam Tram, déi louchen esou ëm déi 25.000 den Dag. Mir si relativ séier, bannent zwou Wochen, gesprongen op 32.000-33.000. Dunn ass et natierlech erfogaang op an der Moyenne 15.000, weinst Homeoffice, Lockdown an esou weider.

Awer zënter dem Dezember, wou mer d'Schinnen elo bis op d'Gare ropgemaach hunn, si mer direkt erëm gesprongen op 35.000, an duerno direkt op 42.000 an der Moyenne. A mir hu Peakentretemps vu 45.000-46.000. A LuxTram ass ganz optimistes, dass wann erëm alles bis normal dréit an der zweeter Hallschent vum Joer, dass mer rapid am Tram op 80.000 Reesender den Dag wäerte komme fir den Tronçon Luxexpo-Gare. Et ass schonn eenorm, wat mer do vu Spréng maachen.

Mee déi nämmlecht Zuelen hu mer och beim Bus. Mir hunn am RGTR an deenen éischten ... Mir hate jo eigentlech nëmmen 29 Deeg richteg Referenzperiod, wou mer konnte kucken. Do hu mer eng Steigerung gehat vun 20 %! Dat heescht, wéi mer de gratis öffentlichen Transport agefouert hunn. Do gesäit een awer schonn, dass dat natierlech en Impakt hat. Virwëtz, d'Leit hunn et probéiert. D'nämmlecht och bei der CFL: Déi si vun 2 Milliounen Passagéier dee Mount virdun op 2,1 eropgaangen. Also och do en Trend am positive Sënn.

An dann dee leschte Punkt, deen, ech mengen, awer och net ze ënnerschätzen ass: Mir hu jo och viles ... Well et war jo och e bëssen d'Objektiv, de gratis öffentlichen Transport als Hiewel ze benotze fir ze sensibiliséieren, fir d'Leit emol zum Nodenken ze bréngen.

Dat ass awer vill geschitt. Et si ganz grouss Diskussiounen ënnert de Leit entstan. Déi sinn och nach haut amgaangen, national, an ech kann lech och soen international. Et ass onmoosseg, wivill Interviewen ech hu misse ginn international. A ganz oft konnte mer do net nëmmen eeben de gratis öffentlichen Transport erklären, mee och eeben eist gesamt Mobilitéitskonzept an dass dat nëmmen, wéi ech ëmmer soen, „d'Kiischt um Kuch“ ass an net dat Ganzt.

Mee, wéi gesot, et ass derwäert, dass mer dat weider beobachten.

(*Interruption par la présidence*)

Ech kann lech och nach als leschte Saz soen, Här President, an da sinn ech fäerdeg: Mir sinn amgaangen, un deem Observatoire national de mobilité ze schaffen. Do si mer ganz wäit fortgeschratt an do gi mer och e ganz neie Wee. Dee wäert ganz digital ginn. Ech wäert lech deen och nach iergendwann eng kéier virstelle bis de Summer. An da wäert déi nächst Etapp kommen Enn des Joers, bei der Virstellung vum Plan national de mobilité 2035.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Mobilitéitsminister François Bausch.

- **Question n° 215 du 27 avril 2021 de M. Claude Lamberty relative au bilan des aides à la digitalisation « Fit 4 Digital Packages », adressée à M. le Ministre des Classes moyennes**

Déi lescht Fro, d'Fro Nummer 215, ass fir den Här Claude Lamberty un de Mëttelstandsminister iwwert de Bilan vun de Bähilëfen am Kader vum „Fit 4 Digital Packages“. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Lamberty (DP).**- Maja merci, Här President. Wann d'Covidkris eis eppes geléiert huet, dann ass et jo, dass mer d'Gewunnechte ganz staark geännert hunn am leschte Joer. Esou ass et dann och ganz villen dobausse gaang. Et ass viles an d'Digital eriwergaangen: digitalen Homeof-





fice, digital Videokonferenzen, digital Schoul, digital Medezinn, digital Fortbildung. Jo, viles ass einfach digital am leschte Joer an och elo nach gemeeschtert ginn.

Ech mengen, datt och d'Betribber, déi bis zum leschte Joer vläicht méi retizent ware vis-à-vis vun digitalen Technologien oder neien Technologien, erkannt hunn, wéi wichteg et ass, einfach fit ze sinn a fit ze bleiwen, an och während deem Joer vill méi verstärkt an nei Technologien, an dat Digitaal investéiert hunn. Duerfir sinn ech och frou, dass et Initiative gëtt vu staatlecher Säit.

„Fit 4 Digital Packages“ gëtt dat Ganzt genannt, entre autres. Hei kréie kleng Entreprises, déi manner wéi 50 Salariéen hunn, vum Mëtzelstandsministère eng Subventioun vu 5.000 Euro, wa se sech fir ee vun den digitale Packagen entscheeden. Et muss een och wëssen, dass esou digital Packagen natierlech och eppes kaschten - bis zu 10.000 Euro. An ech mengen, dofir ass et wichteg, dass et déi Subventionne gëtt.

Et gëtt am Ganzen dräi där Packages: dat eent ass e „Marketing digital“ fir sozial Medien, Homepages; deem zweeten ass „Gestion de la relation client“; an deem drëtten „Gestion de l'organisation“.

An deem Kontext wollt ech de Mëtzelstandsminister Lex Delles da froen, wéi déi Initiativ insgesamt um Terrain ukomm ass bei de Betribber, a folgend Froe stellen: Wéi gesäit de Bilan aus vun de „Fit 4 Digital Packages“? Vlächicht och interessant: Wéi e Package huet dee meeschte Succès, also wou ass déi gréissten Demande? An och: Aus wéi engem Domän kommen d'Entreprises, déi ganz besonnesch op déi digital Packagen do zrëckgräifen?

Ech soe Merci.

■ **Mme Lydie Polfer (DP).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Lamberty. Den Här Mëtzelstandsminister, den Här Lex Delles, huet d'Wuert.

■ **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes.**- Merci villmools, Här President. Loosst mech dem honorablen Deputéierten och Merci soe fir dës Fro, well et ass e ganz wichtige Volet vun der Aarbecht, fir d'Betribber an der Digitaliséierung ze begleeten. Dat maache mer op zwee verschiddenen Niveauen. Dir hat et ugeschwat: d'„Fit 4 Digital Packages“, déi ganz nei sinn, säit Oktober 2019, an op där anerer Säit den normale Fit 4 Digital, deem eng 360°-Analys vun der Entreprise weist fir ze gesinn: Wou sinn ech iwwerhaupt digital opgestallt a wou net?

An eebe grad eng Erfahrung, déi mer konnten aus dem Fit 4 Digital erauszéien, war, dass ganz vill ganz kleng Betribber ënner 50 Salariéen a souguer Mikroentreprises ënner zéng Salariéë sech net derfir interesséiert hunn, fir de Fit 4 Digital ze maachen, well se eebe selwer esou de Kapp am Guidon haten, dass se net och nach Zäit haten, fir en Expert kënnen kommen ze loosse, deem dann eng Analys mécht, deem ze suivéieren an duerno eng Analys ze huelen an déi dann ëmzesetzen.

Dofir ass de „Fit 4 Digital Packages“ dohigestallt ginn, wou et direkt gräifbar fir d'Entreprise eng digital Solutioun gëtt. Wann ech géif haut hei eng Ëmfro maachen: Wat ass Digitaliséieren an engem Betrib?, da géife mer vun der Dron, déi iergendwou iwwer engem Daach flitt fir den Daachdecker, bis zu engem Stockmanagement an engem Commerce ganz vill verschidden Aart a Weise gesinn, wat Digitaliséierung kann an engem Betrib sinn.

Mee dat Wichtigst ass et eebe grad bei „Fit 4 Digital Packages“, dass mer an d'Betribber kommen a se do ofhuelen, wou se grad stinn, fir hinnen och à la carte eppes unzibidden, wat direkt implementéiert gëtt. Dat heescht, bei „Fit 4 Digital Packages“ kënnst een dohinner a seet: „Hei, dat do an dat do hues de nach net. Komm, ech weisen der direkt, wéi et geet, fir et ëmzesetzen.“ A wann dee Consultant geet, dann ass dat och ëmgesat.

Dat geet iwwer verschidde Programmer am Fit 4 Digital. Dir hutt déi dräi ugeschwat. Mee et ass do ganz wichteg, dass mer mam House of Entrepreneurship, a mat Luxinnovation natierlech, zesammen déi Packagen do op där enger Säit ëmsetzen, awer op där anerer Säit och kënnen d'Orientatioun maachen.

An do wëll ech op dëser Plaz d'House of Entrepreneurship och nach eng Kéier als One-Stop-Shop ervirhiewen, well d'Entreprise sech direkt do mell, do gesot kritt: „Hei, dat do ass ee Programm, deem s de kanns suivéieren.“ An da kënnst och déi Persoun an däi Betrib a weist der ganz genau, wat s de kanns ëmsetzen.

Eebe grad déi Ëmsetzung ass e ganz wichtige Volet. Zënter der Aféierung vum „Fit 4 Digital Packages“, also säit Oktober 2019, si just an dësem Programm eng ronn 280 Entreprisé fir d'Digitaliséierung begleet ginn an hunn déi och dann esou ëmgesat.

Wat een och gesäit - an et ass och an der Froestellung ugeschwat ginn -, dat ass, dass et eeben och grad an der Pandemie ganz wichteg ass, fir sech ze digitaliséieren. Ech mengen, do huet jiddweree ge-

sinn, wéi wichteg d'Digitaliséierung selwer ass. Mir gesinn also, dass do just am Joer 2020 264 Betribber bei deem Programm „Fit 4 Digital Packages“ matgemaach hunn.

Aus deene verschiddene Beräicher ass eng Fro: 29 % vun de Betribber, déi beim „Fit 4 Digital Packages“ matgemaach hunn, kommen aus dem Commerce; 22 % aus dem Artisanat; 15 % Services; 17 % Horeca; 9 % Architekten; an 8 % E-Commerce.

Déi Programmer, déi besonnesch gutt ukomm sinn, dat ass de „Marketing digital“ - dat heescht, alles, wat digital Vermarktung ass, sief et Social Media, sief et Mass Mailing, sief et all déi Saachen, déi da wierklech an der Entreprise implementéiert ginn -, d'nämmlechst wéi awer och d'Gestion de l'organisation, och e ganz wichtige Volet.

Ech mengen, d'Zil vum „Fit 4 Digital Packages“ ass jo, dass een den Outil direkt an der Entreprise ëmgesat huet, an op där anerer Säit awer och konkret gesäit: Wat bréngt et mer? Wa mer zum Beispill vu Mass Mailing schwätzen: Ech brauch net méi all eenzel Mail ze schécken, mee ech kréien e Programm dohinnergesat, wou ech direkt op ee Knäppchen hin do kann e Mailing maachen. Sief et Social-Media-Presenz, sief et Internetsäiten. Jo, och haut ass et nach wichteg, dass een eng Internetsäit huet an eng Presenz huet op deene verschiddene Plazen. Dofir sinn eeben, wéi gesot, d'House of Entrepreneurship a Luxinnovation déi richtig Ulafstelle fir d'Entreprises, fir deem heite Package kënnen ze maachen.

Wéi gesot, et kritt een, wann ee mat deem Programm matmécht, e Bong vu 5.000 Euro, fir déi Implementatiounen do kënnen ze bezuelen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Mëtzelstandsminister Lex Delles.

## 5. Désignation d'un membre de la commission de suivi de la convention portant sur la prestation du service public luxembourgeois en matière de télévision

Mir kommen dann elo zur Designatioun vun engem Member fir d'Commission de suivi vun der Konvention tëschent dem Staat an dem RTL Group.

Laut Artikel 166 vum Chambersreglement gëtt de Member vun der Chamber op Propos vun der Conférence des Présidents hin designéiert. D'Présidentekonferenz proposéiert d'Madamm Djuna Bernard als Kandidat. Well mir ee Kandidat fir ee Posten hunn, kann den Artikel 7 (5) vum Chambersreglement applizéiert ginn.

Mee den Här Fernand Kartheiser freet direkt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi den Här President et elo erkläert huet, geet et hei ëm d'Konvention tëschent dem Staat an RTL, wou eeben e Kapitel dran ass iwwert d'Qualité du service public luxembourgeois de télévision, also eng ganz wichteg Saach. Fir dat ze assuréieren, gëtt eng Commission de suivi aberuff.

Mir haten als ADR och eng Kandidatur fir dee Posten, an et goufen eng Rei Iwwerleeungen an Argumenter, déi eis derzou bruecht haten, déi Kandidatur ze presentéieren.

Déi éischt ass, datt et eng Tradition an der Chamber ass - an ech mengen, eng ganz gutt -, datt verschidde Kontrollfunktione vun der Opposition sollen ausgefouert ginn. Mir hunn dat zum Beispill bei der Geheimdéngschtkontrollkommissioun, déi vun der Opposition presidéiert gëtt. Mir hunn et bei der Commission de l'exécution budgétaire. Och d'Reglementskommissioun ass normalerweis eng, déi vun der Opposition presidéiert gëtt.

Alles dat si gutt demokratesch Gewunnechten, well et eeben awer e gewëssent Gläichgewicht an der Muechtverdeelung an der Chamber garantéiert. Och dat heiten ass eng ganz wichteg Kontrollfunktioon, déi d'Chamber soll besetzen an déi e bëssen och de Bléck huet op déi politesch Neutralitéit vun eigentlech där gréisster nationaler oder där eenzeger nationaler Televisiounschäine, déi an deem Domän dann aktiv ass.

De Kandidat, dat war den Här Roy Reding. Dat ass e Jurist, wat natierlech och an dësem Kontext e ganz interessante Fait ass. Dat ass keng indispensable a keng virgeschriwwen Konditioun, awer et ass ganz sécher trotzdem e Virdeel.

An et huet och ze di mat der politescher Perception an där ganzer Saach. Mir hu geduecht, datt déi Kandidatur vun der grénger Partei politesch net ganz delikat wier. Et ass esou, datt déi liberal-demokratesch Partei an d'sozialistesche Partei jo schonn e Member am Verwaltungsrot hunn. An elo gëtt eng Kontrollfunktioon där drëtter Regierungskoalitionspartei zougestane, nämlech deene Gréngen.

Dat ass jo, wéi gesot, och eng Partei aus der Regierungskoalition, soudatt eng Kontrollfunktioon

iwwert déi gréissten national Chaîne vun enger vun deenen dräi Parteien, déi an der Regierung sëtzen, soll ausgefouert ginn. Dat ass wierklech net delikat! Et ass net esou, wéi mir et gesinn hunn, an et stäerkt net d'Vertrauen an RTL, an d'Neutralitéit vun RTL; wat net gutt ass, mengen ech, fir déi politesch Kultur am Land.

Duerfir, Här President, froe mir e Vott iwwert d'Kandidatur vun der Madamm Bernard. Mir kënnen hei elo kee Géigekandidat proposéieren, well d'Commission des Présidents huet jo schonn eng Decisioun geholl. D'ADR ass do iwwerstëmmt ginn. Awer mir froen e Vott. Mir froen e Vott, well dee fir eis eng héich symbolesch Bedeitung huet. Et kann net sinn, datt mir einfach hei, zemools och als Oppositionspartei, nokucken, wéi d'Regierungskoalition sech esou eng wichteg Funktioun zouegent. Dofir wëlle mir hei duerch dee Vott eisen Desaccord och ganz kloer zum Ausdrock bréngen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. D'Madamm Josée Lorsché freet d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Déi gréng Fraktioun an, ech mengen, déi ganz Chamber hëlt natierlech zur Kenntnis, wat den Här Kartheiser hei gesot huet. Mir hunn him gutt nogelauschert a mir hunn och festgestallt, datt en dann onzefridden ass. Am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech awer kloerstellen - an dat wëll ech wierklech betounen! -, datt souwuel d'Kandidatur wéi och d'Prozedur an de Vott fir dës Posten en demokratesche Prozess duerstellt.

Dëse Prozess ass kloer an eisem Chambersreglement festgehalen ginn. E geet zrëck op de 16. März vun dësem Joer, also viru sechs Wochen, wéi mer d'Prozedur fir d'Designatioun vun enger oder engem Deputéierten an der Commission de suivi zesammen definéiert hunn - mat Betounung op „zesammen“.

D'Roll vun där designierter Persoun besteet doran, dat wësst Der, d'Chamber an der Commission de suivi ze verrieden. An de Projet de règlement gouf deemools unanime hei am Plenum gestëmmt - also och mat Ärer Zoustëmmung, Här Kartheiser.

Zousätzlech wëll ech drun erënneren, datt de schrëftleche Rapport vum Här Roy Reding, dee jo President ass vun der Reglementskommissioun, eng Rei Recommandatiounen enthält. Dëse Rapport gouf den 8. März - och unanime - an der Reglementskommission ugehall. An doran ass Follgendes festgehalten - ech zitieren: « Certains députés sont des membres du conseil d'administration du contractant de l'État. Ils n'y représentent cependant pas la Chambre des Députés. » Woumat RTL gemengt ass. « Il serait dès lors souhaitable que le futur membre de la commission de suivi ne soit pas issu d'un parti politique dont un membre siège dans ce conseil d'administration. Le contrôle parlementaire devrait en l'occurrence être exercé par un député » - „une députée“ kann een och soen - « appartenant à un autre groupe ou une autre sensibilité politique. »

Här President, ech stelle fest, der d'Djuna Bernard hir Kandidatur entsprécht dës Recommandatiounen aus dem Rapport. déi gréng waren nach ni a se sinn och nach net haut am Verwaltungsrot vun RTL vertrueden, an déi Konditioun ass deemno erfüllt. An ech wëll och behaapten, dass de Contrôle parlementaire sengersäits net par défaut just d'Aufgab vun der Opposition ass, mee vun der ganzer Chamber, vun eis alleguer, vun eis 60.

(**Brouhaha**)

Der d'Djuna Bernard hir Kandidatur, fir dës Deputéiert ze verrieden, respektéiert deemno souwuel d'Chambersreglement wéi och d'Recommandatiounen, déi am Rapport vun der Kommissioun festgehalen gi sinn a mat deene 60 Deputéiert perséinlech averstane waren.

Onofhängeg dovun sinn ech selbstverständlech der Meenung, datt d'Djuna Bernard eng verantwortungsbewusst a kompetent Kandidatin fir dës Posten ass. Si ass Member vun der Mediekommissioun an huet sech an d'Matière ageschafft.

Doriwwer eraus si mer och der Meenung, datt si hiert Mandat no guddem Wëssen a Gewëssen an am Respekt vun eisem Code de déontologie wäert ausféieren. An dofir sinn ech och iwwerzeegt, Här President, datt si d'Opposition an där Kontrollfunktioon gradesou gutt wäert verriede wéi d'Majoritéit.

(**Interruption**)

Och wann Dir dat net fir méiglech haalt op der rietser Säit oder wann Dir lech et net virstelle kënnst.

Merci.

■ **Mme Lydie Polfer (DP).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Lorsché.

Ech stelle fest, datt fir d'Kandidatur fir de Poste vum Member fir d'Commission de suivi vun der Konvention tëscht dem Staat an dem RTL Group e Vott gefrot gëtt. Am Artikel 166 vum Chambers-

reglement steet, datt an dësem Fall e geheime Vott gemaach gëtt an datt Procuratiounen net erlaabt sinn. De Kandidat muss eng absolut Majoritéit erreechen. Déi blank an ongëlteg Walziedelen zielen och net fir d'Berechne vun dëser Majoritéit.

**Vote secret sur la candidature unique**

Mir komme lo zur Ofstëmmung iwwert d'Kandidatur vun der Madamm Djuna Bernard. An d'Stëmmziele sinn amgaang, ausgedeelt ze ginn.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ech hu just eng Fro.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Kartheiser, wannechgelift.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo. Ech hunn eng Fro pour ordre: Et ass eng ... Entschëllegt, ech hätt se jo och kënnen virdru stellen, mee si ass mer deem Abléck net agefall. Mee ech wollt just froen, ob déi Memberen, déi am Verwaltungsrot vun RTL sinn, ob Dir der Meenung sidd, datt do en Interessenkonflikt besteet an dësem Fall oder net, weinst der Ofstëmmung.

(**Brouhaha**)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Kartheiser, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Den Här Wiseler, ech gesinn ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... ech wëll lech soen, ...

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech gesinn, den Här Wiseler ass eraus.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- ... datt den Här Georges Engel, den Här Gilles Baum an den Här Claude Wiseler, wéi mer ugefaangen hunn, iwwert deem heite Punkt ze befannen, virun d'Dier gaange sinn.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Fein. Merci, Här President.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen den Appel nominal, fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

(**Appel nominal**)

D'Sëtzung ass kuerz ënnerbrach.

(**La séance publique est suspendue à 16.00 heures.**)

\*\*\*

(**La séance publique est reprise à 16.05 heures.**)

D'Sitzung geet erëm weiter.

D'Stëmme si folgendermoossen opgedeelt: Total vun de Stëmmziedelen: 56. Gëlteg Stëmmziedelen: 56. D'Resultat fir d'Madamm Djuna Bernard ass: 28 Jo-Stëmmen, 6 Nee-Stëmmen, 22 Enthaltungen. D'absolut Majoritéit läit also bei 17 (veuillez lire: 18). Deemno huet d'Chamber mat enger absoluter Majoritéit vun 28 Stëmmen decidéiert, datt d'Madamm Djuna Bernard Member fir d'Commission de suivi vun der Konvention tëschent dem Staat an dem RTL Group gëtt.

(**Brouhaha**)

## 6. Présentation par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, et par M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie, du programme de stabilité et de croissance (PSC), du programme national de réforme (PNR) et du plan pour la reprise et la résilience (PRR)

Mir héiere lo den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de Stabilitéits- a Wuessumsprogramm PSC souwéi de Relanceplang PRR. Den Här Finanzminister Pierre Gramegna huet d'Wuert.

(**Brouhaha**)

**Présentation du programme de stabilité et de croissance (PSC) et du plan pour la reprise et la résilience (PRR)**

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Här President, léif Regierungskollegen, Dir Dammen an Dir Hären, de Programme de stabilité et de croissance, deem ech lech d'lescht Joer hei de 5. Mee presentéiert hunn, stoung am Zeeche vun der Reaktioun op d'Pandemie Covid-19.

Et wor e spezielle Programm fir speziell Zäiten. An ech soen lech schonns haut am Ufank vun der Ried, well et ass sënnslos, fir hei wëlle Spannung ze tätigen, ech soen lech schonn am Ufank: Dëse Programm huet gegräff. An duerfir steet eis Économie haut vill besser do an duerfir ass och d'Finanzsituation haut staark verbessert.

■ **M. André Bauler (DP).**- Ganz richtig!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- D'Regierung huet schnell a prezis gehandelt, fir d'Gesondheet vun de Leit ze garantéieren, fir d'Économie ze stabiliséieren an domat Vertrauen ze schafen.

Dës Efforten hunn deier kascht a waren och nëmme méiglech, well d'Europäesch Unioun déi néideg Flexibilitéit ginn huet. An deem enge Joer ass ganz





vill geschitt, an ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer déi gréisste Mesuren, déi geholl gi sinn, nach eng Kéier hei opzielen.

Déi wichtegst waren: D'Ausdeenung vum Chômage partiel op alleguerten déi Betriber, déi betraff waren. An dat war wichteg, fir d'Existenz vu ville Leit ze sécheren, fir Aarbechtsplazen ze retten, fir Entreprises um Liewen ze halen.

Dës Mesuren hu brutto méi wéi eng Milliard Euro kascht an netto iwwer 600 Milliounen Euro.

Eng zweet Measure, déi ganz wichteg ass, ass de Congé pour raisons familiales an de Congé pour soutien familial, deen et de Familien erlaabt huet, hiert Liewen ze organiséieren, wéi d'Ekonomie partiell zougemaach ginn ass. An dës Mesuren hunn iwwer 260 Milliounen Euro kascht.

Mir hunn eng ganz Panoplie vu Mesurë geholl, fir de Betriber an hire Salariéen ënnert d'Äerm ze gräfen: Dat waren direkt Aiden; dat waren Aides remboursables; dat war de Stabiliséierungspak; den „Nei-start Lëtzebuerg“; d'Schafe vum Fonds de relance et de solidarité; d'Aféierung, nach méi spéit, vun den Aides non couverts, haaptsächlech fir déi Secteuren, déi och nach de Moment an engem partiellen oder ganze Lockdown sinn.

Zesummegehooll hunn all déi Mesurë fir d'Entreprises e Montant vun 348 Milliounen Euro kascht.

Da wëll ech awer och op d'Reporten insistéieren, déi gemaach gi sinn. Déi Reporten, sief et fir d'Co-tisatioun vun der Sécurité sociale wéi och bei de Steieren, belafe sech op 618 Milliounen. Mir hunn den Abatement pour abandon de loyer 2020 gemaach a mir hunn deen 2021 verlängert. Dat beneficiéiert deene Leit, déi e Bail commercial hunn, wou dann de Propriétaire en duebelen Abatement kritt.

An dann hu mer natierlech ganz vill an de Santéssystem investéiert an der Héicht vun 231 Milliounen. Erlaabt mer och hei nach, all deenen, déi an deem Secteur geschafft hunn, e grouse Merci ze soen.

Wann ech all déi Mesuren, déi ech elo opgezielt hunn, an der nach ganz vill méi, déi ech nach net opgezielt hunn, zesumme kucken, hu mer do eng Zomm vun 11 Milliarden Euro mobiliséiert, an dat entsprécht 18,6 % vun eise PIB. Dat ass ee vun deene gréisste Programmer a ganz Europa gewiescht.

Dir fannt och op engem Diagramm, deen elo misst affichéiert ginn, d'Opdeelung vun deenen Hëllef an dräi Kategorien am Joer 2020 an am Joer 2021, wou Dir gesitt, dass am Joer 2020 73 % vun den Aiden un d'Leit gaange sinn, 16 % un d'Entreprises an 11 % fir d'Transition écologique. Dir gesitt, dass do och vum Joer 2020 op 2021 eng Verschiebung komm ass. Ech wëll och insistéieren, dass a mengen Aen de Chômage partiel eng Measure ass, déi net nëmme gutt ass fir d'Salariéen, dat ass eng Measure, déi ass gutt fir d'Entreprises an d'Salariéen. Et ass also e bëssen eng artificiell Opdeelung. Mee bon, déi gëtt och um europäeschen Niveau esou gemaach.

Lo kéint een déi Zuelen, déi Ausgaben, déi ech elo hei opgezielt hunn, als wirklech Ausgaben ugesinn. Ech gesi se un als Investissementer fir eis gemeinsam Gesondheet an d'Resilienz vun eiser Wirtschaft. Hätte mer dat net gemaach, hätt d'Pandemie nach méi Victimme produziéiert. Hätte mer dat net gemaach, wär de Chômage méi héich. Hätte mer dat net gemaach, wäire vill Existenzen op d'Spill gesat ginn, vill Aarbechtsplaze verluer gaangen an d'Entreprises, verschidden Entreprisë wäeren ënnergaangen.

Bref, d'Luucht um Enn vum Tunnel ass duerch all dës Mesurë méi no komm. Och d'EU begreift all dës Mesuren ausdrécklech, déi jo och an änlecher Form, vläicht net mat där selwechter Intensitéit, an aneren europäesche Länner gemaach gi sinn.

Ech wäert haut mäi Virtrag an dräi Deeler maachen: Zum Éischten de makroekonomesche Kontext erklären; zum Zweete beschreiwen, wéi mer der Luucht um Enn vum Tunnel ëmmer méi no kommen, sief et op lëtzebuergeschem Niveau, wéi och um europäeschen Niveau, wou jo och grouss Solidaritéit geherrscht huet; an dann drëtens, d'Eckwäerter vum Plan de stabilité et de croissance.

De makroekonomesche Kontext: Ongeféier virun engem Joer ëm dës Zäit haten de Statec an och d'Europäesch Kommissioun de Pronostic gemaach, dass mer zu Lëtzebuerg eng Rezessioun wäerten hu fir d'Joer 2020 vu minus 6 %. D'Resultat, wat mer haut kennen, ass, dass déi Rezessioun nëmme minus 1,3 % ass. Dat gëtt ons Hoffnung.

Wat erkläert dann, dass eis negativ Croissance en fait vill méi kleng ginn ass, wéi virgesinn? Ech gesinn do dräi Grënn.

Ech hu schonn de Pak vu Mesuren opgezielt, deen 18,6 % vun eise PIB ausmécht. Ech wëll och ënnersträichen, dass d'Hëllef pro Kapp sech zu Lëtzebuerg op 4.928 Euro belafen. Domat si mer un der Spëtzt an Europa.

Zweetens huet eis Wirtschaft gewisen, dass se relativ gutt resistéiert huet an där ganz spezieller a komplizierter Period vun der Pandemie. An dat

ass ganz besonnesch wouer fir de Servicesecteur an am Servicesecteur och ganz speziell fir de Finanzsecteur.

De Fait, dass mer konnten den Teletravail esou gutt hei ëmsetzen zu Lëtzebuerg, ass natierlech de Meritt vun den Entreprisë selwer, déi dat gutt organiséiert hunn, mee awer och de Meritt vun eise Land, vu sengen Infrastrukturen, déi säit Joerzénge moderniséiert gi sinn an déi derfir gesuergt hunn, dass den Teletravail hei am Land esou effikass konnt gemaach ginn.

Mir hunn do awer och, an dat ass och an der Argumentatioun dran, konnte feststellen, dass, well déi Resistenz vun deene Secteuren, déi Resilience vun deene Secteuren esou gutt war, eis Steierrechten net esou agebrach sinn, wéi mer dat gefaart haten. Ech wäert duerno nach dorop zrëckkommen. An doduerch, dass ee gesäit, dass déi Steierrechten elo besser evoluéiert hunn, wéi mer geduecht haten, ass dat jo de Beweis, dass déi Rezessioun vu minus 1,3 % jo wirklech méi schwaach ass wéi dat, wat mer am Ufank geduecht hunn.

Am Géigesaz zu der Kris vun 2008/2009 ass de Fait, dass Lëtzebuerg eng Finanzplaz ass, eng international gutt opgestallte Finanzplaz ass, eng ganz gutt Noricht gewiescht an en Atout gewiescht. Well d'Finanzplaz, d'Acteure vun der Finanzplaz, un éischer Stell d'Banken, waren an där Kris en Deel vun der Léisung an net en Deel vum Problem. Och well Europa an der Bankenunion alles gemaach huet, fir dass d'Banken sech sollte stäerken. Mir wäerten och haut de Mëtten no där Presentatioun e Gesetzestext diskutéieren, dee justement nach weider an déi Richtung geet, fir d'Banken ze stäerken.

D'Banken hunn och selwer en Deel vun der Responsabilitéit iwwerholl, andeem se Moratoiren un d'Entreprisë ginn hunn, an zwar an der Héicht vun 3,7 Milliarden Euro, déi d'Banken an hire Bicher stoen haten am Juni vum leschte Joer.

Nach haut hunn d'Banken 430 Milliounen Moratoire bei verschiddenen Entreprises.

De Staat huet natierlech och seng Roll gespillt, dat hu mer am Garantie-Gesetz kënne sécherstellen, dat Dir gestëmmt hutt am Mee vum leschte Joer. An esou konnten dann och Prêts remboursables garantiéiert ginn an der Héicht vun 175 Milliounen.

Deen drëtte Grond, firwat, a mengen Aen, d'Wirtschaft sou gutt resistéiert huet, an eis Entreprises domadder och, ass de Large-Scale-Testing. Ech muss lech soen, wéi ech am Juni d'lescht Joer fir d'éischt dat Wuert héieren hunn an erkläert krut am Regierungsrot, dat wär eng gutt Saach, war ech e bëssen iwwerrascht. Ech hunn nogelauschtert. Mee do, wou ech nach méi iwwerrascht war, dat war, wéi ech de Käschtpunkt héieren hunn. An do hu se mer am Ufank, muss ech ganz éierlech hei soen, gesot: „Pierre, maach der keng Suergen, et bleift ënner 40 Milliounen. Mir brauche kee Gesetz ze maachen.“ Do sot ech: Mee ënner 40 Milliounen, dat ass nach ëmmer ganz vill Geld. Versetzt lech a meng Plaz.

#### (Hilarité)

An dunnt hu mer gesot: „Jo, da maache mer dat!“ An dunnt ass ganz séier festgestallt ginn: Jo, mee domat geet et net duer! Also huet ee mussen e Gesetz maachen. Et ass also nach méi deier ginn. Lo soen ech lech, wiwvill mir bis elo fir de Large-Scale-Testing ausginn hunn: 87,5 Milliounen.

Elo kéint een hei och soen: Ass dat da verstänneg gewiescht? Ma ech soen lech: Dat ass eng vun deenen intelligentste Saachen, déi mer an der Kris gemaach hunn. Well doduerch, dass mer dat gemaach hunn, konnte mir am zweete Lockdown an dann an der drëtter Well vill méi gezielt an nuancéiert handelen. An do hu mer ganz vill Sue gespuert.

#### ■ Mme Lydie Polfer (DP). - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - An do hunn eis Entreprisë kënne weiderfonctionéieren, wéi se an anere Länner zou waren. Dat ass nach haut wouer.

Ech hunn elo héieren - ech ginn elo d'Nimm vun de Länner net, ech hunn och net d'Zäit gehat, d'Statistiken nozekucken -, dass mer, wéi et schéngt, elo net méi d'Weltmeeschtere vum Large-Scale-Testing sinn, well aner Länner bei eis geknäipt hunn an elo iwwerall gesot gëtt: „Dat ass déi richtig Strategie, fir natierlech ze evitéieren, dass d'Pandemie exponentiell wissst.“ Ech géif soen: De Large-Scale-Testing steet hei stellvertriedend fir all d'Mesurë vu Santé, déi mer geholl hunn. Ech muss och do ganz kloer ënnersträichen, dass ech als Finanzminister bei all Decisioun, déi an deem Domän geholl ginn ass, ëmmer gesot hunn: „D'Gesondheet geet vir!“

#### ■ Une voix. - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - De Réckgang vun der Ekonomie war am zweeten Trimester vum leschte Joer minus 7,3 %. Am drëtten Trimester hate mer schonn eng Croissance vu plus 9,3 %. Am véierten Trimester eng Croissance vun 1,6 %. Mat minus 1,3 % Rezessioun si mir ënnert den dräi beschte Länner an Europa.

Fir d'Eurozon ... Elo kann ee soen: Majo, all Mënsch hat warscheinlech d'Déift vun der Kris iwwerschat a Lëtzebuerg ass am Trend bliwwen. Nee, mir si guer net am Trend: Fir d'Eurozon war virgesi ginn, dass d'Rezessioun minus 5,1 % sollt sinn, an haut wësse mer, dass se minus 7,1 % war. Dat heescht, an der ganzer Eurozon ass d'Kris méi déif gewiescht. Bei eis ass se e gudder Strapp manner gewiescht.

Wat sinn dann elo d'Previsiounen vum Statec fir d'Joer 2021? Ech mengen, och do kënne mer e bësse méi optimistesche an d'Zukunft kucken. Zum Éischten natierlech, well d'Impfcampagne ëmmer méi Vitess kritt. Mir impfe sou séier, wéi mer Dosisse kréien.

An ech géif och hei gären de Rôle vun den Impfzentren ervirsträichen, och fir ze soen, dass dat déi gutt Decisioun war, iwwer Impfzentren ze fueren. Kuckt an anere Länner, do ass jo och eng Hesitatioun gewiescht, ob een net soll aner Acteuren implizéieren a wat fir eng Schwieregkeeten dat gestallt huet. Mir haten do eng gutt Nues, géif ech soen, dass mer dat gemaach hunn an déi fënnf Impfzentre funktionéiere ganz gutt. Ech hu selwer meng éischt Dosis kritt, konnt dat selwer gesinn an hunn och mat Freed festgestallt, dass d'Administration des douanes och do eng Hand mat upeekt. Ech ginn och dofir muer verschidden Impfzentre besichen. A vun hei aus géif ech gär der Douanesadministratioun fir hiren Asaz hei felicitéieren.

#### ■ Une voix. - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Eng aner wichteg Entwécklung fir 2021 - ech stelle se op de selwechten Niveau praktesch wéi de Large-Scale-Testing - sinn d'Schnelltester. Elo wëll ech lech soen, dass d'Regierung decidéiert huet, 15 Milliounen Schnelltester ze kafen oder ze bestellen, an dass mer domadder vill méi akaf wéi all déi aner Länner, déi mer esou ronderëm eis hunn.

An ech gleewen och drun, dass mer doduerch, dass mer ganz vill Schnelltester wäerten ënnert d'Modalitéiten ..., déi an där Woch wäerte prezisiéiert ginn, doduerch dass mer dat maachen, méi séier en normaalt Liewe wäerten ermëfannen, sou, wéi mer eis et all wënschen.

Dat alles wäert mat sech bréngen, dass mer eng Croissance wäerten hunn zu Lëtzebuerg vu ronn 4 % am Joer 2021. An domadder wäerte mir et fäerdegbréngen, am éischte Semester vum Joer 2021 erëm de Räichtum ermëzfannen, dee mer virun der Pandemie haten, dat heescht d'Situatioun vun Enn 2019.

#### ■ M. André Bauler (DP). - Excellent!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Dat gesitt Der och um Diagramm, deen elo ageblennt gëtt. An och dat solle mer net wéi eng Selbstverständlechkeet huelen, well et gëtt ganz weineg Länner, déi esou séier erëm op den Niveau vun 2019 zrëckkommen. De Gros vun de Länner wäert dat zum Schluss vum Joer 2021 maachen a verschiddener wäerte musse bis 2022 waarden. An dat ass eng laang Zäit - dann ass et zwee, zwee an en halleft Joer -, bei eis: vill méi rapid!

Doduerch dass d'Wirtschaft natierlech besser geet, ass et och remarkabel gewiescht, dass eisen Aarbechtsmaart nach dynamesch bliwwen ass. Mir hunn 2 % nei Aarbechtsplazen d'lescht Joer netto bäigesat an eiser Wirtschaft. Just Malta huet an Europa esou eng positiv Zuel geschriwwen. An dat huet natierlech och en Impakt op de Chômage gehat, also e positiven.

Ech ka mech nach gutt erënneren, déi éischt Deeg am März, Abrëll vum leschte Joer hu mer mam Dan Kersch iwwert de Chômage geschwat a mir hunn all gefaart, dass dee vun ongeféier 6 % op wäit iwwer 7 % géif eropgoen. Den Dan Kersch huet an enger Pressekonferenz virun e puer Deeg anoncéiert, dass de Chômagetax vum März 2021 bei 6,1 % léich. Dat ass dee selwechten Taux, wéi deen, dee mer am März 2020 haten.

Och do ass et vill besser gaangen, wéi mer geduecht haten. An dat ass alles d'Illustratioun - wat ech ganz am Ufank vu menger Ried gesot hunn, dat war net Wonschdenken, ech kommen hei mat de Faiteen -, dass déi Mesuren, déi mer geholl hunn, gegräff hunn.

An och erëm vläicht, fir d'Saachen an de Kontext ze setzen: Mir hunn d'Tendenz an Europa, de Chômage partiel wéi eng ganz normal Saach ze gesinn. Ech kann lech soen: Am Süde vun Europa gouf et dat virun där Kris guer net. An op verschiddene Plazen op der Welt gëtt et dat nach ëmmer net, ënner anere am de Vereenegte Staate vun Amerika. An do ass de Chômage an e puer Wochen, an e puer Méint d'lescht Joer vu 4,4 % op 14,2 %.

Ech mengen, mir sollen eis bewosst sinn, wéi gutt eist soziaalt Netz ass, wéi gutt eis Moosname sinn a wéi wäertvoll se sinn, fir de Leit hir Existenz ze sécheren an hinnen och Confiance ze ginn an d'Zukunft. Déi lescht Indicateuren, déi ech gelies hunn iwwert d'Vertrauen an der Industrie an am Bausecteur stëmmen mech och dofir ganz positiv. D'Consommation privée soll d'nächst Joer, pardon, dëst Joer ëm 8,4 % klammen, an dat ass menger Meenung no och keen Zoufall. Dat ass och d'Resul-

tat vum Fait, dass d'Regierung jo villes gemaach huet, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze ënnerstëtzen.

Ech erënneren do u véier grouss Mesuren: d'Allocation de vie chère, déi 2020 an 2021 verduebelt ginn ass, d'Eropschrauwe vum Crédit d'impôt pour salariés, d'Prise en charge vun 100 % vum Mindestloun am Fall vu Chômage partiel an d'Erhéijung vun 2,8 % vum Mindestloun op den 1. Januar, dat och zum Deel och nach ofgefiedert ginn ass fir d'Entreprisë fir déi éischt sechs Méint. Dir gesitt, dass mer et mat all deene Mesurë fäerdegbruecht hunn, d'Situatioun zu Lëtzebuerg ze verbessern.

Ech kommen elo op den zweeten Deel vu menger Presentatioun, an zwar deen, deen ech genannt hunn „d'Luucht um Enn vum Tunnel zesumme mat Europa“. A wa mer elo zrëckkucken, wat geschitt ass am leschte Joer an Europa, da muss ee soen, dass entgéint ville Kassandraen Europa en fait d'lescht Joer ganz solidaresch gehandelt huet vis-à-vis vun enger Kris, déi symmetresch war, déi, wéi een haut gesäit, relativ ënnerschiddlech Konsequenzen op d'Ekonomie huet. Europa huet et fäerdegbruecht, sech ze eenegen an eng Rëtsch Mesuren ze huelen, déi et nach ni an der Vergaangenheet ginn huet.

Ech denken do un déi Nuecht vum 9. Abrëll, wou mer bis fënnf Auer verhandelt hunn als Finanzministeren, wou mer den Europäesche Stabiliséierungspak decidéiert hunn an der Héicht vu 540 Milliarden Euro mat dräi Sécherheetsnetzer. Dat éischt, dat ech wëll nennen, dat ass de SURE-Programm. Dat ass justement deen, deen et an deene Länner, déi dat nach net haten, erlaabt huet, de Chômage partiel anzeféieren an zum Deel vum Europa finanzéiert ze kréien. An da sinn dat d'Programmer vun der Europäescher Investitiounsbank a vum Europäesche Stabilitéitsmechanismus, den ESM, zwou Institutionen, déi hei zu Lëtzebuerg hire Siège hunn. Zesumme sinn dat, wéi gesot, 540 Milliarden Euro. An dann huet natierlech d'Europäesch Zentralbank eng weesentlech Roll gespillt mat hire ganz niddregen an negativen Zësen zum engen, awer och mat hire Programme vu Rachate vun Obligationen an der Héicht vun 1.850 Milliarden Euro, wou d'Bank seet, dass se capabel ass opzekafen.

Den éischte Schrëtt vu Stabiliséierung ass kompletéiert ginn duerch d'Decisioun vum Conseil européen vum Juli 2020, fir de Finanzkader vun den nächste siwe Joer fir Europa op 1.074 Milliarden ze setzen, an dat ass de Cadre financier fir 2021-2027 an de Fonds de relance et de résilience européen ze schafen am Kontext vum Next-Generation-EU. Do si 750 Milliarde mobiliséiert, wou e groussen Deel an dee Fonds de relance européen geet.

Ech erënneren drun, dass d'Lëtzeburger Regierung am März vum leschte Joer, zesumme mat enger klenger Dose vu Länner, dem President vum Conseil européen a vun der Kommissioun geschriwwen hat fir ze soen: Mir brauche méi Solidaritéit. Lëtzebuerg war dat eenzeg Triple-A-Land, wat dee Bréif do ënnerschriwwen huet. A mir kënnen houfreg sinn, dass mir bei deene waren, déi sech agesat hunn, fir dass déi Solidaritéit sollt spillen, déi wéi gesot keng Precedanten hat.

Ech wëll mech och freeën, zesumme mat lech hei an der Chamber, dass mir all déi Mesuren als Lëtzebuerg ..., dass Dir dat hei an der Chamber virun e puer Wochen hei konnt unhuelen, an zwar mat 54 Stëmmen derfir. Ech wëll dat hei ënnersträichen, dass mer hei an deem Land e Konsens hu fir déi europäesch Solidaritéit, déi eis jo indirekt dann och hëlleft.

Déi Relance setzt Europa ënnert déi zwee grouss Piliere vun der Nohaltegkeet a vun der Digitaliséierung. An déi duebel Transitioun, déi am Klimaschutz néideg ass an déi an der Digitaliséierung néideg ass, déi fanne mer justement eraus, fir ze bestëmmen, wat fir eng Investissementer kënnen en fait vum Fonds de relance profitéieren.

D'EU huet virgesinn, dass an all nationalem Programm, dee soll gemaach ginn, 37 % sollen Nohaltegekeetsinvestissementer sinn an 20 % am Klimaschutz Beräich. Nu sinn dat zwou Prioritéiten, déi mir zu Lëtzebuerg scho laang hunn. Dat sinn och zwou Prioritéiten, déi ech am Finanzsecteur pousséiert hu mat der Finance soutenable. Dofir, fir eis waren déi zwou Prioritéiten do keng Iwwerraschung, well mir sinn an deem Domän, géif ech bal soen, e Virreider.

Am Joer 2021 wäert Lëtzebuerg 2,9 Milliarden investéieren, dat si 4,5 % vun eise PIB. A mir hunn an der ganzer Period 2015 bis 2019 ëmmer op d'mannst 4 % investéiert. Mir sinn do, wa mer elo e bëssen zrëckkucken, e bëssen eng Ausnam an Europa. Well anescht, wéi dat elo an där Kris geschitt, huet Europa an der Kris vun 2008/2009 et vermësst, den Accent genuch op d'Innovatioun ze setzen an op den Investissement, mat der Konsequenz, dass mer en Ënnerinvestissement haten an Europa.

Dës Lektioen ass geléiert ginn an dofir dréckt jo net nëmme d'Europäesch Unioun an d'Kommissioun, mee och déi international Organisationen, dass mer an déi Richtung solle goen.





Ech presentéieren lech dann haut - an dat ass jo dann eng Première, well et dee Plang jo nach ni gouf - de Lëtzebuerger Plan pour la reprise et la résilience. Deen huet e kohärenten Ensembl an dee respektéiert alleguerten d'Prioritéiten, déi d'Europäesch Kommissioun gesat huet, ënner anerem déi zwou Transitiounen, awer och d'Recommandatioun vum Semestre européen.

Ech wäert net vill an den Detail goe vun de Recommandatiounen, well dat wäert de Minister Franz Fayot maachen, well mer hei en fait zwee Domänen hunn, déi sech iwwerschneiden. De Programme national de réforme ass justement do, fir d'Recommandatiounen ëmzesetzen. An de Plan national pour la reprise et la résilience ass am Fong geholl en Deel vun der Saach. Dofir sinn ech do relativ kuerz. Mee et ass an där Hisiicht esou, dass mir, wéi all déi aner Länner, an der Verhandlung elo mat der Kommissioun dofir gesuergt hunn, dass déi Recommendatiounen alleguerte mussen entweder agehale ginn oder zum Deel agehale ginn an op d'mannst komplett duerchdiskutéiert gi sinn.

Lëtzebuerg huet an deem Plan national de relance et de résilience 93,5 Milliounen zegutt. Dat ass eng relativ kleng Zomm, souguer och fir eis Verhältnisser. Dir wësst, dass e Land wéi Italien iwwer 200 Milliarde wäert kréien.

Mir hunn am éischte Stadium 333 Milliounen Euro Wäert vun Investissementer reperéiert, déi mer der Kommissioun presentéiert hunn. Duerno ... déi 333 Milliounen, dat ass natierlech eng Zomm, déi vill méi héich ass, well natierlech d'Kommissioun nëmme kofinanzéiert an net komplett finanzéiert. A mir hunn och vill Projeten erausgesicht, déi mer scho kannt hunn, déi schonn eng gewësse Maturitéit haten, fir dass se och kënnen zäitno ëmgesat ginn.

An der Diskussioun mat der Kommissioun hu mer da festgesat, dass mer fir Lëtzebuerg dräi grouss Piliere wäerten hunn an dësem Plang: sozial Kohäsion a Resilienz, nohalteg Transitioun an Digitaliséierung, Innovatioun a Gouvernance.

Mir hunn 20 Projeten zréckbehalen, wouvun ech der dräi gär géif nennen, déi dann de Gros vun den Zommen wäerte kréien. Dat ass am Kontext vum Transport: dekarbonéieren, d'Installatioun vu Bornen, déi vun der Europäescher Unioun mat bis zu 30 Milliounen wäert ënnerstëtzt ginn. An den ëffentleche Services: d'Digitalisatiounen förderen - gëtt och vun Europa ënnerstëtzt -, an haaptsächlech alles, wat mat Connectivitéit ze dinn huet, an och ultrasecuriséiert Kommunikatiounen fir de Staat - do kréie mer vun Europa ronn 10 Milliounen. An da bezuelbaren an nohaltege Wunraum an nei renouvelabel Energiesourcen am Projett NeiSchmelz zu Diddeleng, wou mer bis 24 Milliounen vun der EU wäerte finanzéiert kréien.

Mir hunn also hei nach eng ganz Rëtsch aner Saachen, déi ech elo net opzielen, déi Der an der Dokumentatioun erausfannt. Et stinn och Projeten dran, déi iwwerhaapt net vun der Kommissioun finanzéiert ginn, mee déi awer an de Plang stoe kumm sinn, well se kohärent si mat de Recommendatiounen - ech denken do ënner anerem un all déi, déi mat „digital skills“ a „future skills“ ze dinn hunn, fir den Aarbechtsmarché ze dynamiséieren. Ech denken och un d'Mesuren, déi mer ugeschwat hu mat der Kommissioun am Beräich vun der Fiskalitéit an der Lutte géint de Blanchiment.

E Wuert nach vläicht iwwert d'Prozedur: Mir hunn also elo mat der Kommissioun Projeten am Wäert vun 182,6 Milliounen reperéiert, dat sinn 20 Reformen. Dee Plang schécke mer bis Enn der Woch op Bréissel. D'Kommissioun schafft wärend zwee Méint drop a gëtt dann hiren Avis of, vun deem mer ausginn, dass dee positiv gëtt, well mir hunn dee Plang hei mat der Kommissioun ausgeschafft. A wéi gesot, en hält alleguerten d'Konditiounen an. Do, wou een dat am spektakulärste gesäit, ass, dass mer bei eise Projeten - deenen 20 Reformen a Projeten, déi mer individualiséiert hunn - 61 % Investissementer hunn, déi fir de Klimaschutz dëngen; 61 %, a 37 % waren d'Virgab. A fir dat Digitaal, fir d'digital Transformatioun erreeche mer 32 %; do war d'Virgab 20 %. Mir hunn also, mengen ech, eis Aarbecht do richteg gemaach.

Ech géif gären den Ekippen, déi Dag an Nuecht elo do drops geschafft hunn, an zéng Ministären dofir villmools Merci soen. Déi Koordinatiounsarbecht war wierklech ganz schwier, net well d'Leit bei eis net wollte schaffen, mee well d'Kommissioun extreem vill Exigencen hat, a si hunn dat super gemaach.

Da kommen ech elo op d'Eckwäerter vum Programme de stabilité et de croissance. Fir d'éischt, wéi ëmmer, den Zentralstaat: Mir haten d'lescht Joer geduecht, mir géifen am Joer 2020 en Defizit hu beim Zentralstaat bei der Administration centrale vu 5,1 Milliarden. Mee mir schléissen of mat engem Defizit vun 3,3 Milliarden, wéi Der dat och um Diagramm gesitt.

Anescht wéi an der Finanzkris vun 2008 stelle mer hei fest, dass mer et hei mat enger Kris ze dinn hunn, déi extreem séier an extreem déif ass. An 3,3 Milliarden, jo, dat ass nach ëmmer ganz vill Geld an et ass den héchsten Defizit, dee mir säit dem

Zweete Weltkrich hei zu Lëtzebuerg enregistréieren. Mee wéi ech virdrun erkläert hunn, hu mer awer domat fäerdegbruecht, eis Wirtschaft gutt ze begleeden an - an dat ass, mengen ech, dat Weesentlech, wat Der och um Diagramm gesitt - séier aus der Kris erauszekommen.

Fir den Exercice 2021 war en Defizit vun der Administration centrale vun 2,7 Milliarde virgesinn, mee befligelt vun de gudde Previsiounen vum Wirtschaftswuesstum an der gudder Entwécklung vun de Recetten am éischten Trimester vun dësem Joer pronostiquéiere mer, dass den Defizit am Zentralstaat dëst Joer nëmme 2,1 Milliarden wäert sinn.

An normalen Zäite wäeren esou Defiziter natierlech nach méi eng grouss Suerg. Mee Dir wësst, dass d'Europäesch Kommissioun d'„general escape clause“ getätégt huet, déi also de Programme de stabilité et de croissance a Klammere setzt fir d'Joer 2020 an 2021.

Wéi gesäit et dann aus an der Sécurité sociale? Och do hate mer gefaart, dass den Aschnëtt ganz grouss wär, dass en fait den Excedant vun 1,1 Milliarde vun 2019 géif reduzéiert ginn op 281 Milliounen. D'Endresultat ass awer e Plus vun 840 Milliounen, also eng gutt Resistenz vun eise System de sécurité sociale. A gutt Noriicht och bei der Administration locale fir d'Gemengen: Do hate mer fir dëst Joer gefaart, mir hätten en Defizit vun 213 Milliounen; deen ass bal halbéiert, dee schmëlzt op 122 Milliounen.

Wann ech elo déi dräi zesummenzielen, dat gesitt Der och op dem Diagramm, ergëtt dat Folgendes: Mir haten am leschte Fréijoer geduecht, mir hätten am Gesamtstaat en Defizit vu 5 Milliarden; am Dezember d'lescht Joer hate mer eng Virausschau gemaach vu 4,4 Milliarden; an haut kann ech lech soen, dass mir wäerten ofschléisse mat engem Defizit vun 2,6 Milliarden amplat 5. Also mir hunn den Defizit halbéiert am Gesamtstaat.

■ **M. André Bauler (DP).**- Ee Gléck!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- A wann een dann e bësse méi wäit kuckt, gesäit een, dass deen Defizit iwwert d'Joren ëmmer méi kleng gëtt, bis mer 2025 erëm e Pluszechen do gesinn.

Wa mer elo de Sold vum Gesamtstaat fir d'Joer 2021 kucken, wéi en de Moment virusgesinn ass - 1.359.000.000 -, dann ass dat 2 % vum PIB. A wa mir also dëst Joer en Defizit vun 2 % vum PIB maachen, da géife mir de Pacte de stabilité et de croissance op den erlaabten Defizit anhalen, well do dierf ee jo bis 3 goen. Dat heescht, mir géifen dee schonn dëst Joer anhalen.

Ech géif och gären e puer Wuert soen iwwert d'Steieren, déi an den dräi éischte Méint erakomm sinn, wat ech och gëschter an der Commission des Finances et du Budget virgestallt hunn.

Mir gesinn, dass mer bei den direkte Steieren e Plus vu 7,6 % hu par rapport zu den éischten dräi Méint vum Joer virdrun. Bei den indirekte Steieren, bei der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA, hu mer e Plus vu 14,2 % par rapport zu den dräi Méint vum Joer virdrun.

Bei der Douane hu mer e klengen Defizit vu minus 4 %. Mee dat erkläert sech doduerch, dass éischens natierlech mam Teletravail vill manner getant gëtt an zweetens natierlech duerch d'Introductioun vun der CO<sub>2</sub>-Steier. Mee do ass natierlech dann déi gutt Noriicht: Doduerch dass mer manner verkafen, dat ass zwar budgetär net esou gutt, mee domat erreeche mer eis ambitiéis Klimaziler.

Wéi ass et dann elo mam Anhale vum Volet préventif vum Pacte de stabilité et de croissance? Do stellt sech d'Fro, ob déi Clause échappatoire och nach d'nächst Joer spille wäert. Do ass d'Decisioun vun der Kommissioun a vun de Memberstaaten nach net gefall. Et weist villes drop hin, dass d'Kommissioun dat wäert recommandéieren, an da géif de Pacte de stabilité et de croissance och nach d'nächst Joer a Klammere gesat ginn. Dat wäeren dann dräi Joer hannereneen.

Et ass also esou, dass mer musse kucken, wéi dann eise Solde structurel muss evoluéieren. Eise Solde structurel, dee wäert am Joer 2021 bei minus 0,7 % leien, an eisen Objectif de moyen terme fir Lëtzebuerg ass jo plus 0,5 %. Fir d'Joer 2022 gëtt de Solde structurel minus 0,3 % an am Joer 2023 - dat éischt Joer, wou jo dann eventuell, wann alles esou geet, wéi een et haut ka virusgesinn, de Pakt erëm géif spillen - hätte mer e Resultat vu plus 0,3 % fir de Solde structurel. Dat heescht, mir wäeren ganz no un den Obligatiounen, déi eis de Pakt gëtt. Ech mengen, ganz weineg Länner wäerten dat kënnen esou fäerdegbréngen.

Nun dierf een awer och net iwweroptimistesesch sinn. Mir wëssen all, wivill Incertituden et nach gëtt, souwuel an der Wirtschaft wéi mat der Evolution vun der Pandemie a mat de Varianten. Mee et ass awer berouegend ze gesinn, dass mir 2023 eisen Objectif de moyen terme bal erreechen.

Ech kommen dann elo zur Staatsschuld. Fir 2020 läit d'Staatsschuld bei 24,9 % vum PIB, an dat ass eng Verschlechterung vun 2,9 %. Op engem Diagramm, deen elo ageblent gëtt, wäert Der gesinn,

dass déi Augmentatioun vun der relativer Verschuldung zu Lëtzebuerg bei Wäitem déi klengsten an der ganzer Europäescher Unioun ass. Dat ass jo eng gutt Noriicht. Wéi erkläert dat sech? Majo zum Deel, well mir 2018 an 2019 en Iwwerschoss oder en Equiliber am Staatsbudget haten an dofir natierlech méi Marge de manœuvre wéi déi aner Länner.

Wann ech elo e bësse méi wäit kucken, geet deen Defizit (veuillez lire: d'Schold) och reegelméisseg a Prozenter erop. E wäert am héchste sinn am Joer 2021 (veuillez lire: 2023), dat ass also dëst Joer, wou en op 28,7 % (veuillez lire: 28,4 %) wäert eropgoen a wäert an deene Paragë bleiwen. Mir wäerten also an der ganzer Period ënnert den 30 % bleiwen, déi d'Regierung sech als Limit ginn huet.

Ech insistéieren elo net ze vill op d'Zuelen, déi mer nach virun e puer Méint ausgerechent haten - do wär eis Staatsschuld méi héich gewiescht. Wat hei natierlech och matspillt, ass, dass eise Räichtum och méi séier wiisst wéi virgesinn.

Zum Schluss géif ech soen, dass een och opsäite vun der Staatsschuld gesäit, dass mer eng Croissance hunn, déi ënner 30 % bleibt an dann herno lues a lues erëm zréckgeet.

Ech wëll an dësem Kontext drun erënneren, dass alleguerten d'Agenturen, d'Ratingsagencen den Triple-A vu Lëtzebuerg confirméiert hunn, ouni Hesitatioun, an och ënnersträichen, dass d'Scholdzësen, déi mer bezuelen, ëmmer manner ginn dank dem Fait, dass déi Emprunten, déi mer elo gemaach hunn, alleguerten zu engem negativen Zëns konnte gemaach ginn: Mir hunn 2013 nach 245 Milliounen Zëse bezuelt, 2020 nach just 149. An déi niddreg Zësen, déi musse mer ausnotzen, grad an dëser Zäit. Dofir ass dat jo gemaach ginn, fir weider ze investéieren. Dat seet eis d'OCDE, dat seet eis de Fonds monétaire international, dat seet eis d'Kommissioun. A mir halen eis dodrun. Mir halen eis dodrun, well mer alleguerten an Europa och vun 2008 geléiert hunn.

A wat muss ee sech da fir d'Zukunft wënschen? Ma, et muss ee sech fir d'Zukunft wënschen, dass mer weiderhin eng nohalteg Croissance kënnen behalen. Well et ass déi nohalteg gesond Croissance, déi eis erlaabt, d'Schold erofzedrécken. An dat géif een net fäerdegbréngen, wann ee géif eng Austeritéitspolitik maachen. An dat géif een och net fäerdegbréngen, wann een elo géif d'Steieren an d'Luucht setzen.

Et ass also mam qualitative Wuesstum, wou ee kann dozou bäidroen, d'Schold ze reduzéieren. Dat ass dat, wat dës Regierung gemaach huet, an dat ass dat, wat d'Regierung och an der Zukunft wäert maachen. Mir gesinn d'Enn vum Tunnel. Mir gesinn d'Luucht um Enn vum Tunnel, an zesumme komme mir gestärkt aus dëser Kris eraus.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Finanzminister villmools Merci fir säin Exposé. Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Finanzminister.

A mir héieren elo den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot fir d'Presentatioun vum nationale Reformprogramm, dem PNR. Här Wirtschaftsminister Franz Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**Présentation du programme national de réforme (PNR)**

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Merci och dem Finanzminister Pierre Gramegna, dee scho ganz vill gesot huet, och zu der wirtschaftlecher Lag, an deen och déi makroekonomesch Zuele gutt duergestallt huet, wat mir erlaabt, mech e bësse méi kuerzefasssen, wat jo ëmmer traditionellem och e bëssen de Fall ass beim PNR.

De Programme national de réforme war jo och schonn d'lescht Joer e bëssen e spezielle PNR, well en och schonn an den Ufanksstadium vun der Kris intervenéiert ass a well och do schonn eng Rei Saachen drastoungen, déi éischt Mesuren nom Lockdown, déi d'Regierung geholl huet.

Elo si mer e Joer duerno. Et sinn eng ganz Rei Saache geschitt, et sinn eng ganz Rei Mesurë geholl ginn am Kader vum Kampf géint de Covid-19 - de Pierre Gramegna huet dat gutt duergestallt. An ech mengen, et ass schonn impressionnant ze gesinn, och wann de PNR natierlech ni e Bestseller bei eis hei ass, ass et awer en Dokument, wat sech, mengen ech, ganz gutt eng kéier liest, well et einfach op eng gutt Aart a Weis dee ganzen Ensembl vu Mesuren zsummeffaast, souwuel d'sanitär Mesuren, d'wirtschaftlech Mesuren, d'finanziell Mesuren, awer och Mesuren, fir den Emploi ze ënnerstëtzen, déi geholl gi sinn an ouni déi mer ganz sécher net esou gutt duerch dës Kris komm wäeren, wéi dat sech schlussendlech erausgestallt huet.

Mir haten d'lescht Joer ëm dës Zäit - an dat war am Ufank vu menger Fonctioun als neie Wirtschaftsminister, wéi ech heiansdo emol vum zwielefte Stack um Boulevard Royal erofgekuckt hunn op eng Geeschterstad - ganz schwaarz Zenarien, déi mer

gemoolt hunn. An och de Statec huet mat enger Rezessioun vu 7 %, 8 % an deene verschiddenen Zenarie gerechent. Dir kënnt lech erënneren, et ass geschwat gi vun enger Reprise en v, an enger Reprise en w, duerno eng Reprise no der Form vun engem Nike-Zeechen - mee egal wéi waren déi Zenarie vill méi schlëmm wéi déi, déi mer elo am Endeffekt hunn an déi mer haut gesinn, mat enger Rezessioun fir 2020 vu minus 1,3 %. An och beim Emploi - an ech mengen, dat muss een och ënnersträichen -, wou mer als Land eent vun deenen zwee eenzegen europäesche Länner sinn, wat 2020 iwwerhaapt nach eng Croissance hat, trotz dëser eenzegaarterger Wirtschaftskris an där Pandemie.

Ech mengen, dat sinn alles Saachen, an ech verséieren net zur Autocongratulation, mee effektiv ass et esou, dass all déi Mesuren, déi mer geholl hunn, déi mer adoptéiert hunn, déi vill Sue kascht hunn - an de Finanzminister huet dat elo just gutt duergestallt -, effektiv gegraff hunn a wierklech déi Kris ofgefiedert hunn op eng dach impressionnant Aart a Weis.

Ech géif gären e puer Wuert soen zur Prozedur vum PNR, well do sinn eng ganz Rei Changementer komm par rapport zum Virjoer, par rapport zu deem viregte PNR, wéi mer e soss alt emol déi Jore kannt hunn.

Dir wësst, dass dat Europäesch Semester 2021 ugaangen ass d'lescht Joer am September 2020 mat der Stratégie annuelle pour une croissance durable. Dat ass u sech d'Fortféierung vum initiale Programm vun der Europäescher Kommissioun mat deene véier grouse Prioritéiten: der ekologescher Transitioun, der numerescher, der digitaler Transitioun, dem Gerechtegkeetsprinzip an och der Stabilité macroéconomique. An dat ass ..., sans surprise fannt Der do déi grouss Prioritéiten och zréck, déi Der am PRR hutt, am Plan de relance et de résilience, déi de Pierre Gramegna elo just beschriwwen huet. Dat ass kloer, well déi zwee musse kohärent matenee sinn, well de Semestre européen sech och elo eebe ganz staark op de PRR referéiert.

Mee wéi gesot, déi grouss Prioritéite bleiwen déi ekologesch Transitioun, déi digital Transitioun, d'Gerechtegkeetsfro. Alles Froen, déi scho virdru ganz uewen op der Agenda stoungen an déi sech, mengen ech, mat där Pandemie wierklech nach op méi eng kloer Aart a Weis ausgezechent hunn, dass et wierklech do ass, wou mer mussen de Levier usetzen, um europäeschen Niveau, awer och um nationalen Niveau. An esou mengen ech, dass eis Strategie do vun deem Point de vue komplett kohärent ass och mat deenen europäesche Prioritéiten.

Wat d'Stratégie « Europe 2020 » ugeet, esou ass se - comme son nom l'indique - 2020 ausgelaf a säithier hu mer och eng nei Approche do fir de PNR, dat am Beräich vun där Strategie. Mir referéieren eis elo net méi op quantifizéiert Ziler. Dir kënnt lech erënneren, dass mer zum Beispill an deem viregte PNR ëmmer en Objektiv hate vun 2,3 % an den Densé fir Recherche et développement. Mir haten och en Taux d'emploi, deen uviséiert war vun iwwer 73 %. An dat ass natierlech alles elo ..., dat si Saachen, déi elo net méi drastinn am PNR. Amplat dovunner referéiere mer eis elo op Objectifs du développement durable.

Dat sinn ODDen, déi an der Agenda 2030 vun der UNO stinn an do hu mer eis an enker Zesummenaarbecht och mam Ëmweltministère eng Rei ODDe ginn, déi mer elo prioritär wëllen hei zu Lëtzebuerg erfëllen. Dat sinn der zéng un der Zuel. Ech ginn elo net an den Detail dovun, Dir kënnt dat am Dokument noliessen. An do ass och e ganzt Kapitel am PNR, wat beschreift, wéi déi verschidde Politicken, déi mer geholl hunn, drop viséieren, fir déi ODDen dann och bei eis ze erreechen.

Dat ass och eng Aarbecht, wou de Wirtschaftsministère eng Koordinatioun gemaach huet vun de Kontributiounen aus all den Haier, aus all deene verschiddene Ministären. An ech géif och do wierklech gäre menge Leit Merci soen, awer och deene verschiddene Ministären, déi alleguerten hei matgeschafft hunn.

Nach eng kéier: De PNR ass en Dokument, wat vläicht bei eis heiheim net vill gelies gëtt, mee wat awer ganz vill an internationale Gremie gelies gëtt, fir eeben ze kucken, wéi Lëtzebuerg sech positionéiert par rapport zu all deenen internationalen Objekten. An dowéinst ass et e wichtegt Dokument.

Ech géif elo gäre kuerz op déi verschidde Recommendatiounen agoen - de Pierre Gramegna hat dat jo annoncéiert, dass ech dat géif maachen -: Do si véier Recommendatiounen, déi aus deene leschte Recommendatiounen vun 2020 erausginn. Dat sinn alles Recommendatiounen, déi ganz staark mam Kampf géint de Covid-19 zesummenhänken.

Déi éischt Recommendatioun betrëfft dann och d'Lutte géint d'Pandemie an alle Beräicher: d'Ënnerstëtzung vun der Économie, d'Reprise, d'budgetär Politik an de Gesondheetssystem.

Ech brauch elo do net an den Detail ze goen, dat ass scho gemaach ginn; mee ech géif awer nach





eng Kéier gäre wirklech och insistéieren op d'Effikassitéit vum Stabiliséierungsprogramm, dee mer ganz schnell Enn Mäerz adoptéiert hunn, de Pak „Neistart Lëtzebuerg“ mat senge sëllege Mesuren, och fir de Betriber ënnert d'Äerm ze gräifen am Kader vum Kampf géint de Covid-19. An och am Beräich vun der Santé gouf vill gemaach: De Finanzminister huet de Large-Scale-Testing genannt, mee awer och d'Aféierung vun neien Études universitaires an der Medezinn, fir d'Resilienz vun eise Gesondheetssystemer an och d'Formation vu Leit am Beräich vun der Santé ze encouragéieren.

Déi zweet Recommandatioun, bei där geet et dorëm, d'Repercussioune vun der Kris op den Emploi ze bekämpfen, an och deene Persounen, déi an enger schwiereger Situatioun sinn, ënnert d'Äerm ze gräifen. Do ass natierlech d'Mesure phare de Chômage partiel, deen extreem gutt gegraff huet mat där Flexibiliséierung, déi mer agefouert hu ganz schnell d'lescht Joer mat deem System vun den Avancen, wou mer de Betriber et erlaabt hunn, ganz schnell u Liquiditéiten ze kommen an och iwwert dee Wee hir Employéen, hir Salariëe kennen ze halen. Dat war eng wichteg Mesure.

Donieft hu mer natierlech och Mesurë geholl, fir deene Schwächsten an eiser Gesellschaft ënnert d'Äerm ze gräifen, zum Beispill mat der Allocation de vie chère, déi 2020 verduebelt gouf.

Déi drëtt Recommandatioun bezitt sech ënner anere op d'Tresorerie vun den Entrepenen an op déi gréng an digital Transition an op d'Innovation. Dat sinn alles Prioritéiten, déi mer souwiso hunn, och an normalen Zäiten. Mee an der Pandemie ass dat nach eng Kéier méi wichteg ginn.

Mir hunn eng ganz Rei Saache gemaach. Nach eng Kéier, ech ginn net méi op den Detail an. Et kann een de Régime de garantie étatique nennen, awer och déi verschidde Neistarthëlfen, fir d'Entrepenen ze encouragéieren, fir ze investéieren an nohalteng Prozesser a méi ëmweltfrëndlech Produktioun an Digitalisatioun an esou weider.

A mir hunn natierlech och relativ rezent eng Strategie fir d'Économie circulaire presentéiert. Och dat gräift an déi gréng Relance eran. A mir hunn am Beräich vun der Elektromobilitéit déi Mesuren ugepasst an och verlängert.

Déi véiert Recommandatioun bezitt sech op d'Lutte géint de Blanchiment, d'Wäisswäsche vu knaschtege Suen, an och op eise Steiersystem. Och do huet d'Regierung eng Rei Mesurë geholl. Si huet am Kader vun der d'Lutte géint de Blanchiment de ganze Prozess duerch d'Gesetzter vum 25. Mäerz an 10. Juli d'lescht Joer moderniséiert a verstärkt. Och am Beräich vun eise Steiersystem hu mer 2019 zum Beispill eng multilateral Konventioun fir d'Prevention vun dem Base Erosion and Profit Shifting ratifizéiert. Alles dat reit sech an an eng Politik vu méi steierlecher Transparenz, vu Bekämpfung vu Steuer-optimiséierung, vu Steierfraude, an dat ass eng Politik, wéi gesot, déi säit ongeféier sechs Joer, säit dem Untrëtt vun der éischter Dräierkoalitioun, resolutt gemaach gëtt, a wou mer, mengen ech, eis och alleguer eens sinn, dass se esou muss weidergeféiert ginn.

Ech géif dann nach gären agoen op eng Partie Recommandatiounen, déi scho méi al sinn, déi aus dem Joer 2019 kommen, déi méi struktureller Natur sinn. Et kéint ee bal soen, dass dat Klassiker sinn. Do geet et engersäits ëm eise Pensiounssystem, awer och ëm de Beschäftigungstaux vun eelere Leit, ëm d'Bildung an ëm de Logement. Dat bleiwen nach wie vor natierlech och Prioritéiten, woumat mer eis mussen ausernersetzen. Beim Pensiounssystem kann een zum Beispill soen, dass d'IGSS Enn vun dësem Joer hiren neie Bilan actuariel vum Régime général d'assurance pension maache wäert an datt dann dorobberhin natierlech wäerte Reflexioune musse gemaach ginn iwwer weider Reformen.

E weidere wichtige Pilier ass den Dispositif de lutte contre le chômage de longue durée, deen d'Schafe vun neien Aarbechtsplazen, déi de Besoin gerecht ginn, ënnerstëtzt.

Am Kontext vun den Obstacles à la concurrence: Dir wësst, dass och dat eng Preoccupatioun ass vun der Kommissioun, déi ëmmer erëmkënn, dass mer ze vill Schranken hunn a reglementéierte Berufler. Och an deem Beräich hu mer e Projet de loi, deen elo geschwënn eng Kéier hei an der Chamber gestëmmt gëtt, iwwert de Contrôle de proportionnalité, deen elo och schonn e puermol an der Chamberskommissioun, an der Ekonomieskommissioun diskutéiert gouf. Mir hunn och en Depot gemaach vun engem Projet de loi, deen den Droit d'établissement reforméiert an dee fir dëse Summer virgesinn ass an deem Beräich.

Wat d'Weiderbildung betrëfft, wat natierlech och en extreem wichtige Pilier ass am Kontext vun eise Beschäftigungstaux vun Eeleren, esou hu mer en neien Zentrum fir d'Weiderbildung, d'Université populaire, geschaaft. An doriwwer eraus gouf och eng Roadmap gemaach fir d'Leit attraction, well dat ass och eppes, wat fir eist Land wichteg ass, fir och nei Talenter heihinner ze bréngen, déi méi am Beräich vum Digitalen, am Beräich vun der Ingenierie ..., all déi Saachen, déi mer brauchen, fir juste-

ment déi digital an déi ekologesch Transition och an eiser Wirtschaft fäerdegzebréngen.

Am Beräich vum Logement gouf den neie Pacte Logement 2.0 en place gesat, deen d'Gemeenge bei der Entwécklung vu bezuelbarem Logement ënnerstëtzt, an eng Refonte vum Gesetz iwwert d'Aides au logement, déi och envisagéiert ass.

Ech hunn dat scho gesot, mir hunn d'Stratégie « Europe 2020 » remplacéiert duerch eng Referenz op ODDen, op eng Partie ODDen. An ech géif do gär dräi Beispiller soe vun ODDen, mee Dir kënnt dat alles en détail noliesen am Dokument. Do gëtt et zum Beispill den ODD 1 „pas de pauvreté“, wou mer kënnen déi Mesure am Beräich vun der Allocation de vie chère nennen, déi 2021 ëm 10 % erhéicht gëtt, weidergefouert gëtt; och d'Erhéijung vum Mindestlohn, vum REVIS an och vum RPGH, deen den 1. Januar adaptéiert gouf.

Beim ODD 9 „industrie, innovation et infrastructure“, wësst Dir, dass mer 2017 dat neit Gesetz iwwer R&D-Hëllef gestëmmt hunn, wat de Betriber erlaabt, nei Outillen ze kréien, fir hir R&D-Demarchen ze ënnerstëtzen. Mir hunn och Enn 2019 eng Strategie nationale de la recherche et de l'innovation approuvéiert. An nach eng Kéier, och déi Neistart-Aiden am Beräich vum Investissement an R&D haten e ganz grouss Succès an hunn och wirklech d'Land weiderbruecht, d'Betriber weiderbruecht am Beräich vun der Digitalisatioun an am Beräich vun ëmweltfrëndlechen Technologien.

Dann ass den ODD 13, „mesure relative à la lutte contre les changements climatique“: Do kann een entre autres de Pacte 2.0 mat de Gemengen nennen, dee weidergeféiert gouf. An am Dezember 2020 ass d'Gesetz iwwert de Klima a Kraaft getrueden, wat jo virgesäit, entre autres, dass d'Treibgasemissiounen bis 2030 ëm 55 % solle verréngert ginn an d'Klimaneutralitéit bis spéitstens 2050 soll erreecht ginn.

Här President, zum Schluss géif ech och nach gären d'Chamber drop hiweisen, dass mer am Preamble, an der Introductioun vum PNR eng nei Approche geholl hunn, a mir hunn an deem Preamble en fait de PIBien-être thematiséiert. Dir wësst, dass dat eppes ass - a mir haten en Debat hei an der Chamber -, wat mer wirklech ganz spezifesch um Häerz läit, ganz speziell um Häerz läit, net nëmme mir. Ech mengen, ech kann do am Numm vun der ganzer Regierung schwätzen an och besonnesch vum Finanzminister. Wa mer gären e Paradigmewissel hätten an der Aart a Weis, wéi mer iwwer eise Räichtum an iwwer eise Wuesstum nodenken, dann ass de PIBien-être do e ganz wichteg Instrument. An ech mengen, och dat ass kloer ginn am Kontext vun dëser Pandemie, dass et net duergeet, fir eng staark Croissance am PIB ze hunn, mee dass och d'Wuelbefanne vun de Leit e ganz wichtigen Deel ass vun där ganzer Equatioun, vun der Aart a Weis, wéi e Land seng Performance muss moossen.

An dofir hu mer an dësem PNR eng Rei Theemen opgeworf, wou mer u sech weisen, wéi eis Aktiounen a Mesuren, eis Reformen aus dem PNR also kohärent sinn an deene Beräicher, déi de PIBien-être ofdeckt. Dat ass eng éischte Kéier, wou dat och an esou engem Dokument, an engem offiziellen Dokument vum Semestre européen de Fall ass. Dat ass natierlech eng reng qualitativ Approche. Do sinn nach keng Chifferen dran, déi kënnen mer fir de Moment nach net moossen. Do schaffe mer drun, natierlech zesumme mam Finanzministère. Dat ass eng Aarbecht, eng zolidd Aarbecht, fir dat kënnen en place ze setzen. Mee mir sinn dobäi, dat op de Leescht ze huelen. Mee ech mengen, dat hei ass en éischte Schrëtt, wou mer weisen, wéi et eng Kohärenz gëtt zwëschen eise Reformen an all deene Beräicher an dem PIBien-être.

Voilà, villmools merci fir Är Attention.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech soen dem Häre Wirtschaftsminister villmools Merci fir säin Exposé. Ech ginn Akt vum Wirtschaftsminister senger Deklaratioun a soen deenen zwee Ministeren am Numm vun eis alleguer Merci fir déi prezis an detailléiert Dokumentatioun, déi mer ausgedeelt kruten.

D'Diskussioun iwwert de PSC an de PNR féiere mer dann den nächsten Donneschdeg.

## 7. Changements de composition de commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech de Mëtten nach folgend Ofännerunge vun der CSV-Fraktioun matgedeelt kritt:

An der Commission de l'Économie et de la Protection des consommateurs et de l'Espace ersetzt den Här Marc Spautz den Här Claude Wiseler.

An der Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche ersetzt d'Madamm Diane Adehm den Här Claude Wiseler fir de Volet „Éduca-

tion nationale, Enfance et Jeunesse“ an d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch ersetzt den Här Wiseler fir de Volet „Enseignement supérieur et Recherche“.

An der Commission de la Fonction publique ersetzt den Här Marc Spautz den Här Claude Wiseler.

An der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire ersetzt d'Madamm Martine Hansen den Här Claude Wiseler.

An der Commission de la Culture ersetzt d'Madamm Nancy Arendt épouse Kemp den Här Claude Wiseler.

Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen.

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 8. Changement de composition du Bureau

Dir Dammen an Dir Hären, den Här Claude Wiseler gëtt säi Posten als Vizepräsident vun der Chamber of. Et gëtt proposéiert, datt den Här Marc Spautz Vizepräsident vum Bureau gëtt. Gëtt et soss nach eng Propos, wat de Poste vum Vizepräsident ugeet?

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass, soudatt den Här Marc Spautz den Här Claude Wiseler um Poste vum Vizepräsident an der Chamber ersetzt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Conformément à l'article 7 (5) du Règlement de la Chambre des Députés, la Chambre décide de proclamer M. Marc Spautz Vice-Président du Bureau.

Conformément à l'article 10 du Règlement de la Chambre, le Président informera le Grand-Duc de la nouvelle composition du Bureau.)

## 9. 7638 - Projet de loi portant :

1. transposition :

a) de la directive (UE) 2019/878 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 modifiant la directive 2013/36/UE en ce qui concerne les entités exemptées, les compagnies financières holding, les compagnies financières holding mixtes, la rémunération, les mesures et pouvoirs de surveillance et les mesures de conservation des fonds propres ; et  
b) de la directive (UE) 2019/879 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 modifiant la directive 2014/59/UE en ce qui concerne la capacité d'absorption des pertes et de recapitalisation des établissements de crédit et des entreprises d'investissement et la directive 98/26/CE ;

2. mise en œuvre du règlement (UE) 2019/876 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 modifiant le règlement (UE) n° 575/2013 en ce qui concerne le ratio de levier, le ratio de financement stable net, les exigences en matière de fonds propres et d'engagements éligibles, le risque de crédit de contrepartie, le risque de marché, les expositions sur contreparties centrales, les expositions sur organismes de placement collectif, les grands risques et les exigences de déclaration et de publication, et le règlement (UE) n° 648/2012 ; et  
3. modification :

a) de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

b) de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement ;

c) de la loi modifiée du 24 mars 1989 sur la Banque et Caisse d'Épargne de l'État, Luxembourg ;

d) de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;

e) de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme ;

f) de la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement, à l'activité d'établissement de monnaie électronique et au caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et les systèmes de règlement des opérations sur titres ; et

g) de la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7638, eng Transpositioun vun enger europäescher Direktiv am Finanzberäich. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Claude Haagen, d'Madamm Josée Lorsché an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

■ **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Häre President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, fir dëse Projet de loi e bëssen auszuhuelen, éier ech bei de Contenu selwer vun dem Gesetzesprojet 7638 kommen. Et ass e wichtige Projet, e ganz komplizéierten, mee awer enorm wichteg fir eis Économie.

■ **Une voix.** - Dat sot Der richteg!

■ **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Et handelt sech nämlech ëm e ganz wichtige Projet fir d'Finanzplaz. An duerfir sinn d'Erklärungen zum Kontext an zum Inhalt méi komplex.

Déi lescht Finanzkris huet gewisen, wéi wichteg e gudde reglementareschen Encadrement vun de Banken ass, fir d'Stabilitéit vum Bankesystem, vum Finanzsystem am méi breede Sënn, an awer och generell vun eiser Realwirtschaft ze garantéieren.

An der leschter Finanzkris huet ee gesinn, dass eng ze grouss Interdependenz zwëschen de Banken an de Staaten zu engem Däiwelskrees féiere kann. Dir kënnt lech bestëmmt dorun nach erënnere, wéi d'Bomm vu Lehman Brothers explodéiert ass an d'Kris duerno duerch de globaliséierte Bankesystem iwwert den Atlantik gaangen ass, mat der Konsequenz, dass och den europäesche Bankesystem an Nout geroden ass.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

D'Staaten, an natierlech och Lëtzebuerg, hu mussen intervenéieren. Et ass zu sougenannte „bail-outs“ komm: D'Banken hu musse mat Steiersue gestäipt ginn, wat zu grouss Lächer an de Staatsbudgete geféiert huet. Vill Länner sinn an d'Laberente geroden an et ass eng zweet Kris, d'Scholden- an d'Eurokris, ausgebrach.

Zanter deemools si mir zu Lëtzebuerg Hand an Hand mat der EU e wäite Wee gaangen, fir eng sougenannte Bankenuioun opzebauen. Mir brauchen eng responsabel Politik, fir d'Banken d'office besser ze encadréieren a fir esou Schwieregkeeten direkt ze vermeiden. A wann esou Problemer nawell optrieden, da kënnen se besser geréiert ginn, ënner anerem duerch eng Rekapitalisatioun vun der Bank duerch d'Creancier an net méi vum Staat, dem sougenannte „bail-in“. Fir der „new impossible trinity“ - dat heescht, der neier onmögliche Dräifaltegkeet -, wéi de Jean Pisani-Ferry se genannt huet, en Enn ze setzen, sinn ënner anerem eng sëllege legislativ Texter um europäeschen an um nationalen Niveau en place gesat ginn, fir d'Schwaachstelle vun eiser Reguléierung aus dem Wee ze raumen.

D'Bankenuioun, déi aus dräi Piliere besteet, ass schrëttweis ëmgesat ginn, respektiv et gëtt nach dorunner geschafft. Déi Unioun besteet aus dräi Deeler: dem Supervisiounsmechanismus vun den europäesche Banken, dem Resoluciounsmechanismus vun de Banken an dem europäesche Versécherungssystem vun den Depoten.

Dëse Gesetzesprojet soll sech an der Stärkung vun der Bankenuioun areien. An dat ass genee dee richteg Wee an dee wichtige Wee, fir d'Kredibilitéit an de Ruff vun eiser Finanzplaz.

Ech kéim dann elo zum Fong vum Gesetzesprojet.: Mam Projet de loi 7638 transposéiere mer verschidden Dispositiounen vum sougenannte Banking Package vun 2019 an dat nationaalt Recht. Méi genee setze mir d'Capital Requirements Directive V, kuerz CRD V an d'Bank Recovery and Resolution Directive II, kuerz BRRD II ëm.

Et kënnt duerfir zu spezifesch Upassunge vun eiser nationaler Gesetzgebung. Esou gëtt zum Beispill dat ofgeännert Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert den Accès zu de Bankenaktivitéiten an iwwert d'Surveillance vun de Banken ugepasst. An engems gëtt dat ofgeännert Gesetz vum 18. Dezember 2015 ugepasst, dat Mechanisme vun der Bankenofwäcklung reegelt. Doriwwer eraus kënnt et och zu enger Rei Ännerunge vun aneren Texter, wéi Dir a mengem schrëftleche Rapport noliese kënnt.

Mat der Direktiv CRD V ginn déi sougenannte Basel-III-Standarder vum Comité de Bâle sur le contrôle bancaire ëmgesat an awer och verschidden Dispositiounen, déi op enger europäescher Initiativ berouen. Et handelt sech do ëm d'Approbatioun vun de Compagnies financières holding an de Compagnies financières holding mixtes, grad ewéi ëm d'Iwwerwaachung vun dëse Gesellschaften.

E weidere Bäitrag vun der CRD-V-Direktiv betrëfft d'Afféierung vun der Verflichtung fir Bankegruppen aus Drëttstaaten, fir eng sougenannten Entreprise mère intermédiaire um Gebitt vun der Europäescher Unioun ze hunn, wann dëse Grupp zwou Konditiounen erfüllt: engersäits zwee oder méi Kredittetablissemeter bannent der EU kontrolléiert an d'Bilanzsomm iwwer 40 Milliarden Euro läit.

Dës Moosssnam soll d'Iwwerwaachung vun esou engem Grupp an der Europäescher Unioun erliichteeren an och d'Resolubilitéit vun de betroffenen Entitéite verbessern. Duerch d'Transpositioun vun der CRD-V-Direktiv ass och ugeduecht, fir de Regimm vun den zousätzleche Kapitalufuerderungen ze reforméieren - am Jargon och als den zweete Pilier vun den Exigences de fonds propres bekannt.

Bei dësem zweete Pilier vun der Bankesurveillance kann de Regulateur, an eise Fall d'CSSF respektiv déi Europäesch Zentralbank, engem CRR-Etablissement zousätzlech Kapitalufuerderunge recomman déieren oder souguer ofverlaangen; dat awer nëmmen, wann de Regulateur justifizéiere kann, dass déi Moosssnamen duerch Risiko gerechtfaerdegt





sinn, déi iwwert de Wee vun der Mindestkapitalufuerderung entweder ënnerschat oder net ofgedeckt gi sinn.

Dës nei Bestëmmunge sollen et de kompetenten Autoritéiten erméiglechen, verschidde Risike besser ze berécksiichtegen, déi d'Aktivitéiten a spezifesche Geschäftsmodeller betreffen. Doduerch soll d'Laascht u Fonds propres, déi den CRR-Etablissementer operluecht ginn, verbessert ginn.

D'CRD V gesäit och vir, dass déi systemesch Risikopuffer solle méi flexibel a gezielt agesat ginn. Mat der Transpositioun vun der sougenannter Direktiv kann de systemesche Risikopuffer elo ënner Ëmstänn och op en Ënnergrupp vu Bankenexpositiounen respektiv op een oder méi Sousesemble vu CRR-Etablissementer ugewannt ginn.

Zousätzlech gëtt duerch d'Transpositioun vun der CRD-V-Direktiv an nationaalt Recht de Koordinationsmechanismus tëschent den nationalen an den europäeschen Autoritéiten verbessert.

E leschte Volet vun der Direktiv ajustéiert verschidden Dispositiounen, déi de Kader vun der Remunerationspolitik vun de genannten Acteure regelt. Hei kann ee sech d'Fro stellen, firwat dat vum Legislatuer encadréiert gëtt. Ma heimat soll nämlech sécher gestallt ginn, dass d'Entitéiten aus dem Secteur eng gesond Gouvernance hunn a virun allem soll domat verhënnert ginn, dass d'Remunerationspolitik excessiv Prise-de-risqué vun den Employéë favoriséiert.

Engersäits soll esou de Proportionalitéitsprinzip duerch d'Reegelung vum variable Salaire gestärkt ginn an anerersäits gëtt och ervirgestrach, dass d'Remunerationspraktik geschlechtsneutral musse sinn.

Elo zu der zweeter Direktiv, déi mir mat dësem Gesetzesprojekt ëmsetzen, also der Bank Recovery and Resolution Directive II, kuerz, wéi gesot, BRRD II. Wéi virdrun ugeschwat, geet et bei de BRRD-Direktiven ëm d'Resolutioun vu Banken, déi a Schwierigkeete sinn. Mat der BRRD II soll d'Effektivitéit vun der Resolutioun gestärkt ginn.

D'Bail-in-Instrument - also dat Instrument, wat am Fall, wou eng Bank a Schwierigkeete kënnt, derfir suergt, dass d'Creancierien hir Creancë reduzéiert kréien, fir esou d'Kapital vun der Bank erëm hierstellen, amplaz dass d'Banke musse mat Steueren ënnerstëtzt ginn -, gëtt mat der Transpositioun vun dëser Direktiv nach eemol gestärkt. Dat ass och gutt esou.

De Renforcement vum Bail-in duerch déi Direktiv an eeben och duerch dëse Gesetzesprojekt wäert derfir suergen, dass d'Restrukturéierung vu Banken de Fonds de résolution manner kascht. Doduerfir ginn déi sougenannte kleng Spuerer an déi aner ënnergeuerdnet Creanciere vun de Banke besser geschützt.

Ech erspueren lech déi ganz technesch Detailer, mee d'Transpositioun vun der BRRD II verstärkt d'Reegelung a puncto Absorbtionscapacitéit vun de Verloschter vun de Banken. D'Zil ass et, fir d'Mindestufuerderung un Eegekital vun de Banken an den eligibelen Instrumenter unzepassen. Dat bréngt eng däitlech besser Ofstëmmung mam Risikoniveau vun all einzelner Bank.

Zousätzlech féiert déi Direktiv och verschidden - an net onwichtig - Notiounen an, wéi zum Beispill déi vun „entité de résolution“ a „groupe de résolution“. Dat mécht et an Zukunft méi einfach erauszefannen, wien Deel vun esou enger Resolutioun soll sinn a wien net, an och, wéi eng Mesuren da mussen eeben applizéiert ginn.

No dem éischten Avis vum Staatsrot ass och nach decidéiert ginn, fir all d'Dispositiounen vun engem Reglement vun der CSSF, méi genee d'Reglement mat der Nummer 15-02, an de Gesetzesprojekt anzebauen an domadder d'Gesetz iwwert de Finanzsecteur vun 1993 ofzënnere.

D'Reglement iwwert de Kontrollprozess an iwwert déi prudenziell Evaluatioun vun de CRR-Etablissementer ass hei esou gutt wéi méiglech mat agebaut ginn. Et hunn awer misse lichter Adaptatiounen gemaach ginn, fir eng Kohärenz tëschent dësem Projet an dem Projet de loi 7723 ze garantéieren. Um leschtgenannte Projet gëtt den Ament nach fläisseg an der Finanzkommissioun geschafft. Et geet dobäi och ëm de Kontrollprozess an déi prudenziell Evaluatioun, déi kéier awer vun den Investmententreprisen.

Här President, Kolleegen a Kolleginnen, erlaabt mer, nach kuerz déi verschidden Avisen unzeschwätzen, déi Der am Detail a mengem schrëftleche Rapport noliess kënnt.

De Staatsrot huet zwou generell Consideratiounen formuléiert. Déi éischt geet ëm d'Recoursméiglechkeet, déi d'Finanzinstituter hunn, fir op Decisiounen vun der CSSF oder der Europäescher Zentralbank ze reagéieren. D'Gesetz vun 2015 huet effektiv eng generell Prozedur, d'Gesetz vun 1993 awer net.

An der zweeter Considération générale geet et ëm d'Reglement Nummer 15-02, vun deem mer jo scho geschwat hunn, dat jo an de Projet de loi agebaut

ginn ass, vu dass dëse Punkt zu enger Opposition formelle geféiert hat.

Et goufe weider dräi Opposition-formellë vum Staatsrot. Zwou hunn de Pouvoir réglementaire vum Conseil de résolution concernéiert, an do verweisen och op mäi schrëftleche Rapport.

Mee zu der leschter Opposition formelle wéilt ech e puer Bemerkungen maachen: Et geet ëm d'Artikelen 93 a 94 vum initiale Gesetzesprojekt. Do sollt e sougenannte Filet de sécurité zugongschte vum Fonds de garantie des dépôts Luxembourg en place gesat ginn. Zur Erinnerung: Dëse Fong erméiglecht a garantéiert am Fall vun enger Bankefaillite, dass all d'Spuerer bis zu 100.000 Euro pro Kont a pro Bank rembourséiert kréien oder kënnen kréien.

De Projet de loi initial hat virgesinn, dass d'Regierung kéint eng Staatsgarantie decidéieren, fir déi eventuell Kreditlinnen ze garantéieren, déi dee Fong, den FGDL, géif ophuelen.

De Staatsrot huet awer gemengt, dass esou een Dispositif iwwer eng Loi spéciale misst ofgedeckt ginn, déi als Objet unique hätt, fir esou eng Fourniture de garanties ze erlaben, an net iwwer méi en allgemengt Gesetz, wéi dat an dem initiale Projet de loi eeben de Fall war. Dës Dispositiounen stinn elo net méi an dem amendéierte Gesetzesprojekt.

A sengem Avis complémentaire vum 23. März 2021 huet de Staatsrot sech mat der Regierungsamendmenter vum 18. Februar d'accord erkläert, soudass déi Opposition-formellë konnten opgehuewe ginn.

Mir kruten och nach en Avis complémentaire souwuel vun der Europäescher Zentralbank wéi och vun der Chambre de Commerce eran. Am groussen Ganze sinn dës Avisen positiv ausgefall. Fir d'Detailer verweisen ech nach emol op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, Léif Kolleegen a Kolleginnen, ech kommen zum Schluss vu mengem mëndleche Rapport zu dësem Gesetzesprojekt. Loosst mech just nach kuerz e puer Saachen ënnersträichen.

D'Bankereglementatioun, déi an de leschte Jorjénge entwéckelt ginn ass, huet bewisen, dass se net ëmsoss ass. Se huet de Bankesektor fit fir méi stiermesch Zäite gemaach. D'Covidkris huet gewisen, dass d'Banken haut besser mat engem Schock kënnen eens ginn a souguer e wichtige Partner an enger Kris kënnen sinn.

Dëse Gesetzesprojekt wäert d'Widerstandsfähigkeit vun de Banke weider stärken an d'Stabilitéit vum Finanzsecteur a vun eiser Wirtschaft als Ganzt erhéijen. D'Matière vun de Mëtten ass sonder Zweifel keng ganz digest, mee se ass besonnesch wichtig fir Lëtzebuerg. Mir wëssen all, wéi liewenswichtig dëse Secteur fir eis Wirtschaft, eisen Aarbechtsmaart an eis Staatsfinanzen ass. Eist Land kann nëmme gewinnen, wa mer an der Europäescher Unioun e stabile Finanzsystem hunn. Dowéinst kann een dëse Gesetzesprojekt nëmme begrëssen.

An ofschléissend géif ech nach wëllen dem Finanzminister a senger Mataarbechter am Ministère, de Membere vun der Cofibu an de Fraktiounsmataarbechter Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, an ech ginn heimadder den Accord zu dësem Projet de loi.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Merci dem Här Rapporteur.

An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kolleegen, ufänke wéilt ech mat deem traditionelle Merci un de Rapporteur. An ech mengen, dës kéier huet e sech et wierklech verdéngt, well ech hu seelen, an ech kommen och nach eng kéier drop zrëck, mat esou engem komplizéierte Projet ze dinn, a mir gesinn der jo genuch - ech schwätzen hei och ënnert dem strenge Kontroll vum President vun der Cofibu -, mir hunn der jo genuch, mee ech mengen, dëse war extra komplizéiert.

An ech muss duerfir soen, ech bewonneren d'Gedold, d'Kompetenz an den Engagement, deenen de Rapporteur hat. Dat war net einfach. Mir haten zum Deel laang Sitzungen. An duerfir, wéi gesot, e ganz, ganz groussen Merci! Den Här Arendt, deen huet sech wierklech déi kéier de Luf vun eis alleguete verdéngt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech wëll och direkt hei, fir all Spannung erauszehuelen, soen, dass d'Fraktioun vun der CSV wäert hir Zoustëmmung zu dësem Projet ginn. Et ass e wichtige Projet. Och doduerch, dass de Rapporteur esou kloer an extensiv a sengen Explikatiounen war, brauch ech net méi an den Detailen anzegoen. Ech wäert mech duerfir, Här President, limitéieren op eng Fro, awer och op e puer méi generell Remarken.

An eng éischt Remark huet e bësselche mat der Aarbechtsweis vun eisem Haus ze dinn, huet also net direkt elo eppes mat der Regierung ze dinn. Ech

mengen, mir hu gesinn, wéi mer iwwert dëse Projet diskutéiert hunn, dass mir selwer vläicht an dësem Haus net outilléiert sinn, fir esou komplex Projeten am Detail ze diskutéieren. An ech hat - ech mengen, ech war do à l'initiative, wéi mer dee Projet kritt hunn -, gefrot, ob mer net kéinten eng Nott kréien. Mir hunn déi och kritt vun der Regierung. Ech sot och Merci. Ech bleiwen awer do bei menger Iwwerzeugung, dass eigentlech déi Nott misst vun der Chamber kommen.

An duerfir géif ech och wierklech nach eng kéier plädéieren, an ech adresséiere mech hei un de President, well et ass wierklech wichteg, dass mer eis och als Haus, als Chamber, déi néideg Kompetenzen ginn, fir och a komplizéierten Dossieren - a mir hunn där leider Gottes ëmmer méi an der Finanzkommissioun - mat eisen eegene Mëtten, ouni mussen op d'Regierung zrëckzegräifen, déi Informatiounen kënnen ze kréien, déi eis et erlaben, op eng neutral an objektiv Aart a Weis déi Projeten ze kucken.

Wéi gesot, dass ass absolutement kee Virwurf un d'Regierung, et ass éischter en Appell un eis selwer. Well ech muss lech trotzdem soen - an Dir wësst, ech si jo awer een, deenen an der Finanzkommissioun déi Saache relativ genau kuckt -: Ech hat wierklech dës kéier kee ganz gutt Gefill, well ech d'Impressioun hunn, dass mer hei iwwer Saachen decidéieren an och diskutéieren, wou déi meescht, an ech huelle mech och do gär mat eran, awer net de vollen Duerchbléck hunn.

An dat soll eigentlech net esou sinn! E Parlament, wat sech wierklech escht hält, soll sech och selwer d'Moyene ginn - ouni mussen op d'Hëllef vun der Regierung zrëckzegräifen -, fir kënnen seng Aarbecht ze maachen. An duerfir wierklech en Appell! Dëse Projet huet mer do e bëssen den Ulass ginn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance.* - Här Mosar, wann Der erlaabt. Dir hutt ganz Recht. A mir sinn och gutt engagéiert op deem dote Wee, well déi éischt Mataarbechter fir déi Cellule d'expertise sinn ausgeschriwwen a sinn och gehéiert ginn, soudass mer an deenen nächste Jore déi Cellule d'expertise esouwuel sur le plan juridique wéi och fir ekonomesch Zesummenhäng wäerten ausbauen, net ze vergiessen dee soziale Volet. Mee mir sinn op deem dote Wee engagéiert. An Dir grad ewéi ech, mengen ech, mir hunn déi éischt Weichen an déi dote Richtung gestallt. An eise jëtzege President mécht de Sak zou.

■ **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci, Här President. Ech weess dat, ech soen och hei stellvertriedend dem Generalsekretär Laurent Scheeck Merci fir déi grouss Efforten, déi geschitt sinn an déi och nach wäerte geschéien. Mee nach eng kéier, dëse Projet de loi, mengen ech, huet och wierklech d'Noutwendegkeet dovun gewisen.

Ech wëll dann elo awer nach eng kéier ufänke mat enger Fro. An duerno wollt ech just e puer Remarque maachen zum Projet. Eng Fro, et ass vläicht elo net déi wichtigst, si ass awer net onwichtig, well och de Rapporteur dorop higewisen huet. A mir hunn eigentlech och am Kader vun den Diskussiounen mat deene Fonctionnaires - deenen ech iwwerens e ganz groussen Merci wëll soen, well se eis wierklech 100%eg zur Dispositioun stoungen - eng Fro, déi awer net onwichtig ass, net beäntwert kritt - iwwerens steet se och am Rapport vum Guy Arendt ënnert den Avisen -, dat ass: Mir schafe jo elo dee sougenannte Conseil de résolution, an dee Conseil de résolution, deen huet jo de Pouvoir de suspension. D'Fro, déi sech allerdéngs stellt, ass: Wa mir hei zu Lëtzebuerg elo eng Société-mère hunn - ech huelen zum Beispill eng Société-mère am Bankesektor, déi eng Rei vu Filialen huet an Drëttlänner, also a Länner ausserhalb vun der Europäescher Unioun -, do stellt sech einfach d'Fro, wéi esou eng Measure oder esou Mesuren an Drëttlänner kënnen ëmgasat ginn, dass heescht, d'Responsabilitéit ass jo bei der Société-mère, bei eis, an déi musse jo dann theoreetesch och ëmgasat ginn. Mir wëssen awer och: Deemno, wou déi Société-mère Filialen hunn, an dat kann heiansdo och emol op méi exotesche Plaze sinn, gëtt et ganz schwéier, fir dat an der Praxis ëmzesetzen.

Notamment huet och d'Chambre de Commerce déi dote Fro opgeworf. Ech wollt se de Mëtten nach eng kéier opwerfen a wier eigentlech och frou, wa mer dozou vläicht och eng Äntwert vum Finanzminister géife kréien.

Meng éischt generell Remark ass, fir nach eng kéier ze ënnersträichen, wéi wichteg dass déi zwou Direktiven CRD 5 a BRRD 2 sinn, fir d'alléieréicht, wat d'finanziell Ofsecherung vun de Banke betrëfft. Ech mengen, dass ass en extrem wichtige Punkt. No der Bankekris - an et ass alles hei schonn de Mëtten ënnerstrach ginn - hunn d'Banke sech misse vill méi zolidd opstellen. Hei ass, mengen ech, eng weider Etapp, déi extrêmelement wichteg ass.

Et geet awer op där anerer Säit och ëm d'Protektioun vun den Investisseuren, och dat ass e wichtegt Element. Een, deenen an d'Europäescher Unioun kënnt, deenen notament bei eng Bank kënnt oder och bei aner Etablissementer, muss wëssen, dass seng Investissementer garantéiert sinn, dass et do e

klore legale Kader gëtt. An ech mengen, dee gëtt an dësen zwee Gesetzestexten nach eng kéier reforcéiert.

Do, wou ech awer e bësselche wollt drop ze schwätzen kommen - an ech mengen, dass dat iwwerens och eng Suerg ass, déi d'Regierung an och de Finanzminister deelt -, dass ass awer, dass mer musse wëssen - an ech hu mat Interêt och elo déi Pressekonferenz vun der ABL do héieren -, dass et fir d'Banken am Moment net ganz einfach ass.

D'Banken, an dat ass virduerch och ënnerstrach ginn, sinn d'Léisung oder en Deel vun der Léisung och an der Pandemie gewiescht. Mir sinn alleguete frou, dass mer se haten. Et muss een allerdéngs wëssen, dass déi traditionell Bankgeschäfte ëmmer méi schwéier ginn. An do kënnt dann e Volet derbäi, an et ass eigentlech och op deen, wou ech wollt agoen, dass ass dee ganze Volet vun der Compliance, vum Audit.

Also, d'Kontroll vun de Banken hält ëmmer méi zou. Duerch déi Mesuren, déi mer hei huelen, wäerten erëm zousätzlech Moosnamen op d'Banken zoukommen, déi an deenen nächste Méint a Jore mussen ëmgasat ginn. Dass heescht emol fir d'alléieréicht, dass d'Banke sech um Niveau vun den Effektiven nach weesentlech musse verstärken. Si mussen och d'Kompetenz kréien. Dass ass och net ëmmer einfach, fir déi Leit hei bei eis am Land ze fannen.

An do stellt sech awer eng kéier trotzdem d'Fro, ganz besonnesch och elo am Kontext vum Brexit, wou haut den Handelsaccord am Europaparlament diskutéiert an dann, huelen ech un, approuvéiert gëtt: Mir mussen awer oppassen, dass mer d'Banken net doutreglementéieren ginn an enger Zäit, wou mer, wéi gesot, awer eng grouss Konkurrenz kréien um Niveau vun der City of London, och vun anere Banken, Finanzplazen ausserhalb vun der EU. Duerfir wëll ech dat wierklech soen. An ech schwätzen emol hei net nëmme am Numm vun de Banke selwer, mee och am Numm vun deenen Dausende vu Bankemployéen, déi sech jo all Dag mat deenen neie Reegelen, déi mir hei stëmmen, mussen ausereesetzen. An ech gesinn der all Dag an Dir kennt Der och, déi mir zum Beispill soen: „Wa mir moies opstinn a mir ginn op d'Bank, dann hu mer schonn heiansdo d'Gefill, mir wiere mat engem Fouss am Prison, well mer esou vill Reegelen, nei Reegelen hunn, wou mir och perséinlech duerfir haftbar sinn an déi och mussen ëmsetzen.“

Duerfir wierklech eng Suerg - an ech wär och frou, well ech weess, dass de Finanzminister déi selwecht Sensibilitéit huet, wa mer eis awer do vläicht e bësselche géife Gedanke maachen och um Niveau vun der EU -: Et wär net gutt, wa mir de ganze Bankesektor wierklech géifen doutreglementéieren.

Eng zweet Remark, déi ech wollt maachen, an dat ass e bësselche ee vu mengen Dadaen, dass ass dee ganze Secteur vu Blockchain an och vun deenen digitale Wärunge. Do maachen ech mer Suergen.

Fir d'éischt wëll ech awer mat deem positiven Element ufänken. Ech mengen, d'Blockchain-Technologien an och déi doten Zorte vu Wärunge, dat wäert d'Zukunft sinn oder en Deel zumindest vun der Zukunft. Dass muss ee perséinlech vläicht elo net formidabel fannen, mee ech mengen, et geet an déi Richtung. Wann Der haut mat ville jonke Leit schwätzt, déi gi praktesch nëmme méi iwwert deen dote Wee. An duerfir si mir och gutt beroden als grouss Finanzplaz, wa mer awer déi Chancen, déi déi Blockchain-Technologie mat sech bréngt, och notzen.

Ech weess, dass eng Rei vu Projeten, och wat d'Fin-Tech betrëfft, do um Lafe sinn. Mee ech géif nach eng kéier haut dervu profitéieren, wierklech do en Appell ze maachen. Mir mussen onbedéngt och an där doter Technologie virkommen.

Ech soen awer och direkt, wat déi zwou ganz grouss Gefore si bei der Blockchain-Technologie. Déi éischt ganz grouss Gefor ass, dass dat natierlech och en Instrument ass, wat ka fir de Blanchiment benotzt ginn a wat warscheinlech och scho fir de Blanchiment benotzt gëtt. Dass heescht, déi Blanchisseuren, déi Kriminell, déi ginn haut net méi déi traditionell Weeër iwwert déi normal Banken, mee déi gi méi iwwert deen dote Wee. An duerfir, mengen ech, ass et awer wichteg, Här Finanzminister, dass mer eis do e Minimum u Reegelen ginn. Well et wär net gutt, wa wierklech déi doten Technologien, déi doten Zort vu Finanzoperatiounen, herno géifen derzou déngen, fir Wäisswäsche vu Suen ze maachen. Dass ass dat eent.

An dat zweet ass, dass et och muss ganz kloer sinn - an ech weess, dass mer eigentlech do där selwechter Meinung sinn, ech mengen just, dass dat an der Praxis net klappt -, dass déi Leit, déi iwwert deen dote Wee Geld verdéngen - an do gëtt ganz vill Geld verdéngt, vläicht nach méi wéi an den traditionellen Bankeschäfte -, awer grad esou wéi all déi aner hir Steieren dorobber bezuelen. Well et ka jo net sinn, dass mer herno zwou Zorte vu Bankenaktivitéiten hunn: Déi traditionell, wou jiddweree muss seng Steiere bis op de leschten Euro bezuelen, an déi aner, wou dat awer alles net esou kloer ass.





Ech weess, datt Dir eng Kéier op Är Initiativ eng Circulaire erausgeschéckt huet. Ech froe mech zwar - an dat ass och gewosst, datt dat vläicht net ëmmer ganz einfach ass -, ob déi dote Bankoperatiounen och wirklech genausou vun de Steuer- verwaltungen erfaasst gi wéi déi traditionell.

Et wär op jidde Fall, mengen ech, och de Wonsch vun der CSV-Fraktioun, datt mer déi Blockchain- Technologien, déi, wéi gesot, ganz vill Chancen op- maachen, awer och géife reglementéieren. An duer- fir géif ech nach eng Kéier den Appell maachen, datt Der lech wirklech iwwerleet, wéi een awer deene ganzen Operatiounen do kann e Minimum vu legalem Kader ginn.

Dann en nächste Punkt, deen och wichteg ass, deen och erëm mat der Ëmsetzung vun deenen Direktiven ze dinn huet, dat ass dee vun eise Regu- lateuren. Eis Regulateuren, natierlech an éischter Linn d'CSSF, mee och zum Deel d'Zentralbank, kréien ëmmer méi Kompetenzen. Dat ass gutt! Ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, datt ech eigentlech fannen, datt eis Regulateuren eng super Aarbecht maachen, ganz besonnesch d'CSSF. Mir hunn do extrem vill Kompetenz an deenen Institu- tiounen, an do gëtt mat ganz vill Engagement am Interêt vun der Finanzplaz geschafft.

Allerdéngs, dat wësst Der, hu mer nach ëmmer dee Problem, datt mer elo och deenen Institutionen d'Méiglechkeet ginn, fir Sanktiounen ze huelen. Mir ginn elo souguer d'Méiglechkeet, a mir kréien do de Projet de loi och nach eng Kéier fir d'Diskussioun an de Plenum, datt souguer kënnen Enquête ge- maach ginn. Dat ass alles okay, bleift awer juris- tesch schwierig. An ech géif duerfir nach eng Kéier derfir plädéieren, fir datt mer mat deem Projet de loi, vun deem Dir jo och schonn e puermol ge- schwat hutt, wirklech virukommen - ech mengen, mir hunn do och rechtsstaatlech Obligatiounen -, datt mer dee ganze Volet Agreement vum Volet Sanktiounen trennen. An duerfir géif ech wirklech haut nach eng Kéier vun der Geleeënheet profitéie- ren, e ganz groussen Appell ze maachen, datt mer am Interêt vun der Ëmsetzung vun deenen dote Pro- jete virukommen.

Voilà, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat sinn déi puer Remarken, déi ech awer wollt zu dësem Projet, zu der genereller Thematik, ma- chen. Ech soe Merci, datt Der mer esou laang noge- lauschtert hutt a ginn nach eng Kéier hei den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Mosar. An nächste Riedner ass den Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Merci, Här President. Fir d'éischt och deen traditionelle Merci un de Rap- porter, deen awer hei net traditionell ass, ech mengen, de Virriedner huet dat gesot. An dëser komplexer technescher Matière ass et exzellent erkläert, souwuel mëndlech wéi schrëftlech, och wann et net ëmmer einfach ze verstoen ass.

Ech gi gären direkt dorobber an, wat de Virriedner vun der CSV, den Här Mosar, gesot huet. Mir sinn eis, denken ech, an där Approche do eens. Mee mir gesinn awer och, an ech hunn lech ganz gutt noge- lauschtert, datt et net evident ass mat der Regula- tioun an och mat der Reglementatioun.

Dir hutt d'Blockchain-Technologien ugeschwat. Do musse mer reglementéieren. Do solle mer och reglementéieren, do sinn ech och bei lech. Op där anerer Plaz musse mer oppassen, datt mer deen traditionelle Business, esou nennen ech dat emol einfach, net iwwerreglementéieren. Mir gesinn awer och, datt d'Faite vun 2008 dozou gefouert hunn, datt mer musse reglementéieren. An dofir ass et ëmmer schwierig, fir do e Mëttelwee ze fannen, well d'Finanzwelt an d'Bankewelt jo och an engem Wandel sinn. An dann ass et kloer, datt Reglemen- ter bäikommen oder verschäerft ginn, dëst am Interêt souwuel vun de Banke wéi awer och am Interêt schlussendlech vun de Klienten, souwuel de private wéi och den Entreprises.

Bon, Här President, mat dësem Projet de loi droe mer einfach der Entwécklung vun der Opsiicht vun de Finanzinstituter Rechnung. Wéi scho gesot ginn ass, ass et d'Ëmsetzung, iwwert de Wee vun CRD 5, vun de Krittäre vu Basel 3 an eis national Ge- setzgebung, d'Gesetz iwwert de Secteur financier vum 5. Abrëll 1993, fir dat ze iwwerhuelen.

D'Krittäre vu Basel 3 sollen derzou déngen, d'Wid- derstandsféigkeet an d'Stabilitéit vun de Finanzin- stituter weider ze stäerken. Dës Krittäre goufen ausgeschafft um Niveau vun der Bank fir interna- tionalen Zuelungsausgläich, déi oft „Bank vun den Zentralbanke“ genannt gëtt an déi am Fong eng vun den eelsten internationalen Organisatiounen am Finanzberäich ass.

Vereinfacht gesot geet et hei ëm verschäerfte Kri- tären, ech mengen, dat ass ugeklongen, fir d'Kredit- instituter ze zwängen, méi Fonds propres op d'Säit ze leeën, fir datt mer net nach eng Kéier, an ech si virdrun drop agaangen, Zeie gi vun enger fataler Spiral, wéi mer se 2008 ganz einfach erlieft hunn.

Als Beispill kann een nennen, datt de Solvabilitéits- ratio vun 8 % op 10,5 % gehuewe gëtt. Domadder soll séchergestallt ginn, datt d'Kreditinstituter hir Engagementer, also Prëten u Privatleit an Entrepri- sen, och an turbulenten Zäiten honoréiere kënnen. Hei ass et ausdrécklech ze begrëissen, an dat maa- che mir, datt de Ratio vun de Fonds propres durs, also d'Engagementer par rapport vu wirklechem Eegekaptal, vum Kreditinstitut vun 2 % op 4,5 % eropgesat ginn ass.

Här President, d'Kreditinstituter sti virun engem einfache Choix - dat mengt ee vu baussen -: Ent- weeder setze se hir Fonds propres erop, andeems se zum Beispill hir Benefisser méi an déi eege Keess investéieren, oder si vergi manner Kreditter, fir hire Bilan manner opzeblosen. Dat schéngt ein- fach ze sinn, mee och eng Partie vu Ratios gi mat Basel 3 verschäerft, notament de Ratio de liqui- dité à court terme, fir deen nëmme ze nennen. Dëse Ratio soll verhënnere, datt mer erëm eng Kéier an d'Situatioun vun 2008 zrëckkommen, wou Cliente beim Bankautomat keng Sue méi kritt hunn, well d'Banke ganz einfach keng Liquiditéite méi haten an net méi flësseg genuch waren.

Als LSAP ass et eis besonnesch wichteg, dass Fee- ler an Initiativen an Entscheedungen, déi um Niveau vun de Responsabelen an Decideure vun de Banken an der Finanzwelt gemaach ginn, op der Sich no Gewënn ganz einfach, herno net um Bockel vun der ganzer Gesellschaft musse gedroe ginn. Dofir mussen déi international Reguléierung vun de Kre- ditiinstituter kontinuéierlech mat alle Konsequenze virugedriwwen ginn, fir eeben dat ze adaptéieren, well d'Finanzwelt ganz einfach evoluéiert. Dëst ass ëmsou méi wichteg, well mer an engem Kontext liewen, deen de Banke Loscht mécht op Speku- latiounen: Vill Liquiditéiten um Marché duerch d'Op- kafprogrammer vun den Zentralbanken, an nëmme weëneg sécher Méiglechkeeten, fir Sue wirklech esou ze investéieren.

Sou ass ganz rezent, an da kommen ech op e Bei- spill, am März vun dësem Joer de Skandal ron- derëm Archegos Capital Management un d'Dages- licht komm. Hei handelt et sech ëm eng Struktur, déi d'Verméige vun engem Geschäftsmann verwalt huet, andeems se op de Cours vun Aktie speku- léiert huet, déi si awer guer net selwer am Besëtz hat. Au contraire, et si grouss international Banken, déi dës Aktie géint eng Kommissioun vun dëser Struktur kaaft haten. Wéi de Cours vun dësen Ak- tien an de Keller gaang ass, haten dunn och déi bedeelegt Banke grouss Verloschter. An esou eng Bank wéi de Crédit Suisse eleng huet bei dëser Af- fäir iwwer 4 Milliarden Dollar verluer. Dëst Beispill weist, datt mer als Legislatuer musse vigilant bleiwen, wa mer wëlle fir Stabilitéit am Finanzse- ctor suergen.

Gläichzäiteg muss een awer och am A behalen, datt ëmmer méi Privatleit, déi eng gewëssen Épargne forcée eeben duerch d'Ëmstänn bei den Zënse an den Investissementer hunn - wa se iwwerhaapt d'Méiglechkeet hunn, mat dëser Épargne forcée, déi se iwwert déi lescht Joren ugespuert hunn -, sech op der Bourse als klengen Investisseur probéieren an dobäi de Risiken an och de Lächer an der Regle- mentatioun vun der Finanzplaz ausgesat sinn.

Si ginn oft onbewosst grouss Risiken an, well se sech vu virtuelle Wärange grouss Gewënner erwaart hunn. Kryptowärungen, Blockchain-Technologie, ech mengen, et ass ugeschwat ginn, d'Beispill Bitcoin ass nach net genannt ginn, mee mir hate jo och Dis- kussiounen iwwert déi grouss Volatilitéit, déi do ass an domadder och dee grouse Risiko vun deenen In- vestissementer an Engagementer, déi op Bitcoins oder an d'Blockchain-Technologie gemaach ginn, déi fir den Investisseur ee Risiko duerstellen. An awer och zum Beispill d'Presenz vun neien Tradingplatt- formen, a mir hunn alleguerten Handyen, iPhonen an esou weider, wou een op eemol iwwert den iPhone kann Aktie kafen a verkafen. Als Beispill vun esou enger Tradingplattform wëll ech Trade Republic nen- nen, wat eng digital Finanzplattform an Däitschland ass, fir just déi ze zitieren.

Ufank des Joers hunn eng ganz Rei Privatleit Aktie kaaft vun der Chaîne GameStop, well professionell Investisseuren op eng Baisse vun de Valeure vu Ga- meStop spekuléiert hunn. An dunn hu Privatleit massenhaft Aktie vu GameStop kaaft, an doduerch ass de Cours vun der Aktie eropgaang amplaz erf. Trade Republic war iwwerrascht iwwert déi Situa- tioun, an dofir hate se während e puer Stonnen de Kaf vun Aktien iwwer hir Plattform ausgesat. Dat huet zum Beispill an Däitschland, well do och ganz einfach déi Operatioune gelaf sinn, zu 4.000 Plaintë vu Privatleit gefouert, an dës sinn och adresséiert ginn un d'BaFin, den Equivalent vun der CSSF.

Dir gesitt also, wéi séier et ka goen. Dir gesitt och, wann et vu bausse wéi eng nei Demokratiséierung vun der Finanzplaz ausgesäit an ee sech dofir aus- schwätzt, kann et sech fir dës nei, ech betounen, net professionell Investisseure séier als Gefor erausstel- len, Manktum vun aneren Investissementer.

Här President, mir passen eis Legislatioun mat dësem Gesetzestext, wéi gesot, och besser un d'Konstrukter ronderëm d'Mammefinanzholdingge-

sellschaften an un déi gemëschte Finanzholdingge- sellschaften un. Et ass jo net seelen esou, datt Instituter just Duechtergesellschaften vun enger Mammefinanzholdinggesellschaft sinn. An esou eng Duechtergesellschaft kann natierlech net d'Supervi- sioun vum ganze konsolidéierte Grupp garantéieren. Aus deem Grond ass et an eisen Aen ouni Zweifel och e Schrack no vir, wa mer bei der Zouloossung vun engem Institut verlaangen, datt och d'Mammefi- nanzholdinggesellschaft muss deklaréiert ginn.

Mat der CRD 5 ginn awer och d'Reegele vun der Re- muneratioun vun de Manager iwwerschaafft. Dëst betrëfft virun allem d'Eropsetze vum Zäitraum, an deem de variablen Deel vun der Remuneratioun dierf zrëckbehale ginn.

En anere Prinzip, dee vun der Neutralitéit vun der Re- muneratioun par rapport zum Geschlecht, ass an den Ae vun eiser Partei e fundamentale Schrëtt no vir, och well mir hei e Secteur reglementéieren, deen nach ëmmer d'Tendenz huet, net ganz genderegerecht ze sinn. Mir suergen also mat dësem Gesetzestext fir eng ganz Rei Fortschréitter. Gläichzäiteg hunn ech och probéiert, dat e bëssen ze erklären an op déi Ge- foren hinzewiesen, déi dat och an Zukunft wäert mat sech bréngen.

Ech ginn natierlech zu dësem Projet och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Ech soen lech Merc.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Haagen. An nächst age- schriwwen Riednerin ass d'Mamm Josée Lorsché. Mamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Villmools merci, Här President. Ech mengen, wann den Här Mosar scho seet, e Projet de loi am Beräich vun de Finanzen wär komplizéiert, dann ass eppes drun. Ech si gewinnt, datt hien déi Projeten ëmmer exzellent ver- steet, mee ech mengen, déi do Ausso, déi wëllt eppes heeschen.

Op alle Fall gëtt engem seng Wichtigkeet awer och bewosst, wann een net Spezialist ass, virun allem, wann ee sech zrëckberëift op d'Kris vun 2008, déi net nëmme d'Finanzspezialisten erlieft hunn, mee all Mënsch, deen an eiser Gesellschaft leeft a schafft. D'Joer 2008 war e Joer, wat an d'Geschicht ageet, eigentlech och, well et verheerend Konsequenzen hat op d'ganz Gesellschaft an op d'Politik. An et ass och dorop, wou ech just kuerz wëilt agoen.

Dir wësst, datt d'Kris ugefaangen huet mat engem sougenannten Tornado am Bankesektor, deen zu enger staarker Rezessioun an den USA gefouert huet. Dës huet sech dann natierlech och op Europa ausgedeeit a schlisslech huet se zu enger mas- siver Staatsscholdekris an der Eurozon gefouert. Dat ass jiddwerengem bekannt an et weess och jiddwereen, datt d'Resultat dora bestanen huet, datt Griicheland, Irland an eng ganz Rei aner Länner mat engem Rettungsschiirm a Milliardenhéicht ënnert d'Aerm gegruff hu misse kréien.

Parallèll dozou gouf an Europa och eng Austeri- téitspolitik duerchgesat, där hir Auswierkunge vill EU-Bierger haut nach spieren. An och déi euro- päesch Wirtschaft huet sech nach ëmmer net ganz vun der Finanzkris erholl.

Beträff war awer och d'Politik, well och um po- litische Plang huet d'Kris hir Spueren hannerlooss: Op där enger Säit huet se d'EU derzou motivéiert, méi no uneneenzeréckelen, wat jo gutt war, an d'Wirtschaftsunion mat neie Mechanismen ze fes- tegen - se sinn erkläert gi virdrun -, op där anerer Säit hunn d'Eurokris an d'Autoritéitspolitik, mee och d'Aart a Weis, wéi dës Politik verschiddene Länner opgezwoenge gouf, antieuropäesch Ressentimenter nei entfacht an den nationalen Egoismen an der EU e gewëssenen Opschwung ginn. Dat ass déi negativ Säit.Nieft dem verstärkten Optriede vun éischter populistesche Parteien an der EU, déi den Euro am Fong ofschafe wollten an d'EU verlooosse wollten, ass och de Brexit en indirekt Resultat vun där Kris.

Wat Lëtzebuerg ugeet, esou stoung virun allem d'BGL am Fokus, déi souzesoen iwwer Nuecht mat engem staatlechen Invest vun 2,5 Milliarden Euro gerett ginn ass. D'Resultat vun där Rettungsaktioun war, datt de Bankdirekter vun där Bank nees roueg schlofe konnt - esou wéi deen Här sech deen Dag drop ausgedréckt huet.

Ech géif awer mengen, méi wichteg wéi dem Bank- direkter säi Schlof war deemools, datt vill Mënschen hir Aarbechtsplaz konnte behalen, wuelwëssend, datt d'Banke kee Sozialplang opgestallt haten. Woubäi et net oninteressant ass, an engem Repor- tage vum „Tageblatt“ ze liesen - en heescht „Banken im Sturm“, datt d'Fusioun vun der BGL mat der BNP Paribas per Handschlag tëscht dem deemolege Finanzminister Luc Frieden a sengem Verhandlungs- partner Alain Papiasse vun der BNP Paribas bei engem Spadséiergang duerch de Stater Park ofge- maach ginn ass.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Här President, en Deal a Milliardenhéicht per Handschlag am Park

misst den Här Gramegna sech emol erlaben! Ech mengen, Verschiddener géifen op d'Barrikade klam- men.

Egal wéi, d'Fro, déi sech awer prinzipiell stellt, ass déi, ob et am Fall vun engem finanziellen Tornado um Staat ass, ...

■ **Mme Octavie Modert** (CSV).- Hörensagen!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... fir de Banke Finanzsprëtzen a Milliardenhéicht zoukommen ze loosse, fir se virum Ënnergang ze retten - souze- soen nom Motto „too big to fail“, oder ob de Staat d'Banke sech selwer iwwerlooosse soll a se behan- dele soll wéi all klunge Schungbuttek, dee riskéiert, an d'Faillite ze falen a selwer muss eens ginn.

Béides, Dir Dammen an Dir Hären, ass an eisen Ae keng Léisung, well béides huet en negativen Impakt, souwuel sozial wéi ekonomesch. Am éischte Fall doduerch, datt d'Staatsschold weider wiißt an d'Steierzueler fir d'Rettung vun de Banke mussen opkommen, wat net hir Aufgab ass. Am zweete Fall doduerch, datt d'Banken effektiv kollabéiere gelooss ginn, wat e wirtschaftleche Chaos mat sech bréngt an domat och de Verloscht vun Aarbechtsplazen.

Besser ass et, et gëtt alles drugesat, fir esou Krise vu vieren ze verhënnere, an dozou dréit dëse Pro- jet de loi dann och bäi. An da wëllt ech an deem Kontext och dem Här Guy Arendt Merci soe fir seng Gedold, als Rapporteur an dësem Projet ze schaffen. Dir hutt d'Komplexitéit gutt erkläert. An ech ginn awer och dem Här Mosar Recht, wann e seet: „Mer brauchen eng Expertis an der Chamber!“ A mir si frou, datt mer amgaange sinn, déi Expertis opze- bauen, esou wéi mer dat och an enger Resolutioun virun engem gudde Joer oder scho bal zwee Joer all zesummen decidéiert hunn.

Einfach ausgedréckt geet et bei dësem Projet jo drëms, de Finanzsystem besser ze reguléieren a méi robust ze maachen, d'Risken ze miniméieren an esou och d'Biergerinnen an d'Bierger virun de sozia- len an ekonomesche Konsequenze vu Krisen ze schützen. Well och nach haut vill Banke souzesoen „too big to fail“ sinn, goufen an den USA, mee och an der EU schonn eng Rei Léieren aus der Finanz- kris gezunn. An deem Sënn sinn dës zwou Direk- tiven, ëm déi et haut geet, en Deel vun den euro- päeschen Initiativen, fir de Bankesektor méi stabil a resilient ze maachen.

Den Haaptneju ass deen, d'Risken ze reduzéieren a gläichzäiteg derfir ze suergen, datt, falls ver- schidde Banken nees a Schwierigkeete geroden, de Steierzueler net méi dofir opkomme muss.

An deem Sënn begrëisse mir, datt d'Obligatioun fir d'Banke verstärkt ginn, ënner anerem och um Niveau vun de Fonds propres an den Dettos subor- données, esou wéi d'BRRD II-Direktiv et virgesäit. Ech mengen, ech erspueren lech hei nach méi Detailler dozou, well se schonn erkläert gi sinn an d'Zäit leeft.

Bei der zweeter Direktiv, der CRD V, ass de Bilan an eisen Aen méi mitigéiert: D'Reegelen um Niveau vun de Liquiditéiten, déi d'Banken assuriéiere mussen, ginn zwar verstärkt, mee et muss een awer och wëssen, datt et esou ass, datt déi meescht Banke schonn haut konform mat där Direktiv sinn. Formal gesi ginn d'Reegelen allerdéngs méi ambitiéis, wat jiddefalls näischt ka schueden.

Da kënn d'Aféierung vun enger besserer Propor- tionalitéit, déi prinzipiell begrëssenswäert ass, well se den administrativen Opwand vun de Banken, virun allem vun deene klengen, wäert reduzéieren.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss a wëilt e Lien zu der Pandemie hierstellen, vu datt dës Covidkris de Finanz- a Bankesektor dach awer zollt ënner Drock gesat huet. Duerfir menge mir, datt déi europäesch Bankenunion weiderhi gestärkt a komplettéiert muss ginn, esou zum Beispill doduerch, datt d'Erspuernisser vun de Biergerinnen a Bierger duerch eng europawäit mu- tualiséiert Approche nach besser viru Krise ge- schützt ginn. Ech schwätze vum Système européen d'assurance des dépôts, dee schonn 2015 vun der Europäescher Kommissioun virgeschloe ginn ass. Et ass ze hoffen, Dir Dammen an Dir Hären, datt deen Dossier an den nächste Méint virubruecht gëtt an datt dann och en Accord wäert fonnt ginn.

Jiddefalls kann nëmme eng staark europäesch Bankenunion verhënnere, datt d'Steierzueler d'Rechnung vun enger Kris musse bezuelen. Dozou gehéiert déi rezent decidéiert Reform vum Méca- nisme européen de stabilité, deen déi néideg Finanzmëttelen notfalls bereetstelle kann, wann eng Bank a Schwierigkeete geréit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir enger Finanzkris virzebeugen, musse mer awer och a virun allem e Finanzsystem schafen, deen der Real- wirtschaft an dem Allgemengwuel déngt, an net ofgekapselt dovun fonctionéiert. Domat mengen ech e Finanzsystem, deen net eleng no sengen eegenen Interesse fonctionéiert, mee e positive Bäitrag zu enger nohalterger wirtschaftlecher Entwécklung leescht an d'Wirtschaft bei hirer Transitioun zur Klimaneutralitéit ënnerstëtzt.





Déi nei Cheffin vun der Lëtzebuerger Bourse huet deslescht en Interview op RTL ginn - et ass d'Madamm Julie Becker. Si huet et eigentlech op de Punkt bruecht. Si sot, ech zitëieren: „D'Finanz muss zu deem zrëckfannen, woufir se geduecht ass, an zwar d'Finanzéierung vun der realer Economie an dem Wuelsi vun de Leit.“

■ **M. André Bauler (DP).**- Ganz gutt!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- An da si mer beim PIBien-être, deem och de Franz Fayot virdru genannt huet, wéi en de PNR virgestallt huet. A mir kënnen déi Iddi nëmmen ënnerstëtzen. Där Ausso kann ech am Numm vun der grénger Fraktioun och zoustëmmen an deem Sënn eebe grad, datt mer all Investissement, deem am Aklang mat eise Klimaziler ass, mussen verduebelen an am beschten nach méi multiplizéieren.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Et sinn der elo schonn net weíneg; et sinn der éischter ganz vill.

Well wat mer méi déi nohalteg Investissementer verduebelen, wat mer d'Klimafinanzrisiko méi reduzéieren, an dat bedeit och manner Risiko fir de Finanzsystem generell. De Risiko vun de gestrandete Verméigenswäerter, de „stranded assets“, ass jiddefalls eng Realitéit, déi mer müssen eescht huelen, och zu Lëtzebuerg. An ech sinn iwwerzeegt, datt d'Regierung dat net anescht gesäit.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. An als nächste Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding ageschriwwen. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här President. Och vun der ADR-Säit fir d'éischt emol e ganz häerzleche Merci un de Guy Arendt, deem et wierklech op eng magistral Aart a Weis fäerdegruecht huet, en extreem komplexen Text ze resuméieren, soudatt all Bierger e ka verstoen.

De Guy Arendt sot: „D'Bankereglementatioun ass net émsoss.“ Dat ass richtig. Mir müssen awer oppassen, et ass schonn ugeklongen, datt d'Banken hir Rentabilitéit net verléieren. An do hu mer a leschter Zäit alarméierend Noriichte kritt aus Lëtzebuerg Bankekreesser.

Wann den „know your client“ an d'Reglementatioun an ëmmer nei Texter en Opwand mat sech bréngen, deem net méi ka gedeckt gi vun de Revenue vun de Banken, dann hu mer iergendwann eng Kéier hei zu Lëtzebuerg keng Bankeplaz méi. An ech wëll e Beispill ginn, e ganz einfacht Beispill:

Eng Gesellschaft huet entre autres an hirem Objet social - entre autres! - e klengen Deel, Agent de joueurs de football ze sinn. Déi Gesellschaft kann zu Lëtzebuerg bei kenger Bank méi e Kont opmaachen. „Agent de joueurs!“ Rout Luuchten! „Nee, maache mer net, maache mer net!“ Wat mécht se? Se muss op Onlinebanken auswäichen, op auslännesch Banken. Dat ass keng gesond Situatioun.

Ech hunn en anert Beispill: Elo, en prévision vu GRECO- (ndlr: Groupe d'États contre la corruption) a GAFI- (ndlr: Groupe d'action financière sur le blanchiment de capitaux) Visitten an esou weider, ginn Nottären hei zu Lëtzebuerg stroferechtlech poursuivéiert, well se Vente en l'état futur d'achèvement vun Appartementer gemaach hunn u Leit, déi aserbaidjanescher Nationalitéit sinn - déi hei liewen, déi hei hir Firma hunn, déi hei hir Autorisatiounen hunn - just well et Aserbaidjaner sinn. Dat ass eng Häresie! Dat ass Rassismus, dat ass Rassismus op d'Nationalitéit hin!

Déi Leit, déi Bénéficiaire-économique sinn zu kengem Moment poursuivéiert ginn, zu kengem Moment gouf hinne virgehäit, datt se Blanchiment géife maachen, an déi Nottären, déi ganz simpel Vente en l'état future d'achèvement gemaach hunn, gi stroferechtlech poursuivéiert. Esou kënnen mer net virufueren!

De Claude Haagen huet mat Recht higewisen op d'Risiko vun Tradingplattformen, vu Börseplattformen an esou weider. Deen eenzege Problem ass, dat ass net den Objet vun deem Text.

(**Interruption**)

Mee et war awer gutt mentionéiert.

Dann zum Josée Lorsché. Ech hätt ni geduecht, datt ech mech hei op der Tribün eng Kéier misst zum Afekot maache vum Luc Frieden. Mee wéi de Luc Frieden 2008 déi Kris gemanaged huet, op Handschlag oder net op Handschlag, huet en Aarbechtsplaz gerett an en huet virun allem och d'Erspurnisser vun de Clienten vun der BGL a vun der BIL gerett. Ech wëll net wëssen, wou mer haut wieren, wa mer de Luc Frieden deemools net gehat hätten a wann deem déi Kris net esou magistral - magistral! - gemeeschtert hätt! Dat muss een einfach soen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Wéi gesot, et goung net nëmmen ëm Aarbechtsplazen, et goung och ëm

d'Épargne vun de Leit. A wéi vill Leit, déi eis elo nokucken, haten deemools e Verméigen op der BGL oder op der BIL stoen a se kruten dat duerfir gerett?

Op Gender a gréng ginn ech net an, dorëmmer geet et net. Mir wëllen alleguerte stabil Banker, mee, wéi gesot, Här Minister, ech weess, et ass och ganz oft europäeschen Drock, mee d'Grenze sinn erreecht fir d'Banken.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kolleegen, haut stëmme mer iwwer en extreem techneschen Dossier of. An ech wäert lech hoffentlech net ze vill langweilen, wann ech all déi Buschtawen an all déi Akronymmen do nach eng Kéier benotzen. Et geet hei jo nämlech ëm déi fënneft CRD-Direktiv an déi zweet BRRD-Direktiv, déi sollen ëmgesat ginn.

Do si scho vill „R“en dran. Et sinn och vill „D“en dran, wann een dat esou kuckt. Also u sech hu mer nëmmen den Ufank vum Alphabet gekuckt. Mee dozou komme mer méi spéit dann nach eng Kéier.

Do dernieft ginn et awer och nach punktuell Ännerungen, déi fir d'Ëmsetzung vun engem Reglement, an dat ass dann d'CRR-Reglement, néideg sinn - erëm ganz vill „R“en a mir hunn och nach en „C“ erëm ënnerbruecht. Bon, dat si vill Buschtawen, dat seet de Leit dobaussen häerzlech weíneg, an awer si se fir de Finanzsektor immens wichteg a gi vu ganz villen Acteuren um Terrain scho laang erwaart.

An ech erënnere mech, datt ech, wéi ech op der Uni war, e Cours hat iwwer Bankenaufsicht, wou et deemools nach ëm d'Ausschaffe vun de Basel III-Recommandatiounen goug. Elo haut mam CRD V gi mer da Basel III an nationaal Recht ëmsetzen. Datt Basel méttlerweil schonn erëm méi wäit ass an un deenen nächsten Iteratiounen net nëmme geschafft huet, mee se och schonn zum Deel arrétéiert huet, dovu wëlle mer guer net schwätzen. Do wäerte mer dann iergendwann warscheinlech CRD VI, VII, VIII an ech weess net wéi vill gesinn, fir datt mer dann nei Reegelen, nach méi streng Reegele wäerten an d'Gesetzter festschreiwen.

D'Festleeë vum Verhältnis vun Egekapital vis-à-vis vu Risiko-Uléien war u sech schonn, an do komme mer dann erëm op d'Zäit, fir 2018 virgesinn. D'Capital Requirements Directive hätt u sech scho sollen den 31. Dezember 2020 ëmgesat ginn. D'EU huet sech als Éischt Zäit gelooss a Lëtzebuerg dunn och. Mee ech sot, et ass en techneschen Dossier, dee klengen Delai kann een hei definitiv verzeien. Also et ass net ...

■ **M. André Bauler (DP).**- Dir sidd wierklech generéis.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ech si ganz generéis haut, Här Bauler. Et ass awer och en Dossier, wou engem de Kapp e bëssen dämpft, wann ee probéiert, en am Detail ze zerplécken.

Et ass wichteg, déi Virschrëften hei festzehalen. An ouni si si vill riskant, ze riskant Businessmodell am Finanzsektor ze laang méiglech gewiescht - an deelweis besti se nach ëmmer. Beispillsweis mussen verschidden Acteuren am Finanzsektor jo net no deene selwechte Reegele spillen, sou wéi déi systeemrelevant „too big to fail“. Dëst ass engersäits ze verstoen, well duerch den CRD IV deelweis ze vill vun deene klengen Instituter gefrot gouf - dat heescht, hei maache mer deelweis och Marche arrière a mir soen: Wann een e bësse méi kleng ass, da gëlle méi allegéiert Reegelen - a well se deelweis awer net kënnen déi Sécherheetsvirkéierungen treffe wéi déi grouss Boiten. Och dat ass ze begrëssen.

An awer muss hei en An dropgehalé ginn, well just well en Institut all Krittär vum Artikel 4 vum CRR II erfëllt an duerfir nëmmen e Minimum u Sécherheetsmesurë muss treffen, heescht et net, datt et egal wier, sollt dës Boite mussen Faillite umellen. Esou eng Faillite kéint nämlech trotzdeem déi kleng Uleeër treffen, déi aktuell weínest den niddregen Zënsen hir Suen net méi einfach esou um Spuerkont stoe loossen, mee op der Sich sinn no méi rentabele Finanzproduiten. An do kënnt da mat der Tangente och e bëssen dat an d'Spill, wat virdrun hei schonn ugeschwat gouf.

Da komme Kryptowärungen, wou ech ganz kloer wëll soen: Dat ass kee Spuerproduit, dat ass en héich spekulative Produkt. An däre muss sech och jiddereweise bewusst sinn. Dat heescht awer net, datt mer eppes solle verbidden, just well et héich spekulativ ass, mir sollte just de Leit wierklech ganz bewusst maachen, ëm wat et hei geet. Dat si Spekulationsproduiten, an däre muss ee sech bewusst sinn.

Et soll een also net Suen, déi ee muer brauch, fir säi Prêt zrëckzebezuelen, a Bitcoins investéieren. Et soll een net Suen, déi een iwwermuer brauch, fir seng Pensioun ze garantéieren, an Ether uleeën. An all déi aner Coins, vun Dogecoins bis hin zu Altcoins, soll een do dann nëmme benotzen, wann een och d'Suen op der Säit huet, fir déi Perten ze verkaaften.

E weidere Schrëtt, dee mat dëser Direktiv geholl gëtt an deen ech gär géif uschwätzen, ass d'Opstelle vu Mammegesellschaften, sollten zwee oder méi Finanzinstitute an der EU ugesidelt sinn. Oft huet d'EU nëmme begrenzte Kontrollméiglechkeeten, well d'Mammegesellschaften einfach net um EU-Territoire sinn. Dat ass e Problem, dee mer net nëmmen an der Finanzwelt gesinn, dee mer am Moment och reegelméisseg am Big Tech gesinn, wou dann d'GDPR ëmgaange gëtt einfach doduerjer, well mer keen hei an Europa ze gräife kréien. Duerfir ass et gutt, datt d'Global Players, déi iwwer 40 Milliarden Euro Assets, also Verméigen, hunn an déi op d'mannst zwou Duechtergesellschaften an der EU hunn, elo müssen eng EU-Mammegesellschaft grënnen, déi d'Hand iwwer hir Geschäfte hei an der EU hält. Och do gëtt et erëm e ganz pregnant Akronym, erëm dräi Buschtawen: den IPU, den „intermediate EU parent undertaking“.

Et ass ze begrëssen an et wär ze hoffen, datt dat an Zukunft - ech hunn d'GDPR ugeschwat - vläicht och op aner Firmekonstrukter kéint ugewannt ginn, fir esou eng gewësse Kontroll och ënnert dem europäesche Gesetz ze garantéieren.

Här President, ech wëlt awer nach op e weidere Punkt an dësem Gesetz agoen, dee mech dann awer e bëssen iwwerrascht huet. Et handelt sech dobäi ëm de Saz: « Les politiques et pratiques de rémunérations visées sont neutres du point de vue du genre. »

Elo hat ech a menger Naivitéit dach tatsächlech gemengt, datt mer esou eppes schonn am Code de travail stoen hätten; an effektiv, am Artikel 225-1 vum Code de travail steet et. Duerfir verstinn ech net - an do war de Staatsrot a sengem éischten Avis der selwechter Meinung -, firwat een esou eppes nach eng Kéier extra misst fir de Finanzsektor festhalen. Fanne mer, datt de Finanzsektor nach eemol extra misst drop higewise ginn, datt se sech missten un d'Gesetz, nämlech de Code de travail, halen an datt Männer a Fraen déi selwecht Pai a Boni misste kréien? A wa jo, firwat?

Mir gesi jo, datt den Gender Pay Gap trotz legalem Kader nach ëmmer eng Realitéit ass. Duerfir sollte mer net probéieren, de Problem mat weidere Gesetzesartikelen ze reegelen, mee kucken, datt och de leschte Patron sech endlech dorun hält. Mir müssen d'Leit dobausse weiderhi fir dëst Thema sensibiliséieren an d'Patronen an d'Aarbechter genaous wéi d'Aarbechterinnen an d'Patronen iwwer hir Rechte a Flichten informéieren. Well eleng mat engem Saz an engem Gesetzestext ass et leider net gedoen. Hei ass e kontinuierlecht Engagement vun allen Acteuren an Actrice gefrot.

D'Piraten sti fir Gläichberechtigung tëscht de Geschlechter, an dat heescht och, datt den Gender Pay Gap eng Saach vun der Vergaangenheet muss sinn. Alles anescht ass eng ongerecht an ongerechtfertegt Diskriminatioun op Basis vum Geschlecht.

Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, mat der sougenannter Barnier-Reform vun 2014 hat d'EU schonn e wichtege Schrëtt gemaach, fir Sécherheetsstandarden, wat d'Finanzinstitute ugeet, opzustellen. Och mat dësem Text geet Lëtzebuerg mat op de Wee vun nach méi eenheetleche Reegelen an der EU.

Mir Piraten ënnerstëtzen all Schrëtt a Richtung méi Sécherheet am Finanzsektor. Mir hu spéitstens 2008 gesinn, datt de Marche eeben net alles eleng ka reegelen an datt de Staat muss punktuell Virgäbe maachen, fir esou ze evitéieren, datt herno eis ganz Wirtschaft ënnert den Entscheedungen vun Einzelne leide muss. Mat dësen EU-wäite Spillreegele suerge mer fir méi Sécherheet fir d'Verbraucher, mee och fir méi Sécherheet fir d'Finanzinstitute, well jiddereweise muss sech un déi selwecht Reegelen halen, muss Egekapital op d'Säit leeën a muss eng Mammegesellschaft grënnen, falls d'Aktivitéiten an der EU iwwert de genannte 40 Milliarde leien. An aus all dëse Grënn stëmmen d'Piraten dëse Projet haut mat.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, merci fir dës gutt Diskussioun. Ech mengen, hei si ganz vill Aspekter zum Virschäi komm. Ech wäert verschiddener kënnen opgräifen, net alleguerten, well soss misst ech ze laang schwätzen. Ech géif natierlech gären och ufänken, andeem ech dem Guy Arendt villmools Merci soe fir de mëndlechen a schrëflechen Bericht, fir seng exzellent Introduktioun iwwert d'Kris vun 2008, déi dat Ganz an dee richtige Kontext gesat huet, an och fir d'Prëzisioun, mat där en e Resümee fäerdegruecht huet iwwert dës komplizéiert Legislatioun.

Ech sinn, fir et elo mol esou e bësse pauschal ze soen, absolutt net domat d'accord ze soen, dass dat doten en technesche Projet ass. Wann eppes esou vill Impakt huet op eist Liewe wéi de Fonctionnement

vun de Banken, da kann een dat net en technesche Projet nennen. En technesche Projet ass een, dee komplex Saachen a sech huet, mee dee keng riseg Konsequenzen huet. Dat heiten ass een, deen exigéiert, dass ee sech mat Notioune familiariséiert, mee fir eppes ze erreechen, wat fundamental ass fir d'Fonctionnement vum Finanzsystem. Et ass also ganz bestëmmt keen technesche Projet - op jidde Fall esou, wéi ech dat Wuert verstinn.

(**Interruption par M. André Bauler**)

An dat hunn Är Interventiounen alleguerte bewisen.

Ech wëll da fir d'éischt e puer Wuert soen iwwert d'Union bancaire a wéi Europa op d'Finanzkris vun 2008 reagiert huet. Do ass sech effektiv virgeholl ginn, eng europäesch Léisung zu där Problematik ze fannen. An ech muss lech soen, ech sinn do dragesprongen, wéi mer dat zu Lëtzebuerg ëmmer maachen, an d'kaalt Waasser gehäit ze ginn. Mäin éischte Conseil ECOFIN, deem ech hat, dee war am Dezember 2013, also e puer Deeg, nodeems ech Finanzminister gi sinn. An dat ass deem, wou d'Bankenunion adoptéiert ginn ass.

Et war och um zwielf Auer Mëtternuecht fäerdeg an do hu mer och Schampes gedronk. Do hunn ech bei mir geduecht a mengem klengen Kapp: Mee dat ass wierklech eppes Fäines, deem ECOFIN hei. Kaum bass de eng Kéier dobäi a schonn ass alles geléist, scho gëtt Schampes gedronk.

(**Hilarité**)

A säitdeem sinn ech beschäftigt mat där Bankenunion. An ech kann lech soen, dat heiten ass erëm eng Kéier nëmmen eng Etapp. Et ass eng komplex Matière an déi evoluéiert ganz séier. An ech sinn iwwerzeegt, dass ech an deenen nächste Méint erëm wäert hei virun lech stoen, fir iwwer eng Evolusioun vun där ganzer Matière ze schwätzen.

Wa mir elo keen esou ee grouse Finanzzenter bei eis doheem hätten, wa mer net 125 Banken hei usäseg hätten, wa mer net eng Fongenindustrie hätten, wéi mer eng hunn, an esou weider an esou fort, kéint een dat heiten och e bësse beschmunzelen. Mee dat hei ass fir eis Wirtschaft extreem wichteg. Mee et ass och extreem wichteg - an dat ass vu ville vun lech gesot ginn - fir den Deposant, fir d'Clienten, déi jo gären hätten, dass hir Depoten, hir Placementer assuréiert sinn an dass keng Fraudé geschéien, dass keng massiv Schemaen opgesat ginn, wéi mer der vill an der Vergaangenheet gesinn hunn.

De leschte positiven Developpement, deem an der Bankenunion komm ass - an, ech mengen, et ass ee vun lech, deem dat och gesot huet -, dat ass, dass am November vum leschte Joer decidéiert ginn ass, dass den Europäesche Stabilitéitsmechanismus, den ESM, elo déi lescht Garantie ass hannert de Bankegarantië selwer.

Et ass esou, dass mer an der Bankenunion dräi Pilieren hunn. Ee vun de Pilieren ass, dass d'Banken dann elo iwwer eng Period vun aacht Joer selwer e Fonds de résolution speisen an dass da mat deem Fonds de résolution soll derfir gesuergt ginn, dass justement net de Contribuabel, net den Deposant soll blechen, wann eng Bank faillite geet, mee dee Fonds de résolution, dee nëmme vu Banke gespeist gëtt. An am November vum leschte Joer hu mer e Kompromëss fonnt no jorelaangen Diskussiounen, dass den ESM hannert deem Fonds de résolution nach eng additionell Garantie duerstellt. An den ESM, wéi mer all wëssen, fonctionéiert ganz gutt, soudass d'Deposant vum der ganzer Unioun elo en duebele Schutz hunn, dee vum Fonds de résolution an dee vum ESM.

Dat illustréiert dann och dat, wat mer an der Diskussioun virdrun haten, wéi ech de Plan de stabilité et de relance virgestallt hunn, dass d'Banken en Deel vun der Léisung sinn, fir dass eis Wirtschaft gutt dréien. Nun hunn ech héieren, an ech kann dat och novollzéien, dass d'Banken an den Ae vu Verschiddenen nëmmen do sinn oder nëmmen do sollte sinn, fir Projeten ze finanzéieren a fir déi reell Wirtschaft ze ënnerstëtzen. Dat mécht d'Bankewelt, jo. Dat mécht och d'Fongenindustrie. Mee mir müssen eis jo awer grad zu Lëtzebuerg bewusst sinn, dass d'Finanzwelt haut méi wéi dat ass, vill méi wéi dat. An et ass op där Basis, wou ganz vill Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg fonctionéieren.

Wann d'Banke just nëmme géifen Emprunten, Prëten ausdeele fir d'reell Wirtschaft, majo da wär de Stellwäert vun deem Sektur zu Lëtzebuerg an der ganzer Welt vill méi kleng. Lo kann een dat bedauern oder gutt fannen, mee et muss een et ëmraissen, et muss een et reglementéieren. An duerfir ass d'Reglementéierung vun der Bankewelt esou komplizéiert.

An deem Projet, deem hei ass, ass de Conseil d'État vill intervenéiert. Et ass natierlech senge véier Opposition-formellé Rechnung gedroe ginn. En hat och déi eng oder déi aner méi generell Remark, wouvun eng zrëckbehalé ginn ass, wéi och de Rapporteur eis erkläert huet. Mir bréngen et heimat fäerdeg, dass eng Rëtsch vu Saachen, déi bei eis méi a Circulaire waren oder a Praktike vun der CSSF, elo an d'Gesetz geschriwwen ginn. Dat ass gutt fir d'Transparenz, dat ass gutt fir d'Sécurité juridique.





Mir konnten déi Loi de garantie vum Fonds de garantie des dépôts Luxembourg, vum FGD, hei dann net maachen, well de Conseil d'État exigéiert, dass eng Loi spéciale soll gemaach ginn. Mee da wäerte mer dat maachen.

Wann ech versichen, all déi Dispositionen ze resuméieren, géif ech soen, dass mer hei zwou Kategorië vu Moosnamen am Gesetzestext hunn: Mir hu Moosnamen, déi d'Stabilité financière souwuel op EU-Ebene wéi zu Lëtzebuerg stäerken, a mir hunn - an dat ass och vun deem engen oder deem aneren ënnerstrach ginn - Mesuren, déi méi Flexibilitéit a Proportionalitéit erabrénge. Nu kann een doranner eng Contradiction liesen. Ech mengen, dat ass awer net de Fall.

Do, wou d'Stabilité financière gestärkt gëtt, dat ass ënner anere an der Interaktion zwësche Mammenhaier a Filialen. Dat ass fir Lëtzebuerg e fundamentale Punkt, fir deen ech mech all Dag an all Mount zu Bréissel schloen, well do en Drang besteet, fir en fait de Mammenhaier esou vill Flexibilitéit wéi méiglech ze ginn. A mir hunn drënner gelidden 2008/2009. Et kann een iwwert d'Circonstancen, wéi d'Regierung deemools d'Banke gerett huet, epilögieren, mee Gott sei Dank sinn déi Banke gerett ginn!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Gott sei Dank sinn déi Banke gerett ginn! An deemools hu mer geléiert, dass ee muss ganz gutt oppassen, wat an de Filiale geschitt. Well wann een net gutt oppasst, dann decidéiert d'Mammenhaus eleng, wat geschitt. An dat kann et dach net sinn!

An dofir schloen ech mech, kann ech lech soen, a Lëtzebuerg schléit sech a koordinéiert och d'Positionen vun alle Länner, déi wéi mir vill Filialen op EU-Niveau hunn. An dat ass en Thema, wat nach haut ganz aktuell ass. Et gëtt meeschtens mat deem engleschen Numm „home/host“ zitéiert, eeben déi Länner, wou d'Maison-mère ass, an déi Länner, wou d'Filialen dra sinn.

An hei an deem heite Gesetz gëtt schonn zum Deel derfir gesuergt, dass, wann eng Bank Schwieeregkeen huet, dat besser geleist gëtt, wéi d'Filial dann och muss gerett ginn oder wéi d'Maison-mère der Filial muss hëllefen, et vice versa.

Dat sinn also guer keng theoreetesch Saachen, déi hei diskutéiert ginn. Well wann eng Bank Schwieeregkeen huet oder wann eng Filial Schwieeregkeen huet, da sinn dat ganz konkret Saachen.

Et sinn och Flexibilitäten a Proportionalitéiten dran. Dat ass, mengen ech, fir Lëtzebuerg och eng gutt Saach, dass Banken, déi méi kleng sinn, jo dann awer net müssen eng Laascht droen, eng bürokratesch Laascht, wéi eng Bank, déi all Aktivitéiten huet, déi universell ass. D'Flexibilitéit kënn, mengen ech, dem Secteur zegutt.

Zum Schluss géif ech dann nach op déi eng ..., also bevir ech op déi eng oder aner Remarken ze schwätze kommen, déi Dir gemaach hutt, fir och méi komplett ze sinn op der Union bancaire: Do hu mer nach een Deel vun den dräi Piliere vun der Union bancaire, deen net genuch fortgeschritt ass, an dat ass d'Garantie des dépôts au niveau européen. An deenen dräi Piliere vun der Union bancaire: De Fonds de résolution, dee steet, do hu mer jo elo d'Garantie additionnelle vum ESM; dann hu mer de Système de supervision commun, dat ass d'Supervisioun, déi d'Europäesch Zentralbank mécht vun de systemesche Banken; an dann dat drëtt ass d'Garantie des dépôts, dat ass de Moment nach nëmme um Niveau national organiséiert an do feelt also den europäesche Prabbeli. Verschidde Länner striewe sech dergéint an dofir si mer eis nach ëmmer net eens iwwert deen drëtte Piler.

Dat ass also dat Urgent, dat misst geleist ginn. Wann d'Garantie des dépôts dann eng Kéier an den Asaz kënn op europäeschem Niveau, dann hätte mer, mengen ech, gutt geschafft an eng Union bancaire, déi vill méi komplett wär. Dat ass op jidde Fall d'Position, déi Lëtzebuerg verteidegt.

Op déi Fro vum Här Mosar: Conseil de résolution, dee gëtt et schonn. An duerch déi heiten Direktiv geschéien eng Rëtsch Saachen, ënner anere effektiv, dass, wann ee méi wéi eng Filial huet, een déi muss an eng IPU setzen, dat ass richtig. An hei ass och virgesinn, dass, wann een da Filiale baussent der EU huet, am Fall vu Resolutionen ass elo e Mechanismus en place gesat ginn, dass d'Decisionen, déi dann an der EU geholl ginn, kënnen an État-tiersen ëmgesat ginn.

Dat ass awer eng ganz komplex Matière. Wann do en Interêt besteet, steet de Ministère och zur Verfügung, fir dat ze erklären oder ausdiskutieren. Ech mengen och net, dass do elo de Moment e konkrete Problem dran ass. Mee ech mengen, et ass e Sujet, dee muss suivéiert ginn.

Zur Problematik FinTech, Blockchain, Cryptomonaien, do kann ee vun deene ville Saachen, déi hei gesot gi sinn, an entgéegengesate Richtunge goen. Wou ass den Dénominateur commun? Ech stëmmen deenen zou, déi soen: Mir kommen net laanscht déi Cryptomonaien an déi Blockchain, déi gëtt et. Blockchain oder Distributed Ledger Techno-

logy, wat méi generell ass, dat ass eeben eng Technologie iwwert ..., déi gëtt et, déi kann een am Bankesektor gebrauchen, déi kann ee fir vill aner Saache gebrauchen. Déi ass einfach do. Dat ass e Réseau, deen eng Distribution organiséiert vun den Informatiounen, déi iwwerengs ganz kloer noverfollegt kënnen ginn, déi also traçabel sinn.

Dofir ass ... Op där enger Hand si Leit, déi soen, dat facilitéiert de Blanchiment. Anerer soen awer, dass déi Technologie et grad erlaabt, en Traçage ze maachen, dass se also justement de Blanchiment ka konteren. Sou einfach ass, mengen ech, déi Distinction net. An da mussen mir als Lëtzebuerg dat ëmmer kucken als eng Opportunitéit fir d'Entwicklung vun eiser Finanzplaz. Dofir hu mir jo schonn zwee Gesetzestexter gemaach, wat d'Unerkennung an eise Gesetz, an eiser Gesetzgebung ass vun Transaktiounen, déi iwwer Blockchain gemaach ginn, haaptsächlech wann Obligationen erausgi ginn oder verdeelt ginn.

Dat ass en Ufank. Do muss an do wäert och nach méi geschéien an och do kënnen mer nëmme Schrëtt fir Schrëtt dat maachen, well dee ganzen Domän immens evoluéiert.

Ech mengen, et muss ee versichen, an deem Domän un der Spëtzt ze sinn. Dat maache mir och. Als Finanzministère suivéiere mer dat ganz no. Mir hu jo och d'Luxembourg House of Financial Technology, d'LHoFT, virun dräi, véier Joer an d'Liewe geruff. Dat fonctionéiert ganz gutt. Do si 75 Entreprises dran ugesidelt. Verschiddener vun deene si schonn erëm eraus a si méi grouss an hu vill Succès an hunn eis op d'Weltkaart gesat an deem Domän. Mir müssen däärs méi maachen. Mee et ass kloer, et ass ëmmer en Defi vun der Reglementation, deen dat matbegleet. An dat kann och nëmme um europäeschen Niveau geleist ginn. Lëtzebuerg kann do schwéier eppes eleng maachen.

Dat bréngt mech awer dozou ze soen, dass d'Europäesch Zentralbank amgaangen ass, op engem Euro digital ze schaffen, an eis seet an eis all sechs Méint dorobber brieft am ECOFIN, dass dat extreem komplex ass an dass se sech do e puer Joer ginn, fir dat ze reegelen. Do ass et wichteg, dass ee weess, dass China do d'Course un der Spëtzt mécht, dass si dat scho säit véier, fënnf Joer maachen, studéiert hunn an dass se dëst Joer Pilotprojete wäerte maachen, fir en elektronesche Yuan ze gebrauchen.

Dir gesitt also, dass hei um Weltniveau vill driwwer nogeduecht gëtt. Verschiddener ... En avance sinn interessanterweis an deem heiten Domän d'Chineesen, aus engem Grund, deen een och ganz novollzéien kann: Si wëllen natierlech iwwert deen dote Wee aus hirer Devise eng méi wichteg maache wéi anerer.

Ech schléissen dann of mat der Finance soutenable. Ech si ganz averstanen, dass mer dat sollen zu Lëtzebuerg pushen an ënnerstëtzen, eis de richtige Kader ginn. Mir hunn eis jo am September e Sustainability Bond Framework ginn. Dat ass eng Weltpremière. Mir hunn dee Kader opgebaut op d'Taxonomie vun Europa, op d'Prinzipien vun der International Capital Market Association. Déi hält och alleguerten déi 17 Ziler vum Développement durable an. Mir hunn also hei e Kader geschaaft, deen en fait och fir aner Länner e Standard kéint sinn, fir sech dorunner ze inspiréieren. Mir sinn och eng vun den Topfinanzplazen am Financement soutenable. Mir wäerten dat och weider pousséieren.

An ech sinn eens mat lech, de Financement soutenable ass inevitabel an ass indispensable, wa mer wëllen eis Klimaziler erreechen, net nëmme mir als Lëtzebuerg, alleguerten d'Länner. Déi eenzeg Aart a Weis, fir Klimaziler ze erreechen, ass, andeem de Bankesektor an d'Fongenindustrie an d'Assurancen eis hëllefen, de Staaten, déi dat jo wëlle maachen, déi néideg Trilliounen ze fannen, fir d'Investissementen ze tätigen, fir dass mer kënnen d'Klimaziler erreechen.

Ech freeë mech, dass mer hei esou eng grouss Zoustëmmung hunn zu dësem Gesetz, dat alles anescht wéi technesch ass.

Villmools merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Här Finanzminister Pierre Gramegna. An da Parole après ministre fir den Här Laurent Mosar.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, merci, Här President. Och merci dem Finanzminister. Ech géif soen, ech ka bal alles ënnerschreien, wat e gesot huet. Et ass just eng Fro, op déi e mer nach net geäntwert huet, déi, mengen ech, awer och wichteg ass, dat ass déi iwwert d'Uwerrreglementation, wou ee muss oppassen, notament op EU-Niveau. An do huet e mer net drop geäntwert. Do wär ech awer frou, wann ech vläicht och op dee Volet nach eng Äntwert géif kréien.

An dann erlaabt mer awer, Här President, nach eng Kéier op d'Ausso vun der Madamm Lorsché ze reagéieren. Ech muss lech soen, ech souz hei, ech hu bal gemengt, ech kéint mengen Queren net méi richtig trauen, wéi ech do verschidden Aussoen héieren hunn, an ech sinn duerfir och ëmsou méi

frou, datt den Här Finanzminister do direkt reagiert huet par rapport zu der reeller Wirtschaft. Ech weess net, wat déi gréng Kollege wëllen, ob déi just nach wëllen eng Finanz- a Bankewelt, déi just fir eng reell Wirtschaft do ass, dann hu se eppes net verstanen, wat déi Finanzplaz ubetrëfft. Duerfir sinn ech ganz frou, Här Finanzminister, datt Dir do kloer an däitlech geäntwert hutt.

An da wëll ech och nach eng Kéier der Madamm Lorsché soen, déi hei op e bëssen esou eng ironesch Aart a Weis iwwert d'Bankerettung geschwat huet: Ech sinn haut a mäi Grupp ass haut nach stolz, datt déi deemoleg CSV/LSAP-Regierung schnell reagiert huet ënner engem Finanzminister Luc Frieden!

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Am Accord mat allen Deputéierten.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Well, Madamm Lorsché, mir wäeren haut net an där Situation, an där mer sinn, wann dat deemools net geschitt wär!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Mosar. An da ginn ech d'Wuert direkt un d'Madamm Lorsché fir Fait personnel.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Also merci, Här President. Ech stellen ëmmer erëm fest, dass den Här Mosar en aussergewöhnlecht Talent huet, fir engem d'Wierder am Mond ze verdréien.

(*Brouhaha*)

Dat ass eng vu senge Spezialitéiten.

Ech hunn a menger Ried en Artikel zitéiert aus dem „Tageblatt“, wou déi ganz Episod e bëssen ironesch duergestallt ginn ass. Meng Haaptaussoe waren déi, datt mer frou waren, datt Aarbechtsplazen erhale gi sinn, datt den ekonomesche Chaos verhënnert ginn ass. An ech hunn an deem Sënn den Här Frieden net fir eng Minutt a Fro gestallt. Et ass ëm d'Manier gaangen, wéi deemools en Deal per Handschlag an engem Park zustane koum, deen an deem Artikel e bëssen echt beschriwwen ginn ass. An ech mengen, wa mer hei kee Sënn méi hu fir Ironie an e bësselche méi Humor, ...

(*Exclamations*)

... wann een zréckkuckt, da si mer eng aarm Gesellschaft.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Lorsché. An da ginn ech d'Wuert zréck un den Här Finanzminister fir eng oppe Fro.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, Här President. Ech konnt net op all d'Saachen agoen, wéi gesot, et ass esou e vaste Sujet. Et ass awer ganz richtig, wat den Deputéierte Mosar seet, wann en ënnersträicht, dass mer an der Bankewelt, net nëmme an Europa - ech mengen, an Amerika ass et net vill besser - eng Reglementation kréien, déi de Banken, an awer net nëmme de Banken, a villen Acteuren d'Liewe schwéier mécht.

Och hei si mer an enger Gradwanderung. Ech hunn oft d'Bild gebraucht, wann ech iwwert dee Sujet schwätzen, dass ech soen, d'Kris vun 2008 ass ausgeléist ginn, well mer dereglementéiert hunn an de Secteur financier ënnerreglementéiert war par rapport zu de séieren Transformatiounen, déi an deem Secteur geschitt sinn. An dat huet zur Kris vu Lehman Brothers gefouert an dat huet zu enger Finanzkris gefouert, déi eng Wirtschaftskris ginn ass.

Dorausser mussen mer léieren! Dat hu mer och gemaach an Europa, an Amerika. D'Reegele sinn erëm méi schaarf gemaach ginn, se sinn och moderniséiert ginn. An et ass wéi de Pendel, déi Saach vun der Reglementation ass eng Saach vum Pendel. 2008 ware mer ënnerreglementéiert, do war de Pendel ze vill op där enger Säit. An elo ass en amgaangen, op déi aner Säit ze kommen. An et ass keen, deen eis ka soen, wéini dee Pendel ophält auszuschweifen, fir dass en endlech erëm an d'Mëtt kënn, do wou e misst sinn.

An dat ass och de Lien, deen ech gesi mat deem, wat gesot ginn ass iwwer Cryptomonaien a Blockchain an esou: Wa mer net oppassen a wann dee Pendel nach weider ausschwänt - an dat Beispill vum KYC (ndlr: Know your customer) ass ganz richtig -, majo da maache mir d'Liewe vun den traditionellen Acteuren esou schwéier, dass se jo nëmme kënnen verléieren. Mir setzen d'Lat esou héich, dass se nach just kënnen drënner lafen. A mir maachen e Boulevard op fir déi nei Acteuren, déi iwwert d'IT, iwwert d'Reseaux Produits ubidden, déi dann zum Deel och net reguléiert sinn. Dat heescht, et muss een dat alles, wéi een haut modernerweis zu Bréissel seet, „holistisch“ kucken. Mee ech sinn och ganz beonrouegt iwwert déi Uwerrreglementation. Et sinn haut hei jo och Beispiller genannt gi vu Clienten, déi net méi geholl ginn. Ech héieren där Geschichten ëmmer méi.

Ech hu scho viru Joren héiere vun Auslänner, déi aus verschiddene Länner kommen sinn, déi mer net esou gutt kennen, mee déi awer souguer nach an der EU sinn, déi keng Konte méi konnten opmaachen, scho virun dräi, véier, fënnf Joer. An dat gëtt ëmmer méi schlëmm. An dat ass wierklech eng Suerg, déi mer müssen hunn. Mee dat léise mir

natierlech net als Lëtzebuerg eleng. Mir kënnen eis Stëmm do ofginn op europäeschem Niveau. Maache mer dann och. Mer müssen et awer ëmmer op eng geschéckerlech Aart a Weis maachen, well net dass mer do duergestallt ginn, wéi wa mir wëilten dereglementéieren, fir egal wat ze maachen. Et ass jo guer net dat de But.

A wann ech dann och kucken, wat effektiv ënnerholl gëtt, fir géint de Blanchiment virzegoen, dat ass ganz spektakulär, wat een elo alles muss anhalen. An trotzdeem hu mer an deene leschten zwee, dräi Joer ganz vill Affären och an Europa gesinn, wou mer gesinn, wat fir een Ausmooss d'Fuddelen an de Blanchiment also kënnen anhuelen.

Also, fir dat alles ënner een Nenner ze bréngen, dat ass natierlech eng grouss Aarbecht. An ech si frou, dass dat alles evoquéiert ginn ass. An ech fannen lech bestëmmt gläich erëm op dëser Plaz zréck, fir iwwert dee Sujet ze schwätzen an erëm additionell Moosnamen ze huelen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Finanzminister. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7638.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7638 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'ëischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(*Appel nominal pour votes par procuration*)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 58 Joestëmmen an 2 Abstentionen ugehall.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

## 10. Changement de la composition du Bureau (suite)

Dir Dammen an Dir Hären, andeems den Här Marc Spautz de Mëtteg zum Vizepräsident vun der Chamber gewielt ginn ass, ass säi Posten als Member vum Bureau fräi ginn. Et gëtt proposéiert, datt den Här Claude Wiseler Member vum Bureau gëtt.

(*Interruptions*)

Gëtt et soss nach eng Propos fir de Poste vum Bureausmember?

(*Négation*)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass. Ass d'Chamber domat averstanen, den Artikel 7 (5) vum Chambersreglement ze applizéieren a kee Vott iwwert dës Kandidatur ze maachen?

(*Assentiment*)

Den Här Wiseler ass domadder zum Member vum Bureau proklaméiert.

■ **Plusieurs voix.** - A!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Esou wéi den Artikel 10 vum Chambersreglement et virgesäit, gëtt de Grand-Duc iwwert déi verännert Zesummesetzung vum Bureau informéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënn muer de Moien um néng Auer nees zesummen. D'Sitzung ass opgehuewen.

(*La séance publique est levée à 18.37 heures.*)



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

### 2. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du Plan national d'organisation des secours (PNOS)

- Exposé : M. Marc Lies

- Débat : M. Max Hahn - Mme Simone Asselborn-Bintz - M. Marc Hansen - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur - Mme Lydie Polfer (parole après ministre) - M. Marc Lies (parole après ministre) - M. Michel Wolter (parole après ministre) - Mme la Ministre Taina Bofferding - M. Michel Wolter (parole après ministre) (intervention de M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire) - Mme Lydie Polfer - Mme la Ministre Taina Bofferding (intervention de M. Michel Wolter)

### 3. Question élargie n° 89 de M. François Benoy au sujet de la stratégie de réponse à un accident nucléaire majeur dans le voisinage du Luxembourg

- M. François Benoy - Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

### 4. Question élargie n° 85 de Mme Carole Hartmann au sujet de l'organisation des compétitions sportives dans le contexte actuel de la crise sanitaire

- Mme Carole Hartmann - M. Dan Kersch, Ministre des Sports

### 5. Question élargie n° 91 de M. Charles Margue au sujet de l'économie des plateformes collaboratives

- M. Charles Margue - M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

### 6. 7344 - Projet de loi relative aux licences des contrôleurs de la circulation aérienne et aux prestataires de service de navigation aérienne

- Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back

- Discussion générale : M. Aly Kaes - M. Max Hahn - Mme Cécile Hemmen - M. Jeff Engelen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 7. 7560 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur la répression des actes illicites dirigés contre l'aviation civile internationale, faite à Beijing, le 10 septembre 2010

**7561 - Projet de loi portant approbation du Protocole, fait à Montréal, le 4 avril 2014, portant amendement de la Convention relative aux infractions et à certains autres actes survenant à bord des aéronefs, faite à Tokyo, le 14 septembre 1963**

**7562 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel, fait à Beijing, le 10 septembre 2010, à la Convention pour la répression de la capture illicite d'aéronefs, fait à La Haye, le 16 décembre 1970**

- Rapports de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Carlo Back

- Discussion générale : M. Aly Kaes - M. Max Hahn - Mme Cécile Hemmen - M. Jeff Engelen

- Prise de position du Gouvernement : M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

- Votes sur l'ensemble des projets de loi 7560, 7561 et 7562 et dispenses du second vote constitutionnel concernant les projets de loi 7560 et 7562

**Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch et M. Dan Kersch, Vice-Premiers Ministres ; Mme Taina Bofferding, Ministre.**

*(La séance publique est ouverte à 09.00 heures.)*

### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

### 2. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet du Plan national d'organisation des secours (PNOS)

D'Chamber féiert haut de Moien eng Aktualitéitsstonn iwwert den nationale Plang fir d'Organisatioun vum Rettungswiesen, déi d'CSV-Fraktioun ugefrot huet. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Max Hahn, d'Madamm Simone Asselborn-Bintz, den Här Marc Hansen, den Här Jeff Engelen an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Lies als Vertrieeder vun der CSV-Fraktioun. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

#### Exposé

■ **M. Marc Lies (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eist Land huet sech an de vergaangene Joerzénkten extreem entwéckelt. Eng dynamesch Finanzplaz an ee favorabelt wirtschaftlecht Ëmfeld hu Lëtzebuerg zu engem Pôle d'attraction par excellence gemaach.

D'Zuelen, wat de wirtschaftleche Wuesstum an awer och de Populationswuesstum ugeet, si scho beandrockend. Dëse Wuesstum huet, wéi mir alleguer wëssen, awer och säi Präis! Zanter Jore lafe mir all Zort vun Infrastruktur ëmmer nees hannendrun. Déi projezéiert Entwécklungszuele gi vun der Realitéit ëmmer nees ageholl. An all Secteur muss ëmmer nees nogebessert ginn, respektiv mir gi vun der Wuesstumswell carrement matgerappt.

Mat dësem Wuesstum huet natierlech och dee ganze Sécherheetsapparat nei mussen opgestallt ginn. Op Basis vun engem Rapport vun engem Collège vun Experten ass am Oktober 2010 deen éischt PNOS, Plan national d'organisation des secours, am Juli 2012 entstan. All dës Viraarbechte si schliisslech an d'Gesetz Nummer 6861 agefloss, wat d'Schafung vum CGDIS mat sech bruecht huet.

Wéi mir alleguer wëssen, huet de CGDIS den 1. Juli 2018 seng Aarbecht opgehall. Eng néideg Reform vum Rettungswiesen ass domat a Kraaft getrueden a funktionéiert a véier Sécherheitszone mat am Ganzen 100 CIS, also 100 Asazzentere.

De Fonctionnement vun dësen Asazzentere gëtt vu Professionellen an awer och vu Fräiwëllegen assuréiert. Et gëtt ee Ratio vun 1.500 Hauptberufflechen a vu 4.000 Fräiwëllegen ugestriift, esou wéi d'Madamm Minister et an der Presentatioun vum PNOS ugekënnegt huet. De Rekrutement muss um Niveau vum Management, awer och am operationelle Beräich virugedriwwe ginn. Dëst huet natierlech och mat zousätzleche Käschten ze dinn. Déi graff Schätzung vum Käschtepunkt vum CGDIS gëtt an Zukunft op 100 bis 150 Euro pro Awunner chiffriert.

Am Gesetz steet, datt de Ratio beim Finanzement vun de Käschte bei 50 % fir de Staat a bei 50 % fir d'Gemenge soll leien. An der Realitéit gesäit de Finanzement definitiv awer e bëssen anescht aus. De Syvicol huet sech virun e puer Deeg och zu dëser Situatioun am Beräich vum Rettungswiesen artikuliert, datt d'Gemenge finanziell ëmmer méi gebeidelt ginn. De CGDIS ass en Établissement public a fält domat ënnert d'Gestioun vum Staat. Verschidde Gemengevertrieeder siegélieren awer och am Verwaltungsrot.

An dësem Kontext wëilt ech d'Madamm Minister froen, ob si sech an Zukunft kéint eng aner Repar-

titiou n vun den Onkäschte virstellen, fir eis Gemengen eppes ze entlaaschten. Déi ablécklech Kris huet nees eng Kéier kloergemaach, wéi fragill datt déi finanziell Situatioun an de Gemenge ka ginn.

Ech wëilt nieft den Hauptberufflechen awer ee besonneschen Akzent op déi Fräiwëlleg leeën. Méi wéi zwee Drëttel vun den Asätz gi vu Fräiwëllege gefuer. Et ass dofir extreem wichteg, datt de Benevolat viru promovéiert gëtt, respektiv nach méi Efforten iwwer eng Sensibiliséierung gemaach ginn, fir Kanner a Jugendlecher fir d'Rettungswiesen ze begeeschten, a Verschiddener vun hinne fir dës nobel Cause ze gewinnen.

Et sollt oder et misst een awer och ee Schratt méi wäit kënnen goen. Wa Leit sech an hirer Fräizäit fir d'Allgemengwuel asetzen, dann ass deen een Euro Entschiedegung eng minimal Entschiedegung. D'Asetze vun de Professionellen an de Fräiwëllege muss vum Chef vum Asazcenter natierlech och esou geplangt ginn, datt déi Fräiwëlleg herno net als „Lückebüsser“ däerfen dostoën. Eng komerodschaftlech a loyal Zesummenaarbecht ass absolutt erstriewenswäert, net datt herno de Kitt zwëschent deenen engen an deenen aneren op d'Spill gesat gëtt.

Ech wollt awer nach eng Kéier op déi Fräiwëlleg zrëckkommen, déi am ëffentlechen oder private Secteur schaffen. Den Temps mort tëscht 7.00 a 16.00 Auer, do ass et fir all Asazcenter déi grouss Erausforderung, fir Leit ze fannen, déi während dësen Zäiten de Schichtplang kënnen assuréieren.

Bei eise Gemenge läit hei sécherlech och eng grouss Erausforderung, fir jonke Pompjeeën eng berufflech Zukunft kënnen unbezidden. Beim Rekrutement an de Gemenge spillt natierlech virop de Leit hir berufflech Qualifikatioun. Wann awer d'Qualifikatioun an och nach dee fräiwëllegen Asaz an engem CIS stëmmen, da sollt dëse Kandidat oder Kandidatin respektiv déi jeeweileg Gemeng fir dësen Effort och entschiedegt ginn.

Ech betounen: Eist Land an eis Gemenge brauchen all Fräiwëllegen, fir datt och an Zukunft eist Rettungswiese viru funktionéiert. Ass d'Inneministesches gewëllt, de Wee anzeschloen, fir eventuell eng Upassung vun de Karriäre vun dëse Leit an d'A ze faassen, wat een zousätzlechen Ureiz kéint schafen, fir sech an engem CIS ze engagéieren?

Ass d'Inneministesches dernieft gewëllt, de Gemenge bei der Ofrechnung vum Fonctionnement vum CGDIS, jee no Asazäit während dem Temps mort vu 7.00 bis 16.00 Auer vu Leit, déi op enger Gemeng schaffen, finanziell entgéintzekommen?

D'Asätz um Terrain ginn ëmmer méi komplex a komplizéiert opgrond vun enger innerstätescher Verdichtung, opgrond vu klimateschen a wiederbedéngte Phenomeener wéi Iwwerschwemmunge respektiv wéi virun zwee Joer mam Tornado zu Käerjeng an zu Péiteng gesinn.

De Populationswuesstum geet monter weider an awer och d'Beschäftegung ass net am Ralenti. Nieft der Populatioun kommen all Dag knapps 200.000 Frontalieren zousätzlech an d'Land - Tendenz weider steigend. D'Kärstéck vum PNOS ass, datt d'Asazäiten op manner wéi 15 Minutte sollen erofgoen. Momentan sti mir bei 78 % vun den Asätz, déi innerhalb vu 15 Minutte bei de Leit, déi an Nout sinn, ukommen. 68 % vun der Gesamtpopulatioun sinn domat ofgedeckt. De First Responder huet natierlech dobäi gehollef, datt d'Hëllef nach méi schnell op der Plaz ka sinn. Ech wëilt hei gär eng Lanz brieche fir de CIS Hesper, deen deen héchsten Taux vun Asätz vum First Responder am ganze Land huet!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Lies (CSV).**- D'Zil ass et, dës Asätz vun aktuell 78 % mat enger Ausréckzäit vu 15 Minutten an de kommende fënnef Joer op 94 % ze bréngen.

Wéi gedenkt d'Ministesches, dëst ëmzesetzen? A wéi oft gëtt d'Zuelematerial zu dëse Statistiken à jour gesat? Well zurzäit foussen dës Zuele jo op statisteschem Material vun 2017 an deelweis 2018.

Mat dem CNIS geet an e puer Méint deen neie Rettungszentrum um Rond-point Gluck an der Stad a Betrib. Mam CNIS sollt dee ganze Corps vun de Berufspompjeeën vun der Areler Strooss an de Ban de Gasperich plënnere. Mengen Informatiounen no, an dat huet och gëschter de Generaldirekter, de Paul Schroeder, confirméiert, sollen elo awer e puer Asazween op der Areler Strooss bleiwen, fir dee ganze Rayon an der Stad kënnen ofzedecken. Hei stellt sech natierlech d'Fro, firwat datt dat net direkt am Kader vun der Reform mat a Betruecht gezu ginn ass.

Eng weider Fro stellt sech natierlech mat der Entwécklung vun eisem Land: Ob haut net schonn an alle Beräicher muss nogebessert ginn? Op der Beschafung vum Material läit natierlech ee besonnesch groussen Akzent, fir den Asazekippen déi beschtméiglech Konditiounen um Terrain kënnen ze assuréieren. Kann d'Madamm Minister mir soen, ob elo am Kader vun der Kris Aspuerungen am Beräich vum Material gemaach gi sinn?

Virun e puer Wochen hat ech eng Question parlementaire un d'Madamm Minister gestallt, an där ech si gefrot hunn, wéi et mam SAMU Lëtzebuerg 2 soll weidergoen. Dëse SAMU ass zurzäit am CIS Hesper stationéiert a fonctionéiert elo zanter dem 1. Juli 2019 tadellos.

An der Äntwert op meng Fro huet d'Madamm Minister mir geäntwert, datt dëse SAMU iwwert déi lescht zwee Joer am Ganzen 21 % vun alle SAMU-Asätz gefuer ass an duerchschnëttlech bannent 12,5 Minutten op der Asazplaz wor, wat genee eng Minutt méi séier ass wéi deen nationalen Duerchschnëtt beim Ausrécke vun engem SAMU. D'Asätz gi majoritär an a ronderëm d'Stad gefuer. D'Ofdeckung beinhaltet mat 45 % awer och de Süden an den Oste vum Land.

Weider schreift d'Madamm Minister an hirer Äntwert, datt d'Ziler vun der Couverture opérationnelle am PNOS definéiert ginn. D'Asazmëttel sollen esou placéiert ginn, datt se operationell, logisteschen an organisatoreschen an awer och geografesch am Effikasste sollen zum Asaz kommen. D'Asazäite vum SAMU Lëtzebuerg 2 sinn déi bescht am ganze Land. Déi geografesch Lag am CIS Hesper ass opgrond vun enger Analys, déi vum CGDIS duerchgefouert ginn ass, als extreem favorabel betruecht ginn. D'Zesummenaarbecht tëscht all den Acteure funktionéiert opgrond vun der Äntwert an awer och opgrond vun engem Courier, dee vum Chef de base un d'Ministesches gericht ginn ass, exzellent am CIS Hesper.

Et ass dofir scho verwonnerlech, datt opgrond vun dësen extreem gudden Viraussetzungen d'Madamm Minister trotzdem gedenkt, de SAMU Lëtzebuerg 2 an de CNIS ze verleeën. Ze wëssen ass, datt an de kommende Joren extreem vill Chantiere ronderëm de Rond-point Gluck wäerte sinn. Den Depart op d'Asätz an awer och de Retour vun den Asätz kéint opgrond vun der geografescher Lag vum CNIS mat grousssem Staupotenzial verbonne sinn.

De Chef de base, den Dokter Khamran Rabi vum SAMU Lëtzebuerg 2, schreift a sengem Courier un de Ministère an awer och un d'Direktioun vum CGDIS: „Ein hervorzuhebender Vorteil des CIS Hesper sind die gut angelegten und sehr kurz gehaltenen Wege, was der schnellen Ausrückzeit des SAMU Luxemburg 2 dienlich ist. Diese Ausrückzeit beträgt im Durchschnitt eine Minute und 30 Sekunden ab Alarmierung und dürfte von allen bodengebundenen SAMU-Vektoren die kürzeste hier im Land sein. Nach nun eineinhalb Jahren SAMU Luxemburg 2 auf dem Stützpunkt CIS Hesper kann ich erfreulicherweise behaupten, dass

die SAMU-Equipe sich gänzlich an die neue Basis assimiliert hat und auch zwischenmenschlich mit der Equipe vom CIS Hesper sehr harmonisiert. Nach ausreichender Rücksprache mit meinen SAMU-Kollegen (sowohl ärztlich als auch pflegerisch) ist schon bemerkenswert, wie stark die Bindung und auch die Identifizierung jedes Einzelnen mit dem CIS Hesper ist.“

Madamm Minister, mam PNOS schaaft Dir een neien nationale Plang, deen d'Asazäiten an Zukunft soll verbessern, fir schnellstméiglech eng Hëllef um Terrain ze assuréieren. Wann aktuell Déngschter wéi de SAMU Lëtzebuerg 2, wat d'Asazäiten ugeet, schonn haut den Ziler vu muer entsprechen, da soll een dës Funktiounsweis och esou erhalen, fräi nom Prinzip: „Never change a winning team!“

Madamm Minister, ech bieden Iech, Är Decisioun vum Standuert vum SAMU Lëtzebuerg 2 nach eng Kéier ze iwwerdenken an d'Hëllef an d'Funktiounsweis um Terrain virun e politesche Choix ze stellen. Duerfir meng konkret Fro: Gedenkt Dir, dës Decisioun am Interessi vun eise Matbirger nach eng Kéier ze iwwerdenken?

Zum Schluss wëilt ech all deenen Dammen an Hären an alle Beräicher vum Rettungswiesen ee grouse Merci soe fir hiren onermiddlechen Asaz, fir Liewen ze retten, an der Hoffnung, datt si all gesond a monter vun hirem Asaz zrëckkommen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Lies (CSV).**- Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Lies.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Max Hahn agedroen. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

#### Débat

■ **M. Max Hahn (DP).**- Merci, Här President. Viru gutt zwee Joer hu mer d'Reform vum Rettungswiesen unanime gestëmmt, fir esou d'Rettungswiesen endlech erëm fit fir d'Zukunft ze maachen. An dat war och batter néideg. Ech ernnere mech nach ganz gutt, dass ech besonnesch houfreg war, hei an der Chamber eng nei Ära an der Geschicht vum Lëtzebuerger Rettungswiese matagelaut ze hunn, fir esou e modernen, zukunftsorientéierte Rettungsdéngscht vu muer ze garantéieren.

D'Situatioun um Terrain war kritesch. D'Politik huet mussen handelen, net aus Loscht ze reforméieren, mee aus enger absolutter Necessitéit eraus. Et war an ass nämlech eng vun de wichtigsten Aufgabe vun der Politik, fir fir d'Sécherheet vun de Bierger ze suergen an de Leit Hëllef zoukommen ze loossen, wa si Hëllef brauchen. Schonn deemools hunn ech a menger Ried drop higewisen, dass mer nieft enger Schëpp Gedold och déi néideg finanziell Mëttele wäerte mussen opbréngen, fir landeswäit dëse performante Rettungsservice kënnen ze garantéieren.

Et war vun Ufank u kloer: D'Reform vum Rettungsdéngscht wäert eppes kaschten. A mir waren eis och alleguerten eens, dass mer eise Bierger dat schëlleg sinn. An der zoustänneger Chamberskommissioun gouf méi wéi eng Kéier drop higewisen, datt d'Montante fir d'Finanzéierung vum CGDIS iwwert déi nächst Joren nach kontinuierlech wäerten an d'Luucht goen. Et war deemools scho kloer, dass et eng Professionaliséierung net zum Nulltariff géif ginn.

Här President, an de leschten Deeg konnt een an der Press eng gewësse Kritik géintiwwer der zukünftiger personeller Opstellung vun de CGDIS-Servicer feststellen, déi fir d'Ëmsetzung vum PNOS, also dem Plan national d'organisation des secours, virgesinn ass. Natierlech muss ee festhalen, dass een 2018 net mat enger Pandemie konnt rechnen.





D'Finanze vu ville Gemenge sinn de Moment a Covidzäiten ugeschoen a ginn elo duerch d'Ëmsetzung vum PNOS nach eng Kéier méi beusprocht.

Jo, et geet ëm vill Geld fir eis Gemengen. Fakt ass awer och, dass mer beim PNOS vun enger Verbesserung vum Rettungswiese schwätzen, fir de Mënschen an Noutfallsituatiounen adequat, méi séier an och besser kënnen ze hëllefen. Och a schwierigen Zäite muss ee sech Prioritéite setzen. Et geet schliisslech ëm d'Sécherheet vun eise Bierger.

Mat den diverse Moossnamen, déi am PNOS virgesi sinn, solle mëttelfristeg flächendeckend uechtert d'ganzt Land d'Pompjeeën an d'Rettungsdéngschter bannent 15 Minutten all Plaz am ganze Land erreechen. Dat wier ganzer fënnf Minutte méi séier, wéi dat am Moment de Fall ass. Fënnf Minutten, déi a ganz ville Fäll iwwer Liewen an Doud entscheeden.

Fir dës Zilsetzung realistesch ze erreechen, brauch een e Plang, e Gerüst vu Berufspompjeeën an e weidert Fërdere vun de Fräiwëllegen. Hei heescht d'Devis och an Zukunft: Kee Rettungsdéngscht ouni fräiwëlleg Pompjeeën!

Här President, mir schwätze vun engem ambitieise Projet, dee sech usprochsvoll Ziler setzt an deementspriedend eng Hausse vun 10 % bei den ordinären Depensé vun de Gemengen iwwert déi nächst fënnf Joer bedéngt. An deem Kontext kommen ech kuerz op d'Rekrutierungspolitik ze schwätzen. Kuerz- a mëttelfristeg gi souwuel um administrativen, um techneschen, awer och um operationelle Plang nei kompetent an engagéiert Leit gesicht.

Et sief nach eng Kéier drun erënnert, dass d'Reform vum Rettungsdéngscht haaptsächlech wéinst dem Manktem u Fräiwëllegen an eeben hirer limitierter Disponibilitéit a Flexibilitéit beschloss gouf. Dëst war d'Ausgangspositioun bei der Grënnung vum CGDIS. Dat sollt deemools an och elo awer net heeschen, dass déi Fräiwëlleg net méi géife gebraucht ginn. Ganz am Géigendeel. Si waren, sinn a wäerten och an Zukunft d'Häerz vun eise Rettungswiese bliewen. An deem Kontext hunn ech mer rezent soe gelooss, dass sech d'lescht Joer ronn 500 nei Fräiwëlleger gemellt hunn, fir aktiv matzeschaffen. Dëst ass luewenswäert an ënnerstëtze mir als DP ganz kloer.

Eleng mat Fräiwëllegen, déi an anere Beruffer schaffen, kënnen d'Zilsetzung vum PNOS awer net garantéiert ginn. Flexibilitéit, Disponibilitéit an eng konstant Presenz an de Kasären sinn indispensable, fir séier an Noutfallsituatiounen ausrécken ze kënnen an deementspriedend bannent 15 Minutte sur place ze sinn. Genau wéi bei de Fräiwëllege muss awer och op operationelle Plang an och an der Verwaltung rekrutéiert ginn.

Wat d'Verwaltung vum CGDIS ugeet, gëtt et gesetzlech gereegelt Entwécklungspläng, déi verhënnere sollen, dass d'Unzuel u Verwaltungspersonal net aus dem Rudder leeft. Beispillsweis sinn nëmmen 20 % vun de Poste fir mëttel an héich Karriäre virgesinn. Dëse Verdeelungsschlëssel soll kloer verhënnere, dass mer ee Waasserkapp schafen.

Et dierf net sinn, dass mer Plazen, déi gebraucht ginn, net besetzen, well de politesche Wëlle feelt, fir déi finanziell Mëttelen zur Verfügung ze stellen. Anerersäits dierfen natierlech och keng Leit agestallt ginn, déi net gebraucht ginn.

Här President, wat den optimalen zukünftege Standuert vum SAMU Lëtzebuerg 2 ugeet, deen de Moment jo zu Hesper stationéiert ass, kann een natierlech diskutieren. Ech géif op dëser Plaz gären der ganzer Ekip vum CIS Hesper an der SAMUs-Ekip 2 Merci soen - ech mengen, et ass virdrun zitéiert ginn - fir hir exzellente Ausréckzäiten an Asazzäiten. D'selwecht awer jidderengem Merci soen, dee sech am Rettungsdéngscht hei zu Lëtzebuerg staark mécht.

Als Demokratesch Partei hu mer eis iwwert déi lescht Jore konsequent agesat, fir d'Unzuel vun de SAMUen ze erhéien an esou e performante Service unzebidden, an dat besonnesch och am ländleche Raum. Deementspriedend hu mer mat Zefriddenheet d'Afféierung vun den neie SAMUen, SAMU Lëtzebuerg 2 a SAMU Findel, a rezenter Vergaangenheet zur Kenntnis geholl.

Här President, fir ofzeschlësse wëll ech op dëser Plaz all deene Merci soen, déi alldéeglech an eise Rettungswiesen aktiv sinn, fir de Leit schnellstméiglech a beschtméiglech ze hëllefen. Eis als DP ass et wichteg, dass d'Gemengen an och d'Personal an deenen nächste Wochen a Méint an d'Ëmsetzung vum PNOS matagebonne ginn, mam Zil, fir schnellstméiglech e Rettungsdéngscht ze garantéieren, deen an Noutfallsituatiounen landeswäit bannent 15 Minutte sur place ass.

Fakt ass: Méi Sécherheet huet säi Präis.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Max Hahn villmools Merci a ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun eppes méi wéi engem Mount huet d'Inneministesche Taina Boffering de Plan national d'organisation des secours, kuerz PNOS genannt, virgestallt. De 25. Mäerz war e Webinar, wou Gemengevertreieder de PNOS am Detail virgestallt kruten, dee se och zënter dem 1. Mäerz virleien haten. Während der Veranstaltung konnte si Froen dozou stellen, virun allem en vue vun deem Avis, deen d'Gemengen dann elo bis Enn Mee zum PNOS sollen ofginn.

Nieft organisatoresche Froe gëtt eis haut dës Heure d'actualité d'Geleeënheet, nach eemol ëffentlech drun ze erënneren, firwat mer déi grouss Reform vun de Rettungsdéngschter maachen, vun där de PNOS een Deel ass.

Et ass wichteg, dass een net nëmmen d'Gesetz vun 2018 kuckt, an deem d'Erstellung vum PNOS jo virgesinn ass, mee och op déi vill Jore virdrun, wou un der Reform geschafft gouf.

Scho virun iwwer zwanzeg Joer hu mer festgestallt, dass d'Zuel vun den Asätz opgrond vun der demografescher Entwécklung vu Lëtzebuerg staark an d'Luucht geet, während d'Disponibilitéit vun de Fräiwëllegen erofgaangen ass. Hei an der Chamber gouf et an där Zäit eng grouss Besuergnis doriwwer, dass et an engem räiche Land wéi Lëtzebuerg méiglech wier, dass een eng Ambulanz géif ruffen a ganz einfach kee kéint kommen.

D'Verännerunge betreffen awer net nëmmen de SAMU. Och d'Pompjeeë mussen sech ëmmer erëm neien Erausfuorderunge stellen. Als Beispill wëilt ech just d'Bëschbränn nennen, déi u sech hei zu Lëtzebuerg bis elo ni eng grouss Roll gespillt hunn, wat awer an Zukunft och kéint aneschtens ginn.

Dass eng grondleeënd Reform néideg wier, dat war also laang gewosst. An der Praxis war dat awer schwierig ëmzesetzen, well ganz vill Acteuren hu mussen matagebonne ginn, mat zum Deel ënnerschiddleche Vuen an och ënnerschiddlechen Interessen. Dat ass schlussendlech awer dunn 2018 gelongen. Zanterhier ass ganz vill geschitt an d'Situatioun huet sech däitlech verbessert.

Et war beim Vott vum Gesetz, dee jo eestëmmege war, ganz kloer, dass dës Reform richteg Geld géif kaschten, an dass dee Retard, deen an de Joerzënge virdrun entstane war, net op ee Coup kéint opgehoen ginn. Et ass ee laangwierige Prozess, zu deem de PNOS ee wichteg Baustee liwwert. De PNOS ass nämlech dat Dokument, wat d'Zilsetzungen definéiert, op déi de CGDIS hischaffe soll. Et ass quasi also eng Roadmap fir déi nächst Joren.

Dat wichtegst Zil, dat mengen ech, vu jiddwerengem hei ënnerschriwwen ka ginn, ass dat, dass de CGDIS iwwerall am Land innerhalb vu 15 Minutten am Noutfall op der Plaz soll sinn. An da geet et dann ëm d'Fro, wa mer dat Zil erreeche wëllen, wat dat dann och finanziell bedeit.

De Präis fir dës Reform léist am Moment, zemoos bei verschiddene Gemengemammen a Gemengepappen, eng Diskussioun aus. Dobäi muss ee soen, dass ouni Reform d'Gemengen hätte missen déif an d'Täsch gräfen, fir d'Rettungsdéngschter un déi demografesche Entwécklung unzepassen. Ëmsou méi, well de Staat an deem Fall net d'Hallschent vun de Käschten iwwerholl hätt.

D'Fro steet am Raum, ob déi progressiv Budgetserhéijungen, déi de PNOS virgesäit, wierklech noutwendeg sinn. D'Äntwert vun der LSAP ass ee kloer Jo.

Et geet dorëms, fir iwwert d'Joren dës Servicer endlech esou opzestellen, dass zu jidder Zäit schnell an adequat op déi ënnerschiddlechst Situatiounen ka reagéiert ginn, wou Mënscheliwwen a Gefor sinn. Dat ass kee Luxus! Wien denkt, et wier bis elo och mat manner Sue gaangen, dee muss drun erënnert ginn, wéi prekär eenzel Situatiounen an der Vergaangenheet waren, well net genuch Leit do waren.

Déi Fräiwëlleg bei de Rettungsdéngschter sinn ëmmer nach immens wichteg fir d'Oprechterhale vun eise System. Als Staat oder als Gemeng elo ze soen: „Dee Service gëtt eis ze deier. Kommt, mir kucken emol, ob mer ee fannen, dee bereet ass, dat a senger Fräizäit ze maache fir eng kleng Unerkennung, dat gëtt méi bëlle!“ dat kann et awer net sinn. Respekt an Unerkennung fir Fräiwëlleger bedeit och, dass si net iwwerlaascht ginn, dass net déi ganz Responsabilitéit op hire Schëllere läit, an dass si déi néideg Ënnerstützung hunn, fir hire wichtegen Engagement no hire Bedierfnisser kënnen ze organiséieren.

Déi zweet grouss Fro, déi am Raum steet, ass déi, ob mer eis déi steigend Ausgabe fir d'Rettungsdéngschter leeschte kënnen. Och hei ass d'Äntwert vun der LSAP ee kloer Jo.

Et ass richteg, dass no engem Joer Pandemie d'Fro ronderëm de Budget sech fir d'Gemengen anescht stelle wéi virdrun. Mee et ass wéi ëmmer eng Fro vun de Prioritéiten. A fir eis dierf dat net zulaaschte vun de Rettungsdéngschter goen, déi fir d'Sécherheet vun eisen Awunner suergen. D'LSAP mécht léiwer eng Politik, déi Sue kascht, wéi eng, déi Mënscheliwwen kascht.

Grad an der Pandemie si mer drun erënnert ginn, wat wierklech wichteg am Liewen ass. Eenzel Berufsgruppe sinn zu Helden ernannt ginn, well eis bewosst ginn ass, dass et Leit gëtt, déi ëmmer am Asaz sinn, wann et ëm Liewen an Doud geet. D'Rettungsdéngschter gehéieren hei ganz kloer dozou.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zil beim Opbau vun effikasse Rettungsservicer muss et sinn, net just a Bëton, Technik a Material ze investéieren, mee virun allem och an d'Mënschen, déi am Kär vun den Iwwerleeunge mussen stoen. Dës Ambitioun kann een och am nationale Plang fir d'Organisatioun vun de Rettungsservicer, dem PNOS, erëmfannen.

D'Approche vum PNOS ass ze begrëssen. Op Basis vun enger ëmfaassender Analys vun den Erausfuorderunge si kloer a prezis national Ziler definéiert ginn am Sënn vun enger virausschauender Planung. Domat soll ee méiglechst koordinéierten a reiwungslosen Op- an Ausbau vun eise Rettungsdéngschter erméiglecht ginn.

Ech ginn elo net am Detail op d'Zilsetzungen an, meng Virriedner hu scho villes gesot. Et ass awer wichteg, dass all d'Elementer zesumme geduecht a geplangt ginn. Et ass och gutt, dass de PNOS och op nei Tendenzen an zukünfteg Erausfuorderunge wéi de Risikofacteur Klimawandel ageet.

Här President, ech wëilt op dëser Plaz profitéieren, fir op dräi Beräicher méi am Detail anzugeen. Do wären exzeptionell Naturkatastrophe wéi den Tornado zu Péiteng a Käerjeng oder d'Iwwerschwemmungen am Mëllerdall, déi innerhalb vu Minutten oder Stonnen an enger Region d'Leit an Noutsituatiounen bréngen an d'Infrastrukture laamleë kënnen. Déi exzeptionell Katastrophe brauche vill Capacitéiten a Kompetenze vun de Rettungsservicer, fir schnell, flexibel an effikass kënnen ze intervenéieren, awer och fir op der Plaz ze koordinéieren tëschent de verschiddenen zoustännegen Ministèren, de Rettungsdéngschter, de Gemengen an all deene Benevollen, déi an esou Situatiounen extreem hëllefsbereet sinn.

Och d'Covid-19-Pandemie konfrontéiert d'Rettungsdéngschter mat Missiounen, déi se soss am Alldag net kennen. Ee Beispill ass hiren deeglechen Asaz an den Impfzentere, dëst natierlech zousätzlech zu den alldéeglechen Missiounen. Grad ewéi bei deenen erwänten Naturkatastrophe gëllt et, aus deene véierzéng Méint Pandemie Léieren ze zéien an déi och an de PNOS afléissen ze loossen.

D'Madamm Ministesch kann eis vläicht soen, wéi eng Erkenntnisser a puncto Asätz a Gestiouen aus der Pandemie kënnen gezu ginn, och wat de Schutz vum Personal ugeet zum Beispill a puncto Prioriséierung vun den Impfungen bei de Rettungsdéngschter.

Deen drëtten Beräich sinn déi reegelméisseg Verschmotzunge vun eise Baachen a Flëss. Verschidder, wéi d'Kor, gi souguer reegelméisseg vun deene selwechte Verursaacher verknascht. Gëschter gouf et och nees en Accident mat uschlëssender Verknaschtung duerch Piff a Sprit vun der Schwaarzer lernz. Och hei brauche mer effikass Rettungsdéngschter an eng reiwungslos Zesummenaarbecht tëschent alle Servicer an de Leit um Terrain.

Mir brauchen awer och gutt ausgeschaffte Preventiouns- an Interventiounspläng, fir esou Evenementer ze evitéieren oder ze minimiséieren. Am PNOS steet, dass een Euro, deen an d'Preventioun investéiert gëtt, der fënnf bis siwe bei den Interventiounen aspuert. Hei mussen an Zukunft och nach weesentlech méi Efforte gemaach ginn. Do sti mer laut PNOS eréischt ganz am Ufank.

Et ass wéi beim Klimawandel: Wat ee méi fréi handelt an de Risiko minimiséiert, wat et och ekonomesch méi bëlle gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, momentan sinn d'Rettungsdéngschter allgemeng un hire Limitten ukomm, och duerch d'Pandemie. Fir am Beräich vum First Responder besser opgestallt ze sinn, mussen méi Professioneller rekrutéiert ginn, ouni déi Benevoll ze vernoléissegen. Et gëllt, een Equilibre ze fannen tëschent Effikasitéit, Schnellegkeet, Berufspompjeeën a fräiwëllege Pompjeeën. En Challenge ass, dass et net zu enger Zwouklassegesellschaft kënnt, mat enger wuessender Kluft tëscht de Berufspompjeeën an de Benevollen. Hei muss organisatoresch am CGDIS selwer immens drop opgepasst ginn an et mussen geziilt Efforte gemaach ginn. Well et kënnt net just op d'Unzuel vu Personal an op hir Formatioun un, mee virun allem och op d'Motivatioun, d'Aarbechtsklima an eng optimal a respektvoll Zesummenaarbecht tëscht Professionellen a Benevollen.

Fir eis Gréng ass dat och een zentrale Punkt, wann et heescht, net just a Bëton an a Material ze investéieren, mee prioritär a Mënschen. Et geet ëm Zesummenhalt. Här President, eng Verbesserung

vum Délai d'arrivé, fir op d'Interventiounsplaz ze kommen, nei Infrastrukturen, neit Material, dat néidegt Personal an d'Upassung un d'Entwécklung vu Lëtzebuerg bréngen forcement méi Käschte mat sech. Käschten, déi, wéi et am Gesetz virgesinn ass, zu gläichen Deeler vum Staat an de Gemenge mussen geschëllert ginn.

De Syvicol ass mat den Ziler, déi definéiert sinn, averstanen, kann awer net richteg novollzéien, firwat esou vill Professioneller an administratiivt Personal muss rekrutéiert ginn an huet deemno och e Problem mat de finanzielle Konsequenzen. déi gréng begrëssen duerfir, dass d'Inneministesche dem Syvicol e klärend Gespräch ugebueden huet. Mir begrëssen och, dass d'Gemengen an hirem Avis zum PNOS gefrot gi sinn, fir nach Punkten afléissen ze loossen. Si sinn ee wichteg Partner fir ee gutt fonctionéierende Rettungsdéngscht. Net nëmmen, well si e matfinanzéieren, mee well si och Benevoller astellen, fir se flexibel fräizestellen a well si oft een direkten Usprichpartner op der Plaz sinn.

Grondsätzlech sinn déi gréng mam PNOS averstanen. Wann awer nach pertinent Punkten an den Avisen optauchen, sollen déi natierlech och nach dran afléissen. Merci fir d'Nolauschteren. Besonnesch awer och un all déi, déi an de Rettungsdéngschter aktiv sinn am Déngscht vun der Allgemengheet: Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Hansen. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken ee Merci der CSV an dem Här Lies fir dës Aktualitéitsstonn. D'ADR ënnerstëtzt d'Zilsetzung vum CGDIS ganz normal, awer och vum PNOS, dat ass am Fong geholl de Plan national d'organisation des secours, am Hibleck ganz speziell op d'Reaktiounszeit - wat ee wichteg Facteur ass an deem Ganzen - vun de Rettungsdéngschter, déi op 15 Minutte fir all Asaz reduzéiert soll ginn, wat am ländlechen Raum eng Erausfuorderung ass, an an déi wäert nach plazeweis zousätzlech mussen investéiert ginn. Hei geet et dacks ëm Liewen an Doud an duerfir ass eng Opstockung vun de finanzielle Mëttelen fir de CGDIS sënnavoll an och noutwendeg. Ech mengen, mir müssen dat jo alles garantéieren an der haiteger Zäit, mir mussen mat der Zäit goen.

Allerdéngs ass ofgemaach, dass dës zousätzlech Käschten zu gläichen Deeler vum Staat a vun de Gemenge solle gedroe ginn. Et muss ee sech d'Fro stellen: Soll d'Finanzéierung net vum Staat ausgoen amplaz vun de Gemengen, oder wéinstens eng aner Opschlësselung tëschent Staat a Gemengen? Eng ronn 30 Gemenge koume jo bei der Neioopdeeling vun de Gemegefinanze viru Jore schlechter ewech wéi virdrun. De Gemengen hire Spillraum gëtt ëmmer méi kleng, och duerch nei oder aner Obligatiounen, déi vum Staat aus ëmmer un d'Gemengen erugedroe ginn. Mir kréie jo elo bei de Kläranlage manner Subsid, mussen um Logement elo emol dat eent oder dat anert investéieren. An där Beräicher ginn et eng ganz Rëtsch an de Gemengen, wou mer ëmmer vum Staat gesot kréien, hei misste mer investéieren an do. De finanzielle Spillraum fir d'Gemengepappe gëtt ëmmer méi kleng. An ech mengen, dat hei ass jo och eng national Responsabilitéit. Och doriwwer sollt een emol nodenken.

An erlaabt mer nach e puer zousätzlech Iwwerleeungen. D'Rekrutierung vun zousätzlechem haaptberuffleche Personal souwuel an den Aussen-déngschter wéi och an der Verwaltung oder der Technik ass noutwendeg. Mee sollt dës personell Opstockung net koordinéiert gi mat zum Beispill der Arméi, der Police oder aneren Déngschter, déi och aktiv sinn hei an deem Beräich?

Et ginn an de kommende Jore méi Professioneller gebraucht bei deene ronn 4.000 Benevollen, déi mer elo ewell hunn, fir dass de CGDIS seng Flichten erfëlle kann. Et ass wichteg, bei der Rekrutierung vun all deene Leit net op d'Sproochenexigence ze verzichten. Wien hei am Land am Zivilschutz hëllef wëllt, sollt Lëtzebuergesch schwätzen. Och natierlech déi aner zwou Sproochen. Wat bis elo ëmmer esou war. A mir leeën och Wäert drop, dass dëst esou soll bliewen, well grad an dësem Beräich ass et wichteg, dass ee sech op deen anere verlosse kann. An do spillt d'Sprooch leider Gottes nun emol eng essenziell Roll. An ech mengen, ech war jo och eng Rei Joren aktiv an deem Beräich, wéi ech nach net an der Pensioun war, an duerfir weess ech aus Erfahrung, dass een do muss immens gutt zesummeschaffen.

An eng lescht Bemierkung, Suerg oder Iwwerleeung wëll ech lech mat op de Wee ginn: Aus eegener Erfahrung, an zwar an anere Beräicher, weess ech, dass ee muss oppassen, dass een net ze vill Frik-tiounen kritt tëschent Berufspersonal a Benevollen. Dat ass ee Volet, deen een net dierf vernoléissegen. Domadder fällt a steet de CGDIS an dee Service, dee mer fir all eis Bierger blutnoutwendeg brauchen, an dat ass ee Punkt, deen ech lech wëll mat op de Wee ginn.





An da wëll ech zum Schluss allen Acteuren aus dem CGDIS Merci soe fir hiren Asaz. 24 Stonnen op 24, siwen Deeg op siwen Deeg an 365 Deeg am Joer sti si fir all eis Bierger zur Verfügung. An duerfir, mengen ech, misste mer hinnen en Häerzleche Merci soen. An ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. An da wier et um honorabelen Här Marc Baum. Här Marc Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. 2018 ass effektiv hei an der Chamber mat enger Unanimitéit d'Gesetz ugeholl ginn iwwert de CGDIS, deen och domadder geschafe ginn ass. An deem virausgaange si ganz Legislaturperiode vun Inneministerien, déi sech zwar alleguer zum Virsaz geholl haten, dës Reform unzegoen, mee wou entweder d'Zäit nach net räif war respektiv d'Widderstänn um Terrain zu deem Moment och nach immens grouss waren.

Ech ka mech drun erënneren, datt éischt Reflexiounen och vun engem Inneminister Michel Wolter an déi Richtung geféiert hunn, awer dee Moment wéi gesot d'Zäit eventuell nach net räif war oder d'Widderstänn ze grouss.

20 Joer méi spéit war et dunn awer esou, datt d'Situatioun sech zu Lëtzebuerg komplett geännert hat an de Réckgang vun de Fräiwëllegen an de Services de secours esou grouss ginn ass, datt a verschiddene Situatiounen ee sech hätt kënne virstellen, datt ouni Reform an ouni Professionaliséierung et hätt kënne kommen, datt déi Service-de-secours net méi esou funktionéiert hätten, wéi dat fir ee Land awer néideg gewiescht wier.

Also, mat deem Constat vum Réckgang vun de Fräiwëllegen ass och de Besoin u Professionaliséierung gewuess. A mer wëssen och haut, datt d'Erausforderungen, virun deenen d'Service-de-secours stinn, amgaang sinn, permanent ze wuesen, duerch natierlech engersäits eisen demografesche Wuesstum, anerersäits awer och nei Phenomeener, déi duerch de Klimawandel provoziert ginn, wéi zum Beispill Bëschbränn oder Tornaden, mat deene mer et hei ze dinn haten. An awer natierlech och Phenomeener, déi méi staark gi sinn an der Lescht, wéi industriell Verschmutzung, Waasserverschmutzung, wéi mer se och an deene leschten Deeg a virun allem Méint a Joren hu mussen feststellen.

Duerfir elo, zwee an en halleft Joer méi spéit, d'Présentatioun vum Plan national d'organisation des secours. A wann een Ziler erreeche wëllt - an dat ass, mengen ech, eppes ganz Positives -, ass dat éischt, wat ee maache soll, sech Ziler ze setzen. An dat mécht dës Plan national d'organisation des secours mat dem Häerzstéck, der Ambitioun, fir a manner wéi 15 Minutten um Asazuert ze sinn, an dat an 90 bis 95 % vun de Fäll.

Och dat ass net komplett nei. Och déi Iddie si scho virun zéng Joer entwéckelt ginn. Mee wann ee se wierklech als Zil, als eppes définéiere wëllt, wat een erreeche wëllt, da muss ee sech och déi Moyenen dofir ginn. Ech mengen, datt dee Plang dat hei mécht. An déi Moyenen, dat bedeit natierlech och méi Käschten.

An duerfir ass an de leschte Wochen eng Polemik entstane ronderëm de Finanzement vun deene Méikäschten. An déi verschidden Acteuren ..., dat ass op jidde Fall dat, wat ech matkritt hunn, do huet keen d'Ziler a Fro gestallt, mee d'Aart a Weis, wéi een zu deem Zil kënnt. An et waren do besonnesch d'Gemengen, also de Syvicol, deen intervenéiert ass an deen déi Hausse vu Käschten awer a Fro gestallt huet an dat a Relatioun gesat huet mat manner Recetten, déi se hunn duerch coronabedéngten Ausfäll.

An ech mengen, da sollt een eng Diskussioun, eng generell Diskussioun, iwwert d'Gemegefinanze féieren amplaz dee Modell vu Finanzement, deen 2018 entwéckelt ginn ass, a Fro ze stellen. Dat ass op jidde Fall eis Haltung.

A mir mengen duerchaus, datt eng Diskussioun iwwert d'Aufgabe vun de Gemenge batter noutwendeg ass, datt déi Diskussiounen och mussen geféiert ginn an datt domadder och d'Diskussioun soll ronderëm d'Finanze gemaach ginn.

Dat, wat hei envisagéiert gëtt, déi Investissementer, dat si virun allem Investissementer a Mënschen. Déi Professionaliséierung bedeit nämlech genau dat: a Mënschen ze investéieren! An d'Professionaliséierung muss natierlech de pair goe mat der weiderer Ënnerstëtzung vun de Fräiwëllegen, déi esou eng zentral Roll an eisem System spillen, datt ouni si dee ganze System ganz einfach kollabéiere géif. Duerfir brauche se eng Unerkennung, sief dat elo finanzieller Natur oder, wéi anerer suggeréieren, éischter gesellschaftlecher Natur.

An ech fannen och déi Efforten, déi gemaach gi sinn an der Vergaangenheet beim Rekrutement, duerchaus luewenswäert, dat heescht, datt och versicht ginn ass, nei Profiller vu Fräiwëllegen ze erreechen, Jonker, awer och Fraen an Netlëtzebuerger. Déi, mengen ech, ganz wichteg sinn, déi virun

allem och eis Gesellschaft representéieren. A bei de Fräiwëllegen, beim Phenomeen vun de Fräiwëllegen, geet et jo virun allem och drëm, datt mer eng Gesellschaft sinn, déi sech selwer solidaresch hëlleft, accompagnéiert vun enger professioneller Ënnerstëtzung.

An ee leschte Gedanke vläicht, deen net direkt mam PNOS ze dinn huet, awer dorunner ugeleent ass: Nämlech dee Gedanken, datt an enger Gesellschaft, wou mir eis alleguer selwer hëllef mussen a sollen, do fannen ech et nach ëmmer onméiglech, datt een zu Lëtzebuerg de Schoulsystem verléisst, ouni eng obligatoresch Éischt-Hëllef-Ausbildung gemaach ze hunn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Marc Baum. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Merci dem Marc Lies fir déi wichteg Aktualitéitsstonn. Awer och merci alleguer de Leit, déi sech fir de CGDIS all Dag engagéieren. A wéi mer et vun all de Kollege wëssen, déi am CGDIS aktiv sinn: Et geet vill Zäit drop, et geet vill Energie drop - dofir e grouss Merci.

D'CSV huet virun an hirer Ried ugeschwat, dass et eng interessant Iddi ass - wou mir als Piraten bis elo nach net esou wäit iwwerluecht haten, mee et awer mat op de Wee wäerten huelen -, dass d'Gemenge mussen méi ënnerstëtzt ginn, wa se Fräiwëlleger vun dem CGDIS huelen. Dat ass eng Iddi, eng Pist, op déi ee wierklech sollt weider agoen. An ech géif do nach ergänzen, dass een dat och kéint op aner Firmen ausbauen, dass d'Patronen och verschidden Ënnerstëtzung kréien, wann ee beim CGDIS aktiv ass a wann deen eeben d'Aarbecht während deene Stonne muss verloossen, fir Mënscheliwwen ze retten.

Allgemeng ass awer unzemierken an der Reform, an dat kritt een heiansdo um Terrain esou beim Patt herno mat, dass mer mussen oppassen, dass déi Fräiwëlleg sech net verstinn, dass se heiansdo benodeelegt wären oder zweet Wiel. Well et heiansdo esou beim Patt nach erauskënnt, dass do awer e bëssen Diskussiounen entstinn tëschent de Professionellen.

Dofir géife mir Piraten virschloen, dass d'Inneministesch géif en interne Feedback-System op de Wee bréngen. Dat heescht, dass ee kéint eng Kéier am Groussen dee ganze CGDIS ëm seng Meinung froen, dass een do eng Kéier géif higoen an en digitale Feedback-System opbaue fir ze soen: „Wat sinn Är Problemer? Wat ass gutt gelaf?“ Well et muss ee jo och soen: Bei deem Patt gëtt een och viles gewuer, wat elo besser leeft zënter der Reform wéi virun. Ech wëll elo net hei en negatiivt Bild molen, ganz am Contraire. Et si vill Saachen, déi besser gelaf sinn.

Richtig ass déi Entscheedung, fir op déi 15 Minutten ze kommen. Mir Piraten wäerten och do d'Regierung ënnerstëtzen. De Wee iwwert de Gemegebudget ass vläicht net dee richtigen. Do muss ee ganz kloer soen, dass d'Gemengen am Moment struewelen. Déi eng Gemengen komme besser duerch. Et sinn anerer, déi wëssen net méi, wéi se herno hire Budget sollen opstellen. Do ass et schwierig, wa se elo herno och nach Méikäschten bei engem CGDIS ...

Woubäi, déi Méikäschten, dat wëlle mer als Piraten ganz kloer soen, déi si richtig! Mir mussen op déi 15 Minutte kommen, an dat iwwerall am Land! Et ass vläicht heiansdo ... Ech kommen aus enger grousser Gemeng. Bei eis ass et scho bal selbstverständlech, op 15 Minutten ze sinn. Mir hunn e ganz performante CGDIS-Zenter. Mee et sinn awer och Kollegen duerch d'Land, wou dat leider net de Fall ass.

Dofir mussen mer, jo, an d'Täsch gräifen an do e bësse Geld aus dem Budget huelen. Mee mir sinn awer do och éischter der Meinung, dass de Staat misst higoen an dat bäileen, an net zwéngend d'Gemengen, déi jo schon hir Problemer hunn.

Déi aner Geschicht ass: De CGDIS brauch och nei Leit. Ech weess, mir hunn déi selwecht Diskussioun an der Kommissioun, wann et ëm d'Arméi geet, wann et ëm d'Police geet, wéi iwwerall. De Problem ass: Mir missten eng Kéier higoen a soen: „Kommt, mir schafen eng Karriär, dass mer eis net iwwerall a Konkurrenz stellen zu deenen eenzelne Beruffer vun Arméi, Police, CGDIS, mee dass mer do zesammen eng Kéier eng Karriär schafen. Zesammen op eng Filière higin, fir dass mer net méi an der Konkurrenz stinn.“

Well et ass ëmmer - dat soll elo net béis si géint d'Ministerien -: Eee Minister stellt eng besser Campagne, eng Werbecampagne, Kino, d'Zeitung an alles vir fir säi Ressort. Jo, mee herno geet et awer iwwerall ëm d'Sécherheet vun de Leit. Dat heescht, dass mer do awer eng Kéier als Politik, Dir als Regierung, zesammen op e Wee ginn, dass mer higin an eng gemeinsam Filière schafen. Well a sech ergänzt et sech jo.

Deen ee ka seng Arméi maachen. Herno kann e bei de CGDIS. E kann dertëscht nach bei d'Police. Dat

ergänzt sech alles. Et ass elo net, dass deen een - ech wëll elo kee Supermarché nennen, mee mir wësse jo, an de Supermarché fänke se Schüler - dann do steet an zwou Wochen drop steet een aneren do. Do mussen mer op een anere Wee goen, wa mer deen nationale Plang wëlle konsequent ëmsetzen.

Ech gesinn, meng Zäit war net nei gestart. Ech hofen, Här President, ech sinn nach dran.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech mengen, dat do ass elo net ganz richtig gewiescht, esou wéi d'Auer gelaf war.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Nee.

(Hilarité)

Et ass awer net schlëmm. Ech wollt just nach zum Schluss ... A mengen Notizen hat ech opgeschriwwen, dass mer d'Regierung wäerten ënnerstëtze bei hire Pläng zum PNOS, wa mer dee klunge Budgets-hic do nach e bëssen hikréien. Mee ech sinn do ganz zouversichtlech, dass d'Inneministesch, déi jo awer och d'Budgete vun de Gemengen exzellent kennt, do wäert mat op de Wee goen.

Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert. D'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur.**- Merci, Här President. An och merci un den Deputéierte Marc Lies, dass mer haut kënnen iwwert de PNOS schwätzen, wat jo awer e ganz wichtige Sujet ass.

Bon, de Kader - d'Erausforderungen -, deen ass elo scho vu ganz ville Spriecher hei gesat ginn. Ech wëll just nach eng Kéier drop hiweisen, dass grad d'Covidkris eis elo gewisen huet, wéi wichteg et ass, dass mer eis Gesellschaft eeben, jo, esou gutt wéi méiglech virbereeden, wann dann eng Gefor, eng Kris, e Schock kënnt, deen esou séier wéi méiglech kënnen ze absorbéieren, d'Effete vun deenen negative Konsequenzen, esou kleng wéi méiglech kënnen ze verschaffen an eis eeben och fir d'Zukunft besser kënnen opstellen a virbereeden.

D'Stéchwuert ass hei d'Resilienz; u sech d'Widderstandsfäegkeet, déi mer hei ustriewen.

Ech gesinn et och elo net nëmmen als eng grouss politesch Prioritéit, dass mer d'Rettungswiesen esou opstellen, dass mer allegueren déi Erausforderungen, déi och eebe scho grad genannt goufen, sief dat och Naturkatastrophen, sief dat och déi demografesch Entwécklung, déi mer hei am Land hunn, wat jo och nei Erausforderunge bréngt ... Ech gesinn et eeben net nëmmen als Prioritéit, d'Rettungswiesen esou opstellen, dass mer dës alleguerte kënnen meeschteren, mee ech gesinn et carrement als eis Pflicht.

A vergiesse mer och net, firwat de CGDIS kreéiert ginn ass, firwat mer eng Reform am Rettungswiesen haten. Et ass och scho vun enger Rëtsch Spriecher hei ugeschwat ginn, dass et deemools e ganz kloert d'Bekanntnis war, dass een net esou wëllt weiderfuere, wéi et bis deemools war, dass ee gär eng Reform am Rettungswiese wëllt, ass ee sech wëllt verbesseren an dass een eeben deenen Erausforderunge wëllt Meeschter ginn. An de CGDIS ass eebe ganz kloer hei ee vun den Haaptacteuren am Beräich vun der Resilienz.

Wat mer och net dierfe vergiessen: De CGDIS kritt elo knapps dräi Joer. Dat ass laang, an och net. Dräi Joer ass et hier, wou e gegrënnt gouf. An en ass nach am Opbau. Ech mengen, dat dierfe mer och net vergiessen. Et ass eng Reform - och dat ass scho gesot ginn -, déi eng Zäit brauch, bis se ganz ëmgesat ass.

De PNOS ass jo elo de Plang fir d'Organisatioun vun Rettungswiesen, dee sech och Ziler gëtt. Dofir hunn ech et ganz interessant fonnt, wéi den Deputéierte Marc Baum et grad gesot huet: „Et ass wichteg, dass ee sech iwwerhaupt emol Ziler gëtt!“ Och dat sinn nei Diskussiounen, déi et esou an der Vergaangenheet net gi sinn, déi awer wichteg sinn, wa mer eis, wéi gesot, den Erausforderungen hei wëlle stellen a wa mer wëllen de Leit an Nout hëllef.

Dat grousst Zil, wat mer mam PNOS verfolge, ass jo, dass innerhalb vu 15 Minutten, ab deem Moment, wou een den 112 kontaktéiert, d'Rettung op d'Plaz ka kommen, fir esou de Leit an der Nout kënnen séier an adequat ze hëllef.

Et ass gesot ginn: „De PNOS ass eng Roadmap.“ Ech soen ëmmer: „Et ass de Kompass, deen d'Richtung ugëtt, an déi de CGDIS sech soll entwéckelen.“ Oder anescht ersäit ausgedréckt: De PNOS soll eeben Äntwerten op d'Fro ginn, wat de CGDIS ganz konkret brauch, fir eeben an den Noutfäll adequat kënnen ze reagéieren, an iwwerall am Land. A wann ech soen „iwwerall am Land“,

dann heescht dat flächendeckend an allen Ecker, a ganz besonnesch och am ländleche Raum, also a maximum 15 Minutten op der Plaz kënnen ze intervenéieren.

Fir dat ze erreechen, brauch een natierlech Mëttelen. Mir brauchen engersäits Personal. Mir brauchen d'Leit. Mir brauchen d'Infrastrukturen, wou mer dann och d'Leit drasetzen. An natierlech brauche mer och déi finanziell Moyenen. Ouni Sue geet et net.

Ech si mer och ganz bewusst, dass ech elo zu engem Zäitpunkt kommen, dee bei de Gemengen natierlech Froen opwerft, well jo den Impakt vun der Kris op d'Gemegefinanze scho sichtbar ass. Dat ass richtig. Ech verstinn och, wann et zu Méikäschten kënnt, dass ee sech doriwwer Froe stellt an doriwwer diskutéiert. Dofir hunn ech duerchaus scho Verständnis.

Ech wëll awer nach eng Kéier ganz kloer betounen, respektiv ass et jo och scho vun anere gesot ginn, dass mer hei awer eng Diskussioun féieren, wou et elo net ëm en „Nice-to-have“ geet. Nach eng Kéier: Mir schwätzen hei iwwert d'Rettungswiesen! Mir schwätzen hei driwwer, wéi eng Moyene mer eis wëlle ginn, fir eeben d'Leit, déi an Nout sinn, wou wierklech all Minutt spillt! Jo, et sinn och Situatiounen, wou et heiansdo ëm Liewen an Doud geet. Ech mengen, déi Diskussioun dierfe mer net nëmmen eleng aus der Siicht vun de Finanzen féieren.

An nach eng Kéier: De CGDIS ass am Opbau a brauch elo nach eng Rëtsch Investissementer. Et ass wichteg, dass mer déi elo maachen, dass mer dat net verschleefen, mee dass mer elo an deen Opbau weiderhin investéieren!

Am PNOS hu mer ausgerechent, dass de Budget elo fir all Joer ëm ongeféier 8 % wäert klammen. Fir d'Zil vun där Interventiounszäit vun deene 15 Minutte maximum kënnen ze erreechen, awer och - ee ganz wichtige Punkt respektiv eng wichtige Missioun -, fir kënnen an der Preventioun nach méi aktiv ze ginn.

Ech mengen, och dat ass ee Punkt, deen d'Gemenge ganz gären héieren, well et och hei an der Vergaangenheet emol zu gewëssene Schwierigkeiten komm ass, respektiv et ass oft vun de Gemenge bemängelt ginn, dass et do net séier genuch geet. A grad hei ass et wichteg, och weider Investissementer ze maachen, eebe fir dass d'Avisen zu de Bauprojeten, déi gefrot ginn, dann och matzäite kommen. Dofir ass et och wichteg, hei nach weider Expertisen am CGDIS opzebauen, fir eeben och an dee ganze Beräich an der Brandpreventioun, déi jo och de Gemenge wichteg ass, hei kënnen weider ze investéieren.

Mir mussen eis mat där Dynamik, wou mer hei am Land amgaange sinn, eis weider ze developpéieren, amgaange sinn ze wuessen, wéi gesot, deenen Erausforderungen stellen, fir eeben an engem Noutfall séier an esou gutt wéi méiglech kënnen ze hëllef.

Wat elo konkret de Verdeelungsschlüssel betrëfft ... Et ass jo elo d'Fro u mech gestallt ginn, ob ech bereet wär, do och eppes drun ze änneren. Ech soe ganz kloer: Neel! Ech hunn net wëlles, de Verdeelungsschlüssel, deen am Gesetz festgehal ginn ass, elo emännere ze goen. Well un deem grouss Prinzip, dass de Staat an d'Gemenge sech een Deel vum Budget deelen, halen ech weiderhi fest.

Et ass och net esou, dass alles fifty-fifty gedeelt gëtt. Et ass jo och dono: De Beräich vun de SAMUen, Flughäfen an och déi international Missiounen, déi gi reng vun Staat gedroen. D'Kontributiounen vun de Gemenge maachen am Endeffekt ee Véierel vum Gesamtbudget aus.

De Bedeelegungsschlüssel, also wat d'Gemengen elo ganz genau contribuieren, gëtt jo zur Hallschent gerecht, zur Hallschent un der Unzuel vun den Awunnerinnen an Awunner an zu där anerer Hallschent eeben un de Recettes non affectées, déi d'Gemenge vum Staat kréien.

Och hei ass dee Solidaritéitsprinzip verankert. Dat dierfe mer net vergiessen. Et war och deemools bei der Reform ganz wichteg, dass een eeben derfir suert, dass déi Gemengen, déi finanziell besser opgestallt ginn, am Endeffekt och méi heizous contribuieren.

Et war och deemools e Wunsch vum Syvicol, eng Aart Brems anzesetzen, dass eeben d'Ausgabe vum CGDIS ab 2023 pro Joer net méi héich klammen dierfe wéi d'Recetten, déi d'Gemengen all Joer vum Staat kréien. Dat heescht, och hei ass virgesuert ginn, dass eeben d'Gemengen net herno an eng Situatioun kommen, wou et méi brenzeleg gëtt.

Dovunner ofgesinn huet och de CGDIS awer am Kader elo vun der Covidkris e bëssen agespuert. Ech hat dat nach eng Kéier nogekuckt: Dat sinn ongeféier 4 %. Dat heescht, dat si 5 %, déi de CGDIS och elo an dësen Zäiten agespuert huet. Dat dann nach d'Äntwert op déi Fro, ob de CGDIS géif hei Spuermesuren huelen.

Dann de Punkt vum Personal; wéi ech scho gesot hunn, och ee vun deene Moyenen, déi mer brauchen, fir déi Ziler hei vum PNOS ëmzesetzen.





De Plang gesäit vir um Horizont 2025, dass fir all Joer weider 50 Beruffspompjeeën am Cadre de base agestellt solle ginn an aacht Offiziéier am Cadre supérieur.

Hei nach d'Fro vun de Karriären, déi gestallt gouf. Ben, och do hunn ech elo net wëlles, Adaptatiounen ze maachen. Vlächit fir just nëmmen drop hinzeweisen, wéi awer och hei de System opgebaut ass: De Cadre moyen gétt integral iwwert d'Changements de carrière aus dem Cadre de base geféllt. Dat heescht, e gétt intern mat de Leit geféllt. Et ginn elo net B1 nei ausgeschriwwen, mee déi ginn intern rekrutiert.

Dann hunn ech mer kierzlech missen unhéieren, de CGDIS géif sech zu engem Waasserkapp entwéckelen. Och hei wëll ech dat ganz kloer ofwénken a soen, dass dat absolutt falsch ass, well och hei ass eng Brems virgesinn.

Et ass och vlächit interessant, hei d'Chifferen ze nennen. Et ass virgesinn, dass et beim Rekrutement am Cadre supérieur 8 % sinn, am Cadre moyen 12 %, an am Cadre de base 80 %. Ech mengen, ech kenne keng aner Administratioun hei am Land, déi sech esou eng Reegel ginn huet; eebe justement fir dorobber opzepasst, dass e gewëssenen Equilibre do ass an dass mer och do d'Entwécklung weider am A behalen.

Wat elo gezielt d'Rekrutierung betrëfft, do ass de CGDIS amgaangen, eng national Rekrutierungsstrategie ... Also, en huet eng Strategie opgebaut an elo wëllt en nach eng Campagne lancéieren. D'Zil muss sinn, natierlech ganz vill Leit fir dëse Beruff ze begescheren, ganz besonnesch och Fraen. Klammer op: De CGDIS wäert elo mam „Mega“ (ndlr: Ministère de l'Égalité des chances) eng Konventioun ënnerschreiwen, fir eng Action positive ze maachen, fir eeben och méi divers ze ginn. Klammer zou.

A ganz wichteg - dat ass och virdrun ugeschwat ginn -, dass mer och kucken, Leit, déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, an där sinn der eng Rëtsch, déi sech och mellen, déi wierklech motivéiert sinn, sech och beim CGDIS ze engagéieren, dass mer déi dee Moment och an de Beruff erakriien.

Hei vlächit nach e leschte Chiffer, deen ech wëll nennen, deen awer och ganz weesentlech ass, wa mer iwwert d'Personal schwätzen: Am PNOS steet, dass 80 % vum POJ, dem Potentiel opérationnel journalist, an de grousser Kaserne mat Volontaire besat gëtt, an da logescherweis dann déi 20 %, déi iwwregbleiwen, mat Haaptamtlechen.

Och hei gesäit ee ganz kloer d'Bekanntnis zu de Fräiwëllegen am CGDIS. Och déi, wa mer iwwert d'Finanzen erëm schwätzen, hunn et verdéngt, en adequate Kader virzefannen, Material, wat se brauchen, Formatiounen. Ech mengen, och dat si wichteg Investissementer, déi mer net dierfe vergiesen, och fir eis Fräiwëlleg.

Fräiwëlleg, mengen ech, ass ee gutt Stéchuert, fir dann och op déi nächst Fro nach anzegoen, déi gestallt gouf: Wat nach weider fir d'Volontariat gemaach gëtt.

Ben, als Éischt wëll ech soen, dass ech ganz frou sinn, hei ze héieren, queesch duerch d'politesch Parteien, duerch d'Fraktiounen, dass jiddereen d'Volontariat esou héichhält. Ech mengen, ech schwätzen do fir eis allegueren, dass mer wierklech verdammt frou kënnen driwwer sinn, dass esou vill Fraen a Männer sech all Dag an den Déngscht vun hire Matbiergerinnen a Matbierger setzen.

Dat soll och weiderhin d'Zukunft sinn. D'Rettungswiese soll och weiderhin op déi Fräiwëlleg kënnen zielen, déi sech eeben an den Asaz ginn, déi och net ëmmer eng einfach Aufgab hunn, natierlech och elo an der sanitärer Pandemie. Och doriwwer eraus si se oft mat Situatiounen konfrontéiert, ronderëm d'Auer, déi net evident sinn.

Ech mengen, och hei solle mer stolz, wéi gesot, op dëst Engagement sinn a sollen och alles drusetzen, dass mer déi Fräiwëlleg, wéi een esou schéi seet, weiderhi bei der Staang halen an hinnen och ee Kader ginn, dass si hiert Engagement esou kënnen ausféieren.

Do huet jo och d'Gesetz eng ganz Rëtsch vu Mesur virgesinn, fir hei d'Volontariat nach weider kënnen ze ënnerstëtzen. Ech zielen hei zum Beispill op déi zousätzlech Deeg fir de Congé spécial, fir kënnen Formatiounen ze maachen, awer och d'Allocation de reconnaissance fir laangjäreg Memberen oder en Deelfrembursement bei den Zousazversécherungen, bei der Maladie a bei der Pensioun. Wéi gesot, grondsätzlech geet et drëm, dass déi Fräiwëlleg eebe Konditiounen virfannen, dass si kënnen am beschte Kader hiert Engagement esou ausüben.

Zu der Fro vum Rembursement, wann eng Gemeng elo Fräiwëlleger dee Moment fräistellt: Et ass esou, dass d'Gemengen haut effektiv näischt rembourséiert kréien. Mee ech denken, dass een duerchaus doriwwer kann nodenken, dass een och hei eng Reegelung fënnt. Dass dee Moment, wéi eeben och bei de Privatbetriber, och d'Gemenge kéinte vlächit esou e Congé „sapeurs“ rembourséiert kréien. Op alle Fall, wann dat de Wunsch vun de Gemengen

ass, sinn ech bereet, doriwwer ze diskutéieren. Da wäerte mer och hei sécherlech eng Eenegkeet fannen.

SAMU Lëtzebuerg 2: Dat war jo och elo nach ee grousser Punkt, deen den Här Lies opgeworf huet, a wou e mech och invitéiert huet, dass ech d'Decision soll iwwerdenken, fir de SAMU zu Hesper - bon, Dir hutt et scho richtig op de Punkt bruecht -, dee ganz gutt fonctionéiert, dass deen net soll an de CNIS integréiert ginn.

Et ass keng politesch Decision - dat wëll ech direkt soen -, déi hei hannendru stécht. Et ass esou, dass de SAMU Lëtzebuerg 2 an de CNIS soll integréiert ginn, wou jo och d'Ambulanz vum CIS Lëtzebuerg dorënner sollen ënnerbruecht ginn, d'Stocken, d'Apdikte vum CGDIS, dann déi verschidden Direktiounen, an och den 112, déi fir déi operativ a logistesche Ofleef zoustänneg sinn.

Hei gëtt eebe séchergestallt, dass de SAMU Lëtzebuerg 2 an dee gudden Ofaf hei matagebonne gëtt an eeben och d'Weeër téschent deenen eenzelnen Acteure méi kuerz wäerte ginn. Dofir deelen ech och net déi Aschätzung. Mir sinn elo keng faktuell Argumenter bekannt, dass de CNIS elo e manner gudder Standuert wär, au contraire. Och dat ass alles gekuckt ginn. Och dee läit geografesch gutt, soudass ech net denken, dass hei elo e Problem mat den Ausréckzäite wäert kommen. Virun allem deelen ech net Är Aschätzung, dass mer elo manner gutt Ausréckzäiten hei géife kréien.

Dovun ofgesi wäert och dee Beräich weiderhin natierlech iwwerwaacht ginn, esou wéi permanent d'Prozesser am Rettungswiesen iwwerwaacht ginn, fir ëmmer erëm ze kucken, wou een och kann emol spontan a séier reagéieren.

Dofir och zu där Fro mat den Donnéeën a mat de Kaarten: Also, et ass net, dass de PNOS elo an de Schaf gestallt gëtt an dass mer net méi do wäerten driwwer kucken. Au contraire, déi Kaarte sollen och reegelméisseg à jour gehale ginn, fir och ëmmer esou kënnen eng Evaluatioun ze maachen.

Mee déi grouss Evaluatioun ass souwisou virgesinn, well de PNOS ass jo op fënnf Joer ausgeriicht. Soudass mer souwisou mussen herno de Bilan zéien an nach weider eeben Adaptatiounen ... respektiv kucken, ob Adaptatiounen ze maache sinn.

Dem Syvicol hunn ech elo ugebueden, dass mer eis nach eng kéier zesummen un den Dësch kënnen setzen, zesumme mam CGDIS, a mer dann all hir Froe kënnen beäntweren. Ech wëll awer och soen, dass ech dat ni ausgeschloss hunn, ganz am Géigendeel. D'Gemengen hunn eng Circulaire kritt, wéi mer an de Consultationsprozess gaange sinn a wou och ganz kloer ee Kontakt affichéiert ass, wou mer gesot hunn: Wann d'Gemenge Froen zum PNOS hunn - well et ass jo keen einfacht Dokument, do stelle sech jo och Froen -, wann eeben do nach weider Informatiounen feelen, kënnen si sech zu all Moment eeben un där Kontaktstell bei mir am Interieur mellen. Meng Leit sinn do, fir mat hinnen doriwwer ze diskutéieren. Mee selbstverständlech komme mer elo nach zesummen, esou wéi och de Syvicol dat vu mir gewinnt ass. Wa Klärungsbedarf ass, da fanne mer schonn de Wee zesummen.

Am Resümmee just vlächit nach eng kéier ganz kuerz déi wichtegst Argumenter, déi et awer elo hei an der Diskussioun gëtt, respektiv déi wichtegst Argumenter, fir am PNOS ervirzestrichen: éischens, d'Zil bis 2025, egal wou am Land bannent 15 Minuten Hëllef kënnen ze kréien, wann een an engem Noutfall ass; zweetens mussen mer eis dofir d'Moyene ginn - ech hunn et gesot -: Personal, also Persounenopstockung, d'Infrastrukturen an natierlech och d'Suen, fir kënnen dëst Zil esou ze errechen.

A wa mer iwwert d'Sue schwätzen, da bedeit dat net, wa mer elo eng Méiausgab maachen, dass mer bei deem wëlle stoebleiwen, wou mer haut sinn. Nee, am Géigendeel. Mir wëllen eis verbessern. Mir wëlle gären d'Rettungswiesen esou opstellen, dass mer flächendeckend séier kënnen reagéieren, wéi gesot, mam Zil vu 15 Minuten.

Ech mengen, dat muss et eis einfach wäert sinn. Et ass déi Geschicht, wéi ëmmer, mat de politesche Prioritéiten, wou ee wëllt investéieren. Ech mengen, mir sinn et de Leit dobausse schëlleg, dass mer d'Rettungswiesen esou opsetzen, dass se sech kënnen drop verlossen, wa se an Nout sinn, dass d'Ambulanz dann net allze laang brauch, mee egal, wou d'Leit wunnen, wou se schaffen, dass se dee Moment an Nout gehollef kréien.

Dofir sinn ech frou, dass ech awer och hei héieren, dass awer eng grouss Majoritéit de PNOS wäert ënnerstëtzen.

Da wäerte mer och elo nach d'Avise vun de Gemengen sammelen. Dat ass dann elo nach d'Äntwert op déi lescht Fro, déi komm ass: Wéi geet et weider? Mir sammelen elo déi Avise vun de Gemengen a wäerten dann nach eng kéier iwwert de PNOS goen. Da wäert ech dëse mat an de Regierungsrot huelen. Mäin Timing ass, dat virum Summer ze maachen. Da kann deen neie PNOS a Kraaft treden.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, der Madamm Inneministesch Taina Bofferding. An direkt da Parole après ministre fir d'Madamm Lydie Polfer.

■ **Mme Lydie Polfer (DP).**- Merci, Här President, ech dinn elo d'Kap un als Presidentin vum CGDIS, well mir Gemenge si jo eeben och wierklech e wichtige Partner am Kader vum CGDIS. Ech hunn eeben elo déi Eier, ons Gemengen an dem CGDIS ze verrieden.

Ech wëllt der Madamm Minister wierklech Merci soe fir dat, wat se elo just hei gesot huet, all déi Prezisiounen. Dat ass wichteg, well mir haten och am Kader vum CGDIS mat de Gemengeverrieder Diskussiounen iwwer eeben eng Rei Punkten.

Ech wëllt just hei, an dofir hunn ech och d'Wuert ergraff, ganz kloer soen, dass och an dem Avis vum Syvicol d'Gemengen, déi och do eeben zesummeschaffen, a kengem Moment - a kengem Moment! - dat Zil, dat mer eis effektiv 2018 gesat hunn, dass a 15 Minuten iwwerall, egal wou am Land ..., dat sollt a Fro gestallt sinn.

Et sinn e puer Froen opkomm: Wou komme mer un déi Leit? Gëtt et der genuch? Mee dat kënnen mer jo an där Diskussioun, déi Dir eis ugebueden hutt, um Niveau vum Syvicol gäre maachen. Mee ech géif lech soen, an dat wollt ech just derbäi soen: Et wier gutt, wann an där Reunión och d'Gemengeverrieder am CGDIS derbäi wieren. Well do, mengen ech, wier et wichteg, dass een op dat, wat Der elo hei gesot hutt, kann an engem méi klengen Krees a méi daitlech nach eng kéier agoen.

lech e grousser Merci. Mir hunn elo schonn an deene Joren, an dat kann ech och soen, e grousser Wee no vir gemaach, vill positiv Schrëtt no vir. A mir wäerten dat och zesummen nach weider maachen.

Merci a bis geschwënn!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Polfer. An da Parole après ministre fir den Här Marc Lies.

■ **M. Marc Lies (CSV).**- Jo merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wëll och der Madamm Minister Merci soe fir hir Erklärungen.

Ech mengen, ech wëll nach eng kéier drop zréckkommen, dass dës Heur d'actualité haut de Muere ganz kloer drëm gaangen ass ... Ech mengen, och d'CSV steet honnertprozenteg hannert der Reform vun eeben de Rettungsdéngschter. An datt d'Mise en place vum CGDIS ganz sécherlech eng wichteg Saach war, déi zanter 2018 - also Juli 2018 - funktionéiert.

Wéi gesot, dës Heur d'actualité sollt konstruktiv sinn an dee Moment och Piste mat op de Wee ginn. Wéi gesot, et si verschidde Saachen, wou d'Madamm Minister favorabel drop reagéiert huet respektiv an Aussicht gestallt huet, fir dat eent oder dat anert kënnen unzepassen. Ech hunn awer nach e puer Froen dozou.

Ben, ech mengen, an deene leschten Deeg war et vill iwwert d'Repartitioun vun de Fraise gaangen. Duerfir eng Fro un d'Madamm Minister: Sollt sech awer elo erausstellen, dass d'Repartitioun vun de Fraise net 50/50 wär, wär d'Madamm Minister da bereet déi Repartitioun, sollt dat deem net entsprechen, dat dann och esou auszegläichen, wéi et da sollt sinn? 50 % Staat a 50 % Gemengen. Wann een do eng kéier géif all déi eenzel Komponenten iwwert déi lescht Joren zesummerechnen. Dat ass déi éischt Fro.

Déi zweet Fro, wat d'Beschaffung vun neiem Material ugeet elo a Krisenzäiten. Ech mengen, et ass wichteg, dass d'Rettungsdéngschter dat beschteméiglecht Material à disposition hunn. Ob do effektiv elo am Kader vum leschte Joer Aspierungen um Material gemaach gi sinn, jo oder nee - ech mengen, dat wär eng wichteg Äntwert, déi mer awer och dorop gären hätten.

Wat mech natierlech besonnesch enttäuscht, dat ass de Standuert vum SAMU Lëtzebuerg 2. Ech hunn developpéiert gehat, dass eeben de SAMU Lëtzebuerg 2 bei Wäitem déi beschten Asazäiten huet. Och dat ganzt Team ronderëm den Dokter Rabi huet sech derfir ausgeschwat, fir op deem Standuert kënnen ze bleiwen, vu datt ronn 40 % vun hiren Asätz awer och an den Osten an an de Süde vum Land ginn an dat natierlech geografesch a strateegesch vusäite vun Hesper aus ganz séier do kann erreecht ginn.

Ech hunn et virdrun ugeschwat: De CNIS, ganz sécherlech, mengen ech, ee flotte Standuert fir allegueren d'Rettungsdéngschter an deenen nächste Joren, wann en a Betrib geet, mee beim CNIS wäerten - ech mengen, dat wëssen och d'Verieder vun der Stad Lëtzebuerg - an deenen nächste Joren do extreem Infrastrukturen ronderëm sinn. Ech hunn do effektiv, éierlech gesot, e bëssen Angscht, dass doduerch eeben d'Asazäite kéinten hypothekeiert ginn.

Duerfir wëllt ech dat nach eng kéier kloer en évidence setzen, mat deenen Infrastrukturen beechten,

déi an deenen nächste Jore ronderëm sinn, ob dat elo de Rond-point Gluck ass respektiv all déi Stroosse ronderëm, mat engem Échangeur de Hesperange, deen och eng kéier wäert nach gebaut ginn. Dat gëtt ganz kriddelech an deenen nächste Joren. Duerfir dat nach eng kéier als Remark gemaach.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Marc Lies. Da Parole après ministre fir den Här Michel Wolter.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Här President, och ech wollt der Madamm Minister Merci soe fir déi interessant Ausféierungen, déi si gemaach huet. Ech hunn eng ganz prezis Fro u se: Si seet, d'Contribution vun de Gemenge géif e Véierel vum Budget ausmaachen, an hiren Expositiounen, déi se elo just gemaach huet. Or, et ass mir net méiglech, fir dat nozevollzéien.

Ech wollt se also froen, ob se eis kéint erklären, wéi se op déi Participatioun vun engem Véierel kënn. D'autant plus, dass d'Kont vum CGDIS net publizéiert sinn, se op jidde Fall net um Site vum CGDIS ermëzefanne sinn, weeder déi vun 2018 nach déi vun 2019 nach déi vun 2020, wat et engem géif erlaben, fir de Chiffre d'affaire an d'Participatioun vun deenen eenzelnen nozekucken. Dat Eenzegt, wat publizéiert ass, ass de Rapport d'activité. An de Rapport d'activité geet net am Detail op de Bilan an op de Kont an.

Dofir, well ech aner Chifferen am Kapp hunn, wollt ech d'Madamm Ministesch froen, ob se eis wierklech kéint erklären, wéi se drop kënn, fir ze soen, dass d'Contribution vun de Gemenge sech op ronn e Véierel vum Budget vum CGDIS géif belafen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wolter. An da ginn ech d'Wuert zréck un d'Regierung, d'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

■ **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur.**- Jo, ech fänke mat där leschter Fro vun Här Wolter un. Ben, ech mengen, ech weess net, ob de Budget elo um Site ze fannen ass, op alle Fall hunn d'Gemenge jo hir Verrieder am Verwaltungsrot vum CGDIS. An de Verwaltungsrot ass jo awer dee Gremium, deen de Budget unhëlt. Dat heescht, och do, mengen ech, kann een nofroen, fir dee Moment de Budget ze kréien.

Et ass esou, wann een all d'Recetten dee Moment kuckt vum Budget vum CGDIS, mécht d'Contribution vun de Gemengen eeben e Véierel aus. Dat waren elo, fir de Budget 2021, 26 Milliounen. A mir schwätzen hei vun engem Gesamtbudget vun 133 Milliounen. Doduerch eeben dëse Chiffer.

Zur Fro vum Deputéierte Marc Lies: Fifty-fifty, ech si mer net ganz sécher, wat Der elo genau gemengt hutt, well déi Fifty-fifty-Opdeelung ass do. Mee och nach eng kéier hei, et ass net alles, wat an de Budget vum CGDIS fält, fifty-fifty opgedeelt. Do ass et, wéi ech virdu gesot hunn, esou: Den Deel, elo wat de SAMU betrëfft, gëtt integral an och vum Staat bezuelt, wéi och déi international Missiounen. Dat ass eppes, wat eeben net vun de Gemenge contribuéiert gëtt.

Also de Budget vum CGDIS ass net ganz einfach, muss een och soen. Mee wat een net dierf vergiesen, ass, dass virdrun nach eng ganz Rëtsch vu Recetten erakommen, eeben déi direkt Dotatioun nach vum Staat, wéi ech elo grad gesot hunn. Da komme jo nach Recetten iwwert d'Autossteuer, iwwert d'TVA, dann d'Prestatiounen, déi Rechnungen, déi de CGDIS dee Moment ausstellt. A genau dës Elementer komponéieren dee Moment de ganze Budget.

Mee nach eng kéier: Ech gesinn net an, fir elo dee Verdeelungsschlüssel ëmänneren ze goen. Et ass e Prinzip, op dee sech deemools beim Gesetz 2018 geënegt ginn ass, mat där Brems, déi dran ass, wéi ech virdu gesot hunn, wou och eng gewësse Garantie da fir d'Gemengen ass, wa se manner Dotatioun kréien, dass dee Moment de Budget vum CGDIS net esou ka wuessen. Dat hunn ech virdrun erkläert.

An insgesamt och, wat d'Gemengefinanzan betrëfft, do war ech virdrun net drop agaangen, mee do wäerte mer och an nächster Zukunft nach eng kéier zesummekommen, well jo nach de Rapport vun der BCL iwwert d'Reform vun de Gemengefinanzan, deen ech elo all Ablack misst kréien ... Et ass souwisou virgesinn, dass mer eng kéier an der Chamber hei nach eng Ronn zesummen dréien, wou mer da kënnen op déi Analys do agoen. An da wäerte mer eis och nach eng kéier Zäit huelen, fir iwwert d'Gemengefinanzan ze diskutéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci un d'Madamm Ministesch. An nach eng kéier Parole après ministre fir den Här Michel Wolter.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Jo, Här President, ech wollt nach eng kéier drop zréckkommen, wat d'Madamm Ministesch elo just gesot huet. Wann ech si richtig verstanen hunn, wär et un de Verrieder vun de Gemengen am CGDIS, fir de Gemengen d'Konten





zoukommen ze loosse vum CGDIS. Ech géif mer also erlaben, der Madamm Polfer als Presidentin vum CGDIS d'Fro ze stellen, ob si deenen 102 Gemengen da géif de Rapport annuel vun de Konte vum CGDIS zoukomme loosse.

Eng Alternativ, wat ech eng besser Solutioun géif fannen, wär, dass ech d'Madamm Polfer géif froen, dass se am CGDIS géif drop awierken, dass d'Konte vun 2018, 2019 an 2020 um Site vum CGDIS géife publizéiert ginn, fir dass jiddwereen, dee se wëllt ofruffen an dee se wëllt liesen, d'Méiglechkeet kritt, fir dat ze maachen. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, wat ech wëll soen, dat ass, dass d'Madamm Minister an hirer éischter Ried hei gesot huet, dass d'Contribution vum de Gemengen ee Véierel vum Budget vum CGDIS wär. Ech hu se du gefrot, wéi dee Véierel, wéi deen zustane géif kommen. A si huet dorobber geäntwert, dass dat 26 Milliounen wärem 133 Milliounen, déi de CGDIS als Budget hätt. Or, wann ech 26 Milliounen duerch 133 Milliounen deelen, da wär d'Contribution vum de Gemengen 19,54 %, also net ee Véierel vum CGDIS, mee ...

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Dir hätt sollte Mathematikprofessor ginn. Do hätt Der méi kënne bewierke wéi hei.

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- ... mee ee Fënneftel vum CGDIS.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- Et ass also eng vun deenen zwou Riede vun der Madamm Minister, déi net klappert. Entweder et ass ee Véierel oder et ass ee Fënneftel oder et ass eppes aneres. Mee 26 Milliounen vun 133 - et ass einfach no Adam Riese - ergëtt net 25 %, mee exakt 19,54 %.

Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wolter. An da wëll ech d'Madamm Polfer froen, ob si wëllt dorobber äntweren.

■ **Mme Lydie Polfer** (DP).- Jo, Här President, ganz gären. Ech kann dem Här Wolter nëmme recommandéieren, den Avis vum Syvicol zum PNOS ze liesen, well do steet alles am Detail, ganz am Detail, wéi mer eeben, fir elo 2021, op déi 106.886.000 kommen an dovun kommen der 26.042.000 vun de Gemengen a genau dat nämmlecht vum Staat. An dat sinn eeben déi 50 % fir de Staat a 50 % fir d'Gemengen. Mee da kommen eeben déi aner Dotatiounen dobäi. An déi Dotatiounen sinn, zum Beispill, dat ass déi déckst, d'Reaffektatioun eeben un de CGDIS vun der Hausse vun der TVA zënter 2015. Eleng dat mécht 43.997.000. Ech liesen elo net weider. Mee den Avis vum Syvicol seet dat ganz kloer.

An ech mengen Dir kënnt .. Är Vertrieeder - also, ech mengen ons Vertrieeder, net Är, mee ons, well mir operéieren do net no Parteien, mir versichen do, den Interêt vun de Gemengen eeben a vun der Allgemengheet ze verrieden -, déi si jo och do dran. A wann eppes ons ganz um Häerz läit, dann ass et d'Transparenz. An all d'Konten, sief et déi vun deem leschte Joer, deem Joer virdrun, de Budget, an déi kommend, sinn transparent. An ech wäert derfir suergen, Här Wolter, datt Dir déi och vun Äre Kollegen a vun ons kritt.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Polfer. An da ginn ech d'Wuert nach eng Kéier zrëck un d'Madamm Inneministesche.

■ **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*.- Jo, am Fong geholl wollt ech dozou net méi vill soen. Ech soen dem Här Wolter da Merci, fir dës Explikatiounen an dëse kuerze Briefing an der Mathematik. Mee ech mengen, wa mer eis elo wierklech doriwwer hei sollen d'Käpp zerbréchen ... Ech mengen, mir hu ganz aner Diskussiounen, déi mer solle féieren, anstatt elo doriwwer ze diskutéieren, ob et elo 20 %, 23 % oder 25 % sinn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Madamm Inneministesche. Dese Punkt ass domadder ofgeschloss.

■ **M. Michel Wolter** (CSV).- Et geet fir haut duer.

### 3. Question élargie n° 89 de M. François Benoy au sujet de la stratégie de réponse à un accident nucléaire majeur dans le voisinage du Luxembourg

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Moien ass déi erweidert Fro Nummer 89 vum Här François Benoy un d'Inneministesche iwwert d'Strategie am Fall vun engem nuklearen Accident an der Noperschaft vu Lëtzebuerg. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. François Benoy** (déi gréng).- Merci, Här President. Dir Dammen an Härn Deputéiert, Madamm Inneministesche, de 26. Abrëll 1986, also viru 35 Joer, ass am Atomkraaftwierk Tschernobyl ee Reakter ausser Kontroll geroden an explodéiert.

D'Regioun ass ëmmer nach verseucht. A jee no Schätzunge si bis zu 100.000 Leit un de Suite vun deem Accident gestuerwen.

Den 11. Mäerz 2011, also virun zéng Joer, koun et no engem Tsunami och zu engem Supergau an der Atomzentral zu Fukushima. D'Opraumaarbechte ginn nach op 40 Joer geschätzt. 160.000 Leit goufen ëmgesidelt an de Kriibsrisko an der Regioun ass bei de Jonken 30-mol méi héich wéi soss a Japan. Dësen Accident ass am Héichtechnologieland Japan geschitt, wat, genau wéi Frankräich, iwwerzeegt war, dass seng Reakteren déi sécherst vun der Welt wäeren.

Duerno huet och de Chef vun der franséischer Atomopsicht, misse fir d'Éischt zouginn, dass och a Frankräich e schlëmmen Accident net kéint ausgeschloss ginn, ni kéint ausgeschloss ginn. An Däitschland huet den Atomausstieg bis Enn 2022 decidéiert.

Dofir sinn haut, glécklecherweis, manner Atomreaktere ronderëm Lëtzebuerg wéi nach virun zéng Joer. Déi zwee eelste franséisch bei Stroossbuerg goufen endlech ofgeschafft an déi lescht däitsch Reaktere ginn iwwert déi nächst 20 Méint allegueren ofgeschafft.

An och an der Belsch huet déi nei Regierung gesot, hir Atomzentralen zu Tihange an zu Doel wellen Enn 2025 zouzemaachen. Zu Cattenom an zu Chooz a Frankräich ass dat awer leider net de Fall. A Cattenom läit just 9 km vun onser Grenz ewech. A mir hebban sëtzen op knapps 23 km vun där Atomzentral.

Zanter kuerzem leeft d'Doku-Fiktioun „An zéro“ am Kino an op Arte, wou et ëm d'Verschwanne vu Lëtzebuerg no enger Atomkatastroph zu Cattenom geet. An och wann et eng Fiktioun ass, esou verdäitlecht de Film, wat do direkt virun onser Hausdier steet: eng Anlag, déi am Katastrophefall Lëtzebuerg kéint a senger Existenz bedroen.

An dofir ass et immens wichteg, dass mir ons engersäits als Land konsequent géint Atomkraaft a fir d'Zoumaache vun de Reakteren asetzen an anersäits kucken, soulaang déi Anlage weiderlafen, ons méiglechst gutt op den Eeschtfall preparéieren.

An e wichtige Schrëtt heiraner war dat neit Atomhaftungsgesetz vum leschte Joer, wat et erméiglecht, dass Lëtzebuerger Affer bei Schuedensersazkloen net eidel ausginn. An e weidere Schrëtt war den aktualiséierte Katastropheschutzplang vun Oktober 2014, deen och am nationale Rettungsdéngschtplang PNOS berücksichtegt gëtt, iwwert dee mer elo de Moien och schonn diskutéiert hunn.

An an deem Kontext wëll ech d'Inneministesche froen: Wéi gutt si mir preparéiert am Fall vun engem schlëmmen nuklearen Accident? Virun e puer Woche gouf de Chef vun der Radioprotektioun am „Lëtzebuerger Land“ zitéiert, dass et quasi onméiglech wär, e Plang ze maachen, fir am Fall vun engem schlëmmen Accident ze reagéieren. An och am Film „An zéro“ erzielt ee Pompjee, dass se wuel net adequat preparéiert wäeren.

Sinn no bal siwe Joer keng Upassungen am Plan d'urgence vun 2014 néideg, grad och mam Bléck op déi nei Rettungsdéngschtsorganisatiounen, nei Kompetenzopdeelungen, nei Kommandostrukturen an och Asazentrenopdeelung?

Wéi gutt ass d'Populatioun elo schonn informéiert, fir am Eeschtfall richteg ze reagéieren, respektiv wéi kann ee sécherstellen, dass d'Leit, d'Gemengen, d'Betriben an esou weider déi néideg Consignen allegueren kennen, wann et zu engem Eeschtfall kënnt? Missten hei keng Übungen iwwert d'Rettungsdéngschter eraus gemaach ginn?

Wéi gëtt d'Populatioun am Eeschtfall informéiert? A wat ass heibäi och de Rôle vun de Gemengen?

Wéi géif eng Evakuatioun oflafen? A wouhi géifen d'Leit dann iwwerhaupt evakuéiert ginn? Wéi kann ee Chaos vermeiden, wëssend dass schonn am normalen Alltagsverkéier, no engem oder zwee Accidenter, et iwwerall op den Autobunne staut?

A wéi ass d'Strategie post-accidentelle? Gëtt et e Plang fir eng méi längerfristeg Gestioum vum Land, speziell och vun de kontaminéierte Regiounen?

An deem Sënn soen ech lech allegueren Merci fir d'Nolauschteren. An ech soen och elo schonn der Inneministesche Merci fir d'Äntweren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Benoy. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Inneministesche Taina Bofferding. Der Regierung stinn, am Kader vun enger erweidert Fro, zéng Minutten zou. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*.- Merci, Här President an och merci un den Deputéierte François Benoy, dass hien dëst Thema op den Ordre du jour gesat huet.

Als Inneministesche äntweren ech lech elo stellvertreidend fir de Premierminister, fir d'Gesondheitsministesch, bon, ech mengen, am Endeffekt fir d'ganz Regierung, well déi grouss Fro „Wéi hu mer eis ze verhalen, wann et zu engem nuklearen Accident kënnt?“ d'ganz Land betrëfft.

E Film, „An zéro - Comment le Luxembourg a disparu“, deen Der jo grad ugeschwat hutt, dee weist, wat dee Moment geschéie kéint. Tschernobyl, Fukushima hunn zwar aner Ursaachen, déi zu den Accidenter geféiert hunn, trotzdeem hu se eppes gewisen: dass et keng honnertprozenteg Sécherheet an der Atomkraaft gëtt. A si hunn och gewisen, wéi gravéierend Konsequenze vun dësen Accidenter kënne sinn.

Dofir ass et fundamental, dass Lëtzebuerg esou gutt wéi méiglech preparéiert ass op e sougenannten Worst-case-Zenario. An duerfir hu mer de Plan d'intervention d'urgence en cas d'accident nucléaire, ëmgangssproochlech de „Plan Cattenom“.

Éier ech elo vläicht am Detail dorobber aginn awer eng grondsätzlech Remark: Dat Sécherst fir Lëtzebuerg an eis Bevëlkerung ass den EU-wäiten Ausstieg aus der Atomenergie. An dat Zweetsécherst ass, dass déi Atomkraaftwierker, an deenen hirem Radius Lëtzebuerg läit, vum Netz geholl ginn. An dofir muss mer och weiderhi mat allen diplomatesche Mëttele bei eisen Nopeschlänner intervenéieren an eis dofir staark maachen.

Konkreet awer elo zu deene Punkten, déi den Deputéierte François Benoy ugeschwat huet. Ech fänken hei u mam PNOS, well et och elo dee Punkt war, dee mer grad an der Diskussioun haten.

De PNOS selwer, dee mécht Referenz op bestoend Strategien a Pläng am Fall eebe vun engem nuklearen Accident, mee den Detail ass an aneren Dokumenter definéiert respektiv erkläert, awer elo net am PNOS selwer.

Et ass awer kloer, wann et zu engem Accident kënnt, dass dann och hei de CGDIS enorm gefuerdert ass, fir kënnen ze agéieren. A fir deem kënne gerecht ze ginn, brauche se natierlech och Moyenen. Och do si mer dann erëm ganz séier beim Punkt vu virdrun, dass mer natierlech mussen kucken, dass de CGDIS déi entsprechend Moyenen huet, fir dee Moment kënne seng Missioun ze erfüllen. Dat sinn an dësem Fall ënner anere den Ausbau vun der Expertis fir d'Planifikatioun am Beräich vun der Sûreté nucléaire an d'Radioprotektioun, awer och genuch Material a personell Ressourcë brauch de CGDIS dee Moment, fir eng Kris vun dëser Envergure kënnen op Dauer ze geréieren.

D'Stratégie nationale d'intervention d'urgence - e weidere Punkt, deen Der opwerft -: Ben, do ass et esou, dass déi national Strategie baséiert op dem Gesetz vum 28. Mee 2019 iwwert d'Radioprotektioun, e Gesetz, wat virun zwee Joer hei an der Chamber gestëmmt gouf a wou d'Responsabilitäten, déi allgemeng Prinzippien an och de Contenu vum Interventionsplang dra fixéiert sinn.

D'Hauptzil vun deem Plang ass et, de Risiko vu méiglechen Effeten, Schied bei der Bevëlkerung kënnen ze reduzéieren, dat heescht, no engem Accident den zousätzleche Kriibsrisko méiglechst kleng ze halen.

Weiderhin hieft d'Gesetz d'Wichtigkeet vun enger enker Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschlänner ervir, well eng kohärent Krisgestioun nëmme iwwert d'Grenzen ewech ze errechen ass.

De „Plan Cattenom“ deklinéiert déi allgemeng Strategie a konkreet Mesuren. An Dir wësst, dass dese Plang 2014 komplett iwwerschaaft ginn ass an déi aktuell Versioun dann 2019 am Regierungsrot de 15. Mee approvüiert ginn ass.

Vläicht hei och ganz kuerz véier Haaptmesuren aus dësem Plang, well déi och elo hei an d'Diskussioun passen an Der jo och gefrot hutt, inwiefern een och do den Eenzelen aus der Bevëlkerung nach matabezitt.

Bon, ugefaange mat de Jodpëllen: Ech mengen, déi dierften nach jidderengem bekannt sinn. Dës Pëllen hëllefen, d'Schilddrüs mat stabillem Jod ze sieden, fir dass kee radioaktive Jod sech kann an der Schilddrüs festsetzen. Fir dass dës wierken, ass et wichteg, dës dann zum richtige Moment ze huelen. An dofir gëtt d'Regierung dee Moment den Uerder, op Recommendation vum der Krisenzell, wa mer dann an där Situatioun do wäeren. Ech erënneren och drun, dass dës Pëllen 2014 un all Stot verdeelt gi sinn an dass dës sech nach halen, wa se da richteg gelagert sinn. An dofir ginn och op spezifesch Plazen, ënner anere an de Schoulen, dës Jodpëlle gelagert.

Dann eng wichteg Fro, déi awer vläicht oft ënnerschat gëtt: Wéi verhalen ech mech dee Moment? Ben, hei, kuerz gesot, ass u sech déi richteg Mesure eng Mesure, déi mer eigentlech elo allze gutt kennen: bleift doheim, virun allem während deene Stonnen, an deenen déi radioaktiv Wolleke eventuell nach géif iwwer Deeler vum Land zéien! Bannen am Haus kënne sech keng radioaktiv Partikelen direkt op d'Haut setzen. Bei enger zouener Belüftung otemt een och keng Radioaktivitéit an. An d'Bëtonsmaueren, déi schiermen en Deel vun der Stralung of. Et kann een also soen, dass een am Haus fënnemol manner exposéiert ass, wéi wann ee sech elo géif am Fräien ophalen.

(Interruption)

Et berouegt.

D'Evakuatioun: Dës gëtt bei engem ganz schwéieren Accident decidéiert, wann d'Stralungswäerter risquéieren, ganz héich ze ginn.

Allerdéngs gëtt net während enger radioaktiver Fräisetzung evakuéiert, well da wär jo d'Populatioun awer ongeschützt dobaussen, wann da grad d'Stralungen am héchste sinn. An dofir ass eeben hei geplangt, dass eng Evakuatioun an der éischter Phas an engem Ëmkrees vu bis zu 15 km soll gemaach ginn.

Do ass allerdéngs virstellbar, dass een duerno vereenzelt zousätzlech Persounen awer kéint evakuéieren. Och dat ass virgesinn. Wann dee Moment de Stralungsniveau an deenen eenzelen Uertschaften ze héich wär, dass een net méi do kéint wunnen, da géifen dee Moment och déi Leit eenzel evakuéiert ginn.

Dann nach e leschte Punkt: Bei deene Mesuren aus dem Plang, déi ech wëll opzielen, sinn d'Liewensmëttel. Bei der Produktioun vun de Liewensmëttel ass et esou, dass déi och iwwer eng gréisser Distanz ganz héich kéinte belascht ginn an dee Moment fir d'Consummatioun net méi zougelooss wäeren. An der Phase urgente geet et haaptsächlech dann drëms, d'Liewens- an d'Fudermëttel kënnen ze schützen.

Dann nach dee leschte Punkt, deen Der opgeworf hutt, deen och ganz wichteg ass: Wa mer dann en nuklearen Accident hunn, wéi geet et konkreet nom Accident virun, also an der Phase post-accidentelle, der Phas direkt no der radioaktiver Fräisetzung. Hei gesäit de Plang ganz konkreet dräi Zone vir.

Déi éischt ass d'Ariichte vun enger Spärzon. Dës Zon, déi ka méi grouss oder méi kleng si wéi de Perimeter, dee virdrunner evakuéiert gouf.

An da gesäit de Plang nach eng Zone de surveillance renforcée du territoire vir. An dëser Zon mussen Programmer opgestallt ginn, fir d'Liewensmëttel, déi produzéiert ginn, systematesch ze iwwerpräiwen. An dës Zon kann am Fall vun engem schwéieren Accident zu Cattenom effektiv dann och d'ganz Land betreffen.

An dann déi lescht Zon, déi drëtt, dat ass d'Zone de protection de la population. An dëser Zon kann een zwar wunnen, allerdéngs gëtt et da Restriktiounen, beispillsweis, dass d'Liewensmëttel aus där Zon net kënne consomméiert ginn. An dës Zon kann dann och am allerschlämmste Fall d'ganz Land dee Moment betreffen.

Et ass virgesinn, an domadder kommen ech zum Schluss vu mengen Ausféierungen, dës Strategie nach weider auszubauen an nach verschiddenen Szenarien ze definéieren, fir en nuklearen Accident méiglechst gutt ze antizipéieren. Och hei erëm d'Stéchwuert, wat mer och virdrun haten: Mir müssen och hei „resilient“ sinn respektiv eis preparéieren an antizipéieren.

Schlussendlech - an domadder kommen ech dann och op déi Ausso zrëck, déi ech ganz am Ufank gemaach hunn - ass dee beschte Schutz awer nach ëmmer deen, dass mer eis dem Risiko eigentlech iwwerhaupt net aussetzen respektiv net dem Risiko ausgesat sinn. An dofir engagéiere mer eis jo och weiderhin als Regierung, dass mer da schlussendlech och en Ausstieg aus der Atomenergie kréien, well dat ass nach ëmmer déi beschte Preventioun an nach ëmmer dat beschte Mëttel, fir dass mer iwwerhaupt net an déi Situatioun kënne kommen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci der Madamm Inneministesche Taina Bofferding.

### 4. Question élargie n° 85 de Mme Carole Hartmann au sujet de l'organisation des compétitions sportives dans le contexte actuel de la crise sanitaire

Mir kommen elo zur erweidert Fro Nummer 85 vun der Madamm Carole Hartmann iwwert d'Organisatioun vu sportleche Kompetitiounen am aktuelle Covidkontext. Dem Auteur vun der Fro sti fënnf Minutten zou, fir seng Fro an no der Äntwert vun der Madamm Ministesch eventuell eng Zousatzfro ze stellen, an d'Regierung huet zéng Minutten. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Carole Hartmann** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, d'Kompetitiounen gehéieren zum Sport wéi den Amen zum Gebiet. Et ass op de Kompetitiounen, wou ee sech ka mat anere moossen, et sinn d'Kompetitiounen, wou ee ka weisen, wat ee kann.

Et geet awer ëm vill méi wéi déi sportlech Ausenarnersetzung. Et geet och ëm d'Vermëttlung vu Wäerter wéi Respekt virum Géigner, Toleranz, Teamgeescht oder Fairplay. Dat alles si Wäerter, déi ee besonnesch am Kader vu Kompetitiounen léiert a virleift.

Wéi ech dës Question élargie den 9. Mäerz erageerecht hunn, waren d'Kompetitiounen just dem Elittesport an deenen ieweschten Divisiounen virbehalen. Mam Akraafttriede vum neie Covidgesetz





dëse Méindeg koun et zu Lackerungen. Sportsaktivitéite bis 100 Leit sinn nees erlaabt, allerdéngs ënnert der Konditioun, dass e permanenten Ofstand tëschent de Persounen vun op d'mannst zwee Meter besteet an d'Geste-barriären agehale ginn. Dozou zielen och negativ PCR- oder Schnelltester, op déi ech nach méi spéit ze schwätze kommen.

D'Tennisfederatioun huet schonn um Freideg matgedeelt, dass Simple-Kompetitionen nees kéinte stattfannen. Esou soll dann de Weekend vum 1. Mee déi éischt Phas vun engem Spezialinterclub starten. Och am Dëschtentnis wäert, mat den neie Reegelen, e Jugendchampionnat kënnen organiséiert ginn. Kompetitiounen vum Kollektivsport, vu Kontaktsport an och Sportarten, wou d'Ofstandsreegelen net permanent kënnen agehale ginn, sinn awer weiderhin net méiglech, weeder bei de Senioren nach am Jugendberäich.

Dat huet Auswierkungen, virun allem op d'Kanner an hir Entwécklung. Eng sëllegen Etüden hu gewisen, dass Kanner, déi e Kompetitiounssport maachen, méi Selbstwäertgefill hunn, besser mat Erfolleg a Mësserfolleg kënnen ëmgoen. Vun de Wäerter, déi de Sport vehikuléiert, hunn ech virdu scho geschwat. Et ass duerfir extreem wichteg, notament fir déi physesch a psychesch Gesondheet vun eise Kanner, dass och de Kompetitiounssport nees méi breet opgeet.

Ech hunn an deem Kader folgend Froen un de Sportminister: Elo, wou nees Kompetitiounen am Breedessport méiglech sinn an de Sportministère e Stock u Schnelltester huet, stellt sech d'Fro, ob mir genuch Capacitéit hunn, fir de Méi u Kompetitiounen ze decken. Wéi vill Schnelltester sinn nach disponibel? Sinn dës nach ëmmer gratis fir d'Federatiounen respektiv d'Clibb?

**(Brouhaha)**

Wéi ass et mat der finanzieller Hëllef fir medezinescht Personal, geet déi och weider? Mussen dës Tester vu medezinneschem Personal gemaach ginn oder och vu Persounen, déi eng spezifesch Formatioun dofir gemaach hunn?

Vun de Schnelltester kommen ech op d'Selbsttester. Gëtt am Sportministère envisagéiert, d'Schnelltester duerch Selbsttester ze ersetzen? Kënnen d'Veräiner sech selwer Selbsttester besuergen, fir Kompetitiounen ze organiséieren? Oder huet de Sportsministère och där Selbsttester, fir un d'Federatiounen, d'Veräiner ze verdeelen? Wa jo, wieren dës Selbsttester och gratis?

Dësen Typ vun Tester géif virun allem bei de Kompetitiounen vu Jonken hëllefen. Et kéint een och dat medezinnescht Personal aspueren. An engem rezenten Dokument vun der Santé steet iwwregens: « Avec l'arrivée des autotests une extension de leur usage dans le cadre du sport est envisagée dès que la situation épidémiologique le permettra. » Dozou nach d'Fro, ob dat heescht, dass och méi Sportarten mat der Hëllef vu Selbsttester deemnächst Kompetitiounen kënnen organiséieren.

Da stellt sech och d'Fro, ob negativ Testresultater aus de Schoulen net och fir Sportskompetitiounen benotzt kënnen ginn. Dës Méiglechkeet géif eis vill Tester erspueren. Zum Beispill wann de Schüler donneschdes oder freides an der Schoul getest gëtt, kéint en negatiivt Resultat jo och nach fir seng Kompetitioun de Weekend genotzt ginn, wann den Test net méi al wéi 72 Stonnen ass.

Generell, a méi spezifesch fir déi Sportarten, déi aktuell nach keng Kompetitiounen maachen dierfen, wëll ech nach de Rôle vun de Federatiounen uschwätzen. Schonn d'lescht Joer hu si alleguerde spezifesch Konzepter entwéckelt a vum Ministère validéiere gelooss, fir ënner bestëmmte sanitäre Bedéngunge kënnen Kompetitiounen ze organiséieren. Esou wéi de President vun der Triathlonfederatioun et gëschter an engem Interview betount huet, kéinten d'Federatiounen als eng Zort Kontrollinstanz dëngen, fir dass d'Reegelen agehale géife ginn. D'Sécherheet vun de Sportler kann nämlech besser assuréiert ginn, wa Kompetitiounen iwwert d'Federatiounen oder Associatiounen organiséiert ginn wéi am Privaten, wou déi sanitär Mesuren net onbedéngt agehale ginn. D'Federatiounen wieren och Demandeur, fir selwer nees an d'Responsabilitéit ze kommen an hir sportspezifesch Konzepter ëmzesetzen.

Dohier nach ofschléissend d'Fro, ob zäitno envisagéiert gëtt, de Federatiounen d'Responsabilitéit fir hir eege Sportart, déi si gutt kennen a fir déi si sech en eegent Konzept ausgeduecht hunn a vun der Santé och validéiert kruten, ...

**(Brouhaha)**

... nees zrëckzeginn.

Ech soen am Viraus scho Merci fir d'Äntwerten.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Hartmann. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Sportsminister Dan Kersch.

■ **M. Dan Kersch, *Ministre des Sports*.**- Merci, Här President. Merci och der Madamm Hartmann fir d'Frostellung. Dir hutt richteg gesot, u sech ass d'Fro schonn den 9.03. gestallt ginn, an et ass haut,

iwwer e Mount méi spéit, wou mer dann hei kënnen driwwer schwätzen. An an der Tëschenzäit ass d'Zäit jo net stoe bliwwen.

Ech wëll drun erënneren, dass d'Chamber e Freideg en neit Gesetz gestëmmt huet, wou natierlech eng Rei vun neie Mesuren och mat dra sinn, déi och eng Rei vun neien Ouverturen am Sport wäerte méiglech maachen.

Villes vun deem, wat virun nimm theoreetesche méiglech war, gëtt elo och an der praktescher Ëmsetzung méiglech. An doriwwer si mer alleguerde frou. Ech kommen duerno nach méi op den Detail dovunner zrëck.

Ech probéieren dann och, eng gewësse Flexibilitéit an och eng Aktualitéit a meng Äntwerte materanzepaken, souwäit wéi dat mer méiglech ass. Et ass mer net méiglech, haut e Gesamtkonzept iwwer Selbsttester ze presentéieren, well dat am Gesamtkonzept vun der Regierung nach dës Woch wäert am Detail diskutéiert ginn, mee ech wäert awer probéieren, eenzel Iddien zumindest och elo schonn hei ze presentéieren.

Ech wëll awer nach eng kéier op d'Campagne vun de Schnelltester selwer am Sport zrëckkommen. Mir waren eent vun deenen éischte Länner, wat déi Schnelltester am net professionelle Sport agesat huet. A well mer dat gemaach hunn, waren eng Rei Saachen hei zu Lëtzebuerg méiglech, déi am Ausland tout simplement verbuede waren. Ech ginn net midd, dat ëmmer erëm ze widderhuelen. Dat war en onheemleche Privileeg, dee mer hei zu Lëtzebuerg vis-à-vis vum Ausland haten. An dat, wat ech bericht kréien, wat all Samschdeg op verschidde Terrainen hei am Land lass ass - an ech betounen: op verschidde Terrainen, well et ass eng absolut Minoritéit -, dat weist, dass net jiddweree verstanen huet, dass dat, wat mer hei gemaach hunn, u sech en immense Privileeg ass, mat deem ee sollt ganz virsiichteg ëmgoen.

Ech schwätzen hei ganz konkret un, dass et offensichtlich ass, dass eng Rei vu Veräiner sech net un d'Reegel halen, dass keng Zuschauer erlaabt sinn, a Leit op d'Terraine eraloossen, déi u sech näischt do verluer hunn. An ech bedauern dat ganz, ganz staark!

Ech wëll awer trotzdem soen, dass déi Schnelltestaktioun a mengen Aen e groussen Erfolleg war. Insgesamt hunn déi véier grouss Federatiounen 22.235 Tester gemaach. An et sinn och 53 positiv Fäll op déi doten Aart a Weis entdeckt ginn. Dat ass op den éischte Bléck e kleng Chiffer, mee wann ee weess, dass een an deene Schnelltester haapt-sächlech déi sougenannt Superspreader erausdetektiert, da weess een, wat geschitt wär, wa mer déi Tester net gemaach hätten: Da wär d'Infizéiertenzuel am Sportsberäich spronghaft an d'Luucht gaangen. An dofir mengen ech, dass déi heiten Aktioun, déi mer zesumme mat de Federatiounen ëmgesat hunn, e ganz, ganz grouss Succès war.

D'FLF huet aleng 12.639 Tester gemaach. Dovu waren der 34 positiv. Elo weess ech net, ob déi 7 nei, déi mer gëschter gemellt kritt hu vun engem Fussballsveräin, ob déi elo schonn do matagerechent sinn. Mee op jidde Fall: Dat war de Stand vum 26.04., wat ech elo hei virliesen. D'FLH: 4.542 Tester an 12 Positiver. De Basket: 3.126 Tester, 3 Positiver. An dann de Volleyball mat 1.928 Tester a 4 Positiven. Also, nach eng kéier gesot: Déi Aktioun do war e ganz, ganz groussen Erfolleg! An ech si frou, dass mer dat konnten zesumme mat de Federatiounen maachen.

Doriwwer eraus sinn natierlech och eng ganz Rei vun anere Federatiounen, déi schonn Tester bei eis ugefroet hunn, fir am Rame vun de gesetzleche Méiglechkeete Kompetitiounen ëmzesetzen, net zulescht d'Tennisfederatioun, déi virun hei ugeschwat ginn ass, si huet am Ganzen 2.500 Tester bestallt an huet der och schonn 1.000 kritt, esou wéi dat bis elo u mech eruedroe ginn ass.

De Fait, dass mer elo opgrond vum Gesetz um leschte Freideg de Plaffong vun zéng Leit, déi maximal kéinte Sport maachen, ewechgeholl hunn an dass et am Prinzip elo 100 Leit sinn, déi kënnen zesumme Sport maachen, a virun allem och, dass mer déi Quadratmeterzuel reduzéiert hunn, mécht natierlech elo grouss Ouverturë méiglech. An ech ginn dovun aus, dass eng ganz Rei vu weidere Federatiounen sech wäerten un eis wenden, fir déi Schnelltester da kënnen zur Verfügung gestallt ze kréien.

Dann ass et nach fir mech kloer, dass mer an deem Konzept sollte bliwen, wat mer bis elo hunn a wat mer jo och zesumme mat de Federatiounen opgebaut hunn. Kompetitiounen solle weiderhin nimm méiglech si mat engem Schnelltest, deen dann och vun enger qualifizierter Persoun, déi dann och dee berüümte Cours do matgemaach huet, kann gemaach ginn.

Do geet et jo och drëms, dass mer d'Transmissioun vun den Donnéeën bei d'Santé herno garantéieren. Dat ass, mengen ech, ee wichtegen Aspekt, dee mer a mengen Aen op jidde Fall nach mussen an och solle weider oprechterhalen, dass deen, deen d'Resultat-

iwwermëttlung weider un d'Santé an un de Sportsministère mécht, dass deen och weess, dass en och seng perséinlech Responsabilitéit engagéiert, wann en dat mécht, an dass dat och mat deem néidege Seriö wäert gemaach ginn. Dat ass fir mech op jidde Fall een Element, wat nach ganz, ganz wichteg ass, wa mer an eng weider Phas komme vu weideren Ouverturen, wéi mer net nimm de Sport, mee insgesamt d'Gesellschaft wëlle weider organiséieren, selbstverständlech, duerch d'Afféieren oder d'Opkomme vun de sougenannten Selbsttester, wou d'Situatioun jo eng aner ass.

Ech mengen, bei de Schnelltester ass et esou, dass se nimm kënnen vun enger qualifizierter Persoun gemaach ginn, déi effektiv dann och e Cours gemaach huet. Bei de Selbsttester ass et eng ganz aner Logik. Déi kann u sech all Mënsch selwer u sech virhuelen.

An de Schoule maachen d'Kanner et, ënner enger gewësser Uleedung. Dat wësse mer. An ech mengen, dass virun allem duerch déi Aktiounen, déi mer an de Schoulen do ëmsetzen, a virun allem, wa mer et wäerte fäerdegbréngen, och do d'Quantitéit vun den Tester an d'Luucht ze setzen - am Moment ass et een Test an der Woch, dee virgesinn ass, mee mir hu schonn an der Regierung driwwer geschwat an och den Educatiounsminister steet där Iddi ganz offe géintwärt, fir och do d'Kadenz an d'Luucht ze setzen an eventuell nach op zwee Schnelltester an der Woch ze kommen -, dann hu mer natierlech eng aner Situatioun, wat dee ganze Jugendberäich am Sport ugeet, wéi dat, wat mer haten, éier mer déi Schnelltester an de Schoulen haten.

Ech sinn also schonn der Meenung, dass dat eng Übung ass, wat do an de Schoule gemaach ginn ass, déi och villes méiglech mécht am Sport, wat haut zu dësem Moment nach net méiglech ass.

Dann, selbstverständlech, déi finanziell Ënnerstëtzungen, déi mer ginn, déi probéiere mer esou laang oprechtzeerhalen wéi eeben déi Bedéngung vun deene Schnelltester, un déi d'Kompetitiounen gebonne sinn; mir probéieren déi och esou laang weiderzemaachen, am Rame vun eise budgetäre Méiglechkeete selbstverständlech.

Da frot Der, ob mer wëilten de Federatiounen Responsabilitéit zrëckginn. Ech wëilt vläicht dozou soen, dass d'Federatiounen vun Ufank un ëmmer voll an der Responsabilitéit stoungen. An ech géif och behaapten, dass 99,9 % vun de Federatiounen déi Responsabilitéit och iwwerholl hunn. Eng ganz Rei vu Konzepter sinn an Zesummenaarbecht mam Sportsministère a mam Santéministère ausgeschafft ginn, dat ass richteg. Si sinn natierlech net tel quel ëmsetzbar, soulaang déi gesetzlech Bestëmmungen dat net erméiglechen. An d'Konscht besteet herno doranner, fir déi Konzepter un déi jeeweileg gesetzlech Situatioun unzepassen. Ech mengen, dat ass dat fir jiddwer Eenzelnen, dat weess ech, a jiddwer eenzelne Federatiounsprezident huet fir säi Sport déi richteg Methoden an och déi richteg Iwwerleeunge getraff. Dat woen ech zu kengem Moment ze bezweifelen!

Mee d'Konscht besteet doranner, aus all deene Konzepter herno Reegele festzeleeën, déi fir jiddwereen zielen, an zwar fir jiddwereen, deen am Kompetitiounssport ass, mee awer och fir déi Leit, déi ausserhalb vum Kompetitiounssport Sport wëlle bedriewen. A fir mech perséinlech ass dee Beräich genausou wichteg wéi de Kompetitiounssport.

Dofir, fir mech ganz kloer: ganz gären ee weidert Abanne vun de Federatiounen an all déi Konzepter, déi mer an Zukunft wäerten ausschaffen. Mee d'Reegelen, déi allgemeng Reegelen, déi hei d'Chamber festhält, déi mussen op alle Fall respektéiert ginn. An da komme mer mat Sécherheet virun. An ech sinn och perséinlech dervun iwwerzeegt, dass och déi Selbsttester bei weideren Ouverturen eng ganz grouss Roll wäerte spillen. Ob se elo vun eis bezuelt ginn oder zur Verfügung gestallt ginn oder ob aner Moyenen do wäerte geholl ginn, dat bleift nach ze diskutéieren.

Mir sinn op jidde Fall op, fir de Federatiounen ze hëllefen, de Sport esou séier wéi méiglech esou wäit wéi méiglech opzemaachen.

Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, dem Här Sportsminister Dan Kersch.

## 5. Question élargie n° 91 de M. Charles Margue au sujet de l'économie des plateformes collaboratives

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Moien ass déi erweidert Fro Nummer 91 vum Här Charles Margue iwwert d'Ekonomie vu kollaborative Plattformen. Dem Auteur vun der Fro sti fënnf Minutten zou, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an d'Regierung huet zéng Minutten. Här Charles Margue, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Charles Margue (*déi gréng*).**- Merci, Här Prezident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen: „Elo sinn ech

op der Aarbecht an ech hu mäi Mëttegiessen doheem vergiess. Kee Problem, da loosse ech mer eppes liwweren!“ „Tiens, den Owend, wéi wier et dann, wa mer eis haut géifen e gemittlechen Owend maachen?“ „Gutt Iddi. Mir kënnen eis jo eppes liwwere loosse“. Dës si jo geleefeg Situatiounen, besonnesch an dësen Zäiten. Mee wien ass déi Persoun dann, déi op eng kéier op der Dier steet, fir eis an dësem Fall eppes Guddes fir z'essen ze bréngen? Dës Persoun ass Deel vun der sougenannter Plattform-Ekonomie. Mee wat hire Statut ass, wësse mer net - ausser wann de Restaurant selwer liwwert.

Déi sougenannte Plattform-Ekonomie spillt scho méi laang eng Roll am internationalen Debat. Och wa si schonn zënter munche Joren aktiv sinn, kruten awer elo notament d'Liwwerdéngschter mat der Fermeture vun der Restauratioun neien Opdriff. Wat fir eiser een als Konsument an de Restaurant eng gutt Affär ass, gehäit awer eng Partie Froen op, wat eise Sozialmodell ugeet. Dofir hunn ech haut dës Question élargie gefrot.

„Plattform-Ekonomie“ ass e groussen a villsäitege Begrëff. Dofir wëll ech mech haut och ausdrécklech op d'Problematik vu Plattformen, déi Aarbecht vermëttelen, limitéieren, zu Lëtzebuerg also zum Beispill déi scho genannte Liwwerdéngschter. Ech hunn hei jo keng Zäit, fir op d'Froen vum Konsumenteschutz, dem Konkurrenzrecht oder der Besteuerung anzugehen. All déi Felder si sécher och wichteg an dësem Kontext, mee ech limitéiere mech haut op déi arbeitsrechtlech a sozial Aspekter.

Wéi gesinn déi Plattformen an der Praxis aus? Déi digital Plattformen zeeche sech doduerch aus, dass si quasi en temps réel Offer an Demande fir e kuerzen a beschränkten Opdrag, wéi zum Beispill den Transport vu Persounen, lessen oder Courrier, zesummebréngen. Oft versti sech dës Plattformen als rengen Intermediaire tëschent béide Säiten a weisen domat e groussen Deel vun der Verantwortung, déi ee kllassesche Patron géif iwwerhuelen, einfach vu sech.

Geregelt Aarbechtssäiten, Krankeversécherung, Assurance accident, Pensiounsrechter, eng korrekt Remuneration, wéi steet et domadder? Et stellt sech nämlech d'Fro, awéieren et sech bei Leit, déi hir Servicer op der Plattform ubidden, och tatsächlech ëm Independanten handelt oder ob et hei net eng Form vu Schäiselbstännegkeet virliit.

Effektiv gi verschiddener vun de Plattformen relativ wäit an deem, wéi se Afloss op d'Organisatioun an d'Aarbecht vun de Leit, déi hir Servicer ubidden, huelen. Eng Ofhängegkeet baut sech nämlech op. De User brauch déi Aarbecht awer a rechent domat an Zukunft, fir eppes a sengem Portmonni ze hunn. De Bedriewer vun der Plattform ännert awer, deemno wéi, eesäiteg d'Konditiounen am Laf vun der Zäit, notament d'Kommissioun, déi bezuelt gëtt, oder d'Leeschtung, déi erwaart gëtt. An deem Fall ass et dann oft un de Gerichter ze klären, wann et zu enger Plainte kënn, ob hei e Lien de subordination tëschent der Plattform an dem User besteet oder net.

Genau wéi am Ausland operéieren och zu Lëtzebuerg Plattformen an dëser gewëssener Grozon. Zënter 2018 stinn effektiv Virwërf géint zumindest eng vun de Liwwerplattformen am Raum. De Prozess huet dann och dëst Joer ugefaangen. E rezenten Artikel am „Lëtzeburger Land“ huet d'Problematik esou resuméiert: „Das Vertragsverhältnis zwischen Plattform und Mitarbeitern befindet sich in einer rechtlichen Grauzone. Scheinselbständigkeit ist in Luxemburg bislang nicht gesetzlich geregelt. Wie die Staatsanwaltschaft bestätigte, wurde der Vorwurf, es bestünde ein Lien de subordination zwischen Plattform und Fahrer, in der Anklage vorerst nicht zurückbehalten.“

Eise Sozialmodell baséiert op klore Reegelen an dem Dialog tëschent de Sozialpartner. Bei alle Virdeeler, déi d'Plattform-Ekonomie huet, mussen mir awer och drop oppassen, dass si kompatibel mat eisem Sozialmodell ass - respektiv gëtt, wa se et net elo ass.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Fro stellen un den Här Minister: De Koalitionsaccord gesäit vir, e klore gesetzleche Kader vun der Plattform-Ekonomie ze schafen an och d'Fro vun der Schäiselbstännegkeet ze regelen. Wou sinn dës Aarbechten zu dësem Thema drun? A wéi positionéiert sech den Aarbechtsministère an dësem Kontext?

D'Salariatskummer huet och eng Proposition de loi virgestallt, fir d'Plattformen ze encadréieren. Gouf dës Propos scho vum Aarbechtsministère analyséiert a stellt se eventuell eng Grondlag fir déi weider Aarbechten duer?

Wéi schätzt den Aarbechtsministère spezifesch d'Problematik vum Lien de subordination tëschent Plattform a User an? Wéi eng Erkenntnisser liwweren d'Aarbecht an d'Enquëten aktuell vun der ITM an dësem Kontext?

Wéi gesäit et aktuell mat Plaintë géint Plattformen aus?





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

**Supplément commun aux quotidiens :**  
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

**Contenu rédactionnel :**  
Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

**Saisie de texte :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Conception et mise en page :**  
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

**Concept et coordination générale :**  
brain&more, agence en communication, Luxembourg

**Imprimeries :**  
Mediahuis Luxembourg SA  
60, rue des Bruyères  
L-1274 Howald  
  
Editpress SA  
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll  
L-4361 Esch-sur-Alzette

Ech soen dem Här Minister elo scho Merci fir seng Äntworten an lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier an Aarbechtsminister Dan Kersch.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, vläicht och e ganz grouse Merci un den Här Margue, deen, mengen ech, mat senger Fro eng ganz aktuell The-matik ugeschwat huet.

Déi sougenannt Plattformen si virun allem bekannt hei zu Lëtzebuerg duerch Airbnb an Uber, mee wat Lëtzebuerg ubelaangt, an dat huet den Här Margue elo grad gesot, haaptsächlech och duerch een less-liiwerdéngscht, deen zu Recht a mengen Aen a Kritik geroden ass.

Mee ëm wat geet et hei? En onsiichtbaren, praktesch ontransparenten Algorithmus bréngt d'Leit, déi e Service offrëieren, mat Persounen, déi e Service sichen, a Kontakt. Den Ofreuer vum Service kritt dofir eng duebel, eng finanziell Entschiede-gung an de Receveur brauch just eng Rechnung ze bezuelen. Op den éischte Bléck kann ee sech soen: super! Et gëtt eng Offer an eng Demande an d'Platt-form bréngt béides zesummen. Esou einfach ass dat allerdéngs net!

D'Bedreiwervun de Plattformen verdénge massiv Suen, an dëst, ouni d'sozial Standarde mussen ze respektéieren. Déi Leit, déi fir d'Plattformen schaf-fen, kennen oft emol hire Patron net perséinlech. Si interagéieren deemno just iwwer e Computerpro-gramm. Dës Aarbechtsrelatioun ass fräi vu Mënschlechkeet a just op Profitt ausgeriicht.

D'Bedreiwervun de Plattformen respektéieren hir Pfllichten, fir zum Beispill d'Soziallaaschten ze bezuelen, net. Oft garantéiere si och net, dass Min-destandarden, wat d'Santé, d'Sécurité au travail ugeet, respektéiert ginn. Esou stellt d'Taxi-Platt-form zum Beispill keen Auto zur Verfügung, bezilt keng Assurance, keng Formatioun a kënnt net op bei engem Accident. Oft bleift d'Persoun, déi fir d'Plattform schafft, aleng op de Fraise sëtzen. Et ass dofir och gutt, dass de Mobilitéitsminister am Kader vu senger Reform vum Taxisreglement hei Reegelunge virgesäit.

A munche Fäll kann ee soen, dass d'Plattform d'fi-nanziell Nout, an där verschidde Leit sinn, ausnotzt, fir richtig „Goss“ ze maachen. Derbäi kënnt nach, dass d'Plattformen duerch den Netrespekt vun de Sozialstandarden en Avantage kréie par rapport zu deene Betriber, déi sech un d'Spillregelen halen. Dat ass fir mech net akzeptabel!

A fir mech gëtt et, nieft dem Salarié an dem Inde-pendant, och keen drëtten, en Statut dotëschent, kee sougenannte Plattformataarbechter mat engem eegene Statut. An ech sinn och frou, dass mer dat an enger rezenter Reunioon vum Conseil vun den Aarbechtsministernen nach eng Kéier kloer-gestallt hunn. Et waren nach laang net all 27 Aar-bechtsministernen d'äi Opfaassung. Ech wëll awer soen, dass den zoustänneg Kommissär, dee mer hei zu Lëtzebuerg jo alleguerte gutt kennen, frou war, vun eenzele Ministere genau dat dote Bekennt-nis ze héieren. Entweder et ass een Independent oder et ass ee Salarié an et gëtt kee Statut dotëschent geschafen!

Émsou méi wichteg wäert et also ginn, fir an Zu-kunft kloer ze reglementéieren, ënner wéi engem Statut dass ee schafft, an dass ee jeeweils och déi Rechter a Flichte kritt, déi mat deem Staut ver-bonne sinn. Entweder - an do geet et dann drëms, ob ee Salarié ass, ob een Independent ass - et besteet ee Lien de subordination oder et besteet keen.

Un de Geriichter ass et leider am Moment relativ oft, fir dat ze klären. Ech wëll drop hiweisen, dass konkret an deem dote Fall, deen den Här Margue elo ugeschwat huet ..., dee Fall ass jo net einfach esou um Gericht gelant, mee en ass um Gericht gelant, well mer engersäits mat enger anonymer Plainte konfrontéiert waren, déi op der ITM agaangen ass, a well d'ITM hei op eng wierklech re-markabel Aart a Weis hir Aarbecht gemaach huet.

Si huet déi Firma kontaktéiert. Si huet, opgrond vun deenen Informatiounen, déi se kritt huet respektiv net kritt huet, zweemol eng Injonctioun gemaach, fir dass dann och déi Donnéeën géifen eragi ginn, déi gesi gi sinn. Si huet selwer eng ganz Rei vun deene Livreure gehéiert a si huet réckwierkend op d'Joren 2017, 2018 an 2019 insgesamt 200 Dos-siere vu Livreuren, also 198 ganz genau, nogekuckt, fir dann deen Dossier och tel quel un de Parquet kënne weiderzeliwweren, fir dass déi iwwerhaapt emol hei eng Kéier an de Prozess kënnen eragoen.

Et ass also extreemst wichteg, wann esou Fäll be-kannt gemaach ginn, dass och d'ITM informéiert gëtt, fir dass se kënnen en Dossier opstellen, deen dann dem Parquet kann transferéiert ginn, fir dass d'Justiz kann hir Aarbecht maachen.

En attendant, ech mengen, et sinn eng ganz Rei vu méi konkrete Froe gestallt ginn.

De Problem vun de Plattformen werft natierlech de Problem vun der Schäiselbstännegkeet op. Mee de Problem vun der Schäiselbstännegkeet eleng ass net gebonnen un d'Plattform-Ekonomie. Et gëtt och an där sougenannter normal fonctionéierender Eko-nomie eng ganz Rei vu Schäiselbstänneger.

Ech denken zum Beispill un eng ganz grouss Bank, déi um Escher Belval situéiert ass, fir se net mam Numm ze nennen, wou d'Gewerkschaftsvertreider mer gesot hunn ... Ech wëll mech elo net hei op Prozentzuele festleeën, soss ginn ech erëm vum Här Wolter hei zesummegeschass, ...

### (Interruption)

... mee ech wëll awer soen, dass e ganz héije Pro-zentsaz vun deene Leit, déi do an deem Betrib ge-schafft hunn, an enger Independentssituatioun waren, déi a mengen Aen net gerechtfertegt ass.

Et ass also menger Meenung no méi wéi iwwer-fälleg, dass mer eis eng Reegelung ginn, wivill Leit an engem Betrib maximal kënnen am Indepen-dantsstatut schaffen. Ech mengen, et ass och an deem Beräich, wou mer amgaange sinn, um Koa-litiounsniveau mateneen ze diskutéieren. Dat ass och eppes, wat ech schonn am CPTÉ (ndlr: Comité permanent du travail et de l'emploi) eng Kéier uge-schwat hat, fir och mat de Sozialpartner do op dee Wee ze goen.

Ech sinn och ganz optimistes, dass et eis zumin-dest an deem dote Beräich geléngt, Eenegungen ze fannen. Well duerch de Fait, dass eng ganz Rei vu Betriber Independante schaffe loosser, beschafe se sech ee Konkurrenzvirdeel vis-à-vis vun anere Betriber, déi sech un d'Reegelen halen. Dat kann et wierklech net sinn: dass déi, déi fuddelen, besser ewechkomme wéi déi aner!

Dofir sinn ech och ganz optimistes, dass et zumindest an deem heite Punkt méiglech wäert sinn, en Accord tëschent de Sozialpartner ze fan-nen. Wann dat net méiglech ass, ech mengen, dann ass et wéi ëmmer: Da muss d'Regierung ee Projet ausschaffen an da muss d'Chamber herno tran-chéieren.

Op jidde Fall kann et net esou bleiwen, wéi et am Moment ass, well dat op där enger Säit fir déi Sala-riéen oder fir déi Leit, déi dovunner beträff sinn an am Independentstatut schaffen, eng onméigleche Si-tuatioun ass, an op där anerer Säit déi Betriber, déi dat net maachen, e Wettbewerbsnodeel kréie vis-à-vis vun deenen aneren. Do muss mer also aktiv ginn.

Dir hutt de Gesetzesprojet vun der CSL iwwert d'Plattform-Ekonomie ugeschwat. Jo, ech hunn dee selbstverständlech analyséiert. A mengen Ae geet en e bësse wäit, well e probéiert, erëm ganz vill Problemer mateneen ze léisen.

Ech wär scho frou, wa mer e Gesetzesprojet iwwert d'Plattform-Ekonomie géife maachen, dass mer ganz kloer feststellen, wat de Lien de subordination ass, a virun allem feststellen, dass et entweder deen ee Statut ass oder deen aneren - keen drëtten, wéi gesot, an deem se am Moment praktesch an enger onklorer juristescher Situatioun sinn. Also, dat muss mer op jidde Fall prezisiéieren.

Wa mer dat géife réaliséieren an en plus garantéie-ren, dass déi Firmen, déi dann och hei mat deene Leit schaffen, och Sozialofgaben op déi eng oder

aner Aart a Weis mussen bezuelen, dann hätte mer scho ganz viles gereegelt.

An da kënnt selbstverständlech an engem anere Projet de loi déi Diskussioun op iwwert d'Begren-zung vun den Independantsvertrag an de Betriber. Mee, ech mengen, dat ass eng aner Diskussioun, wéi ech et virdrun hei ugeschwat hunn.

Esou wëll ech also ganz konkret un déi dote Froen erугоen. Ech wär frou natierlech ... oder ech freeë mech op d'Ënnerstëtzung och vun der Chamber, vun der zoustänneger Kommissioun. Mee, ech mengen, och do hu mer schonn e puermol iwwert déi Proble-matik geschwat. An ech hu kënne feststellen, dass mer awer, mengen ech, iwwerparteilech do ee Konsens hunn. Et ass dat, wat am Moment amgaangen ass ze geschéien, dass mer do mussen Hürden opsetze respektiv ganz kloer Saachen de-cidéieren, déi dat doten an Zukunft onméiglech maachen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Aarbechtsminister Dan Kersch.

### 6. 7344 - Projet de loi relative aux licences des contrôleurs de la circulation aérienne et aux prestataires de service de navigation aérienne

Deen nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Moien ass de Projet de loi 7344 iwwert d'Lizenz von de Kontrollere vum Loftverkéier an d'Leeschungen an deem Beräich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, dëse Projet de loi handelt ëm d'Lizenz fir de Beruff Contrôleurs de la navigation aérienne, also Fluglot-sen. Aner Prestataires de services am Domän vun der Navigation aérienne sinn och vun dësem Reglement beträff.

En europäescht Reglement mat der Nummer 2015/340 aus dem Joer 2015 leet hei déi tech-nesch Exigenzen an och administrativ Prozedure fest iwwert d'Lizenzen an d'Zertifikater vun de Fluglotsen.

Dëst EU-Reglement behandelt follgend Theemen: d'Konditiounen vun der Ausstellung, der Suspensioun an dem Retrait vun de Lizenzen vun de Fluglotsen, souwéi och déi associéiert Qualifikatiounen a Men-tiounen; Ausstellen, Restriktiounen, Suspensioun an Zréckzéie vu medezinneschen Attestatiounen fir déi selwecht Fluglotsen; Zertifikatioun vum medezin-nesche Personal an hiren Zentren, dat d'Fluglotse soll medezinnesch iwwerwaachen; dann d'Zertifika-tioun vun Institutiounen déi d'Fluglotsen ausbilden; Konditiounen, déi erfüllt mussen gi fir d'Validatioun, d'Verlängerung, d'Erneuerung an d'Benotzung vun dëse Lizenzen, Qualifikatiounen, Mentiounen an Zer-tifikater.

Vu datt et hei ëm en EU-Reglement geet, brauch dat net national ëmgusat ze ginn, mee ass direkt an al-len EU-Memberstaaten applikabel. Nëmmen déi puer weínege Dispositiounen oder Ausféierungsbestëm-mungen, déi ënner eng national Kompetenz falen, mussen hei nach national per Gesetz oder Rëgle-ment grand-ducal définiert ginn.

An dësem Fall vun de Fluglotse geschitt dat enger-säits iwwert dëst Gesetz an anerersäits iwwer e Rëglement grand-ducal.

Zum Beispill: Dëse Projet de loi ass engersäits nout-wendeg, fir d'Direction de l'aviation civile - ënner Ofkierzung DAC - offiziell als national kompetent Au-toritéit an dëser Matière ze designéieren. Doduerch gëtt d'DAC dann och responsabel fir d'Zertifikatioun an d'Supervisioun vum erwäanten EU-Reglement, an notament fir Lizenz fir d'Fluglotsen auszustellen, mee och zréckzezéien oder ze suspendéieren.

Anerersäits ass dëse Projet de loi och néideg, fir eist aktuellt Gesetz vum 16. August 2010 iwwert d'Lizenz von de Fluglotsen ze abrogéieren, well dat Gesetz d'Ëmsetzung vun enger diesbezüglicher EU-Direktiv vun 2006 war, déi selwer och op EU-Ni-veau abrogéiert gouf.

An zu gudder Lescht kënnt dann nach e reng na-tionale Volet derbäi, deen näischt mat der EU-Legis-latioun ze dinn huet.

Et geet heibäi ëm d'Aféierung vu Primme fir d'Flug-lotsen. Den Artikel 4 vun eisem Projet de loi gesäit elo zwou Zorte vu Primme fir d'Fluglotse vir: eng Prime aéronautique, déi pensionabel ass; eng Prime d'examineur, déi net pensionabel ass.

An dësem Kontext gouf den initial deposéierte Libellé vun dësem Artikel duerch Amendement gou-vernemental modifizéiert, fir de Verhandlung mat de Vertreider vun de Fluglotse Rechnung ze droen,

a wou et och ëm d'Opwärtung vun hirer Karriär goug.

De Conseil d'État hat a sengem éischten Avis eng Rei Opposition-formellë gemaach. Duerch Amende-ments gouvernementaux konnten dës Oppositions formelles opgehuewe ginn, ausser déi iwwert d'Primme vun de Beamten, déi eng Fonctioun als Evaluator oder Examineur hunn. Mat Hëllef vun engem zweeten Amendement gouvernemental konnt dann och dës Opposition formelle opgehuewe ginn.

De Projet de loi ass de 16. Juli 2018 an der Chamber deposéiert ginn duerch de Minister François Bausch. Et goufen, wéi gesot, e puer Navetten tëschent der Regierung an dem Conseil d'État weínt Oppositions formelles. Mee, wéi gesot, déi konnten all opgeléist ginn.

De Projet de loi ass an eiser Kommissioun vun der Mobilitéit den 1. Abrëll 2021 guttgeheesch ginn. Méi Detailler zu dësem Projet de loi kënnt Der a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Ech ginn domat och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Carlo Back villmools Merci a ginn d'Wuert un deen éischten ageschriwwene Riedner. Dat ass den honorabelen Här Aly Kaes.

#### Discussion générale

■ **M. Aly Kaes (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Merci wëll ech och dem Rapporteur soe fir déi expli-zitt Erklärungen. Deem ass a sech net vill bäize-fügen.

Ech mengen, mir sinn alleguerten d'accord, datt d'Fluglotsen e ganz wichtegt Element an der Naviga-tioun, am Fluchverkéier duerstellen. Duerfir ass et wichteg, datt all d'Detailler esou gutt wéi méiglech gereegelt sinn. An deem Sënn nach eng Kéier merci un de Rapporteur. Ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kaes. An da geet d'Wuert weider un den hono-rabelen Här Max Hahn.

■ **M. Max Hahn (DP).**- Merci, Här President. Jo, well de Rapporteur esou komplett war, bleift mir just nach den Accord ze gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, an natierlech géif ech dem Rapporteur op dëser Plaz och gär Merci soe fir seng zwee ganz gutt Rapporten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. De Mikro ass elo fräi fir déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).**- Jo. Merci, Här Pre-sident. Och vu mir ee grouse Merci un de Rapporteur. Eigentlech wollt ech nach an e puer Wuert agoen op d'Wichtigkeet och vun de Primmen an och, dass mer eis et jo net einfach gemaach hu just mat esou enger Transpositioun vun enger Direktiv, mee mir hunn eis wierklech nach un déi Primme geklemmt. Mee och dat huet de Rapporteur ganz am Detail erkläert, wéi et sech an der Kommissioun och domadder verhalen huet. Duerfir merci. An natierlech och den Accord vu menger Partei. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hemmen. Da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur, dem Här Carlo Back, een häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot ginn. Et geet hei am Fong geholl ëm den Detail vu Fluglotsen, wéi dat gereegelt ass. Ech mengen, et ass wichteg, datt mer dat hunn zur Sécherheet vum Flughafen. Et ass och vill méi kloergestallt. An ech géif domadder d'Zoustëmmunge brénge vun der ADR zu dësem Gesetz.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier a Mobilitéitsminister François Bausch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Här President, ech ka mech nëmmen deene ville Mercien un den Här Back uschlëssen a si frou iwwert déi unanime Decisioun vun der Chamber, fir dësem Gesetzesprojet zou-zestëmmen.

**M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7344. Den Text steet am Document parle-mentaire 7344<sup>6</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7344 et dis-pense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électro-nique fir déi perséinlech Stëmmen.





Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Michel Wolter), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Emile Eicher), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Gilles Roth), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 7. 7560 - Projet de loi portant approbation de la Convention sur la répression des actes illicites dirigés contre l'aviation civile internationale, faite à Beijing, le 10 septembre 2010

### 7561 - Projet de loi portant approbation du Protocole, fait à Montréal, le 4 avril 2014, portant amendement de la Convention relative aux infractions et à certains autres actes survenant à bord des aéronefs, faite à Tokyo, le 14 septembre 1963

### 7562 - Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel, fait à Beijing, le 10 septembre 2010, à la Convention pour la répression de la capture illicite d'aéronefs, fait à La Haye, le 16 décembre 1970

Mir kommen elo zu dem Projet de loi 7560, dem Projet de loi 7561 an dem Projet de loi 7562 iwwert d'Adoptioun vun enger Konventioun an enger Rei Protokoller iwwert d'Sécherheet am Loftverkéier, déi mer gemeinsam an enger Diskussioun wäerte behandelen. Ech géif d'Wuert un de Rapporteur vun deenen dräi Projets de loi ginn, den honorabelen Här Carlo Back, deen dann déi dräi Projeten zesumme virstellt. Här Carlo Back, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapports de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, ech alt nach eng kéier. Hei sinn dräi Projets de loi, déi ech am mëndleche Rapport presentéieren, mat den Nummere 7560, 7561 an 7562, déi all ëm d'Aviation civile ginn.

Méi prezis geet et ëm d'Zoustëmmung oder d'Ratiofikatioun zu dräi Konventiounen respektiv Protokoller, déi op den Aktivitéite vun der OACI - dat ass d'Organisation de l'aviation civile internationale oder d'international zivill Loftorganisatioun - am Beräich Sécherheet baséieren an eng gemeinsam, dat heescht global koordinéiert Reaktioun op d'Attentater vum 11. September 2001 duerstellen. All dës Konventiounen oder Protokoller sollen derzou bäidroen, fir d'Sécherheet vun der ziviller Fligerei ze verbesseren.

Ech presentéieren déi dräi Projets de loi, wéi gesot, mateneen. Den Här President huet dat erkläert. Mee d'Votten zu deenen dräi Projets de loi wäerten natierlech separat sinn.

De Projet de loi 7560: Hei geet et drëms, d'Konventioun vu Beijing vun 2010 ëmzesetzen. Dës Konventioun huet 25 Artikelen an huet als Zil, nei Inkriminatiounen an déi national penal Dispositiounen ze integréieren.

Wat sinn elo déi Inkriminatiounen? Dës Konventioun klasséiert d'Benotze vun ziville Fligeren, also Aeronen nach, fir den Doud vu Persounen erbäizeféieren oder och kierperlechen a materielle Schued unzerichten, an d'Kategorie vu kriminellen

Akten. Och d'Fräisetze vu biologeschen, cheemeschen, nukleare Substanzen oder Änlechem, mat Hëllef vun engem ziville Fliger sinn eebefalls hei viséiert. Des Weideren och Cyberattacke géint Installatiounen, déi Deel vun der Navigation aérienne sinn.

Des Weidere kënnen och déi Persounen penal belaangt ginn, déi Optraggeever oder Organisateure vun esou Aktiounen sinn. Déijéineg Persounen, déi bewosst den Auteur vun esou enger Infraktioun ënnerstëtzen a sech enger Enquête entzéie wëllen, kënnen och stroferechtlech verfollegt ginn.

Et geet deemno mat der Konventioun vu Beijing drëms, dës nei Uklopunkten an dat nationaalt Recht vun deene Länner, déi dës Konventiounen ënnerschriwwen hunn, ze integréieren. Dat heescht, datt eis national Gesetzgebung gegebenefalls nach muss un déi international Obligatiounen an Exigenzen a puncto Sécherheet ugepasst ginn.

De Conseil d'État huet a sengen Avisen zu dësen dräi internationalen Accorden op dësen Aspekt higewisen: Bei der nationaler Ëmsetzung vun dësen internationalen Dispositiounen, a speziell senge penalen Dispositiounen, fir all déi erwänten Akten ze couvréieren, muss eis national Gesetzgebung nach eventuell ugepasst ginn. An datt dëst net onbedéngt elo direkt schonns haut zesumme mat der Ratifikatioun muss geschéien, mee och a Konformitéit zum Artikel 37 vun eiser Constitutioun, an engem noe spéideren zäitleche Moment kann nogeholl ginn.

Da géif ech fir d'éischt zum Projet de loi 7562 kommen, éier ech da meng Presentatioun mam 7561 ofschléissen.

Beim Projet de loi 7562 geet et ëm de Protocole additionnel vu Beijing vun 2010. Dëse Protokoll gouf zesumme mat där elo grad erwäanter Convention de Beijing ausgehandelt an ënnerschriwwen - dohier de Numm -, mee huet formal gesinn awer e ganz anere Bezuch.

Den Zousazprotokoll bezitt sech net op d'Convention de Beijing, mee op d'Konventioun vu La Haye aus dem Joer 1970 a soll där hir Portée vergréisseren. Dës Konventioun vu La Haye dréit sech haapt-sächlech ëm d'Repressioun vu Fligerentféierungen.

Am Zousazprotokoll vu Beijing geet et elo drëms, verschidden nei Forme vu Fligerentféierungen notament mat Hëllef vu modernen Technologien an déi besteeënd Konventioun vu La Haye anzebauen.

Des Weidere kënnen och déi Persounen penal belaangt ginn, déi Optraggeever oder Organisateure vun esou Aktiounen sinn, genee wéi och déijéineg, déi bewosst den Auteur vun esou enger Infraktioun ënnerstëtzen, sech enger Enquête ze entzéien.

D'Zil ass also och hei, fir d'international koordinéiert Ausweitung vun de viséierten Zenarien, déi kënnen zu enger penaler Uklo féieren, zu der Sécherheet vun der ziviller Fligerei bäizebroen.

Dann den drëtten Projet, de 7561: Hei geet et ëm d'Ëmsetze vum Protokoll vu Montreal vun 2014, dëst am Kontext vun der Konventioun vun Tokio vun 1963.

Ëm wat geet et hei? Och u Bord vun ziville Fligere kënnt et ëmmer méi zu Akten oder Infraktiounen, déi vu Passagéier ausginn an déi d'Sécherheet vun de Passagéier an dem Personal u Bord a Gefor setzen. Hei geet et drëms, de Staate méi Rechtssécherheet ze ginn, fir esou Akten ze poursuivéieren.

Fir dës Strofdoten ze verfollegen, gesäit d'Konventioun vun Tokio d'allgemeng Kompetenz vun de Staate vir, wou de Fliger immatrikuléiert ass. De Protokoll, dee mir hei stëmmen, baut dës Kompetenz elo aus a gesäit eng Extensioun vun dëse juristesche Kompetenzen vir op Staaten, wou den Exploitant vu Fligeren hebergéiert ass, an, méi limitéiert, och op déi Staaten, wou de Fliger lant.

Dës dräi Projet-de-loie sinn de 14. Abrëll 2020 an der Chamber vum Minister Jean Asselborn deposéiert ginn. D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Salariés hunn een Avis zu dëse Projets de loi ginn an hunn dës Projets de loi allgemeng begréisst. D'Chambre des Salariés huet och déi selwecht Remark wéi de Staatsrot gemaach. De Staatsrot huet säin Avis de 16. Juni 2020 ofginn. Dës Projet-de-loie sinn an der Kommissioun vun der Mobilitéit an den Travaux publics de 4. Mäerz 2021 presentéiert ginn. De Rapport vun eiser Kommissioun ass den 18. Mäerz ugeholl ginn.

Ech ginn domat och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech nach eng kéier Merci fir Äert Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech soen dem Här Rapporteur Carlo Back Merci fir déi dräi Rapporten, déi mer och elo zesummen diskutéieren, a ginn duerfir direkt deem éischten ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Kaes, d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo, merci, Här President, nach eng kéier. Merci och dem Här Back fir d'Explikatiounen. Ech mengen, deem ass net vill bäizefügen. Duerfir géif ech den Accord zu deenen dräi Projete vun der CSV-Fraktioun ginn. Ech soe Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kaes. Da wier et um honorabelen Här Max Hahn.

■ **M. Max Hahn** (DP).- Merci, Här President. Ech géif et maache wéi mäi Virriedner, den Aly Kaes, an ech géif et dobäi beloossen, dem Rapporteur Merci ze soe fir seng Rapporten, souwuel déi schrëftlech wéi och dee mëndlechen. Ech géif heimat dann och den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Hahn. Da wier et un där honorabler Madamm Cécile Hemmen.

ad 4) La direction de la mission EUPOL COPPS révalue en permanence la situation en matière de sécurité. En ce qui concerne l'évaluation plus générale, le Comité politique et de sécurité (COPS) de l'Union européenne, assisté par le Comité chargé des aspects civils de la gestion des crises (Civcom), se penche régulièrement sur les activités de la mission. Ainsi, après avoir pris en compte tous les éléments essentiels au bon fonctionnement de la mission, le COPS a proposé le 1<sup>er</sup> juin dernier une prorogation d'une année du mandat de la mission, jusqu'au 30 juin 2022. Le Conseil de l'UE prendra prochainement une décision en la matière.

**Question 4275** (12.05.2021) de **Mme Martine Hansen** (CSV) **concernant les tests rapides Covid-19 :**

Den 1. Abrëll 2021 huet den Här Premierminister d'Chamber opgefuert, eng CSV-Motioun zu enger Strategie vun der Schnelltester als Deel vun der Sortie aus de Covidrestricktiounen net unzehuelen, well se superfetatoire wier, „... well mir scho méi wäit si wéi d'Opposition dat freet“.

Op meng parlamentaresch Fro mat der N° 4061 huet den Här Premierminister ewéi och d'Madamm Gesondheitsministesch op meng Fro, ob d'Regierung d'Meenung deelt, dass et sënnavoll wier, datt dat gesamt Personal (ob fest agestellt oder vun engem Prestataire de services) zweemol an der Woch selwer e Schnelltest mécht, Follgendes geäntwert:

„Dës Tester ginn eeben och zum Zweck vun engem systemateschen Testing vum Personal bereet-gestallt.“

An der Opfaassung, dass dëst keng konkreet Äntwert op meng Fro duerstellt, géif ech gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, datt et sënnavoll wier, datt dat gesamt Personal an de Strukturen (ob fest agestellt oder vun engem Prestataire de services) zweemol an der Woch selwer e Schnelltest mécht?

2. Kann d'Regierung matdeelen, wat mat „engem systemateschen Testing vum Personal“ genau gemengt ass? Wat ass der Regierung hire System respektiv hir Strategie an deem Fall?

**Réponse commune** (11.06.2021) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. D'Regierung stellt all Mëttel bereet, fir d'Personal zweemol d'Woch kënnen ze testen an domat ee systematesche Monitoring ze garantéieren a Covid-19-positiv Fäll esou schnell wéi méiglech ze identifizéieren.

ad 2. D'Regierung stellt Schnelltester bereet, fir dass ee systematesch Testen, also e reegelméisseg Teste vun zweemol pro Woch, méiglech ass. Mam Akraaftriede vum Gesetzesprojet N° 7836 gëtt eng Testpflicht agefouert fir d'Personal aus de Strukturen, an deenen eeler a vulnerabel Leit ënnerbruecht sinn. De Gesetzesprojet gesäit a senger aktueller Form vir, dass d'Personal, dat an esou Strukturen ugestallt ass, souwéi anert Personal, dat an dëse Strukturen an enkem Kontakt mat de Pensionnären ass, dräimol pro Woch een negativen Autotest muss virweisen, fir op d'Aarbecht ze kommen. Fir déi extern Prestataire, déi mat de Pensionnären a Kontakt kommen an déi an dëse Strukturen intervenéieren, gëllt eng Testpflicht, wa si an d'Strukturen eraginn. Fir all dës Leit gëllt, dass, wa si ee gültigen Impf-, Test- oder Geneesungszertifikat kënnen virweisen, si da vun dëser Testpflicht entbonne sinn.

**Question 4277** (12.05.2021) de **Mme Carole Hartmann** (DP) **concernant la possibilité d'introduction d'un troisième sexe dans le registre de l'état civil :**

Le projet de loi visant à établir un droit pour toute personne majeure à connaître ses origines a récemment été source de vives discussions, notamment pour cause de la substitution des termes « père » et « mère » dans le texte législatif, au profit d'une terminologie non genrée. Aux termes des explications fournies par les auteurs du projet de loi, la nouvelle appellation des parents respectifs poursuit le but d'une meilleure inclusion des parents transgenres en créant un cadre plus inclusif pour les différents cas de figure de parentalité possibles. Le recours à une terminologie neutre dans les textes de loi respectifs assurera, en plus, leur applicabilité à toute personne, nonobstant leur sexe désigné ou non désigné.

En matière de sexe « non désigné », l'accord de coalition 2018-2023 prévoit également que « la possibilité d'inscrire une troisième option dans le registre de l'état civil sera examinée ».

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice :

1) Quel est l'état d'avancement des travaux ayant pour objet d'examiner la possibilité d'inscrire une troisième option dans le registre de l'état civil ?

2) Sur quelles informations le ministère se base-t-il afin d'effectuer ses analyses ?

3) Quelles seront les conditions à remplir afin de pouvoir procéder à un changement de l'état civil ?

4) Quand Madame la Ministre envisage-t-elle de déposer un projet de loi en la matière ?

**Réponse** (11.06.2021) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1) L'analyse quant à la possibilité d'inscrire une troisième option dans le registre de l'état civil est toujours en cours. Cette analyse est faite conformément aux termes de l'accord de coalition 2018-2023 et tel qu'il est également inscrit au Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes lesbiennes, gay, bisexuelles, transgenres et intersexes (Chapitre 8 - Assurer l'égalité des droits des personnes intersexes, 3<sup>e</sup> objectif) dans le cadre d'un groupe de travail interministériel.

ad 2) Dans un premier temps, le Ministère de la Justice a procédé à une étude de droit comparé européen et international, y compris les Principes de Jogjakarta plus 10, les résolutions du Conseil d'Europe, la jurisprudence de la Cour européenne des droits de l'homme, etc.

En ce qui concerne le contexte luxembourgeois, le Plan d'action précité a servi de référentiel. Des contacts avec la société civile ont eu lieu, par exemple avec « Rosa Lëtzebuerg ASBL » et « ITGL Intersex & Transgender Luxembourg ASBL ». Sont

encore envisagés des échanges bilatéraux avec les pays dont la législation en la matière est progressive, voire favorable à l'introduction du troisième sexe tels que l'Allemagne et Malte.

Étant donné que les travaux préparatoires sont en cours, il est prématuré de prendre position par rapport aux questions n° 3 et n° 4.

**Question 4283** (14.05.2021) de **MM. Sven Clement** et **Marc Goergen** (*Piraten*) **concernant la surveillance de la communication :**

Wéi Recherchë vum WDR a vum BR erginn hunn, huet dat däitscht Bundeskriminalamt (BKA) scho säit enger Rei Joren d'Mëttelen, fir WhatsApp-Chatverleef matzeliesen, an dëst ganz ouni den Asaz vu Staatstrojaner.

D'Resultater vun der Recherche, zu deenen och en internt Dokument vum BKA soll gehéieren, wat um Site netzpolitik.org publizéiert gouf, loosse drop schléissen, dass eng Kommunikatioun iwwer WhatsApp méi einfach iwwerwaacht ka ginn, wéi dat an der breeder Bevëlkerung oft ugeholl gëtt.

An deem Zesammenhang wëllt mir dem Premierminister, a Minister fir Digitalisatioun, dës Fro stellen:

1. Sinn der Regierung dat genannten Dokument an d'Recherchë vum WDR a BR bekannt?

2. Ass et enger staatlecher Entitéit aus Lëtzebuerg aktuell méiglech, Chatverleef vu Privatpersounen iwwer WhatsApp oder aner Applikatiounen ouni hiert Wëssen ze iwwerwaachen?

Falls jo, ëm wéi eng Applikatiounen handelt et sech?

3. Kann d'Regierung ausschléissen, dass eng staatlecher Entitéit aus dem Ausland oder Privatleit d'WhatsApp-Chatverleef vun Deputéierten a Regierungsmemberen iwwerwaache kënten?

Falls nee, firwat gräift d'Regierung trotzdem op dës Messengerdéngecht zeréck fir Kommunikatiounen, déi en rapport mat der Regierungsarbecht stinn?

**Réponse** (11.06.2021) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre de la Digitalisation* :

ad 1. D'Recherchë vum WDR a BR sinn der Regierung bekannt.

ad 2. D'Police an den SRE däerfen a verschiddene Fäll an ënner verschiddene Konditiounen op kryptéiert Messagen zougräifen. De Code de procédure pénale gesäit d'Reegelen an d'Prozedur vir betreffend d'Moyenen, déi d'Enquêteuren hunn an déi se kënnen benotzen am Kader vun enger Enquête (Artikelen 33-38, 47, 65 ss. an 88-1). Weesentlech ass ze preziséieren, dass sech déi selwecht Reegelen ewéi fir d'Perquisitioun uwenden.

Betreffend den SRE befanne sech d'Moyenen, déi däerfen agesat ginn, an d'Prozeduren, déi mussen agehale ginn, an den Artikele 5-8 vum ofgeännerte Gesetz vum Service de renseignement vum 5. Juli 2016.

Dës Moyene ginn agesat am Kader vun de Missiounen vum SRE, also am Fall vun enger potenzieller Bedroung duerch Spionage, gewaltbereeten Extremismus, Terrorismus, Verbreedung vu Massevernichtungswaffen oder verteidigungsrelevante Gidder zesumme mat den entspreechenden Technologien an organiséiert Kriminalitéit oder Cyberbedroung, souwäit dës mat deene virgenannten Aktivitéiten zesummenhänken.

Den Asaz vun de Moyene muss déi dräi weesentlech Prinzipie vu Legitimitéit, Proportionalitéit a Subsidiaritéit respektéieren.

Iwwert technesch Detailer kann aus sécherheetsrelevanten an ermëttlungstechnesche Grënn net kommunizéiert ginn.

ad 3. Déi professionell informatesch Kommunikatiounsoutile vun de Regierungsmembere gi vum Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE) gëréiert a kréien an deem Kontext déi héchstméiglech informatesch Protektioun géint eventuell Intrusiounen vun Drëtten. Doriwwer eraus kann d'Regierung keng Spekulationen opstellen a sech och net iwwert d'Aktivitéit vun Deputéierten äusseren.

**Question 4297** (18.05.2021) de **M. André Bauler** (DP) **concernant la terre agricole :**

La terre est un facteur de production crucial en agriculture, tant pour la production végétale que pour la production animale. À l'étranger comme au Luxembourg, la terre agricole à proprement parler devient de plus en plus un facteur de spéculation attirant les investisseurs les plus divers.

<sup>3</sup> De Pentallateralen Energieforum ass eng regional Kooperationsorganisatioun am Beräich Energie, bei där d'Belsch, Däitschland, Eisträich, Frankräich, Holland, Lëtzebuerg an d'Schwäiz zesummeschaffen.





Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Les services du ministère ont-ils pu suivre l'évolution récente des prix immobiliers concernant tout particulièrement les secteurs agricole, viticole et horticole ? Une étude en la matière aurait-elle déjà été effectuée ? Dans l'affirmative, quelles en seraient les conclusions ? Dans la négative, le ministère envisage-t-il de faire élaborer une analyse détaillée en ce domaine précis ?

2) Comment les surfaces d'exploitation réservées aux entreprises agricoles, viticoles et horticoles ont-elles évolué durant les dernières années ? Et quelles sont les prévisions en la matière tout en sachant que les besoins de construction du secteur immobilier vont croissant ? Une étude prospective a-t-elle été réalisée à cet effet afin de préparer le secteur aux mutations du futur ?

**Réponse** (11.06.2021) de **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* :

ad 1) Le Service d'économie rurale (SER) suit systématiquement et de près l'évolution des prix d'acquisition des terres agricoles des secteurs agricole, viticole et horticole, ceci grâce aux données comptables de leur division de la gestion, de la comptabilité et de l'entraide agricole.

Les prix d'acquisition des surfaces agricoles payés par les agriculteurs, viticulteurs et horticulteurs du SER sont comptabilisés dans les comptabilités respectives des exploitations en question et comportent les prix des surfaces, les frais de notaire ainsi que les frais d'enregistrement respectifs. Une extraction anonymisée de ces données est transmise ensuite à la division des statistiques agricoles, des relations extérieures et des marchés agricoles pour l'élaboration et l'évaluation de ces informations.

Pour interpréter l'évaluation des prix d'acquisition des terres agricoles, il faut absolument considérer que ces prix ne reflètent que les acquisitions des exploitations agricoles du réseau comptable du SER et que toutes acquisitions de surfaces agricoles, réalisées par tous autres acteurs comme l'État, les communes, les agences immobilières ou toute autre personne privée ne sont pas prises en compte dans les chiffres du SER. Entre 2003 et 2019, une moyenne par année de 393 ha de surfaces agricoles achetées a été répertoriée par le SER. En 2019, 467 ha de surfaces agricoles furent pris en compte par le SER.

Entre 2003 et 2019, les coûts d'acquisition pour des surfaces agricoles ont connu une croissance de 125 %. En 2003, le prix médian d'un hectare de surface agricole était de 15.355 €, alors qu'en 2019, il s'éleva à 34.550 €. Entre 2015 et 2019, le prix d'un hectare de surface agricole a connu une croissance de 25 %. En 2015, le prix s'éleva à 27.764 €.

Le graphique ci-dessous trace de façon détaillée l'évolution du prix des surfaces agricoles, exprimé en €/ha, depuis 2003.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

Il est toutefois à considérer que le prix médian ne reste qu'un indicateur calculé et théorique. Selon les circonstances de l'acquisition, les prix effectifs de certaines transactions peuvent connaître une importante marge de fluctuation et s'éloigner fortement du prix médian.

Le graphique ci-dessous trace cette variation en affichant la fréquence des achats pour différentes tranches de prix pour un hectare de surface agricole.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

Finalement, il reste à préciser que 60 % des acquisitions effectuées en 2019 concernaient des surfaces agricoles entre 0 et 1 hectare. Pourtant elles ne constituaient que 9,8 % de l'intégralité des surfaces agricoles achetées en 2019. Seulement sept transactions étaient au sujet de surfaces de plus de 10 hectares. Elles représentaient toutefois 42,3 % de l'intégralité des surfaces agricoles achetées en 2019.

Le graphique ci-dessous reprend les tranches de prix par hectare par rapport à la taille des surfaces achetées en hectares en 2019.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

ad 2) Une régression constante des surfaces d'exploitation est perceptible depuis 2010. En 2010, encore 125.777,62 hectares servaient comme surfaces d'exploitation réservées aux entreprises agricoles, viticoles et horticoles. En 2020, la somme

des surfaces s'élevait encore à 122.994,43 hectares. Il s'agit d'une régression de 2,2 %.

Le graphique ci-dessous reprend la surface agricole utilisée en hectares pour la période de 2010 à 2020.

*(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)*

Le Service d'économie rurale (SER) ne détient toutefois pas de données sur la conversion de surfaces.

Faisant défaut de données vérifiables, le SER est dans l'impossibilité de dresser des prévisions réalistes à court, à moyen ou à long terme.

**Question 4300** (18.05.2021) de **M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) concernant les **misés à jour du Registre national des personnes physiques** :

Par la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques, au Registre national des personnes physiques, à la carte d'identité, aux Registres communaux des personnes physiques fut créé le Registre national des personnes physiques. Ce dernier renseigne, entre autres, sur le nombre des personnes résidant aux Grand-Duché et dans les communes respectives.

En réponse à la question parlementaire n° 4015 du 2 avril 2021, Monsieur le Ministre du Logement a précisé que « [d]ans les faits, les communes disposent d'un outil informatique leur permettant d'inscrire leurs ressortissants non seulement de façon générale au Registre des personnes physiques, mais également de façon plus précise au niveau d'un logement spécifique. De cette façon, la combinaison du Registre communal des personnes physiques et du Registre des bâtiments pourrait grandement faciliter l'identification des logements inoccupés.

Un Registre national des logements devrait dès lors être alimenté et tenu à jour systématiquement par l'inscription de nouveaux logements réalisés sur base de permis de constructions émis par les communes et par la suppression de logements détruits sur base d'une autorisation de destruction. [...] »

Au vu de l'importance de disposer d'un nombre précis des logements, de leur occupation et du nombre correct de résidents au pays, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur :

1) Est-ce que toutes les communes du pays ont mis à jour la partie communale du Registre national en inscrivant les citoyens non seulement à une localité, nom de rue et numéro de l'immeuble (art. 5 de la loi du 19 juin 2013), mais également à une identification claire de chaque unité de logement spécifique (appartement) au sein d'un logement collectif ? Le cas échéant, combien de communes n'ont pas complété leur Registre communal ?

2) Madame la Ministre n'est-elle pas d'avis qu'une inscription à un logement spécifique complétant le numéro et le nom de rue s'avère indispensable et que la loi du 19 juin 2013 devrait être complétée ?

3) Madame la Ministre partage-t-elle l'utilité de compléter le Registre national des personnes physiques par un Registre national des logements ?

4) Au cas où des personnes quittent le territoire national sans procéder à la déclaration de départ, comment les communes peuvent-elles en être informées au cas où elles ne disposent pas d'une inscription par identification de l'unité de logement ? En effet, si un nouvel arrivant se déclare uniquement à un immeuble et non pas à un logement spécifique au sein de ce dernier, la commune ne détectera pas nécessairement la nécessité de rayer d'office un ancien résident qui a quitté le territoire et qui restera donc inscrit sur le Registre communal voire national.

5) L'article 31 de la loi du 19 juin 2013 précise qu'« [e]n cas d'absence de déclaration de départ, la radiation a lieu sur base d'une information provenant du Centre dans le cadre de sa mission de gestion du Registre national des personnes physiques. » Cette disposition est-elle souvent d'application ? Comment le Centre est-il informé du départ des personnes physiques qui n'ont pas déclaré leur départ du territoire national ?

6) Le recensement de la population prévu pour novembre 2021 mettra-t-il à jour le RNPP voire le nombre de personnes résidentes au pays ? Si tel n'est pas le cas, quels chiffres seront utilisés pour les statistiques nationales et internationales ?

**Réponse commune** (26.07.2021) de **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*, de **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à la Digitalisation*, de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*, et de **M. Henri Kox**, *Ministre du Logement* :

ad 1) + 2) Les questions de l'honorable Député concernent les inscriptions et mises à jour dans le Re-

gistre national des personnes physiques (RNPP) et le Registre communal des personnes physiques (RCPP) des particuliers résidant au Grand-Duché dans un immeuble en copropriété (logement de type collectif).

Depuis le 1<sup>er</sup> avril 2016, les données figurant dans le RNPP et le RCPP sont identiques (synchronisation des données). L'inscription sur les registres se fait par le biais d'une déclaration d'arrivée des particuliers à effectuer auprès de la commune concernée, respectivement à travers la plateforme MyGuichet pour les communes qui offrent cette possibilité.

La loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques dispose à l'art. 5-2 c) (RNPP) et à l'art. 33-1 c) (RCPP) que l'adresse est inscrite de la façon suivante :

« c) - la résidence habituelle, mentionnant la localité, la rue et le numéro d'immeuble, figurant ou à communiquer au Registre national des localités et des rues, prévu par l'article 2, lettre g) de la loi modifiée du 25 juillet 2002 portant réorganisation de l'administration du cadastre et de la topographie, et le code postal ;

- le cas échéant, le numéro d'ordre établi en exécution de la loi modifiée du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété ;

- toute précision supplémentaire quant à l'immeuble dans lequel se situe le logement et toute modification intervenue dans la situation de résidence [...] ».

La loi précitée du 19 juin 2013 permet donc d'individualiser les occupants de chaque unité de logement à l'heure actuelle, de sorte qu'une modification législative sur ce point n'est pas nécessaire.

Les administrations communales utilisent largement cette possibilité.

ad 3) Il y a lieu de se référer à la réponse à la question parlementaire n° 4015.

ad 4) La loi précitée du 19 juin 2013 prévoit à l'art. 21-1 que « [t]oute personne qui transfère sa résidence habituelle à l'étranger est tenue de faire une déclaration de départ auprès de la commune où elle est inscrite avant son départ » et l'art. 21-2 ajoute que « [...] la déclaration de départ doit être effectuée au plus tard la veille du départ. »

L'honorable Député s'interroge sur les conséquences d'un départ à l'étranger à défaut de déclaration de départ auprès du bureau de la population de la commune qu'elle a quittée.

Il y a lieu de préciser que l'article 43 de la loi précitée du 19 juin 2013 dispose que l'omission d'effectuer une déclaration de départ est punie d'une amende de 25 à 250 euros.

Par ailleurs, les communes peuvent recourir à une enquête administrative de la Police grand-ducale en cas de doute sur la réalité d'une résidence (p. ex. si des courriers de la commune pour des services communaux divers restent sans réponse ou sont retournés par la poste).

ad 5) Le CTIE (Centre des technologies de l'information de l'État) reçoit régulièrement et continuellement des informations concernant des adresses de personnes résidant à l'étranger. Ces informations peuvent émaner directement des personnes concernées ou bien provenir d'administrations diverses à qui un changement d'adresse a été signalé. Si les personnes concernées sont à ce moment inscrites à une adresse luxembourgeoise dans les registres national et communal, le CTIE en informe la commune luxembourgeoise concernée qui procédera le cas échéant à la radiation de l'adresse luxembourgeoise.

ad 6) Le Statec précise que les données récoltées par lui lors du recensement de la population ne peuvent être utilisées que dans un but purement statistique et ne sont pas divulguées. Par conséquent, ces données ne peuvent pas être utilisées pour mettre à jour le RCPP, voire le RNPP.

Les finalités du recensement de la population sont celles de recueillir des données entrant dans les trois catégories suivantes :

- données socio-économiques sur les personnes ;
- données sur les ménages ;
- données sur les logements.

Le traitement des données du recensement de la population par le Statec est licite au sens du Règlement général sur la protection des données (UE) n° 2016/679, parce qu'il est nécessaire au respect d'une obligation légale à laquelle le responsable du traitement, le Statec en l'occurrence, est soumis. Cette obligation légale découle du règlement (CE) n° 763/2008 concernant les recensements de la population et du logement.

Cette disposition est également prévue à l'article 17 de la loi modifiée du 10 juillet 2011 portant organisation de l'Institut national de la statistique et des études économiques : « Les renseignements recueillis ne pourront être utilisés qu'à des fins sta-

tistiques, à savoir exclusivement pour l'établissement de statistiques ou l'élaboration d'analyses et d'études statistiques, économiques et sociales. Ils ne peuvent donner lieu à une utilisation administrative, judiciaire, fiscale ou de contrôle des répondants, à moins que ces derniers n'aient sans équivoque donné leur consentement à ce que les données soient utilisées à ces fins. »

Le Statec utilisera également pour la production des statistiques nationales et internationales les données démographiques de la population ayant sa résidence habituelle au Grand-Duché à la date du 8 novembre 2021 que fournira le CTIE.

**Question 4310** (19.05.2021) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **demandeurs de protection internationale mineurs disparus** :

An der parlamentarescher Fro N° 4107 hat ech opgrond vu Recherchen duerch ë. a. déi brittesch Zeitung „The Guardian“ nogefrot, wéi vill mannerjäreg Flüchtlingen zu Lëtzebuerg aus der Obhut vum Staat verschwonne sinn. D'Ministeren hunn erkläert, dass 75 Mannerjäreger verschwonne sinn, éier d'Asylprozedur lancéiert war, an dass zwielef Mannerjäreger verschwonne sinn, nodeems si hir Demande fir Asyl agereecht haten.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir bannenzeg Sécherheet a fir Immigratioun an Asyl dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mannerjäreger, déi wéinst enger Asylde-mande virstelleg goufen oder dës schonn agereecht haten, goufe säit 2016 als vermësst gemellt, mee konnten duerno erëmfonnt ginn? Wéi vill vun dëse Kanner sinn eng zweet Kéier verschwonnen?

2. Wat ënnerhëlt d'Regierung, fir d'Situatioun ze verbessern?

**Réponse commune** (11.06.2021) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile* :

ad 1. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 4107 ugin, si bei de Mannerjärege, déi während der Prozedur verschwonne sinn, also nodeems si een Administrateur ad hoc designéiert kruten an hir Demande agereecht hunn, dräi Demanden 2016 clôturéiert ginn. 2017 waren dëst der fënnf, 2018 dräi an 2019 nëmmen eng. 2020 ass keng Demande an deem Sënn zougemaach ginn.

D'Police sammelt d'Chiffere vun de vermësste Mineuren, wa se signaléiert goufen. Dofir ginn d'Unitéiten um Terrain d'Informatiounen un d'Direction des relations internationales vun der Police grand-ducale weider, déi hirersäits en charge ass fir d'Gestioun vun de Signalementen an de betreffenden Datebanken. Dat beinhaltet och allgemeng d'Signalementen vu Mineuren, déi op Lëtzebuerger Territoire verschwonne sinn. Et gëtt awer net agedroen, ob et sech dobäi ëm en Demandeur de protection internationale handelt.

ad 2. De Reglement Dublin III applizéiert den Intérêt supérieur de l'enfant an erlaabt et engem Mannerjärege, successiv an e puer Memberstaaten eng Demande op internationale Schutz ze maachen. Dës Staate mussen d'Demande traitéieren, ouni de Mannerjärege an een anert Land zeréckzetransferéieren. Doduerch ass et schwéier, prozedural Moossnamen ze huelen an déi Mannerjärege dovun ofzehalen, an aner Memberstaaten ze goen, ausser déi Persounen ze sensibiliséieren, fir d'Land net ze verloossen an ee gudden Encadrement ze bidden. Säit 2019 kritt all Mannerjärege, dee fir eng Demande op internationale Schutz virstelleg gëtt, eng Informationsbroschür mat op de Wee, wou dës Consignen och drastinn.

Géint d'Grënn, wéisou verschidde Persounen verschwannen, déi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 2078 vum 23. Abrëll 2020 duer geluecht gi sinn, ass et dowéinst schwéier, eppes ze ënnerhuelen, well déi meeschte Persounen Lëtzebuerg éischter als Transitland gesinn a sech als Mannerjärege ausginn an dann engem Transfert laut dem Reglement Dublin III an deem Sënn kënnen entgoen.

**Question 4411** (04.06.2021) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant la **piste cyclable 22 entre Bettel et Fouhren** :

2005 gouf den éischten Deel (Bëttel-Furen) vun nationale Véloswee 22 fäerdeg. Obwuel d'Realisation vun dëser Vélospist als duerchgehend Streck aus Grënn vun der Sécherheet dréngend noutwendeg ass, ass zantherier net allze vill geschitt, well de Staat no 16 Joer Verhandlung mat de Proprietären d'Terrainen nach ëmmer net all huet.

An deem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Mobilitéits- a Bauteminister stellen:

- Wéi vill vun den noutwendegen Terraine befannen sech aktuell am Besëtzt vum Staat?





- Wou leien dës Terrainen?

- Ass geplangt, op dësen Terraine scho mat den Aarbechte fir d'Vëlospist unzefänken?

- Wa jo, wéini sollen d'Aarbechten ulafen?

- Wann net, firwat gött d'Zäit net genotzt, fir schonn un der Vëlospist ze schaffen?

**Réponse** (03.08.2021) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 4025 vum 6. Abrëll 2021 zu dësem Sujet preziséiert, sinn d'Verhandlung mat de Besëtzer vun de Grondstécker am Kompetenzberäich vum Comité d'acquisition ënnert dem Finanzministère.

De virleienden Informatiounen no si vun deenen am Ganze ronn 30 noutwendege Grondstécker fënnem am Besëtzt vum Staat a fir 14 Terraine besteet eng Eenegung mat de Besëtzer, fir déi dann och ee Virvertrag ofgeschloss gouf. Déi Grondstécker erginn awer keng zesummenhängend Fläch, soudatt et net méiglech ass, mat den Aarbechten op enger gewësser Plaz unzefänken. Dozou ass ze soen, dass op d'mannst d'Grondstécker vun engem ganze Streckendeel am Besëtzt vum Staat misste sinn, fir mam Chantier kënnen zum Deel unzefänken.

D'Verhandlung mat de private Grondstécksbesëtzer iwwert de Rescht vun den Terrainen erweisen sech als schwierig, de Staat wäert déi Besëtzer iwwert de Summer awer nach eng Kéier kontaktéieren. Verstandelecherweis ass et net méiglech, während deene lafende Verhandlung weider Prezisiounen iwwert déi genee Situatioun vum Staatseigentum ze ginn.

Betreffend d'Aarbechten um Vëloswee PC22 huet d'Stroossebauverwaltung all d'Viraarbechten, déi am Virfeld konnte gemaach ginn, vum Plange bis hin zu den néidege Geneemegungsfroen, realiséiert. Et gött also aktiv um Projet geschafft, woubäi déi nächst Etapp d'Ausschaffe vum Ausschreibungsdossier ass.

D'Stroossebauverwaltung ass also bereet, mam Chantier unzefänken, wann déi néideg Grondstécker bis am Besëtzt vum Staat sinn.

**Question 4440** (09.06.2021) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **bénévoles du CGDIS** :

A senger parlamentarescher Fro N° 1505 iwwer d'Uwennung vum Body-Mass-Index beim CGDIS hat de Sven Clement Äntwerte vun der Ministesch krut, déi kloer maachen, dass de Body-Mass-Index een entscheidende Krittär fir d'Suspendéiere vu CGDIS-Fräiwëllegen ass. Op de sozialen Netzwierker zirkuléieren eng Rëtsch Bättrig vu CGDIS-Memberen, an deene kritiséiert gött, dass Fräiwëlleger mat engem ze héije Body-Mass-Index (BMI) pauschal vun allen Aktivitéite beim CGDIS suspendéiert goufen.

A fréiere parlamentaresche Froen hat ech mech mat der Situatioun vun de Fräiwëllege beim CGDIS efaasst, woubäi ech a menger leschter Fro N° 2723 Informatiounen doriwwer wollt hunn, wéi d'Kommunikatioun tëschent de verschiddenen hierarcheschen Niveaue beim CGDIS ausgesäit. Mäi Virschlag vun engem anonymme Feedbacksystem beim CGDIS gouf vun der Ministesch net zeréckbehalen, mam Argument, dass d'Ministesch déi oppen Dialogkultur vum CGDIS ënnerstëtzt:

„En anonymme Feedbacksystem existéiert net. Et ass och net geplangt, esou e System anzeféieren. De CGDIS leet Wäert op eng oppen Dialogkultur, wou jidderen d'Méiglechkeet kritt, sech fräi a kritesch ausgedrécken. Doriwwer eraus huet all fräiwëllege Member d'Méiglechkeet, fir sech un de gewielten Vertrieeder vun de fräiwëllege Pompjeeën am Verwaltungsrot ze riichten.

Als Inneministesch ënnerstëtzen ech déi konsequent an oppe Kommunikatiounspolitik vum CGDIS.“

Wéi genee dës „Dialogkultur“ ausgesäit, gouf an der Fro allerdéngs net präziséiert. Kloer ass, dass zum Dialog ëmmer mindestens zwee Partner gehéieren. Oft ass et och esou, dass den Dialog extern gesicht gött, wann en intern net erreecht ka ginn. D'Messagen op de sozialen Netzwierker loossen dorobber schléissen, dass déi sougenannten Dialogkultur nach verbessert ka ginn.

An den Debatte ronderëm den nationale Plang zum Rettungswiesen an der Chamber (PNOS) hat d'Ministesch nach ënnerstrach, dass d'Fräiwëlleger weiderhin ee Pilier vun Rettungswiese wäerte bleiwen, och wann d'Proportioun vu professionelle CGDIS-Memberen an den nächste Joren däitlech wäert gesteigert ginn. Wichteg dobäi ass, dass et beim CGDIS net zu enger Zwou-Klasse-Gesellschaft dierf kommen. D'Benevolle mussen mat de professionelle gläichgestallt bleiwen.

Grad, wann et dorëm geet, intern Dysfonctionnementen ze identifizéieren an ze behiewen, kënnen Fräiwëlleger immens wäertvoll sinn, well si duerch hiert Éierenamt eng finanziell Onofhängegkeet vis-à-vis vum CGDIS hunn. Dëst erlaabt et hinnen, a

verschiddene Situatiounen och d'Hierarchie am CGDIS méi kritesch ze hannerfroen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Interieur dës Froe stellen:

1. Wéi definéiert sech d'Dialogkultur, déi d'Ministesch ugeschnidden hat?

Wéi eng Méiglechkeete stinn de CGDIS-Memberen zur Verfügung, fir gehéiert ze ginn?

Wéi oft melle Membere sech am Duerchschnëtt bei der Direktioun vum CGDIS?

Wat sinn d'Haaptuleiese vun de Leit um Terrain a wéi reaktiv sinn d'Responsabel?

Wéi oft gi Reunionen tëscht de Responsabelen an de Leit um Terrain duerchgefouert?

2. Mat wéi engen Indicateure gött d'Zefriddenheet vun de CGDIS-Memberen (Fräiwëlleger a Personal) gemooss?

3. Wéi héich war den Taux d'absentéisme beim CGDIS an de Joren 2019 an 2020?

4. Schléisst d'Ministesch aus, dass et beim CGDIS jeemools wäerten intern Feedbacksystemer ginn, déi d'vertikal Kommunikatioun an der Hierarchie vereinfachen? Wéi kann d'Kommunikatiounskultur alternativ nach verbessert ginn?

5. Zur Fro vum Body-Mass-Index: Wäert de CGDIS d'Linn bäibehalen, dass een ze héije BMI automatesch zu enger Suspendéierung aus allen Aktivitéite féiert an och deenen, déi primär net mat Asätz verbonne sinn?

Oder wäert een op de Wee goen, deene concernéierte Fräiwëllegen aner Responsabilitéiten am CGDIS ze iwwerdreen, bei deenen een ze héije BMI keng Problemer duerstelt? Falls Zweeteres antrëfft, wéi eng Aktivitéite kënnen dës Fräiwëlleger nach ausüben?

**Réponse** (13.07.2021) de **Mme Taina Bofferdig**, *Ministre de l'Intérieur* :

Fir all Member vum CGDIS ass déi éischt Ulaflaz ëmmer den direkte Supérieur hiérarchique. Fir déi fräiwëlleg Fraen a Männer Pompjeeën ass dat an der Reegel den Zenter- oder Gruppechef, oder och nach den Zonechef. Doriwwer eraus melle sech all Dag Fräiwëlleger bei deene verschiddenen Direktiounen vum CGDIS, fir Saachen nozefroen oder hir Doléancë matzedeele. Et sinn oft administrativ oder technesch Froen, op déi déi concernéiert Direktioun ëmmer séier a pragmatesch versicht ze äntweren. Opgrond vum modifizéierte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwert d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet ass de Service du volontariat et de la promotion des jeunes pompiers de privilegiéierten Usprichpartner fir déi fräiwëlleg Pompjeeën. Schlussendlech huet och all Member vum CGDIS d'Méiglechkeet sech u seng Vertrieeder am Verwaltungsrot ze riichten, wouvun och reegelméisseg Gebrauch gemaach gött.

Um Niveau vun den Zenteren (CIS) a Gruppen (GIS) fanne reegelméisseg Membersversammlungunge statt. Des Weidere ginn et Concertatiounen tëscht den Zonen- an Zentercheffen. Och d'Direktore fleegen den Austausch mat den Zonen-, Zenter- a Gruppecheffen. D'Covid-19-Pandemie huet dësen Austausch allerdéngs erschwéiert.

De CGDIS huet nach keen Outil, fir d'Zefriddenheet vu senge Memberen ze moossen. De Service Santé de travail des pompiers (STP) huet awer d'lescht Joer eng Enquête organiséiert, bei där 624 anonym Froebéi ausgewäert gi sinn. 66 % vun de Befroete ware „ganz zefridden“ an 30 % „zefridde“ mat der Aarbecht vum STP.

Déi Fräiwëlleg üben hir Aktivitéit an hirer Fräizäit aus a stinn a kengem Aarbechtsverhältnis mam CGDIS. Aus deem Grond ka fir si keen Taux d'absentéisme gerechent ginn.

Ech sinn iwwerzeegt, dass de CGDIS sech déi néideg Instrumenter gött an déi richteg Reflexer uneege, fir déi beschtméiglechste Kommunikatioun mat senge Memberen ze fleegen.

Fir d'Äntwert op d'Fro 5 verweisen ech op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4363.

**Question 4443** (09.06.2021) de **M. Jeff Engelen** (*ADR*) concernant l'**impact des conditions météorologiques sur l'électromobilité** :

D'Regierung setzt ëmmer méi staark op Elektromobilitéit. Déi entsprechend Luetinfrastruktur ass allerdéngs net a vollem Émfang géint Blëtzaschlei geschützt, wat och zu Schied um Auto, notament der Batterie, féiere kann, wann dësen am falsche Moment un der Borne hänkt.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Transportminister gär dës Froe stellen:

1. Ass der Regierung déi ugeschwate Problematik bekannt? Wa jo, zu wéi enger Bewäertung kënnst si an der Fro?

2. Ass et scho virkomm, datt elektresch Gefierer am ëffentlechen Déngscht duerch Blëtzaschlei be-trafft waren? Wa jo, wéi eng?

3. No wéi enge Modalitéiten ass de Schued duerch Blëtzaschlei bei Elektroautoen am Lëtzeburger Versécherungsrecht gereegelt? Op wéi eng Manéier gött de Schued festgestallt? A wéi engem Fall muss de Proprietär de Schued selwer begläichen an a wéi engem Fall muss d'Assurance iwwerhuelen?

**Réponse commune** (13.07.2021) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*, et de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

En Elektroauto stellt genausou wéi en Auto mat Verbrennungsmotor e faradaysche Käfig duer, soudass de Stroom sech iwwert d'Uewerfläch vum Gefier entluet an duerch d'Leetfäegkeet vun der metal-lener Karosserie an de Buedem ofgebaut gött.

Konform zu den internationale Bestëmmunge sinn elektresch Gefierer iwwert de Luetkabel mat der Äerdung vun der Luetborne verbonnen. Esou ass während dem gesamte Luetvirgang eng galvanesch Verbindung tëschent der elektrescher Mass vum Gefier mat der Äerd séchergestallt.

Zousätzlech sinn an den Elektrobornë Blët- an Iwwerspannungsvirriichtunge verbaut, déi déi ënnerschiddlech elektresch Komponente vun der Borne an och vum Gefier am Fall vun engem Blëttschlag schützen. An der Broschür „Elektromobilitéit: Planungsgrundlagen der Ladeinfrastruktur für Mehrfamilienhäuser und Zweckgebäude“, déi vu myenergy an Zesummenaarbecht mam OAI an de Stroomnetzbedreiwer ausgeschafft gouf, sinn am Kapitel 3.4.5. déi eenzel ze respektéierend Normen opgeléicht<sup>4</sup>.

Wéi aus dem Artikel aus der parlamentarescher Ufro N° 4442<sup>5</sup> vum honorabelen Deputéierten ervirgeet, ass e Blëttschlag an en Elektroauto grondsätzlech net geféierlech. Am Fall wou de Bëttschlag während dem Luede passéiert, ass an der Majoritéit vun de Fäll net mat laangfristige Schied ze rechnen. („Wir können festhalten, ein Blitzeinschlag für das E-Auto ist nicht gefährlich, wenn es nicht gerade an der Ladestation hängt. Und selbst dann müssen keine langfristigen Schäden zustande kommen.“)

Sou ass dem Staat och kee Fall bekannt, wou e Blëtzt an en elektrescht Gefier vum ëffentlechen Déngscht ageschloe wier, wouduerch et zu engem Schued komm wier.

Am Lëtzeburger Versécherungsrecht gött et keng Dispositiounen explizitt iwwert Schied en Elektroautoen, déi duerch e Blëttschlag ervirgeruff ginn. Et ass allerdéngs och net Sënn an Zweck vun der Legislatioun, fir esou déif an den Detail ze goen. Wat genee vun enger Assurance ofgedeckt ass a wat net, ass an de Conditions générales vum jeeeweilegen Assurancëkontrakt definéiert.

Déi genee Modalitéite vun de Conditions générales kënnen jee no Assurancëgesellschaften ganz ënnerschiddlech sinn. Sou ka beispillsweis de Schued un enger Batterie vun engem Elektroauto, wéi an der parlamentarescher Ufro beschriwwen, duerch eng Assurance „casco“ (Couverture vun de Materialschied um Gefier, wou am Prinzip eng Feierversécherung an eng Garantie géint d'Naturgewalten abegraff ass) ofgedeckt sinn. Hei muss een dann natierlech genee op d'Detailer vun de Conditions générales a sengem Assurancëkontrakt oppassen (beispillsweis eng eventuell Selbstbedeelegung um Schued, eventuell si Schied un der Batterie net abegraff etc.).

Momentan existéieren och scho vereenzelt Assurancë speziell fir Elektrogefierer. Wat méi Elektroautoe verkaaft ginn, wat een dervun ausgoe kann, dass méi esou Assurancë speziell fir elektresch ugedriwwen Gefierer ugebuede wäerte ginn.

Genau wéi bei allen anere Gefierer och gött de Schued un engem Elektrogefier duerch en agreéierten Expert festgehalten. Wann ee festgestallte Schued no de Modalitéiten, wéi se an de Conditions générales vum Assurancëkontrakt stinn, net gedeckt ass, muss de Client selwer fir de Schued opkommen.

**Question 4447** (09.06.2021) de **MM. Georges Engel** et **Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*) concernant la **base légale relative à l'exploitation d'IRM dans les cabinets médicaux privés** :

Dans sa réponse à la question orale n° 0232 du 8 juin 2021, Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale a souligné qu'il n'existe pas de base légale relative au fonctionnement de centres de diagnostic respectivement d'appareils d'imagerie par résonnance magnétique (IRM) dans les cabinets médicaux privés.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

<sup>4</sup> <https://gd.lu/6vsCX8>

<sup>5</sup> <https://gd.lu/b5hbtld>

- Pourriez-vous nous informer s'il existe une autorisation pour des cabinets médicaux privés en vue de l'exploitation d'équipements tels que les IRM ? Dans la négative, quelles formalités ont déjà été entamées hors autorisation d'exploitation ? Le cas échéant, qu'en est-il du financement et du fonctionnement de tels équipements ainsi que de la prise en charge d'actes prestés sur de tels équipements ?

- La commission de nomenclature est-elle officiellement saisie d'une demande de tarification pour les actes IRM hors hôpitaux ?

**Réponse commune** (13.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

Par un arrêt de la Cour constitutionnelle du 5 juillet 2019, la base légale du règlement grand-ducal du 17 juin 1993 relatif aux équipements interdits dans les cabinets médicaux a été déclarée non conforme à la Constitution, de sorte que les dispositions réglementaires en question ne sont plus opposables aux médecins. Concernant le régime des autorisations applicables pour le surplus, il y a lieu de faire une distinction entre les différentes bases légales qui concernent l'utilisation d'équipements lourds dans les établissements hospitaliers, la radioprotection et les établissements classés.

Le Ministère de la Santé a émis en date du 23 décembre 2020 une autorisation en matière de radioprotection à l'attention du radiologue visé pour la mise en œuvre des pratiques visant l'utilisation de générateurs de rayons X, l'exposition à des fins médicales suivant les spécifications et finalités décrites dans la liste des générateurs de rayons X autorisés. Cette autorisation du Ministère de la Santé ne porte donc que sur les appareils qui émettent des rayons X. Or, une IRM n'est pas émettrice de rayonnements ionisants, de sorte que cette autorisation ne porte pas sur l'utilisation d'une IRM, tel que cela fût précisé par Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale en réponse à la question orale de l'honorable Député Jeff Engelen qui n'a fait mention que de l'IRM.

En effet, le Ministère de la Santé n'est pas en mesure d'autoriser l'utilisation d'une IRM en-dehors du milieu hospitalier puisque la base légale pour une telle autorisation fait défaut, ce qui est à la base même de l'annulation du règlement grand-ducal en question. De même, une IRM ne tombe pas sous la législation en matière de radioprotection, car la technologie à la base de l'IRM n'utilise pas source de rayonnements ionisants. Toutefois, le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire a émis, dans le cadre des dispositions en matière d'établissements classés pour la partie qui relève de ses compétences et de celles de l'Inspection du travail et des mines, une autorisation commode pour l'IRM puisqu'il s'agit d'une installation émettrice d'ondes électromagnétiques.

Faute de base légale pour l'exploitation d'une IRM hors milieu hospitalier, une tarification dédiée moyennant la nomenclature, respectivement par un autre moyen, n'existe pas. Dans ce cadre, il y a lieu de souligner que, suite à l'annulation du règlement grand-ducal en question, le Gouvernement aurait pu envoyer un projet de loi dans la procédure législative pour redresser les points manquants à la base du règlement.

Or, il fut décidé de ne pas procéder de cette sorte, mais d'entamer le dialogue avec toutes les parties prenantes pour convenir d'une approche cohérente partagée par tous. Ces échanges ont lieu dans le cadre du Gesondheetsdësch. Dans cette logique, il aurait été inapproprié que le Gouvernement eût entamé des démarches parallèles en dehors de cette voie. Concernant la question portant sur une saisine de la Commission de nomenclature en la matière, et tel qu'expliqué par Monsieur le Ministre en réponse à la question orale de l'honorable Député Jeff Engelen, le secrétariat a reçu début juin 2021 une saisine de la part de l'Association des médecins et médecins-dentistes pour introduire de nouveaux actes spécifiques pour l'utilisation des équipements qui ont fait l'objet du litige et en conséquence du jugement mentionné. Cette demande, comme pour toute saisine, fait actuellement l'objet d'une analyse par le service compétent.

**Question 4449** (10.06.2021) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant l'**appel d'offre pour le projet « Ecobox »** :

Wéi et am Artikel „Das staatliche Mehrwegsystem“, deen de 7. Juni 2021 am „Lëtzeburger Wort“ publizéiert gouf, heescht, gouf de System vun der „Ecobox“, dee säit dräi Joer vum Ëmweltministère bedriwwen gött, weeder ausgeschriwwen gouf, nach enger reegelméisseg Evaluation vum Käschten-Notzen ënnerzu gött, obwuel en all Joer mat ëffentleche Gelder subventionéiert gött.

Duerfir géif ech der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:





1. Op Basis vu wéi enger gesetzlecher Grondlag gouf déi Decisioun geholl, fir de Projet „Ecobox“ net auszuschreiben? Wéi war dës Decisioun technesch a politesch motivéiert?

2. Firwat gëtt d'Ecobox bis dato kenger Käschten-Notzen-Evaluatioun ënnerzunn? Ass d'Regierung wëlles, dat ze änneren an der Chamber den entsprechende Rapport virzeleeën? Wann net, firwat net?

3. Ënnert wéi engem Budgetartikel fléissen d'Subside fir d'Ecobox?

4. Wéi steet d'Regierung zu der Propos vun der Handelskonföderatioun, fir de System vun staatleche Monopol bei der Ecobox duerch en allgemenge Label ze ersetzen, ënnert deem och privat Acteuren eege bedarfsorientéiert Boxe kënnen ubidden?

**Réponse** (14.07.2021) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. D'Iddi fir de Projet Ecobox ass entstanen an engem Aarbechtsgrupp zum Thema Liewensmëttelverschwendung. Dësen Aarbechtsgrupp ass 2016 an d'Liewe geruff ginn, wéi d'Problematik vun der Liewensmëttelverschwendung ëmmer méi wichteg ginn ass. En hat sech zum Zil gesat, Strategië fir déi verschidde Secteuren ze entwéckelen a gemeinsam d'Ursaache vum Liewensmëtteloffall ze bekämpfen. Ënner anerem waren heira vertruede Leit aus dem Ëmweltministère, dem Landwirtschaftsministère, dem Gesondheitsministère, der Ëmweltverwaltung, der Chambre des Métiers, der Chambre de Commerce, der Confédération luxembourgeoise du commerce, der Horesca an der SuperDrecksKëscht.

Fir ze verhënneren, dass een zousätzlechen Eeweebehälter agesat gëtt, a fir kënnen eng national Léisung unzibidden, ass zesumme mat der Horesca, dem Gesondheitsministère an der SuperDrecksKëscht um Konzept vun der heiteger Ecobox geschafft ginn. Fir dat Konzept ze realiséieren, hunn eng ganz Rei Viraarbechte misse gemaach ginn.

Fir de Projet vun der Ecobox opzebauen, ass do-wéinst decidéiert ginn, dësen am Kader vun der Aktioun SuperDrecksKëscht lafen ze loossen, déi op dem Finanzéierungsgesetz vun der SDK baséiert (loi du 25 mars 2005 relative au fonctionnement et au financement de l'action SuperDrecksKëscht).

ad 2. Den Erfolleg vun dem Projet Ecobox gëtt permanent duerch d'Entwécklung vun der Zuel vun de Betriber, déi matmaachen, an der Zuel vun de Boxen, déi am Ëmlaf sinn, evaluéiert.

2. Denkt d'Regierung eventuell drun, ze legiferéiere respektiv e Minimalseuil festzeleeën, dee garantéiert, datt d'Salariéen am Niddreglounsecteur an Zukunft net progressiv duerch elektronesch Geräter sollen ersat ginn an datt domat och an Zukunft nach garantéiert bleift, datt iwwerall Mënschen d'Clienté beroden an zerwéieren?

<sup>9</sup> cf. recommandation du Conseil scientifique du domaine de la santé, file:///C:/Users/blh626/AppData/Local/Temp/cesariennes-version-longue.pdf recommandations de l'OMS <https://www.who.int/reproductivehealth/publications/intra-partum-care-guidelines/fr/>).

**Réponse** (13.07.2021) de **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire* :

Rezent Etüde weisen effektiv, datt d'Digitalisatioun ewéi och d'Robotisatioun vu verschiddenen Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg, mee awer och international, lues a lues zouhëlt. Dëst betrëfft allerdéngs net nëmmen de Niddreglounsecteur, mee och aner besser bezuelte Secteuren ewéi beispillsweis de Bankesecteur.

Dës onëmgängelech Entwécklung bréngt net nëmmen Virdeeler mat sech, mee och Nodeeler, notament iwwerall do, wou Aarbechtsplazen duerch de Prozess vun der Digitalisatioun oder Robotisatioun ofgebaut ginn.

E Minimalseuil, sou wéi den honorabelen Deputéierten et virschléit, fir festzeleeën, datt d'Salariéen am Niddreglounsecteur an Zukunft net progressiv duerch elektronesch Geräter sollen ersat ginn an datt domat och an Zukunft nach garantéiert bleift, datt iwwerall Mënschen d'Clienté beroden an zerwéieren, ass am Koalitiounsaccord 2018-2023 net virgesinn.

Sou eng Mesure misst am Virfeld fir d'éischt eemol mat de Sozialpartner diskutéiert ginn, sou datt d'Regierung den Ament keng Stellungnam zu dem Virschlag vum honorabelen Deputéierte bezéie kann. Wichteg ass et awer, Léisungen ze fannen, déi souwuel de Salariéen hëllefen ewéi och den Entrepreneuren et erméiglechen, weiderhin ze fonctionnéieren a kompetitiv ze bleiwen.

E ganz wichtigen Aspekt ass awer notament d'Formatioun vun de Salariéen (den up-skilling oder de re-skilling) an de Secteuren, wou eng Menace vum Aarbechtsplazenofbau besteet, fir dass déi Leit, deenen hir Aarbechtsplazen duerch de Prozess vun der Digitalisatioun an der Robotisatioun a Gefor sinn, déi néideg Kompetenze kréien, fir eng aner Plaz an der selwechter Entreprise ze kréie respektiv wou anescht direkt nees um Aarbechtsmaart Fouss faassen ze kënnen an net an de Chômage ze falen.

Dowéinst engagéiert sech d'Regierung, d'Offer vun de Formatiounen un d'Salariéë weiderhin auszuweiten an ze verbessern, fir datt d'Kompetenzen un d'Besoine vum Aarbechtsmaart ugepasst sinn.

**Question 4485** (14.06.2021) de **Mme Carole Hartmann** et **M. Gilles Baum** (*DP*) concernant le **don du sang** :

Depuis le 1<sup>er</sup> janvier 2021, les hommes homosexuels doivent respecter une abstinence sexuelle de douze mois pour pouvoir donner leur sang au Luxembourg. En Belgique, la même réglementation est actuellement en vigueur, mais un débat a récemment eu lieu sur la discrimination sous-jacente qui existe toujours avec cette réglementation et sur l'ambition de mettre fin à cette discrimination.

Même si certains pays, comme la France et l'Australie, ont réduit la durée de l'abstinence sexuelle de douze à quatre mois, il existe dans ces pays encore toujours une discrimination à l'encontre des hommes homosexuels vivant dans une relation monogame.

D'autres pays encore, dont la Grande-Bretagne et l'Italie, suivent le principe du risque individuel. Il s'agit d'une appréciation individuelle du comportement sexuel qui détermine si l'on est exclu du don de sang, et non l'appartenance à un groupe social, en l'occurrence la communauté gaie.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- Quand la révision des critères relatifs au don de sang par le groupe de travail qui en est chargé sera-t-elle achevée ?

- La discrimination actuelle à l'encontre des personnes homosexuelles et bisexuelles sera-t-elle levée ? Dans la négative, pour quels motifs ?

- Madame la Ministre n'est-elle pas d'avis que le modèle britannique pourrait servir d'exemple ?

**Réponse** (15.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Il s'agit tout d'abord de préciser qu'il revient aux centres de transfusion de fixer les critères de sélection des donneurs, et non pas au Ministère de la Santé.

L'approche en la matière, prise par les centres de transfusion, est en train d'évoluer en Europe et bon nombre de centres ont revu leurs critères de sélection des donneurs. Tel est également le cas du centre de transfusion de la Croix-Rouge au Luxembourg qui a adapté ses critères de sélection des donneurs vers la mi-2020.

Avant cette date, le donneur potentiel était interrogé sur son orientation sexuelle et même une seule relation homosexuelle au cours de la vie constituait un critère d'exclusion. Actuellement, le donneur n'est plus interrogé sur son orientation sexuelle en général, mais sur le fait d'avoir eu ou non au moins une relation homosexuelle pendant les douze derniers





mois. Si tel est le cas, il est exclu du don de sang, mais il est par contre accepté comme donneur de plasma.

Tous les donneurs potentiels sont également interrogés sur les éventuelles relations hétérosexuelles. Si une personne a eu une relation hétérosexuelle avec un(e) nouveau/nouvelle partenaire au cours des quatre derniers mois, elle sera également exclue du don de sang total. L'exclusion du don de sang au Luxembourg ne se fait donc plus par rapport à l'appartenance à un groupe social (homo- ou hétérosexuel), mais sur base d'une appréciation du risque d'infection réellement encouru par le donneur potentiel.

La différence entre les relations hétérosexuelles et homosexuelles (p. ex. quatre mois versus douze mois) est justifiée par le fait que le risque de transmission homosexuelle reste plus important que le risque de transmission hétérosexuelle, sur base des dernières statistiques du comité de surveillance de l'infection HIV et des hépatites virales.

**Question 4486** (14.06.2021) de **MM. Mars Di Bartolomeo et Dan Biancalana** concernant la **participation luxembourgeoise à l'opération « Trojan Shield »** :

Le mardi 8 juin, les forces de police de 16 pays différents ont mené une opération conjointe contre le crime organisé. Dirigée par le FBI et la police fédérale australienne, en collaboration étroite avec Euro-pol, l'opération appelée « Trojan Shield » a conduit grâce à l'infiltration d'une messagerie à 800 arrestations.

1) Nous aimerions dès lors savoir de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure si la Police luxembourgeoise a participé à cette opération d'une envergure exceptionnelle.

2) Est-ce que des ramifications de criminalité ont pu être établies avec le Luxembourg ?

Y a-t-il eu des arrestations au Luxembourg ?

3) Est-ce que notre police a participé récemment à d'autres opérations internationales contre le crime organisé ou en matière de la lutte contre le trafic international de drogue ? Dans l'affirmative, quels en sont les résultats ?

**Réponse** (02.07.2021) de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** :

ad 1) La Police luxembourgeoise n'a pas participé à l'opération appelée « Trojan Shield ».

ad 2) Aucune ramification de criminalité n'a pu être établie avec le Luxembourg. Il n'y a pas eu d'arrestation au Luxembourg dans le cadre de ladite opération.

ad 3) La Police grand-ducale participe à des opérations internationales de façon ponctuelle, sur demande d'un autre pays, d'Europol ou d'Interpol, ou de façon plus systématique, comme dans le cas de la coopération Hazeldonk.

La dernière opération de grande envergure à laquelle a participé le Luxembourg date du 27 mai 2021. En effet, conjointement avec la Belgique, les Pays-Bas et la France, la Police luxembourgeoise et l'Administration des douanes et accises ont participé à l'opération internationale dite « Étoile » (Hazeldonk). Il s'agit d'opérations communes récurrentes dans la lutte contre la criminalité organisée liée à la drogue ainsi que contre le trafic à petite échelle (tourisme de la drogue).

31 personnes de la police et de la douane y ont participé. Des stupéfiants ont pu être saisis.

**Question 4488** (14.06.2021) de **M. Jean-Paul Schaaf (CSV)** concernant la **publication de demandes et autorisations par les communes** :

Conformément à l'article 9, point 2 de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés, toutes les demandes et autorisations de monte-charges, d'appareils de levage et autres doivent être portées au public des communes et ainsi être publiées dans les différents tableaux d'affichage. Il s'agit même des demandes privées, tels que les monte-escaliers dans le cadre de l'assurance dépendance, qui n'ont aucun ou peu d'impact sur les autres habitants d'une commune et représentent une surcharge administrative considérable pour les administrations communales.

J'aimerais dès lors poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur et à Monsieur le Ministre du Travail :

- Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils nous confirmer nos informations ? Dans l'affirmative, des modifications concernant ces dispositions sont prévues ?

- Madame et Monsieur les Ministres estiment-ils que ces publications d'installations privées soient conformes au droit à la vie privée ?

- Madame et Monsieur les Ministres peuvent-ils nous renseigner combien de recours contre ces autorisations sont introduites par année ?

- Madame et Monsieur les Ministres songent-ils à modifier les dispositions légales afin de réduire la surcharge administrative pour les communes ?

**Réponse commune** (13.07.2021) de **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire**, et de **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur** :

L'article 9, paragraphe 2 de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés prévoit que les administrations en charge du traitement, à savoir l'Administration de l'environnement et l'Inspection du travail et des mines, envoient les demandes en fonction de leurs classes soit aux fins d'enquête publique, soit aux fins d'information et d'affichage à la ou aux communes concernées.

Conformément à l'article 10 de la loi précitée du 10 juin 1999, un avis de publication indiquant l'objet de la demande d'autorisation doit être affiché dans la ou les communes d'implantation pendant quinze jours, de la façon usuelle, par les autorités communales. L'affichage doit avoir lieu simultanément à la maison communale et, de manière bien apparente, à l'emplacement où l'établissement est projeté. À dater du jour de l'affichage, le dossier complet est déposé à la maison communale de la commune où l'établissement est projeté et pourra y être consulté pendant ce délai par tous les intéressés.

Par ailleurs, l'article 16, alinéa 2 de la loi précitée du 10 juin 1999 prévoit que les décisions portant autorisation, actualisation, refus ou retrait d'autorisation pour les établissements des classes 1, 1A, 1B, 1, 3, 3A et 3B doivent être notifiées par l'Administration de l'environnement et l'Inspection du travail et des mines, chacune en ce qui la concerne, aux demandeurs en autorisation ou aux exploitants et, pour affichage, aux autorités communales sur le territoire desquelles est situé l'établissement et, le cas échéant, pour affichage aux autorités communales dont le territoire se trouve dans un rayon inférieur à 200 mètres des limites de l'établissement.

Un avant-projet de modification de la loi relative aux établissements classés est actuellement en cours d'élaboration. Celui-ci prévoit de modifier, entre autres, les dispositions relatives à la publication des demandes d'autorisations et des autorisations.

Depuis le début de l'année 2021, un site Internet dénommé « Portail national des enquêtes publiques » a été mis en ligne. L'avant-projet de modification de la loi relative aux établissements classés prévoit l'utilisation exclusive de ce portail aux fins d'affichage et de publication. Cette nouvelle méthode de publication permettrait de réduire de manière considérable la surcharge administrative des administrations communales.

En ce qui concerne les appareils de levage tels que les monte-escaliers, ceux-ci n'impactent effectivement que très peu le voisinage, respectivement le public. Dans cet ordre d'idées, une modification du règlement grand-ducal modifié du 10 mai 2012 portant nouvelles nomenclature et classification des établissements classés est en cours d'élaboration afin de reclasser ces appareils de levage de la classe 3A en classe 4. Ceux-ci seront par conséquent soumis aux prescriptions fixées par règlement grand-ducal. Du fait qu'une publication ne sera dès lors plus nécessaire, cette adaptation impliquera une diminution substantielle de la charge administrative pour les administrations communales. De même, les informations d'ordre privées concernant ces installations, tels que les monte-escaliers dans le cadre de l'assurance dépendance, ne seront plus rendues publiques.

Pour ce qui est de la conformité au droit à la vie privée, il n'y a à l'heure actuelle aucune raison de remettre en cause les dispositions relatives à la publication et l'affichage approuvées au cours de la procédure législative, tant par la Chambre des Députés, que par le Conseil d'État.

Depuis 2019, 8 recours auprès des juridictions administratives ont été introduits contre les décisions du Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire en matière d'établissements classés. Aucun de ces recours ne concernait des autorisations d'appareils de levage.

Les 8 recours concernaient les établissements suivants :

- 1 station d'épuration (installation de traitement d'eaux résiduaires déversant les eaux épurées dans le réseau d'égouttage public ou un cours d'eau) ;

- 3 crèches (structure d'éducation et d'accueil des enfants en bas âge et des enfants scolarisés) ;

- 1 camping ;

- 1 installation destinée à l'exploitation de l'énergie éolienne ;

- 1 centrale de trigénération biomasse (installation de cogénération électricité-chaleur) ;

- 1 zone d'activité.

**Question 4492** (14.06.2021) de **M. Fred Keup (ADR)** concernant la **transition écologique** :

Am Artikel „G7 wrestles with its climate limitations“, den den 11. Juni um Site vu „Politico“ publizéiert gouf, heescht et, datt China, Indien, Brasilien, Nigeria, Südafrika an Indonesien méi Zäregasemissionen erzeegen wéi sämtlech G7-Staaten. Laut deem genannte Bericht deelen dës Länner dat selwer definiert Zil vun der EU a verschiddenen anere Staate vun der Klimaneutralitéit bis 2050 allerdéngs net. An engem rezent publizéierte Communiqué vun der Internationaler Energieagentur (IEA) heescht et doriwwer raus, datt d'Entwécklungs- a Schwellelänner hir Klimainvestissementen vun haut 150 Milliarden Dollar bis 2030 op eng 1 Billion Dollar pro Joer misste steigern, fir net genau déi Zäregaser fräizsetzen, déi d'G7-Länner mat hirer Politik vun der Klimaneutralitéit bis 2050 wëllen aspieren. Et versteet sech vum selwen, datt een all Frang nëmmen eemol kann ausginn. All déi Suen, déi dës Länner an d'Prevention vum Zenario vum anthropophogene Klimawandel géifen investéieren, misste si also op enger anerer Plaz, wéi zum Beispill dem Ausbau vum Gesundheitssektor, aspieren. Wéi et jo och schonn aus deem zitierenten Artikel ervirgeet, ass domat ze rechnen, datt vill Länner dës Wee aus politesche Grënn net wäerte matgoen. Mee och déi Länner, déi eng vermeintlech änlech Klimapolitik verfolge, wéi Lëtzebuerg, setzen an éischter Linn ëmmer nach op konventionell Energieformen. Bei eisen däitschen Nopere koum déi meeschten Energie am drëtten Quartal 2020 aus Kuelekraaftwierker, am éischten Quartal 2021 aus Kuelen- a Gaskraaftwierker.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gären dës Fro stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Méiglechkeet, fir Länner baussent dem G7, besonnesch déi grouss Schwellen- an Entwécklungslänner, vun enger Klimapolitik, wéi d'EU se mécht, ze iwwerzeegen?

2. Wéi bewäert d'Regierung d'Käschten an de Notze vun der nationaler an europäescher Klimapolitik, wann dës Reduktioun vun Zäregaser duerch en erhéichten Ausstouss an anere Länner nees annuléiert respektiv vun dëse souguer bei Wäitem iwwertraff gëtt?

3. Gesäit d'Regierung et als eng sënnvoll Strategie, fir d'Kompetitivitéit vun der Lëtzeburger Économie duerch eng eesäiteg Klimapolitik anzeschranken, déi vu grouss Länner international net matgedroe gëtt?

4. Wéi steet d'Regierung an deem Zesummenhang zu der envisagéierter Politik vun den EU-Zäregaszoller? Wéi eng Retorsioune si vun anere Länner géint esou Taxen ze erwaarden?

**Réponse commune** (14.07.2021) de **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable**, et de **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** :

Et ass kloer, datt momentan déi global Beméiungen, fir dem Klimawandel entgéintzewierken, nach net wäit genuch ginn. Esou hunn ënnert anerem eng Rei vun de G20-Staaten hiren Ambitiounsniveau nach net oder net genuch eropgesat. Dobäi hunn déi rezent Berichter vum Weltklimarat (IPCC), déi vun alle Länner gedeelt ginn, nach eemol ënnerstrach, datt mat katastrophalen Auswirkungen ze rechnen ass, wann de Klimawandel net gestoppt gëtt. Et sief dowéinst nach emol ënnerstrach, datt et keng Alternativ zu enger ambitiöser Klimapolitik gëtt.

Am Kader vum Paräisser Accord hunn och déi grouss Schwellen- an Entwécklungslänner sech dozou verpflichtet, hire Bäitrag zur Klimaneutralitéit ze leeschten. Et ass dowéinst vu grousser Wichtigkeet, dës Länner ze encouragéieren, se an hiren Efforten ze ënnerstëtzen a mam gudde Beispill virzegoen. Klimadiplomatie a strategiesch Koalitioune mat dëse Länner spillen an dësem Kontext eng grouss Roll.

Mat dem „Fit for 55 Package“, den déi europäesch Kommissioun de 14. Juli 2021 virstellt, wäert d'EU weise kënnen, wéi déi ambitiéis Klimaziler ëmgesat ginn, an dat op eng Aart a Weis, déi d'Kompetitivitéit vun der Lëtzeburger an der europäescher Économie stärke wäert.

Konsens besteet och doran, datt eng ambitiös Klimapolitik net zu enger Schwächung vun der nationaler Industrie oder zu enger Deindustrialiséierung féieren däerf. Fir ze verhënneren, datt energieintensiv Industrie wéi zum Beispill d'Stol-, d'Zement- oder d'Chemieindustrie a Länner mat manner strenge Reegelen auswandere, wäert déi Europäesch Kommissioun e Vorschlag vun engem „Grenzausgleichsmechanismus“ virleeden. D'Proposition vum der Kommissioun wäert op alle Fall kompatibel mat den Dispositionen vun der Welthandelsorganisatioun sinn. Wéi all déi aner Memberstaate waart och Lëtzebuerg op dës Vorschlag, fir sech kënnen méi präzis ze informéieren an domat och ze positionéieren.

Bezüglech EU-Zäregaszoller ass d'Europäesch Kommissioun derbäi, dës Fro, hir technesch Ëmsetzung an déi méiglech Effekter dovun ze analyséieren. Och

dës Etüd muss een ofwaarden, fir sech weider ze positionéieren.

**Question 4493** (14.06.2021) de **Mme Martine Hansen (CSV)** concernant le **choix de la langue dans certaines matières des classes GSO** :

An engem Avis wonnert sech d'„Conférence nationale des élèves du Luxembourg“ (CNEL) driwwer, dass een an de GSO-Klassen an den Haaptfächer „Connaissance du monde contemporain“ a „Psychologie-Communication“ an Zukunft net méi op Däitsch oder op Franséisch an de Prüfungen äntweren dierf. Dat wier awer bis elo vu Quatrième u fir d'Schüler üblech gewiescht, heescht et weider. Dëse Choix soll vun der Rentrée 2021/2022 un ewechfalen. D'Schüler dierfen da just nach op Franséisch äntweren.

Virum Hannergrond vun dësem Changement wëilt ech follgend Froen un den Här Educationminister stellen:

- Kann den Här Minister confirméieren, dass déi concernéiert Schüler an Zukunft net méi op Däitsch oder op Franséisch an de Prüfungen äntweren dierfen? Op Basis vu wéi engem Règlement war dat bis elo méiglech?

- Wa jo, op Basis vu wéi engen Argumenter ass d'Decisioun geholl ginn, fir während engem lafenden Ausbildungszyklus de Schüler de fräie Choix tëscht Däitsch a Franséisch ze huelen an hinne Franséisch fir d'Prüfungen ze imposéieren?

- Mat wéi engen Instanzen ass sech am Kader vum Decisionsprozess concertéiert ginn?

- Wéi eng Mesuren gedenkt den Här Minister en place ze setze fir de Fall, wou Schüler duerch d'Imposéiere vu just nach enger Sprooch fir d'Prüfung benodelegt wieren?

- Wéi reagéiert den Här Minister op d'Kriticken an d'Fuerderunge vun der CNEL?

**Réponse** (13.07.2021) de **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse** :

Déi éischt Schüler vun der Sektoun Sciences sociales (GSO) kruten 2016 hiren Diplom. D'Programmkommissioun (Commission nationale de l'enseignement secondaire) fir d'Sektoun GSO huet ab Oktober 2019 de Bilan vun der Sektoun gezunn; et hat ee sech als Zil ginn, d'Programmer vun den eenzelen Disziplinen ze analyséieren an eventuell ze adaptéieren, fir d'Schüler beschtméiglech op spéider Erausforderunge virzebereeden an hinne souwuel den Accès op den Aarbechtsmaart wéi och op d'Uni ze garantéieren.

Ënner anerem gouf d'Unterrechtssprooch ënnersicht. An der Connaissance du monde contemporain (CONMO) an an der Psychologie-Communication (PSYCO) gëtt, no de Virgabe vum offizielle Programm, op Franséisch ënnerriicht. Bis 2020 haten d'Schüler awer d'Méiglechkeet, an de Prüfungen entweder op Franséisch oder op Däitsch ze äntweren.

Laut Compte rendu vun der Commission nationale war eng Majoritéit vun Titulairé sech eens, datt déi Léisung net hëllefäich wär an datt dës Praxis éischter ënnerduerschneetleche Resultater generéiert huet. Den erfuerderlechen Denkprozess beim Schüler wär vill méi komplex: souguer wann den Titulaire de Schüler e Glossaire géif ginn, den déi wichtegst Termen als Iwwersetzung beinhaltet, wär et schwéier fir e Schüler, op der Basis vun engem franséischsproochege Cours eng Äntwert op Däitsch ze formuléieren. Op Urode vun der Commission nationale vun der GSO gouf d'fir dës Méiglechkeet fir d'Fächer Connaissance du Monde contemporain (CONMO) a Psychologie et Communication (PSYCO) gestrach.

Dës Sproocheregelung ass ab dem Schouljoer 2020/2021 a Kraaft getrueden. Ausnam war d'Fach CONMO op Première, wou dëst Schouljoer nach d'Méiglechkeet bestanen huet, fir souwuel op Däitsch wéi op Franséisch ze äntweren. Dëst erkläert sech doduerch, datt d'Schüler, déi elo op Première waren, op 4<sup>e</sup> an 3<sup>e</sup> nach d'Sektoun Professions de santé (PS) besicht hunn, op där Däitsch déi dominant Sprooch ass.

D'Conférence nationale des élèves (CNEL) huet eng Rei vu Kriticken un der neier Sproocheregelung geäussert, dëst an den Entrevuen, déi ech mat hire Vertrieeder hat, wéi och an engem rezenten Avis. Gären droen ech dës Kritikke Rechnung, sou datt ech meng Servicier ugewisen hunn, follgend Léisung ëmzesetzen:

Schouljoer 2021/2022

An der CONMO hunn d'Schüler vun 3<sup>e</sup>, 2<sup>e</sup> a 1<sup>re</sup> GSO d'Méiglechkeet, hir Äntwerten op Franséisch oder op Däitsch ze formuléieren; an der PSYCO déi vun 2<sup>e</sup> a 1<sup>re</sup>.

Schouljoer 2022/2023

D'Méiglechkeet, op Däitsch oder op Franséisch ze äntweren, gëtt op d'Schüler vun 2<sup>e</sup> a 1<sup>re</sup> beschränkt.





Schouljoer 2023/2024

D'Méiglechkeet, op Däitsch oder op Franséisch ze äntweren, göllt nëmme méi fir d'Schüler vu 1<sup>re</sup>.

Esou gött also bei der Aféierung vun der Sprooche-regelung eng Progressivitéit assuréiert.

**Question 4495** (15.06.2021) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant la **prise en charge des frais d'un transport en ambulance** :

Duerch déi aktuell Pandemie war et jo laang net méiglech, datt Leit, déi net Patient an engem Spidol waren, Zoutrëtt an d'Spidol kritt hunn. Dëst huet och mat sech bruecht, datt Patienten, déi aus engem Spidol entlooss goufen an awer selwer net konnte fuere oder op den ëffentlechen Transport zeréckgräifen, net konnte vun hirer Famill ofgehol ginn, mee mat der Ambulanz transportéiert gi sinn, mat der Zousécherung vun de Spidolsresponsabe-len, datt d'Gesondheetskeess CNS dës Käschte géif iwwerhuelen.

Mengen Informatiounen no ass et an de leschte Wochen a Méint awer dës Ëftere virkomm, datt d'CNS dës Ambulanzkäschte just zum Deel iwwer-holl huet, an datt d'Patienten e substanzialen Deel hu misse selwer bäisteieren.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung dës Informatiounen bestäte-gen?
2. Wa jo, firwat iwwerhëlt d'CNS dës Käschten net integral?
3. Wéi eng Uweisung haten d'Santé an d'CNS de Spideeler ginn?
4. Ass et hei eventuell zu Mëssverständnesser komm?
5. Missten déi concernéiert Patienten an deem Fall net integral rembourséiert ginn?

**Réponse commune** (01.07.2021) de **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Weeder de Ministère fir d'sozial Sécherheet nach de Gesondheetsministère hunn eng Informatioun un d'Spideeler erausginn, datt d'Transportkäschte ganz vun der Krankeversécherung géifen en charge geholl ginn.

Ewéi et schonn a fréieren Äntwerte preziséiert gouf, ginn d'Ambulanzdéngschter wou keng Urgence ass, zu 70 % vun der Gesondheetskeess rembourséiert.

Den Artikel 136, 3. Paragraf, 3. Alinea, vun de Statute vun der Gesondheetskeess, gesäit vir:

« Les transports en ambulance simples visés à l'article 132, paragraphe 4, sous b) et c) sont pris en charge à raison de soixante-dix pour cent (70 %) des factures établies soit sur la base d'un minimum de trente-huit euros (38,00 euros) par déplacement, soit sur la base d'un montant d'un euro et vingt-cinq cents (1,25 euro) par kilomètre, à l'exclusion de tous autres éléments pouvant être légalement mis en compte par le transporteur, à moins que la prise en charge de ces éléments ne résulte de dispositions statutaires expresses. »

De Forfait vun 38 Euro ass unzugesinn als e minimale Forfait fir d'Déplacementer fir kuerz Strecken. D'Finalitéit vun dem Forfait ass et, de Patienten an dëser Situatioun en Transport an enger Ambulanz ze garantéieren.

Falls de Patient e méi gréissere Montant muss bäileeën, huet dat domat ze din, datt d'Gesondheetskeess keng Handhabung op d'Beträ g huet, déi vun den Transportfirmen a Rechnung gestallt ginn. Eng Erhéijung vum Remboursement vun der Gesondheetskeess bedeit also net, datt d'Käschte vun Patient erofginn.

D'Dispositiounen vum Remboursement wäerten awer analyséiert ginn, wann de legale Kader mat den Norme bis steet. De Gesondheetsministère ass, wéi schonn an der Vergaangenheet preziséiert gouf, am-gaangen, den néidege gesetzleche Kader ausze-schaffen, fir déi net urgent Transporter ze reglemen-téieren. Nodeems de gesetzleche Kader bis steet, kann d'Gesondheetskeess eng Konventioun mat de Verrieder vun dem Secteur verhandelen an d'Tariffer negociéieren.

**Question 4496** (15.06.2021) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **reprise d'emballages** :

Den 1. Mäerz hunn ech eng parlamentaresch Fro N° 3735 zur Reprise vu Verpackungsoffall gestallt. Dee Moment hat den Ëmweltministère erkläert, dass si Kenntnis vu Betriber hunn, déi sech net un d'Gesetz vum 21. Mäerz 2017 gehalen, also keen eegene Réckgabesystem opgebaut hunn an och net bei der Valorlux registréiert sinn. Laut Artikel vum 14. Juni vum „Wort“ handelt et sech ëm 99 + 1 Betriber (dorënner och d'Moulin Dieschbourg).

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Laut „Wort“ si 24 vun deenen 99 vum Ministère ugeschriwwene Betriber mëttlerweil gesetzes-konform.

Wéi laang Zäit hunn déi verbleiwend Betriber nach, fir sech ze regulariséieren, ier Sanktiounen ausge-schwat wäerte ginn?

2. Vu datt d'Gesetz scho säit iwwer véier Joer a Kraaft ass, wéi erkläert den Ëmweltministère, dass et esou laang gedauert huet, fir déi net konform Betriber ze identifizéieren an op hire Feeler op-mierksam ze maachen?

3. Den eemolege Valorlux-President erkläert am „Wort“-Artikel, dass hien direkt nom Untrëtt vun der Ministesch dës drop opmierksam gemaach huet, dass verschidde Betriber d'Gesetz vun 2017 net respektéieren.

Kann d'Ministesch dëst bestätegen?

Huet Valorlux den Ëmweltministère scho viru menger parlamentarescher Fro drop opmierksam gemaach, dass verschidde Betriber sech net un d'Gesetz halen?

4. Fir wéi vill Tonne Verpackungsmüll sinn dës 99 + 1 Betriber schätzungsweis responsabel?

5. Wéi vill Joeren déi concernéiert 99 + 1 Betriber misse pro Joer u Valorlux a Form vu Membersbei-trä bezuelen?

Wat fir ee finanzielle Schued ass Valorlux doduerch entstanen?

**Réponse** (15.07.2021) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Et ass kee festen Delai fixéiert ginn, bis weéni déi Betriber konform musse sinn. Vun deene Betriber, déi ugeschriwwen gi sinn, sinn eng Rei an der Prozedur, fir sech bei Valorlux ze enregistréieren. Wéi laang dës Prozedur dauert, hänkt vun der Valor-lux of.

ad 2. Et ass ee kontinuéierleche Prozess, fir d'Betriber konform ze setzen.

ad 3. D'Valorlux huet an deene leschte Jore reegel-méisseg der Ëmweltverwaltung Betriber gemellt, déi net par rapport zum Verpackungsgesetz konform sinn. Dës Betriber sinn dann och entspreichend kontaktéiert gi fir sech konform ze setzen.

Den aktuell thematiséierte Betrib taucht eng éischte Kéier an der Annex vun engem Courier vum Januar 2021 op. Dee Courier ass eigentlech eng Äntwert vu Valorlux op Froe vun der Ëmweltver-waltung zu hirem Rapport annuel vun 2019. Den Auteur vun deem Courier verweist heiran op eng Annex zu de „Freeriders“: « Dans ce cadre, veuillez trouver en annexe la liste non exhaustive des entre-prises concernées que nous vous avons déjà fait parvenir. » Bei der Iwwerpräiwung vun der Lëscht, ass festgestallt ginn, dass déi Ausso esou net konnt bestätegt ginn.

ad 4. Et ass net méiglech, heizou eng Ausso ze maachen, well net bekannt ass, wat fir Verpackun-gen dës Betriber op de Marché setzen a wéi schwéier déi jeeweileg Verpakunge sinn.

ad 5. Heizou kann och keng Ausso gemaach ginn. De Membersbäitrag, deen e Betrib u Valorlux ze bezuelen huet, gött gerechent op Basis vun dem Material, aus deem d'Verpakunge bestinn, déi de Betrib op de Marché setzt, an dem Gewiicht vun deem jeeweilege Material.

**Question 4497** (15.06.2021) de **MM. Roy Reding** et **Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant les **amendes introduites dans le cadre de l'état de crise** :

Am Règlement grand-ducal vum 18. Mäerz 2020 „portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19“, dee bis zum 25. Juni 2020 a Kraaft war, ginn am 5. Kapitel eng Rei vu Sanktiounen opgelëscht géint Personnes physiques a géint Betriber, déi géint d'Bestëmmunge vum RGD verstoussen. Sou heescht et am Artikel 6: « Lorsque les officiers de police judiciaire ou les agents de po-lice judiciaire de la Police grand-ducale et de l'Ad-ministration des douanes et accises constatent que des personnes physiques ne respectent pas les interdictions prévues aux articles 1 à 4 du présent règlement grand-ducal, ils émettent un avertisse-ment taxé de 145 euros, conformément aux dis-positions du présent article. » Am Artikel 7 heescht et: « Les infractions aux fermetures de commerce et à l'interdiction de l'accueil du public prévues aux articles 1 à 4 du présent règlement grand-ducal com-mises par les commerçants, artisans, gérants ou autres personnes responsables des activités y vi-sées sont punies d'une amende administrative d'un montant maximum de 4.000 euros. En cas de nou-velle commission d'une infraction pendant l'état de crise, le montant maximum est porté au double. »

D'Fro, déi sech hei stellt, ass déi heiten: Kann ee Règlement grand-ducal an engem État de crise eng nei Infraktioun schafen? Wéi e Gesetz ass dofir déi legal Basis?

Och d'Chambre des fonctionnaires publics huet an engem Avis zur Verfassungsreform („avis du 26 mars 2021 sur la proposition de révision des cha-pitres I<sup>er</sup>, III, V, VII, IX, X,XI et XII de la Constitution“) drop higewisen, datt dee mentionéierten RGD effek-tiv eng Infraktioun kreéiert huet. Den Artikel 14 vun eiser Verfassung leet awer fest, datt keng Strof ver-haang ka ginn, ausser op Basis vun engem Gesetz: « nulle peine ne peut être établie ni appliquée qu'en vertu de la loi ». Dëse Grondsaz ass och während engem État de crise applikabel. Artikel 32 Paragraf 4 vun der Verfassung bestëmt nämlech, datt all Mesure, déi vum Grand-Duc oder vun der Regierung während engem État de crise geholl gött, zwar géint bestoend Gesetzer verstoussé kann (« peuvent déro-ger à des lois existantes »), awer net géint d'Verfas-sung a géint international Verträge (« être conformes à la Constitution et aux traités internationaux »): D'Fro stellt sech also, ob Amendes, déi an engem État de crise ageféiert ginn, der Definitioun an dem Sënn vun enger „peine“ no der Verfassung kënnen entspreichen an ob dann hir Festleegung iwwert een RGD an engem „état de crise“ legal ka sinn.

An deem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1. Wéi eng Strofe kënnen, der Meenung vun der Regierung no, an engem État de crise iwwert de Wee vun engem RGD ageféiert ginn a wéi eng net?

2. Missten d'Leit an engem État de crise net een erhéichte Rechtsschutz viru méigleche Willkürakte vun der Regierung hunn, och am Hibleck op d'Fest-leeë vun neie Strofen iwwer een RGD?

3. Wéi justifiéiert d'Regierung d'Festleegung vu Geld-boussen duerch een RGD während dem État de crise am Hibleck op eis Verfassung, a speziell am Hi-bleck op déi mentionéiert béid Artikele vun der Ver-fassung? Sinn déi ageféiert Geldboussen (amendes administratives) an engem État de crise als „peine“ am Sënn vun der Verfassung ze consideréieren?

**Réponse commune** (28.06.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

D'Particularitéit vun de reglementaresche Mesuren, déi d'Exekutiv am exzeptionelle verfassungsrecht-leche Kader vun „état de crise“ kann huelen, besteet justement doran, dass dës Mesuren all Matière kënnen concernéieren, dat heescht och Matière, déi laut der Verfassung am Normalfall eleng dem Ge-setzgeber reservéiert sinn, wéi zum Beispill d'Schafe vun neien Infraktiounen a Strofen.

Opgrond vun der Urgence, déi sech laut dem Artikel 32 Paragraf 4 vun der Verfassung doduerch defi-néiert, dass et dem Parlament net méiglech ass, an engem ugemooossenen Zäitraum ze legiferéieren, ass d'Exekutiv während der Zäit vum „état de crise“ expli-zitt vun der Verfassung autoriséiert ze handeln. D'Exekutiv handelt amplaz vun der legislativer Gewalt an déi betrafte groussherzoglech Reglemen-ter sinn engem Gesetz gläichzesetzen.

Et sinn d'Mesurë selwer, déi während dem „état de crise“ unhand vu sou engem groussherzogleche Re-glement geholl ginn, déi net géint d'Verfassung an international Traitéen dierfe verstoussen. Obschonn d'Regierung also nei Strofe kann definéieren, kënnen Strofen, déi géint d'Verfassung verstoussen, net age-fouert ginn.

**Question 4498** (15.06.2021) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant l'**application de l'article 5 du traité fondateur de l'OTAN dans l'espace** :

Wéi rezent op verschiddene Plazen an der däitscher Press ze liese war, sou zum Beispill am Artikel „NATO-Chef will Bündnisfall auch im Weltraum“, deen den 11. Juni um Site vun NTV publizéiert gouf, hat den Här Jens Stoltenberg, Generalsekretär vun der NATO, ugekënnegt, sech um Sommet vum 14. Juni zu Bréissel duerfir anzesetzen, datt den Artikel 5 iwwert d'„défense collective“ och op de Beräich vum Weltraum erweidert gött, sou datt dësen zum Beispill am Fall vun engem Akt vu Sabo-tage u Satellitte vun engem NATO-Staat kéint ak-tivéiert ginn. Am Communiqué, deen d'NATO am Uschloss un de Sommet publizéiert hat, war an deem Sënn ënnert dem Punkt 33 dëst ze liesen:

“We recognise the growing importance of space for the security and prosperity of our nations and for NATO's deterrence and defence. Secure access to space services, products, and capabilities is essen-tial for the conduct of the Alliance's operations, missions and activities. We will accelerate our work to deepen and expand our use of space as an ope-rational domain, including through the NATO Space Centre in Germany and the upcoming establish-ment of the Space Centre of Excellence in France, which we welcome. We will strengthen NATO's

space domain awareness and better integrate space in our activities, including training and exer-cises, resilience, and innovation efforts. Consistent with the Overarching Space Policy, NATO's ap-proach to space will remain fully in line with inter-national law. We support the international efforts to promote responsible behaviour in space. We consi-der that attacks to, from, or within space present a clear challenge to the security of the Alliance, the impact of which could threaten national and Euro-Atlantic prosperity, security, and stability, and could be as harmful to modern societies as a conven-tional attack. Such attacks could lead to the invo-cation of Article 5. A decision as to when such attacks would lead to the invocation of Article 5 would be taken by the North Atlantic Council on a case-by-case basis.”

An ënnert dem Punkt 38 dëst:

“The greatest responsibility of the Alliance is to protect and defend our territory and our popula-tions against attack, as set out in Article 5 of the Washington Treaty. No one should doubt NATO's re-solve if the security of any of its members were to be threatened. Faced with a highly diverse, com-plex, and demanding international security environ-ment, NATO is determined to maintain the full range of capabilities necessary to deter and defend against any threat to the safety and security of our populations, wherever it should arise.”

Bei dëser Approche ass et op där enger Säit wich-teg, op d'Restriktiounen am Bezuch op déi militä-resch Notzung vum Weltraum, besonnesch am „Outer Space Treaty“ vun 1967, opzepasst. Op där anerer Säit huet Lëtzebuerg am Kader vun der Bedriewung vun zivilen oder militäresche Satellitten, vum Weltraumbiergbau („Space Mining“) oder, méi allgemeng, den Ambitiounen am Beräich vu „Space Resources“, souwéi och den Artemis-Accorden eng Rei vun eegenen nationale weltraumpoliteschen Inte-ressen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zu där uewen zitierter, interpretativer Erweiderung vum Artikel 5 vum NATO-Vertrag elaboréieren? Wéi beur-teelt si d'Fro vun der Kompatibilitéit mam „Outer Space Treaty“ vun 1967?

2. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi si d'Kompa-tibilitéit vun dëser geplangter Erweiderung mat eisen nationalen ekonomesche Weltrauminteressen am Kader vun den Artemis-Accorde beurteilt? Gesäit si an der Formulatioun vun der NATO-Erklärung vum 14. Juni och d'Gefor vun enger Mili-tariséierung vum Mound?

3. An der Äntwert op meng erweidert parlamenta-resch Fro Nummer 53 huet den Här Wirtschafts-mi-nister den 18. November 2020 an der Chamber aus-gefouert, datt Lëtzebuerg nieft den Artemis-Accor-den iwwer eng Rei weider bilateral Kooperatiounen am Kader vun der Weltraumpolitik verfüügt. Kann d'Regierung elaboréieren, ëm wéi eng Accorden et sech hei handelt a wéi dës mat der zitierter interpretativer Erweiderung vum NATO-Vertrag kompatibel sinn?

4. Russland a China plange laangfristeg e Projet, fir eng international Fuerschungsstatioun um Südpol vum Mound („International Lunar Research Station“ ILRS) ze lancéieren. En entspreichende „Memoran-dum of Understanding“ gouf den 9. Mäerz dëst Joer ënnerschriften an den 23. Abrëll gouf d'Bedeelungs-méiglechkeet fir aner Staaten annoncéiert. Lëtzebuerg schafft un technesche Méiglechkeeten, fir speziell bei der Sich no Waasser och an dëser Re-gioun aktiv ze sinn. Envisagéiert d'Regierung an Zu-kunft eng potenziell Lëtzeburgerger Bedeelegung um Projet vun der ILRS? Kënnen déi aktuell Entwécklun-gen am Beräich vun der NATO eng Brems fir déi international wëssenschaftlech oder ekonomesch Zesummenaarbecht, och am Weltraum, mat China a Russland duerstellen?

5. Gött et en Avis juridique vun der NATO oder huet d'Lëtzeburgerger Regierung eng juristesche Analys iwwert d'Kompatibilitéit vun der NATO-Erklärung vum 14. Juni mat dem Weltraumrecht ugefrot, sou wéi et am Abléck göllt?

**Réponse commune** (16.07.2021) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*, de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et euro-péennes*, de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*, et de **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense* :

ad 1. Bei der zitierter interpretativer „Erweiderung“ vum Artikel 5 vum NATO-Vertrag handelt et sech ëm e wichteg an zäitgerecht Zeechen - am Aklang mat der Ausweidung vun den operationellen Domainen op „Cyber“ a „Space“ - dat am Sënn vun der Käraufgab vun der NATO als Verdeedegungspakt ze verstoen an ze begreifen ass. Dës Deklaratioun ass e wichtige eische Schrëtt fir der NATO an den Alliierten d'Mëttelen ze ginn, fir hirer Missioun gerecht ze ginn, an dat am Aklang mat applikabilem internatio-nale Recht. Wichteg ass, datt hei a priori kee Konflikt mam „Outer Space Treaty (OST)“ als Deel vum inter-nationale Recht ginn ass, speziell, well all Decisioun,





eng kollektiv Äntwert ënnert dem Artikel 5 vum NATO-Vertrag ze ginn, jo ëmmer eng kollektiv politesch Entscheedung duerch den nordatlantesche Conseil bleift, ënner Consideratioun vun den applikabelen internationale Reegelen, also och dem OST.

ad 2. Déi Lëtzebuerger Participatioun am Kader vun den Artemis-Accorde mat den USA ass domadder net a Fro gestallt. D'Motivatioun, fir bei dëser Initiativ matzemaachen ass nämlech an der Haaptsaach wëssenschaftlecher Natur.

D'NATO als Verdeedegungsbündnis setzt sech dofir an, dass Weltraumaktivitéiten op eng responsabel an nohaltege Manéier gemaach ginn. Eng Militarisierung vum Weltraum soll deemno verhënnert ginn. Gläichzäiteg behält sech d'NATO natierlech hiert Recht vir, hir eegen Infrastruktur géint Ugrëff am an aus dem Weltraum ze schützen, am Aklang mat de Prinzippien, déi an der Äntwert op déi éischt Fro ausgefouert sinn.

ad 3. Lëtzebuerg huet an de leschte Jore mat enger limitéierter Zuel vun Drëttlänner spezifesch bilateral Accorden oder administrativ Arrangementen ënnerschriwwen, fir eng méiglech Kooperatioun vun Aktivitéiten am Weltraum ze fërderen. Déi ugestriefen Zesummenaarbecht bezitt sech ëmmer ausdrécklech op déi friddlech Notzung, esou datt et kee Lien mat militäreschen Aktivitéite gëtt. Dës verschidden administrativ Accorden a „Memoranda of Understanding“ schreiw sech an de Kontext vun der bekannter Initiativ spaceresources.lu an. Fir déi international Kooperatioun ronderëm d'Exploratioun an d'Notze vu Ressourcen am Weltraum weider ze promovéieren, goufen zum Beispill mat Australien, der Belsch, China, Japan, Polen, Portugal, Tschechien oder de Vereenegten Arabeschen Emirater esou bilateral Kooperatiounen an Arrangementen ënnerschriwwen.

ad 4. Den ambitiëse Projet vu Russland a vu China, fir um Mound eng Fuerschungstatioun opzebauen, ass eng Initiativ, déi ënner Ëmstänn kéint eng Opportunitéit fir verschidden Acteuren aus dem Secteur vun de Weltraumaktivitéiten duerstellen. D'Luxembourg Space Agency suivéiert dëse Projet dofir ganz genee, mee et ass, an dësem fréie Stadium vun der Initiativ, nach eng Decisioun geholl ginn, ob et iwwerhaupt opportun ass, fir sech vläicht eemol un dëser Initiativ ze bedeelegen.

ad 5. Et ginn am Kader vun der NATO (wéi och an aneren internationale Foren) reegelméisseg Consultatiounen ënnert den Alliierten zu de verschiddensten Theeme vu strateegeschen an operationeller Relevanz, sou natierlech och zu de Froen, déi de Weltall als fënneften „operational Domain“ betreffen. An dësem Kontext ginn och spezifesch juristeschen Analysen ausgefouert an ënnert Alliierte beschwat, wou Lëtzebuerg natierlech och bedeelegt ass. Hei sief gesot, wéi och am Kontext vum „Cyber“, datt d'NATO an d'Alliiert sech un international Recht halen a sech och dofir engagéieren. Déi ugeschwate Substanz vun der NATO-Erklärung steet deemno net am Widdersproch zum applikabele Weltraumrecht, dat jo als Deel vum internationale Recht ugesi gëtt.

**Question 4499** (15.06.2021) de **M. Marc Spautz** (CSV) concernant la **réorientation du large scale testing** :

D'Regierung huet d'lescht Woch annoncéiert, datt, am Kader vun der aktueller Pandemie, de System vum Large-Scale-Testing géif ëmgeännert ginn an datt deemnächst jiddereen sech kéint e Rendez-vous fir e gratis PCR-Test huelen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wäerten och am neie System all d'Testzentere erhalte bleiwen?

2. Wann nee, no wéi enge Krittären a Prioritéite gëtt decidéiert, wéi eng Zentere opbleiwen? Deelt d'Regierung d'Meenung, datt den Awunnerschlëssel an d'Distanz als Krittäre mussen gëllen?

3. Wat wieren d'Grënn fir eventuell Fermeture vun Testzentere?

**Réponse** (07.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Och mat der neier Approche bleiwen all déi acht Drive-in-Statiounen souwéi d'Teststatioun um Findel op, fir de Leit e beschtméiglechen Accès zu den Tester ze erlaben.

ad 2. Verschidde Krittäre mussen effektiv berücksichtegt ginn, fir datt de Site, wou en Testzenter operéiert soll ginn, zeréckbehale ka ginn. Den Awunnerschlëssel ass sécher wichteg, mee déi regional Verdeelung ass natierlech och wichteg. Et kommen awer och oft aner Constraints dobäi, déi de Choix limitéieren, virun allem wat d'Disponibilitéit vun de géeeegente Sitten ubelaangt.

ad 3. Eventuelle Grond fir d'Fermeture vun engem Testzenter wier, wann d'Gesamtzuel vun den Tester, déi am LST duerchgefouert ginn, drastesch erofgoe

géif. An deem Fall wier et schwéier ze rechtfertigen, dass een nach ëmmer sou vill Ressourcen asetzt, wa vill manner Tester pro Dag duerchgefouert ginn.

**Question 4500** (15.06.2021) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant la **situation dans les hôpitaux dans le cadre de la pandémie de la Covid-19** :

D'Ausbredung vun neie Coronafäll huet zu Lëtzebuerg däitlech ofgehol. Leschten Dënschdeg (8. Juni) ware „just“ nach 16 Persounen wéinst dem Covidvirus hospitaliséiert, zwou dovunner op der Intensivstatioun. Trotzdeem hu sech d'Spideeler am Land zu deem Zäitpunkt nach ëmmer op der „Stuf dräi“ vum nationale Krisepiang situéiert, dee jo am Ganze véier Stufen zielt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Kann d'Madamm Minister preziséieren, firwat sech trotz de staark réckleefegen Neinfektiounen mam Coronavirus d'Spideeler ëmmer nach op der drëtter Stuf vum aktuellen nationale Krisepiang befint hunn oder nach ëmmer befannen?

2. Op wéi enger Basis a vu wéi gi gëtt d'Decisioun geholl, op wéi enger jeeweileger Stuf vum nationale Krisepiang d'Spideeler sech befanne sollen? Kann d'Madamm Minister och méi allgemeng Präzisierungen ginn, wéi eng Bedéngungen an Ëmstänn erfëllt muss sinn, fir déi jeeweileg Stuf - opgeschlëselt no deene véier Stufen - ze declenchéieren?

3. Kann d'Madamm Minister eng Tabell opstelle loossen, déi weist, wéi déi eenzel Spideeler zënter Mäerz 2020 mat Covidpatienten beluecht waren a wéi vill dovun op der Intensivstatioun waren? Kann d'Madamm Minister parallel zu deenen Informatiounen weisen, wéi eng Stuf - no dem nationale Krisepiang - wéini a fir wéi laang fir d'Spideeler a Kraaft war? Wéi war d'Korrelatioun tëschent deene statisteschen Elementer?

**Réponse** (15.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Säit Mëtt Abrëll respektiv säit Mëtt Mee befanne sech d'Spideeler fir d'Soins normaux respektiv fir d'Soins intensifs net méi an der Phas 3 vum Krisepiang. Säit Juni sinn d'Spideeler an der Phas 0, sou wéi en am Krisepiang vun de Spideeler definiert ass.

Hei drënner fënnt den honorablen Deputéierten de Verlaf vun de verschiddene Phase vum Krisepiang fir d'Spideeler säit dem Ufank vun der Kris.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 2. D'Krisecellule diskutéiert an hire wéchentleche Reuniounen iwwer d'Situatioun an de Spideeler an ob d'Phas vum Krisepiang eventuell adaptéiert misst ginn.

D'Montée en charge vun de verschiddene Phasen ass definéiert gi par rapport zu der Unzuel vun de beluechte Better an de Soins intensifs an an de Soins normaux.

Déi verschidde Phase gëlle fir d'Gesamtheit vun de Spideeler, d. h. wann eng nei Phas vum Krisepiang ausgeruff gëtt, gëllt dës fir all Spideeler an net just fir vereenzelt Spideeler.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

ad 3. Vum 30. Mäerz bis zum 30. Juni 2021 si 4.104 nei Admissiounen an de Spideeler zu Lëtzebuerg comptabiliséiert ginn, dovunner 3.516 an de Soins normaux a 588 direkt an de Soins intensifs. Den CHL an de CHEM sinn déi Spideeler, déi déi meeschten Admissiounen hate vu Covid-19-Patienten, mat am Ganzen e bësse méi wéi 60 % vun all den Admissiounen.

(*Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.*)

**Question 4501** (15.06.2021) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant l'**abus du régime d'asile européen commun** :

Am Magasinn „Politico“ konnt ee rezent liesen, datt d'Ministeren aus de Benelux-Länner sech iwwer de Fait beschwéiert hunn, datt vill DPlen (Demandeurs de protection internationale), déi a Griicheland registréiert sinn, nees an hir Heemechtslänner zeréckreesen, fir dann op en Neits eng Demande op Asyl ze maachen an der Hoffnung, an engem anere Land ewéi Griicheland eng Openthaltsgeneemung ze kréien. Zäitgläich huet den RTL mam Datum vum 8. Juni den Här Minister Asselborn zitéiert

mat folgende Wierder: „Wa mir keng intern Solidaritéit hunn, dass mer d'Chargen deelen, da fanne mer selbstverständlech och kee Wee, fir eens ze gi mat de Partnerlänner.“

Eng weider rezent Entwécklung ass iwwerdeems, datt Griicheland d'Tierkei elo als sécheren Drëttstaat erkläre wëll, fir esou och géint déi massiv illegal Migratiounsstréim virzegoen an ze verhënnere, datt irregulär Migranten, déi iwwer d'Tierkei kommen, weiderhi kënnen eng Asyldemande a Griicheland maachen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Immigatiouns- an Asylminister:

1. Vu datt den Här Minister sech jo der Ausso vun de Benelux-Länner ugeschloss huet, wéi bewäert hien d'Situatioun, datt vill DPlen, déi a Griicheland registréiert sinn, nees an hir Heemechtslänner zeréckreesen an dann op en Neits eng Demande op Asyl maachen? Gesäit den Här Minister hei net e Mëssbrauch vum Asylrecht?

2. Wéi ass dat uewe genannt Zitat vum Här Minister iwwer d'Solidaritéit vun den europäesche Staaten an Aklang ze bréngen mat der Tatsaach, datt iwwer genee dëse Wee e Mëssbrauch vum Asylrecht stattfënn?

3. Wéi positionéiert sech den Här Bausseminister am Hibleck op d'Bestriewunge vu Griicheland, d'Tierkei als sécheren Drëttstaat ze erkläre? Solidariséiert sech den Här Minister eventuell mat de genannte Bestriewunge vun der griichescher Republik?

4. Wann nee, wéi soll Griicheland an den Ae vum Här Minister an Zukunft virgoen, fir déi massiv illegal Migratiounsstréim, déi iwwer d'Tierkei a Griicheland kommen, ze ënnerbannen?

**Réponse** (13.07.2021) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile* :

ad 1. + 2. Persounen, déi an enger Asylprozedur sinn, steet et fräi, während dëser Prozedur op hir Demande ze renoncéieren an zeréck an hiert Heemechtsland ze goen. Wa si doropshin decidéieren, awer nees hiert Land ze verloossen, dann hu si d'Recht, eng nei Ufro op internationale Schutz ze stellen.

Wa méi oft Persounen hir Demande an engem bestëmmte Memberstaat zeréckzéien, da weist dat ëmsou méi de Besoin fir eng méi solidairesch Approche tëscht de Memberstaaten. All Memberstaat muss kënnen déi néideg „conditions d'accueil“ assuréieren, déi et him erlaben, d'Persounen, déi internationale Schutz ufroen, mënschewierdeg ënnerzëbréngen. Hei huet all Memberstaat säin Deel vu Responsabilitéit ze droen. Gläichzäiteg mussen innerhalb vun der EU awer och d'Virussetzunge geschaf sinn, fir de Memberstaaten, déi Problemer hunn an/oder déi méi DPI ophuelen, ënnert d'Äerm ze gräifen. Dës setzt och viraus, datt d'Persounen, déi internationale Schutz ufroen, op all d'EU-Länner verdeelt ginn. Am Fall vu Griicheland besteet d'Solidaritéit och doran, um europäeschen Niveau d'Ëmsetzung vun der Deklaratioun EU-Tierkei ze ënnerstëtzen.

ad 3. Dat ass eng Entscheedung vun der griichescher Regierung, déi Lëtzebuerg net bënnt.

ad 4. Déi bilateral Kooperatioun tëscht Griicheland an der Tierkei steet am Zentrum vun de Bestriewungen, fir d'Migratiounsstréim tëscht den zwee Länner ze reduzéieren. Dës erlaabt et de griicheschen Autoritéiten, de Backlog vun Demanden opzeschaffen an e méi geuerdente System en place ze hunn. De Moment constatéiert een iwwerregens ee signifikative Réckgang vun den Arrivéien op d'griicheschen Inseln, sou datt een net vu massive Migratiounsstréim schwätze kann. Et ass awer och wichteg, dass d'Tierkei hiren Deel vun der Deklaratioun respektéiert a rëm Retoure vun den Inseln unhëlt.

D'Situatioun a Griicheland mécht awer däitlech, datt d'EU - wa se an Zukunft änlech Problemer op de Baussegrenze verhënnere wëll - sech muss op e fairen, pragmatesche System eenegen, wou ganz Europa Solidaritéit weist.

**Question 4502** (15.06.2021) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant le **conflit d'intérêts dans le cadre du système de reprise d'emballages** :

Wéi am Artikel „Rücknahme von Verpackungen“, deen de 15. Juni am „Lëtzebuerger Wort“ publizéiert gouf, heescht, si säit den 1990er-Jore sämtlech Betriber hei am Land, déi Verpackungen hiestellen oder verdriewen, fir d'Recknam an d'Vewärtung vun dëse Verpackunge selwer verantwortlech. Weider zitéiert d'„Lëtzebuerger Wort“ aus der Äntwert op eng parlamentaresch Fro vum parlamentaresche Grupp vun de Piraten, datt zum Zäitpunkt vun der Fro Nr. 0099 Betriber duerch d'Ëmweltverwaltung ugeschriwwen gi wieren, datt si sech hei net gesetzeskonform verhalten. Ee betraffene Betrib, dee laut dem „Lëtzebuerger Wort“ net an dëser Lëscht enthalte war, war „Moulin

Dieschbourg“ vun Iechternach, deem d'Madamm Minister selwer bis zu hirem Amtsuntrëtt als Minister a leedender Funktioun ugehéiert huet.

Weider heescht an deem uewen zitéierten Artikel vum „Lëtzebuerger Wort“, datt de Ministère de Feeler op Nofro bei der Valorlux géif gesinn, obwuel d'Kompetenz, fir d'Betriber schrëftlech zur gesetzlech definiierter Uerdnung ze ruffen, bei der Ëmweltverwaltung läit. Domat awer net genuch. D'„Lëtzebuerger Wort“ schreift weider, datt de fréiere President vun der Valorlux der Ausso vum Ministère formell widderprécht, well hien d'Madamm Minister zweemol perséinlech op dëse Problem opmierksam gemaach hätt, ouni, datt dorop reagéiert gi wier.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister dës Virgänger, sou wéi se am „Lëtzebuerger Wort“ beschriwwen ginn, confirmeren? Wann net, firwat net?

2. Wéi ass et méiglech, datt d'Madamm Minister souwuel an hirer fréierer Funktioun als Chef vun der betraffener Entreprise wéi als Minister iwwer Jore vun all dëse Virgänger näischt wosst, obwuel si widerhuelte drop higewise gouf?

3. Musse Betriber, déi sech net gesetzeskonform bei der Valorlux ugemellt hunn, d'Membersbäitrag vun där Zäit réckwierkend nobezuelen?

4. Betriber, déi bei deenen uewen zitéierte Gesetzer net am Aklang mam Gesetz sinn, riskéieren eng Geldstrof vun 251 bis 10.000 Euro? Wéi beurteelt d'Madamm Minister d'Effizienz vun dësem Gesetz a vu senger Ëmsetzung?

**Réponse** (15.07.2021) de **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable* :

ad 1. Nee. D'Aussoe kënnen esou net bestätegt ginn. Zanter 2013 gouf et eng kloer Trennung mam Betrib.

ad 2. Säit mengem Depart aus dem Betrib hunn ech eng kloer Trennung virgeholl a mech deementspreechend net méi mat den internen Ofleeft vun der Firma beschäftegt. 2013 gouf et wuel een Echange tëscht der Valorlux an dem Betrib, mee dëse war zum Zäitpunkt vu mengem Depart nach net ofgeschloss. Et war also 2013 nach net kloer, datt de Betrib net konform wier. Ech ka mech och absolutt net un Hiweiser vum fréiere Valorlux-President op d'Nonkonformitéit vum Betrib erënneren. Esou Hiweiser wieren och net novollzéibar, well soss géif hei ee Betrib anescht behandelt gi wéi all déi aner. Nonkonformitéite ginn an der Reegel um Verwaltungsniveau gemellt an net um politeschen Niveau.

ad 3. Wann een net gesetzeskonforme Betrib laut dem Verpackungsgesetz vum 21. Mäerz 2017 iwwer Verpackungen a Verpackungsoffäll sech konform setze wëll, däreft en dat iwwer zwee Weeër maachen.

Déi éischt Méiglechkeet ass, datt en een individuelle System opbaut, fir senger gesetzleche Verpflichtungen nozekommen. An dësem Fall gi keng Bäitrag un een Organisme agréé bezuelt, well de Betrib all d'Käschte selwer iwwerhuele muss.

Déi zweet Méiglechkeet ass, datt e sech engem Organisme agréé uschlësst, an dësem Fall der Valorlux. Et gëtt keng legislativ Dispositioun, déi festleet, ob a wéi an dësem Fall déi Bäitrag mussen réckwierkend bezuelt ginn. Dës ass eenzeg an eleng dem Organisme agréé seng Decisioun.

ad 4. Fir d'éischt sief drun erënnert, datt nëmmen duerch eng Kontroll ka festgestallt ginn, ob ee Betrib effektiv konform zum Gesetz ass oder net, well net all Betrib vum Gesetz beträff ass. Dës Kontrolle kënnen ganz opwenneg sinn, well net nëmmen gekuckt muss ginn, wat de Betrib op de Marché setzt, mee och vu wou e seng Wuere kritt an ob seng Fournisseuren eventuell scho fir d'Mise sur le marché vu Verpackungen enregistreiert sinn. Et ass jo bekanntlech esou, datt d'Responsabilitéit, fir konform zum Verpackungsgesetz ze sinn, bei deem läit, deen de verpaakte Produit fir d'éischt op de Lëtzebuerger Marché setzt, wat net onbedéngt deen ass, deen de Produit un den Endverbraucher verkeeft.

Et gëtt bei der Ëmweltverwaltung eng Prozedur, déi virgëtt, wéi d'Dossiere vun deene Betriber traitéiert ginn, vun deene gemengt gëtt, se wäeren net konform, déi sougenannte „Freerider“.

Wa vun engem Betrib geduecht gëtt, datt en net konform ass, da soll dësem Betrib eng Chance gelooss ginn, sech iwwerhaupt konform ze setzen. Den direkte Kontakt, deen d'Ëmweltverwaltung mat deene Betriber huet, weist nämlech, datt a ville Fäll de Betrib einfach net Bescheed wosst vun där Verpflichtung, oder datt en d'Informatioun vläicht dozou kritt hat, zum Beispill iwwer seng Chambre professionnelle, awer vergiess huet, oder net als prioritär fir säi Betrib gesinn huet. Bei dësem direkten Austausch mat de Betriber, fir hinnen an hiren Demarchen ze hëllefen, ginn déi meescht dann och eng staark Intentioun un, sech ze konfirmeren.

Déi uewen erwäante Prozedur gesäit dofir vir, datt an enger éischter Instanz en Informatiounsbrëif un





de Betrib erausgeet. No dësem Brëif gëtt e **Rappel** verschéckt am Fall wou keng Äntwert vum Betrib zum éischte Brëif komm ass.

Wann no deene Bréiwer keng Konformitéit vum Betrib festgestallt gëtt, da gëtt deen Dossier un d'Kontrollunitéit vun der Ëmweltverwaltung weidergeleet.

**Question 4503** (15.06.2021) de **M. Marc Hansen** (*déi gréng*) concernant la **visibilité des formations et professions de la santé à la Foire de l'étudiant 2021** :

Par communiqué du 8 juin 2021, le Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche a annoncé que l'édition 2021 de la Foire de l'étudiant aura lieu sous un format hybride, combinant les environnements présentiel et numérique. En passant en revue les listes d'exposants des éditions passées de la foire, force est de constater que lors de l'édition entièrement numérique de 2020, les études et professions de la santé ont fait l'objet d'un seul webinaire, alors qu'en 2019 et dans le format présentiel, cette filière était couverte par un nombre beaucoup plus élevé d'exposants. Comme la majeure partie de l'édition 2021 aura de nouveau lieu dans l'environnement numérique, il se pose la question comment la visibilité des professions de la santé pourra être assurée.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche ainsi qu'à Madame la Ministre de la Santé :

1) Monsieur et Madame les Ministres n'estiment-ils pas que dans un contexte de pandémie ayant mis en exergue l'importance et le bon fonctionnement de notre système de santé, la visibilité des professions de la santé relève d'une importance toute particulière ?

2) Dans l'affirmative, quelles associations ou organismes ont déjà été contactés, respectivement seront encore contactés afin d'assurer cette visibilité et afin de procurer aux élèves et étudiant-e-s intéressé-e-s l'intégralité des informations dont ils ou elles pourraient avoir besoin ?

3) Le Ministère de la Santé respectivement la Direction de la santé feront-ils partie des exposants, comme c'était le cas en 2019 ?

**Réponse commune** (14.07.2021) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

En réponse à la question parlementaire de Monsieur le Député Marc Hansen au sujet de la visibilité des formations et professions de la santé à la Foire de l'étudiant 2021 et sur base du constat que la crise sanitaire actuelle due à la pandémie Covid-19 a mis en exergue le rôle clé des professionnels de santé dans notre système de santé, nous estimons en effet qu'il s'avère plus que jamais primordial d'assurer l'attrait pour ces professions et donc d'informer au mieux les élèves et étudiants sur les multiples possibilités d'études et de formation dans ce domaine au niveau de l'enseignement supérieur ainsi que sur les débouchés professionnels et les perspectives de carrière.

Dans cette optique, vingt-quatre acteurs du secteur de la santé ont été d'ores et déjà invités à l'édition 2021 de la Foire de l'étudiant, organisée annuellement par le Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche. Parmi eux se trouvent aussi bien de nombreuses associations professionnelles et l'Association luxembourgeoise des étudiants en médecine (ALEM) que des acteurs publics, tels que le Ministère de la Santé, la Direction de la santé et le Conseil supérieur pour certaines professions de santé.

Les participants auront l'occasion de se présenter gratuitement sur leur stand virtuel, notamment via des documents d'information et des vidéos préenregistrées, et d'interagir par différents moyens (chats, visioconférences) avec les visiteurs dans l'espace virtuel. Ils pourront en outre proposer d'organiser en direct un webinaire sur la plateforme virtuelle, ce qui est susceptible de leur assurer une visibilité maximale. En ce sens, il leur est évidemment loisible de soumettre des propositions de sujets en relation avec les formations et les professions de santé.

À préciser encore que, dès avant la crise sanitaire actuelle, l'objectif de la promotion des formations et professions de santé a été déjà poursuivi en permanence dans le cadre de la Foire de l'étudiant. Ainsi, bon nombre d'associations professionnelles et d'autres acteurs et organismes du secteur de la santé avaient été invités chaque année à cet événement et l'édition 2014 avait même été placée plus particulièrement sous le thème des professions de santé. Enfin, il convient de noter qu'en 2020, les mêmes acteurs que par le passé avaient été invités à participer à l'édition virtuelle de la foire et certains d'entre eux ont bel et bien répondu à l'appel

malgré le contexte particulièrement éprouvant pour le secteur. L'ALEM a en outre animé avec succès un webinaire.

Il est évident qu'en matière de participation, l'organisateur de la Foire de l'étudiant est toujours tributaire de la disponibilité des différents acteurs. Le service compétent du Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche se tient volontiers à leur disposition pour les accompagner au mieux dans la préparation de leur présence (virtuelle) lors de cet événement majeur en matière d'information sur les études supérieures.

**Question 4504** (16.06.2021) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant la **participation à la construction d'une île éolienne** :

Am Artikel „Lëtzebuerg bedeelegt sech u Projet fir éischt energeetesche Inselen“, deen den 11. Juni um Site vun rtl.lu publizéiert gouf, heescht et, datt Lëtzebuerg sech un engem Bauprojet vun der dänescher Regierung fir e groussen Offshore-Wandpark bedeelegt. Dëse Projet soll zum Zil vun der sougenannter „Klimaneutralitéit“ bis 2050 bäidroen.

Duerfir géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

1. No wéi enge Modalitéite gëtt den Energieverbrauch erfaasst, dee fir d'Konstruktioun vun dësem Projet néideg ass? Gëtt hei just den direkten Energieverbrauch wéi zum Beispill dee vun de Baumaschine gemooss oder och deen, deen am Virfeld bei deenen diverse Liwwerketten, zum Beispill fir den Ofbau an den Transport vun deene benéidegte Rostoffer, entsteet?

2. Gëtt e Bilan gemaach, ab wéini dëse Projet zu enger Nettoreduzéierung vun Zäregasemissionen féiert, datt heescht, datt der méi agespuert gi si wéi der duerch de Bau vum Projet fräigesat goufen? No wéi enge Modalitéite ginn dës Zäregasemissionen erfaasst? Flësse just déi mat an, déi direkt beim Bau entstinn oder och déi, déi am Virfeld an deenen diverse Liwwerkette fräigesat ginn? Falls vun Ufank un op sou eng Bilanzéierung vun den Zäregaser sollt verzicht ginn, kann d'Regierung dann elaboréieren, wéi dës Decisioun motivéiert ass?

3. Gëtt et eng Etüd iwwert den Ëmweltimpakt vun dësem Projet, déi sech net op de klimatologeschen Aspekt, mee déi klassesch Ëmweltschutzfro wéi zum Beispill d'Auswirkungen op d'Liewe vun de Fësch an de Mieressvigel bezitt?

4. Gi fir de Bau vun dësem Projet rar Äerde benéidegt? Wa jo, wéi eng an a wéi enge Quantitéiten?

5. Wéi héich ass de finanzielle Montant vun der Lëtzeburger Bedeelegung? Iwwer wéi een Zäitraum flëissen déi Suen an ënnert wéi engem Budgetsartikkel?

**Réponse** (06.07.2021) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

ad 1. Fir d'éischt sief erwäant, datt dëse Projet nach ganz am Ufank steet. Dänemark besëtzt Wandenergiepotenzialer, déi iwwert hiren eegene Bedarf un Energie erausginn. Si hu mat den „Energieinselen“ elo ee Projet ausgeschafft, fir Exporteur vun erneierbaren Energien ze ginn. Dofir begréisst Dänemark et, wann aner Länner bei dem Projet kooperéiere wëllen. Lëtzebuerg, am Géigesaz zu Dänemark, verfüügt net iwwer déi néideg Potenzialer vun erneierbaren Energien, fir onofhängeg mat Energie ze wirtschaften. Dofir brauch Lëtzebuerg Kooperatiounen, fir d'Zil vun der Klimaneutralitéit bis 2050 erreechen ze kënnen. Mir mussen an Europa no gemeinsamen energieeffizienten a käschteeffiziente Léisunge sichen, fir eis Energieversuergung op Basis vun erneierbaren Energie méi nohalteg opstellen ze kënnen.

D'Parametere, fir de gesamten Energieverbrauch ze moossen, déi och déi sougenannte „gro Energie“ beinhalten, sinn nach net all erfaasst, hänken z. B. dovunner of, wéi vill a wéi eng Länner sech dem Projet vun den Energieinselen uschlëssen. Wéi ass den Energiemix an deene Länner, wéi héich ass d'Kapazitéit vun der Insel, wéi ass d'Reglementatioun zu deem Zäitpunkt fir de Stroumhandel, d'Kompetitivitéit vum Power to-X asw.? Éischt Aschätzungen op Basis vu méi detailléierte Liewenszyklusanalyse kann een da ginn, wat déi Facteur besser duergestallt kënnen. Déi dänesch Regierung ass sech dëser Froe bewusst. Generell kann een awer soen, datt déi gro Energie, déi beim Bau vu Wandalage gebraucht gëtt, an engem ganz kuerzen Zäitraum vun der Wandmille ka generéiert a kompenséiert ginn.

Déi éischt Energieinsel an der Nordséi ass u sech een Deel vum gesamte Projet a wäert nieft de Wandmille an déi Berechnung mataflëssen.

ad 2. Wéi bei der éischter Fro erkläert, ass et nach ze fréi, fir ee Bilan ze zeichnen, mee de Bilan vun deem Projet wäert natierlech een daitlech positive Gesamtimpakt op d'Klima hunn. Beim Bau vun der Insel an dem Wandpark gëtt natierlech Energie an och „gro Energie“ verbraucht, duerno wäert de Wandpark 20

Joer oder méi laang quasi emissionsfräi erneierbar Energie produzéieren an ass domadder guer net vergläichbar mat Kuel- oder Gaskraaftwierker, déi während dem jorelaange Betrib schiedlech CO<sub>2</sub>-Emissionen emittéieren.

Et gëtt wéi uewe ugedeit generell Zuelen, déi aus Liewenszyklusanalyse fir Offshore-Wandenergie resultéieren (dobäi ginn Zement fir Fundamente, Kabelen etc. berücksichtegt). International Studie schätze beispillsweis d'CO<sub>2</sub>-Emissionen pro kWh Offshore-Wandstrom iwwer ee Liewenszyklus vu bis zu 25 Joer op 10-15 g(CO<sub>2</sub>)/kWh. Domat kënn een op ee sougenannte „carbon payback“ - dee Moment wou d'Produktioun vum Offshore-Wandpark souvill CO<sub>2</sub>-intensive Strom vum Marché verdrängt huet wéi CO<sub>2</sub>-Emissionen bei der Konstruktioun vum Park entstanen sinn - vun Zäitraum vun ongeféier fënnf bis zéng Méint.

ad 3. Et gëtt natierlech fir ee Projet mat sou enger Envergure eng Ëmweltimpaktetüd gemaach, déi all d'Aspekter vun Natur an Ëmwelt a Betruecht zitt. Doriwwer eraus ass et der dänescher Regierung wichteg, eng friddlech Koexistenz vun allen Notzer (z. B. Fësch a Biodiversitéit, Schëfffaart, Marinn, militäresch Loftraumnotzung an eeben Energieproduktion) vun der Nordséi souwéi eng optimal gemeinsam Exploitioun vun der Nordséi ze garantéieren. Dofir ass „Maritime Spatial Planning“, also maritim Landesplanung, een zentraalt Element, wat bei der Entwécklung vun dësem Projet berücksichtegt gëtt.

ad 4. Dozou kann een nach keng Ausso maachen, well dat Ganz sech nach an der Projetsphas befënn. Bei der Exekutioun vum Projet wäert den Typ vu Wandrieder, deen opgericht gëtt, deen Impakt gréisstendeels bestëmmen. Et ass awer ze soen, datt d'Wandkraaftindustrie an der leschte Joren Efforte gemaach huet, fir den Asaz vu rar Äerden ze reduzéieren bzw. duerch Alternativen ze ersetzen.

ad 5. Och fir eppes zu der zukünfteger finanzieller Ënnerstëtzung ze soen ass et am Moment nach ze fréi. Déi konkret Beräicher, an deenen een zesummeschaffe wëll, souwéi de finanziellen Impakt wäerten elo a Gespréicher verdéift ginn.

**Question 4505** (16.06.2021) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant l'**obligation de test négatif avant certains traitements à l'hôpital** :

Laut u mech eruge droen Informatiounen musse Kriibspatiente virun hirem Traitement an der Onkologie een negative PCR-Test virleeden - an dat och, wa si eng vollstänneg Impfung oder de Beweis vun enger iwwerstanener Erkrankung virweise kënnen.

An deem Zusammenhang wëllt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch confirméieren, dass ee Patient am Fall vun enger Chemotherapie ëmmer muss een negative PCR-Test viru sengem Traitement an der Klinik virleeden?

Falls jo, firwat ass dësen Test och néideg, wann eng Persoun ee vun den aneren „3G-Krittäre“ vum CovidCheck erfüllt?

2. Fir wéi eng aner medezinesch Traitement am Spidol mussen d'Patienten och een negative PCR-Test virleeden? Firwat ass dat esou?

3. Kënnen d'Klinicke selwer decidéieren, ob si de Regimm CovidCheck applizéieren (oder eeben och net applizéieren) oder läit d'Entscheidungsgewalt hei bei der Regierung?

**Réponse** (25.06.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Dat aktuell Covidgesetz, esou wéi et den 13. Juni a Kraaft getrueden ass, reegelt den Zougang vun de Gesondheetsberuffer an de Visiteuren an de Spideeler no den „3G“-Krittären. Et reegelt awer net den Ëmgang mat de Patienten. D'Gesondheitsdirektioun huet och keng weider nei Recommendatiounen fir d'Prise en charge vun de Patienten erausginn, och net wat d'Precautiounen fir geimpfte Patienten ugeet. Dëst ënnerläit de Spideeler selwer.

Am Moment gëllt an de Spideeler nach ëmmer de Prinzip vun enger maximaler Protektioun an engem Milieu vun héijem Risiko (fragill Patienten, aerosol-exposéiert Personal ofhängeg vum gewielten Traitement). Dëst bedeit, datt all Spidol weiderhin déi intern Reegelen uwendet soll, déi während der Covidpandemie adaptéiert goufen. Dës Reegelen kënnen vu Spidol zu Spidol verschidde sinn.

Spideeler kënnen de Regimm CovidCheck net uwenden, well engersäits d'Patienten net dem „3G-Screening“ ënnerzu ginn an anersäits well et geféierlech wier, op Hygiënesmoossnamen ewéi Masken,

Distanzéieren etc. am Spidol ze verzichten, well do vill vulnerabel Leit sinn.

**Question 4506** (16.06.2021) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant la **sécurité d'approvisionnement en électricité** :

Dat schwäizer Bundesamt für Bevölkerungsschutz huet a senger Etude „Bericht zur nationalen Risikoanalyse - Katastrophen und Notlagen Schweiz 2020“ 44 bevölkerungsschutzrelevant Gefährdungen am Hibleck op hiert Schuedpotenzial wéi och op hir Antrëttswahrscheinlechkeet bzw. Plausibilitéit analyséiert. Dës Etude identifizéiert ee gravéierende Strommanktem am Wanter, eng Influenzapandemie an e Blackout am Mobilfunknetz als déi dräi gréisst Geforen. Déi wirtschaftlech Konsequenzen vun engem Stromausfall besonnenesch am Wanter ginn als besonnenesch héich agestuut. Am Hibleck op dës wessenschaftlech Etude, awer och op d'Tatsaach, datt eis dräi Nopeschlänner, vun deene mir energiepolitesch ofhängeg sinn, an deenen nächste Jore grouss Deeler vun hirer Atom- a Kuelekraaftwerkskapazitéit ofbauen, stellt sech d'Fro no der zukünfteger Versuergungssécherheet fir eist Land.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Energieminister:

1. Wéi gesäit den Här Minister d'Antrëttsplausibilitéit vun engem laang undauernde Stromausfall fir eist Land? Geet de Minister dervun aus, datt eng Energiepolitik, déi ëmmer méi op wiederofhängeg Wand- a Solarenergie setzt, an der Lag ass, dës dräi Risike fir eist Land op ee Minimum ze reduzéieren?

2. Ginn et an der Regierung lwwerleungen, een Haftungsgesetz am Hibleck op potenziell Versuerungsdefiziter vum Land auszeschaffen? Gëtt et een Noutfallplang fir de Fall, wou et zu engem längere Blackout kënn? Wann net, wat fir Argumenter schwätzen dergéint?

**Réponse** (14.07.2021) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

ad 1. Wand- a Solarenergie an Heizungssystemer, déi op Äerdwärmt setzen, sinn eng wichteg Viraussetzung, fir aus de fossilen Energien, déi eist Klima verschmotzen, erauszeklammen. Si bréngen a ville Beräicher Virdeeler, well se eis net nëmme manner ofhängeg vun de Präisschwankungen op den internationalen Uelegmäert maachen, mee och nach dozou féieren, datt mer aktiv eist Klima schützen, eis Loftqualitéit verbessern an d'Energieversuergung erëm an eis eegen Hänn huelen.

D'Versuerungsqualitéit zu Lëtzebuerg ass aktuell mat duerchschnëttlech 17 Minutten Ausfall pro Client pro Joer op engem ganz héijen Niveau an d'Nummer 3 an der EU<sup>10</sup>. Gläichzäiteg kënnen Versuerungsënnerbriechungen ni komplett ausgeschloss ginn.

Duerch d'Energietransitioun ännert sech de Strommix an et ginn ëmmer méi erneierbar Energie genotzt, déi och zu engem Deel wiederofhängeg sinn. Duerch déi richteg Weiderentwécklung a Kombinatioun vu Produktiounsanlagen, enger méi dynamescher Steierung vun der Consummatioun um Strommarché an en entsprecheden institutionelle Kader kann och mat dëse Changementer an der Zukunft weiderhin e ganz héijen Niveau vun eiser Versuerungssécherheet assuréiert ginn.

Zum Beispill gëtt haut an Dänemark a Portugal de gréissten Deel vum Strom op der Basis vu wiederofhängeg erneierbaren Energie produzéiert, woubäi bis viru Kuerzem majoritär fossil Energie genotzt goufen. Gläichzäiteg schneiden dës Länner am europäesche Resource Adequacy Assessment vun ENTSO-E, deen d'Versuerungssécherheet an den nächste Joren op Basis vun detailléierte probabilisteschen Analyse bewäert, mat enger Erwaardung fir Strommanktem vu manner wéi 0,1 Stonne pro Joer souwuel kuerz- wéi och mëttel- a laangfristeg extreem gutt of.

Och fir Lëtzebuerg gëtt déi zukünfteg Versuerungssécherheet an dësem europäesche Rapport mat manner wéi 0,1 Stonne pro Joer Erwaardung fir Strommanktem extreem positiv bewäert. Eng regional Anlays iwwer d'Versuerungssécherheet am Kader vum Pentalateralen Energieforum vun 2020 confirméiert dës Resultater, déi niewent de Wiederkonditiounen och déi erwaart Ännerungen am Produktiounspark a ganz Europa, inklusiv Kuel- an Atomenergieausstieg an Däitschland an an der Belsch consideréieren.

Grënn fir déi positiv Resultater fir Lëtzebuerg si virun allem e staarke Stromreseau, eng méi héich Produktiounskapazitéit vu PV a Wand an eng gutt Integratioun an den europäesche Strommarché, deen iwwer regional Koordinatiounszentren ronderëm d'Auer koordinéiert an iwwerwaacht gëtt. Bei Schwierigkeeten hëllef sech déi national Transportstromnetzbedriewer géigesäiteg am Kader vu sougenannten „Network Codes“, déi ënner anerem

<sup>10</sup> CEER Benchmarking Report 6.1 - Continuity of Electricity and Gas supply





am Beräich vu Bedreiwen, Equilibrage a Versuerungssécherheet ugewannt ginn.

Dobäi ginn all Ressourcen am System consideréiert, inklusiv wiederofhängeg erneierbar Energien, wéi eis Wandkraaft- a PV-Anlagen, déi eng wichteg Contributioun zur nationaler Versuerungssécherheet leeschten, woubäi dës Contributioun duerch Ausgläichseffekter op dem europäeschen Niveau an e koordinéiert Zesummespill mat Späicher an aner Technologien nach verstärkt gëtt.

Zudeem entwéckelt sech de Stroumsystem och am Beräich vun intelligente Léisungen ëmmer weider a verbessert esou den Equilibrage vu Produktioun a Verbrauch, z. B. duerch besser Prediktione fir erneierbar Energien, intelligent Ziler, dynamesch Präisser, Energiecommunautéiten an enger méi aktiver Participatioun a Koordination vu Consommateuren an dezentrale Produktiounsanlagen. Doduerch ass et dann och méiglech, datt sech de Verbrauch méi dynamesch un d'Produktioun upasse kann a méi verbraucht gëtt, wa vill Produktioun am Netz ass (respektiv manner am Fall vu wéineg Produktioun).

Esou eng Virgoensweis ass iwweregens och net grondsätzlech nei an entsprécht am Prinzip sougenannten Nuetstariffer, déi virun allem fir Stroumheizungen d'Leit beweegen sollten, fir éischter an der Nuecht ze verbrauchen, well do historesch manner Verbrauch an en Iwwerschoss vu Stroum am System war.

An Zukunft sinn esou Virgoensweisen denkbar fir allméiglech Applikatiounen (wéi z. B. den Elektroauto oplueden, Wärmepumpen, Killanlagen etc.), déi dann och sënnvoll mat dezentrale Produktiounsanlagen a Batterië kombinéiert kënnen ginn, fir de System um Niveau vun Haiser oder Quartieren auszegläichen.

ad 2. D'Haftung am Fall vun eventuelle Stroumofschaltungen ass duerch d'Gesetz iwwer d'Organisation vum Stroummarché gereegelt<sup>11</sup>. Aus dësem Gronn gesäit d'Regierung aktuell keng Noutwenegkeet fir Iwwerleeungen zu engem spezifischen Haftungsgesetz.

Eng Ënnerbriechung vun der Stroumversuerung gehéiert zu deenen Zenarien, fir déi d'Regierung opgrond vun der besonnescher Wichtigkeet fir d'Land en Noutfallplang ausgeschafft huet. Déi ëffentlech Versioun vum Noutfallplang Energie ass op dem Site „Infocrise“ disponibel: <https://infocrise.public.lu/fr/rupture-energie.html>.

**Question 4507** (16.06.2021) de **Mme Martine Hansen** et **M. Claude Wiseler** (CSV) concernant les **tests anticorps dans les maisons de retraite et de soins** :

An hirer Äntwert op eis parlamentaresch Fro N° 4269 huet d'Regierung matgedeelt, datt säit dem 1. Mee 2021 am Kader vum LST een Echantillon vun Altersheimer an CIPA op Antikierper getest gëtt. An deem Kontext hätt d'Direction de la santé mam LNS ee Monitoringprogramm opgesat, deen all Altersheim an och CIPA op Antikierper test, an dëst iwwert 18 bis 24 Méint.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Fro un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung eis matdeelen, wat d'Resultater bis dato vun dësem Monitoringprogramm sinn?

**Réponse** (15.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Am Kader vum Large-Scale-Testing (LST) gëtt säit dem Mee 2021 an engem Echantillon vun Altersheimer an CIPAen op Antikierper géint de Sars-CoV-2 getest, fir eng besser Iwwersiicht betreffend eng méiglech Immunitéit géint de Virus ze kréien.

Dëst ass ëmsou méi wichteg bei dëser héich vulnerabler Populatioun. Dësen Echantillon gëtt vun dem genannte Programm vum LNS komplettéiert an iwwert déi nächst 18-24 Méint gëtt ëmmer erëm gekuckt, wéi vill Antikierper déi Leit aus dëse Strukturen hunn.

Eng éischt virleefeg Analys huet erginn, dass an den éischten aacht Woche vun dësem Programm am Duerchschnitt 337 Leit pro Woch getest goufen (am Ganzen also 2.696 Persounen).

Fir eng einfach Iwwersiicht ze kréien a fir d'Resultater besser ze verstoen, goufen d'Resultater an dräi Kategorien agedeelt: negativ Resultater (keng Antikierper), positiv Resultater (normalen Niveau vun Antikierper), an héich positiv Resultater (en héijen Taux vun Antikierper).

De Prozentsaz vu Persounen mat engem negative Resultat, also wou keng Antikierper fonnt goufen, variéiert zwëschent de Strukturen a läit tëscht 6 % an 19 %.

D'Zuel vu Persounen, déi Antikierper hunn, läit tëscht 13 % a 36 % an d'Zuel vu Leit, déi ganz vill

Antikierper hunn, ass tëscht 47 % an 80 %, jee no Institutioun.

Dës Resultater deiten dorop hin, dass d'Impfungen ganz gutt ugeschloen hunn, well eng grouss Majoritéit vu Leit zwee bis véier Méint no der Impfung Antikierper nowiese kann.

Weider Analyse sinn awer noutwendeg fir ze gesinn, wéi sou verschidde Leit keng Antikierper hunn, wat doru leie kann, dass dës Leit weeder infizéiert waren nach geimpft gi sinn oder keng Antikierper produzéieren.

**Question 4508** (16.06.2021) de **M. Mars Di Bartolomeo** et **Mme Tess Burton** (LSAP) concernant le **chiffre d'affaires des supermarchés et des hypermarchés pendant la crise sanitaire** :

Dans nos pays voisins, la grande distribution (supermarchés et hypermarchés) affiche une progression spectaculaire de son chiffre d'affaires pendant la crise du Covid-19 au courant des années 2020 et 2021.

- Nous aimerions savoir de Monsieur le Ministre des Classes moyennes si une évolution similaire a pu être observée au Luxembourg.

- Quels sont, le cas échéant, les produits qui ont contribué à cette évolution qui est nettement à contre-courant par rapport à d'autres secteurs économiques ?

- En l'absence de données correspondantes au Luxembourg, Monsieur le Ministre envisage-t-il d'établir le bilan des pertes et profits dus à la crise dans le secteur commerce ?

**Réponse** (19.07.2021) de **M. Lex Delles**, *Ministre des Classes moyennes* :

Il est vrai que le chiffre d'affaires de la grande distribution<sup>12</sup> a eu tendance à augmenter plus fortement en 2020 qu'en 2019 dans la plupart des pays européens. Cela n'a cependant pas été le cas pour certains d'entre eux, comme la France<sup>13</sup>, l'Espagne ou le Portugal (cf. tableau A).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Concernant le Luxembourg, les données disponibles confirment en effet une progression soutenue du chiffre d'affaires des enseignes généralistes du commerce de détail en 2020 (+ 9,2 % en valeur, contre + 2,0 % en 2019) et au début de 2021 (+ 7,8 %). De fait, parmi tous les acteurs du commerce de détail, c'est la catégorie qui a connu la plus forte progression en 2020, notamment lors de la période dite du « 1<sup>er</sup> confinement » qui se tenait à cheval sur le 1<sup>er</sup> et le 2<sup>e</sup> trimestre 2020 (cf. tableau B). Il faut se rappeler que lors de ce 1<sup>er</sup> confinement, les commerces de détail jugés non essentiels ont dû fermer leurs portes (du 16 mars au 11 mai<sup>14</sup>). Ceci a pesé notamment sur le chiffre d'affaires des commerces de détail d'équipement audiovisuel et informatique et d'autres équipements du foyer, même si un net rattrapage s'est produit au cours du 2<sup>e</sup> semestre 2020 pour ces enseignes (qui au final ont enregistré une progression du chiffre d'affaires sur l'ensemble de 2020 supérieure à celle de l'année précédente). L'une des catégories les plus impactées lors de la crise sanitaire a été celle du commerce de détail de carburants, notamment à cause de la forte baisse de la mobilité engendrée par les mesures de restrictions (nationales et internationales) et le développement du télétravail.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Il n'est pas possible d'établir les contributions des différents produits aux évolutions constatées ci-dessus, ils ne pouvaient pas proposer à la vente les produits qui n'étaient pas classifiés comme « essentiels », d'où un certain manque à gagner.

<sup>12</sup> La rubrique statistique correspondante est dénommée « commerce de détail en magasin non spécialisé ».

<sup>13</sup> En France, bien que les supermarchés soient restés ouverts, ils ne pouvaient pas proposer à la vente les produits qui n'étaient pas classifiés comme « essentiels », d'où un certain manque à gagner.

<sup>14</sup> Durant cette période étaient également fermés les établissements de restauration (sauf take-out), les cafés/bars, ainsi que les services aux personnes (coiffeurs, salons de beauté, salles de fitness, ...). Les enseignes de bricolage/jardinerie ont pu rouvrir dès le 20 avril.

<sup>15</sup> Regards N° 18/2021, Comportement des consommateurs - COVID-19 : des répercussions inédites sur les habitudes de consommation des résidents, Novembre 2021, Statec.

Selon ces données, le volume des ventes de produits alimentaires aurait progressé en mars 2020 de 35 % sur un an et aurait continué à afficher des progressions annuelles - quoique moins nettes - sur les mois suivants. Cette hausse devrait découler du transfert de la consommation vers le domicile induit par la fermeture temporaire des restaurants et cantines ainsi que par le recours renforcé au télétravail. Les évolutions diffèrent cependant fortement entre les types d'aliments. Les produits de base et aliments stockables (au début du confinement) ont été favorisés, au détriment des plats préparés et de la pâtisserie (essor du « fait-maison »). En avril et mai 2020, le volume des ventes de boissons alcoolisées dans les supermarchés de l'échantillon s'est inscrit en baisse par rapport à 2019, mais il a été supérieur en juin.

Par ailleurs, le Statec a encore relevé des ventes accrues de papier toilette (en mars), de nettoyage ménager, de thermomètres et de jeux éducatifs. La part de ces produits dans le chiffre d'affaires des supermarchés devrait pourtant être marginal. En général, les ventes de certains produits non alimentaires devraient avoir été temporairement soutenues par un report de la consommation suite à la fermeture des enseignes qui vendent des biens jugés non essentiels. Certains rayons, comme les produits de beauté, devraient pourtant avoir été affectés par la baisse globale de la demande de ces produits, constatée également à l'échelle internationale<sup>16</sup>.

**Question 4509** (16.06.2021) de **Mmes Stéphanie Empain** et **Djuna Bernard** (*déi gréng*) concernant la **législation contre les personnes LGBTIQ en Hongrie** :

Ce mardi 15 juin, le parlement hongrois a voté un amendement, porté par le parti Fidesz, qui durcit encore la législation contre les personnes LGBTIQ en Hongrie. « La pornographie et les contenus qui représentent la sexualité ou promeuvent la déviation de l'identité de genre, le changement de sexe et l'homosexualité ne doivent pas être accessibles aux moins de 18 ans », le texte entend ainsi « protéger les droits des enfants ».

Dans la pratique, les programmes éducatifs ou les campagnes de grands groupes solidaires des minorités sexuelles et de genre ne seront plus autorisés. Il en sera de même pour des livres, tels que des recueils de contes et légendes « dédramatisant » l'homosexualité. Des séries ou des films dans lesquels l'homosexualité est évoquée pourraient également être interdits aux mineurs, s'alarment les ONG. L'amendement viole le droit à la liberté d'expression et le droit à l'éducation pour tous les Hongrois et constitue une attaque contre les droits de l'homme et les libertés fondamentales des personnes LGBTIQ en Hongrie.

Dans ce contexte, nous aimerions avoir du Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes les renseignements suivants :

1) Monsieur le Ministre peut-il donner son appréciation sur cette démarche anti-LGBTIQ en Hongrie ?

2) Dans sa mission de veiller à la protection des droits de l'homme, le Conseil de l'Europe envisage-t-il de thématiser cette évolution ? Le Conseil de l'Europe pourrait-il interpellier, voire sanctionner, même symboliquement, la Hongrie ?

3) Étant donné qu'une procédure sur la violation des valeurs européennes par la Hongrie a été déjà lancée en 2018 et que la Hongrie est en train de contester le règlement sur la conditionnalité liée à l'État de droit (entré en vigueur le 1<sup>er</sup> janvier 2021), Monsieur le Ministre considère-t-il que cette législation anti-LGBTIQ pourrait faire avancer le cas contre la Hongrie ?

**Réponse** (09.07.2021) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1) La loi en question vise clairement à stigmatiser les personnes LGBTIQ sur base de leur orientation sexuelle, ce qui est une entrave inacceptable aux valeurs de l'Union et aux droits fondamentaux des personnes concernées. Le Luxembourg a exprimé ses graves préoccupations à ce sujet et cette position a été reprise dans une déclaration commune lancée par les pays du Benelux, soutenue in fine par 18 États membres, et présentée par la présidence belge du Benelux lors du Conseil affaires générales du 22 juin 2021. Les États membres signataires demandent notamment à la Commission européenne d'utiliser tous les outils à sa disposition en tant que gardienne des Traités, y compris le renvoi à la Cour de justice de l'UE, pour faire respecter le droit européen.

ad 2) Différentes instances du Conseil de l'Europe, dont notamment la Commissaire aux droits de l'homme ou encore la plateforme pour la protection

du journalisme et la sécurité des journalistes, formulent régulièrement des recommandations critiques à l'égard de la Hongrie dans des domaines liés à l'État de droit, y inclus les droits des personnes LGBTIQ. Il est à noter que la Cour européenne des droits de l'homme joue également un rôle important en ce qui concerne le respect de l'État de droit et que les États membres se sont engagés à se conformer à ses arrêts. Or, force est de constater que les outils dont le Conseil de l'Europe dispose, en tant qu'organisation internationale reposant sur une prise de décision par consensus, se basent surtout sur des mesures juridiques non contraignantes. Les rapports et recommandations émanant de l'organisation permettent toutefois de mieux comprendre l'ampleur de la situation et de prendre des mesures ciblées, notamment en termes de financement de programmes. Le Luxembourg est ainsi actuellement le principal bailleur de fonds de la plateforme pour la protection du journalisme et la sécurité des journalistes et du nouveau programme de protection des droits LGBTIQ de l'organisation strasbourgeoise. Nos contributions volontaires permettent ainsi d'avancer la cause des droits humains et de la lutte contre les discriminations dans les États membres de l'organisation, dont la Hongrie. Notre Représentation permanente suit de près les discussions au sein des instances du Conseil de l'Europe, surtout sous la présidence hongroise du Comité des ministres, et se coordonne en la matière avec d'autres délégations, dont celles du Benelux. Notre délégation a aussi invité la Secrétaire générale du Conseil de l'Europe à faire le point en la matière avec les autorités hongroises et, le cas échéant, à en faire rapport au Comité des Ministres.

ad 3) La procédure de l'article 7, paragraphe 1, du traité UE suit son cours au Conseil. Le 22 juin 2021 a eu lieu la troisième audition de la Hongrie dans ce contexte, lors de laquelle la délégation hongroise a mis en question le bien-fondé de la procédure, refusant l'offre d'un dialogue avec les autres États membres. Le Luxembourg est d'avis que le Conseil doit rester saisi de la problématique aussi longtemps que persistent des doutes en matière du respect des valeurs visées à l'article 2 du traité UE. Le Luxembourg a aussi appelé la Commission à mettre en œuvre sans tarder le règlement 2020/2092 relatif à un régime général de conditionnalité pour la protection du budget de l'Union, et intervient en soutien du Parlement européen et du Conseil de l'UE dans l'affaire C-156/21 lancée par la Hongrie ayant pour objet l'annulation de ce règlement.

**Question 4511** (17.06.2021) de **Mme Martine Hansen** (CSV) concernant la **distribution des tests rapides Covid-19** :

De 14. Mee gouf eng Strategie vu Verdeelung vun Antigen-Selbsttester am Kader vun der Covid-19-Pandemie lancéiert. Dës Strategie gesäit vir, datt Schlësselsecteure wéi Spideeler a Fleegestrukture reegelméisseg mat dëse Schnelltester beliwwert ginn. Donieft kritt déi berufflech aktiv Populatioun e Starterkit zur Verfügung gestallt. Schlussendlech sollen och Privatstéit Schnelltester-Bonge fir Schnelltester geschéckt kritt hunn, notamment Pensionnaires, déi se dann an der Apdikt alaise kënnen.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wéi wäit ass d'Verdeelung vun den Antigen-Schnelltester respektiv de Bonge méttlerweil fortgeschritt?

2. Mengen Informatiounen no hunn eng Rei Pensionnaires nach keng Bonge geschéckt kritt. Kann d'Regierung confirméieren, datt dës Phas vum Verschécke vun de Bongen nach net ofgeschloss ass?

3. Wéi vill Professioneller a wéi vill Privatleit hunn hir Bonge bis elo agelest? Wéi héich ass den Taux de participation?

**Réponse** (08.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Bis Mëtt Juni si fir déi verschidde Verdeelungen eng 14,3 Milliounen Autotester zur Verfügung gestallt ginn. 1,35 Milliounen vun dësen Tester sinn an d'Apdikte geliwwert ginn, fir un déi Leit ze verdeelen, déi e Bong kruten.

ad 2. D'Bonge fir d'Pensionnaires an net aktiv Leit sinn alleguer verschéckt ginn. Hei ass et awer sou, datt net all Persoun ee Bong krut, mee et dovun ofhonn, ob schonn eng aner Persoun aus dem selwechten Haushalt eligibel war oder net. Am Fall wou een Haushalt kee Bong kritt hätt, kann een iwwert d'Hotline nofroen, fir dann nodréiglech e Bong ze kréien, ënnert der Konditioun, dass déi Persoun eligibel ass.

ad 3. Professioneller kruten d'Schnelltester am Fall vu méi grouse Betriber direkt op d'Aarbechtsplaz geliwwert. Am Fall vun de méi klengen Betriber konnten si Tester an ee Centre de distribution siche

<sup>11</sup> Loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité.





goen. Ouni d'Spideeler, d'Altersheemer an d'Schoulen dozou gezielt, sinn an dësem Kontext iwwer 6,5 Milliounen Tester verdeelt ginn.

Privatleit kënnen hir Bonge bis Enn September aléisen. Eréischt duerno mécht et Sënn, e Bilan ze zéien. De Moment leien d'Donnéeën net fir, wéi vill Persounen hir Schnelltester scho siche waren.

**Question 4513** (17.06.2021) de **M. Marc Hansen** (*déi gréng*) concernant les **infections de percée** :

Tenant compte du fait que la vaccination contre la Covid-19 ne prévient pas à 100 % la réinfection par le virus, il est intéressant de se pencher sur l'apparition d'infections chez des personnes totalement immunisées, c'est-à-dire des personnes entièrement vaccinées depuis 14 jours ou plus. On parle d'infections de percée pour désigner les infections contractées malgré un schéma complet de vaccination et la plus grande immunité possible à ce jour acquise.

En Belgique, l'Institut de santé publique Sciensano a publié le 11 juin 2021 une analyse sur l'apparition des infections chez les personnes ayant reçu deux doses de vaccin : « Les infections COVID-19 post-vaccination sont peu nombreuses et souvent asymptomatiques ». Cette analyse a permis d'établir que sur un échantillon de personnes totalement immunisées seulement 0,32 % des personnes ont été testées positives à la Covid-19 et que sur un échantillon de nouvelles infections Covid-19 les cas de percée ne représentent que 2,33 % de l'ensemble des infections. 68,1 % de ces infections de percée étaient asymptomatiques et étaient découvertes de façon fortuite (voyage, contact à haut risque, dépistage).

Dans ce contexte, j'aimerais demander les renseignements suivants à Madame la Ministre de la Santé :

1) Madame la Ministre peut-elle m'informer sur le pourcentage de personnes totalement immunisées qui ont été infectées, sur un échantillon de personnes totalement immunisées ?

2) Combien de personnes totalement immunisées, sur un échantillon de personnes qui ont été testées positives au Covid-19, ont été infectées au Luxembourg ? Quel est le pourcentage des cas de percées asymptomatiques ayant été détectés ?

**Réponse** (15.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1) Depuis le début de la campagne de vaccination fin 2020/début 2021 et jusqu'à la date du 6 juillet, 341.754 résidents ont reçu au moins une dose des vaccins Pfizer-BioNTech, AstraZeneca, Moderna ou Janssen contre la Covid-19 au Luxembourg. Au 6 juillet 2021, parmi les 185.827 résidents luxembourgeois totalement immunisés (14 jours après un schéma vaccinal complet), 265 cas d'infections de percée ont pu être identifiés, ce qui signifie que seulement 0,15 % des personnes considérées comme totalement immunisées ont été infectées.

ad 2) Depuis le début de la campagne de vaccination et jusqu'au 6 juillet 2021, un total de 265 cas de percée ont été détectés parmi un total de 28.405 nouvelles infections et les cas de percée ne représentent que 0,9 % de l'ensemble des infections enregistrées durant cette période. Depuis le mois de mars, il y a eu 258 (1,5 %) cas de percée sur un total de 17.099 nouveaux cas.

En comparant le taux des infections de cas de percée luxembourgeois pour le mois de mai 2021 de 1,7 % au taux belge, où durant les deux dernières semaines de mai 2021 les cas de percée (soit 652 cas) représentaient 2,33 % de l'ensemble des infections enregistrées, le taux luxembourgeois est beaucoup plus bas. Ceci pourrait être dû à un effet de l'âge, la population du Luxembourg étant plus jeune que celle de la Belgique (6,5 % des habitants luxembourgeois ont plus de 75 ans, contre 9 % en Belgique) et que les infections de percée sont généralement plus élevées dans les groupes d'âge plus avancés.

Au total, 69,4 % (n = 184) des cas de percée ne présentaient pas de symptômes compatibles avec la Covid-19 au moment de l'appel par le contact tracing.

**Question 4514** (17.06.2021) de **MM. André Bauler** et **Max Hahn** (*DP*) concernant le **matériel roulant au service des CFL** :

Dans le but de moderniser une partie du matériel roulant au service des CFL et en réaction à la croissance considérable des passagers au fil des dernières années, le Gouvernement a décidé en 2018 d'acheter 34 nouveaux wagons pour voyageurs « Coradia » du constructeur Alstom.

Le calendrier de livraison initial prévoyait que les premiers wagons devraient être livrés entre décembre 2021 et décembre 2024.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) La pandémie aura-t-elle un impact sur le calendrier de livraison initial ?

2) Monsieur le Ministre peut-il fournir des détails concernant la programmation des différentes étapes de livraison ?

3) Monsieur le Ministre peut-il informer sur quels tronçons du réseau ferroviaire luxembourgeois il est prévu de mettre à disposition ce nouveau matériel roulant, sachant que celui-ci contribuera à accroître la qualité des transports publics ?

**Réponse** (16.07.2021) de **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics* :

ad 1) La pandémie a effectivement pour effet de retarder le calendrier de livraison initial. Les nouvelles automotrices des séries CFL 2400 (automotrices à trois caisses) et 2450 (automotrices à six caisses) étant construites à l'usine Alstom de Santa Perpètu de Mogoda près de Barcelone, les mesures sanitaires très strictes du Gouvernement espagnol au début de la pandémie ont impacté les opérations de construction des engins en question. Ainsi, les prestataires de firmes étrangères devant réaliser des tâches d'assemblage et de soudure aux usines Alstom étaient bloqués par des limitations de voyage et le site Alstom de Santa Perpètu de Mogoda a temporairement dû être fermé.

Outre ceci, un cluster d'infections à la Covid-19 au site Alstom de Santa Perpètu de Mogoda avec une augmentation subséquente du taux d'absentéisme a influé négativement sur la progression des travaux de construction des nouvelles automotrices des séries CFL 2400 et 2450.

ad 2) Selon le planning actuel, les livraisons des automotrices 2400 et 2450 sont prévues entre février 2023 et avril 2025. Ainsi, au cours des années 2023 à 2025, le constructeur Alstom prévoit de livrer aux CFL les automotrices suivantes :

- en 2023 : 16 automotrices de la série 2400,

- en 2024 : 4 automotrices de la série 2400 et 9 automotrices de la série 2450,

- en 2025 : 2 automotrices de la série 2400 et 3 automotrices de la série 2450.

ad 3) La mise en service des nouvelles automotrices des séries CFL 2400 et 2450 entraînera la mise hors service des automotrices de la série CFL 2000 qui atteindront leur fin de vie dans les années à venir. À noter que celles-ci constituent le matériel roulant le plus vétuste et le moins confortable de la flotte des CFL.

Les nouvelles automotrices seront homologuées sur les réseaux luxembourgeois, belge et français et seront donc aptes à circuler sur toutes les lignes du réseau ferroviaire luxembourgeois, à l'exception des trains à destination de l'Allemagne.

Actuellement, il est planifié d'utiliser les nouvelles automotrices des séries CFL 2400 et 2450 principalement sur les lignes 10, 60 et 70. En vue d'une optimisation de l'ensemble des opérations, il est possible que les roulements soient adaptés d'année en année, ce qui peut donc influencer l'affectation du matériel roulant sur les différentes lignes du réseau.

**Question 4515** (17.06.2021) de **M. Gusty Graas** (*DP*) concernant le **test « Dry Blood Spot »** :

Le Gouvernement luxembourgeois invite les résidents ainsi que les travailleurs frontaliers à participer volontairement et gratuitement au test de dépistage sérologique de la Covid-19 dans le cadre du large scale testing.

Le « test DBS » (Dry Blood Spot) permet de détecter des anticorps dans le sang de la personne testée, et donc de savoir, entre autres, si elle a été exposée au virus Sars-CoV-2 dans le passé.

Cependant, il a été constaté que chez quelques individus précédemment testés positifs avec un test PCR moins de trois mois auparavant, aucun anticorps n'a été détecté après un test sérologique. Cela peut amener ces personnes à conclure que leur test PCR était faussement positif et qu'elles ont donc été inutilement placées en isolement ou en quarantaine.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

- Combien de tests sérologiques ont été réalisés au Luxembourg jusqu'à ce jour ?

- Dans combien de cas des anticorps ont-ils pu être détectés ? Est-ce qu'on peut déceler dans ces tests le délai endéans lequel l'infection par Covid-19 a eu lieu ?

- Madame la Ministre, dispose-t-elle d'informations concernant de tests PCR faussement positifs ?

- D'autres tests sérologiques sont-ils effectués dans notre pays à part le test DBS ? Dans l'affirma-

tive, lesquels et en quoi diffèrent-ils les uns des autres ?

**Réponse** (12.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Dans le cadre du large scale testing (LST), le nombre total de tests sérologiques s'élève à 27.781 tests réalisés entre le 16 novembre 2020 et le 29 juin 2021. Le Ministère de la Santé n'a pas connaissance du nombre de tests sérologiques demandés directement par les médecins traitants auprès des laboratoires d'analyses médicales. Les kits d'analyse et les techniques de prélèvement (sang, dried blood spots) peuvent varier d'un laboratoire à l'autre, rendant la comparaison des résultats parfois difficile.

Le nombre total de tests sérologiques positifs dans le cadre du LST s'élève à 8.762. Par contre ce chiffre absolu est à mettre en relation avec la progression de la pandémie et la situation vaccinale entre novembre 2020 et juin 2021. L'analyse de cet échantillon représentatif et l'échantillon des maisons des soins (prélevé surtout après vaccination) aide à mieux comprendre la réponse immunitaire au niveau de la population. La tendance de l'échantillon représentatif montre une augmentation du taux de positivité de 14 % à 43 % entre mai et fin juin (notamment dû à la campagne de vaccination).

Ni le Ministère de la Santé, ni la Direction de santé ne disposent d'informations sur le nombre de tests PCR éventuellement faussement positifs. La réalisation et le contrôle de qualité est sous la responsabilité des laboratoires d'analyses biologiques.

Parfois, il ne s'agit pas d'un test PCR faussement positif, mais légèrement positif. Ceci peut être le cas tout au début de l'infection ou à la fin d'une infection. Dans certains patients, le test PCR peut rester positif encore quelques semaines après une infection.

Dans ces cas, les valeurs CT sont élevées (c.-à-d. indiquent une charge virale faible) et après analyse du spécifique du cas, la Direction de la santé peut décider de lever l'isolement des personnes.

**Question 4517** (17.06.2021) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (*CSV*) concernant les **soins palliatifs à domicile** :

E groussherzoglecht Reglement vum 9. Februar 2019 reegelt d'Formation an de Beräicher vun de Soins palliatifs an der Begleedung um Liewensenn fir d'Dokteren, d'Gesondheetsberuffer an d'Personal vun de Reseauen.

Et ass gewosst, datt et hei am Land eng grouss Demande fir Soins palliatifs a Begleedung um Liewensenn gëtt. Déi aktuell Rechtslag gesäit dëst awer am Moment just an de Spideeler vir.

Mengen Informatiounen no gouf am Kader vum Gesondheetsdësch iwwert d'Méiglechkeet vun enger Hospitalisatioun mat Soins palliatifs à domicile geschwat an et gouf festgehalen, datt e Gesetzestext sollt ausgeschafft ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung dës Informatiounen bestätigen?

2. Wa jo, wéi wäit sinn d'Aarbechten un dësem Text?

3. Wie schafft mat un dësem Text? Sinn all déi concernéiert Acteure vum Terrain matagebonnen?

4. Wëssend, datt et momentan net einfach ass, jonk Dokteren ze motivéieren, sech am Beräich vun der Palliativmedezinn ze spezialiséieren, ass virgesinn, datt den neien Text och nach emol op d'Formation ageet?

5. Deelt d'Regierung d'Meenung, datt et sënnavoll wier, dësen Text schonn emol am Virfeld an den zoustännegen Chamberskommissiounen ze beschwätzen?

**Réponse commune** (20.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1. De Volet „hospitalisation à domicile“ ass effektiv en Thema, deen och am Kader vum Gesondheetsdësch diskutéiert gëtt. Konkreet ass dëse Sujet zanter engem gudde Joer ronderëm sechs thematesch Aarbechtsgruppe mat enger ganzer Rei Froe befaasst, vum „virage ambulatoire“ (vers une meilleure complémentarité entre le secteur hospitalier et extrahospitalier) iwwert d'Démographie médico-soignante, d'Preventioun, bis hin zu der „médecine du futur“.

De But vum Gesondheetsdësch ass, dass no deenen Aarbechten e „Plan national santé“ soll stoen, deen eise Gesondheetssystem soll esou opstellen, dass en deenen aktuellen an zukünftigen Defie soll gerecht ginn. D'„complémentarité entre le secteur hospitalier et extrahospitalier“ respektiv d'Fro vum „virage ambulatoire“ ass eng ganz komplex, si dréit

ronderëm de Parcours de soins vun de Patientem am Gesondheetssystem, vun de „soins primaires“ iwwert d'Prise en charge an de „soins secondaires“, „soins de suite“ an natierlech och d'„soins palliatifs“. Am Aarbechtsgrupp vum GT 1 (Vers une meilleure complémentarité entre le secteur hospitalier et extrahospitalier) ass och d'Fro vun der „hospitalisation à domicile“ en Thema an dat net just am Beräich vun de „soins palliatifs“, mee awer och an deem Beräich.

Dowéinst ass decidéiert ginn, dass en dediéierte Projet déi Froe ronderëm d'„hospitalisation à domicile“ soll méi am Detail belichten a Konzepter ausschaffen, a wéi enge Beräicher eng „hospitalisation à domicile“ kéint gemaach ginn a wéi dës kéint gemaach ginn.

ad 2. Leider konnt een opgrond vun der Pandemie net sou séier weiderkomme wéi dat geplangt war. Eng ganz wichteg Aufgab an deem Beräich läit bei der Direction de la santé, déi am Beräich vun der strategescher Planung vun de Gesondheetsservicer eng wichteg Roll spillt an am Moment sinn déi Ressourcen nach ëmmer primär mat der Bekämpfung vun der Pandemie aktiv.

Fir sech e Bild ze maachen, wat um Terrain u Konzepter besteet, respektiv vun deene Leit, déi all Dag mat kranke Leit schaffen, ugeduecht ginn ass, hunn de Minister vun der sozialer Sécherheet an d'Gesondheetsministesch am Comité de pilotage vum Gesondheetsdësch decidéiert, dass fir d'ëischt en État des lieux soll gemaach ginn. Dee soll erlaben ze kucken, wat hei zu Lëtzebuerg scho besteet, wéi eng Iddien um Dësch leien a wéi déi verschidden Acteuren d'„hospitalisation à domicile“ gesinn.

ad 3. Am Moment gëtt den État des lieux gemaach. Dowéinst ass mat ganz villen Acteure geschwat ginn, respektiv sinn déi Acteuren un d'Ministèren erugetrueden, fir hir Vuen ze presentéieren (wéi zum Beispill d'COPAS, de Conseil supérieur des professions de santé, d'Spideeler, de Collège médical). Déi zwee direkt concernéiert Ministere kréien dat presentéiert a wäerten da mat all den Acteuren zesummen decidéieren, wéi et weidergeet. Natierlech sinn do och all déi concernéiert Parteie matagebonnen.

ad 4. Wann den État des lieux bis gemaach ass, wäerte verschidde Pisten am Detail diskutéiert ginn, inklusiv d'Fro ronderëm d'Formation vun de Professionels de la santé. Et ass dofir nach verfréit, fir elo schonn an den Detail ze goen.

ad 5. Vu dass et e Projet vum Gesondheetsdësch ass, ginn déi jeeweileg Chamberskommissiounen op alle Fall iwwert d'Aarbechten informéiert a ginn och agebonnen. En éischten Debriefing war den 23. Februar 2021, deen zweeten ass am Juli virgesinn. Dat wäert och de Fall sinn, wann de Projet bis méi konkret gëtt.

**Question 4519** (17.06.2021) de **Mme Martine Hansen** et **M. Claude Wiseler** (*CSV*) concernant la **vaccination mixte** :

Laut den Informatiounen vum Site reporter.lu réit de Conseil supérieur des maladies infectieuses (CSMI) bei AstraZeneca eng Zweetimpfung mat engem mRNA-Impfstoff. Déi Responsabel vum CSMI beruffe sech op déi neiste wëssenschaftlech Erkenntnisser fir dësen Avis, dee si och schonn un de Gesondheetsministère weiderginn hunn.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zu dësem Avis vum CSMI?

2. Wier genuch Impfstoff do fir esou eng Kräizimpfung?

3. A wéi engem Delai no der 1. Impfung misst déi 2. Impfung virgeholl ginn?

**Réponse** (14.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

D'Regierung huet duerch Beschluss vum 8. Juli 2021 dem Avis vum Conseil supérieur des maladies infectieuses Rechnung gedroen an d'Kräizimpfungen autoriséiert. Et ass och genuch Impfstoff disponibel, fir dëst praktesch ëmzesetzen. Déi zweet Impfung soll 4-12 Wochen no der éischter gemaach ginn.

**Question 4520** (18.06.2021) de **Mmes Cécile Hemmen** et **Simone Asselborn-Bintz** (*LSAP*) concernant le **Tiers payant social** :

Depuis 2013, les personnes à faible revenu ont la possibilité de demander l'application du Tiers payant social (TPS) auprès de leur office social. Ce système permet au bénéficiaire de ne plus devoir avancer ses dépenses de santé courantes. Si le TPS est accordé par l'office social, le bénéficiaire recevra une attestation ainsi qu'un carnet d'étiquettes qu'il devra prendre avec lui lors de ses consultations médicales. Le médecin envoie sa facture, menue d'une telle étiquette, directement à





la CNS. Cette dernière paie le médecin et s'adresse ensuite à l'office social en question afin de récupérer la partie des frais qui sont habituellement pris en charge par le patient. L'office social règle la CNS et, s'il estime qu'une partie des frais peut être supportée par le patient, peut demander un remboursement partiel à ce dernier. Ensuite l'office social s'adresse au Ministère de la Santé qui prend en charge le solde restant.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Famille, à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

- Combien de personnes ont bénéficié, lors de ces trois dernières années, du Tiers payant social ? De manière générale, quelle est la tendance concernant les demandes de Tiers payant social depuis son introduction en 2013 ?

- L'introduction du Tiers payant généralisé a été annoncée pour 2023. Cette introduction aura-t-elle une influence sur le Tiers payant social et les offices sociaux ? Si oui, laquelle ?

**Réponse commune** (23.07.2021) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*, de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

En matière de données relatives au Tiers payant social (TPS), il y a lieu de distinguer entre deux types de données, à savoir d'une part le nombre de personnes qui se voient autoriser le recours à la procédure du TPS par leur office social (tableau 1 - chiffres extraits de la base de données des offices sociaux) et, d'autre part, le nombre de patients qui ont effectivement bénéficié de soins médicaux et dentaires pris en charge par le TPS (tableau 2 - base de données de la Sécurité sociale).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

En 2020, quelque 3.969 ménages représentant 8.062 personnes, ont eu droit à la prestation du Tiers payant social. En fonction de la situation du ménage, l'Office social décide de la durée d'attribution de la prestation qui peut varier entre un et six mois. Au total, les Offices sociaux ont ainsi alloué 8.977 fois une prestation « Tiers payant social » et la durée moyenne d'attribution de la prestation par ménage était de 5,27 mois sur l'année considérée.

Il convient de noter que les offices sociaux disposent de deux procédures pour assurer la prise en charge des soins de santé :

- soit à travers la procédure du Tiers payant social où le bénéficiaire se voit attribuer, par l'intermédiaire d'un carnet d'étiquettes particulières, la possibilité de pouvoir consulter des médecins sans devoir payer dans l'immédiat les frais encourus. Les médecins adressent leurs notes d'honoraires à la Caisse nationale de maladie (CNS) qui se charge du paiement et qui refacture la « part patient » à l'Office social compétent. En fonction de la situation financière du ménage, l'Office social se fait rembourser la « part patient » par le ménage concerné ou par le Ministère de la Santé.

- soit à travers la procédure de remboursement, où le bénéficiaire transmet la facture non payée à l'Office social qui se charge de payer le médecin et de réclamer le remboursement statutaire à la CNS avec une prise en charge de la « part patient » par la personne concernée ou par l'Office social, en fonction de la situation financière du ménage.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

En 2020, 5.367 patients ont bénéficié du Tiers payant social, dont 5.159 pour couvrir les frais des soins médicaux et 2.222 pour des soins dentaires. Les chiffres montrent que le nombre de patients reste stable de 2019 à 2020 (+0,3 %), alors qu'une augmentation de 11,5 % a pu être observée de 2018 à 2019. L'IGSS ne dispose pas de données concernant les demandes de Tiers payant social.

L'introduction du Tiers payant social généralisé ne changera pas les principes des différents niveaux de prises en charge financière mais aura probablement un impact sur les procédures en place. Les parties concernées en discuteront dans les mois à venir.

**Question 4522** (18.06.2021) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR) concernant le **divorce de ressortissants érythréens** :

A leschter Zäit mierkt ee beim Liese vun der Lëtzeburger Press, datt hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi Scheedunge vu Leit aus Eritrea agereecht ginn. Dacks liest een dobäi den Zousaz „sur fondement de l'article 600 du code civil érythréen". Et fält beim Liese vun dësen „avis de divorce" och op, datt bei

ville Koppelen de Wunnuert vun der Fra oder vum Mann net bekannt ass.

An dësem Kontext hätte mir dës Froen un d'Regierung:

1. Ginn et genau Donnéeën doriwwer, wéi vill Mënschen aus Eritrea an deene leschte Joren eng Scheedung zu Lëtzebuerg agereecht hunn?

2. Kann d'Regierung Grënn nennen, firwat esou vill Mënschen, déi aus Eritrea kommen, zu Lëtzebuerg eng Scheedung areecheen?

3. Leien der Regierung Donnéeën vir, wat d'Finanzéierung vun dëse Scheedunge betrëfft? Sinn zum Zweck vun esou Scheedungen Affekoten iwwer d'Assistance judiciaire bezuelt ginn? Wa jo, wéi héich war de Käschtepunkt am Ganzen?

4. Huet d'Regierung Informatiounen doriwwer, wéi vill vun dëse Mënschen zu Lëtzebuerg enger regulärer Aarbecht noginn?

5. Wéi vill vun dëse Leit kréien, am Moment, wou si sech scheede loossen, hei zu Lëtzebuerg de REVIS (Revenu d'inclusion sociale)? Ginn et Fäll vu Persounen, déi hei am Land de REVIS kréien, obschonn se mat enger Persoun bestuet sinn, déi an Eritrea leeft oder där hiren Openthaltsuert onbekannt ass?

6. Leien der Regierung Informatiounen vir, a wéi ville Fäll sech de legale Status vun dëse Leit no der Scheedung verännert huet? Wa jo, a wéi enger Form huet sech an dëse bestëmmte Fäll de legale Status duerch d'Scheidung verännert?

7. An Eritrea schéngt de Prozentsaz vu Fraen, déi d'Affär vu Genitalverstümmelung ginn, héich ze sinn. Kann d'Regierung erklären, ob et hei zu Lëtzebuerg een Zesummenhank gëtt tëscht der héijer Scheedungsziel vu Mënschen aus Eritrea an der héijer Ziel vu Fraen, déi an hirem Heemechtsland dës Tortur iwwer sech hu missen ergoe loossen?

8. Kann d'Regierung erklären, ob et ganz allgemeng een Zesummenhank tëscht der relativ héijer Ziel vu Bénéficiaires de protection internationale aus Eritrea hei am Land (laut [worlddata.info](http://worlddata.info) goufen 2019 180 Mënschen aus Eritrea als BPI vu Lëtzebuerg unerkannt, Source: <https://www.worlddata.info/europe/luxembourg/asylum.php>) an de Modalitéiten vun de Scheedungen hei am Land gëtt? Gëtt et eng Zort vu „Scheidungstourismus" bei der Auswiel vu Lëtzebuerg als méiglecht Asylland?

**Réponse commune** (16.07.2021) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile*, et de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice* :

ad 1. Tëscht 2018 an 2021 sinn insgesamt 62 Scheedungen vun eritreeesche Staatsbierger vu Lëtzeburger Gerichter gesprach ginn. 2018 gouf keng Scheedung gesprach. 2019 goufen eng Scheedung a géigesäiteger Zoustëmmung a siwe Scheedungen weinst dem Scheitern vun Zesummeliwe gesprach. 2020 sinn insgesamt 38 Scheedungen gesprach ginn, wouvunner eng Scheedung a géigesäiteger Zoustëmmung war a 37 Scheedungen weinst dem Scheitern vun Zesummeliwen. Dëst Joer goufe bis ewell 16 Scheedungen weinst dem Scheitern vun Zesummeliwe gesprach.

ad 2. Eritreeesch Staatsbierger reechen aus de selwechte Grënn Scheedungen a wéi Staatsbierger vun aneren Natiounen. D'Scheidungen sinn awer och op déi méi speziell Situatioun vun eritreeesche Staatsbierger zeréckzeféieren.

An de meeschte Fäll sinn d'eritreeesch Staatsbierger virun e puer Joer ouni hire jeeweilige Partner op Lëtzebuerg komm. Nodeems hinnen de Statut vum Refugié accordéiert gouf, hu verschiddener d'Demarchen ënnerholl, fir de Regroupement familial unzefroen. Vu dass tëscht dem Depart, fir op Lëtzebuerg ze kommen, an der Demande fir de Regroupement familial e puer Joer vergaange sinn, befanne sech d'eritreeesch Staatsbierger oft an der Situatioun, dass hire Partner enter-temps een neit Liwwen ouni si ugefaangen huet an net op Lëtzebuerg nokomme wëll. Sou ee Refus vum Partner gëtt oft als Scheedungsgrond bei eritreeesche Staatsbierger festgestallt.

ad 3. Der Regierung leie keng Donnéeën vir, wat d'Finanzéierung vun dëse Scheedungen betrëfft.

D'Servicer vun der Assistance judiciaire vum Stater a vum Dikrecher Barreau féiere keng Statistik iwwert d'Nationalitéit vun den Demandeur vum enger Prozesshëllef. Et ass dohier net méiglech, de Käschtepunkt vun de Prozesshëllef betreffend Scheedungen vun eritreeesche Staatsbierger ze ermëttelen.

ad 4. Aus den Zuele vun der Inspektion générale de la sécurité sociale (IGSS) geet ervir, datt Enn Mäerz 2021 vun 243 eritreeesche Staatsbierger, déi hei am Land wunnen a schaffen, 15 Leit mat engem État civil als „gescheet" agedroe sinn.

ad 5. Op Nofro hi beim Familljeministère, deen d'Tutelle iwwert de Fonds national de solidarité (FNS) huet, ass ze preziséieren, datt den FNS grondsätzlech keng Statistiken iwwert Leit, déi an enger Scheedungsprozedur sinn, féiert. Dat selwecht gëllt fir Statistiken, déi op der Basis vun der Nationalitéit vun de REVIS-Bezéier opgestallt géife ginn.

Fir de REVIS ze kréien, muss den Demandeur en Droit de séjour hunn an och effektiv zu Lëtzebuerg wunnen. Et ass méiglech, datt bei enger Koppel ee Conjoint hei am Land wunnt an de REVIS kritt an deen anere Conjoint am Ausland wunnt oder och guer kee Wunnuert bekannt ass. Allerdéngs spillen an deene Situatiounen d'Dispositiounen vum Artikel 11 vun der Loi modifié vum 28. Juli 2018 iwwert de Revenu d'inclusion sociale, laut deem den Demandeur seng Alimenterechter geltend muss maachen.

ad 6. Eng Scheedung kann een Impakt op de legale Status vun enger Persoun zu Lëtzebuerg hunn, wann dës Persoun eng Openthaltseneemegung als Familljemember vun enger anerer Persoun hei zu Lëtzebuerg hat. Et léien der Regierung keng Informatiounen vir, a wéi ville Fäll eng Scheedung eng Ännerung vum legale Status mat sech bruecht hätt.

ad 7. Der Regierung leie keng Erkenntnisser vir iwwert méiglech Zesummenhäng tëscht Genitalverstümmelungen an der Unzuel vu Scheedungen vun eritreeesche Staatsbierger zu Lëtzebuerg.

ad 8. Den Artikel 3 vum Lëtzeburger Code civil gesäit vir, dass den Zivilstand an d'Kapazität vu Lëtzeburger eleng duerch d'Lëtzeburger Gesetz gereegelt sinn. Am eritreeeschen Droit gëtt et keng equivalent Reegel fir Eritreeën.

Den Artikel 254 vum Lëtzeburger Code civil gesäit vir, wéi e Conflit de loi am Kader vu Scheedungen ze reegelen ass. Falls béid Partner déi selwecht Nationalitéit hunn, da gëtt d'Gesetz vun dësem Land ugewannt. Fall si verschidden Nationalitéiten hunn, da gëtt d'Gesetz vun deem Land ugewannt, an deem si gemeinsam wunnen. Falls si net an deem nämmelech Land wunnen, da gëtt d'Gesetz vun deem Land ugewannt, wou d'Scheidung agereecht gouf.

An der Majoritéit vun de Fäll bedeit dëst fir eritreeesch Staatsbierger zu Lëtzebuerg, dass dat eritreeesch Gesetz op d'Scheidung ugewannt gëtt. Dëst Gesetz ass konform zu eisem Ordre public a kennt notament och d'Scheidung weinst dem Scheitern vun Zesummeliwen. Nëmme wann de Partner net d'eritreeesch Nationalitéit huet, kann et zur Uwendung vum Lëtzeburger Gesetz kommen. Aus dëse Grënn bitt sech d'Lëtzeburger Scheedungsgesetz net fir ee „Scheidungstourismus" fir eritreeesch Staatsbierger un.

Et gëtt och keen Zesummenhank tëscht der Ziel vun den unerkannte Flüchtlingen an de Modalitéiten vun de Scheedungen, well d'Leit, fir als Flüchtling unerkannt ze ginn, eng Demande musse stellen, déi dann op Basis vun de gesetzleche Konditiounen iwwerprëft gëtt.

**Question 4524** (18.06.2021) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) concernant l'**ouverture des frontières entre l'Europe et les États-Unis** :

Déi 27 Memberstaaten vun der Europäescher Unioun plangen d'Areesbeschränkunge fir Touristen aus aacht Stied a Gebitter, dorënner d'USA, opzehiewen, dëst huet déi portugisesch Presidence vum Conseil de l'Union européenne bestätegt. Och Persounen ouni Impfung solle méi licht an d'Europäesch Unioun areese kënnen. E puer EU-Länner hätten hir Grenzen elo scho fir amerikanesch Touristen opgemaach.

Den amerikanesche President Joe Biden huet um 7-Sommet zu Cornwall (England) annoncéiert, datt der amerikanescher Regierung hir Taskforce den Ament géif analyséieren, wéini an ënnert wéi engen Ëmstänn d'US-amerikanesch Grenze fir d'Europäesch Unioun op géife goen.

Verschiddene Medien no kéinten d'US-amerikanesch Grenze fir de 4. Juli 2021, den amerikaneschen Dag vun der Onofhängegkeet, opgoen.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wann d'EU-Recommendatiounen ëmgesat ginn an d'Touristen aus den USA erëm an d'EU-Länner areesen dierfen, kann ee mat enger Reciprocitéit rechnen, respektiv kann d'Regierung matdeelen, ob a wéini d'Verhandlungen betreffend d'Opgoe vun den US-amerikanesche Grenze fir Persounen aus der Europäescher Unioun lancéiert ginn?

2. Kennt d'Regierung den USA hir Krittären, no deene se entscheeden, hir Grenzen, fir e Land opzemaachen?

3. Huet d'Regierung méi Detailler iwwert d'Analys, déi d'Taskforce vun der amerikanescher Regierung momentan duerchféiert? Wat sinn d'Resultater bis elo? Kéinten d'Grenzen den 1. Juli 2021 mam Green Certificate respektiv de 4. Juli 2021, wéi vun de Medien spekuléiert, opgoen?

**Réponse** (16.07.2021) de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. Lëtzebuerg setzt d'Recommendatioun vum Rot vun der Europäescher Unioun mat der Lëscht vun Drëttlänner, deenen hir Residenten net de Restriktiounen vun netessentielle Reesen an d'EU ënnerleien, integral ëm. Dohier dierfen zanter dem 28.

Juni 2021 Persounen, déi hire Wunnsätz an den USA hunn, och fir Tourismus, nees op Lëtzebuerg reesen. D'EU an d'USA hunn um Sommet vum 15. Juni 2021 eng Aarbechtsgrupp opgestallt fir ze ënnersichen, ënnert wéi enge Bedéngungen d'Reesrestriktiounen kéinten opgehewee ginn.

ad 2. Den amerikanesche Center for Disease Control and Prevention (CDC) préparéiert opgrond vun der Pandemieentwicklung an deenen eenzele Länner en Avis (CDC Health Notice), deen da vum State Department benotzt gëtt, fir d'Reesrecommendatiounen ze maachen. Deen Avis gëtt och vun der Administratioun am Wäissen Haus gebraucht, fir d'Areesrestriktiounen (via Presidential Proclamations) festzehalen. Den Avis vum CDC gëtt opgrond vun enger ganzer Rei vu medezinnesche Critèrën geholl, déi um Internetsite vum CDC ze fanne sinn. D'Basis fir déi Critèrën sinn Donnéeën vun der Weltgesundheitsorganisatioun a vun aneren offizielle Quellen.

ad 3. D'Regierung huet keen Zougang zu den internen Analysen, déi vun der amerikanescher Administratioun duerchgefouert ginn. Des Weidere gëtt op d'Äntwert op d'Fro 1 verwisen.

**Question 4526** (21.06.2021) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **situation des maternités** :

Et ginn hei am Land véier Maternitéen, déi Gebueren organiséieren an duerchféiere kënnen. Déi „nei" Maternité Grande-Duchesse Charlotte war am Juni 2015 geplënnert, fir - ënner anerem - eng besser Zesummenaarbecht mat der Kannerklinik ze garantéieren. An d'Zuele weisen effektiv Verbesserungen: esou hunn sech méi zukünfteg Mammé weinst Consultations prénatales mat Hiewannen zesumme gesat an d'Unzuel vu Keeserschnëtt ass erofgaangen. Falls ee Kand fréizäiteg muss op d'Welt kommen, da bitt d'Frühchenstatioun deen néidegen Encadrement fir déi Klengst ënnert eis.

An deem Zesummenhang wëllt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1.1 Wéi vill Better stinn de Bëbeeën an der Frühchenstatioun an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte zur Verfügung?

1.2. Wéi vill Better stinn de „Frühchen" an der Klinik Bohler zur Verfügung?

1.3. Wéi vill Better stinn de „Frühchen" an der Maternité vum Centre Hospitalier Émile Mayrisch zur Verfügung?

1.4. Wéi vill Better stinn de „Frühchen" an der Maternité vum CHdN zu Ettelbréck zur Verfügung?

2. Wéi vill Better stinn de Mammen an der Unité de soins MIC an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte zur Verfügung?

3. Wat ass virgesinn, am Fall wou d'Better an enger Maternité all besat sinn? Wouhi ginn dës Kanner an hir Elteren dann transferéiert?

4. Wéi oft huet an deene leschte fënnf Joer missen eng Famill an d'Ausland verweise ginn, well an enger Maternité keng fräi Plaz méi war (opgeschlësselt pro Joer)?

5. Wéi oft huet an deene leschte fënnf Joer eng Famill missen an d'Ausland verweise ginn, well an der Unité de soins MIC keng Plaz méi fräi war (opgeschlësselt pro Joer)?

6. Wéi oft huet an deene leschte fënnf Joer eng Famill missen an d'Ausland verweise ginn, well keng Plaz op der Frühchenstatioun fräi war (opgeschlësselt pro Joer)?

7. Ass eng Maternité am Projet „Südspidol" virgesinn? Wa jo, wéi vill Better sinn an dësem Service virgesinn? Wann nee, firwat net?

8. Sinn dës Zuelen an den Ae vun der Ministesch zefriddestellend oder gesäit si Handlungsbedarf? Falls Handlungsbedarf besteet, wat fir Verbesserung gesäit d'Regierung konkret vir?

**Réponse** (23.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1.1. Am Service vun der Neonatologie sti momentan 16 Better zur Verfügung. Et ass virgesinn, dass nach sechs zousätzlech Better nokomme sollen. De Projet wäert an enger vun de kommende Sätzungen vun der Commission permanente du secteur hospitalier (CPH) presentéiert ginn.

ad 1.2. An der Clinique Bohler sti siwe Better zur Verfügung.

ad 1.3. De CHEM huet keng neonatal Better. De CHEM schafft an Zesummenaarbecht mam Service national de néonatalogie vum CHL.

ad 1.4. De CHdN huet keng neonatal Better. De CHdN schafft och an Zesummenaarbecht mam Service national de néonatalogie vum CHL.

ad 2. D'Zuel vun de Maternal-Intensive-Care (MIC)-Better ass net fix. D'Better gi gedeelt mat den 52 Better vum Postpartum vun den zwou Unitéiten vun der Obstétrique. D'Besetzung ass variabel a kann





tëschent zéng an zwielef Better leien. An der Moyenne si pro Dag fénnef Better besat mat MIC-Patientinnen.

ad 3. Am Fall wou den Transfert fir e MIC net méiglech ass, well d'Better alleguerte beluecht sinn, gëtt de Gynekolog un den Néonatalogue de garde verweisen. Dëse setzt de Gynekolog mat de Partenariatsspideeler a Kontakt, mat deenen dann en Transfert organiséiert gëtt. Dobäi gi verschidde Krittäre berücksichtegt, wéi z. B. den Term vum Accouchement, eventuell klinesch Problematik etc. D'Patientinne kënnen an d'Clinique Bohler oder an den CHL transferéiert ginn. Wann et op nationalem Niveau keng Méiglechkeete méi ginn, kënnen si op Léck, Tréier, Thionville, Nanzeg oder Bréissel transferéiert ginn. Wann en Transfert an d'Ausland muss gemaach ginn, gëtt an deene meeschte Fäll probéiert, d'Patientin an e Spidol vun engem Nopeschland ze verweisen, vun deem si och d'Sprooch beherrscht.

Déi selwecht Prozedur gëllt am Fall vun enger Iwwerbeleueung vun der Unité de néonatalogie (NICU). Déi meeschten Transferten, wou eng Prise en charge vum Niveau 3 néideg ass, ginn op Léck, Tréier, Nanzeg oder Bréissel gemaach.

ad 4. Landeswäit gëtt et dozou keng eenheetlech Statistiken, aus folgende Grënn:

- Et gëtt keng Obligatioun, en Transfert am Ausland ze deklaréieren.

- D'CNS kennt zwar d'Zuel vun hiren Affiliéierten a ka kucken, wéi vill Leit an d'Ausland fir en Accouchement transferéiert ginn. Vill Leit, déi beim Régime commun d'assurance maladie des institutions de l'Union européenne (RCAM) affiliéiert sinn, ginn awer och fir en Accouchement an d'Ausland verweisen. D'Gesondheetskeess huet keen Abléck op dës Zuelen.

- Verschidden Accouchementer vu lëtzebuergesche Residente fannen och am Ausland statt, ouni datt et sech dobäi ëm eng Grossesse pathologique gehandelt huet.

- Verschidden Transferte gi weinst schlëmmen oder rare Pathologien gemaach, well dës net zu Lëtzebuerg kënnen en charge geholl ginn (z. B. malformations cardiaques). An deem Fall handelt et sech ëmmer ëm Transferten, déi net weinst enger Iwwerbeleueung vu Maternitésbetter gemaach ginn.

ad 5. Wat d'Transferts in utero ubelaangt, rezenséiert de CHL folgend Unzuel un Transferten:

- 2017: 13
- 2018: 35
- 2019: 32
- 2020: 7
- Januar 2021-Juni 2021: 17

Den HRS rezenséiert fir d'Joren 2019-Juni 2021 folgend Transferten:

- 2019: 10
- 2020: 1
- Januar-Juni 2021: 3

ad 6. Unzuel vu Patientinnen, déi um Maternal Intensive Care (MIC) vum CHL hospitaliséiert waren an hu misse soit un d'Clinique Bohler oder un d'Ausland transferéiert ginn:

- 2016: 4
- 2017: 10
- 2018: 6
- 2019: 3
- 2020: 4

ad 7. Am Südspidol ass eng Statioun fir Geburtshëllef mat 22 Better an 22 Eenzelzëmmer virgesinn. D'Spidol kritt véier Salles d'accouchement an een OP-Sall (fir Cesariennen).

ad 8. Et mécht Sënn, d'Donnéeën, déi am Kader vun der Documentation hospitalière gesammelt ginn, ofzemaachen, fir sech e bessert Bild iwwert d'Situatioun ze verschafen, iert een eventuell Punkten, fir déi Handlungsbedarf besteet, ugeet.

**Question 4527** (21.06.2021) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **demande d'une licence par une chaîne de télévision publique russe** :

Laut dem Artikel „Kalter Krieg am Himmel“ vun der „Süddeutsche Zeitung“ huet ee russesche Staatssender, genannt RT, eng Lizenz fir hiert däitscht Departement RT DE zu Lëtzebuerg ugefrot. Doduerch kéint den RT dann a ganz Europa senden. De russesche Sender wëllt ab Dezember an Däitschland senden.

RT konnt an Däitschland keng Lizenz kréien, well laut däitschem Gesetz ee Sender net dierf direkt vun enger auslännescher Regierung finanziert ginn.

Laut der „Süddeutsche“ hunn sech lëtzebuergesch Beamten, SRE-Mataarbechter, Diplomaten an d'ALIA mat hiren Homologe getraff, fir iwwert de Sender an d'Demande no enger Lizenz zu Lëtzebuerg ze beroden.

Laut dem President Putin geet et beim RT drëms, „das Monopol der angelsächsischen Medien zu brechen“. De Sender fält awer virun allem duerch fragwürdige Aussoe géigeniwwer Russlandkritiker op. Am Fall vun der Verhaftung vum Raman Pratasevič am Belarus duerch eng forcéiert Landung vun enger Ryanair-Maschinn huet d'Chefredactrice vun RT DE zum Beispill erkläert, dass dës Aktioun „schön ausgeführt“ war.

An deem Zusammenhang wëllt ech dem Minister fir Kommunikatioun a Medien dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass et zu enger Entrevue mat den uewe genannten Acteure koum? Falls jo, kann de Minister erklären, zu wat fir Schlussfolgerungen een duerch dës Entrevue komm ass?
2. Goufen et weider Entrevuen, fir iwwert d'Lizenzvergab u staatlech Sendere ze beroden?
3. Kann de Minister bestätegen, dass eng Demande fir eng Lizenz vun RT DE Productions GmbH virläit?
4. Am Fall, wou RT DE géif decidéieren, net nëmmen hir Duechtergesellschaft zu Lëtzebuerg ze etabléieren, mee de ganze Sender op Lëtzebuerg wëllt kommen, kéint et dann zu enger Lizenzvergab kommen?

Kéint RT dann - am Fall wou hir Journalisten am Presserot géifen ugeholl ginn - vun enger Pressehëllef zu Lëtzebuerg profitéieren?

5. Wéi steet d'Lëtzeburger Regierung zum Sender RT?

**Réponse** (19.07.2021) de **M. Xavier Bettel**, *Ministre des Communications et des Médias* :

ad 1. Den Austausch tëschent kompetenten nationalen Autoritéite gëtt generell vun der europäescher „AVMS“-Direktiv encouragéiert. An dësem spezifische Fall stinn déi däitsch a Lëtzeburger Autoritéiten op Beamtenniveau a Kontakt, fir sech iwwert d'Applikatioun vun der Direktiv auszetauschen.

ad 2. De SMC, dee fir dësen Dossier kompetent ass, steet a regelméissegem Kontakt mat den zoustännegen däitschen Autoritéiten.

ad 3. Et läit keng Demande vun der däitscher RT DE Productions GmbH fir eng Lëtzeburger Lizenz, oder „Konzessioun“, vir. Dëst géif notament e Siège zu Lëtzebuerg viraussetzen. Déi Lëtzeburger Autoritéite goufe vun der ANO „TV Novosti“, mat Sëtz zu Moskau, kontaktéiert, fir sech op Basis vun der sougenannten „technesche“ Krittäre vun der AVMS-Direktiv zu Lëtzebuerg ze notifiéieren. Dës Krittären definéieren d'regulatoresch Kompetenz iwwer en audiovisuelle Service, deen aus Drëttlänner an d'EU eragesent gëtt, op Basis vum Uplink oder der Satellitkapazität, déi engem Land gehéiert.

ad 4. Fir de Moment ass keng Duechtergesellschaft vun RT zu Lëtzebuerg etabléiert. Am Fall wou RT géif decidéieren, eng Duechtergesellschaft oder hire ganze Siège op Lëtzebuerg ze verleeën, fir hei eng Konzessioun unzefroen, géif déi Demande, wéi all aner Demande, genee ënnert d'Lupp geholl an no den europäesche Reegelen analyséiert ginn.

ad 5. Der Regierung steet et net zou, de Contenu vun engem TV-Sender ze kommentéieren. Ob Lëtzebuerg kompetent ass fir déi däitschsproocheg Versioun vum RT-Netz, gëtt momentan no den europäesche Reegelen analyséiert. Ab dem Moment wou feststeet, wéi ee Land kompetent ass, ass et d'Aufgab vum Medieregulateur, de Service ze iwwerwaachen an ze reagéieren, wann d'Reegelen net agehale ginn.

**Question 4528** (21.06.2021) de **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*) concernant la **prise en charge de la douleur chronique** :

Une amélioration de la prise en charge des patients souffrant de douleurs chroniques a été retenue dans l'accord de coalition pour la législature 2018-2023. D'une part, il y est prévu d' étoffer l'offre des services de douleur en adaptant la nomenclature des actes médicaux et en dotant les services du personnel nécessaire. D'autre part, la volonté y est exprimée de créer un réseau de compétences « douleur chronique » qui met en œuvre le concept national de prise en charge de la douleur, tel que validé par la Plateforme nationale cancer le 30 novembre 2016 (Plan Cancer 2014-2018).

Dans la réponse à la question parlementaire n° 1084 du 20 août 2019, l'ancien Ministre de la Santé a fourni plus de détails quant à la réalisation du projet d'un réseau de compétences ainsi que sur la construction d'une nouvelle infrastructure au Centre hospitalier qui devrait permettre d'augmenter sensiblement les capacités de prise en charge des patients de douleur chronique.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

1) Comment les patients présentant un syndrome douloureux chronique sont-ils identifiés au Luxembourg et quel est actuellement leur nombre ?

2) De quelles structures spécialisées d'évaluation et de traitement de la douleur chronique le Luxembourg dispose-t-il déjà à l'heure actuelle ?

3) Quelles sont le cas échéant les capacités d'accueil de ces structures, voire leur dotation en médecins et autres professionnels de la santé ? La dotation en personnel s'avère-t-elle actuellement suffisante pour garantir la prise en charge et le suivi régulier de tous les patients dits « douloureux chroniques » ?

4) Dans la négative, quels sont les services dont peuvent bénéficier les patients qui ne peuvent pas être pris en charge à court terme dans une structure spécialisée ?

5) Quel est l'état d'avancement des travaux sur la révision de la nomenclature médicale des traitements de la douleur chronique et du projet portant création d'un réseau de compétences « douleur chronique » ?

6) Dans quel délai la nouvelle infrastructure pour patients douloureux chroniques prévue au CHL sera-t-elle prévisiblement fonctionnelle ?

**Réponse commune** (21.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*, et de **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale* :

ad 1) Actuellement, au Grand-Duché de Luxembourg, les patients souffrant de douleur chronique sont identifiés par les médecins généralistes qui assurent les prises en charge de soins primaires et sont en compétence d'identifier la maladie chronique ainsi que par les médecins hospitaliers exerçant au sein des différents services et plus particulièrement dans les services d'oncologie et de rééducation fonctionnelle. Il n'existe pas de registre permettant de connaître le nombre de patients souffrant de douleurs chroniques.

ad 2) + 3) La loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière précise dans son annexe 2 que les services hospitaliers d'oncologie et de rééducation fonctionnelle doivent posséder un « [...] accès direct à une unité hospitalière de diagnostic, de traitement et de soins médicaux prenant en charge des patients présentant un état de douleur chronique par une approche multidisciplinaire [...] ». Les projets de service déposés par les différents établissements et autorisés par le Ministère de la Santé font état de ce lien et de l'organisation de ces unités au sein des établissements hospitaliers.

Comme les différents services sont en cours de mise en œuvre, respectivement de l'organisation et en cours de formalisation, il n'est pas encore possible de fournir des données quant aux dotations en personnel œuvrant spécifiquement dans ces services.

ad 4) Dans la mesure du possible et en application des principes utilisés pour prioriser les prises en charge en médecine et en lien avec les médecins traitants, tout patient présentant des douleurs chroniques est pris en charge dans un délai le plus court possible en tenant compte de son tableau clinique et de sa pathologie sous-jacente. À noter que des patients peuvent être référés vers des structures à l'étranger spécialisées dans des domaines spécifiques (par exemple la migraine) ou dans le cadre des réseaux pour des maladies rares.

ad 5) Un projet de réseau de compétences douleur chronique a été déposé auprès du Ministère de la Santé signé par les directeurs généraux des quatre centres hospitaliers et du Rehazenter en mars 2021. Ce projet sera analysé par le Comité de gestion hospitalière tel que prévu par l'article 28 de la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière lors de la reprise des sessions de travail de cette commission.

Dans le cadre des travaux de révision de la nomenclature des actes et services des médecins, la CNS a engagé en 2021 les travaux sur le sujet de l'algologie avec les praticiens concernés. Les travaux y afférents sont à un stade avancé mais il n'est pas encore possible d'indiquer un délai quant à l'issue de ces travaux.

**Question 4547** (05.07.2021) de **Mme Francine Closener et M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** concernant le **Long Covid** :

En août 2020, le directeur général de l'Organisation mondiale de la santé (OMS) a appelé à la reconnaissance des patients « Covid persistants » ou « Long Covid ».

L'OMS a demandé aux pays de mener des études pour mieux comprendre les séquelles dont continuent à souffrir les personnes plus ou moins longtemps après leur « guérison » officielle du Covid-19. Parmi les symptômes « Long Covid » cités le plus fréquemment figurent notamment la fatigue majeure, les troubles de la concentration et de mémoire, la dyspnée, la toux et les douleurs thoraciques, les troubles de l'odorat et du goût, les douleurs musculaires, tendineuses ou articulaires ainsi que les douleurs abdominales, les nausées, la diarrhée, la baisse ou perte d'appétit.

Dans ce contexte, nous aimerions poser à Madame la Ministre de la Santé la question suivante :

- Madame la Ministre peut-elle nous dire si le Luxembourg a entamé des travaux pour élaborer un concept de prise en charge intégrée des personnes concernées ? Dans l'affirmative, quels sont les éléments-clés de ce concept ? Dans quels délais peut-on s'attendre à la mise en œuvre d'un tel concept et des différentes mesures prévues ?

**Réponse** (05.08.2021) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

À la demande du Ministère de la Santé, le Rehakenter Luxembourg (CNFRF), le Centre hospitalier de Luxembourg (CHL) et le Domaine thermal Mondorf (MDT) ont élaboré, en collaboration avec tous les acteurs de santé luxembourgeois, un concept pour un réseau de prise en charge pluridisciplinaire du « Long Covid », approuvé par le Conseil de Gouvernement en date du 2 juillet 2021 et mis en œuvre à partir du 1<sup>er</sup> août 2021. Les patients souffrant d'un problème de santé mentale lié au « Long Covid » pourront bénéficier d'une prise en charge par le Centre Hospitalier Neuro-Psychiatrique (CHNP).

Après une orientation du patient vers la consultation « Long Covid » par le biais du médecin généraliste, une prise en charge pluridisciplinaire couvrant la phase aiguë est assurée par le service national des maladies infectieuses du CHL, suivie le cas échéant d'une phase de rééducation garantie par les spécialistes du CNFRF respectivement de MDT.

En collaboration avec le Luxembourg Institute of Health, un suivi scientifique des patients a été mis en place notamment afin d'évaluer en continu les besoins réels des patients pour assurer une prise en charge adéquate des « Long Covid ».

**Question 4549** (25.06.2021) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant la **rupture de stock du cannabis médical** :

Säit Mäerz 2021 gëtt et fir blo, giel a rout markéierte medezinnesche Cannabis eng national Rupture de stock.

Vill Leit si gezwongen, hiert Cannabis-Traitement ze ënnerbriechen an nees op klassesch Schmäerzmittel (mat all de bekannten Niewewierkungen) ëmzeschteigen oder hunn sech missen um Schwaarzmarkt ëmkucken, wou et keng Garantie gëtt, ob den uge-

buedene Produit net mat ongesonden Zousätz gestreckt gouf. Esou huet déi aktuell Rupture de stock een direkten Afloss op d'Gesondheet vun de betroffenen Patienten.

An deem Zusammenhang wëllt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froe stellen:

1.1. Wat hätt kënnen gemaach ginn, fir sou eng Situatioun ze vermeiden?

1.2. Plangt d'Regierung, an Zukunft méi Kontrakter mat zousätzleche Fournisseuren ze ënnerzeechnen, fir esou Rupturen an Zukunft besser ze vermeiden?

2.1. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4282 huet d'Ministesch erkläert, dass:

„Fir e Liwwerenkpass ze verhënneren, gouf Enn 2020 eng nei Ausschreiwung publizéiert, fir nei Liwweranten ze fannen. Ënnert den agetraffenen Offere waren der e puer net zoulässeg a vun deenen zoulässeg Offeren huet keng mat de Krittere vum Cahier des charges iwwerteneegestëmmt. Doropshi gouf eng nei Offer ausgeschriwwen, déi zur Zäit awer nach ausgewäert gëtt. D'Méiglechkeet, fir Produiten ausserhalb vun den Ausschreiwungen ze bestellen, sinn a Bezuch op de Budget an d'Disponibilitéit begrenzt.“

Wéi vill Offere waren der Regierung am Kader vun dëser Ausschreiwung gemaach ginn?

2.2. A wéi enge Punkten hunn déi zoulässeg Offeren net mat de Krittere vum Cahier des charges iwwerteneegestëmmt?

3. D'Ministesch huet och 2020 erkläert, dass eng nei Offer ausgeschriwwen gouf.

Wéini gëtt dës Ausschreiwung clôturéiert, falls se et nach net ass?

Wéi vill Offere si bis elo am Kader vun dëser Ausschreiwung agaangen?

4. Kann de Gesondheitsministère een Zäitkader ginn, an deem dës nei Ausschreiwung clôturéiert an een neie Fournisseur engagéiert ka ginn?

**Réponse** (28.07.2021) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

ad 1.1. Virop ass ze ënnersträichen, datt de medezinnesche Cannabis e „stupéfiant“ ass, wat bedeit, datt d'Importatioun strenge Reegelen ënnerläit an doduerch oft méi laang Delaien a souguer Retarde bei de Bestellungen opriede kënnen. Fir Situatiounen vu Penurien ze vermeiden, war am Cahier des charges vum éischte Prestataire eng Dispositioun virgesi ginn, datt am Fall vun enger Rupture de stock et och méiglech ass, un aner Fournisseuren erunzertrieden. Dëst ass och geschitt, mee och dës Fournisseuren hunn eis just mat limitéierte Stocke kënnen beliwweren, déi d'Besoinen net all ofdecken.

ad 1.2. D'Bestellung vum medezinnesche Cannabis gëtt via eng europäesch Ausschreiwung gemaach. Den ausgewielte Prestatairen dierf just ee vun deene Prestataire sinn, déi och un der Ausschreiwung deelgeholl hunn. Den aktuelle Cahier des charges gesäit allerdéngs fir, dass wann eng Rupture de stock observéiert gëtt, de Ministère och bei aner Fournisseure ka goen, fir de medezinnesche Cannabis ze bestellen. Dëst ass wéi gesot och geschitt an déi disponibel Stocke wäerten an deenen nächsten Deeg och un d'Spidolsapdikte kënnen geliwwert ginn. Mee wéi schonn erwäant, erlaben dës Stocken et net, d'Besoinen alleguerten ofzedecken. D'Besoinen wäerten eréischt kënnen integral ofgedeckt ginn, wa viraussichtlech Enn September d'Liwwerunge vun der Ausschreiwung, fir déi dës Woch de Marché gemaach ginn ass, ukomme wäerten.

ad 2.1. D'Ausschreiwung, déi Enn 2020 publizéiert gouf, war an dräi Loten ageedeelt:

- Lot 1 (fournitures de sommités fleuries séchées): dofir sinn dräi Offeren erakomm, wouvunner der zwou net zoulässeg waren;

- Lot 2 (fourniture d'extraits huileux): dofir sinn dräi Offeren erakomm, wouvunner der zwou net zoulässeg waren;

- Lot 3 (distribution aux lieux précisés par l'adjudicataire): dofir ass keng Offer erakomm.

ad 2.2. D'Conditions de participation technique, wéi se am Cahier des charges définéiert goufen, sinn zum Deel net erfüllt gewiescht a verschidden Dokumenter, déi laut dem Cahier des charges exigéiert waren, waren net un der Offer ugehaangen.

## Le saviez-vous ?

### INTERPELLATION

L'interpellation est une demande de débat public adressée par un député au Gouvernement pour qu'il puisse prendre position au sujet d'une mesure administrative déterminée ou au sujet de la politique générale du Gouvernement.

ad 3. Eng nei Ausschreiwung gouf den 28. Abrëll 2021 publizéiert. Et war eng „procédure européenne ouverte accélérée“. Den Datum vun der Remise war den 12. Mee 2021. Et ass eng eenzeg Offer erakomm. No der Analys vun dëser Offer gouf parallel de respektive Budget beim Finanzministère ugefrot.

ad 4. D'Attributioun vum Marché ass dës Woch gemaach ginn. Vu datt just eng Offer erakomm ass, brauch ee keen Délai de recours ofzewearden an d'Bestellung kënnen direkt gemaach ginn.

**Question 4550** (25.06.2021) de **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** concernant les **statistiques de la criminalité liée aux drogues** :

La criminalité liée aux drogues fait actuellement l'objet de débats controversés. Or, en l'absence de statistiques objectives, un débat raisonnable et raisonné n'est pas possible. Selon nos informations, la police aurait reçu la consigne de procéder à plus d'interpellations pour des faits liés au trafic ou à la consommation de drogues. Cette approche risque toutefois de « gonfler » les statistiques. Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure :

1) Monsieur le Ministre peut-il nous fournir des statistiques exhaustives et détaillées sur les interpellations liées au trafic de stupéfiants par année depuis 2016 ?

2) Monsieur le Ministre peut-il nous donner des informations sur les ressources humaines employées par la police dans la lutte contre la criminalité liée aux drogues par année depuis 2016 ?

3) Monsieur le Ministre peut-il nous fournir de plus amples informations sur l'approche de la Police grand-ducale pour combattre le trafic de drogues ?

4) Monsieur le Ministre peut-il nous confirmer que la police a reçu la consigne de multiplier les interpellations ?

5) Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre pense-t-il qu'il s'agit là d'une politique efficace pour lutter contre le trafic de stupéfiants ?

6) Toujours dans l'affirmative, Monsieur le Ministre ne pense-t-il pas que la police devrait se concentrer sur un travail d'enquête plus sérieux qui permettrait de remonter aux sources du trafic de drogues puisqu'une grande partie des interpellations ne constatent que des petits délits ?

7) Toujours dans l'affirmative, Monsieur le Ministre ne pense-t-il pas que la multiplication des interpellations pour des faits mineurs suscite un débat public faussé et qui manque de sérénité ?

**Réponse** (21.07.2021) de **M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure** :

ad 1) La police ne relève pas de statistiques concernant des faits qualifiés par l'honorable Députée d'interpellations liées au trafic de stupéfiants. La police dispose cependant de statistiques détaillées des constatations effectuées en la matière. Il s'agit en l'occurrence des chiffres officiellement relevés de manière automatisée et publiés par la Police grand-ducale dans ce contexte :

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question*).

ad 2) Tout agent et officier de police judiciaire (APJ et OPJ) de la Police grand-ducale est habilité à œuvrer dans la lutte contre la criminalité liée aux drogues telle que prévue par la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie. Tout policier est en outre légalement tenu, dans l'exercice de ses missions de police judiciaire, de rechercher les crimes, les délits et les contraventions, de les constater, d'en rassembler les preuves, d'en donner connaissance aux autorités judiciaires, de rechercher, saisir, interpellier et mettre à la disposition de l'autorité judiciaire les auteurs, dans les formes déterminées par la loi, tel que spécifié à l'article 18 de la loi de 2018 relative à la Police grand-ducale.

Ce sont prioritairement, mais pas exclusivement, tous les policiers en uniforme affectés aux commissariats ainsi que certains agents travaillant en civil dans la section « stupéfiants » du Service de police judiciaire qui besognent dans la lutte précitée, sans pour autant pouvoir déterminer individuellement la quote-part de leur travail dédiée à cette tâche.

ad 3) Quant à l'approche générale de la Police grand-ducale pour combattre la criminalité liée aux stupéfiants, elle s'articule autour de trois axes :

- prévention : au niveau des cours dispensés dans les établissements scolaires resp. grâce aux collaborations avec des associations œuvrant dans ce domaine (établissement de grilles d'intervention pour des maisons de jeunes avec Impuls, etc.) ;





- présence visible et contrôles : missions effectuées majoritairement par les personnels policiers en uniforme, soit lors de patrouilles mobiles, soit lors de contrôles de véhicules, ayant à la fois un aspect préventif et répressif en cas de constatation effective d'une infraction dans le cadre de la lutte contre la toxicomanie. Ces infractions sont constatées souvent sous forme de flagrant délit, soit lors de contrôles inopinés, soit lors d'actions ciblées planifiées ayant pour finalité des contrôles d'une certaine envergure (café, train, etc.) ;

- enquêtes approfondies de longue haleine : ces missions répressives sont essentiellement effectuées par les enquêteurs du Service de police judiciaire et durent plusieurs mois, voire années, et visent surtout des revendeurs plus « importants » dans la chaîne de distribution des substances illicites. Cet axe est très efficace en cas de milieu « fermé » avec des ramifications géographiques importantes au Grand-Duché, mais l'est très peu en cas de milieu quasi-ouvert avec des revendeurs au niveau du socle de la pyramide et quasiment pas d'autres imbrications importantes au Grand-Duché à part la vente, tel que c'est le cas au niveau du quartier de la Gare.

ad 4) Tout policier a statutairement, déontologiquement et légalement entre autres l'obligation, dans l'exercice de sa fonction primaire, de rechercher les infractions, de les constater et de rechercher, saisir, interpellier et mettre à la disposition de l'autorité judiciaire les auteurs. Une consigne de multiplier les interpellations, qui ne peuvent être opérées que dans un cadre légal précis, ne m'a pas été donnée.

Toutefois, dans le cadre de la situation sécuritaire générale dans les quartiers de la Gare et de Bonnevoie (souvent discutée), la police a renforcé sa présence sur le terrain. Il importe néanmoins de souligner encore une fois que la police ne peut pas résoudre le problème à elle seule.

ad 5) Sans objet vu la réponse sub 4)

ad 6) Sans objet vu la réponse sub 4). Toutefois, tel que stipulé sous ad 3), le travail d'enquête constitue un des trois axes de l'approche policière dans la lutte contre la criminalité liée aux stupéfiants.

ad 7) Sans objet vu la réponse sub 4)

**Question 4552** (25.06.2021) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant les **personnes en séjour irrégulier** :

Récemment, plusieurs organisations de la société civile ont communiqué sur le cas d'une personne en séjour irrégulier qui a saisi la police pour se défendre contre un employeur violent et exploiteur. Cette personne aurait été victime d'attouchements, de harcèlement sexuel ainsi que de violence verbale et physique.

Après environ cinq heures d'entretien avec la police et après que la Direction de l'immigration a été informée, son passeport lui aurait été confisqué et un ordre de quitter le territoire endéans 30 jours lui aurait été transmis. Selon les organisations qui ont relaté les faits, elle devra se présenter à la Direction de l'immigration début juillet pour organiser son retour volontaire.

Si ces faits sont confirmés, j'en déduis que les personnes en situation irrégulière au Luxembourg n'ont pas accès à la justice sans devoir craindre des conséquences liées à leur statut de résidence. Il me semble évident que dans ces circonstances, la plupart des personnes confrontées à une telle situation éviteront de contacter les autorités, ce qui confère une certaine impunité à leurs agresseurs.

Dans ce contexte, je rends attentif à un communiqué de presse publié le 24 juin 2021 par l'Agence des droits fondamentaux de l'Union européenne. Dans cette communication, l'agence recommande notamment aux États membres de délivrer des titres de séjour temporaires à des personnes en situation irrégulière qui sont victimes de formes graves d'exploitation. Selon l'agence, un tiers des États membres n'auraient pas eu recours à cette pratique durant les dernières années.

Partant, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Immigration :

1) Est-ce que la législation luxembourgeoise prévoit la possibilité de délivrer des titres de séjour temporaires à des personnes en situation irrégulière qui sont victimes de formes graves d'exploitation ?

2) Dans l'affirmative de la première question, combien de titres de séjour temporaires ont été délivrés sous ces conditions durant les cinq dernières années ? Dans la négative, ne jugez-vous pas nécessaire d'introduire une telle pratique ?

J'aimerais également poser la question suivante à Madame la Ministre de la Justice :

3) Ne jugez-vous pas nécessaire de garantir aux migrants en situation irrégulière le plein accès à la justice sans que ces personnes ne soient exposées à des poursuites liées à leur statut de résidence ?

**Réponse commune** (12.07.2021) de **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre de l'Immigration et de l'Asile* :

ad 1) + 2) L'article 98 bis de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et de l'immigration prévoit la possibilité de délivrer un titre de séjour aux ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier lorsqu'ils sont victimes d'une infraction de l'emploi de ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier commise dans les circonstances aggravantes prévues par l'article L.572-5, paragraphe 1, points 3 et 5 du Code du travail, à savoir en cas de conditions de travail particulièrement abusives ou en cas d'emploi illégal d'un mineur ressortissant de pays tiers en séjour irrégulier.

Cette disposition a été insérée dans le dispositif législatif national en 2012, dans le cadre de la transposition de la directive dite « sanctions employeurs » (directive 2009/52/CE du Parlement européen et du Conseil du 18 juin 2009 prévoyant des normes minimales concernant les sanctions et les mesures à l'encontre des employeurs de ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier).

Depuis 2012, aucune demande de titre de séjour en application de l'article 98 bis n'a été introduite.

ad 3) Chaque personne a plein accès à la justice pour y déposer plainte.

L'article 9-2 du Code de procédure pénale prévoit ainsi que la police judiciaire informe toute victime, dans une langue que cette personne comprend, sauf les cas d'impossibilité matérielle dûment constatée, de son droit de porter plainte et de son droit de recevoir gratuitement une copie de la plainte, de son droit de demander réparation du préjudice subi, ainsi que de la possibilité d'être aidée ou assistée gratuitement par les services d'aide aux victimes.

Toute victime a également droit au bénéfice de l'assistance judiciaire gratuite d'un avocat si elle remplit les conditions légales afférentes.

Les règles en matière d'entrée et de séjour des étrangers sont également applicables. La loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et de l'immigration prévoit la possibilité de suspendre une décision de retour prise à l'encontre d'une personne en séjour irrégulier, voire d'accorder un titre de séjour, notamment au cas où il s'agit d'une victime de la traite des êtres humains (articles 92-98) ou d'une victime d'une infraction de l'emploi de ressortissants de pays tiers en séjour irrégulier commise dans les circonstances aggravantes (article 98 bis).

**Question 4553** (25.06.2021) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant **l'installation des drapeaux lors de la Fête nationale** :

Op Nationalfeierdag hanken d'Lëtzebuerger an och déi staatlech Verwaltungen traditionell de Lëtzebuerger Fändel eraus. Vill Gemenge ruffen all Joer d'Vollek dozou op, fir de Fändel erauszehänken. Dëst Joer ass awer opgefall, dass esou weineg Fändelen ze gesi ware wéi wuel zënter dem 2. Weltkrich net méi. Besonnesch opgefall ass och, dass staatlech Verwaltungen, ëffentlech Ariichtungen, Lycéeën, Schoulen asw. kee Fändel méi erausgehaangen hunn.

An deem Zesammenhang hunn ech folgend Froen un den Här Staatsminister:

1. Gëtt et Uweisung säitens der Regierung, fir op Nationalfeierdag de Fändel erauszehänken?

2. Kann d'Regierung erklären, firwat dat op ville Plazen net méi gemaach gëtt?

3. Wéi eng Méiglechkeete gesäit d'Regierung, fir dës Tradition an den nächste Joren erëm méi staark ze fërderen?

**Réponse** (19.07.2021) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État* :

ad 1. Sou Uweisung ginn et keng.

D'Fändele goufen dëst Joer d'selwecht wéi déi Jore virdrun un de staatleche Gebaier an der Stad, déi déi néideg Virrichtung hunn, ubruecht.

En Deel vun de Fändele gëtt vun enger externer Firma am Auftrag vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten opgehaangen an een aneren Deel vun den eegene Matarbechter.

Fir d'Fändele bei de Lycéeën sinn déi jeeweileg Direktiounen selwer zoustänneg.

D'Fändele virun der Chamber gi vun der Gemeng Lëtzebuerg opgezunn an de Fändel un der „Maison Wilhelm“ vun der Chamber selwer.

Et gëtt och keng Uweisungen un d'Gemengen, déi selwer decidéieren, ob si Fändele wëllen op hire Gebaier aushänken oder net. D'Gebaier vun der Grundschul falen och ënnert d'Responsabilitéit vun der zoustänneger Gemeng.

ad 2. + 3. D'Regierung huet keng Elementer, déi beleë géifen, dass déi Tradition manner Uklang géif fannen, ewéi den honorablen Deputéierten et beschreift.

**Question 4555** (25.06.2021) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant la **participation à la construction d'une île éolienne** :

D'Regierung plangt, an een dänesche Wandpark um Mier ze investéieren. Laut rtl.lu vum 24. Juni 2021 huet den Här Minister Turmes behaupt, dass zéng Milliounen Stéit mam Stroum aus deem Wandpark solle versuergt ginn. Weider huet hie behaupt, dass vun 2027 un eng Insel, sou grouss wéi 60 Fußballfelder, mat iwwer 200 Wandkraaftwierker entstoe soll. Schliisslech ënnersträicht den Här Minister am selwechten Artikel: „De Wandpark soll kënnen 10.000 bis 12.000 Megawatt Stroum produzéieren. Dat heescht, annerhallwe bis zwee Cattenomen.“

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Energieminister :

1. Wéi vill MWh Stroum verbraucht ee Stot am Duerchschnëtt pro Joer zu Lëtzebuerg an an Europa?

2. Wéi vill MWh Stroum sollen an dësem neie Wandpark an Dänemark pro Joer produzéiert ginn?

3. Wéi vill MWh Stroum huet d'Atomkraaftwierk zu Kattenuewen an de leschte Jore pro Joer produzéiert?

4. Wann d'Rechnung vum Här Minister stëmmt, da ginn hei all Rekorder ëm Längte gebrach, wann ee Wandrad dann tatsächlech géif 12.000 : 200 = 60 MW liwweren. Aktuell liwweren déi gréisst Wandkraaftwierker nämlech dättelech manner, maximal 10 MW. Wéi vill MW wäert dann een eenzelt Wandkraaftwierk vun deem neie Wandpark liwweren?

**Réponse** (06.07.2021) de **M. Claude Turmes**, *Ministre de l'Énergie* :

ad 1. Zu Lëtzebuerg louch 2019 den duerchschnëttleche Joresstromverbrauch pro Stot bei ongeféier 3,9 MWh (Statec). An der Europäescher Unioun kann ee laut Eurostat vun engem duerchschnëttleche Verbrauch vun 3,1 MWh pro Stot a Joer ausgoen.

ad 2. De Projet vun der dänescher Regierung befënnt sech nach an der Entwécklung, wéi et och an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro Nr. 4504 nozeliesen ass. Laut eisen Informatiounen ass et geplangt, an enger éischter Phas dräi Wandparke vu jee 1 GW, also eng Kapazitéit vun 3 GW opzerichten. Éischten Etüde vun der dänescher Energieagence (Energiestyrelsen) no kann ee vun enger Stroumproduktioun an der Gréisstenuerdnung vu ronn 13.000.000 MWh pro Joer ausgoen. An enger spéiderer Phas, soll eng Gesamtkapazitéit vun 10 GW erreecht ginn, wat enger Stroumproduktioun vu schätzungsweis 47.000.000 MWh pro Joer entsprécht.

ad 3. D'Atomkraaftwierk zu Kattenuewen huet eng elektresch Gesamtkapazitéit vu 5,2 GW. Am Joer 2020 huet d'Atomkraaftwierk laut EDF 31.200.000 MWh Stroum produzéiert. Et kann een also soen, dass de geplangte Wandpark an Dänemark ronn 1,5-mol sou vill Stroum wéi d'Atomkraaftwierk zu Kattenuewe wäert kënnen produzéieren.

ad 4. Déi 200 Wandkraaftanlagen bezéie sech op déi éischt Phas vum Projet vun 3 GW. An enger weiderer Phas kéinte bis zu 600 Wandkraaftanlagen installéiert ginn. Laut Informatiounen vun der dänescher Energieagence soll d'Kapazitéit pro Wandkraaftanlage bei 15 MW leien.

**Question 4556** (25.06.2021) de **Mme Martine Hansen** (*CSV*) concernant la **rupture de stock du cannabis médical** :

D'Madamm Minister huet rezent matgedeelt, dass et momentan Enkpäss beim medezinnesche Cannabis ginn. D'Stocke sinn opgebraucht an och eng Ausschreibung Enn 2020 huet et net erlaabt, Fournisseuren ze fannen, déi de Krittäre vum Cahier des charges entsprechen.

Dëst huet als Konsequenz, dass vill Patienten elo rëm mussen op schwéier Medikamenter ëmklammen, fir hir Leiden ze therapéieren.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister stellen:

1. Wéi vill Fournisseure goufen ab Enn 2020 ugeschriwwen?

2. A wéi enge Punkten hunn d'Offeren net mat de Krittäre vum Cahier des charges iwwerteneegestëmmt?

3. Wéi vill Offere sinn zanterhier ugefrot ginn a wéi vill vun deene Fournisseuren hunn hir Offer ofginn?

4. Si scho verschidden Offeren erakomm? Wa jo, wéini?

5. Wéi laang brauch de Gesondheitsministère, fir déi aktuell Offeren auszewäerten?

Kéier Offeren dobäi, déi mat de Krittäre vum Cahier des charges iwwereneestëmmen?

7. Ass ofzegesinn, wéini d'Penurie op een Enn kënn a wéini déi nächst Liwwerung ukënn?

8. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir elo kuerzfristeg de concernéierte Patienten ze hëllefen a fir an Zukunft esou Situatiounen ze vermeiden?

**Réponse** (28.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Enn 2020 gouf eng nei Ausschreibung publizéiert, fir nei Liwwerante vu medezinneschem Cannabis ze fannen. Ënnert den Offeren, déi de Gesondheitsministère zougestallt krut, waren der e puer net zoulässeg a vun deenen zoulässegen Offeren huet keng mat de Krittäre vum Cahier des charges iwwerteneegestëmmt. Doropshi gouf eng nei Offer ausgeschriwwen.

Am Kader vun enger Procédure ouverte européenne gi keng Fournisseuren direkt ugeschriwwen. Et gëtt en Appel d'offre (iwwert e Cahier des charges) publizéiert, op deem sech d'Fournisseuren da melle kënnen.

ad 2. D'Conditions de participation technique, wéi se am Cahier des charges definéiert goufen, sinn zum Deel net erfëllt gewiescht a verschidden Dokumenter, déi laut dem Cahier des charges exigéiert waren, waren net mat un der Offer ugehaangen.

ad 3. Wéi schonn an der Äntwert op d'Fro 1 erkläert, gëtt am Kader vun enger Procédure ouverte européenne keng Fournisseuren direkt ugeschriwwen. Et gëtt en Appel d'offre (via e Cahier des charges) publizéiert, op deem sech d'Fournisseure melle kënnen. Bei der Ausschreibung, déi den 28. Abrëll publizéiert gouf, huet een eenzege Fournisseur eng Offer ofginn.

ad 4. Eng nei Ausschreibung gouf den 28. Abrëll 2021 publizéiert. Et war eng „procédure européenne ouverte accélérée“. Den Datum vun der Remise vun den Offere war den 12. Mee 2021. Et ass eng eenzeg Offer erakomm. No der Analys vun dëser Offer gouf parallel den néidege Budget beim Finanzministère ugefrot.

ad 5. D'Attributioun vum Marché ass dës Woch gemaach ginn. Vu datt just eng Offer erakomm ass, brauch ee keen Délai de recours ofzewaarden an d'Bestellungen kënnen direkt gemaach ginn.

ad 6. Mir verweisen op d'Äntwert vun der Fro 4.

ad 7. Déi éischt Liwwerunge vum Marché, deem dës Woch attribuéiert gouf, misste viraussichtlech Enn September ukommen.

ad 8. D'Commande vum medezinneschem Cannabis gëtt via eng europäesch Ausschreibung gemaach. De Prestataire, deem zeréckbehalte gëtt, dierf just ee vun deene Prestatairé sinn, déi och un der Ausschreibung deelgeholl hunn. Den aktuelle Cahier des charges gesäit allerdéngs vir, dass wann et zu enger Rupture de stock kënn, de Ministère sech och un aner Fournisseure wende kann, fir medezinnesche Cannabis ze bestellen. Dëst ass och geschitt, soudatt zousätzlech Stocken an deenen nächsten Deeg och un d'Spitalsapdikte wäerte geliiwert kënnen ginn. Allerdéngs erlaben dës Stocken et net, d'Besoinen allegueren u medezinneschem Cannabis ofzeddecken. D'Besoinen wäerten eréischt kënnen integral ofgedeckt ginn, wann, viraussichtlech Enn September, déi nächst Liwwerungen ukomme wäerten.

Schlussendlech kann een nach erwänen, dass mat dësem neie Marché, deem elo attribuéiert gouf, et och fir déi éischt Kéier méiglech wäert sinn, konforme Cannabisueleg ze sécheren. Dësen Ueleg stellt virun allem eng Plus-value duer, well dëse méi einfach an der Therapie agesat ka ginn an dofir och vill méi einfach ze handhaben ass.

**Question 4560** (25.06.2021) de **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*) concernant **l'interview du Ministre des Affaires étrangères et européennes** :

E ganz rezente Virfall verlaangt dréngend eng Opklärung, well d'Glafwierdegkeet vun RTL a vun der Regierung hirer Kommunikatioun an hirem Handeln a Fro stoe kéint. Den 22. Juni 2021 war de Lëtzebuerger Bausseminister nämlech op RTL Télé Lëtzebuerg zu Gaascht am Journal. Hei huet hien, ënner anerem, op dat neit ungarescht Gesetz reagiert, dat am ungarescht Parlament mat enger Zweedréttelmajoritéit ugehoill gouf. Dëst Gesetz gesäit vir, dass d'Opklärungsarbecht iwwer sexuell Orientéierung eleng den Eltere virbehale bleift, bis d'Kand 18 Joer al ass.

An deem Kontext huet d'Moderatorin vum RTL Journal d'rezent Affär mat der Münchener Allianz Arena ugeschwat. D'Stad München wollt dës selwechten Owend fir de Fussball-EM-Match Däitschland-Ungarn an de Reeboufaarwe lichte loossen. D'UEFA huet sech awer dogéint entscheet, dass de Begrënnung, dass Politik a Sport net solle vermëscht ginn. Dofir wëlte si dee politesche Statement mat der Belichtung an de Reeboufaarwe net ënnerstëtzen, heescht et vun hirer Säit.

De Lëtzebuerger Bausseminister ass der Meenung, dass d'UEFA dat hätt sollen erlaben an huet dëst, op Nofro vun der Moderatorin, folgendermoossen ausgedréckt:





„Jo, d'UEFA ass héchstwarscheinlech e Veräin vun alen, wäisse Männer, dat sinn déi nämmelech, déi fir de Brexit gestëmmt hunn an déi fir den Här Trump gestëmmt hunn ...“

D'Emissioun vum RTL Journal ass de besoten Dag esou a senger Vollstännegkeet ausgestraalt ginn. Wann een d'Emissioun elo um Internetsite vun RTL am Replay oprëfft, ass deen Deel vum Interview, wou de Bausseminister op déi lescht Fro vun der Moderatorin äntwert a sech dobäi, wéi uewen zitëiert, äussert, einfach aus dem Interview erausgeschnidde ginn, souwéi wann d'Fro ni gestallt gi wier an den Här Bausseminister och net mat deene Wieder geäntwert hätt.

An deem Kontext wëllt ech der Regierung gär follgend Froe stellen:

1. Ass d'Regierung hei intervenéiert, fir datt dësen Deel aus dem Interview bei RTL soll erausgeschnidde ginn? Wa jo, firwat a mat wat fir engem Recht?

2. Wéi beurteelt d'Regierung dem Här Bausseminister seng Wuertwiel hei?

3. Ass d'Regierung solidaresch mat den Aussoe vum Lëtzebuurger Bausseminister? Consideréiert d'Regierung d'UEFA och als „Veräin vun alen, wäisse Männer“, wat fir eng déi nämmelech sinn ewéi déi, „déi fir de Brexit gestëmmt hunn an déi fir den Här Trump gestëmmt hunn“?

4. Ass d'Regierung der Meenung, datt déi uewen zitëiert Ausso vum Här Bausseminister diskriminéierend a rassisteschesch ass - diskriminéierend géint iwwer eelere Matmënschen, diskriminéierend géint iwwer Männer a rassisteschesch géintiwwer Matmënsche mat wäisser Hautfaarf? Wann nee, firwat net? Wa jo, wéi kann d'Lëtzebuurger Regierung dës Wieder vum Här Bausseminister akzeptéieren a misst dës Äusserung net awer Konsequenze fir den Här Bausseminister hunn?

5. Ass d'Regierung der Meenung, datt et opportun ass, datt e Regierungsmember d'Leit, déi fir de Brexit gestëmmt hunn an och d'Leit, déi fir den Här Trump gestëmmt hunn, an dësem Kontext erwänt an domat eng Stigmatiséierung vun Associatiounen an eng Vermëschung vun ënnerschiddleche Sujete provozéiert?

6. Ass d'Regierung der Meenung, datt et opportun ass, wann e Regierungsmember déi genannte Leit kritiséiert a stigmatiséiert fir hir politesch Ausrichtung a Meenung, déi si, no hirem Recht, an enger demokratescher Ofstëmmung a Presidentschaftswal zum Ausdrock bruecht hunn? Beurteelt d'Regierung dës Haltung vum Lëtzebuurger Bausseminister als demokratesch? Wa jo, mat wat fir enger Begrënnung?

**Réponse commune** (13.07.2021) de **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Communications et des Médias*, et de **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes* :

ad 1. Nee.

ad 2. - 6. D'Grondwäerter vun der Europäescher Unioun sinn am Artikel 2 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun festgehalen: « L'Union est fondée sur les valeurs de respect de la dignité humaine, de liberté, de démocratie, d'égalité, de l'état de droit, ainsi que de respect des droits de l'homme, y compris des droits des personnes appartenant à des minorités. Ces valeurs sont communes aux États membres dans une société caractérisée par le pluralisme, la non-discrimination, la tolérance, la justice, la solidarité et l'égalité entre les femmes et les hommes. »

D'Lëtzebuurger Regierung steet ouni Ofstrécher zu deene Wäerter a setzt sech fir hir Verdeedegung an, ganz onofhängeg dovun, ob si duerch eng Organisatioun oder eng aner Regierung ënner Drock geroden.

Dem Aussen- an Europaminister seng Aussoen an deem ugeschwaten Interview sinn Ausdrock vun dëser Positioun.

**Question 4563** (28.06.2021) de **M. Jeff Engelen** (ADR) concernant les **compétences du Contrôle médical de la sécurité sociale** :

A leschter Zäit heefen sech d'Reklamatiounen vu Patienten, déi net zefridde mam Contrôle médical vun der Sécurité sociale sinn. Vill Patiente wëssen och net, wat fir Decisiounen bindend sinn: déi vum Dokter vum Contrôle médical oder déi vum hirem Aarbechtsdokter, well et kënn effektiv zu Fäll, wou sech déi betreffend Attributiounen kräizen an sech déi entsprechend Decisiounen widderstrieden.

An dësem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Sozialminister, den Här Aarbechtsminister an un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Kann d'Regierung preziséieren, wat fir eng Entscheedung bindend ass, wann et zu Kontradik-

tiounen an den Evaluatiounen vu Contrôle médical a Médecine du travail kënn, wann also beispillsweis ee Patient vu sengem Aarbechtsdokter als „inapte au travail“, mee vum Dokter vum Contrôle médical als „apte au travail“ erkläert gëtt?

2. Um Site vum Sozialministère ass am Hibleck op d'Attributiounen vum Contrôle médical ze liesen: « Les avis du Contrôle médical de la sécurité sociale à caractère médical et à portée individuelle s'imposent aux institutions concernées. Toutefois, si l'avis du Contrôle médical de la sécurité sociale a été contredit par expertise médicale devant le Conseil arbitral de la sécurité sociale, l'institution concernée juge elle-même de l'opportunité de l'appel. » Wat fir eng Institutioun jugéiert iwwer d'„opportunité de l'appel“: de Conseil arbitral oder de Contrôle médical?

3. Fir de Fall, wou de Contrôle médical dës Attributioun huet: Wou läit den Zweck vum enger medezinescher Expertise, déi vum Conseil arbitral validéiert gëtt?

**Réponse commune** (28.07.2021) de **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*, de **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Grondsätzlech decken d'Decisiounen vum medezinesche Kontrolldéngscht vun der sozialer Sécherheet (Contrôle médical de la sécurité sociale - CMSS) an déi vun der Aarbechtsmedezinn zwou verschidde Saachen of, déi an déi jeeweileg Kompetenze falen: de CMSS analyséiert, ob eng Persoun medezinesch „kapabel“ ass oder net, an den Aarbechtsdokter, ob d'Persoun „apte“ ass, fir säi berufleche Posten oder net. Et ass also net esou, datt déi selwecht Fro vun zwou verschiddenen Instanzen analyséiert a beäntwert gëtt, mee et sinn zwou verschidde Froen, déi jeeweils an de Kompetenzberäich vun de jeeweilegen Organisme falen.

Deementspreechend muss hei den Ënnerscheed gemaach ginn tëschent, op der enger Säit, „incapable“ a „kapabel“ fir ze schaffen an, op der anerer Säit, tëschent enger „Aptitude“ an „Inaptitude“ op de leschten Aarbechtsposten.

Am éischte Fall ass et esou, datt wann den Assuré zum Beispill Krankegeld kritt an de Kontrolldokter no der medezinescher Ënnersichung zur Konkusioun kënn, datt hien erëm kapabel ass fir ze schaffen, dann heescht dat, datt den Assuré keng „incapacité totale de travail“ méi huet. D'Krankengeld ass soumat net méi justifiéiert.

Dee Moment muss den Assuré also bei de Patron goen, deen d'Persoun ka bei den Aarbechtsdokter schécken, fir ze kucken, ob den Assuré op sengem leschte Poste ka schaffen oder net (Analys vun der „aptitude au poste“). Dee Moment kann et awer sinn, datt den Assuré wuel erëm kapabel ass fir ze schaffen, mee eng „Inaptitude“ huet op säi leschten Aarbechtsposten. Dee Moment misst de Patron d'Persoun op en anere Posten asetzen, dee senger Aptitude Rechnung dréit.

Wann awer am Virfeld de Kontrolldokter mengt, datt dëst kéint de Fall sinn, saiséiert hien d'Commission mixte fir en eventuelle professionnelle Reklassement vum Assuré. An dësem Fall ass den Assuré an der Prozedur fir de professionnelle Reklassement.

Et ginn natierlech och Fäll, wou de Kontrolldokter seet, datt en Assuré erëm kapabel ass fir schaffen ze goen, ouni d'Prozedur vum Reklassement ze lancéieren. Da geet den Assuré kuerz drop bei den Aarbechtsdokter, deen dann d'Aptitude analyséiert op säi leschten Aarbechtsposten. Den Aarbechtsdokter huet dann och d'Méiglechkeet, ënner verschidde Konditiounen eng Saisine vun der Commission mixte ze maachen. Prinzipiell awer muss de Patron der Persoun en anere Poste proposéieren, déi der Aptitude (déi och zäitlech begrenzt ka sinn) Rechnung dréit.

Fir awer dës Situatiounen an der Zukunft besser ze reegelen, gouf en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff mat Verrieder vum Aarbechtsministère a vum Ministère vun der sozialer Sécherheet, fir déi bestoend Legislatioun am professionnelle Reklassement ze iwwerschaffen.

ad 2. + 3. D'Institutioun, déi d'Gestioun vun der Krankversécherung assuréiert, ass d'Gesondheetskeess (CNS). De Conseil arbitral de la sécurité sociale (CASS) ass eng Juridiktioun. Wann eng Persoun Krankegeld bezitt, dann ass et un der CNS, déi entsprechend Decisiounen ze huelen, op Basis vum Avis vum CMSS. Déi medezinesch Avise vum CMSS sinn och bindend fir d'CNS, grad ewéi fir déi aner Keesen. Dës Decisioun vun der CNS kann da vum Assuré virum CASS ugefecht ginn.

Wann de CASS op Basis vu weideren Expertisen, déi vum Riichter ordonéiert goufen, den Avis vum Kontrolldokter vun der sozialer Sécherheet net sui- véiert an d'Decisioun vun der Institutioun kipp, ass et un der concernéierter Institutioun (an dësem Fall d'CNS) ze decidéieren, ob se wëll an Appell goen, dat heescht virum de Conseil supérieur de la sécurité sociale goen, oder net. Dëst kann net de CMSS

decidéieren, mee just déi zoustänneg Institutioun vun der sozialer Sécherheet.

**Question 4565** (29.06.2021) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant l'**oxyde d'éthylène** :

Ethylenoxid ass e gëftege Stoff, dee méiglecherweis kribserreegend ass. An der EU ass Ethylenoxid a Liewensmëttel zënter 30 Joer verbueden. Elo ass et awer esou, datt bei der Produktioun vu verschidde Covid-Schnelltester, grad wéi och PCR-Tester, Teststäbercher mat Ethylenoxid traitéiert ginn.

Duerfir géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass hei zu Lëtzebuerg den Undeel vun Tester, déi mat Ethylenoxid traitéiert goufen?

2. Aus wéi enge Länner kommen dës Tester, déi hei zu Lëtzebuerg benotzt ginn?

3. Ginn dës Tester op Spuere vun Ethylenoxid ënnersicht?

4. Gëtt et zu där Problematik en Avis vun der Santé?

**Réponse** (12.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Tester an Teststäbercher si Medezinnprodukter, déi CE markéiert sinn a si kënnen fräi an der EU kommerzialiséiert ginn. Teststäbercher, déi mat Ethylenoxid steriliséiert goufen, sinn entsprechend de rechtliche Bestëmmungen op der Verpackung/Etui gekennzeechent.

D'Tester, déi zu Lëtzebuerg kommerzialiséiert sinn, mussen den europäesche Reglementatiounen an den europäeschen Normen entsprechen. Hiersteller, déi kee Sätz an der Europäescher Unioun hunn, mussen e Representant an der EU designéieren. Bei steriliséierte Produiten ass d'Interventioun vun enger designéierter benannter Stell (Organisme notifié/Notified body) fir d'Konformitéitsvaluationsprozedur vum Medezinnprodukt néideg.

All Hiersteller muss sécherstellen, datt d'Medezinnprodukt sécher ass, datt d'Gesondheet vum Patient net gefäerdet ass. Hie muss fir Produkter, déi mat Ethylenoxid steriliséiert ginn, sécherstellen, datt ISO-Normen 11135 an 10993 agehale ginn. De Sterilisationsprozess muss validéiert sinn an den Organisme notifié prüft a stellt en Zertifikat aus.

D'Ethylenoxid Sterilisatioun ass eng Sterilisatiounsmethod, déi bei Medezinnprodukter an och bei Teststäbercher zum Asaz kënn. Bei der Sterilisatioun mat Ethylenoxid muss séchergestallt ginn, datt Normen a Grenzwäerter agehale ginn, esou datt d'Sterilisatioun d'Gesondheet vum Patient net beanträchtegt. CE markéiert Produiten, déi enger Konformitéitsprozedur ënnerluecht goufen, kënnen sécher ugewannt ginn.

**Question 4566** (29.06.2021) de **M. Fred Keup** (ADR) concernant la **fermeture de commissariats de police** :

A menger parlamentarescher Fro Nr. 4403 hat ech den Här Policeminister ënner anerem no de geplante Schléissunge vu Policekommissariater (sites de police) am Kader vun der Policereform gefrot. Leider ass den Här Minister a senger Äntwert net op dës konkrete Punkt agaangen.

Duerfir géif ech dem Här Policeminister nach gär dës Nofro stellen:

1. Sinn dëst Joer scho Policekommissariater zou- gemaach ginn? Wa jo, wéi eng?

2. Ass et virgesinn, fir bis Enn des Joers weider Policekommissariater zouzemaachen?

Wa jo, wéi eng sinn dat a wéi presentéieren sech déi geplangt Delaien?

**Réponse** (22.07.2021) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure* :

ad 1. Sou wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4403 scho matgedeelt, geet d'Zesummeleë vu Commissariater weider, sou wéi dat vun der Chamber Mëtt Mee 2020 an engem Débat de consultation zur Policereform vun 2018 guttgeheescht gouf.

Dëst Fonctionnement erméiglecht et der Police, och an éischer ländleche Géigende vu 07.00-21.00 Auer kënnen present ze sinn an e gudde Service um Bierger ze leeschten, wat virun 2018 net sou méiglech war. Sitten also, wou kee Polizist an Uniform méi schafft a wou och keen Accueil vun Bierger méi stattfënn, ginn intern säitens der Police/dem Staat zu neien Zwecker affektéiert (z. B. Logementer) respektiv ginn se de Gemengen oder de Propriétaires zeréck- ginn, wann de Contrat de bail bis ausleeft.

An dësem Joer si bis elo déi eidel Gebaier um Zens, zu Rammerech, zu Nidderaanwen an zu Groussbus reafektéiert ginn.

ad 2. Sou wéi an der QP Nr. 4403 matgedeelt, ass en detailléierten Echeancier ofhängeg vun deene vir zitëierte Facteuren (neien Usage vum Gebai vum Staat, Ofrafe vum Contrat de bail etc.). Dowéinst ass et net méiglech, ee genauen Zäitplang betreffend déi nei Benotzung vun deene Sitten ze ginn. D'Gesprécher mat de concernéierten Acteuren sinn amgaang respektiv ergi sech am opportune Moment.

**Question 4573** (29.06.2021) de **M. Roy Reding** (ADR) concernant le **traitement des données par POST Finance** :

An der Äntwert op d'Fro Nummer 4314 vun den honorabelen Deputéierten Octavie Modert a Laurent Mosar, no potenziellen Negativzënsen op de CCP-Konten, schreift den Här Minister fir Economie ënner anerem Folgendes: « POST Finance précise qu'elle est parfaitement consciente et fière de son rôle social et de l'importance de faciliter un accès aux services financiers à tous, indépendamment de leur situation personnelle, financière ou sociale. En témoignent les quelque 30 % de ses clients qui ne disposent d'aucun autre compte bancaire. POST Finance a été créée en 1911 avec exactement cette mission d'inclusion sociale et continuera d'assumer celle-ci dans le futur. »

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister fir Economie gär dës Nofro stellen:

1. Op wéi enger legaler Basis erhieft POST d'Donnéeën iwwer weider Konte vun hire Clienten?

2. Wéi ënnerscheeden sech déi legal an/oder sozial Mindestdispositiounen, fir e Kont bei POST dierfen opzemaachen, vun deene vun anere Banken, sou wéi d'Äntwert vum Här Minister et suggeréiert?

**Réponse** (22.07.2021) de **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie* :

POST Finance hat am Oktober 2020 eng Ëmfro bei engem Institut fir Maartfuerschung an Opdrag ginn iwwer hire Positionnement am Bankemarché. Déi Ëmfro huet sech u POST-Clienten geriicht. Dobäi koum eraus, dass 30 % vun deene Clienten, déi gefrot goufen, ausschliisslech e Kont bei POST Finance hunn. Op dës Donnéeë gouf sech an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4314 beruff. POST Finance confirméiert, dass se d'Donnéeën vun hire Clienten a Konformitéit mat der Gesetzgebung traitéiert an och keng Donnéeën iwwer zousätzlech Konte vun hire Clienten erhiewt.

POST Finance ass keng Bank, se huet awer de Statut als PSF (Professionnel du secteur financier) an ënnerläit domadder de reglementareschen Obligatiounen vum Finanzsektor. Wat d'Konditiounen ugeet fir e Kont opzemaachen, preziséiert POST Finance, dass den Ënnerscheed mat de Banke reng kommerzieller Natur ass. Jiddereen, deen eng signifikant Relatioun mat Lëtzebuerg oder mat der Groussregioun huet, well en zum Beispill hei am Land wunnt oder hei e fest Akommes huet, kann, wann hien déi gesetzlech Konditiounen erfëllt, bei POST Finance e Kont opmaachen.

Zanter dass d'Gesetz vum 13. Juni 2017 iwwert d'Konten (Loi du 13 juin 2017 relative aux comptes de paiement et portant : 1) transposition de la directive 2014/92/UE du Parlement européen et du Conseil du 23 juillet 2014 sur la comparabilité des frais liés aux comptes de paiement, le changement de compte de paiement et l'accès à un compte de paiement assorti de prestations de base ; et 2) modification de la loi modifiée du 15 décembre 2000 sur les services financiers postaux) d'Gesetz vum 15. Dezember 2000 iwwert d'Postfinanzservicer (Loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux) ofgeännert huet, muss POST Finance net méi en Universalservice am Beräich vun de Finanzservicer ubidden oder d'Recht op e Kont garantéieren.

**Question 4574** (29.06.2021) de **M. Roy Reding** (ADR) concernant la **taxe mondiale sur les multinationales** :

Wéi et am Artikel „Luxemburg als Reformverlierer“, deen den 18. Juni am „Lëtzebuurger Wort“ publizéiert gouf, en vue vun deem vun der amerikanescher Regierung gefuerderte weltwäite Mindeststeuersaz vu 15 % fir grouss Entrepreneuren heescht, géif Lëtzebuerg no enger Etüd vun „Oxford Economics“ an Europa, nieft Holland an Irland, zu de grouss Verléierer vun dëser Reform gehéieren. No dëser Etüd gi 26 % vun eisem Bruttoinlandprodukt duerch multinational Konzernern erreicht a 15 % vun eise Steuerrecettë komme vun den Entrepreneuren. Déi zitëiert Etüd gesäit an der geplangter Reform fir eist Land duerfir besonnesch eng Gefor fir d'Stabilitéit vun de Staatsfinanzen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:





1. Wéi beurteelt d'Regierung d'Resultater vun dëser Etüd?
2. Steet d'Regierung am Austausch mat eisen hol-länneschen an iresche Partner, déi eng änlech Steierpolitik verfolge wéi mir an duerfir méiglecherweis änlech Interesse verdeeden?
3. Wéi et ausserdeem am Artikel „Switzerland plans subsidies to offset G7 corporate tax plan“, deen den 11. Juni an der „Luxembourg Times“ publizéiert gouf, heescht, préift d'Schwäiz am Moment d'Méiglechkeet, dës Mindeststeiersaz ënner anerem duerch besonnesch Ofschreiwungsméiglechkeeten ze ëmgoen. Gesäit d'Regierung heiran och e potenziell gangbare Wee fir Lëtzebuerg?

**Réponse** (29.07.2021) de **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances** :

D'Prinzipie vun der Reform vum weltwäite Mindeststeiersaz vu 15 % sinn am Kader vun der G20-Reunion vun de Finanzministern den 10. Juli aprouvéiert ginn. Lëtzebuerg begréisst dësen Accord, well en zu méi Steiergerechtegkeet féiert.

Den honorabelen Deputéierten erwänt a senger parlamentarescher Fro d'Etüd vun „Oxford Economics“, no där Lëtzebuerg zu de Verlëierer vun dëser Reform gehéiere kéint.

Dozou sief gesot, wéi d'Auteure vun der Etüd et och selwer schreiwen, datt et momentan schwiereg ass, eng prezis chiffriert Estimatioun vum Impakt vun dëser Reform ze maachen.

Éischtens ass d'Negociatioun vun der Reform nach net komplett ofgeschloss an e gewëssenen Deel vun den technesche Parametere bleift nach ze determinéieren a wäert eréischt an den nächste Wochen a Méint diskutéiert ginn.

Zweetens hänkt den Impakt vun esou enger Reform och vum dynameschen Effekt of, also wéi d'Entreprisen an d'Länner op esou eng strukturell Reform wäerte reagieren.

Wat déi drëtt Fro ugeet, sief bemierkt, datt eng Subventiounspolitik, déi d'Zil hätt, den internationalen Accord „ze ëmgoen“, wuel schwéier mat de Bähel-lefsreegele vun der EU an der Welthandelsorganisatioun ze vereenege wier.

**Question 4581** (30.06.2021) de **M. Marc Goergen (Piraten)** concernant les **matches de football dans le cadre de la pandémie Covid-19** :

An deene leschten Deeg huet ee Facebook-Post fir Opreegung gesuergt, an deem ee Fussballtrainer op d'Situatioun an der Éierepromotioun opmierksam gemaach huet.

Konkreet gëtt beklot, dass duerch dat aktuell Covidgesetz nëmme Matcher an der BGL Ligue dierfe gspillt ginn an d'Spille vu Matcher a méi niddregen Divisiounen verbuede bleift, während gläichzäiteg awer aner Rassemblementer vu bis zu 300 Persounen duerch de CovidCheck méiglech sinn. Wéi d'„Tageblatt“ bericht, huet d'FLF sech Mëtt Juni an engem Schreiwes un de Sportminister gewannt, fir nozefroen, ob et mam néidegen Hygieneskonzept net méiglech wier, Matcher an den ënneschten Divisiounen ze organiséieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Sport dës Fro stellen:

1. Huet de Minister esou ee Schreiwes kritt? Wa jo, wat war d'Äntwert, déi de Minister un d'Vertreider vun der FLF weidergeleet huet?
2. Hält de Minister ee Saisonsstart dës Summer fir realistesch ugesiichts der Tatsaach, dass bis mindestens Mëtt Juli keng Matcher dierfen organiséiert ginn? Falls jo, wat fir Léisunge kann de Sportminister de Veräiner proposéieren, fir dass si prett si fir de Saisonsstart Mëtt August?

**Réponse** (06.08.2021) de **M. Dan Kersch, Ministre des Sports** :

Déi gesetzlech Bestëmmungen, déi vum 13. Juni 2021 bis de 15. Juli 2021 a Kraaft waren, hunn, wat elo spezifesch de Fussball ubelaangt, niewent de Jugendekippen, den Nationalkaderen an de Centres de formation, just den Ekippen aus der ieweschter Divisioun erlaabt, Matcher ze spillen an och normal ze trainéieren.

Éwéi och an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 4587 geschriwwen, huet d'FLF an hirem Brëif vum 18. Juni 2021, fënnef Deeg also nom Akraaft-triede vun den deemools gültige Bestëmmungen, hir Hoffnung ausgedréckt, dass, wuel wëssend, dass déi deemools bestoend Gesetzgebung net direkt konnt geännert ginn, ab dem 16. Juli 2021 erëm Fussballsmatcher an allen Divisiounen méiglech kéinte sinn. De Sportsministère, deen am permanente Kontakt mat ville Federatiounen ass, an absënns dann och mat der FLF, huet dem Generalsekretär vun der FLF deemools geäntwert, dass en dëst mat op de Wee hält, fir gegebenefalls an eng zukünfteg Gesetzesvirlag vun der Regierung mat afléissen ze loossen. Am Projet de loi N° 7857, deen d'Regierung den 8. Juli 2021 deposéiert huet,

ass deem dunn och Rechnung gedroe ginn, allerdéngs fir all d'Ekippesportarten. Déi nei Bestëmmunge sinn dann elo säit dem 16. Juli 2021 a Kraaft. Geméiss dem Prinzip vun der Autonomie vum Lëtzebuerger Sport ass de Sportminister allerdéngs net fir d'Organisatioun vum Saisonsstart Mëtt August zoustänneg.

**Question 4586** (30.06.2021) de **M. Sven Clement (Piraten)** concernant le **numéro d'identification national** :

Ëmmer méi Mënschen zu Lëtzebuerg hu mëttlerweil schonn eng éischt Impfung géint de Covid-19 erhalen an all Dag kommen der derbäi. D'Impfbee-rechtschaft zu Lëtzebuerg ass héich an dat weist sech och an der héijer Unzuel u Persounen, déi sech op deene verschiddene fräiwëllege Lëschten aschreiwen, fir eng Reschtdosis ze kréien, déi anescht owes am Impfzenter géif ewechgeheet ginn, oder fir eng Impfung mam Vaccin vun AstraZeneca oder Johnson & Johnson ze kréien. Viraussetzung, fir sech op esou eng Lëscht androen ze kënnen, ass d'Ausfëlle vun engem Online-Formulaire, bei deem een seng Matricule muss aginn.

Mat der Matricule ka kontrolléiert ginn, ob eng Persoun och wierklech zu Lëtzebuerg wunnt an ob si och al genuch ass, fir dierfe geimpft ze ginn. Falls de Krittär vum Alter oder vu Lieu de résidence net erfëllt ass, kann een sech net op der Lëscht androen.

Grad bei jonke Persounen, déi eréischt säit Kuerzem d'Volljäregkeet erreecht hunn, soll et aktuell zu Problemer kommen, well hir Matricullen um Site net akzeptéiert ginn, obwuel si eigentlech all d'Krittären erfëllen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Digitalisatioun dës Fro stellen:

1. Ginn all Dag nei Matriculle fräigeschalt, fir sämtleche Persounen, déi un deem Dag d'Volljäregkeet erreecht hunn, Zougang zum System ze erméiglechen?
- Falls nee, all wéi vill Deeg/Woche ginn nei Matricullen am System fräigeschalt?
- Firwat gouf sech fir dësen Intervallsystem entscheet?
2. U wéi eng Administratioun kann sech eng Persoun wenden, falls si Problemer huet, sech op enger Lëscht unzemellen, well d'Matricule refuséiert gëtt, obwuel se all d'Krittäre fir eng Inscriptioun erfëllt?
- Kann sech dës Persoun op engem anere Wee umellen oder muss si waarden, bis den informat-sche Problem geléist gëtt?
3. Wéi laang dauert et an der Moyenne, fir eng Matricule fräizeschalten, wann eng Persoun volljäreg gëtt?

**Réponse commune** (27.07.2021) de **M. Marc Hansen, Ministre délégué à la Digitalisation**, et de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé** :

Wat d'Aschreiwen op déi verschidde fräiwëlleg Impflëschte betrëfft, ginn d'Lëschte vun de fräigeschaltene Matricullen an engem reegelméissegem Ofstand vun ongeféier 14 Deeg aktualiséiert.

Am Fall wou e Problem beim Aschreiwen op eng Waardelëscht sollt optauchen, obwuel den Interes-séierten all Krittäre betreffend den Alter oder seng aktuell Wunnadress erfëllt, kann hien op d'Helpline ënnert der Nummer 247-65533 urufen.

**Question 4587** (30.06.2021) de **MM. Jeff Engelen** et **Roy Reding (ADR)** concernant l'**impact des mesures Covid-19 sur les activités sportives** :

An engem Interview, deen den 29. Juni ënnert dem Titel „Uns hat man vergessen“ am „Lëtzebuerger Wort“ publizéiert gouf, schwätzt e Fussballstrainer iwwert déi aktuell Problemer am Sport am Kader vun de Covidrestriktiounen. Deen zitéierten Trainer weist ënner anerem drop hin, datt besonnesch d'Senioreverbänn nach ëmmer keng Testspiller kënnen ofhalen, wat d'Plangbarkeet fir déi nei Sportssaison bal onméiglech mécht. Des Weidere beklot hie sech besonnesch iwwert déi schlecht Kommunikatioun duerch de Sportminister, deen op wichteg Bréiwer och vum Verband vun der FLF guer net reagéiert.

An deem Zesummenhang géife mir dem Här Sport-minister gar dës Fro stellen:

1. Ass am neie Covidgesetz, wat de 15. Juli an der Chamber soll gestëmmt ginn, eng Lackerung vun de Restriktiounen fir de Sport allgemeng an en vue vum Start vun der nächster Saison fir Testspiller am Besonnesche virgesinn?
2. Kann de Minister elaboréieren, aus wéi engen Ur-saachen d'Veräiner nach keng Méiglechkeet kruten, fir mat der Presentatioun vun engem entsprechen-den Hygieneskonzept Testspiller ofzehalen?

3. Kann de Minister elaboréieren, aus wéi engen Ur-saachen hir en op wichteg Kommunikatiounen vusäite vun der FLF guer net reagéiert huet?

**Réponse** (06.08.2021) de **M. Dan Kersch, Ministre des Sports** :

Dat aktuell Covidgesetz, wat de 15. Juli 2021 an der Chamber gestëmmt ginn ass, wou allerdéngs déi zwee Frosteller dogéint gestëmmt hunn, ass de 16. Juli 2021 a Kraaft getrueden an huet och weider Lackerungen am Sportsberäich agefouert an absënns da fir déi lizenziéiert Ekippesportler. Säit dem 16. Juli 2021 sinn also, am Respekt vun de gesetzleche Bestëmmungen, Trainingen a Kom-petititiounen fir sämtlech lizenziéiert Sportler erëm er-laabt an esou dann och fir all Ekippesportarten aus sämtlechen Divisiounen.

Déi viregt gesetzlech Bestëmmungen, déi vum 13. Juni 2021 bis de 15. Juli 2021 gezielt hunn, hunn dëst nach net erlaabt.

Esou ewéi dëst mat villen anere Federatiounen de Fall ass, esou war an ass de Sportsministère wei-derhin och permanent mat der FLF a Kontakt. An hirem Brëif vum 18. Juni 2021, fënnef Deeg also nom Akraaftrieden vun den deemools gültige Bestë-mungen, huet d'FLF hir Hoffnung ausgedréckt, dass, wuel wëssend, dass déi deemools bestoend Gesetzgebung net direkt konnt geännert ginn, ab dem 16. Juli 2021 erëm Fussballsmatcher an Trai-ningen an allen Divisiounen méiglech kéinte sinn. Am Projet de loi N° 7857, deen d'Regierung den 8. Juli 2021 deposéiert huet, ass deem dann och Rechnung gedroe ginn, allerdéngs fir all d'Ekippe-sportarten. Éwéi uewe geschriwwen ass dëst dann elo säit dem 16. Juli 2021 a Kraaft.

**Question 4592** (01.07.2021) de **Mme Martine Hansen (CSV)** concernant l'**augmentation de la part de THC dans le chanvre** :

Den Industriehanf ass eng Notzplanz, aus där een ënnerschiddlech Produite kann herstellen. Zënter méi wéi 25 Joer gëtt den Hanf och zu Lëtzebuerg ugebaut. Et gëtt och Cannabidiol - CBD - aus de Bléie vum Hanf produzéiert, deem ënner anerem eng ent-zündungshemmend Wierkung nogesot gëtt. Den CBD gëtt vill an Dräpseform genotzt. Wat den CBD méi konzentréiert ass, wat och den THC-Gehalt am Produit méi eropgeet. Sou duerf den erlaabten THC-Gehalt an engem CBD-Produit just 0,3 Prozent duerstellen, an anere Länner wéi der Schwäiz läit dës Wäert bei engem Prozent. Duerch dësen niddrege Grenzwäert kenne verschidde Produite bei eis am Land net produzéiert ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Fro un d'Regierung stellen:

1. Ass virgesinn, aus den uewe genannte Grënn de gesetzlech virgeschriwwenen THC-Gehalt an engem Produit eropzesetzen, esou wéi z. B. an der Schwäiz?
2. Wann nee, firwat net?

**Réponse commune** (06.08.2021) de **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**, et de **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural** :

ad 1. + 2. Den THC-Gehalt vun 0,3 % bezitt sech just op d'Planz vum autoriséierten Industriehanf als solch, fir déi vum Cannabis ze ënnerscheeden.

Wat d'Kontroll vun de Liewensmëttel betrëfft, gëtt den THC-Gehalt op Basis vun der toxikologescher Referenzvaleur bestëmmt an duerch d'EFSA (europäesch Liewensmëttelautoritéit) évaluéiert. Dat heescht, datt e Produit, wou d'Consommatioun vun THC méi héich ass wéi déi akut toxikologesch Referenzdosis (ARfD = 1 µg THC/kg Persounengewicht a pro Dag), e Risiko fir déi mënschlech Gesondheet duerstellt (EFSA, 2015 et avis BfR, 2021).

Enn des Joers wäert och en europäescht Reglement publizéiert ginn, wou den THC als Contaminant mat maximal Wäerter an zougeloossene Liewensmëttel geléscht gëtt.

Dofir ass et elo net virgesinn, de gesetzlech virge-schriwwenen THC-Gehalt an engem Produit eropze-setzen.

**Question 4593** (01.07.2021) de **M. Léon Gloden (CSV)** concernant le **bâtiment de la douane à Grevenmacher** :

Den Här Finanzminister huet mech an enger rezen-ter Äntwert op eng parlamentaresch Fro driwwer in-forméiert, datt d'Gebai vum Centre douanier Est zu Gréiwemaacher net méi de Besoinen a Standarde vun haut gerecht géif ginn an dowéinst driwwer nogeduecht gëtt, de Site zouzemaachen.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Ass den Här Minister fir ëffentlech Aarbechten an dës Diskussiounen matagebonnen?

2. Wa jo, a wéi enger Hisiicht ass d'Gebai net méi „up-to-date“?

3. Besteet d'Méiglechkeet, Transformatiounen virze-huelen, déi e Verbleiwe vun der Douane an deem Gebai erméigleche géifen?

4. Wann nee, wat soll mat deem Gebai geschéien?

**Réponse** (29.07.2021) de **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances** :

Et gëtt aktuell nach keng Decisioun, fir d'Büroe vun der Douane zu Gréiwemaacher zouzemaachen, well nach kee preziese Projet sprochräif ass. D'Gebai kann aktuell nach weider benotzt ginn.

Falls et an nächster Zäit zu esou enger Decisioun sollt kommen, da géif de Staat an deem Moment kucken, wat fir aner Servicer an dëst Gebai komme kéinten an ob eventuell Ëmbau- oder Renova-tiounsaarbechten néideg wieren.

**Question 4595** (01.07.2021) de **M. Fred Keup (ADR)** concernant l'**apprentissage de la langue luxembourgeoise déconseillé par l'ADEM** :

Et gëtt ëmmer manner Lëtzebuergesch an der Lëtzebuerger Aarbechtswelt geschwat. Esou ass tëscht 2011 an 2018 den Undeel vun Awunner, deen op der Aarbecht Lëtzebuergesch schwätzt, drama-tesch gefall vu 60,5 % op 48 %. Et huet sech doriwwer eraus erëmgeschwat, dass Auslänner, déi sech un d'Aarbechtsamt ADEM wenden an dann am Rendez-vous nofroen, wéi a wou si Lëtzebuergesch kéinte léieren, gesot kréien, dat wier „verlueren Zäit“ oder „onnéideg“ respektiv „iwwerflësseg“.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Aarbechtsminister:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt aus-lännesch Aarbechtssichender um Aarbechtsamt dës Äntwerte kréien, wann se froen, wou si Lëtze-buergesch léiere kéinten? Ass dës Zort vun Äntwert mat de Verantwortleche vun der ADEM ofge-schwat? Wier et net besser, déi auslännesch Inte-ressenten ze encouragéieren, fir Lëtzebuergesch ze léieren?
3. Ginn et trotzdeem op Säite vun der ADEM Be-méiungen, fir dës Leit ze encouragéieren, sech a Course fir Lëtzebuergesch anzuschreiwen? Gesäit d'ADEM do extra Course fir? Mat wéi engem Acteur gëtt zesummegeschafft?
4. Deelt den Här Minister d'Meenung, dass d'Léiere vun eiser Sprooch um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, ausserhalb vum ëffentlechen Dëngscht, mëttlerweil deelweis iwwerflësseg ass?

**Réponse** (28.07.2021) de **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire** :

ad 1. D'Ausso vum honorabelen Deputéierten ass esou net richtig. Eng vun den Haaptmissiounen vun der ADEM ass et, de Leit ze hëllefen, déi Kompe-tenzen ze kréien, déi um Lëtzebuerger Aarbechts-maart gefrot ginn.

Dofir ginn d'Sproochekenntnisser ausdrécklech am Formulaire vun der Déclaration de poste vacant ge-frot, deen d'Betriber ausfëllen, wann si eng fräi Plaz bei der ADEM mellen. A 35 % vun den Offere gi Kenntnisser am Lëtzebuergesche gefrot an dofir ën-nerstëtzt d'ADEM d'Kandidaten, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren. Esou goufen an de leschten dräi Schouljoer 7.000 sougenannte Bonge fir Sprooch-coursen am Lëtzebuergesche vun der ADEM eraus-ginn, d. h. dass déi Aarbechtssichender d'Sprooch-coursen zu engem Tarif réduit maache kënnen.

Et ass awer och eng Realitéit, dass och aner Sproo-chenkenntnisser, virun allem am Franséischen, ganz wichteg sinn, fir um lëtzebuergeschen Aarbechts-maart Fouss ze faassen an d'ADEM dowéinst och gezielt Franséischcoursen ubitt. An dësem Kontext kann een op zwou interessant Etüden hiweisen:

- Le luxembourgeois reste la langue la plus utilisée à domicile (20.05.2019/Statec) ; le français est la langue la plus utilisée au travail ;
- Le français est la langue la plus demandée dans les offres d'emploi au Luxembourg (Uni.lu 2010).

ad 2. Wat d'Acteuren ugeet, esou sinn dat nieft dem INL ë. a. verschidde Gemengen, d'ASBL MOIEN, ver-schidde Lycéeën oder de Mouvement Égalité des chances.

ad 3. D'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch ass ganz sécher net iwwerflësseg um Lëtzebuerger Aar-bechtsmaart. Am éischte Semester vun 2021 goufen eng ronn 20.000 oppe Plaze bei der ADEM gemellt. A 35 % vun de Fäll si Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch gefrot ginn. Dës Prozentsaz ass iwwert d'Zäit relativ konstant bliwwen, wéi een an der Tabell ënnendréiner gesäit.

Et gëtt awer grouss Ënnerscheeder tëscht den een-zele Beruffsgruppen. Am Joer 2021 gëtt an de Ge-sondheitsberuffer d'Lëtzebuergesch an 90 % vun de Fäll gefrot, am Handel an 59 % vun de Fäll.





Op der anerer Säit spillt d'Lëtzebuerger Sprooch am Finanzsecteur (16 %) an an der Industrie (21 %) eng manner wichteg Roll.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu) - Travail à la Chambre - Rôle des affaires - Questions parlementaires - rechercher n° de la question.)

Och innerhalb vun dëse Gruppe kann et deelweis nach grouss Ennerscheeder ginn. Als Beispill kann een hei de Beräich vun den Déngschtleeschunge fir d'Betriber (Support à l'entreprise) nennen. Am Beräich vum Sekretariat a vun der Personalverwaltung (Ressources humaines) gëtt an 61 %, respektiv 48 % vun de Fäll Kenntniss vum der Lëtzebuerger Sprooch verlaangt. An der Informatik sinn et just 17 %. Am Beräich vun den Déngschtleeschunge fir Persounen an d'Allgemengheet (Services à la personne et à la collectivité) fënnt ee Beruffer wéi den Educateur oder den Assistant social, wou d'Lëtzebuerger Sprooch quasi onëmgänglech ass (96 % vun de Plazen). Op der anerer Säit spillt d'Lëtzebuerger gesch eng manner wichteg Roll am Botzsecteur (33 %), an der Fuerschung (26 %) oder an der Juristerei (17 %).

**Question 4598** (01.07.2021) de **MM. Sven Clement** et **Marc Goergen** (*Piraten*) concernant la **saisie de comptes bancaires par l'État** :

An der parlamentarescher Fro Nr. 4296 hu mir de Finanzminister ëm Erklärungen ronderëm d'Saisië vum Staat gebieden. Laut Minister ginn dës Daten net zentral gesammelt.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister fir Finanzen dës Froen stellen:

1. Huet de Ministère wëlles, dës Daten an Zukunft ze sammeln? Falls nee, firwat net?
2. Kéint dëst zu Fäll féieren, an deene verschidden Administratiounen gläichzäiteg Saisien op d'Bankkonte vun der selwechter Persoun oder dem selwechte Betrib maachen, ouni sech dësem bewusst ze sinn, an dës Persounen oder Betriber doduerch schwéier finanziell belasteschen? Wéi kéint/kann dëst kontrolléiert ginn?

**Réponse** (26.08.2021) de **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances* :

Wat déi éischt Fro vum honorabelen Deputéierten ugeet, ass drop hinzewisen, datt et zu dësem Zäitpunkt net virgesinn ass, déi entsprechend Daten ze sammeln.

Betreffend dem honorabelen Deputéierte seng zweet Fro, ass fir d'alleréischte ze bemerken, dass de Receveur gesetzlech d'Obligation huet, mat allen him zur Verfügung stoeende Moyene Suen, déi dem Staat geschéit an échus sinn, anzudreiwen. Ee vun de Moyenen ass eng Saisie op engem Bankkonto.

Fir de Risk vun enger Saisie um Bankkonto ze evitéieren, huet de Betrib, wéi all aner Contribuabel och, d'Méiglechkeet:

- mat enger motivéierter Demande de Steuerbüro ze froen, datt d'Avancen erofgesat ginn,

- no enger Besteuerung, a virum der Echeance vun dëser Besteuerung, een Delai de Paiement ouni Zënse (4 Méint) oder mat reduziéierten Zënse (5 Méint bis 12 Méint: 0,1 % oder 13 Méint bis 3 Joer: 0,2 %) beim Steuerbüro unzufroen.

All Contribuabel weess zu all Moment iwwer seng Situatioun Bescheid an dat doduerch, datt him den Decompte, Extrait de compte, Avertissement an d'Contrainte an dem Commandement zougestallt ginn.

Deemno huet de Contribuabel genuch Zäit, sech ze regulariséieren, ier de Receveur eng Saisie lancéiert.

Wann ee Contribuabel bei méi wéi enger Administratioun Scholden huet, déi échues sinn, kann et sinn, datt zäitgläich Saisien op sengem Bankkonto gemaach ginn, vu datt all Administratioun a Receveur déi selwecht Moyenen huet an déi och notze muss.

**Question 4603** (02.07.2021) de **M. Marc Goergen** (*Piraten*) concernant les **publicités pour des campagnes gouvernementales dans le magazine « Guddi »** :

An der aktueller Nummer 9 vum Magasin „Guddi“, dee jo vum Landwirtschaftsministerium herausginn an zum gréissten Deel och finanziéiert gëtt, sinn eng ganz Rei Annoncen, déi direkt oder indirekt vum Staat inseréiert ginn. Hei e puer Beispiller: d'Antigaspi-Campagne (S. 9), d'Large-Scale-Testing-Annonce vun der Santé (S. 47), d'Annonce LUGA fir „Luxembourg Urban Garden“ (S. 51), d'Annonce „Sou schmaacht Lëtzebuerg“ (S. 63) a schliisslech d'Brout-Annonce ganz zum Schluss.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Landwirtschaft dës Fro stellen:

- Ginn all dës Annoncen iwwert den Editeur gebucht a falen do och Provisiounen fir d'Publicitéitsagence drënner?

**Réponse** (08.07.2021) de **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural* :

De Magasin „Guddi“, dee vum Landwirtschaftsministerium publizéiert gëtt, gesäit zéng Säite fir Publicitéitsregie vir. Vun deenen zéng Säite kann de Landwirtschaftsministerium der véier fir staatlech oder parastaatlech Zwecker benotzen. Déi aner sechs Säite gi vum Editeur verbucht an droen dozou bei, de globale Präis vum Magasin fir de Landwirtschaftsministerium ze senken.

**Question 4616** (08.07.2021) de **Mme Martine Hansen** et **M. Gilles Roth** (*CSV*) concernant l'**application du régime « CovidCheck »** :

Déi lescht Mouture vum Covidgesetz huet mat Effekt op den 13. Juni 2021 de System vum „Covid-Check“ agefouert. Dësen ass folgendermoossen am Text definéiert: « régime CovidCheck : régime applicable à des établissements accueillant un public, manifestations ou événements dont l'entrée est exclusivement réservée aux personnes pouvant se prévaloir soit d'un certificat de vaccination tel que visé à l'article 3bis muni d'un code QR, soit d'un certificat de rétablissement tel que visé à l'article 3ter muni d'un code QR, soit d'un certificat de test Covid-19, tel que visé à l'article 3quater, indiquant un résultat négatif et soit muni d'un code QR, soit certifié par l'une des personnes visées à l'article 3quater autorisées à exercer au Luxembourg ou aux personnes qui présentent un test autodiagnostique servant au dépistage du virus Sars-CoV-2 réalisé sur place et dont le résultat est négatif. [...] »

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Ass de Regime vum CovidCheck, esou wéi en am Gesetz festgehalen ass, och fir Reunionen vun Institutionen an Administratiounen respektiv am Privatsecteur applikabel?
2. Wa jo, ass de Regime vum CovidCheck och op déi éffentlech Chamberssätzungen am Cercle municipal applikabel?
3. Wann nee, aus wéi enge Grënn?

**Réponse** (23.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. De Regime vum CovidCheck, esou wéi en am Gesetz festgehalen ass, ass dee selwechten, souwuel fir Etablissementer, déi fir de Public accessibel sinn, wéi och generell fir all aner Typ vu Manifestatiounen oder Evenementer, onofhängeg dovun, ob et Institutionen, Administratiounen oder Privatleit sinn.

ad 2. Jo.

**Question 4617** (06.07.2021) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (*CSV*) concernant les **aliments contenant de l'alcool** :

Leit, déi Alkoholprobleemer haten, dierfen no engem Entzuch guer keen Alkohol méi konsuméieren, well si dann direkt erëm riskéieren, réckfällig ze ginn. Dëst géillt och fir Alkohol a Liewensmëttel wéi Zoossen, Glacen, Desserten etc.

Et muss een awer feststellen, datt, am Géigesaz zu enger ganzer Rei Allergenen, den Alkohol als Ingredient vu Liewensmëttel net esou däitlech gekennzeichnet muss ginn. Dëst betrëfft net nëmmen alkoholkrank Leit, mee och Kanner.

Aus dësem Grond wollt ech folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Deelt d'Regierung d'Meenung, datt et noutwendeg wier, fir den Alkohol an de Liewensmëttel méi däitlech ze kennzeichnen?
2. Wa jo, wat gedenkt d'Regierung op nationalem an europäeschem Plang ze ënnerhuelen, fir dës Iddi an d'Weeër ze leeden?
3. Wann nee, aus wéi enge Grënn?

**Réponse** (05.08.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Protection des consommateurs* :

ad 1. D'Reglement (UE) N° 1169/2011 betreffend d'Informatiounen vum Konsument iwwert d'Liewensmëttel enthält d'Grundlage fir e Schutzniveau vum Konsument bezüglech den Informatiounen iwwert d'Liewensmëttel (Artikel 1 vum Règlement (UE) N° 1169/2011).

Gemeiss dem Artikel 9 vum deem Règlement muss d'Gedrénks, wat méi wéi 1,2 Volumenprozent Alkohol enthält, den Alkoholgehalt a Volumenprozent um Etiquetage uginn. D'Reglement präziséiert, dass den

Alkoholgehalt mat enger Ziffer mat maximal enger Kommastell muss ugi sinn. D'Symbol „% vol“ muss dem Alkoholgehalt folgen a virum Alkoholgehalt kann d'Wuert „Alkohol“ oder d'Ofkierzung „Alk.“ benotzt ginn. Fir d'Gedrénks, wat méi wéi 1,2 Volumenprozent un Alkohol enthält, muss also den Alkoholgehalt a Volumenprozent präziséiert a kloer identifizéiert sinn.

Déi europäesch Reglementatioun gesäit d'Indikatioun vum Alkoholgehalt a Liewensmëttel, déi kee Gedrénks sinn, net vir.

Allerdéngs besteet, geméiss dem Artikel 18, d'Zutatelëscht aus enger Opzielung vun all den Zutate vum Liewensmëttel an ofsteigender Reiefolleg vum Gewichtsendeel zum Zäitpunkt vun hirer Verwendung bei der Hiertstellung vum Liewensmëttel. D'Zutatelëscht ass bei verpaakte Liewensmëttel obligatoresch. Wann e Liewensmëttel also Alkohol als Zutat enthält, muss den Alkohol an der Zutatelëscht opgezielt sinn. Den Alkohol, deen als Zutat agesat gëtt, muss mat sengem spezifischen Numm an der Zutatelëscht stoen. Eng Ervirkung vum Alkohol an der Zutatelëscht ass net virgesinn. Den Alkohol kann och a kleng Quantitéiten a verschidden Zutaten present sinn, wéi zum Beispill bei Aromaen. An deem Fall ass d'Indikatioun vun der Präsenz vun Alkohol vun der Reglementatioun net virgesinn.

D'Indikatioun vun der Präsenz vun Alkohol a Liewensmëttel, déi net verpaakt sinn, ass vun der europäescher Reglementatioun och net virgesinn.

ad 2. Fir Liewensmëttel, déi verpaakt sinn, gëtt et fir den Etiquetage eng europäesch harmoniséiert Legislatioun. Fir de gudden Fonctionnement vum fräie Verkéier vu Wueren am Bannemaart ze garantéieren, ass et net virgesinn, datt national Mesurë fir déi Liewensmëttel kënnen geholl ginn. Allerdéngs hält Lëtzebuerg un den europäeschen Aarbechtsgruppen deel, fir aktiv un der Verbesserung vun der europäescher Gesetzgebung deelzehuelen.

Fir Liewensmëttel, déi net verpaakt sinn, kënnen national Mesurë geholl ginn. Et gëtt analyséiert, ob et sënnavoll wier, an Zukunft verschidde Punkten, déi vun der europäescher Reglementatioun virgesi sinn, an der nationaler Gesetzgebung festzeleeën, fir de Konsument besser ze informéieren.

**Question 4620** (06.07.2021) de **M. Sven Clement** (*Piraten*) concernant la **vaccination mixte** :

D'Impfcampagne géint de Covid-19 kënn virun an eng ganz Rei Persounen hu schonn eng éischt, wann net souguer schonn eng zweet Impfung erhalen. Déi meescht Leit verdroen hir Impfung ganz gutt a leiden net ënner schlimmen Niewewierkungen. An eenzele Fäll kënn et awer vir, dass eng Persoun en Impfstoff net gutt verdréit an et dofir medezinnesch net vertriebar wier, dës Persoun eng zweete Kéier mam selwechte Vaccin ze impfen. An esou Fäll kéint e sougenannte „Mix and Match“ envisagéiert ginn, wou ee fir déi zweet Impfung en anere Vaccin verwennt ewéi fir déi éischt. Bis elo war Lëtzebuerg hei awer zeréckhalend a wollt e Mix-and-Match-Impfschema net uwennen, soulaang d'EMA heizou net kloer Positioun bezunn huet.

Säit Kuerzem sollen d'Dokteren elo awer d'Méiglechkeet hunn, fir hir Patienten e Formulaire auszufüllen, wou si d'Niewewierkungen, déi opgetaucht sinn, notéieren an de Patient fir eng Impfung mat engem anere Vaccin umellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet dës Froen stellen:

1. Ass et richtig, dass Mix-and-Match-Impfscheemaen elo zu Lëtzebuerg erlaabt sinn?
2. Ass et richtig, dass Dokteren hir Patienten elo fir e Mix-and-Match-Impfschema umelle kënnen?
3. Ass eng Persoun, déi mat zwee verschiddene Vaccine geimpft gouf, gläichgestallt mat enger Persoun, déi zweemol dee selwechte Vaccin kritt huet, wat de CovidCheck ugeet?

**Réponse** (08.07.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

Heterolog Impfungen gi scho méi laang punktuell ugewannt, wann aus medezinnesche Grënn (z. B. ganz staark Niewewierkungen bei der éischter Impfung) net méi de selwechte Vaccin ka benotzt gi fir de Rappel. Dës Leit mussen awer fäerdeg geimpft ginn an dofir muss dann een anere Vaccin ugewannt ginn.

Dëst huet näischt mat engem systematesche Schema „Mix and Match“ ze dinn, dee jo an der Iddi ugewannt gëtt, fir eng méi staark Immunantwort ze kréien an doduerch eventuell e bessere Schutz, a net primär, fir Niewewierkungen ze vermeiden.

D'Doktere kruten eng Prozedur matgedeelt, wéi si Patienté mat schwéieren Niewewierkungen bei der éischter Impfung fir ee Rappel mat engem anere Vaccin umelle kënnen. D'Konditioun dofir ass awer och, dass eng formell „notification des effets indésirables“ un eis Pharmacovigilance gemaach gouf.

Natierlech hunn dës Persounen dono eng komplett Impfung, wat dann och an engem offiziellen Dokument (EU Digital Covid Certificate mat valablem QR-Code) festgehalen gëtt.

**Question 4625** (07.07.2021) de **M. Mars Di Bartolomeo** et **Mme Simone Asselborn-Bintz** (*LSAP*) concernant les **lits de vacances dans des structures pour personnes âgées** :

Beaucoup d'aidants, des personnes assurant l'encadrement de leurs proches dépendants, sont périodiquement à la recherche de lits de vacances pour les personnes dont ils s'occupent pour pouvoir profiter eux-mêmes de courts temps de repos bien mérités.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration :

- 1) Nous aimerions savoir de Madame la Ministre de combien de lits de vacances disposent actuellement les centres intégrés pour personnes âgées, les maisons de soins et le cas échéant d'autres structures.
- 2) Quelle est l'étendue de la demande de la part des aidants ?
- 3) Existe-t-il une liste nationale des lits de vacances ?
- 4) Quels sont, le cas échéant, les projets en vue de rapprocher cette offre de la demande ?

**Réponse** (23.07.2021) de **Mme Corinne Cahen**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration* :

ad 1) Le rapport d'activité 2020 du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région présente la situation au 31. décembre 2020<sup>17</sup> comme suit :

« [...] Les 30 centres intégrés pour personnes âgées sont gérés par 16 gestionnaires et disposent d'une capacité d'accueil totale de 3.936 lits, dont 28 lits court séjour.

Les 22 maisons de soins sont gérées par 14 gestionnaires et disposent d'une capacité d'accueil totale de 2.486 lits, dont 11 lits court séjour.

Les 12 logements encadrés sont gérés par 9 gestionnaires et disposent d'une capacité d'accueil totale de 789 lits, dont 20 lits court séjour. »

ad 2) Il a été constaté qu'en 2020, en raison de la pandémie de la Covid-19, la plupart des lits court séjour n'ont pas été occupés. Cependant, en temps normal, les demandes d'admissions pour des lits court séjour sont importantes et varient en fonction de la période de l'année.

Le concept de prise en charge court séjour permet d'offrir un encadrement adapté à différents types de situations avec lesquelles soit les personnes âgées, soit leur entourage familial peuvent être confrontés, à savoir :

- préparation du retour au domicile après une hospitalisation ;
- séjour de vacances pour supporter l'aidant informel ;
- séjour temporaire en tant que phase test pour le long séjour.

ad 3) Le relevé des services pour personnes âgées, téléchargeable via [www.luxsenior.lu](http://www.luxsenior.lu), indique le nombre de lits court séjour par structure d'hébergement et présente un tableau récapitulatif des structures d'hébergement pour personnes âgées. D'ailleurs, dans le cadre du projet de loi n° 7524 et du registre des services pour personnes âgées, il est prévu d'afficher le nombre de lits court séjour par structure d'hébergement.

ad 4) Des structures d'hébergement incluant des lits court séjour sont actuellement en cours de planification.

**Question 4626** (07.07.2021) de **M. Léon Gloden** (*CSV*) concernant les **infections à la Covid-19 à l'École de police** :

Laut engem aktueller Presseartikel sinn am Moment ronn 200 Policeschüler, de kompletten éischte Joergang, a Quarantän, nodeems an de leschten Deeg zwielef Rekrutten positiv op Covid-19 getestet goufen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Waren déi concernéiert Policeschüler schonn aktiv mat op Patrullen?
2. Wa jo, waren si eventuell bei de Patrullen dobäi, déi um Viowend vum Nationalfeierdag op enger Rei Plazen am Nuetsliewe Kontrolle gemaach hunn a wou een dovun ausgeet, datt do Clusteren entstane sinn?

<sup>17</sup> <https://mfamigr.gouvernement.lu/de/publications>





3. Wa jo, wat fir Mesurë gi geholl, fir d'Beamten an esou Situatiounen beschtméiglech virum Virus ze schützen?

4. Wann nee, ass gewosst, wou déi zwielef Policeschüler sech ugestach hunn?

**Réponse commune** (28.07.2021) de **M. Henri Kox**, *Ministre de la Sécurité intérieure*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. - 3. Nee, déi concernéiert Schüler waren nach net mat op Patrullen.

ad 4. Bei zwee Schüler ass gewosst, dass se sech ausserhalb vun der Schoul ugestach hunn. Trotz de virgeschriwwene Mesurë kann allerdéngs net ausgeschloss ginn, dass et och Infektiounen innerhalb vun der Schoul gi sinn.

**Question 4628** (07.07.2021) de **M. Marc Hansen** (*déi gréng*) concernant les **tests PCR et TAR** :

Pour continuer à surveiller la propagation du virus, un échantillon représentatif de la population continue à recevoir des invitations permettant de participer à un test Covid-19 PCR. Parallèlement, tout résident disposant d'un numéro d'identification national et vivant actuellement au Luxembourg peut prendre rendez-vous pour un test PCR gratuit à sa convenance dans la station drive-in du LST de son choix. À partir du 7 juillet 2021, le LST lance son équipe mobile qui permet à toute personne disposant d'un numéro d'identification national de se faire tester sur des lieux de grande affluence et ce sans rendez-vous.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Depuis son introduction le 20 juin 2021, combien de personnes, au total ainsi que ventilé par station, ont profité de la possibilité de prendre gratuitement rendez-vous au LST ?

2) Les tests réalisés au sein du LST comptent pour quel pourcentage de l'ensemble des tests PCR réalisés ?

3) Quel est le taux de positivité des tests réalisés suite à l'initiative propre des citoyens ? À quel pourcentage de l'ensemble des tests PCR positifs ce taux correspond-il ?

Les tests antigéniques rapides (TARs) sont certifiés CovidCheck dans les pharmacies, chez les médecins et les autres professions de santé. Les TARs réalisés à l'école, dans la plupart des centres de dépistage communaux ainsi que dans la gastronomie et l'événementiel ne sont soit pas certifiés du tout, soit certifiés sans le code QR CovidCheck, ce qui ne garantit pas leur reconnaissance à l'étranger. Ceci peut entraîner des tests superflus, car les tests non certifiés ou certifiés sans code QR ne peuvent être utilisés en toutes circonstances pendant leur validité de 48 heures.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Est-il techniquement réalisable de certifier les TARs réalisés à l'école avec le code QR du certificat européen CovidCheck ?

2) Combien de centres de dépistage TAR ont été mis en place par les communes ?

3) Est-il techniquement réalisable de certifier les TARs réalisés dans ces centres communaux avec le code QR du certificat européen CovidCheck ?

**Réponse** (05.08.2021) de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1) Entre le 20 juin 2021 et le 31 juillet 2021 un total de 188.226 tests PCR ont été réalisés.

ad 2) Le pourcentage des tests réalisés dans le cadre du LST varie chaque jour et se situe les dernières semaines entre 69 % et 84 % du total des tests réalisés.

ad 3) Le taux de positivité des tests réalisés dans le cadre du LST (donc sans ordonnance) varie selon l'évolution de la pandémie et se situe actuellement entre 0,8 % et 0,5 %.

ad 1) La réalisation des tests TAR dans les écoles et la génération d'un code QR est techniquement faisable mais demande des développements du côté du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et du CTIE.

ad 2) Le nombre de communes qui ont mis en place des centres de test TAR s'élève actuellement à 51.

ad 3) Chaque TAR réalisé par un professionnel de santé peut bénéficier d'une certification par code QR. Le professionnel de santé peut générer une version numérique d'un certificat CovidCheck de TAR négatif en ligne via un formulaire disponible dans son espace professionnel sur myguichet.lu. Cette procédure est gratuite pour le professionnel de santé.



**Question 4633** (08.07.2021) de **MM. Fred Keup et Jeff Engelen** (*ADR*) concernant l'**intervention chirurgicale du lipédème** :

An hirer gemeinsamer Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3404 vun den Hären Deputéierte Jeff Engelen a Fred Keup iwwert de Lipödem schreiwen den Här Sozialminister an d'Madamm Gesondheetsminister: „Zënter 2018 hält d'Krankeversécherung d'Käschte fir d'Operatioun vum Lipödem ab dem Stadium 3 en charge op Basis vum Artikel 19 Alinea 3 vum Code vun der sozialer Sécherheet.“ Si schreiwen och: „D'Krankekeess huet an de leschten dräi Joer (2018-2020) 18 Autorisatiounen erausginn, fir d'Käschte vun enger Operatioun vun engem Lipödem ab Stadium 3 a Lëtzebuerg ze iwwerhuelen. Dovu goufen néng Demandë fir e Remboursement erageschéckt an déi ugefafe Käschte goufen zu 100 % iwwerholl.“

An deem Kontext hu mir nach e puer weider Froen un den Här Sozialminister an un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Wéi gesäit déi aktuell Situatioun betreffend de Remboursement vun der Krankekeess aus fir Fraen, déi sech bei engem Spezialist am Ausland operéiere loosse?

2. An hirer Äntwert schreiwen d'Ministèren, dass d'Operatiounen vun engem Lipödem am Stadium 3 a mam Accord préalable vum Kontrolldoktor vun der sozialer Sécherheet (APCM) ganz vun der Krankekeess rembourséiert ginn. Allerdéngs sinn an der Nomenclature, Versioun vum 1. Juni 2021, d'Tariffer fir eng Operatioun vun den Äerm op 588,80 Euro a fir d'Been op 1.058,10 Euro festgeloucht. Eng Operatioun kascht awer an der Reegel e puer Dausend Euro. Missten deemno déi Tariffer net erhéicht ginn?

3. Kritt de Patient no senger Operatioun eng Lymphdrainage-Behandlung bezuelt respektiv rembourséiert, dëst esouwuel bei enger Operatioun, déi rembourséiert gëtt, wéi och bei enger, déi net rembourséiert gëtt? Ginn hei 100 % vun de Käschten iwwerholl an ass de Remboursement hei ofhängeg zum Stadium?

4. Si weider Therapië virgesi fir d'Behandlung géint ee Lipödem?

**Réponse commune** (06.08.2021) de **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*, et de **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé* :

ad 1. Am Fall vun enger stationärer Behandlung an engem Memberland vun der Europäescher Unioun, an Island, Liechtenstein, Norwegen oder an der Schwäiz, muss am Viraus eng Autorisatioun vun der lëtzebuergescher Gesondheetskeess ugefrot ginn op Basis vun engem Avis vum Kontrolldoktor vun der sozialer Sécherheet. Dat selwecht gëllt och, wa bei der Behandlung am Ausland en héich spezialiséierte medezinneschen Apparat erfuerdert ass. An deem Kontext gräifen d'Dokteren op de Formular S2 - „Demande de transfert à l'étranger“ - zeréck.

D'Behandlungskäschte gi bei lwwerweisungen an d'Ausland vun der Krankekeess vum zoustännege Land zu den do ufalenden Tauxen a Tariffer fir d'Behandlung ofgedeckt. An der Praxis gëtt d'Ofdeckung meeschtens duerch eng „tiers payant“-Bezielung gemaach, wat méi genau heescht, dass d'Krankekeess vum behandelende Land d'Betreiung ofdeckt an den Assuré doduerch nëmme säi perséinleche Beitrag an eventuell zousätzlech Fraise muss iwwerhuelen (dozou gehéiert zum Beispill, wann den Assuré an enger privater Klinik behandelt gëtt).

ad 2. Zënter dem 1. Juni 2021 si folgend Akten an d'Nomenclature vun den Akten a Servicer vun den Doktere bäigesat ginn:

1. 2G39 - Liposuccion des deux membres supérieurs d'un lipodème à partir du stade 3, avec anesthésie tumescente - APCM au tarif de 588,80 euros,

2. 2G40 - Liposuccion des deux membres inférieurs d'un lipodème à partir du stade 3, avec anesthésie tumescente - APCM au tarif de 1.058,10 euros.

Et sollt bemierkt ginn, dass et sech dobäi ëm déi jeeweilegeträg handelt, déi den Dokter ka facturéieren, onofhängeg vun de Spidolskäschten, déi kënnen derbäikommen.

ad 3. D'Nomenclature vun den Akten a Servicer vun de Masseuren a Kinéë gesäit zum aktuellen Zeitpunkt folgend Positiounen fir Lymphdrainage-Behandlung vir:

1. ZK16 - Drainage lymphatique manuel d'un membre,

2. ZK17 - Drainage lymphatique manuel de plusieurs membres.

Am Fall vun enger Pathologie courante ginn d'Akten ZK16 an ZK17 zu 70 % mat engem Maximum vu 24 Sessiounen pro Ordonnance vun der Gesondheetskeess iwwerholl. Am Fall vun enger Behandlung no enger Operatioun gëtt d'Unzuel vun de Sessiounen pro Ordonnance op 32 erhéicht.

Am Fall vun enger ganz schlëmmer Pathologie hunn d'Patienten en Urecht op maximal 64 Sessiounen pro Ordonnance. Geméiss der Annexe G vun de Statute vun der Gesondheetskeess gëtt eng Pathologie just als méi schwéierfällig ugesinn, wa se no enger Kriibsooperatioun optrëtt. An deem Fall sinn déi domat verbonne Käschten zu 100 % ofgedeckt.

Wat déi perséinlech Participatioun un de Kinéskäschten ugeet, kënnen Leit, déi mat bedeiende Käschte konfrontéiert sinn, eng zousätzlech Bezielung op Basis vum Artikel 154bis vun de Statute bei der Gesondheetskeess ufroen.

ad 4. Am Moment si keng weider Therapië géint ee Lipödem virgesinn.

**Question 4635** (08.07.2021) de **M. Fred Keup** (*ADR*) concernant les **livres scolaires sur l'histoire du Luxembourg** :

Am Artikel „ALEH organisiert Gesprächsrunde“, deen de 24. Juni am „Tageblatt“ publizéiert gouf, gëtt eng Diskussiounveranstaltung vun der „ALEH“ (Association luxembourgeoise des enseignants d'histoire) dokumentéiert. Zu där Veranstaltung schreift d'„Tageblatt“ ënner anerem, datt et am Moment am Enseignement secondaire classique u Bicher feelt, déi sech verdéift mat der Lëtzeburger Geschichte befaassen.

Duerfir géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

1. Wéi steet den Här Minister zu där Ausso?

2. Kéint den Här Minister sech virstellen, vun der Programmkommissioun en entsprechend Schoulbuch ausschaffen ze loosse, dat sech méi mat der Lëtzeburger Geschichte beschäftegt?

**Réponse** (06.08.2021) de **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* :

Am Enseignement secondaire zu Lëtzebuerg si mer traditionell op Léierbicher aus den auslänneschen Editiounshaiser ugewisen. Zanter 2016 ginn awer ëmmer méi Léiermaterialie vun Aarbechtsgruppen erstallt, déi spezifesch op de Lëtzeburger Kontext geménzt sinn. Vill vun den Ufroen, fir esou Léiermaterial ze erstellen, kommen dobäi vun de concernéierte Programmkommissiounen an dowéinst wier ech net ofgeneigt, e Projet fir d'Elaboratioun vu Léiermaterial zur Lëtzeburger Geschichte ze ënnerstëtzen.

An deem Kontext sief awer och drop verwisen, datt et och haut schonn exzellent Material gëtt, fir de Jonken an de Schoulen d'Lëtzeburger Geschichte a Kultur méi no ze bréngen. Dobäi denken ech z. B. un d'Materialien op kulturgeschicht.lu, editéiert vum SCRIPT, d'Brochure „La 2<sup>e</sup> Guerre mondiale au Luxembourg“ mat sengem pedagogesche Begleetheft, dat vum ZPB ausgeschafft gouf, oder och nach d'Material, déi vum C<sup>2</sup>DH vun der Uni Lëtzebuerg erausgi ginn.

**Question 4639** (08.07.2021) de **Mme Nathalie Oberweis** (*déi Lénk*) concernant le **contrôle médical** :

